N°06
2018-2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

COMPTE RENDU DES SÉANCES PUBLIQUES N° 6 - SESSION ORDINAIRE 2018-2019

Congé légal et jour férié légal p. 174
Projet Google et ses incidences sur l'environnement p. 178
Plan d'action d'égalité des femmes et des hommes p. 194

Sommaire des séances publiques nos 15 et 16 p. 207
Sommaire des questions parlementaires p. Q117

15e séance Mercredi 27 mars 2019
16e séance Jeudi 28 mars 2019
Séance solennelle Vendredi 3 mai 2019

*Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram*

# Décès de Son Altesse Royale le Grand-Duc Jean



**Lors de la séance plénière du 24 avril 2019, M. le Président Fernand Etgen a annoncé le décès de Son Altesse Royale le Grand-Duc Jean, survenu le 23 avril 2019 au château de Fischbach à 0.25 heures.**

**Le 29 avril 2019, les Membres de la Chambre des Députés se sont inclinés au Palais grand-ducal devant Sa dépouille mortelle.**

**Le 3 mai 2019, à la veille des obsèques, à 14.30 heures, la Chambre des Députés a rendu hommage à l'ancien Souverain au cours d'une séance solennelle de commémoration.**

**Le 4 mai 2019, M. le Président a assisté à la levée du corps et au cortège funèbre tandis que les autres Membres de la Chambre se sont rendus à la Cathédrale Notre-Dame de Luxembourg pour prendre part au service funèbre à 11.15 heures.**

## Séance solennelle de commémoration

*VENDREDI 3 MAI 2019*

**À 14.15 heures, les invités d'honneur occupent les places qui leur sont réservées dans la salle de séance.**

**À 14.20 heures, les Membres de la Chambre des Députés et du Gouvernement occupent leurs sièges dans la salle de séance. Au banc du Gouvernement ont pris place : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Étienne Schneider et M. Félix Braz, Vice-Premiers Ministres ; M. Jean Asselborn, M. Romain Schneider, M. François Bausch, M. Pierre Gramegna, M. Dan Kersch, M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, Mme Carole Dieschbourg, M. Marc Hansen, M. Claude Turmes, Mme Paulette Lenert, Mme Sam Tanson, Mme Taina Bofferding et M. Lex Delles, Ministres.**

**Devant la tribune de la présidence est dressée une photographie avec crêpe noir de S.A.R. le Grand-Duc Jean devant laquelle sont placés des arrangements de roses blanches.**

**À 14.27 heures, M. le Secrétaire général de la Chambre des Députés Claude Frieseisen, précédé d'un huissier en habit, se déplace au Palais grand-ducal pour inviter S.A.R. le Grand-Duc Héritier à se rendre à la Chambre des Députés.**

**À 14.30 heures, S.A.R. le Grand-Duc Héritier, accompagné de M. le Maréchal de la Cour Lucien Weiler et de l'Aide de camp de S.A.R., Mme Michèle Welter, est reçu à l'entrée de l'Hôtel de la Chambre par M. le Président Fernand Etgen et M. le Premier Ministre Xavier Bettel, d'où il est conduit à son siège dans la salle de séance.**

**Les tribunes sont occupées par les Présidents d'honneur de la Chambre M. Jean Spautz et Mme Erna Hennicot-Schoepges, l'ancien Président de la Chambre Mme Anne Brasseur, les Membres luxembourgeois du Parlement européen M. Charles Goerens, M. Frank Engel, M. Christophe Hansen et Mme Tilly Metz, le Président du Conseil d'État Mme Agnès Durdu, les Représentants de la Magistrature M. Jean-Claude Wiwinius, Mme Martine Solovieff et M. Francis Delaporte, le Président de la Cour des comptes M. Marc Gengler, le Médiateur Mme Claudia Monti, les Membres du corps diplomatique, une délégation de hauts fonctionnaires de la Chambre des Députés, du Gouvernement et du Conseil d'État ainsi que par la presse parlementaire.**

**Un cordon de la musique militaire joue l'hymne « Wilhelmus ».**

**À 14.32 heures, M. le Président de la Chambre des Députés Fernand Etgen se rend à son siège et ouvre la séance. Ayant invité l'assemblée et l'assistance à s'asseoir, il prononce debout l'allocution suivante:**

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Monseigneur, och wann den Ulass traureg ass, esou ass et fir eis eng grouss Éier, lech, Monseigneur, haut hei an der Chamber begréissen ze kënnen. Mir wëssen, wéi verbonnen Dir mat Ärem Grousspapp waart an dofir ass et ee besonnesche Moment, mat lech zesummen dem Grand-Duc Jean ze gedenken an Him mat dëser Séance solennelle eis grouss Unerkennung auszedrécken.

**„Mam Grand-Duc Jean verléiert Lëtzebuerg e kompetenten, devouéierten a grousse Statschef"**

Monseigneur,
Här Maréchal de la Cour,
Här Premierminister,
léif Regierungsmemberen,
Exzellenzen,
léif Éieregäscht,
Dir Dammen an Dir Hären,

zanter der Nouvelle, datt de Grand-Duc Jean am Krees vu Senger Famill - no kuerzer Krankheet - vun eis gaangen ass, huet sech am ganze Land Trauer ausgebreet. Och wa mir all wossten, datt dee Moment eng Kéier géif kommen, huet et eis den Dag selwer awer all déif getraff, dat ëmsou méi, well fir eis all, déi no Him gebuer sinn, de Grand-Duc Jean ëmmer präsent war.

Mam Grand-Duc Jean verléiert Lëtzebuerg e kompetenten, devouéierten a grousse Statschef. Mir haten Hien alleguer ganz gären. Dat war och nëmmen normal, well mir gespuert hunn, datt de Grand-Duc Jean d'Lëtzebuerger Land a Seng Leit gären hat. De Monseigneur war houfreg, Grand-Duc vu Lëtzebuerg ze sinn, a mir all waren houfreg op eise Grand-Duc, deen eis esou gutt heiheem an dobaussen an der Welt vertrueden huet.

Den däitsche Begréff „Landesvater" gëtt a mengen Ae genau dat erëm, wat de Grand-Duc Jean fir eist Land war: fir d'Éischt de Jong, duerno de Papp a schliisslech de Grousspapp vun eiser Natioun. D'Relatiounen tëschent Vollek a Statschef ware gezeechent vu géigesäitegem Respekt, Unerkennung a waarmer Häerzlechkeet. An dat gouf an deene leschten Deeg duerch déi enorm vill Sympathiebekundungen nach eng Kéier bestätegt.



*S.A.R. le Grand-Duc Héritier, accompagné de M. le Maréchal de la Cour Lucien Weiler et de l'Aide de camp, Mme Michèle Welter, assiste à la séance de commémoration.*

Och wann an de leschten Deeg schonns vill Detailer aus dem Grand-Duc Jean Sengem Liewe rappeléiert a geschriwwe goufen, fannen ech et awer wichteg, déi Haaptelementer nach eng Kéier kuerz an Erënnerung ze ruffen, well déi verschidden Etappen Hien als Mënsch gepräägt hunn, mä Hien och deenen eenzelnen Etappe Säi Stempel opgedréckt huet.

Säi Liewe stoung ganz am Déngscht vu Lëtzebuerg an Hien ass vu jonke Joren un op Seng zukünfteg Aufgab virbereet ginn.

De Grand-Duc Jean gouf de 5. Januar 1921 um Schlass zu Bierg gebuer, an enger Zäit, wou d'Land déi net einfach Situatioun vum Éischte Weltkrich a sengen Nowéie just iwwerwonnen hat. An enger Zäit, an där d'Bedrounge vu baussen a vu banne fir munch ongemittlech Momenter gesuergt hunn. Eng Zäit, wou d'Monarchie ënnert der Grande-Duchesse Charlotte sech erëm huet missen nei festegen.

Wann de Prënz Jean nach eng ongezwonge Kandheet um Schlass vu Colmer-Bierg a vu Fëschbech verbruecht huet, hätt Hie sech sécherlech, wéi all Lëtzebuerger Jong vu Senger Generatioun, eng aner Jugend gewënscht. Wéi Hien de 5. Januar 1939, am Alter vun 18 Joer, den Titel vum Ierfgroussherzog kritt huet, huet Hie wuel net geduecht, datt Hien e gutt Joer méi spéit, den 10. Mee 1940, de Wee mat Senger Mamm, der Grande-Duchesse Charlotte, a Sengem Papp, dem Prënz Félix, an den Exil untriede misst.

Nodeems Hien a Kanada op der Universitéit vu Québec Coursen am Droit an an de politesche Wëssenschafte suivéiert huet, engagéiert de jonke Prënz sech am Laf vum Joer 1942 an der englescher Arméi. Seng Formatioun als Offizéier absolvéiert Hie wärend de Krichsjoren am Royal Military College vu Sandhurst an trëtt dem Regiment vun den Irish Guards bäi.

**„Hie war ee vun de Lëtzebuerger Jongen, déi de Krich hautno erlieft hunn"**

An dëse méi donkelen Zäite vun eiser Geschicht dréit de Prënz Jean ganz kloer Verantwortung. Doduerch, datt Hien an déi englesch Arméi antrëtt, bekennt Hie kloer Faarf fir déi Alliéiert a géint déi däitsch Besatzungsmuecht. Mat Sengem Regiment hëlt Hien ënner anerem um Debarquement an der Normandie deel an déngt bis zum Enn vum Krich an der englescher Arméi. Hie war ee vun de Lëtzebuerger Jongen, déi de Krich hautno erlieft hunn.

Wéi en den 10. September 1944 mat Sengem Papp erëm fir d'Éischt op Lëtzebuerg zréckkënnt, ass de Merci vum Lëtzebuerger Vollek Him gewëss an Hie gëtt mat groussem Enthusiasmus empfaangen. Niewent der Grande-Duchesse Charlotte sinn esou och de Prënz Félix an de Prënz Jean zum Symbol vun der Befreiung ginn. Mat Sengem perséinlechen Asaz huet och de Grand-Duc Jean e wichtege Bäitrag fir den Erhalt vun der Heemecht geleescht an huet doduerch d'Monarchie ganz enk mam Land verbonnen.

A Senger Ofdankungsried de 6. Oktober 2000 sot de Grand-Duc Jean am Kontext vum Zweete Weltkrich, ech zitéieren:

„Deemools hunn ech ëm d'Heemecht gebaangt. Ewéi all gutt Lëtzebuerger war ech bereet, alles fir eis Fräiheet ze woen. Speziell d'Leit aus menger Generatioun erënnere sech nach haut un dës schwéier Stonnen. Du si mir eis bewosst ginn, wat d'Heemecht eis bedeit."

De Grand-Duc Jean wäert dann och deenen zäitliewens nostoen, déi am Krich gelidden hunn oder sech fir d'Land agesat hunn. Esou war Hien Éierepresident vun der Œuvre des pupilles de la nation, vun den Anciens combattants a vun der Union des mouvements de résistance luxembourgeois.

Als iewescht Chef vun der Arméi huet Hien dann och ëmmer e privilegéiert Verhältnis zu dësem Korps gefleegt.

Des Weidere stoung Hien e Liewe laang trei zu Sengem Regiment, den Irish Guards, déi Him 1984 de Grad vum Colonel verliehen hunn. An zu munche feierleche Geleeënheeten huet dëst Regiment Him säi Respekt duerch seng Präsenz bewisen, wat dem Grand-Duc Jean ëmmer siichtlech Freed bereet huet.

Nom Krich bënnt Seng Mamm Hien ëmmer méi an d'Statsgeschäfter an. Vun do u geet Hien dann och dee gewinnte Wee vun engem spéidere Statschef. Hie gëtt 1951 Member vum Statsrot, kritt 1961 Seng Ernennung zum Lieutenant-Représentant an iwwerhëlt ëmmer méi Representatiounsflichten.

All dat dréit derzou bäi, datt Hien esou en Abléck an de Funktionement vun eisem Stat an an déi Lëtzebuerger Gesellschaft kritt. All dës Etappen huet de Grand-Duc Jean mat enger grousser Seriositéit duerchlaf. Zäitliewens war Hien ëmmer impeccabel preparéiert.

Wéi d'Grande-Duchesse Charlotte den 12. November 1964 no 45 Joer um Lëtzebuerger Troun zu Senge Gonschten ofdankt, hätt ee kënnen dervun ausgoen, datt nom Règne vun esou enger grousser Perséinlechkeet wéi der Grande-Duchesse Charlotte d'Successioun net einfach géif ginn. Mä de Grand-Duc Jean war gutt virbereet, hat en ausgepräägt Verantwortungsgefill an huet et esou fäerdegbruecht, an der Kontinuitéit Senger héijer Aufgab gerecht ze ginn.

Vun Ufank un huet d'Lëtzebuerger Vollek dem Grand-Duc Jean déiselwecht Zouneigung wéi Senger Mamm entgéintbruecht, well d'Leit gespuert hunn, datt keen et hätt kënne besser maachen.

U Senger Säit huet de Grand-Duc Jean an der Persoun vun der Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte, déi Hien den 9. Abrëll 1953 an der Kathedral zu Lëtzebuerg bestuet hat, eng wäertvoll Stäip fonnt. 36 Joer hu Si eist Land mat absolutter Dignitéit, Integritéit an Engagement heibannen an dobausse representéiert.

**„De Grand-Duc Jean war vun Ufank un en iwwerzeegten Europäer"**

Si hu vill zu der Visibilitéit an zu engem positive Bild vu Lëtzebuerg an der Welt bäigedroen. Si hunn iwwert déi multipel Statsvisitte vill Dieren opgemaach. Dem Grand-Duc Jean Seng international exzellent Vernetzung, mä virun allem awer och de Respekt an d'Unerkennung, déi Hien am Ausland genoss huet, hunn derzou bäigedroen, datt eist Land an Europa an an der ganzer Welt e Stellewäert kritt huet, dee wäit iwwert dat erausgaangen ass, wat eist Land vu senger Gréisst hier erwaarde konnt.

De Grand-Duc Jean, deen a jonke Jore selwer materlieft huet, wouhi Krich ënnert deene grousse Natiounen an Europa féiere konnt, war vun Ufank un en iwwerzeegten Europäer. Hien huet den europäesche Prozess vun Ufank u begleet an ënnerstëtzt. An dat konnt een och a Senger Ried vum 8. Mee 1986 zu Oochen, ulässlech der Karlspräisverleiung, däitlech eraushéieren:



*Entouré de MM. les Vice-Présidents de la Chambre Mars Di Bartolomeo, Claude Wiseler et Henri Kox ainsi que de M. le Secrétaire général Claude Frieseisen, le Président de la Chambre des Députés Fernand Etgen honore dans son discours les mérites et la grandeur d'âme de S.A.R. le Grand-Duc Jean.*



*M. le Premier Ministre Xavier Bettel prononce un discours en l'honneur de S.A.R. le Grand-Duc Jean.*

„Europa hat nicht bloß eine große Vergangenheit. Es hat auch noch eine große Zukunft. Aber es hat diese Zukunft nur als demokratisches Europa der freien, solidarischen und opferbereiten Bürger. Dass dieses Europa in Glück, Frieden und Wohlstand gedeihe, das ist mein inniger Wunsch an diesem festlichen Tage."

Ënnert dem Règne vum Grand-Duc Jean gouf et souwuel wirtschaftlech méi ugespaant Momenter mam Réckgang vun der Landwirtschaft a mat der Stolkris, wéi awer och virun allem Zäite vu wirtschaftlechem Wuelstand. D'Lëtzebuerger Land huet e Strukturwandel matgemaach, deen eng industriell Diversifikatioun, den Opschwong vum Déngschtleeschtungssecteur an eng stänneg Verbesserung vun der Liewensqualitéit a vum Sozialsystem mat sech bruecht huet. Eng positiv Evolutioun, déi ouni eis auslännesch Matbierger net méiglech gewiescht wier.

Zäitliewens huet de Grand-Duc Jean sech net nëmmen als Statschef vun de Lëtzebuerger gesinn, mä vu sämtleche Leit, déi an eisem Land geschafft a geliefft hunn, an Hien hat eng grouss Estime fir all déi, déi zum Wuelstand vun eisem Land bäigedroen hunn.

**„Seng Aufgab un der Spëtzt vun eisem Stat huet Hie mat vill Geschéck, Gespier a Sensibilitéit erfëllt"**

Wann een op dem Grand-Duc Jean Seng Tätegkeet als Statschef zréckkuckt, da stellt ee fest, datt Hien en „parcours sans faute" zréckgeluecht huet. Seng Aufgab un der Spëtzt vun eisem Stat huet Hie mat vill Geschéck, Gespier a Sensibilitéit erfëllt an esou d'Monarchie zu engem zouverlässege Partner an eisem institutionelle System etabléiert.

De Grand-Duc Jean huet zäitliewens och déi Grondwäerter, déi eisen demokratesche Gesellschaften zugronn leien, ganz héich gehalen an huet sech duerch staark moralesch Iwwerzeegungen ausgezeechent.

Monseigneur,

Här Maréchal de la Cour,

Exzellenzen,

Dir Dammen an Dir Hären,

de Grand-Duc Jean war awer och e Familljemënsch. Him war d'Famill wichteg. Wéi all Seng Aufgaben huet Hien och déi als Mann, Familljepapp vu fënnef Kanner an duerno als Grousspapp an Urgrousspapp ganz seriö geholl. Op deene sëlleche Fotoen, déi Hien an der Mëtt vu Senger Famill weisen, gesi mir e gléckleche Mënsch, deen déi Momenter siichtlech genoss huet.

Bei der Feier fir dem Grand-Duc Jean Säin 90. Geburtsdag, de 5. Januar 2011, hutt Dir, Monseigneur, Iech am Numm vun allen Enkelkanner un Äre Grousspapp adresséiert a gewisen, wéi wichteg Hie fir Iech all war, ech zitéieren:

« Cher Apapa, nous, vos petits-enfants ici rassemblés, arrivons pour la plupart d'entre nous au moment où nous allons devenir indépendants, nous lancer dans la vie adulte ; il est souvent difficile de s'imaginer son propre futur, et beaucoup reste incertain. Or, ce à quoi nous pouvons nous raccrocher, c'est l'exemple de vie que vous nous avez transmis. »

An Dir hutt Är Ried opgehale mat dëse Wierder:

« Vous nous avez transmis de vraies valeurs, et votre joie de vivre a rayonné sur nous tous. »

De Grand-Duc Jean war ouni Zweifel e ganz positive Mënsch, dee sech och fir villes interesséiert huet. Hie war net nëmmen e wëssbegierege Mann, mä och eng Persoun mat ganz vill Wëssen, an dat an deene verschiddenste Beräicher, sief dat der Politik, der Wirtschaft, dem Sport, der Kultur oder awer och der Natur.

Des Weideren hat Hien e ganz grousse Interessi un eisem Patrimoine architectural, eisem Patrimoine religieux a rural. Esou ass de Grand-Duc Jean gären duerch d'Dierfer hei am Land gefuer, fir sech esou e Bild vun de Verännerungen an der Zäit ze maachen.

De Schutz vu Flora a Fauna an d'Erhale vun der Natur am Generelle waren Him awer e ganz speziellt Bedürfnis. Besonnesch markéiert huet mech an deem Zesummenhang, wéi de Grand-Duc Jean 1989 als Erënnerung un „150 Joer Onofhängegkeet vun eisem Land" - wat gläichzäiteg zesumme mat dem 25. Anniversaire vu Sengem Règne gefall ass - all Gemeng eppes geschenkt huet: e Bam, an zwar eng Lann. Et war e staarkt Zeeche vu Senger Léift zur Natur an e klore Message fir den Erhalt vun eise Bëscher. Et war awer och e staarkt Zeeche fir Seng Verbonnenheet mat de Gemengen, där Institutioun, déi am nooste beim Bierger ass.

**„D'Leit konnte spieren, wat fir e waarmhäerzegen, authenteschen a léiwe Mënsch hire Statschef war"**

Mat Senger Fra, der Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte, war de Grand-Duc Jean dem gesellschaftleche Liewen hei zu Lëtzebuerg staark verbonnen. Et war ëmmer e richtege Genoss ze gesinn, op wéi eng sympathesch Manéier Hie gewisen huet, datt Him dat associatiivt Liewen an allem viraus d'Benevolat un d'Häerz gewuess waren. Et war och bei deene Geleeënheeten, wou d'Leit spiere konnten, wat fir e waarmhäerzegen, authenteschen a léiwe Mënsch hire Statschef war.

Stellvertriedend fir dësen Interessi sti sécherlech déi zwee Beispiller, déi an de leschten Deeg am meeschte genannt goufen, de Sport an d'Scouten:

Als laangjärege Member vum Nationalen an Internationalen Olympesche Comité huet sech de Grand-Duc Jean dem Sport verschriwwen. Selwer e leidenschaftleche Sportler, ënnerstëtzt Hie jorzéngtelaang de Lëtzebuerger Sport a seng Sportler.

Zäitliewens war Hien awer och Scout, a méi genee Chef-Scout. Hien huet d'Präsenz ënnert de Scoute genoss an huet och bis zum Schluss déi Relatiounen zum Lëtzebuerger Scoutismus gefleegt. Esou huet Hie sech et net huele gelooss, fir bei hirem 100-järegen Anniversaire derbäi ze sinn. Keen huet besser wéi de Grand-Duc Jean de Motto vun der Scoutsbewegung „Ëmmer bereet" befollegt. Hie war ëmmer do, wann e gebraucht gouf. Hie war ëmmer bereet, sech fir eist Land a seng Awunner anzesetzen.

Dem Grand-Duc Jean Säi Liewenswee war gekennzeechent vu Courage, vu Flichtbewosstsinn, vun Engagement, vu Mënschlechkeet a Waarmhäerzegkeet. Hien hat e ganzt Liewe laang fir eis all Virbildfunktioun a wäert eis och iwwert den Doud eraus e Beispill sinn.

Monseigneur,

Monsieur le Maréchal de la Cour,

Excellences,

Mesdames, Messieurs,

Aujourd'hui, le Luxembourg dit adieu au Grand-Duc Jean pour qui les Luxembourgeois et les Non-Luxembourgeois de notre pays éprouvent une admiration profonde.

Le Grand-Duc Jean a acquis le respect de toute la population du Luxembourg grâce à son courage, son sens prononcé des responsabilités, sa dignité, ainsi que le doigté et la sensibilité avec lesquels il a rempli la plus haute tâche de notre État. Tous ceux qui ont eu la chance de le rencontrer ont pu apprécier ses qualités humaines exceptionnelles, qui étaient la gentillesse, l'authenticité, la bonté et la bienveillance. Toutes ces qualités ont fait qu'il a conquis, dès le début, les cœurs tant de nos concitoyens luxembourgeois que non luxembourgeois.

Le nombre impressionnant de citoyens qui lui ont rendu les derniers honneurs ces jours-ci témoigne du lien fort et du respect mutuel



*© SIP Emmanuel Claude*

entre son Altesse royale et son peuple.

Avec le Grand-Duc Jean, le Luxembourg perd un souverain apprécié de tous, dont le souvenir restera ancré pour toujours dans nos mémoires.

**„D'Lëtzebuerger Natioun seet dem Grand-Duc Jean Merci"**

Monseigneur,

an dëse schwéiere Momenter vun déiwer Trauer wéilt ech Iech am Numm vun der ganzer Chamber d'Gewëssheet ginn, datt mir mat Ärem Papp, dem Grand-Duc Henri, Senge Schwësteren a Bridder, mat Ärer Mamm, der Grande-Duchesse Maria Teresa, mat Iech a mat der Ierfgroussherzogin Stéphanie an der ganzer groussherzoglecher Famill fillen, datt mir fest a Gedanke bei Iech sinn an datt mir Äert Leed deelen.

Wa mir kucken, wéi eleng et an eisen Häerzer ausgesäit, kënne mir eis virstellen, wéi eidel et fir déi nooste Famill vun engem Moment op deen anere ginn ass, wëssend, wat fir ee Raum, wat fir e Stellewäert de Grand-Duc Jean an der groussherzoglecher Famill ageholl huet.

Eist Land verléiert mam Grand-Duc Jean en « Chef d'État modèle », eng häerzlech a sympathesch Persoun, e léiwe Mënsch.

D'Lëtzebuerger Natioun seet dem Grand-Duc Jean Merci fir Säin onermiddlechen Asaz am Déngscht vun eisem Land.

Mir all ginn Him d'Gewëssheet, datt mir Hien net vergiessen, mä au contraire, datt mir Hie weider ganz déif an onsen Häerzer droe wäerten an datt Hien an eiser Erënnerung wäert weiderliewen.

* * *

D'Wuert huet elo den Här Premier- a Statsminister Xavier Bettel.

**M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Monseigneur,

Här President,

Här Hofmarschall,

Exzellenzen,

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert,

léif Regierungskolleegen,

léif Éieregäscht,

Dir Dammen an Dir Hären,

de Grand-Duc Jean huet eis virun zwou Woche fir ëmmer verlooss.

De Chamberspresident huet vun engem „Papp vun der Natioun" geschwat an eise fréiere Statschef treffend beschriwwen. Et ass awer och e Papp, e Grousspapp, en Urgrousspapp, e Brudder, e Monni, e Familljemember gestuerwen. Dir, Monseigneur, hutt e Mënsch verluer, deen Dir gären hat,Ären „Apapa", mat deem Dir enk verbonne waart an deen Iech an Ärem Liewen och begleet huet.

Wa mir haut zesumme sinn, fir deem aussergewéinleche Mënsch ze gedenken, da wëlle mir eisem Grand-Duc Henri, Iech, Monseigneur, an der groussherzoglecher Famill dobäi och eist déifste Matgefill ausdrécken. An dëse schwéiere Momenter sinn eis Gedanke bei der Famill a bei deene Mënschen, déi dem Grand-Duc Jean nostoungen.

**„De Grand-Duc Jean huet zu deene gehéiert, déi sech aktiv fir hiert Land an d'Fräiheet an de Fridden agesat hunn"**

Eise fréiere Statschef stoung symbolesch fir fundamental Prinzipien, déi eis alleguerte begleeden an déi fir eis alleguerte selbstverständlech gi sinn, wat awer net ëmmer de Fall war. Eis Fräiheet, eis Onofhängegkeet, demokratesch Wäerter vun Toleranz, vu Respekt, Solidaritéit, Matbestëmmung a Pluralitéit hu missen erkämpft a verdeedegt ginn, an de Grand-Duc Jean huet zu deene gehéiert, déi sech aktiv fir hiert Land an d'Fräiheet an de Fridden agesat hunn.

Wa mir haut also un dee grousse Statsmann erënneren, dann ass dat och d'Geleeënheet, fir eis Dankbarkeet ze weisen. Mir sinn eis bewosst, dass dat Land, an deem mir haut liewen, dass déi Gesellschaft, wéi mer se haut kennen an och guttheeschen, nëmme méiglech sinn, well Mënsche wéi de Grand-Duc Jean sech an der däischterer Zäit vum Zweete Weltkrich dofir agesat hunn an hiert eegent Liewe riskéiert hunn. Mir hunn doduerjer eng Verantwortung. Dat, wat d'Generatioun vun Ärem Grousspapp, Monseigneur, eis iwwerlooss huet, verflicht eis derzou, dat lerwen och héichzehalen an eis dofir ze engagéieren.

D'Welt ass net manner komplizéiert ginn an et besteet duerchaus d'Gefor, dass mer vergiessen, wat fir e Privileeg mer hunn, zu enger Generatioun ze gehéieren, déi kee Krich bei eis kannt huet. Et ass dofir eis Aufgab, dem Vergiessen entgéintzewierken an ze erënneren. Esou wéi mer un de Grand-Duc Jean erënneren an un dee Mënsch, dee mer gären haten, musse mer och un dat erënneren, wat Him wichteg war. An dat sinn d'Fräiheet, de Respekt vis-à-vis vun deem aneren, d'Solidaritéit mat deene méi Schwaachen an eiser Gesellschaft, den Engagement fir den Ënnerhalt vun der Natur a vun onsem Planéit.

De Grand-Duc Jean war en engagéierten an iwwerzeegten, devouéierte Scout, de Chef-Scout zu Lëtzebuerg. An Hien ass dem Grondprinzip vum Fondateur vun deem Jugendmouvement, dem Lord Baden-Powell, zäit Senges Liewens trei bliwwen. Den „BP" sot: „Probéier a verlooss dës Welt e wéineg besser, wéi s de se virfonnt hues. Wann d'Zäit kënnt an däi Liewen op en Enn geet, da kanns de a Fridden zréckkucke mat der Gewëssheet, dass deng Zäit op der Äerd net ëmsoss war an dass de däi Bescht gemaach hues."

Säi Bescht maachen! D'Welt zum Gudde veränneren a sech druginn! Dat ware fir de Grand-Duc Jean keng eidel Wierder, et war d'Fundament vu Sengem Schaffen a vu Sengem Schafen. Déi Jonk, d'Kanner an d'Jugendlecher ware fir Hien ëmmer en Element vun der Hoffnung, vun der Perspektiv op eng Zukunft, fir déi et sech lount, sech ze engagéieren. De Grand-Duc Jean huet et duerch Seng Mënschlechkeet an duerch Seng onkomplizéiert Aart a Weis ëmmer erëm fäerdegbruecht, deene Jonken eppes matzeginn, als Virbild ze déngen a si drun ze erënneren, dass jiddwereen eng Verantwortung huet, déi iwwert dat eegent Liewen erausgeet.

Dat, Monseigneur, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, solle mir eis zu Häerz an als Virbild huelen!

**„E loyalen, en éierlechen, en devouéierte Statschef, dee sech ëmmer an den Déngscht vun ons all gestallt huet"**

An de leschten zwou Woche konnt ee spieren, gesinn an héieren, wéi präsent a wichteg de Grand-Duc Jean an der Erënnerung an an den Häerzer vum Vollek, vu Senge Matbierger a vun ons alleguerten ass. Als Zaldot am Zweete Weltkrich, als Prënz an Ierfgroussherzog a wärend bal 36 Joer als Lëtzebuerger Statschef huet Hien op der ganzer Welt Spuren hannerlooss, an d'Matgefill an d'Betraffenheet op déi traureg Noriicht waren international grouss. Zu Lëtzebuerg huet d'Nouvelle kuerz no Ouschtere fir déif Betraffenheet am ganze Land gesuergt an d'Leit hunn hir Trauer duerch Bréiwer, Messagen, Blummen an e leschten „au revoir" an der Chapelle ardente gewisen.

Et konnt ee Reportagë gesinn, Artikele liesen, Temoignagen nolauschtere vu Leit, déi e Stéck vum Wee vum Grand-Duc Jean Sengem Liewe matgaange sinn, Hie begéint oder erlieft hunn. Et huet sech dobäi e Bild gezeechent vun engem Mënsch, deen nogelauschtert huet a mat Intelligenz a Fläiss an awer och mat Spontaneitéit an, wann et ubruecht war, mat Humor seng Funktioun un der Spëtzt vun onsem Land ausgefouert huet. E loyalen, en éierlechen, en devouéierte Statschef, dee sech ëmmer an den Déngscht vun ons all gestallt huet.

Ech hat d'Chance an d'Éier, de Grand-Duc Jean regelméisseg zu Fëschbech besichen ze dierfen, fir d'Lescht nach dëst Joer am Januar, fir Him fir Säi Gebuertsdag ze wënschen. Mir hunn ewéi ëmmer och iwwert d'Aktualitéit geschwat, fir déi Hie sech staark interesséiert huet. Mir hunn iwwert d'Vergaangenheet an awer och iwwert d'Zukunft diskutéiert. An de Grand-Duc Jean huet gäre geschwat an diskutéiert, awer am mannsten iwwer sech selwer!

Et war kee Mënsch, dee geklot huet, obschonns Säi Kierper méi schwaach ginn ass an den Alldag Him méi schwéier gefall ass. Hien hat och keng aussergewéinlech Wënsch, keng Usprëch a war virun allem doréms beméit, derfir ze suergen, dass et deenen anere Leit gutt sollt goen. Hien ass sech trei bliwwen a Senger Approche, fir sech selwer an den Hannergrond an d'Wuelbefanne vu Senge Matmënschen an de Viergrond ze stellen.

Mir hu virun zwou Wochen eise Grand-Duc Jean verluer, e léiwe Mënsch ass vun eis gaangen. Mir wäerten Hien net vergiessen an eis Méi ginn, Säin Ierwen ze respektéieren an Hien als Virbild ze behalen.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech géif Iech bieden elo opzestoen, fir eisem verstuerwene Grand-Duc Jean vun dëser Plaz aus eng lescht Éier ze erweisen.

***(L'assemblée et l'assistance observent une minute de silence en signe de deuil.)***

Ech soen Iech Merci.

***(Un cordon de la musique militaire joue l'hymne national.)***

Domat si mir um Enn vun eiser Séance solennelle de commémoration fir eise verstuerwene Grand-Duc Jean ukomm.

Ech soen Iech Merci.

***(La séance publique est levée à 15.05 heures.)***

* * *

**M. le Président de la Chambre, M. le Premier Ministre et M. le Secrétaire général raccompagnent S.A.R. le Grand-Duc Héritier alors que le cordon de la musique militaire joue l'hymne « Wilhelmus ».**

**Après avoir pris congé de M. le Président de la Chambre et de M. le Premier Ministre, S.A.R. le Grand-Duc Héritier, accompagné de M. le Maréchal de la Cour et de Mme l'Aide de camp de S.A.R., rejoint le Palais grand-ducal en compagnie de M. le Secrétaire général de la Chambre précédé d'un huissier en habit.**



*L'assemblée et l'assistance observent une minute de silence en signe de deuil.*

## Aviation civile internationale I

**7130 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement de la Convention relative à l'aviation civile internationale [article 50, alinéa a)], signé à Montréal le 6 octobre 2016**

Le projet de loi 7130 a pour objet d'approuver le Protocole portant amendement de l'article 50, alinéa a), de la Convention relative à l'aviation civile internationale, signé à Montréal le 6 octobre 2016.

Adopté lors de la 39e Assemblée générale de l'Organisation de l'aviation civile internationale (ci-après « OACI »), cet amendement vise à augmenter le nombre des membres de l'organe exécutif de l'OACI, c'est-à-dire du Conseil, de trente-six à quarante. Afin de permettre un meilleur équilibre et considérant l'existence d'une sous-représentation de certaines régions, il a été proposé d'assurer que les quatre nouveaux sièges envisagés pour le Conseil soient équitablement répartis conformément au principe dit de la représentation géographique équitable.

Le Luxembourg a adhéré à l'OACI à travers la loi du 25 mars 1948. Il s'agit d'une institution spécialisée des Nations Unies établie par la Convention relative à l'aviation civile internationale faite à Chicago le 7 décembre 1944 (ci-après « la Convention »).

Cette organisation constitue le forum mondial des États en matière d'aviation civile internationale, assurant, par ce fait, une coopération internationale au plus haut niveau ainsi qu'une uniformisation des réglementations, normes et procédures touchant à l'aviation civile.

Depuis l'entrée en vigueur de la Convention le 4 avril 1947, la composition du Conseil a augmenté quatre fois par suite de l'augmentation constante du nombre d'États membres de l'OACI. Elle comptait 162 États membres lorsque la dernière augmentation a été décidée en 1990.

Depuis lors, le volume, la structure et l'importance du transport aérien international pour les économies nationales ont considérablement changé.

Par suite, un plus grand nombre d'États sont désormais en position de jouer un rôle actif dans les décisions qui touchent le système mondial de transport aérien. En effet, l'OACI compte désormais 191 États membres.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 05.05.2017

Rapporteur : M. Carlo Back

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

(Président : M. Carlo Back) :

14.03.2019 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi et examen de l'avis du Conseil d'État

21.03.2019 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 28.03.2019

## Aviation civile internationale II

**7131 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement de la Convention relative à l'aviation civile internationale [article 56], signé à Montréal le 6 octobre 2016**

Le projet de loi n° 7131 a pour objet d'approuver le Protocole portant amendement de l'article 56 de la Convention relative à l'aviation civile internationale, signé à Montréal le 6 octobre 2016.

Adopté lors de la 39e Assemblée générale de l'Organisation de l'aviation civile internationale (ci-après « OACI »), cet amendement vise à augmenter le nombre des membres de la Commission de navigation aérienne (ci-après « ANC »), un des organes de l'OACI. L'ANC a pour mission d'examiner et de recommander des normes et pratiques recommandées ainsi que des procédures pour les services de navigation aérienne au Conseil, l'organe exécutif de l'OACI.

Par l'amendement de l'article 56 de la Convention relative à l'aviation civile internationale faite à Chicago le 7 décembre 1944 (ci-après « la Convention »), le nombre de commissaires de l'ANC est porté de 19 à 21, afin de mieux pouvoir atteindre un consensus sur des questions de navigation aérienne au niveau international et de garantir la participation appropriée d'experts ayant une expérience aéronautique dans les différentes régions du globe.

Le Luxembourg a adhéré à l'OACI à travers la loi du 25 mars 1948. Il s'agit d'une institution spécialisée des Nations Unies établie par ladite Convention. Cette organisation constitue le forum mondial des États en matière d'aviation civile internationale, assurant, par ce fait, une coopération internationale au plus haut niveau ainsi qu'une uniformisation des réglementations, normes et procédures touchant à l'aviation civile.

Depuis l'entrée en vigueur de la Convention le 4 avril 1947, la taille de l'ANC a augmenté deux fois, la dernière augmentation survenant en octobre 1989, alors que l'OACI comptait 160 États membres. Depuis lors, le volume, la structure et l'importance du transport aérien international pour les économies nationales ont beaucoup évolué et l'on compte actuellement 191 États membres de l'OACI.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 05.05.2017

Rapporteur : M. Carlo Back

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

(Président : M. Carlo Back) :

14.03.2019 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi et examen de l'avis du Conseil d'État

21.03.2019 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 28.03.2019

## Facturation électronique

**7271 - Projet de loi relative à la facturation électronique dans le cadre des marchés publics et des contrats de concession**

Le projet de loi n° 7271

- transpose en droit luxembourgeois la directive 2014/55/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relative à la facturation électronique dans le cadre des marchés publics, et

- s'inscrit dans la volonté commune du Parlement européen, de la Commission européenne et des États membres de l'Union européenne de faire progresser l'utilisation de la facturation électronique dans l'intérêt du marché intérieur et afin d'avancer vers une administration électronique plus moderne et plus efficiente.

La directive 2014/55/UE vise à combattre la fragmentation qui existe en matière de solutions de facturation électronique par la définition

- d'une norme européenne commune, qui définit le modèle sémantique de données d'une facture électronique, et

- d'une liste limitée de syntaxes (c'est-à-dire de langages lisibles par une machine, par exemple un format de type XML) pouvant être utilisées pour décrire les données contenues dans une facture électronique.

Un autre objectif poursuivi par la directive 2014/55/UE transposée en droit luxembourgeois à travers ce projet de loi est de contribuer à une modernisation des procédures utilisées au niveau des marchés publics, notamment en permettant d'offrir ces dernières de manière complétement numérique et le plus possible à distance.

Au-delà des activités en cours au niveau de l'Union européenne qui visent à promouvoir la facturation électronique et son adoption de plus en plus large, beaucoup d'États européens poursuivent aussi au niveau national une politique volontaire ayant comme objectif de généraliser et de systématiser la facturation électronique ou même de la rendre obligatoire. Le Grand-Duché entend également rejoindre le camp de ces États étant donné que les bénéfices attendus sont évidemment des économies financières considérables ainsi qu'une administration publique et une économie beaucoup plus efficientes et plus concurrentielles.

Alors que l'utilisation de plus en plus large et systématique de la facturation électronique en Europe est une tendance de fond que le projet de loi n° 7271 peut contribuer à faciliter et à soutenir, le projet de texte ne pourra pas évidemment par lui seul conduire à

- une éclosion du marché de la facturation électronique au Luxembourg et

- à une généralisation rapide de l'utilisation des factures électroniques.

Le Centre des technologies de l'information de l'État (CTIE), ensemble avec les autres acteurs gouvernementaux directement concernés par le sujet, a pendant le second semestre 2016 mis en place une solution technique qui permet en principe aux organisations gouvernementales (ministères et administrations) de recevoir des factures électroniques conformes via un canal de transmission sécurisée et utilisable par-delà les frontières par n'importe quelle entreprise nationale ou étrangère.

Cette solution technique a aussi été présentée en 2017 à d'autres organisations qui ne dépendent pas directement ou indirectement du gouvernement central, notamment les communes, et pourrait être utilisée ou réutilisée quasiment à l'identique par un grand nombre de ces organisations.

Le principal élément qui bloque à l'heure actuelle une utilisation à une échelle significative de la facturation électronique est le fait qu'un nombre très limité d'entreprises privées sont jusqu'à présent à même d'envoyer des factures électroniques qui seraient conformes à la norme européenne et une des deux syntaxes autorisées.

Le Gouvernement est donc dans la situation qu'il est à même de recevoir et de traiter des factures électroniques conformes mais que malheureusement très peu d'entreprises envoient effectivement des factures électroniques.

L'adoption et la mise en vigueur du projet de loi doit donc s'accompagner de mesures de sensibilisation, d'information et d'accompagnement adéquates afin d'amener les entreprises à recourir effectivement aux nouvelles possibilités offertes par la loi et à en tirer tous les bénéfices potentiels.

Afin de permettre donc une numérisation d'une des procédures utilisées dans le contexte des marchés publics, la facturation, la directive crée une obligation pour les pouvoirs adjudicateurs et les entités adjudicatrices de recevoir et de traiter des factures électroniques conformes à la norme européenne et une des syntaxes figurant sur la liste publiée par la Commission européenne.

Dépôt par M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative, le 27.03.2018

Rapportrice : Mme Carole Hartmann

Travaux de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

(Président : M. Guy Arendt) :

04.02.2019 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi et examen de l'avis du Conseil d'État

08.02.2019 Présentation et adoption d'une série d'amendements

19.03.2019 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 26.03.2019

## Accords aériens bilatéraux

**7313 - Projet de loi portant approbation**

**1° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Kazakhstan relatif à des services aériens, fait à Astana, le 21 mai 2015 ;**

**2° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République d'Arménie relatif à des services aériens, fait à Luxembourg, le 8 décembre 2015 ;**

**3° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Cameroun relatif au transport aérien, fait à Luxembourg, le 26 janvier 2016 ;**

**4° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Côte d'Ivoire relatif au transport aérien, fait à Luxembourg, le 4 février 2016 ;**

**5° de l'"Agreement between the Government of the Grand Duchy of Luxembourg and the Government of the Republic of Zambia on air services", fait à Luxembourg, le 29 février 2016**

**6° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Turkménistan relatif à des services aériens, fait à Ashgabat, le 6 septembre 2016 ;**

**7° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la Mongolie relatif à des services aériens, fait à Leipzig, le 1er juin 2017 ;**

**8° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Colombie relatif à des services aériens, fait à New York, le 22 septembre 2017 ;**

**9° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Niger relatif au transport aérien, fait à Niamey, le 8 février 2018**

Le projet de loi n° 7313 a pour objet d'approuver neuf accords aériens bilatéraux entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, d'une part, et les Gouvernements de la

République d'Arménie, de la République du Cameroun, de la République de Colombie, de la République de Côte d'Ivoire, de la République du Kazakhstan, de la Mongolie, de la République du Niger, du Turkménistan et de la République de Zambie, d'autre part.

En ce qui concerne les droits octroyés par les accords bilatéraux, le principe s'avère être identique pour chacun des accords, à savoir que les États s'octroient des droits réciproques de survol, d'escale, d'embarquement et de débarquement, le droit de cabotage étant expressément exclu.

Les neuf accords prévoient par ailleurs l'exonération, sous certaines conditions, de tous droits de douane, frais d'inspection et autres droits et taxes similaires sur les aéronefs, ainsi que le principe de non-discrimination dans l'application des taxes aéroportuaires entre parties contractantes. Ils contiennent aussi des dispositions relatives aux procédures de modification de l'accord, relatives aux possibilités de révocation et de limitation de l'autorisation d'exploitation accordée à une compagnie aérienne désignée par l'autre partie et aussi relatives à la procédure de règlement des différends.

Un tableau annexé au document de dépôt (doc. parl. 7313 ; 30 mai 2018) définit les routes à exploiter entre le Luxembourg et les destinations situées sur le territoire de l'autre partie contractante par les compagnies désignées à cet effet.

Les accords sont similaires, mais se différencient aussi par rapport à certains aspects significatifs. L'accord avec l'Arménie exclut par exemple expressément la possibilité d'octroyer les droits accordés à un État tiers. Ce même accord, ainsi que celui avec la Colombie sont les seuls à préciser que les cas de révocation et de limitation d'autorisation d'exploitation des compagnies aériennes désignées ne sont pas limitatifs. Enfin, les accords avec le Cameroun, la Côte d'Ivoire et le Niger ne contiennent par exemple pas de clause relative à la reconnaissance des certificats et licences.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 30.05.2018

Rapporteur : M. Carlo Back

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

(Président : M. Carlo Back) :

14.03.2019 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi et examen de l'avis du Conseil d'État

21.03.2019 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 28.03.2019

Loi du 12 avril 2019

Mémorial A : 2019, n° 263, page 1

## Règlement UE relatif au mercure

**7350 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) 2017/852 du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2017 relatif au mercure et abrogeant le règlement (CE) n° 1102/2008**

La Convention de Minamata sur le mercure, adoptée à Genève le 19 janvier 2013, traite du mercure dans tout son cycle de vie, de l'extraction primaire au traitement en tant que déchet, dans le but de protéger la santé humaine et l'environnement contre les émissions anthropiques de mercure et de composés du mercure. Elle formule ainsi des objectifs de réduction de la production et de l'utilisation de mercure, ainsi que de diminution des émissions dans l'air et des rejets dans l'eau et les sols au niveau mondial.

Le règlement (UE) 2017/852 du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2017 relatif au mercure et abrogeant le règlement (CE) n° 1102/2008 a été adopté afin de veiller à ce que la législation européenne soit en conformité avec la Convention de Minamata. Ce règlement a pour objet d'assurer un niveau élevé de protection et de limiter la pollution engendrée par les activités liées au mercure en fixant à cet effet des mesures afin de contrôler et de restreindre :

- l'utilisation, le stockage et le commerce du mercure, des composés du mercure et des mélanges à base de mercure,

- la fabrication, l'utilisation et le commerce des produits contenant du mercure ajouté,

- l'utilisation du mercure dans les amalgames dentaires,

- la gestion appropriée des déchets du mercure.

Le projet de loi précise certaines modalités d'application du règlement (UE) 2017/852 et détermine les sanctions en cas de non-respect de certaines de ses dispositions. Ainsi, il désigne l'Administration de l'environnement en tant qu'autorité compétente, excepté pour les dispositions relatives aux amalgames dentaires pour lesquelles l'autorité compétente sera la Direction de la santé. En outre, le projet de loi prévoit que l'Administration de l'environnement établira un projet de plan national relatif à l'extraction minière ou la transformation artisanale et à petite échelle d'or utilisant l'amalgamation au mercure pour extraire l'or du minerai. Un plan national relatif aux mesures à appliquer afin d'éliminer progressivement l'usage des amalgames dentaires devra quant à lui être établi par la Direction de la santé.

Le projet de loi contient également certaines dispositions relatives à la recherche et à la constatation des infractions au règlement (UE) 2017/852, ainsi qu'aux mesures administratives pouvant être prises par les autorités compétentes en cas de non-respect de certaines dispositions dudit règlement et aux sanctions pénales encourues. Enfin, le projet de loi abroge la loi du 23 février 2010 concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (CE) n° 1102/2008 du Parlement européen et du Conseil du 22 octobre 2008 relatif à l'interdiction des exportations de mercure métallique et de certains composés et mélanges de mercure et au stockage en toute sécurité de cette substance.

Dépôt par Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, le 08.08.2018

Rapporteur : M. François Benoy

Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

(Président : M. François Benoy) :

06.03.2019 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi et examen de l'avis du Conseil d'État

20.03.2019 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 27.03.2019

## Produits biocides

**7357 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 septembre 2015 relative aux produits biocides**

Le projet de loi a pour objet de modifier la loi modifiée du 4 septembre 2015 relative aux produits biocides. Les modifications ont trait principalement aux modalités de contrôle et de recherche des infractions, aux mesures administratives et à l'insertion d'amendes administratives. Il est en outre profité du projet de loi pour corriger des erreurs et oublis, ainsi que pour adapter le texte légal sur certains points en raison de l'expérience acquise au cours des dernières années. Lesdites modifications permettent ainsi de garantir un fonctionnement effectif, nécessaire pour agir en conformité avec les normes européennes et pour garantir un niveau élevé de protection de la santé humaine, de la santé animale et de l'environnement.

Dépôt par Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, le 17.09.2018

Rapporteur : M. François Benoy

Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

(Président : M. François Benoy) :

06.03.2019 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi et examen de l'avis du Conseil d'État

20.03.2019 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 27.03.2019

## Substances et mélanges chimiques

**7358 - Projet de loi portant modification de la loi du 16 décembre 2011 concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques ainsi que la classification, l'étiquetage et l'emballage des substances et mélanges chimiques**

Le présent projet de loi vise à modifier et à actualiser la loi du 16 décembre 2011 concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques ainsi que la classification, l'étiquetage et l'emballage des substances et mélanges chimiques, suite aux expériences faites depuis l'entrée en vigueur de celle-ci. Son objet principal est d'étendre les modes de contrôle et les sanctions et mesures administratives possibles, ainsi que de compléter la liste des dispositions européennes qui doivent faire l'objet de sanctions pénales.

Les modifications principales apportées par le projet de loi concernent :

- l'introduction d'une définition d'opérateur économique ;

- l'ajout de mesures et de sanctions administratives pour garantir la bonne application du droit européen ;

- la modification des modalités de contrôles (personnes autorisées à effectuer les contrôles, possibilité de faire des vérifications dans les lieux librement accessibles au public sans devoir en informer le propriétaire, répartition des frais, possibilité de demander tous les documents nécessaires pour constater les infractions) pour les aligner aux contrôles prévus par la loi modifiée du 4 juillet 2014 portant réorganisation de l'ILNAS ;

- l'extension des sanctions pénales à des articles supplémentaires du règlement REACH et du règlement CLP pour satisfaire aux obligations européennes.

Dépôt par Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, le 17.09.2018

Rapporteur : M. François Benoy

Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

(Président : M. François Benoy) :

06.03.2019 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi et examen de l'avis du Conseil d'État

20.03.2019 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 27.03.2019

## Taxation des poids lourds pour utilisation de routes

**7362 - Projet de loi**

**1° portant approbation du protocole modifiant l'Accord du 9 février 1994 relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes par des véhicules utilitaires lourds conformément à la directive 2011/76/UE du Parlement européen et du Conseil du 27 septembre 2011 modifiant la directive 1999/62/CE relative à la taxation des poids lourds pour l'utilisation de certaines infrastructures, fait à Bruxelles, le 6 décembre 2017 ;**

**2° modifiant la loi modifiée du 24 février 1995 portant approbation et application de l'Accord relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes par des véhicules utilitaires lourds, fait à Bruxelles, le 9 février 1994**

Le présent projet de loi a pour objet l'approbation du protocole modifiant l'Accord du 9 février 1994 relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes par des véhicules utilitaires lourds, fait à Bruxelles, le 6 décembre 2017 ainsi qu'une modification de la loi modifiée du 24 février 1995 portant approbation et application de l'Accord relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes par des véhicules utilitaires lourds, fait à Bruxelles, le 9 février 1994. Ce protocole rend également nécessaire la rédaction d'un nouveau règlement grand-ducal qui remplacera le règlement grand-ducal du 23 mars 2001 fixant les montants du droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes par des véhicules utilitaires lourds.

Le protocole du 6 décembre 2017 vise notamment à actualiser l'Accord Eurovignette à la situation de 2017, c'est-à-dire juridiquement à la directive 1999/62/CE relative à la taxation des poids lourds pour l'utilisation de certaines infrastructures telle que modifiée en dernier lieu par la directive 2011/76/UE. À noter toutefois que la transposition de la directive 2011/76/UE en droit national a déjà été faite lors de la dernière modification de la loi modifiée du 24 février 1995 en 2014 (loi du 2 avril 2014).

Le protocole tient en outre compte du fait que l'Allemagne a définitivement quitté l'Accord Eurovignette et que la Belgique a renoncé à la perception du droit d'usage Eurovignette. Ainsi, la répartition des recettes, telle qu'appliquée déjà en pratique depuis la sortie de la Belgique du système de l'Eurovignette, est inscrite officiellement dans l'Accord par le biais du protocole.

Finalement, afin de tenir compte de l'évolution technologique, la norme EURO VI est reprise

dans le texte et de nouveaux tarifs pour toutes les catégories de véhicules sont introduits afin de respecter davantage le principe du pollueur-payeur. Sur ce point, l'Accord prend de l'avance sur la directive 1999/62/CE telle que modifiée, qui ne reprend pas encore la norme EURO VI, mais qui mentionne au point 4 de l'annexe 0 : « De futures classes d'émissions de véhicules telles que définies dans la directive 88/77/CEE et ses modifications ultérieures peuvent être envisagées. »

L'introduction des nouveaux tarifs se fait en deux temps afin de permettre au secteur concerné de mieux s'adapter aux changements projetés. Ainsi, dans une première étape, les véhicules de la norme EURO V, largement représentés dans les parcs de véhicules national et international, payent le même tarif le plus bas que les véhicules EURO VI. Dans une deuxième étape, le tarif EURO V sera adapté vers le haut pour se situer entre les tarifs EURO IV et EURO VI.

Dépôt par M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 27.09.2018

Rapporteur : M. Carlo Back

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

(Président : M. Carlo Back) :

14.03.2019 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi et examen de l'avis du Conseil d'État

21.03.2019 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 28.03.2019

## Congé légal et jour férié légal

**7399 - Projet de loi portant modification :**

**1° des articles L. 232-2 et L. 233-4 du Code du travail ;**

**2° de l'article 28-1 de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État**

Le présent projet de loi a pour objectif l'augmentation du congé légal minimum d'actuellement vingt-cinq à vingt-six jours et l'introduction d'un nouveau jour férié légal en date du 9 mai, Journée de l'Europe.

Le projet de loi se limite à une augmentation du congé payé légal : la nouvelle loi n'entraînera pas automatiquement une augmentation des dispositions légales ou conventionnelles plus favorables applicables à la date de son entrée en vigueur.

Le jour férié légal supplémentaire du 9 mai, Journée de l'Europe, commémore la déclaration de Robert Schuman du 9 mai 1950, qui est considérée comme texte fondateur de la construction européenne.

Le nouveau jour férié légal du 9 mai est applicable aux salariés de droit privé, aux employés de droit public et aux fonctionnaires.

Aussi, les dispositions légales afférentes applicables à toutes ces catégories de travailleurs seront-elles adaptées en conséquence.

À noter qu'en matière de congé légal payé les dispositifs concernant les fonctionnaires et employés prévoient d'ores et déjà des durées qui dépassent celle qui sera nouvellement fixée par le Code du travail ; d'autres modifications ne seront donc pas nécessaires.

Finalement, le projet fixe l'entrée en vigueur des nouvelles dispositions au 1er janvier 2019.

Dépôt par M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 29.01.2019

Rapporteur : M. Georges Engel

Travaux de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

(Président : M. Georges Engel) :

31.01.2019 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

19.03.2019 Examen de l'avis du Conseil d'État

21.03.2019 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 27.03.2019

Loi du 25 avril 2019

Mémorial A : 2019, n° 271, page 1

## Reconnaissance des qualifications professionnelles (Brexit dur)

**7409 - Projet de loi portant modification de la loi du 28 octobre 2016 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles**

Le présent projet de loi a pour objet de répondre aux répercussions qu'aura le retrait du Royaume-Uni de l'Union européenne dans le domaine de l'enseignement supérieur.

En raison de ce retrait, certaines dispositions ayant trait à la reconnaissance des qualifications professionnelles pour les professions de médecin-spécialiste/généraliste, infirmier, médecin-dentiste, médecin-dentiste spécialiste, médecin-vétérinaire, sage-femme, pharmacien et architecte doivent être adaptées afin que les titres de formation préparant à une de ces professions et délivrés au Royaume-Uni pourront toujours bénéficier d'une reconnaissance automatique.

La présente loi entre en vigueur le jour où le Royaume-Uni se retire de l'Union européenne sans qu'un accord de retrait n'ait été conclu.

Dépôt par M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, le 19.02.2019

Rapporteur : M. André Bauler

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

(Président : M. Gilles Baum) :

13.03.2019 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi et examen de l'avis du Conseil d'État

19.03.2019 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 27.03.2019

## Libre circulation des personnes et immigration (Brexit)

**7412 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration**

Le 29 mars 2017, le Royaume-Uni a fait valoir les dispositions de l'article 50 du traité sur l'Union européenne, en notifiant au Conseil européen sa décision de se retirer de l'Union européenne. Selon le paragraphe 3 de l'article 50, « les traités cessent d'être applicables à l'État concerné à partir de la date d'entrée en vigueur de l'accord de retrait ou, à défaut, deux ans après la notification visée au paragraphe 2, sauf si le Conseil européen, en accord avec l'État membre concerné, décide à l'unanimité de proroger ce délai ».

L'Union européenne et le Royaume-Uni ont négocié un accord de retrait, non ratifié par le Parlement britannique jusqu'à l'heure actuelle. Le Conseil européen du 21 mars 2019 a proposé un nouveau calendrier pour le retrait du Royaume-Uni : dans le cas où la Chambre des communes adopte l'accord de retrait au cours de cette semaine, il sera procédé au retrait de façon ordonnée le 22 mai. À défaut de l'adoption de l'accord de retrait, le Royaume-Uni pourra, jusqu'au 12 avril - date limite pour faire part de sa volonté de participer aux élections européennes en mai -, présenter une solution alternative. En l'absence d'une telle alternative, le Royaume-Uni quitterait l'Union européenne le 12 avril ou à un instant ultérieur sans accord.

Le projet de loi avait pour objet initial de transposer certaines dispositions du chapitre II (droits des citoyens) de l'accord de retrait du Royaume-Uni de l'Union européenne dans la législation nationale. L'accord de retrait prévoit une phase de transition jusqu'au 31 décembre 2020 pendant laquelle les citoyens britanniques jouissent des droits similaires à ceux des citoyens européens. Les citoyens britanniques déjà domiciliés dans un État membre de l'UE continueront à bénéficier du droit de séjour même après écoulement de cette phase transitoire. Ceci vaut également pour les membres de leur famille déjà installés ou arrivant après la phase de transition. Le droit de séjour sera pourtant limité à l'État membre dans lequel ils sont domiciliés. Aux Britanniques arrivant après le 31 décembre 2020 sera appliqué le régime de ressortissant de pays tiers si aucun autre accord bilatéral ou multilatéral ne sera entré en vigueur avant cette date. Les dispositions de l'accord de retrait seront d'application directe dès sa ratification.

Comme l'accord de retrait prévoit différentes options, le Gouvernement luxembourgeois a déposé un projet de loi spécifiant les dispositions choisies. La procédure mise en place par l'accord de retrait peut comporter soit un enregistrement obligatoire, soit l'établissement d'un document de séjour sur demande. Le Gouvernement a opté pour l'enregistrement obligatoire qui est aussi en vigueur pour les citoyens européens. Les citoyens britanniques domiciliés au Grand-Duché avant la fin de la période de transition se verront remettre un document de séjour différent de celui des citoyens européens. L'article 19 de l'accord de retrait prévoit que ce document de séjour puisse déjà être établi pendant la période de transition pour être valable dès le 1er janvier 2021. Les autorités luxembourgeoises étant dans l'obligation de remplacer, d'ici le 31 décembre 2020, environ 4.600 documents de séjour, le projet de loi vise à autoriser l'établissement des documents de séjour respectifs déjà pendant la période de transition.

L'éventualité d'une sortie du Royaume-Uni de l'Union européenne sans qu'un accord de retrait n'ait été ratifié (Brexit dur) étant devenue de plus en plus probable, la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile a jugé opportun d'ajouter une deuxième partie au projet de loi, applicable dans le cas d'un retrait sans accord. Ainsi, le projet de loi permet d'appliquer un régime spécifique aux ressortissants britanniques et les membres de leurs familles qui résident au Luxembourg avant la date du retrait du Royaume-Uni de l'Union européenne afin d'assurer la continuité de la régularité de leur séjour au Luxembourg au cas où le retrait du Royaume-Uni de l'Union européenne aurait lieu sans que l'accord de retrait n'entre en vigueur.

Cette situation est couverte par une décision du Conseil de Gouvernement du 18 janvier 2019 indiquant que les ressortissants britanniques et les membres de leurs familles qui résident au Luxembourg avant le 29 mars 2019 seraient autorisés à continuer à séjourner au Luxembourg après le retrait sous le couvert du document de séjour délivré sur base de la directive 2004/38/CE du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 relative au droit des citoyens de l'Union et des membres de leurs familles de circuler et de séjourner librement sur le territoire des États membres, ceci jusqu'au 30 mars 2020. Après cette date, les documents actuels ne seraient plus considérés comme valables et tous les ressortissants britanniques devraient disposer d'un titre de séjour sur base des dispositions pertinentes de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration. Le texte du projet de loi amendé reprend les grandes lignes de cette décision mais omet la citation de dates concrètes afin d'assurer son application indépendamment de la date effective du retrait.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 22.02.2019

Rapporteur : M. Marc Angel

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

(Président : M. Marc Angel) :

11.03.2019 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État

18.03.2019 Présentation et adoption d'un amendement visant à introduire des dispositions applicables dans le cas d'un retrait sans accord

28.03.2019 Analyse de l'avis complémentaire du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 28.03.2019

Loi du 8 avril 2019

Mémorial A : 2019, n° 242, page 1

Le saviez-vous ?

**RÉSOLUTION**

La résolution est un texte, adopté par la Chambre et adressé à elle-même, par lequel elle prend une décision ou adopte une position. Chaque député a le droit de déposer des projets de résolution. Tout comme une motion, une résolution doit être adoptée à la majorité de la Chambre.

# SÉANCE 15

**MERCREDI 27 MARS 2019**

**Présidence : M. Fernand Etgen, Président • M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président**

## Sommaire


**1.** Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance*

**2.** 7409 - Projet de loi portant modification de la loi du 28 octobre 2016 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles

- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. André Bauler*
- *Discussion générale : Mme Octavie Modert - M. Georges Engel (intervention de Mme Octavie Modert) - M. Marc Hansen - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement - M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

**3.** 7399 - Projet de loi portant modification :

1. des articles L. 232-2 et L. 233-4 du Code du travail ;
2. de l'article 28-1 de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État

- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Georges Engel*
- *Discussion générale : M. Marc Spautz - Mme Carole Hartmann - M. Yves Cruchten - M. Carlo Back - M. Jeff Engelen - M. Marc Baum (interventions de M. André Bauler et M. Franz Fayot) - M. Sven Clement*
- *Prise de position du Gouvernement : M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

**4.** Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet du projet Google et plus particulièrement sur les incidences de ce projet sur l'environnement naturel et les questions de l'énergie (consommation et approvisionnement)

- *Exposé : Mme Martine Hansen (dépôt de la motion 1) (interventions de M. le Ministre Étienne Schneider et M. Fernand Kartheiser)*
- *Débat : M. Max Hahn - M. Georges Engel (interventions de Mme Martine Hansen et Mme Octavie Modert) - M. Henri Kox (intervention de Mme Martine Hansen) - M. Gast Gibéryen (dépôt de la motion 2) - M. Marc Baum - M. Sven Clement*
- *Prises de position du Gouvernement : M. Étienne Schneider, Ministre de l'Économie (interventions de Mme Martine Hansen, Mme Octavie Modert, Mme Martine Hansen, M. Michel Wolter, Mme Martine Hansen, M. André Bauler et Mme Octavie Modert) - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*
- *Parole après ministre : Mme Martine Hansen (interventions de M. Alex Bodry et Mme Françoise Hetto-Gaasch) - M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie - M. Gast Gibéryen - Mme Martine Hansen (intervention de Mme Josée Lorsché et Mme la Ministre Carole Dieschbourg) - M. Étienne Schneider, Ministre de l'Économie - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*
- *Motion 2 : M. Marc Baum - M. Michel Wolter - M. Alex Bodry (intervention de M. Georges Engel) - M. Henri Kox - M. Gast Gibéryen (interventions de M. Alex Bodry et Mme Josée Lorsché)*
- *Vote sur la motion 2 modifiée (rejetée)*

**5.** Question élargie n° 4 de M. Marco Schank relative à l'avenir énergétique de la France et la gestion des déchets radioactifs

- *M. Marco Schank - M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie (intervention de M. Alex Bodry) - M. Marco Schank - M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie*

**6.** Ordre du jour

- *M. Fernand Etgen, Président*

**7.** 7350 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) 2017/852 du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2017 relatif au mercure et abrogeant le règlement (CE) n° 1102/2008

- *Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire : M. François Benoy*
- *Discussion générale : M. Gilles Roth - M. Max Hahn - M. Georges Engel - M. Fernand Kartheiser (dépôt de la motion 1) - M. David Wagner - M. Marc Goergen - M. Carlo Back - M. Gilles Roth - M. Carlo Back*
- *Prise de position du Gouvernement : Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*
- *Parole après ministre : M. Gilles Roth (intervention de M. Laurent Mosar)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *M. Gilles Roth - M. Fernand Kartheiser*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

**8.** 7357 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 septembre 2015 relative aux produits biocides

- *Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire : M. François Benoy*
- *Discussion générale : M. Paul Galles - M. Max Hahn - M. Georges Engel - M. Fernand Kartheiser - M. David Wagner - M. Marc Goergen*
- *Prise de position du Gouvernement : Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

**9.** 7358 - Projet de loi portant modification de la loi du 16 décembre 2011 concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques ainsi que la classification, l'étiquetage et l'emballage des substances et mélanges chimiques

- *Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire : M. François Benoy*
- *Discussion générale : M. Paul Galles - M. Max Hahn - M. Georges Engel - M. Fernand Kartheiser - M. David Wagner - M. Marc Goergen*
- *Prise de position du Gouvernement : Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*


Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Étienne Schneider, Vice-Premier Ministre ; M. Dan Kersch, M. Claude Meisch, Mme Carole Dieschbourg et Mme Taina Bofferding, Ministres.

***(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)***

### 1. Ouverture de la séance publique

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président de séance.*- Ech maachen heimat d'Sëtzung op a froen direkt d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet. Regierung?

**Plusieurs voix.**- Regierung?!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président de séance.*- D'Regierung ass ofgelenkt.

**M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Ofgelenkt, mä et ass näischt ze signaléieren.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président de séance.*- Merci. Ech hat mer dat bal ...

***(Hilarité)***

... geduecht. Mä ech wollt awer op Nummer sécher goen, Här Educatiounsminister.

### 2. 7409 - Projet de loi portant modification de la loi du 28 octobre 2016 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles

Ma da gi mer direkt zu dem éischte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwer. De Projet de loi 7409 ass e Projet, deen noutwendeg ass, fir no engem eventuelle Brexit ouni Deal d'Unerkennung vun de brittesche professionelle Qualifikatiounen an Diplomer ze regelen. D'Wuert huet den honorabele Rapporteur, den Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche***

**M. André Bauler** *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat brittescht Parlament hält Europa a seng Bierger weiderhin an Otem, wéi mer déi lescht Deeg konnte feststellen. Et läit op en Neits eenzeg an eleng un hinnen, wéini a wéi si d'Europäesch Unioun schlussendlech wëlle verloossen. Wéi et am Moment jiddefalls ausgesäit, wäerte mer nach eng Zäit op de wäissen Damp vu London waarde mussen.

Am Moment bleift eis heiheem dofir näischt anescht iwwreg, wéi eis op de schlëmmste Fall, de sougenannten „Worst Case" virzebereeden, op een haarde Brexit, also ee Brexit ouni Accord, ouni Deal. A genau dat mécht eis Regierung: Si leet d'Hänn net an de Schouss, mä si bereet Lëtzebuerg op de schlëmmste Fall vir.

Et ass dofir och net verwonnerlech, datt dëst net deen éischte Projet ass, bei deem et dës Woch ëm de Brexit geet. Net méi spéit wéi gëschter hate mir ewell dräi Projeten aus der Finanzkommissioun, der Familljekommissioun an der Kommissioun fir den ëffentlechen Déngscht hei um Ordre du jour.

Här President, dës Kéier geet et ëm d'Héichschoulwiesen. Méi präzis huet dëse Projet d'Zil, fir d'Inzidenzen, d'Repercussiounen, déi de Brexit op den Enseignement supérieur an deemno och op eis Studenten huet, opzefänken. Et geet also drëm, fir eise Studenten, déi am Vereenegte Kinnekräich an engem Studium an de Beräicher Medezinn, Infirmier, Zänndokter, Veterinär, Hiewan, Apdikter an Architekt ageschriwwe sinn, d'Sécherheet ze ginn, datt hire Studium automatesch unerkannt gëtt.

Et ass jo gewosst, datt dës Studierichtungen heiheem op der Uni net komplett oder iwwerhaapt net ugebuede ginn. Ass also e Studium a Groussbritannien vun hirem Stat unerkannt, dann erkenne mir déi domat verbonnen Diplomer ouni Weideres un. Et brauch also kee Student en Ëmwee iwwer en anert EU-Land ze maachen, fir do eng Unerkennung ze kréien, opgrond vun där mir den Diplom da géifen unerkennen.

Dësen Text, wann en dann haut gestëmmt ginn ass, trëtt, wéi gesot, deen Dag a Kraaft, wou Groussbritannien sech aus der Europäescher Unioun zréckzitt, also austrëtt, ouni datt een Accord de retrait ënnerschriwwe gi wier.

Här President, dëst gesot, géif ech gäre fir all weider Detailer op mäi schrëftleche Rapport verweisen. Ech soen de Kolleeginnen a Kollegen aus der Kommissioun Merci, och de Beamten, déi eis mat Kompetenz begleet hunn. Ech soen lech och Merci fir d'Nolauschteren a ginn dann och heimat gläichzäiteg den Accord vun der DP-Fraktioun.

Merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien !

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président de séance.*- Merci och dem Här Rapporteur. Déi éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Octavie Modert. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**Mme Octavie Modert** *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, an enger Stonn fänken zu London schonn erëm d'Deputéierten un ze debattéieren am House of Commons, fir iwwer e Brexit haut den Owend ofzestëmmen, wéi wat wou an ob iwwerhaapt. Dat ass alles net ganz ordonnéiert bei hinnen a wäit ewech vun engem ordonnéierten Austrëtt aus der Unioun.

Hei an der Chamber hu mer gëschter dräi Gesetzer an haut ee Gesetz gestëmmt, déi mat de Konsequenze vun engem eventuelle Brexit ze dinn hätten. Déi hätt ee sécherlech nach besser gehat, deeselwechten Dag zesummen ofzestëmmen, da wär Lëtzebuerg alt ordonnéiert virgaangen.

Dës Woch hätt, wann et dann net erëm aneschters komm wär, de Brexit a Kraaft sollen trieden. Dat weist, datt eis Regierung och net allze fréi u war mat dëse Gesetzer, iwwert déi mer elo gëschter an haut ofstëmmen, datt se se e bësse spéit deposéiert huet. Si hätt kënnen éischter reagéieren.

Mir wëssen och net, wéi eng Beräicher nach feelen. Trotzdeem ass et wichteg, sech drëm ze këmmeren. An dofir stëmmt d'CSV dëse Projet de loi och mat.

Perséinlech, Här President, sinn ech ganz traureg a bedaueren, datt et zu engem Brexit kënnt, komm ass, datt d'Englänner, d'Britten, Groussbritannien d'EU verléisst. Dat soen ech net just, awer och, well ech an England studéiert hunn. Déi Zäit waren nach vill manner Lëtzebuerger Studenten do. Net ewéi haut.

Haut gi se ganz gär an England studéieren. An 1.200 Lëtzebuerger oder Residentë vun hei sinn op engleschen Unien. Dat am Verglach zu 3.000 a Frankräich. Dat weist, wéi beléift déi englesch Destinatioun ass fir Studenten. Oxford Learn hätt 60 % EU-Auslänner als Studenten. Et gëtt gesot, dat ass natierlech extrem vill. Jo, si gi ganz vill gär dohinner!

Och d'Mobilitéitsjoer vun der Uni.lu gëtt dacks benotzt, fir dann a Groussbritannien ze goen. Et gëtt awer ee Problem, dat sinn déi héich Aschreiwungskäschten, déi dohanne sinn. Dofir studéieren dann och ganz vill Britten net an England selwer, mä am Ausland.

Elo wëssen awer déi zukünfteg Studente vun hei net, wou se richteg dru sinn. Wéi ass et mat hirem Aschreiwe fir d'nächst Joer? Wéi ass et mam ECTS, mam internationalen Unerkennungssystem vun den Diplomer spéiderhin? Wéi geet et mat Visaen, Douaneskäschten, éischter erëm? Wéi ass et mat Erasmus, Erasmus +?

An da sinn ech ganz iwwerrascht, datt um Site vum CEDIES guer keng Informatiounen dropstinn. Do sinn ech wierklech iwwerrascht driwwer! Dobäi steet an der Regierungserklärung, « effets secondaires non désirés », do géif d'Regierung sech beim Brexit drëm këmmeren. An ech stellen awer fest, datt keng Informatiounen do sinn. Natierlech ass alles de Moment nach hypothetesch. Hypothetesch, well een nach net genau weess: Wéi gëtt déi Sortie vun England organiséiert? Mä dat heescht awer och, datt et Ongewëssheete si fir d'Studenten.

A well et alles hypothetesch ass, ma dann informéiert iwwert d'Hypotheesen, datt se e bësse wëssen, wou se sech kënnen hiwenden a wat maachen! Um CEDIES steet just dat drop, wat üblecherweis dropsteet. Do steet da schéin, fir an England studéieren ze goen: „Do you like the British way of life?", majo, da géi dohinner! Soss steet net vill do. Et ass ganz flott an England, steet do. An da steet do: Du kanns dech e bëssen informéieren. CEDIES-Publikatioun: „Studying in the United Kingdom". Dat ass dat, wat den Droit commun bis elo war. Mä wéi soll et virugoen?

Och op engem anere Plang steet just: „At present no visa is needed for EU-students. However, there might be changes following Brexit!" Ech mengen, et wär ganz gutt, wann ee kéint e bësse méi genau de Studenten an den zukünftege Studenten Informatioune ginn. An dofir lancéiert d'CSV en Appell un d'Regierung: Informéiert déi Jonk! Informéiert se, Här Minister! Këmmert Iech drëm! D'Regierung soll déi Jonk net eleng loossen an net am Ree stoe loossen. Këmmert Iech drëm! Informéiert se!

Villmools Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Georges Engel.

**M. Georges Engel** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Studenten dierfen net déi Leidtragend si vun enger onkohärenter Auf-und-ab-Politik, wéi se am Moment gemaach gëtt. Duerfir ass dat heiten e gutt Gesetz, e Gesetz, wat eis vollst Zoustëmmung och fënnt.

No an no ginn ëmmer méi Gesetzer hei gestëmmt, déi déi verschiddenst Situatioune vun engem ongeregelte Brexit, wann en dann och kënnt, wäerte regelen.

An an dësem Fall ass dann emol d'Situatioun vun deenen, déi elo an England studéieren op deene verschiddenste Plazen, déi de Rapporteur, deem ech och wéilt Merci soe fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport, hei opgezielt huet, och geregelt.

A mit Verlaub, Madamm Modert, et mécht der Kaz kee Bockel, ob mer dat haut oder gëschter hei gestëmmt hunn. Zu Wolz géife se soen: „Dat ass nu wierklech nik wichteg." Duerfir, ...

**Mme Octavie Modert** *(CSV)*.- Ordonnéiert ass aneschters, okay.

**M. Georges Engel** *(LSAP)*.- ... ech wéilt och haut den Accord vun eiser Fraktioun, vun der sozialistescher Fraktioun hei ginn.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An den nächste Riedner ass den Här Marc Hansen.

**M. Marc Hansen** *(déi gréng)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wéilt och vläicht gären e Kommentar maachen zu der Ausso vun der Madamm Modert, mir wären ze spéit un. Also, laut mengen Informatiounen huet d'Chamber sech un dat gehalen, wat d'EU virginn huet. Wann aner Länner do virgeprescht sinn, dann, mengen ech, ass dat hir Initiativ. Op jidde Fall mengen ech, dass mir an den Delaie sinn. Mir reagéieren op eng Situatioun, déi mir net verursaacht hunn, mä déi d'Britte verursaacht hunn. An ech mengen, dass mer probéieren, dass all déi Leit, déi hei och wunnen an aktiv sinn, dann och ënnert deene beschtméigleche Konditiounen, ënner egal wéi enger Form vu Brexit, kënne weider hei zu Lëtzebuerg oder soss éierens fonctionnéieren.

Ech wéilt dem Rapporteur, dem André Bauler, och Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Wéi a villen anere Beräicher ass och de Beräich vun der Education supérieure vun engem Brexit ouni Accord betraff. Hei ass et wichteg ze garantéieren, dass bei deene verschiddene Gesondheetsberuffer a bei den Architekten, déi viséiert si vun der Annex V vun der Direktiv 2005/36/CE, d'Diplomer, déi aus Grousbritannien kommen, weider automatesch unerkannt ginn, well Lëtzebuerg am Fall vun dëse Beruffer net déi néideg Expertise huet, fir d'Equivalenz vun den Diplomer ze evaluéieren. Wa Groussbritannien bei dëse Beruffer als Drëttstat consideréiert géif ginn, da géifen d'Unerkennungsprozedure fir dës Diplomer sech verkompliziéieren a virun allem verlängeren. Well et awer a Groussbritannien gutt Unien an dëse Beräicher gëtt, an och do Studenten aus Lëtzebuerg ënnerwee sinn, a Lëtzebuerg och Leit aus dëse Beruffssparte brauch, ass et wichteg, dass eng schnell Unerkennung vun dësen Diplomer garantéiert bleift.

Da wollt ech awer nach ee Gedanken opwerfen: Et stellt sech d'Fro vun der Reciprocitéit, déi och vun der Chambre de Commerce opgeworf ginn ass. Et wär interessant ze wëssen, ob d'Britten dann am Fall vun engem Brexit ouni Accord och esou legiferéieren, dass d'Diplomer aus der EU automatesch unerkannt ginn, soudass zum Beispill e Lëtzebuerger Resident, deen a Frankräich oder Däitschland en Diplom an den ugeschwatene Studieberäicher kritt huet, säin Diplom automatesch a Groussbritannien unerkannt kritt an net als Drëttstaatler consideréiert gëtt.

Dat gesot, géif ech dann domadder och den Accord vun der grénger Fraktioun ginn. Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci. An den nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President. Ech mengen, an dësem Fall kann een, wéi esou dacks, dem Här Bauler nëmme felicitéiere fir de ganz komplette Rapport. Hien huet alles gesot. An ech mengen, et huet kee Wäert, dräi- oder véiermol ze widderhuelen, wat den Här Bauler gesot huet.

Mir gi gär eisen Accord zu dësem Gesetz. Villmools Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. Den Här Clement huet d'Wuert.

**M. Sven Clement** *(Piraten)*.- Merci, Här President. Och ech wëll mech hei de Felicitatiounen un de Rapporteur André Bauler uschléissen. Et ass e ganz concise Rapport gewiescht, deen en hei virgedroen huet, well dat heiten Thema och net soll politesch Debate lancéieren, mä ganz am Konträr: Mir maachen hei eppes am Interêt vun deene Leit, déi esou en Diplom am Ausland kritt hunn, notamment an England, déi domadder wëllen hei zu Lëtzebuerg schaffen an haaptsächlech och wëllen a Beruffer schaffen, déi deelweis zu Lëtzebuerg gebraucht ginn. Ech denken do haaptsächlech un d'Dokteren, vun deene mer der bäi Wäitem net genuch hunn, wou et also wichteg ass, Jonker fir dee Beruff ze begeeschteren. An do sollte mer alles maachen, fir et deenen ebe genau einfach ze maachen. Dofir markéieren ech och heimadder den Accord vun de Piraten fir dëse Projet.

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Den Här Wagner huet d'Wuert.

**M. David Wagner** *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Jo, mir wäerte selbstverständlech eisen Accord och ginn.

Ech mengen, mir hunn och gëschter schonn e puermol zu äänleche Projet-de-loien eisen Accord ginn. An do bleiwe mer an därselwechter Logik.

Et gëtt wuel ganz gutt Universitéiten am United Kingdom. Dat huet d'Madamm Modert och gutt erkläert. Et gëtt och an eisen dräi Nopeschlänner genausou gutt Universitéiten, déi awer méi bëlleg sinn, wéi d'Madamm Modert dat och gesot huet. An dat däerf een och net vergiessen. Dat ass en anere Modell, deen een och misst ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och dem Här Wagner.

Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm. An den Här Claude Meisch, den Educatiounsminister, huet d'Wuert.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen der Chamber Merci fir déi breet Zoustëmmung, dem Rapporteur André Bauler villmools Merci fir déi Explikatiounen.

Effektiv probéiere mer hei eppes ze regelen, wou mer net wëssen, ob et muss geregelt ginn. An et gëtt natierlech eng ganz Rei vun anere Froen, déi sech och do stellen. Wann haut de Mëtteg dat brittescht Parlament driwwer decidéiert, wat fir eng Optioune vu Brexit eigentlech nach um Dësch leien, da wësse mer emol nach net, wéi déi eenzel Optioune sech an deenen eenzelne Politikberäicher am Detail wäerten deklinéieren, ob et dat ass, wat och mat der EU ofgemaach war oder ob et zu aneren Detailléisungen do wäert kommen. Duerfir hu mer och opgepasst, eis do op déi sécher Säit ze stellen, do, wou mer och eng Sécurité juridique brauchen, wéi an dësem Fall d'Reconnaissance vun Diplomer, fir net eng Onsécherheet ze schafen, och wann et nëmme wärend enger Iwwergangsphas gewiescht wär.

An op där anerer Säit si mer och a Kontakt mat de britteschen Autoritéiten, ganz enk och mat der Lëtzebuerger Ambassad zu London, ënner anerem och mat Studentevertriedunge vu Lëtzebuerger, déi a Groussbritannien studéieren, fir och Informatiounen ze kréien, fir ze wëssen, wat fir eng Froen datt sech do stellen. Mä wa mer keng sécher Äntwerte kënne ginn, dann, denken ech, ass et irreführend, wann e Ministère do ze vill communiquéiert.

Dat, wat mer awer och un Informatiounen opgesammelt hunn, seet eis éischter, datt et héich probabel ass, datt, an der Ufanksphas op jidde Fall, och am Domän vun engem ongeuerdnete Brexit, net allze vill géif ännere fir d'Studentinnen an d'Studenten a Groussbritannien. An duerfir si mer bis elo virsiichteg gewiescht, fir kloer ze communiquéieren. Mir wäerten do um Ball bleiwen a wa mer méi Informatiounen hunn, da wäerte mer och eiser Flicht do nokommen.

Nach eng Kéier Merci fir d'Versteesdemech fir dës komplex Problematik an d'Ënnerstëtzung vun der Chamber am Interessi vun all deenen, déi en Diplom aus Groussbritannien hunn.

Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och dem Här Minister.

Da kënne mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7409 iwwergoen.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7409 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 60-mol Jo. De Projet de loi 7409 ass mat Unanimitéit ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Paul Galles), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen (par M. André Bauler), Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue (par M. François Benoy) et Roberto Traversini ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

***(Assentiment)***

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Le saviez-vous ?

**POUVOIR LÉGISLATIF**

Le pouvoir législatif est l'autorité qui édicte les lois. L'exercice du pouvoir législatif appartient à la Chambre des Députés.

## 3. 7399 - Projet de loi portant modification :

## 1. des articles L. 232-2 et L. 233-4 du Code du travail ;

## 2. de l'article 28-1 de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État

A mir kënnen zum nächste Punkt vun Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 7399, deen zur Aféierung vun engem Feierdag op den 9. Mee, der Journée de l'Europe, soll féieren an zur Schafung vun engem zousätzlechen Dag beim legale Congé. An d'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale***

**M. Georges Engel** *(LSAP), rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 7399 setzt hei zwou Decisiounen ëm, déi d'Koalitiounspartner an hirem Regierungsaccord festgehalen hunn - a just eng Klammer sief mer erlaabt -, wat och zentral Fuerderunge vu menger Partei waren an hirem Wahlprogramm, näämlech eng Reduzéierung och vun der Aarbechtszäit; Klammer erëm zou. Déi zwou Fuerderungen, déi sinn, éischtens, d'Erhéijung vum legale Minimum u Congé annuel de récréation vu 25 op 26 Deeg an, zweetens, d'Aféierung vun engem neie legale Feierdag, dem 9. Mee, dem Europadag.

Konkret heescht dat eng Aarbechtszäitverkierzung. Konkret heescht dat och, dass mer hei um Wee vum soziale Fortschrëtt sinn. A konkret ass et och, dass et de Salariéen hei d'Méiglechkeet gëtt, se un der Augmentatioun vun der Produktivitéit, déi mer hunn, deelhuelen ze loossen. An et ass och konkret eng Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun de Salariéen: Et bedeit méi Fräizäit, et bedeit eng besser Work-Life-Balance.

Vläicht e puer Wuert iwwert den Historique an de Kontext.

De bezuelte Congé an d'bezuelte Feierdeeg, dat sinn Errungenschaften, déi fir eis haut zimlech selbstverständlech sinn, mä fir déi laang gekämpft gouf an déi et nach guer net esou laang gëtt.

De Congé, do gouf dat éischt Gesetz 1926 gestëmmt, Congé fir d'Aarbechter, deen awer ofhängeg war vun den Déngschtjoren. Dës Rechter sinn am Laf vun de Jorzéngten ausgebaut an ausgedeent ginn. De Congé, esou wéi en am Moment am Code du travail steet vu minimum 25 Deeg, onofhängeg vum Alter an onofhängeg vun Ancienneté, dee gëtt et onverännert zënter 1975.

Feierdeeg: D'Lëscht vun deenen 10 legale Feierdeeg, esou wéi se haut am Code du travail, am Statut vun der Fonction publique an och am Reglement vum Gemengesecteur stinn, déi si vun 1945.

An ech wéilt hei och gären e Verglach mat dem Ausland maachen. Feierdeeg hu mer der am Moment 10, an Zukunft dann 11. Dem Exposé des motifs no si mer domadder nach just ënnert der Moyenne vun den 11,7 - oder den 11,75 souguer - am Europa vun deenen 28 Länner.

Beim Congé, do si mer iwwert der europäescher Moyenne, déi bei 23 Deeg minimum läit. Wann een allerdéngs d'Joresaarbechtszäit kuckt, dann ännert dat Bild awer nees, well den Exposé des motifs vum Projet de loi, dee beruff sech fir d'Joresaarbechtszäit op d'Etüd „Developments in working time" vun 2015 an 2016 vum Eurofound. An déi hu festgestallt, dass déi „normal kollektiv verhandelt jäerlech Aarbechtszäit" zu Lëtzebuerg bei 1.804,7 Stonne läit. An d'Moyenne vun deenen 28, déi ass bei 1.719,5. An der Belsch ass se bei 1.738,8, an Däitschland 1.681,4 an a Frankräich 1.616,2.

Virun e puer Deeg huet de Statec a senger Publikatioun „Regards" Nummer 3 vun dësem Joer d'Zuelen iwwert déi effektiv geschaffte Stonne veröffentlecht. Déi Zuele gesinn erwaardungsgeméiss e bëssen anescht aus, mä d'Verhältnis bleift awer datselwecht:

Mat 1.701 geschaffter Stonn d'Joer läit Lëtzebuerg och do ganz vir, knapps do awer virun der Moyenne vun der EU mat 1.700 Stonnen an awer iwwert der Moyenne vun der Eurozon; do si mer bei 1.649 Stonnen. Liicht iwwert de 1.677 geschaffte Joresaarbechtsstonnen an Däitschland, an awer e gutt Stéck iwwert deene vu Frankräich an der Belsch; Frankräich mat 1.544 an d'Belsch mat 1.495 Stonnen.

Sou vill also zu der Angscht, dass mir zu Lëtzebuerg no der Applikatioun vun dësem Gesetz iwwert d'Erhéijung vum legale Congé an deem neie Feierdag net méi kompetitiv wären. Dat wäre jo alleguer déi Länner, déi e gutt Stéck

ënnert dem Seuil vun deenen 1.701 Stonne géife leien, dann och net méi. An dat kann ee jo mam beschte Wëllen net behaapten, wann ee weess, dass Däitschland bei 1.677 Stonne läit an awer eent vun deene kompetitiivste Länner an Europa ass.

Zu der Fro, wien dann elo vun deem weidere Congésdag, dem 26. Dag, wäert profitéieren:

D'office sinn dat déi Salariéen, déi haut just d'Recht op 25 Deeg Congé hunn. Si kréien ab dësem Joer een Dag Congé bäi. All déi Salariéen, déi an hirem Kontrakt oder hirem Kollektivvertrag 25 Deeg oder de legale Minimum vu Congésdeeg stoen hunn, plus eng gewëssen Zuel vun zousätzlechen Deeg, déi kommen och an de Genoss vun dësem 26. Dag.

Déi Salariéen, déi an hirem Kontrakt oder an hirem Kollektivvertrag einfach eng Zuel stoen hunn, déi iwwert deene 25 respektiv 26 Deeg läit, déi profitéieren net d'office vun dëser Augmentatioun. Allerdéngs kann een awer dovunner ausgoen, dass d'Erhéijung vu 25 op 26 Deeg och do wäert en Afloss hunn op déi weider Verhandlungen an Diskussiounen, déi sech dann zum gegebenen Zäitpunkt wäerte stellen.

An der Fonction publique ass et jo och esou, dass d'Zuel vun de Congésdeeg elo schonn iwwert de 25 respektiv 26, wann dëse Projet de loi dann ugeholl ass, läit, déi am Code du travail da festgeschriwwe sinn. Deemno ass an deem Beräich dann och keng gesetzlech Ännerung néideg.

Och nach e Wuert zum Feierdag, dem 9. Mee, dem Europadag. Et steet eis ganz gutt zu Gesiicht, dëse Feierdag anzeféieren.

Lëtzebuerg ass e Membre fondateur vun der EU. An d'Regierung huet decidéiert, domadder en Zeechen ze setzen, fir Europa an alles, wat domadder zesummenhänkt, ze wäertschätzen an an de Viergergrond ze setzen. Europa soll net nëmmen als Bannemaart wouergeholl ginn, mä virun allem als Gemeinschaft, déi zënter Jorzéngte Fridde garantéiert, als Gemeinschaft, déi eng Partie vun demokratesche Wäerter stäerkt, déi den Echange tëschent Populatiounen a Kulture promouvéiert. Kee Land profitéiert esou vill vun der EU wéi Lëtzebuerg. Duerfir ass et logesch a richteg, dass mir Virreider sinn an als éischt EU-Land den 9. Mee zu engem legale Feierdag maachen.

Erausfuerderunge gëtt et natierlech och. Mir mussen deen Dag mat engem Inhalt fëllen. A mir mussen en notzen, fir den Debat iwwer Europa, iwwert d'Valeure vun Europa, iwwert d'Vir- an och d'Nodeeler vun Europa, iwwert d'Verbesserungsméiglechkeeten, déi mer an Europa gesinn, ze fërderen a fir déi no vir ze bréngen a fir de Leit och Europa dann iwwert deen Dag hei méi no ze bréngen, fir de Leit och d'Wichtegkeet vun Europa ze erklären an dat ëmmer erëm an de Viergergrond ze stellen.

Et ass hei bei dësem Projet de loi séier geschafft ginn. Den Depot, dee war den 29. Januar 2019. Den Avis vum Statsrot ass den 12. Mäerz 2019 komm. D'Kommissioun huet de Rapport den 21. Mäerz ugeholl. An haut si mer de 27., also kënne mer haut dëse Projet hei stëmmen.

Zu den Avisen, mat den Haaptremarken a Kritikpunkten.

D'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce maache sech Suergen iwwert d'negativ Auswierkungen op d'Ekonomie an d'Kompetitivitéit, suerge sech och iwwert deen zousätzleche Feierdag am Mee - den 1. Mee hu mer do schonn, den 9. Mee, Christi Himmelfahrt an eventuell och nach Päischtméindeg - a maache sech och Gedanken iwwert déi ongewëss Auswierkungen op verschidde Kollektivverträg.

D'Chambre des Salariés, déi freet: Wat ass, wann en anere Feierdag op den 9. Mee fält? Do gëtt et eng Bestëmmung am Code du travail, déi ganz kloer seet, dass deen Dag da kompenséiert ka ginn.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics weist drop hin, dass net all betraffen Artikel am Statsbeamtestatut, besonnesch déi Passagen, déi d'Modalitéite vum Compte épargne-temps regelen, hei ofgeännert ginn. Alleguer déi Saachen hei, an ech begréisse ganz häerzlech och de Minister, dee bestëmmt nach dozou wäert Stellung huelen, konnten an der Kommissioun och diskutéiert an erkläert ginn.

Et ass dat heiten e Gesetz vun enger progressiver Regierung, et ass e Projet de loi fir de soziale Fortschrëtt, et ass eng Aarbechtszäitverkierzung. A mir ginn hei op de Wee vun enger besserer Work-Life-Balance. Et ass e gudde Projet de loi. Ech géif Iech och bieden, deem Projet de loi hei zouzestëmmen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. An ech verweisen nach op d'Ried herno vu mengem Parteikolleeg, dem Yves Cruchten.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Marc Spautz** *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, ech war de Mëtten, wéi ech de Radio gelauschtert hunn, e bëssen iwwerrascht. Ech war frou a gläichzäiteg staark iwwerrascht. Do ass nämlech gemellt ginn, och den 9. Mee wier am Gemengesecteur elo e Feierdag. An dat war, nodeem elo den Accord ënnerschriwwe ginn ass vum Interieur, dem Syvicol mat de Gewerkschaften, an do steet am Communiqué, och den 9. Mee wier am kommunale Secteur e Feierdag.

Ech hoffen, dass, wa 45 Minutten erëm sinn, net nëmmen am kommunale Secteur, mä am ganze Lëtzebuerger Land den 9. Mee e Feierdag ass! Dofir war ech iwwert déi Pointe am Fong e bëssen iwwerrascht, well ech der Meenung war, dat wier iwwerall an net nëmmen am kommunale Secteur, esou wéi een dat awer de Mëtteg konnt erausheieren, wann Der an der Mëttesstonn de Radio gelauschtert hutt.

***(Interruption par M. Claude Haagen)***

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, mir schwätzen haut iwwer en zousätzleche Congésdag an iwwer en zousätzleche Feierdag. De Georges Engel ass ganz detailléiert op d'Geschicht vum Feierdag an och vun den Aarbechtszäiten hei zu Lëtzebuerg agaangen. An et ass effektiv mam Gesetz vun 1975, wat dunn 1976 a Kraaft getrueden ass, déi leschte Kéier, wou hei zu Lëtzebuerg, legal gesinn, de Congé vun deemools 24 op 25 Deeg an d'Luucht gesat ginn ass. An duerno ass et op legaler Basis hei zu Lëtzebuerg ni méi zu enger Ännerung komm vun de fräien Deeg, sief et Congé oder sief et och de Feierdeeg.

Au contraire! Bis Ufank den 2000er Jore war et üüblech, wann e Feierdag op e Sonndeg gefall ass, dass en automatesch verréckelt ginn ass. Dat ass deemools ofgeschaaft ginn, wou et einfach geheescht huet, d'Leit kréien e fräien Dag amplaz, mä et gëtt néierens méi d'office e Feierdag. Déi Kolleegen, déi an der Zäit dee laangen Tour gemaach hunn, déi wëssen, dass dat ëmmer flott war, well da war et fir d'Éischt de Sonndeg an duerno ass och nach de Feierdag komm, an dat huet dann och an der Paitut gerabbelt. Mä dat ass an den Ufank 2000er Joren ofgeschaaft ginn, wou et just geheescht huet, „du kriss e fräien Dag amplaz", mä et ass net méi, dass d'office de Supplement geschëllt war. An dat kéint jo eng Léisung sinn, an den Här Engel ass drop agaangen, wann an e puer Joren nach eng Kéier e Feierdag op e Sonndeg oder zwee Feierdeeg openee géife falen.

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, de Georges Engel ass och op d'Entwécklung vun den Aarbechtszäiten agaangen. Ech hu mer och erlaabt, eng Kéier hei zu Lëtzebuerg nozekucken. Mir hunn nach ëmmer ronn 50 % vun de Leit, déi hei zu Lëtzebuerg fir Loun a Gehalt schaffe ginn, déi schaffen 2.088 Stonnen. Do kommen da 25 Congésdeeg an 10 Feierdeeg derbäi. Da bleiwe se nach op enger realer Aarbechtszäit vun 1.808 Stonnen.

Dat sinn alleguerten déi Leit, déi kee Kollektivvertrag hunn. Dat sinn alleguerten déi Leit, déi net wëssen, wat Aarbechtszäitverkierzung ass, déi just op legal Basis, sief et op d'Aarbechtsrecht, sief et op d'Gesetz vun 1976 iwwert d'Feierdeeg sinn. Déi hu genau 10 Deeg Feierdag an déi hu genau 25 Deeg Congé. A fir de Rescht gi se 1.808 Stonne schaffen, esou vill wéi a kengem anere Land vun der Europäescher Unioun. Dach, eent vun deenen neie Länner, déi leien e bësse méi héich, déi leien op enger Moyenne vun 41 Stonnen. Dat do ass da bei 1.808 Stonne genau d'Moyenne vu 40 Stonnen d'Woch gerechent op 74 Stonnen de Mount an dat wärend 12 Méint am Joer.

Dat ass d'Realitéit fir 50 % vun de Salariéen hei zu Lëtzebuerg. Déi hunn nämlech kee Kollektivvertrag. Mir wëssen awer och, dass mer Betriber hu mat Kollektivverträg. Do ginn et der, déi hu bis 12 Deeg, deemno ënner wat fir engen Dispositiounen, well se Schichte schaffen, well se e laangen Tour hunn, iwwert dat Legaalt eraus, dat heescht 25 plus 12, déi kommen op 37 fräi Deeg. Mä do ass awer och mat dran, well se Schichten hunn, well se de Weekend net 44 Stonnen onënnerbrach fräi hunn, kann een nämlech hei zu Lëtzebuerg duerch e Gesetz zousätzleche Congé kréien.

A wann een dann alles dat zesummerechent, da kënnt een op dem Här Engel seng Moyenne vun 1.804,7 Stonnen, déi och a sengem schrëftleche Rapport mat drastinn. Mä et muss een awer ëmmer drun denken, dass ronn 50 % méi musse schaffe wéi 1.804 Stonnen an der Moyenne. Dat sinn nämlech alleguerten déi, déi kee Kollektivvertrag hunn.

An da ginn et och nach zwee Secteuren hei am Lëtzebuerger Land, wou d'Bestëmmungen erëm ganz anescht sinn. Dat eent ass de Secteur vun der Restauratioun, wou mer déi lescht Deeg jo och Berechnungen héieren hu vun der Patronatsorganisatioun, wat si deen zousätzleche Feierdag respektiv deen zousätzleche Congésdag géif kaschten. An dann ass et natierlech och am Transport esou, well d'Rouezäiten am Transport sinn och geregelt iwwer eng EU-Direktiv an déi kennen och déi 40-Stonne-Woch net, déi mir hei zu Lëtzebuerg an der Moyenne schaffen, mä déi hunn och ganz aner Dispositiounen an do gëllen och déi Regelungen.

Dofir ass et fir déi Secteuren op alle Fall gutt, déi kréien deen Dag Congé emol sécher an déi kréien och dee Feierdag sécher, wou et soss net garantéiert wier, dass déi Leit kéinten ënnert déi Dispositioune falen. An ech betounen: Ech ka mer och virstellen, dass, och wa mir Feierdag wäerten hunn, déi Leit virun allem an der Restauratioun och nach deen Dag wäerte misse schaffen, well jo dann awer d'Restauratioun trotzdeem dréit, mä dass déi Leit dann awer e puer Frang weider an der Tut hu respektiv en Dag d'échange kréien, fir dee Feierdag eranzehuelen.

Wa mer vun deem Feierdag schwätzen, esou hu mer an Zukunft hei zu Lëtzebuerg 11 Feierdeeg. Fir eist gréisste Nopeschland ze huelen, Däitschland, déi hunn tëschent 9 a 14 Deeg; et hänkt vu Bundesland zu Bundesland of, ob et evangelesch, ob et katholesch oder wat et ass, well bis a Bayern, déi hu 14 Feierdeeg. A wann ech Däitschland awer kucken op der Statistik, innerhalb vun Däitschland si se a Bayern meeschtens ëmmer déi Éischt, trotz 14 Feierdeeg. An dat Land mat deene mannsten Deeg, dat ass Bremen. Ech fannen déi net oft an alle Statistiken an Däitschland ënnert deenen dräi Éischten, sou-dass do de Feierdag eleng och net onbedéngt ëmmer eppes wëllt soen iwwert d'Kompetitivitéit a wéi een aarbechts- oder sozialrechtlech dosteet, wann een déi Bundeslänner matenee vergläicht.

Datselwecht fënnt een, wann een déi Congésdeeg kuckt, do sinn nämlech och Betriber derbäi, déi hunn hire Salariéen am Kollektivvertrag méi zousätzleche Congé ginn, awer net als Congé, mä dass se domadder soen: „Domadder féiere mer d'38-Stonne-Woch an" oder „mir féieren d'36- oder d'37-Stonne-Woch an". An et ass och am Commerce-Kollektivvertrag, dee kennt d'38-Stonne-Woch. Déi Leit schaffen zwar all Woch 40 Stonnen, mä déi kréien zousätzleche Congé derfir. A wann Der dann d'Joresmoyenne rechent, kommt Der op 38 Stonnen. Och dat si Moyenen, wou een eng aner Aarbechtszäitorganisatioun ka maachen, déi och méi modern a méi fortschrëttlech ka sinn.

Wann een dat alles kuckt, da kann ee sech och natierlech d'Fro stellen: Firwat ass et zu enger legaler Erhéijung vum Congé oder enger legaler Erhéijung vun de Feierdeeg komm? Ech wëll soen, dass meng Partei, d'CSV, an hirem Wahlprogramm stoen hat, mir hätte gären eng aner Aarbechtszäitorganisatioun. Ech weess, dass aner Parteien drageschriwwen hunn, si hätte gäre méi Congé, an anerer hunn drageschriwwen, si hätte gär méi ... neen, Feierdeeg hat ech néierens fonnt, mä méi Congé. Dat hat ech och an anere Wahlprogrammer fonnt. Mä dat ass eng Zort vun Aarbechtszäitorganisatioun, déi een anescht kann definéieren, wéi ee wëllt, a wat fir enger Form een dat mécht. Mä ech mengen, dass een an engem Land wéi Lëtzebuerg och mat der Zäit ka goen an dass mir et net musse sinn, déi ënnert deenen dräi éischte sinn an Europa, wat d'Längt vun der Aarbechtszäit ubelaangt. An dofir kënne mir och déi zwee Deeg, souwuel deen ee Congésdag wéi och de Feierdag, matdroen.

Ech wëll awer soen: Bei de Congésdeeg wäerte mer nach eng Diskussioun kréien. An ech war och frou, wéi de Minister an der Kommissioun op dat agaangen ass, wéi mer déi Fro gestallt hunn. An de Georges Engel huet et och scho gesot: Fir déi 50 % vun de Leit, déi nëmmen d'Gesetz hunn, do ännert sech guer näischt. Déi kréien ab dem 1. Januar retroaktiv en Dag Congé bäi.

Alleguerten déi, déi e Kollektivvertrag hunn, do gëtt et verschidden Dispositiounen. Do ginn et déi, déi en Dag dostoen hunn oder suivant les dispositions de la loi plus, an et ginn déi, déi ausgeschriwwen Deeg dostoen hunn. An déi ausgeschriwwen Deeg dostoen hunn, déi maachen elo d'Fauscht an der Täsch, well do wäert et elo an den nächste Kollektivvertragsverhandlungen drëm goen, ob si deen Dag och kréien oder ob si deen Dag net kréien. An e Congésdag ass jo net, wéi wann dat och a Kollektivverträg mat näischt géif berechent ginn, mä dee gëtt normalerweis berechent mat 0,44 % vun der Lounmass, wat déi aacht Stonnen an der Joresaarbechtszäit ausmaachen, wat een dofir muss op den Dësch leeën.

An dat ass net um Legislateur, dat ass net un eis als Chamber ze decidéieren, mä dat muss an deene jeeweilege Kollektivverträg geschéien. Mä wouvun ech awer ausginn, an ech mengen, ech kennen d'Gewerkschaften hei zu Lëtzebuerg gutt genuch, dat ass, dass déi déi dote Fuerderung vun deem enge Congésdag scho wäerten an deenen nächste Kollektivverträg, op alle Fall an deene Betriber, wou dat net geregelt ass, stellen.

Ech mengen, dass dat och gutt ass an dass et eis och gutt zu Gesiicht steet, dass mer elo do dem europäeschen Duerchschnëtt hannendrukommen.

Beim Feierdag, do wëll ech ënnersträichen: Lëtzebuerg ass dat éischt Land, wat elo deen Europadag aféiert. An et steet de Lëtzebuerger gutt zu Gesiicht. An ech mengen, och grad dëst Joer, e puer Woche virun den Europawahlen, fir dann ze soen: „Mir hunn extra en Europadag", dat kënnt och jiddwerengem geneem. Mä et däerf awer domadder net gedoe sinn, well wann Der kuckt, wéi de Kalenner leeft, déi nächst Kéiere wäert dee Feierdag ëmmer op sougenannte soi-disant fräi Deeg falen, wat net ganz richteg ass, well de Samschdeg ass nach ëmmer e Jour ouvrable hei zu Lëtzebuerg. Et ass just de Sonndeg, wat en zouenen Dag ass. Dass ee sech dann - d'nächst Joer wäert en op samschdes falen, da wäert en op sonndes falen - och do muss bewosst sinn, dass een awer do och Musek hannendru mécht.

A wann ech soen: „Musek hannendru mécht", mengen ech, dass mer do och mussen dann Europa an de Mëttelpunkt stellen, an dat net nëmmen am Europawahljoer 2019, mä och doriwwer eraus, dass mer och do sollen an Evidenz setzen, wat Europa eis bruecht huet, nodeem eis Pappen an eis Grousspappen d'Europäesch Unioun politesch gegrënnt hunn, mä awer och elo, wou d'Wichtegkeet vun engem sozialen Europa ass. A wat ass méi sozial, wéi dat op dem Dag vun den europäesche Verträg mat europäescher Geschicht mat engem Feierdag an de Mëttelpunkt ze stellen an dat och deementspriechend dann ze wierdegen?

Awer, wéi gesot, an dat ass mäin Appell un d'Regierung - ech weess, dass et elo vläicht schwiereg ass, fir innerhalb vun aacht Wochen nach eppes op d'Been ze kréien, mä och doriwwer eraus -, däerf et net nëmmen en einfache fräien Dag sinn, mä ass et wichteg, dass och den europäesche Gedanken, de Gedanke vum Zesummeliewen an deem Europa, wat déi Zäit zu 6 war, duerno zu 9, duerno zu 12 bis erop op 28 an, wie weess, elo gläich erëm nëmmen nach zu 27 ass, mä dat wësse mer den 12. Abrëll, also virum 9. Mee, dass mer dann awer och dee wierdegen an och do déi sozial Iddi an de Mëttelpunkt stellen, well Europa ass wichteg. A virun allem och dat soziaalt Europa muss Wierklechkeet ginn.

Villmools Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och dem Här Spautz. An déi nächst agedroe Riednerin ass d'Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann** *(DP)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Aféierung vun engem zousätzleche Congésdag stoung net am DP-Wahlprogramm, genausou wéineg wéi en zousätzleche Congésdag am Wahlprogramm vun anere Parteie stoung.

Als DP hu mer eis op d'Vereenbarkeet vu Beruff, Famill a Fräizäit konzentréiert an haaptsächlech op d'Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten. D'Aféiere vun engem zousätzleche Congésdag ass eng vun de Mesuren, déi am Regierungsprogramm festgehale goufen, fir zu enger besserer Conciliatioun tëschent Privat- a Beruffsliewen ze féieren.

Wa mir haut de legale Congé op 26 Deeg eropsetzen, da muss ee virop soen, an et ass schonn ugeklongen, dass den aktuelle legale Minimum vu 25 Deeg schonn duerch déi allermeeschte Kollektivverträg an och an der Fonction publique iwwerschratt ass. Et ass duerfir begréissenswäert, dass mer haut deene Salariéen, déi net vun enger Extraregelung profitéieren, en zousätzleche Congésdag accordéieren. Mä dëst Eropsetze vu Congésdeeg léist awer net de Problem, deen ëmmer méi Leit hunn, fir hir Aarbechtszäit esou ze organiséieren an opzedeelen, fir och déi néideg Zäit mat der Famill an hire Kanner verbréngen ze kënnen.

De Schlëssel, fir dëse Problem ze léisen, ass fir eis ganz kloer eng méi flexibel geregelt Aarbechtszäit, déi all Salarié, wann en dat wëllt,

eenzel mam Patron verhandelen däerf. D'Aféierung vun Zäitspuerkonten, déi mer virun zwou Woche gestëmmt hunn, ass en éischte Schrëtt an dës Richtung. Et däerf awer net bei dësem éischte Schrëtt bleiwen.

Mir sinn duerfir frou, dass de Koalitiounsaccord d'Iwwerpréiwe vun deenen aktuellen Aarbechtszäitregelunge virgesäit. Dëse geplangte Bilan soll virun allem och de Besoine vun de Salariéë Rechnung droen. Et sinn näämlech virun allem si, déi ëmmer erëm de Wonsch äusseren, fir méi flexibel kënnen ze schaffen. Och den Teletravail wäert dozou bäidroen, sech d'Aarbechtszäit besser a virun allem méi flexibel kënnen anzedeelen.

Här President, eng gerecht Aarbechtsopdeelung muss ëmmer eng Win-win-Situatioun fir de Betrib an de Salarié duerstellen. De Betrib profitéiert, wann an Zäite vu villen Opträg seng Leit méi laang schaffen, fir dëst an Zäiten, wou d'Geschäft méi lues dréit, ze kompenséieren.

De Salarié sengersäits ka sech méi Fräizäit uspuere fir Perioden, wou hie méi Zäit fir d'Famill, fir Hobbyen oder souguer vläicht fir eng Weltrees gebrauche kann. Mir stellen dobäi keng sozial Errongenschaften a Fro, wéi zum Beispill, dass ëmmer nach Limitten existéieren, wat déi maximal Aarbechtszäit pro Dag a pro Woch ubelaangt. Och d'Aarbecht um Sonndeg an op Feierdeeg soll a muss an Zukunft besser remuneréiert bleiwen a mat zousätzleche Congésdeeg kompenséiert ginn.

Léif Kolleegen, mir gi mat dësem Gesetz deene Leit en Dag Congé bäi, déi de Moment am wéinegste Congésdeeg hunn. An dat ass och gutt esou!

Vum neie Feierdag um 9. Mee profitéiert par contre jiddwereen. Bei dëser Mesure geet et awer manner ëm de fräien Dag, mä villméi ëm d'Symbol vun der europäescher Identitéit, déi mir zu Lëtzebuerg all Dag liewen an erliewen. Mir Lëtzebuerger spieren eis net nëmmen als Deel vun enger Europäescher Unioun, mir si carrement richteg Europäer. Et ass duerfir och keen Zoufall, dass Lëtzebuerg dat éischt europäescht Land ass, dat den Europadag offiziell als Feierdag aféiert. Dat ass eppes, op dat mir all houfreg kënne sinn.

An Zäiten, wou a verschiddene Länner d'Europaverdrossenheet an den Nationalismus erëm zouhuelen, ass et ëmsou méi wichteg, dass grad mir als Lëtzebuerger weisen, dass mir net vergiess hunn, dass et de Mateneen an net de Géigeneen ass, deen eis zu deem Wuelstand verhollef huet, dee mir haut kennen.

Léif Kolleegen, den zousätzleche Congésdag an den Europadag sinn awer net gratis. Et gehéiert zur Wourecht dozou, dass d'Employeuren, dorënner de Stat a virun allem eis Betriber, dës Mesurë finanzéiere mussen.

Ech sinn allerdéngs der Meenung, dass déi aarbechtspolitesch Mesurë wéi déi, déi mir haut stëmmen, a méi e globale Kontext gesat musse ginn. Déi al an nei Regierung hëlt näämlech och Mesuren, déi eise Betriber entgéintkommen an dat notamment iwwer Steiererliichterungen.

Mat der Steierreform vun 2017 ass d'Besteierung vun de Betriber scho vun 21 % op 18 % erofgaangen. Am Koalitiounsaccord an direkt schonn am Kader vun der Budgetsvirlag fir 2019 ass doriwwer eraus virgesinn, den Taux vum IRC nach eng Kéier ëm ee Prozentpunkt no ënnen ze adaptéieren. Innerhalb vun nëmmen zwee Joer wiere mir da mat der Kollektivitéitssteier vun 21 % op 17 % erofgaangen, wat ëmmerhi 4 Prozentpunkte sinn. Gläichzäiteg dozou soll och de Montant, bis deen de reduzéierten Taux vu 15 % gëllt, elo vu 25.000 op 175.000 Euro eropgoen. Dës steierlech Mesuren hëllefen all den Entreprisen a besonnesch de Start-uppen an de klengen a mëttelstännesche Betriber.

**Une voix**.- Ganz gutt!

**Mme Carole Hartmann** *(DP)*.- Léif Kolleegen, Sozialpolitik an aarbechtspolitesch Errongenschafte sinn nëmmen da méiglech, wann et eiser Ekonomie och gutt geet. E Betrib, dee wéinst finanzielle Schwieregkeeten zouméicht, bréngt weder senge Salariéen nach eis als Land eppes.

Duerfir loosst eis d'Kompetitivitéit vun eise Betriber net aus den Ae verléieren! An dat steierlecht Ëmfeld ass nun emol e wichtegen Deel vun dëser Kompetitivitéit, déi eist Land attraktiv mécht.

Ceci étant dit, wëll ech dem Rapporteur nach Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport an den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet ginn.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An den nächste Riedner ass den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** *(LSAP)*.- Merci, Här President. Eiser Ekonomie geet et gutt. D'Entreprisen hei am Land maache gutt Geschäfter. D'Banke maache Gewënn. An et ass duerfir nëmmen normal, dass déi, déi derfir schaffen, och eppes dovunner hunn. Engersäits geschitt dat iwwert de Loun, wann och net an deem Mooss, wéi mir Sozialisten eis dat géife wënschen. Anerersäits wënsche sech awer och vill Salariéen, Aarbechter an Employéë méi Zäit fir sech an hir Famill. Dat ass ze verstoen, liewe mer dach an enger Zäit, wou d'Aarbecht ëmmer méi vun eisem Liewen anhëlt a bestëmmt.

An eiser kapitalistescher Uerdnung geet et geschwë just nach dréms, dem Patron sengen Uspréch nozekommen. De Mënsch ass just nach e Produktiounsfacteur, aus deem alles muss erausgequetscht ginn, wat en huet. Iwwerstonnen oder onregelméisseg Schichte si keng Seelenheet! Duerch Handyen, Tabletten a Computeren ass een haut stänneg mat der Aarbecht verbonnen. Vill Leit froe sech deemno zu Recht, ob se schaffen, fir ze liewen, oder just nach liewen, fir ze schaffen.

An d'Konsequenzen dovunner si villfälteg. Vill Salariéë leiden ënner Depressiounen oder Burnout, sti stänneg ënner Drock, mussen hiert Liewen der Aarbecht ënneruerdnen, mussen ëmmer an iwwerall erreechbar sinn a kënnen net méi ofschalten. Wat dat nieft der Gesondheet och fir d'Familljeliewe bedeit, mengen ech, kënne mer eis all gutt virstellen. Renomméiert Aarbechtspsychologe roden duerfir, dass een zweemol am Joer soll länger Zäit Congé huelen.

Aus all dësen Iwwerleeungen eraus plädéiert d'LSAP fir Aarbechtszäitverkierzungen. An do muss ech d'Kolleegin Carole Hartmann leider redresséieren: Mir haten dat séier wuel an eisem Wahlprogramm stoen, näämlech war et eng vun eise konkrete Fuerderungen, eng zousätzlech Woch Congé ze hunn hei zu Lëtzebuerg! Dir fannt dat op der Säit 38 an eisem Programm.

***(Interruptions diverses)***

Nëmmen eng aner Partei - nëmmen eng aner Partei! -, näämlech déi Lénk, haten dat och an hirem Programm. Zousätzleche Congé war duerfir logescherweis och eng vun eisen zentrale Fuerderungen an de Koalitiounsverhandlungen. Mam Eropgoe vum legale Congé minimal vu 25 op 26 Deeg an deem zousätzleche Feierdag fir all schaffend Leit komme mer dëse Fuerderungen e Stéck méi no, och wann net all eis Erwaardunge konnten erfëllt ginn. Mir bleiwen awer derbäi, dass mer den Arbeitnehmer, NOAH no, erëm méi Liewensqualitéit mussen zréckginn, an duerfir ass fir eis d'Diskussioun ëm d'Aarbechtszäitverkierzung haut och nach net eriwwer, fir dass mer an Zukunft eben erëm schaffen, fir ze liewen, an net ëmgedréit.

Vergiesse sollte mer net, dass Feierdeeg, Congéen, Rouzäiten net einfach esou vum Himmel gefall sinn! Et sinn dëst sozial Errongenschaften, fir déi laang an zéi gekämpft gouf. An de soziale Fortschrëtt, dat wësse mer och, kënnt meeschtens mat klenge Schrëtt.

Och den zousätzleche Feierdag, den Europadag vum 9. Mee, begréisse mer. Et war dëst eng laangwiereg Fuerderung vun de Jongsozialisten, déi d'LSAP an hirem Wahlprogramm 2018 iwwerholl huet.

Net nëmme wier domadder bewisen, dass de politeschen Asaz vun de Jonken duerchaus ka Friichten droen, mä virun allem mécht et Sënn, dass mir zu Lëtzebuerg als Grënnungsmember vun der Europäescher Unioun d'Schumans-Deklaratioun vum 9. Mee 1950 wierdegen.

De Kolleeg Marc Spautz huet virdru rappeléiert, dass d'nächst Joer an d'iwwernächst Joer den 9. Mee wäert op e Weekend falen. Abee leider, Här Spautz, hu mer nach keen Afloss op de gregorianesche Kalenner, an do geet et dem 9. Mee gradesou wéi dem 1. Mee a vun Zäit zu Zäit fält deen nun emol op sonndes.

***(Interruptions)***

Mir wënschen eis awer, an do si mer bei Iech, mir wënschen eis, dass aus dësem Dag net nëmmen e Fest gëtt, mä virun allem och, dass e wäert dozou bäidroen, eis Iwwerzeegungen zu de Wäerter vun der Unioun nach ze festegen. Dëst ass ëmsou méi wichteg, wou dach a ganz Europa den Ament politesch Kräften um Wierk sinn, déi all eis Errongenschaften aus de leschte 70 Joer wëlle kapott maachen. An duerfir ass et mat grousser Freed, wou ech kann d'Zoustëmmung vun der LSAP ginn!

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An den nächste Riedner ass den Här Carlo Back.

**M. Carlo Back** *(déi gréng)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, wéi de Rapporteur et scho gesot huet, steet dëst Gesetz am Kontext vun der Réduction du temps de travail. Ech wëll em och gläich Merci soe fir säin detailléierte Rapport. An ech mengen, do ass an deem Sënn och näischt bäizefüge vun elo inhaltleche Remarken.

Mä ech géif mer erlaben, e klengen Ausfluch a meng Geschicht ze maachen. Mäi Papp, deen huet nach 1960, do hat ech 8 Joer, 48 Stonnen op der Fabrik geschafft. Dunn ass eng Campagne vun de Gewerkschaften, virun allem, mengen ech, koum dat aus Däitschland, lancéiert gi mat Bléck op d'Familljeliewen: „Samschdes gehéiert mäi Papp mir!" An d'Resultat dovu kenne mer jo alleguerten. An eis Äerd, déi dréit nach ëmmer ronderëm eis Sonn, de System ass net zesummegebrach!

Mä komme mer zréck op haut! Firwat debattéiere mer haut iwwert dëse Gesetzesprojet respektiv iwwert déi haiteg Aarbechtszäitreduktioun? Abee, et gouf haut scho gesot, dat läit virun allem un der Steigerung vun der Produktivitéit vun eiser Wirtschaft. Dat heescht, mir erwirtschaften haut datselwecht Resultat mat manner Zäit oder manner Mëttele wéi fréier. An et ass dee Moment och ganz normal, datt een Deel vun dësem Gain de productivité un déi soll goen, déi derfir schaffen.

**Une voix**.- Très bien !

**M. Carlo Back** *(déi gréng)*.- Een anere Problem, deen derbäikënnt, ass d'Zäit, déi d'Arbeitnehmer fir de Wee op d'Aarbecht brauchen. Hei eng kleng Rechnung: Bei 2 Stonnen Transport den Dag op d'Aarbecht fir Aller-Retour, vu méindes bis freides, maachen dat schonn 10 Stonnen d'Woch aus. An, op d'Joer gekuckt, bei ronn 252 Aarbechtsdeeg minus de gesetzleche Mindestcongé sinn dat ronn 450 Stonnen Trajet, déi do zesummekommen. Dës Transportzäit fir op d'Aarbecht entsprécht deemno ëmgerechent ronn 56 8-Stonne-Schaffdeeg oder och 56 Congésdeeg.

Konklusioun: De Stress geet erop duerch eng Erhéijung vun der Produktivitéit an och vun den Transportproblemer. Eis Aarbechten a Beruffer verlaangen an der Regel och ëmmer méi Kreativitéit a Flexibilitéit op der Aarbecht. Fir do kënnen ze liwweren, muss ee regeneréieren, recuperéieren. Da kënnt och nach derbäi: Temps de travail effectif - Heures prestées réellement - ass net Temps de travail négocié. An do kommen och nach d'Heures supplémentaires derbäi, déi zwar bezuelt ginn, mä déi oft eng Charge supplémentaire de travail sinn.

A vun dësem 26. Congésdag profitéiere virun allem déi, déi kee Kollektivvertrag hunn, gouf hei virdru schonn erwäänt. Dat sinn ëmmerhi bal 50 % vun eiser Bevëlkerung. An da wëll ech och nach dorop hiweisen, datt et oft Deeler si vun eiser Bevëlkerung, déi net uewen op der sozialer Leeder stinn, mä oft ënnen.

Aus all dëse Grënn fanne mir als Gréng et gutt a richteg, datt de gesetzleche Minimum beim Congé vu 25 op 26 Deeg eropgeet an datt all Eenzelnen och nach ee gesetzleche Feierdag kritt.

Zum zousätzleche Feierdag stelle mir fest, datt mir elo mat der Belsch a Frankräich gläich sinn an der Unzuel vu legale Feierdeeg, eelef un der Zuel. Virun allem begréisse mir, datt dëse Feierdag op den 9. Mee geluecht gouf, an dat aus enger Rei Ursaachen. Déi éischt europäesch Institutioun, déi no der Deklaratioun vum Robert Schuman vum 9. Mee 1950 kreéiert gouf, krut hire Sëtz zu Lëtzebuerg: d'Europäesch Kuelen- a Stolunioun, méi bekannt als CECA.

Lëtzebuerg huet als eng vun den europäeschen Haaptstied do scho seng speziell Aufgab, souzesoen eng « dette historique ». An dofir si mir stolz, datt dësen zousätzleche Congésdag op den 9. Mee, den aktuellen Europadag, geluecht gouf.

Dann och d'Demande vum Europaparlament, fir de Lien tëschent de Bierger an der Europäescher Unioun ze verstäerken an dofir den 9. Mee als Feierdag ze deklaréieren, dat valoriséiert d'Aarbecht vum Europaparlament, wat sech senger Roll bewosst ass, fir Europa de Bierger nach méi no ze bréngen.

Awer virun allem freeë mir eis, datt dës Decisioun vun der Regierung an engem besonnesch wichtege Moment fir Europa kënnt, pünktlech fir d'Europawahlen, déi de 26. Mee 2019 stattfannen. Mir Gréng wënschen dofir, datt den 9. Mee e ganz besonnesche Feierdag fir Europa gëtt.

Domat ginn ech och den Accord vun der gréngen Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An da geet d'Wuert weider un den Här Engelen.

**M. Jeff Engelen** *(ADR)*.- Bon, Dir Dammen, Dir Hären, Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eiser Säit aus dem Här Georges Engel en häerzleche Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport zum Projet vun engem zousätzleche Feierdag an och engem Congésdag.

Als ADR begréisse mir dës zwou Initiative vun dësen zwee zousätzleche fräien Deeg. Et kënnt jo haaptsächlech der Famill zegutt. A wann ee gesäit, datt dat alles a leschter Zäit ze kuerz kënnt, ass dat e Schratt an déi richteg Richtung.

Ech wëll awer hei drop opmierksam maachen, datt mir an eisem Wahlprogramm ee Saz an déi Richtung stoen haten. Ech wëll Iech en hei zitéieren: „D'ADR wëllt Aarbecht a Famill besser ënner een Hutt bréngen. Duerfir wëlle mir, am Dialog mat de Gewerkschaften an dem Patronat, fir méi Congésdeeg suergen." Ech mengen, hei ass een dovun. Mir hätten zwar léiwer de Päischtdënschdeg als zousätzleche Feierdag gesi wéi den 9. Mee, well da wär de Problem vun der Sprangprozessioun zu lechternach, wou mer jorelaang driwwer diskutéieren, aus de Féiss gewiescht.

**Plusieurs voix**.- Aah!

***(Brouhaha)***

**M. Jeff Engelen** *(ADR)*.- Doriwwer hätt een och eng Kéier kënnen nodenken, well et muss ee jo och där Saach vun der Sprangprozessioun gerecht ginn. Ech mengen, mir krute jo do vun der Unesco eng Weltkulturierfschaft unerkannt a mir hätten deem och e bësse Rechnung gedroen.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Très bien !

**M. Jeff Engelen** *(ADR)*.- Dat wier op d'mannst emol eng Diskussioun wäert gewiescht. Mir hunn awer näischt géint den 9. Mee.

An dann hei emol e klenge Verglach mat eisen Nopeschlänner, wat de Congé an de Feierdag ubelaangt. Ech mengen, meng Virriedner hunn et schonn zum gréissten Deel gesot. Mir hunn zwar hei Statistike vum Statec, déi liicht aneschters sinn. Et sinn nëmmen e puer Stonnen erop oder erof, mä déi grouss Tendenz stëmmt.

Mir hunn am Aarbechtszäitverglach hei zu Lëtzebuerg 1.700 Stonnen am Joer, wou mir schaffen. All déi aner Länner - wéi d'Belsch 1.495, Däitschland 1.677, Frankräich 1.544 an d'Eurozon 1.649 - (veuillez lire : hunn der manner). An dat kann awer nach liicht änneren. Jee nodeem, wat fir ee Land datt et ass oder wat fir eng Länner datt do ënnerdeelt sinn, ännert dat wuel e bëssen hin an hier. Mä, ech mengen, wann een dat alles kuckt an et rechent een elo déi zwee Deeg hei of, da sinn ëmmer nach gutt Viraussetzunge gi fir eis Betriber, gutt am Rennen ze leie betreffend d'Kompetitivitéit. Ech mengen, och deem musse mer Rechnung droen.

Mir wëllen dann awer och fairerweis drop opmierksam maachen, datt vill Betriber de Salariéen ewell méi Congésdeeg zougestanen hunn, wéi se gesetzlech zegutt hunn, engersäits op kollektivvertraglecher Basis, anerersäits op annere Konventiounen, déi se gemaach hunn. An d'Zil war ëmmer, fir déi 40-Stonne-Woch bäizebehalen, mä da gouf kompenséiert iwwer Congésdeeg oder hei oder do. Ech mengen, dat war ëmmer de Betriber hiert Zil an dat ass och esou agehale ginn. Domadder dierften dann, wéi virdrun hei gesot, ronn 50 % vun de Salariéë vun dësem Gesetz profitéieren an déi aner 50 % net direkt profitéieren, mä dat wäert dann a Verhandlungen noverhandelt ginn. Dat iwwerloosse mer dann de Gewerkschaften.

Mä wat mer och wëlle soen: Eenzel kleng Betriber kéinten emol Problemer kréien.

Wat een awer och muss soen: Dës zousätzlech zwee fräi Deeg ginn awer och deels iwwert d'Steierreform kompenséiert. Dat wëllt soen, domadder bezilt d'Allgemengheet dës zousätzlech fräi Deeg zum grousse Deel. Zum Beispill, ech mengen, d'Madamm Hartmann hat et scho gesot, d'Kierperschaftssteier, do gëtt un zwou Schrauwe gedréit: Engersäits geet de Seuil ënnen op 15 % erop, dat wëllt soe vu 25.000 op 175.000 Euro, an an där anerer Hisiicht geet d'Kierperschaftssteier insgesamt vun 18 % op 17 % erof. Ech mengen, domadder kruten d'Betriber en allgemengen Ausgläich zu dëser Reform. An ech mengen, dat wier och richteg a gutt esou.

An ech géif Iech da Merci soe fir Äert Nolauschteren an ech géif dann d'Zoustëmmung gi vun der ADR zu dësem Gesetz.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président de séance*.- Merci och. An d'Wuert huet elo ... den Här Baum oder den Här Clement?

**Une voix**.- Fir d'Éischt den Här Baum.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président de séance*.- Fir d'Éischt den Här Baum. Deen ass och scho prett. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**Une voix**.- Den Här President kennt seng Regelen net méi!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président de séance*.- Hien ass e bëssen aus der Übung komm. Mä ech léiere séier!

**M. Marc Baum** *(déi Lénk)*.- Vu datt ech jo net Member vum Groupe technique sinn, sinn ech an där éischter Ronn drun, Här President.

**M. André Bauler** *(DP)*.- Loosst Iech net iritéieren, Här President!

**M. Marc Baum** *(déi Lénk)*.- An ech wéilt direkt op eppes agoen, wat den Här Cruchten gesot huet, nämlech datt effektiv de soziale Fortschrëtt net vum Himmel gefall ass. E war ëmmer d'Resultat vu gesellschaftlechen Ausenanersetzungen. De Kampf ëm de bezuelte Congé, ëm deen et jo deelweis - haut zumindest - geet, deen huet scho virun iwwer honnert Joer ugefaangen, an zwar 1911, wéi dat vum britteschen Trade Union Congress agefuerdert ginn ass an nom Éischte Weltkrich och peu à peu an den europäesche Länner agefouert ginn ass an deelweis zum Standard gouf.

Et ass eng Ausenanersetzung gewiescht, déi bis haut erawierkt, well et ass eng Ausenanersetzung tëschent deenen, déi vun hirer Aarbecht liewen, déi vun hirer Schaff liewen, an deenen, déi anerer fir sech schaffe loossen. Dat ass dee fundamentale Widdersproch, deen innerhalb vum Kapitalismus bis haut ëmmer nach wierksam ass an deen emol an der Zäit mat „Klassekampf" beschriwwe ginn ass. E Klassekampf, deen awer och nach haut ëmmer fonctionnéiert a seng Wierksamkeet huet, just datt an deene leschten 30 Joer eng Säit definitiv méi gewonnen huet wéi déi aner.

Wann ee sech elo d'Situatioun zu Lëtzebuerg ukuckt an eng Säit vun där Klassenausenanersetzung anhéilt, nämlech déi vum Patronat, da muss een awer soen, datt dat effektiv deelweis paradisesch Zoustänn sinn, zumindest am Verglach mat eisen Nopeschlänner! D'Patronat bezilt manner Steiere wéi an den Nopeschlänner. Et bezilt och manner Bruttolöin wéi an den Nopeschlänner, zumindest a ganz wesentleche Secteuren, an deene Secteuren, mat deenen et an direkter Konkurrenz zu den Nopeschlänner steet. An d'Leit musse méi laang schaffe wéi an eisen Nopeschlänner.

D'Zuele si genannt ginn. Zu Lëtzebuerg mussen d'Salariéë wesentlech méi laang schaffe goen an der Realitéit, wéi dat an eisen dräi Nopeschlänner de Fall ass an och awéiwäit et am EU-Duerchschnëtt de Fall ass. Mir sinn also net d'Spëtzt vum soziale Fortschrëtt an Europa!

An, Här President, mir als Lénk sinn der Iwwerzeegung, datt et héich Zäit gëtt, datt déi Leit, déi schaffen an déi duerch hir Aarbecht zum Räichtum vun eisem Land bäidroen, datt déi och nees e Stéck vum Kuch zegutt hunn!

An dat heiten, menge mir, ass vläicht kee ganzt Stéck, mä et ass zumindest eng Grimmel. An eng Grimmel ass ëmmer méi wéi näischt. Et ass a bleift awer just eng Grimmel, e klenge Schrëtt, esou wéi den Här Cruchten dat virdru genannt huet, woubäi oft sozial Fortschrëtter mat grousse Schrëtt komm sinn. D'Reduzéierung vun der Aarbechtszäit vun 48 op 40 Stonne war e grousse Schrëtt, deen innerhalb vun enger relativ kuerzer Zäit an de 70er Jore realiséiert gouf. Also, et kënnen och sozial Fortschrëtter mat grousse Schrëtt gemaach ginn.

An et muss ee soen, no de Berechnungen, déi jo och am Exposé des motifs gemaach ginn, datt och mat deem Congésdag méi an dem Feierdag zu Lëtzebuerg nawell méi wäert geschafft ginn an Zukunft wéi an eisen Nopeschlänner.

An déi Fuerderung vum soziale Fortschrëtt, menge mir, misst awer d'Ambitioun si vun der Politik a besonnesch vun der Politik an engem vun de räichste Länner op der Welt. Dee soziale Fortschrëtt, deen de soziale Kitt vun der Kohäsioun vun eiser Gesellschaft ass, misst eiser Meenung no erëm eng kloer Richtung an eng kloer Form kréien. An eng dovunner ass d'Erofsetze vun där Zäit, wéi ee fir een anere muss schaffe goen, also eng strukturell Reduzéierung vun der Aarbechtszäit.

Wat déi zwee Punkten ugeet, mat deene mer et ze dinn hunn: also engersäits d'Augmentatioun vum legale Mindestcongé vu 25 op 26 Deeg, déi betrëfft - a verschidde Virriedner hunn dat och gesot - méi oder manner d'Halschent vum Salariat. Et gi Leit ouni Kollektivvertrag, déi Aarbechtsvertrag hunn, wou méi wéi 25 Deeg drastinn, an et gi Leit, déi e Kollektivvertrag hunn, wou awer am Kollektivvertrag och just de legale Minimum festgehale ginn ass. Also et kann ee soen, datt ongeféier d'Halschent vun de Salariéen, kann een dovunner ausgoen, vun deem Dag effektiv profitéiere wäerten. An dat ass och richteg, wéi den Här Back och virdru gesot huet, well et meeschtens en plus Leit sinn, déi net onbedéngt an engem Héichlounsecteur schaffen.

Ech géif vläicht ergänzend zum Här Spautz soen, datt et och nach en anere Secteur gëtt, wou wesentlech méi wéi déi 40 Stonne geschafft gëtt, an dat ass d'Agrikultur, also wat d'Saisonaarbecht ugeet, wou mer am Moment jo och nach e Projet de loi um Leescht hunn, wou mer just hoffe kënnen, datt en och relativ deemnächst wäert iwwerschafft an d'Chamberskommissioun kommen, soudatt mer deen och do kënnen traitéieren.

De Congésdag ...

***(Interruption)***

Falsch: De Feierdag. Merci.

De Feierdag méi ass effektiv een, dee jiddwerengem zeguttkënnt. Bon, et ass e bëssen d'Diskussioun gefouert ginn: Ass deen 9. Mee dann elo onbedéngt e gléckleche Dag, onofhängeg elo vun der Symbolik, datt et den Europadag ass? Effektiv, et hätt ee sech aner Forme kënne virstellen. Et hätt ee sech och kënnen de 8. Mäerz virstellen als symbolesch bedeitenden Dag. Et ass awer elo den 9. Mee festgehale ginn, woumat mir och kee Problem hunn.

Mir menge souguer, datt méi wichteg wéi d'Symbolik vun deem Europadag ass oder wier, wa vun deem Dag aus hei zu Lëtzebuerg kéint eng méi staark Symbolik ausgoen, nämlech datt dat Europa, an deem mir liewen a wat eng Realitéit zu Lëtzebuerg wéi a bal kengem anere Land duerstellt, just kann zesummenhalen a weidergefouert ginn, wann dat e soziaalt Europa gëtt an en Europa vum soziale Fortschrëtt! Dat ass essenziell, well soss flitt eis dee ganze Buttek ëm d'Oueren!

Här President, d'Diskussioun ronderëm Aarbechtszäitreduzéierung gëtt méttlerweil net nëmme méi vun der Aarbechterbewegung oder hire Vertrieder, also de Gewerkschafte gefouert oder vu verschiddene Parteien. Si gëtt och gefouert vu Wëssenschaftler. Deen Discours gëtt och gefouert vun ONGen an och vun Aktivisten aus der Ëmweltbewegung, well mer och op e gesellschaftleche Punkt komm sinn, wou mer eis a Fro stelle mussen oder op jidde Fall déi Aart a Weis a Froe stelle mussen, wéi mer produzéieren a wéi mer konsuméieren. An zu där Problematik gehéiert och eng strukturell Reduzéierung vun der Aarbechtszäit.

Den Här Cruchten - ech hat mat him ugefaangen, ech halen da mat him op - huet zu Recht drop higewisen, datt nieft déi Lénk d'LSAP déi Partei war, déi d'Fro vun der Aarbechtszäitreduzéierung och thematiséiert hat. A wann ech dat richteg verstanen hunn, well ech hunn hire Programm natierlech och ganz intensiv studéiert, hat se zwou Fuerderungen drastoen: Déi eng, dat war d'Aféierung ...

***(Interruption par M. Yves Cruchten)***

Wat d'Aarbechtszäitreduzéierung ugeet, hat Der zwou zentral Fuerderungen drastoen: Dat eent, dat war d'gewerkschaftlech Fuerderung vun der Aféierung vun der sechster Congéswoch, an déi aner, déi awer elo iergendwéi aus dem Discours verschwonnen ass, dat war d'Aféierung, déi successiv, vun enger 38-Stonne-Woch.

Dës zwou Saachen zesummegerechent hätt eng Reduzéierung vun der Aarbechtszäit generell vu ronn 130 Stonne bedeit. Bon, elo hu mer et ze di mat engem Projet vun 8 Stonne fir d'Halschent a vu 16 Stonne fir déi aner Halschent. Dat ass bescheiden, wesentlech méi bescheiden, wéi d'LSAP sech dat wahrscheinlech och selwer virgestallt a gewënscht hätt.

**M. Franz Fayot** *(LSAP)*.- Dir hätt dat bestëmmt besser gemaach?

**M. Marc Baum** *(déi Lénk)*.- Mir stellen awer fest, datt et e Fortschrëtt ass. An och mat dësem klenge Fortschrëtt kënne mer liewen en vue dovunner, datt et en Ufank ass vu weidere Mesuren.

Merci.

**Une voix**.- Très bien !

**M. Franz Fayot** *(LSAP)*.- Dir hätt dat bestëmmt vill besser gemaach, Här Baum.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président de séance*.- Merci och. Ech hat et ze vill gutt mat Iech gemengt. An dann ass et elo um Här Clement.

**M. Sven Clement** *(Piraten)*.- Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, een Dag Congé méi, een neie Feierdag, wie seet do neen? Ech mengen, déi wéinegst, vläicht d'Patronen, déi e bëssen onzefridden domadder sinn. A gläichzäiteg ass den Datum vum Mee, dee jo scho chargéiert ass mat anere Feierdeeg, op den éischte Bléck vläicht ongënschteg. Op den zweete Bléck ass et awer genau dee richtegen Dag. Datt mer den Europadag, den 9. Mee, zu engem Feierdag maachen an datt mir als Lëtzebuerger, déi jo zu de Grënnungsmembere vun der EU gehéieren, als Éischt dësen Dag als Feierdag festschreiwen, ass u Symbolik net ze iwwertreffen.

Mä Feierdeeg sollen net nëmme Symbolik sinn. Feierdeeg sollen och derfir suergen, datt d'Bevëlkerung, datt d'Mënsche kënnen zesummekommen, datt d'Mënsche sech kënnen zesummen austauschen, zesumme feieren, wat mer gepackt hunn.

Ech wäert elo net d'Succèse vun der Europäescher Unioun am Ganzen opzielen. Dat ass an dësen Deeg och heiansdo e bësse méi komplizéiert, wann ee gläichzäiteg verteidegen a kritiséiere muss. Mä eppes kënne mer soen, dat ass, datt d'EU-Memberstate säit hirer Grënnung keng bewaffnet Konflikter ënnereneen haten. 70 Joer Fridden ass eppes, wat dëse Kontinent bis elo a senger Geschicht ganz seelen erlieft huet, 70 Joer, an deene mer eis net géigesäiteg d'Käpp ageschloen hunn. Ech mengen, dat ass et derwäert ze feieren. An deementspriechend ass dee Feierdag vum 9. Mee eppes, wat eise vollste Support kritt.

Ech denken och net, datt mer do aner Feierdeeg géife méi schlecht stellen oder besser stellen. Ech mengen, datt et do keng Ranguerdnung gëtt. Et ass ganz kloer, datt mer hei e Symbol setzen, e Symbol, datt d'Lëtzebuerger sech an Europa wuelfillen, datt Europa eis weiderhi wichteg ass an datt mer zesummekommen, fir eventuell Problemer an de Gréff ze kréien.

Deementspriechend freeën ech mech drop, dëst Joer déi éischte Kéier dann den 9. Mee als Feierdag ze feieren an net nëmmen als Dag fir Europa.

Den zweete Punkt ass dee weidere Congésdag. Elo muss ech éierlech soen, ech hat mer deen e bëssen anescht virgestallt. Ech hat e bësse gehofft, datt mer vu virera géife Léisunge fannen och fir déi Leit, déi schonn ënner Kollektivverträg sinn. Ech weess, datt dat schwéier ass. Ech weess, datt dat quasi onméiglech ass. Deementspriechend ass dat heiten e klenge Schrëtt, mä e klenge Schrëtt an déi richteg Richtung. Mir erméiglechen et hei Leit, hiert Liewen tëschent dem Schaffen an der Famill, tëschent der Aarbecht, der Lounaarbecht an der Rekreatioun besser ënner een Hutt ze kréien, well Studie beweisen, wat ee méi entspaant op d'Aarbecht kënnt, wat ee méi produktiv schafft, wat ee besser schafft. An dat ass eppes, wat mech dann als Deel vum Patronat och heiansdo absolutt zefridde mécht, wa meng Employéë méi produktiv sinn.

An deementspriechend kann ech och soen: Als klenge Patron hunn ech kee Problem domadder, datt et hei e weidere Congésdag gëtt. Ech denken, datt ee souwisou an deene meeschte klenge Betriber net op d'Minutt kuckt, net op déi eenzel Stonn kuckt, mä datt ee probéiert huet, ëmmer Léisunge zesumme mat sengen Employéen ze fannen.

Deementspriechend wäert dat hei ganz ville Leit hëllefen, déi manner Flexibilitéit an hire Beruffer haten, a gläichzäiteg och erëm e Symbol setzen, en Zeeche setze fir déi nächst Kollektivvertragsverhandlungen, déi op eis zoukommen.

Ech muss awer soen, datt dat, wat d'Kolleege virdru gesot hunn, aus hire jeeweilege Wahlprogrammer ze zitéieren, dach e bësse kuerz gegraff huet. Ech kéint elo och nach eise Wahlprogramm zitéieren, ech loossen dat. Do stoung och iergend esou eppes dran zum Thema Congésdeeg.

***(Hilarité et interruption par M. Fernand Kartheiser)***

Mir haten e Wahlprogramm, Här Kartheiser. Ech kann Iech d'Lektür dovunner nëmme recommandéieren. Dat ass …

***(Interruptions)***

Op där anerer Säit muss ech awer soen, datt, wann ech de Kolleegen hir Wahlprogrammer dann och studéiert hunn, et do anescht geklongen huet wéi ee Feierdag an ee weidere Congésdag. Et ass grouss geschwat gi vun enger besserer Vereenbarkeet vu Beruff a Privatliewen.

An ech mengen, datt do dës Reform en éischte Schrëtt ass, awer net dee leschte Schrëtt ka sinn, wann all Partei, déi heibannen ass, hir Wahlverspriechе wëllt anhalen. An duerfir freeën ech mech schonn drop, datt mer op dëser Plaz nach e puermol wäerten iwwer aner Mesuré schwätzen, wéi mer dann Privatliewen a Beruff besser ënner en Hutt kréien.

Grondsätzlech ass dat heiten duerfir fir eis nëmmen en éischte Schrëtt a mir sollten net bei engem éischte Schrëtt stoe bleiwen, mä mir sollten eis dann och trauen, déi nächst Schrëtt ze goen an zesumme mat alle Sozialpartner derfir suergen, datt mer wierklech déi Balance, déi ëmmer méi schwéier gëtt, déi Balance, déi och an enger Welt, wou d'Aarbecht sech ännert, eng aner gëtt forcement. Mir hunn haut Diskussiounen iwwer en « droit à la déconnexion ». Mir hunn haut Diskussiounen driwwer: Wat ass reell Aarbechtszäit? Wat ass keng Aarbechtszäit?

Ech mengen, dat sinn Debaten, déi mer zousätzlech zu dësen éischte Schrëtt hei nach féiere mussen. An duerfir wäerte mir eisen Accord gi fir dëse Projet an hoffen, datt et net dee leschten ass, dee mer an dësem Dossier wäerten upaken.

Ech soen Iech Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président de séance*.- Merci och. Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet elo den Aarbechtsminister, den Här Dan Kersch.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Dan Kersch,** *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut ass e groussen Dag fir d'Lëtzebuerger Sozialgesetzgebung. Duerfir wëll ech och dem Rapporteur an der Kommissioun e grousse Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi hei geleescht ginn ass, och wann ech ëmstandshalber de mëndleche Rapport net konnt nolauschteren, Bréissel oblige an dësem Fall, mä duerfir awer de Rapport a schrëftlecher Form konnt noliesen.

De Legislateur iwwerhëlt haut eng Aufgab, déi him - an him eleng - reservéiert ass, an dat ass zwar, fir iwwert d'Aarbechtsrecht an d'Relatioun tëschent Patron a Salarié anzegräifen. An ech weess, dass dat nach laang net jiddwerengem gefält. Verschiddener schwätze souguer ganz oppe vun engem Agréff an d'Tariffautonomie. Wann een dat awer e bësse méi genau analyséiert, da gesäit een, dass genau de Contraire de Fall ass.

Duerch d'Eropsetze vum minimale Congé vu 25 op 26 Deeg ass et ganz kloer en Agräifen an d'Organisatiounsstruktur vun de Betriber, vun deene Betriber, wou d'Tariffautonomie bis elo versot huet!

**Une voix**.- Très bien !

**M. Dan Kersch,** *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- An et ass schonn erstaunlech, ze kucken, dass et genau déi Leit sinn, déi Kritik un der Tariffautonomie maachen, déi dat Wuert „Kollektivvertrag" esou färte wéi der Däiwel d'Wäiwaasser!

De Legislateur ass total a senger Roll, wann en derfir suergt, d'Cohésion sociale an eiser Gesellschaft ze stäerken, wann en derzou bäidréit, d'Ausenanerdrifte vun der Aarbechtswelt an en Opsplécken (veillez lire : ze verhënneren) tëschent deene Privilegéierte mat Kollektivvertrag an där leider steigender Zuel vu Leit, déi net d'Chance haten, an engem Betrib ze schaffen, wou Patron a Gewerkschaften zesumme fir fair an akzeptabel Aarbechtskonditioune gesuergt hunn, dëst a groussen, mëttleren an heiansdo och méi klenge Schrëtt, mä et sollt een dat ëmmer als e Ganzt kucken.

Weider wëll ech mech net an déi Diskussioun eraloossen, ob dat heiten dann elo e groussen oder méi e klenge Schrëtt ass. Déi eng schwätze vu Grimmelen an déi aner maachen et, sief et beim Mindestloun, sief et bei der Aarbechtszäitreduzéierung. An déi, déi dovunner profitéieren, wëssen, wat se vun deene Leit hunn.

Ech sinn och vollkommen averstane mat der Madamm Hartmann, wéi se gesot huet, dass mer d'Regele vun den Aarbechtszäiten, esou wéi et am Regierungsprogramm steet, am Interêt vun de Salariéë sollten analyséieren. D'Aarbechtsrecht ass keng « fin en soi », dat wësse mer allegueren. Et ass geschafe ginn an et huet eng Roll ze spillen an der Relatioun tëschent Patron a Salarié, an zwar eng ganz bestëmmte Roll, nämlech dee schwaache Part an där Relatioun ze schützen. A mir wëssen, wien dat ass: Dat ass an deenen aller-, allermeeschte Fäll de Salarié. Duerfir ass d'Aarbechtsrecht geschafe ginn an et och steteg ugepasst un nei Entwécklungen, an dozou zielen natierlech och d'Aarbechtsorganisatioun an d'Aarbechtszäiten, déi hei keng Ausnam solle maachen.

Ech dierf drun erënneren an et ass zum Deel och schonn hei gemaach ginn: Déi lescht gesetzlech Erhéijung vum Minimalcongé hate mer an de 70er Joren, ganz genau 1975, wou 25 Deeg Minimalcongé festgesat ginn ass.

10 Joer virdrun oder e bësse manner wéi 10 Joer virdrun, näämlech 1966, ass e Congé agefouert gi vun 18 Minimaldeeg, 21 Deeg fir déi Leit, déi 30 Joer haten, a 24 Deeg fir déi Leit, déi 38 Joer haten. An, wéi gesot, duerch d'Gesetz vum 26. Juli 1975 ass do fir jiddwereen e Minimalcongé vu 25 Deeg festgesat ginn.

Et kann een awer behaapten, an och dat ass virdru schonn hei ugeklongen, dass an deene leschte 45 Joer villes geschitt ass an der Aarbechtswelt, wat d'Produktiounsprozesser ugeet - d'Digitaliséierung just als Stéchwuert an deem dote Kontext -, wat d'Formatioun vun de Salariéen ugeet, wat d'Produktivitéitsgewënner ugeet, wat d'Investitiounsprozesser awer och ugeet, wat de Faktor Stress ugeet, wat de Konkurrenzdrock ugeet, wat d'Aarbechtsplazsécherheet ugeet. Et ass also villes a Bewegung an der Aarbechtswelt.

Ech mengen, dass keen heibannen ass, deen dat niéiert. An et gëllt och, déi Entwécklung ze verfollegen a sech ëmmer erëm nei un déi Entwécklung unzepassen, well mir wëssen, dass et net gedoen ass mat deem, wat mer hei erliewen, mä dass mer riskéieren, dass déi Verännerungen, déi mer haut erliewen, nach an engem vill méi rasanten Tempo wäerte virugoen.

A verschiddene Beräicher vun der Ekonomie, an och dat ass zum Deel schonn hei gesot ginn, ass et üüblech, eng Selbstverständlechkeet, dass mer 32, 33 et j'en passe, 35, 36 Deeg alt hunn a souguer méi; op verschiddene Plazen ass et eng Selbstverständlechkeet, dass déi Unzuel vu Congésdeeg do ass. D'Fonction publique ass hei ernimmt ginn als ee vun deene Beräicher, wou dat esou ass, an dat ass och total okay esou.

An anere Beräicher, an dat wësse mer awer och, schéngt d'Auer stoe bliwwen ze sinn. Do heescht et haut nach wéi viru 45 Joer: 25 Deeg a keng Stonn méi! Duerfir ass et gutt, dass mer haut en Zeeche setzen als Politik, an zwar alleguerten zesummen, d'Regierung mat den Deputéierten, an dass mer eis Roll eescht huelen als Regulateur, dass mer do awierken, wou et ouni nei Regelen einfach net virugeet.

Leit, déi heivun direkt profitéieren, an et sinn der vill - a mengen Ae leider ze vill -, wäerten net rose mat eis sinn. Dovu sinn ech iwwerzeegt. Mä am Fong brauche se eis och net Merci ze soen, well dat, wat mer haut maachen, si mer hinne schëlleg am Sënn vu Gläichbehandlung an och am Sënn vun der Gerechtegkeet. An ech bezéien dat net nëmmen - Gläichbehandlung a Gerechtegkeet - op eist Land hei, mä och am Verglach mam Ausland, wou mer, an och dat ass virdru schonn hei vu verschiddene Kolleege gesot ginn, am internationale Kontext an de Statistike ganz kloer gesinn, dass d'Aarbechtszäit hei zu Lëtzebuerg och am Verglach mat den direkten Nopere wesentlech méi héich läit. Duerfir ass et u sech eng Evidenz, dass mer a Richtung vun Aarbechtszäitverkierzung ginn.

An ech si frou, Member an enger Regierung a vun enger Koalitioun ze sinn, déi genau deen dote Wee aschléit. An ech mengen, dass mer iwwert d'Forme vun där Aarbechtszäitreduzéierung och an Zukunft nach wäerte weider diskutéieren. Effektiv gëtt et, wéi verschidde Kolleege gesot hunn, verschidde Weeër dohinner. Hei ass elo e konkrete Virschlag, eng konkret Propos, e konkrete Gesetzesprojet, e konkrete Schratt, dee mer elo haut wëlle maachen, fir de soziale Fortschrëtt an eisem Land ze zementéieren.

Dat zielt a mengen Aen och fir den Europadag. Den 9. Mee hu mir net erfonnt! Den 9. Mee ass europawäit als Europadag definéiert ginn. A Lëtzebuerg ass elo dat éischt Land an der EU, wat en zu engem Feierdag erkläert. Wéi esou oft setze mer hei als klengt Land an der EU en Zeechen. Et ass e Bekenntnis, e Bekenntnis zu Europa. An de Moment, wou mer dat maachen, ass wierklech gutt gewielt. Haut weess keen, ob et Lëtzebuerg iwwerhaapt nach géif ginn ouni Europa, ouni d'EU. Mä wat jiddwereе weess, dat ass, dass ouni d'EU Lëtzebuerg een anert Land wär wéi dat, wat mer haut kennen.

Et wär e Land, wou mer net géife vun deem relative Räichtum profitéieren, dee plus ou moins, an dat probéiere mer jo och ëmmer méi ze verbreeden, der ganzer Gesellschaft soll zeguttkommen. Mir hätten net deen internationalen Handel, vun deem eist Land profitéiert, an och net deen Austausch mat anere Länner, deen eis Prosperitéit bruecht huet. A mir hätte mat Sécherheet net deen internationalen Afloss, fir eis Wäerter an eis Demokratievirstellungen och dobausse bekannt ze maachen.

Et ass also, wéi ech et virdru gesot hunn, genau dee richtege Moment, fir mam gudde Beispill virzegoen, well, an dat wësse mer och, et Kräften an Europa gëtt, an net nëmmen an Europa, et gëtt se och zu Lëtzebuerg, déi Europa wëlle futti maachen, mat Ligen, Verdréiungen, Fake News, falschen Interpretatiounen, Haasscampagnen et j'en passe.

Et gëtt probéiert, eng Anti-EU-Stëmmung ze provozéieren. Deem setze mer elo eppes entgéint. Dorops kënne mer houfreg sinn. Do kënne mer wierklech och op deem Feierdag, an den Här Spautz huet et ugeschwat, zesummen eppes fir Europa bewierken, en Denkprozess a Bewegung setzen. An ech wëll an deem Kontext soen, dass d'Regierung ganz konkret Virstellungen huet, wat se do wäert wëlle maachen. De Premier huet schonn ugedeit, dass do wahrscheinlech wäert eng Veranstaltung zu Schengen stattfannen.

Ech wëll awer soen, dass dat an dësem éischte Joer mat enger gewëssener Bescheidenheet wäert gemaach ginn, och am Respekt virun deenen Europawahlen, déi dann zwou Wochen drop sinn. Et geet hei net dréms, eng Show fir d'Regierungsvertrieder ze organiséieren, mä et geet hei wierklech dréms, en Dag ze kreéieren, wou d'ganz Lëtzebuerger Gesellschaft an déi Leit, déi hei an dësem Land liewen, dat zesumme beginn.

Mir wäerte mat deem Feierdag en Zeeche setzen. Mir loossen eis dat och net zerriede vun Eenzelnen, well ech einfach mengen, dass dat doten e wichtegt Element ass vun deem « image de marque », dee mer als Land wëllen no bausse vermëttelen. Lëtzebuerg ass e weltoppent, en tolerant an en häerzegt Land.

Jo, ech weess, eis Ekonomie huet e puer Schwieregkeete mat der Ëmsetzung vun deem Feierdag. Déi eng kritiséiere mech, déi aner luewe mech als Gewerkschaftsfrënd. Ech ka souwuel mat deem enge wéi mat deem anere ganz gutt liewen, mä ech sinn net blann an ech gesinn och déi Schwieregkeeten, déi eenzel Betriber hu mat deem dote Feierdag, esou wéi mat allen anere Feierdeeg, déi mer hei am Land hunn.

A jo, ech kennen och dee faméise Sproch „it's the economy, stupid", mä, an dat soen ech genausou haart oder nach vill méi haart: Jo, et gëtt Saachen, déi méi wichteg si wéi d'Ekonomie! An dat ass zum Beispill oder virun allem de Mënsch. Et ass de Mënsch an all senge Facetten, senger purer Existenz, sengem Zesummeliewe mat anere Mënschen, mat senge Wäerter a Gefiller. A fir genau dee Mënsch gi mer haut hei zesummen aktiv a setzen en Zeechen an Europa.

Et ass net dat éischt Zeechen, wat mer setzen. Ech hoffen, dass et och net dat lescht ass. An dat ass gutt esou.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och dem Här Minister.

Mir sinn da prett, fir iwwert de Projet 7399 ofzestëmmen.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7399 et dispense du second vote constitutionnel***

An d'Ofstëmmung fänkt elo un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 60-mol Jo. De Projet de loi 7399 ass mat Unanimitéit ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*MM. Marc Angel (par M. Yves Cruchten), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue (par Mme Stéphanie Empain) et Roberto Traversini ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

***(Assentiment)***

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

### 4. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet du projet Google et plus particulièrement sur les incidences de ce projet sur l'environnement naturel et les questions de l'énergie (consommation et approvisionnement)

A mer géifen direkt zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, enger vun der CSV ugefroter Aktualitéitsstonn betreffend Google, de Google-Projet, a méi besonnesch wat den Impakt op d'Ëmwelt, Energieverbrauch an esou weider ugeet. An d'Madamm Hansen, déi den Antrag gestallt huet, ass prett. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

***Exposé***

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, stellt lech nëmmen een Ament vir, mir géifen haut net iwwer Google schwätzen, mä vläicht iwwer, ech nennen en einfach emol Jempy Schmitz SARL vu Manternach. Ech géif mengen, da géife mer wahrscheinlech guer net hei stoen a schwätzen.

A genau dat mécht mech rosen! „All animals are equal, but some animals are more equal than others." An ech fäerte ganz, datt dat net nëmmen am George Orwell senger „Animal Farm" de Fall ass. Duerfir sinn ech iwwerhaapt emol frou, datt mer dës Heure d'actualité endlech op den Ordre du jour konnte kréien, an dat trotz deenen awer groussen an a mengen Ae bedenkleche Bedenke vun der Majoritéit.

***(M. Fernand Etgen prend la présidence.)***

An do ass gesot ginn, éischtens, et géif kee Projet Google ginn - mä wien annoncéiert Google zënter Joren? Dat war net d'Oppositioun! Fir d'Regierung schéngt et de Projet ëmmer nëmmen dann ze ginn, wann ee grouss Annoncë ka maachen, wéi zum Beispill virun de Wahlen. Wann awer Froe gestallt ginn, da gëtt et de Projet op eemol net méi, bis hin zu: „Mir kënnen näischt soen, well eng Prozedur leeft."

Dir Dammen an Dir Hären, hei stellt ee sech eng Partie Froen, déi een absolutt onofhängeg vun iergendwéler Prozedure ka beäntwerten. A mir wären duerfir frou, wann d'Regierung sech net hanner Formalie géif verstoppen a Ried an Äntwert géif stoen.

Här President, direkt am Ufank wëll ech hei nach eemol betounen, datt mir als CSV absolutt näischt géint de Projet Google oder Projet vun engem groussen Datazenter, oder wéi Der en och ëmmer wëllt nennen, hunn. Mir hu weder eng Google-Phobie nach hu mer eng Google-Euphorie, mä mir hätten u sech gären eng ganz kloer, faktebaséiert Google-Strategie.

**Une voix**.- Très bien !

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- A wa mer iwwert d'Zukunft vun eisem Land schwätzen, wa mer iwwer ee qualitative Wuesstum schwätzen, wa mer iwwer Nohaltegkeet schwätzen, wa mer iwwer Klimawandel schwätzen, wa mer iwwer Ëmweltschutz schwätzen, dann ass et ganz einfach eis Flicht, dës Froen hei ze stellen. An et ass och der Regierung hir Flicht, dës Froen ze beäntwerten.

An ech wäert haut geziilt dräi Punkten uschwätzen, ech wäert Froen heizou stellen, awer och konstruktiv Hiweiser maachen, dräi Punkten, déi alleguer eng Inzidenz op d'Nohaltegkeet vum Projet hunn: éischtens de Flächeverbrauch, zweetens den Energieverbrauch an drëttens de Waasserverbrauch.

An ech wëll hei nach eemol betounen a mat Nodrock betounen, Här President, datt et definitiv net ze akzeptéieren ass, wann d'Regierung op Froen aus enger Question parlementaire äntwert, dat wären hypothetesch Froen an duerfir géife se net beäntwert ginn.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Très bien !

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Genau dat hat den Här Kartheiser näämlech geäntwert kritt, wéi hien nom Waasserverbrauch gefrot huet.

Da muss ech awer soen: All Planung ass per se hypothetesch! De Budget zum Beispill och. An ech hoffe wierklech fir eist Land, datt d'Regierung d'Froen, déi sech stellen, net ëmmer eréischt da beäntwert oder souguer eréischt entdeckt, wa se net méi hypothetesch sinn, wa spréchwiertlech d'Kand schonn am Pëtz läit.

Hei geet et net just ëm de Respekt virum Parlament, mä awer och virun de Leit, well déi sech eng Partie Froe stellen.

Ech fänken also beim Flächeverbrauch un. 50 Fussballsterrainen, 34 Hektar gudden Akerbuedem, da kann ech dovunner ausgoen, datt zousätzlech zu deene 34 Hektar och nach eng Partie Hektare gebraucht ginn, fir ze kompenséieren.

Als CSV soe mer ganz kloer: Mir musse spuersam ëmgoe mat eisem gudde landwirtschaftleche Buedem!

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Duerfir meng Froen: Wéi vill Prozent vun der Fläch vun de 34 Hektar gi viraussiichtlech verbaut? Mengen Informatiounen no sinn et 50 %. Als CSV soe mer, datt een dës net verbaute Fläche misst sënnvoll notzen, zum Beispill fir Zären opzeriichten an d'Hëtzt, déi ufält, sënnvoll ze notzen, fir hei zu Lëtzebuerg endlech an der Geméisproduktioun weiderzekommen.

Oder et kéint een en Deel vun de Flächen notze fir eng biointensiv Landwirtschaft, Stéchwuert: Micro Farming. Souwäit ech weess ënnerstëtzt d'Regierung déi Projeten och. Mä kommt, da kucke mer, datt hei eppes kann an d'Realitéit ëmgesat ginn! Dëst kéint zum Beispill och eng flott Méiglechkeet si fir déi an der Akerbauschoul ausgebilten « entrepreneurs maraîchers ».

Huet d'Regierung schonns iwwer esou Méiglechkeeten nogeduecht? Wann net, ass d'Regierung bereet, heiriwwer nozedenken? A sënnvoll am Sënn vu manner Flächeverbrauch wär et, wann een dës Aart vu Landwirtschaft dann och als Kompensatiounsmoossnam kéint notzen.

An duerfir wäert ech och hei eng Motioun hannerleeën, wou mer d'Regierung opfuerderen, fir eise Punktesystem bei de Kompensatiounen nach eng Kéier op de Leescht ze huelen, fir u sech méi innovativ Kompensatiounsmoossnamen ze sichen, an dat am Sënn vu manner Flächeverbrauch. Wannechgelift!

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- constatant que la nouvelle loi concernant la protection de la nature et des ressources naturelles a introduit un nouveau système de mesures compensatoires par les biais d'éco-points ;*

*- constatant que l'occupation des sols augmente de façon constante due à la croissance économique et démographique du pays,*

*invite le Gouvernement*

*- à identifier des mesures compensatoires innovatrices et alternatives permettant d'éviter la perte de surfaces agricoles productives,*

*- à élaborer des adaptations dans le système des mesures compensatoires afin de limiter l'occupation des sols.*

*(s.) Martine Hansen, Emile Eicher, Aly Kaes, Octavie Modert, Gilles Roth.*

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- An dann nach eng Fro: Wann d'Fläche bis ëmklasséiert sinn, géif dës Méiglechkeet vun der Flächennotzung dann nach ëmmer bestoen?

Zweetens, den Energieverbrauch. Hei och erëm e puer hypothetesch Froen, mä a Wierklechkeet awer erëm Froen, déi ganz konkret sinn an déi beäntwert musse ginn. Wéi grouss ass de Stroumverbrauch vun esou engem Datazenter?

Den Här Minister Schneider hat de Verbrauch als „impressionnant" beschriwwen. Wat heescht genau impressionnant? An der Press hunn ech gelies, 2.500 Gigawattstonne pro Joer. Do kann ee sech wahrscheinlech net onbedéngt alles drënner virstellen, mä dat ass zweemol méi wéi alleguer eis Privathaushalter zesummen. Et ass een Drëttel vum gesamte Stroumverbrauch hei zu Lëtzebuerg. Da stellt sech awer ganz einfach d'Fro: Wéi kann dee Stroum geliwwert ginn?

Dann huet d'Regierung sech am Kader vum Energieeffizienzplang als Zil gesat, de Gesamtenergieverbrauch bis 2020 op maximal 49.292 Gigawattstonne festzeleeën. Laut Statec hate mer 2017 dëse Gesamtverbrauch schonns erreecht. Wann elo Google derbäikënnt, stellt sech natierlech d'Fro: Riskéiere mer, dëse Maximum ze iwwerschreiden? Riskéiere mer, dat vun der Regierung gesat Zil net ze erreechen an duerfir Strofe mussen ze bezuelen?

Lëtzebuerg huet sech dann och bis 2020 als Zil gesat, fir 11 % vum Gesamtverbrauch aus er-

neierbaren Energien ze kreéieren, fir 2030 23 %. Wuel wëssend, datt mer dëst Zil souwisou och elo schonns nëmme kënnen erreechen, well mer mat baltesche Länner Accorden hunn, musse mer eis awer froen: Kënne mer dës Ziler dann iergendwéi anhalen, wann eise Stroumverbrauch elo ëm een Drëttel géif klammen?

Ech hunn elo grad an der Presserevue gelies, datt den Här Turmes gesot huet, mir géifen iwwerall Wandmillen opriichten, wou et och nëmmen technesch méiglech wär. Mä geet dat dann awer duer, fir eis Ziler ze erreechen? Wéi vill zousätzlech gréng Stroum misste mer eventuell akafen? Sinn do scho Verhandlungen um Lafen? A wéi vill géif dat zirka kaschten?

A kënne mer bei esou engem zousätzleche Verbrauch iwwerhaapt komplett aus dem Atomstroum erausklammen? Oder riskéiert Google in fine vu Cattenom gespeist ze ginn?

Den Här Minister Schneider huet och gesot, datt den niddrege Stroumpräis zu Lëtzebuerg en Haaptargument wär, fir esou een Datazenter unzezéien, well 30 % bis 40 % vun de Gesamtkäschten de Stroum oder respektiv d'Energiekäschten ausmaachen. Sou, wéi eng Konditioune sinn applikabel bei esou engem Betrib mat esou engem héije Stroumverbrauch? An, wat sot Der, wat seet och de gréngе Koalitiounspartner zum Virworf vum Mouvéco, datt d'Argument vun der bëlleger Energie een No-Go wär an datt dat u sech genau datselwecht wär wéi den Tanktourismus, een Tanktourismus, deen da just géif duerch ee Stroumtourismus ersat ginn?

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- Wat sot Dir dann dozou?

***(Brouhaha)***

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- An da kommen ech erëm bei déi noutwendeg Kompensatiounsmoossnamen.

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- Da sot eis dat!

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Ech denken, datt et am Moment u mir hei ass, Froen ze stellen. An ech hu jo och scho bei verschiddene Saachen Alternative gewisen. An ech waarden op Är Äntwerten herno.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- An da kommen ech dann elo erëm eng Kéier bei d'Kompensatiounsmoossnamen. Wär et net sënnvoll ze soen, datt zumindest missten op den Diech Solarpanneauen opgeriicht ginn? An dann erëm am Sënn vun der Ëmwelt: Kéinten dës dann net och als Kompensatiounsmoossnam zielen?

Mäin drëtte Punkt: de Waasserverbrauch. Den Här Kox schéngt dat e bëssen ze nerven, mä de Waasserverbrauch ass och wichteg. D'Killung vun engem Datenzentrum ass eng gréisser Erausfuerderung. Dofir ass et ëmsou manner verständlech, datt d'Regierung heizou keng Äntwerte kann oder wëllt ginn.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Keng wëllt ginn!

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- D'Fro nom Waasserverbrauch ass schonn eng Kéier vum Här Gibéryen am Februar 2018 gestallt ginn. D'Äntwert war, Google hätt Terraine kaaft, méi wär net bekannt. Also keng Äntwert. Dat ass leider mëttlerweil esou agerass.

Am Juli 2017 huet de Minister Schneider allerdéngs schonns an engem Interview gesot, datt d'Killung vum Datenzentrum garantéiert muss sinn an datt dowéinst änner anerem de Site Bissen zréckbehale ginn ass. Dat Ganzt ass also schonn analyséiert ginn an dofir hätte mir och gären Äntwerten op dës Froen: Wéi vill Killwaasser gëtt gebraucht? Wou soll dat Killwaasser hierkommen? Wéi vill Drénkwaasser gëtt gebraucht? Kann d'Killwaasser aus der Uelzecht geholl ginn? Wa jo, zu wéi enge Bedéngungen? Wéi kann d'Killung an den Dréchenzäite garantéiert ginn? Muss dann op SEBES-Reserven zréckgegraff ginn? Wa jo, bleift dann d'Drénkwaasserversuergung vun eiser Populatioun, déi jo awer och nach wiisst, weiderhi garantéiert? Sinn aner Alternativen analyséiert gi vu Killung?

An als CSV géife mir op jidde Fall sënnvoll fannen, wann d'Hëtzt, déi entsteet, net einfach nëmme gekillt géif, mä wa se géif sënnvoll genotzt ginn: Zären, hunn ech scho gesot, eng Schwämm, effizient Wärmepompelen an do d'Hëtzt notze fir ugrenzend Wunngebidder. Ass dat analyséiert ginn?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. Google léisst u sech kee kal, an dat net onbedéngt wéinst der Hëtzt, déi produzéiert gëtt. Et ass eng rationell Fro, an et ass awer och eng emotionell Affär. An natierlech ass et eben och wouer, datt Google schonn eemoleg ass op der Welt. Et ass déi Website, déi d'Leit weltwäit am meeschte besichen. A wann een do eng Verbindung mat Lëtzebuerg ka maachen, ass dat positiv. Et kann effektiv eng Signalwierkung, jo, eng Magnéitwierkung fir eist Land hunn, déi ee Jempy Schmitz, oder wéi ech en och ëmmer wëll nennen, vläicht net huet. Mä trotzdeem muss et awer erlaabt sinn, eng Rei vu Froen ze stellen. Eng Rei vun interessante Mesuren am Sënn vun der Nohaltegkeet hunn ech opgewisen. A wéi gesot: Mir hu weder eng Google-Euphorie nach eng Google-Phobie. Mir hätte just gären eng kloer a faktebaséiert Google-Strategie, an dëst am Sënn vum qualitative Wuesstum.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Merci villmools, Madamm Hansen. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn ageschriwwen. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

***Débat***

**M. Max Hahn** *(DP)*.- Merci, Här President. D'Tatsaach, dass Google wëlles huet, op Lëtzebuerg ze kommen, ass a priori eng exzellent Nouvelle fir eist Land. Wann ee vun deene wichtegsten a bekanntsten Internetbetriber hei am Land en Datenzenter wëllt bauen, jo eventuell souguer dee gréissten an Europa, dann ass dat ouni Zweifel eng immens Reklamm fir eise Standuert an eisen IT-Secteur.

Eng Entreprise wéi Google passt näämlech perfekt an d'Strategie vun der Regierung, wéi eis Wirtschaft an eise Standuert sech an deenen nächste Joren entwéckele sollen.

Stéchwuert qualitative Wuesstum. Google wéi och aner IT-Firme schafen eng grouss Plusvalue fir eis Wirtschaft a sécheren eise Wuelstand of, ouni déi negativ Niewewierkunge vum Wuesstum ze verstäerken, wéi zum Beispill den enormen zousätzlechen Trafic. Dëst ass sécherlech net ganz onwichteg, wa mir iwwert den Impakt vum Projet Google op d'Ëmwelt schwätzen.

Stéchwuert Digitaliséierung. Zënter e puer Joer scho mécht d'Regierung konsequent Efforten, fir Lëtzebuerg am Secteur vun den neien Technologien als Virreider ze positionéieren. Ech denken do zum Beispill un Digital Luxembourg, un de LHoFT, un den Ausbau vun de Glasfaseruschlëss hei zu Lëtzebuerg, un de geplangten Haaptsëtz vun EuroHPC an esou weider.

Den ICT-Beräich ass, wéi mir wëssen, e Beräich mat vill Potenzial. A wann ee vun de weltwäite Leaderen an deem Beräich bei eis wëllt kommen, mengen ech, schuet dat eisem Image sécherlech net. Am Géigendeel, et ass ze erwaarden, dass aner Akteure sech e Beispill u Google huelen a sech Lëtzebuerg als attraktive Standuert méi genee ukucken. Ausserdeem gesi mir als DP och kloer d'Potenzial, dass Synergië mat Akteuren, déi schonn hei sinn, entstinn an nei Projete lancéiert ginn.

Här President, d'Kritiker vum Projet soen, dass déi nei Implantatioun vill Energie brauche wäert an dass och vill Waasser, fir d'Serveren ze killen, gebraucht gëtt. Mat senge 35 Hektar ass de Projet och net grad spuersam, wat de Landverbrauch ugeet. Dozou kann ee just soen, dass Google, genee wéi och aner Firmen, sech un d'Gesetzer an d'Prozeduren hei am Land hale muss. Et gëtt keng Extrawurscht fir si gemaach.

Donieft, mengen ech, kann ee soen, dass mer a Bezuch op den Naturschutz an deene leschte Jore gutt Aarbecht, jo, souguer ganz gutt Aarbecht geleescht hunn. Et gëtt sécherlech nach ëmmer Saachen ze verbesseren, absolutt averstanen, mä déi aktuell Oplage stellen awer sécher, dass net egal wéi mat eiser Ëmwelt ëmgaange gëtt an dass och net all Firma esou vill Ressource verbrauche kann, wéi se wëllt.

Besonnesch de Waasserschutz ass en heikelt Thema. Och wa bei dësem Projet d'Waasser net knaschteg gemaach gëtt an u sech nëmme geholl gëtt, fir d'Serveren ze killen, kéint dat awer eventuell eng grouss Belaaschtung fir eis Waasserversuergung oder eis Gewässer duerstellen. Mir sinn eis däers als DP bewosst an ënnerstëtzen natierlech voll a ganz e responsabelen Ëmgang mat dëser wäertvoller Ressource.

Mir sinn awer iwwerzeegt, dass een den Ofschloss vun dëser Prozedur ofwaarde muss, fir dës Fro ze tranchéieren. Mir hoffen natierlech, dass et méiglech ass, eng Léisung ze fannen, déi déi zwou Säiten zefriddestellt.

Wat de Stroum- a Landverbrauch betrëfft, sinn déi Kriticke sécher och net ganz falsch, mä déi si valabel fir all neie Site. All gréisserem neie Betrib, dee sech hei néierléisst, kéint een dat reprochéieren.

Am Géigesaz zu anere Betriber dréit den IT-Secteur awer wesentlech zu eiser Strategie fir e méi qualitative Wuesstum bäi.

Här President, wann een heibanne guer kee Betrib méi an d'Land wëllt loossen oder net déi, déi zu eisem Wuelstand bäidroen ouni all déi negativ Konsequenzen, iwwert déi mir zanter Jorzéngte schwätzen, da sollen déijéineg dat ganz kloer soen.

Jo, de Projet Google bréngt net nëmme Virdeeler mat sech. Ma sot mir wannechgelift, bei wéi engem Betrib dat de Fall ass! D'Virdeeler iwwerweien an dësem Fall awer ganz kloer d'Nodeeler. Dofir ënnerstëtze mir dëse Projet kloer voll a ganz.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Merci villmools, Här Hahn. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

**M. Georges Engel** *(LSAP)*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, kloer ass jo elo emol, dass d'CSV fir de Projet Google ass, wann ech dat richteg matkritt hunn.

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Ech hu gesot, mir hätte gär eng Partie Froe beäntwert a mir wäre sécherlech net dergéint.

**M. Georges Engel** *(LSAP)*.- Dat ass jo och emol e kloert Bekenntnis. Mä Lëtzebuerg, Dir Dammen an Dir Hären, …

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Ech mengen, Dir verstitt mech net.

**Mme Octavie Modert** *(CSV)*.- Mir hunn nach ni eppes aneres gesot.

**M. Georges Engel** *(LSAP)*.- Lëtzebuerg … „Mir hunn nach ni eppes aneres gesot", seet d'Madamm Modert. Also genau, ech hunn also ganz richteg verstanen, wat d'Madamm Hansen gesot huet.

***(Interruption par Mme Octavie Modert)***

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Et kann ee sech nëmmen äusseren, wann een emol Fakte schaaft.

**M. Georges Engel** *(LSAP)*.- Lëtzebuerg ass awer, souwäit ech dat nach ëmmer konnt feststellen, e Rechtsstat mat klore Regelen. Eng Entreprise, wa se eis Virschrëften, eis Gesetzer, eis Reglementer anhält, ka sech dann och hei zu Lëtzebuerg nidderloossen. An déi Prozedur, souwäit ech dat ka beuerteelen, ass fir all Betrib déiselwecht.

An engem Rechtsstat, do ginn et kloer Regelen, déi banne souwuel deen, deen eppes wëllt, wéi deen, deen eppes kann oder soll ginn. Also si mir hei an enger Prozedur, wou de PAG vun enger Gemeng soll modifizéiert ginn, fir dann den Emplacement vun engem Betrib ze erméiglechen. Dat ass eng Prozedur, fir déi et kloer Regele gëtt, an déi sinn an engem Gesetz virgesinn. An et ass net un der Chamber, fir hei d'Conditions d'exploitation vun engem Betrib festzeleeën.

***(Interruption)***

An hei ginn awer scho Froe gestallt, déi u sech dorunner gebonne sinn. Mir kënne ganz gäre politesch iwwer Google diskutéieren, ob een dat gutt fënnt oder ob een dat net gutt fënnt. Dat ass eng Diskussioun, déi kann een hei féieren. Mä hei geet et jo awer net drëms, fir d'Betribsgeneemegungskonditioune festzeleeën. Déi si jo am Kader vun engem Gesetz oder vun enger Kommodosprozedur festgeluecht, soudass ech elo just deen Debat hei net direkt verstinn, wat deen op dëser Plaz hei haut …

***(Brouhaha)***

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Ech denken, datt Dir meng Froe jo awer héieren hutt.

**M. Georges Engel** *(LSAP)*.- Esou, wéi Dir Är Froen, Madamm Hansen, esou …

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Ech hunn nach keng Äntwert kritt!

***(Coups de cloche de la présidence)***

**M. Georges Engel** *(LSAP)*.- Esou, wéi Dir Är Froen hei gestallt hutt, ass dat éischter eng Fro vu Betribsgeneemegung.

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Den Här Engel huet d'Wuert an hien eleng. Här Engel, fuert roueg weider!

***(Brouhaha)***

**M. Georges Engel** *(LSAP)*.- Ech hu kee Maulkuerf heihi gestallt kritt. Neen, e Maulkuerf a kee Maulwurf. Dat wär eppes aneres. Do sidd Dir vläicht besser beroden.

***(Hilarité et brouhaha)***

Google am Allgemenge wier gutt beroden, mengen ech - dat ass effektiv wouer an e verstinn ech och d'Kommunalpolitiker zu Biissen ganz gutt -, wa se transparent un deen Dossier hei géifen erugoen. Si solle mat de Bierger an och mat der Gemeng dëse Projet proaktiv ugoen an déi oppen Diskussiounen net scheien. Dat bréngt Verständnis, dat bréngt Vertrauen an Akzeptanz, an all aner Demarche bréngt Mësstrauen.

Google huet jo wëlles, sech an Nordeuropa weider ze implantéieren. Si hunn dat jo och an Dänemark, a Schweden an an Éisträich wëlles, wou se Terraine kaaft hunn. Si hunn an der Belsch, an Holland an a Finnland en Datacenter, an Irland hu se der zwee. An ouni elo hei wëllen de Porte-parole fir eng Firma ze ginn, wär et awer net schlecht, wann een nach verschidde Saache iwwer Google gesot géif kréien, an dat hunn ech dann och wëlles hei ze soen.

Google huet e Kontrakt mat 20 Wand- a Solarparken an der Welt. Zanter 2010 huet Google en ambitiéise Plang opgestallt, fir d'Aktivitéiten $CO_2$-neutral ze gestalten. Dat Zil ass am Joer 2017 erreecht ginn. Fir all Kilowattstonn, déi Google konsuméiert, keeft d'Firma eng Kilowattstonn erneierbar Energie an.

**Une voix**.- Sidd Dir Virspriecher fir Google?

**M. Georges Engel** *(LSAP)*.- Neen, ech sot elo grad, wann Der mer nogelauschtert hätt, ech wär net de Virspriecher fir Google, ech wéilt awer just hei erklären, dass dat hei Fakte sinn, déi eben do sinn. An och den „Clicking Clean Report" vu Greenpeace, déi sech jo sécherlech net en faveur vun de groussen Entreprisë wäerten ausdrécken, wann et net esou ass, huet souwuel Apple wéi och Google gelueft an hirem Rapport fir hiren Asaz fir d'erneierbar Energien, a si wäerten och weider Drock maachen op déi Regierungen, fir dass se sech och weiderhin an d'erneierbar Energien investéieren.

Also Google kritt do d'Beschtnout A. Mä sécherlech, et ass richteg, si hunn en Impakt op eis. A si hunn awer och eng ekologesch Verantwortung, wat ech virdru mat mengen Explikatioune wollt soen.

An da wéilt ech och nach ganz kuerz en Appell maachen. Mir misste vläicht och vun där Kultur ewechkomme vum „alles nëmme wëlle verhënneren" oder vum „alles a Fro stellen", …

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Hei ass just Transparenz gefrot.

**M. Georges Engel** *(LSAP)*.- … mä eis vläicht ekologesch a sozial gerecht Weeër trauen, déi eist Liewen dann och méi einfach maachen. Voilà!

Dat gesot, freeën ech mech dann op d'Explikatioune vum Minister.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Merci villmools, Här Engel. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Henri Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

**M. Henri Kox** *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Stellt Iech vir, et ass 2013, et ass virun de Wahlen an eng Prozedur ass ofgelaf a keen hëlt eng Decisioun! Dat war zum Beispill de Fall beim Monkeler, wou mä Kolleeg Camille Gira sech hei bal eng bluddeg Nues geholl huet, well en ebe grad Decisioune geholl huet, no engem rechtsstaatleche Prinzip, näämlech no der Geneemegung, richteg geholl huet an net am Schaf trëlle gelooss huet. An haut steet do eng Fabrik, déi déi ëmweltfrëndlechst a ganz Europa ass. Dat ass d'Politik vun dëser Regierung an dat ass och gréng Politik.

An dëst ass och de Fall bei Google. Wann ech iwwert d'Form an de Fong hei wëll schwätzen, dann ass emol fir d'Éischt, fannen ech, schonn d'Heure d'actualité hei net richteg ugepasst, well mir schonn zweemol an enger Kommissioun driwwer diskutéiert hunn. A mir haten deeselwechte Fall vum Fonds du logement.

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Mir haten am Juli eng Jointe gefrot, déi ass nach ëmmer net komm.

**M. Henri Kox** *(déi gréng)*.- Ech hätt aus grénger Siicht léiwer, mir géifen dann eng Kéier iwwert d'Ëffentlechkeet vun eise Kommissioune schwätzen, da kéinte mer do och a Rou iwwer esou Dossiere schwätzen.

Zum Fong. Dräi Punkte just wëll ech ernimmen. Dat Éischt ass d'Opportunitéit, dat Zweet ass d'Prozedur, an dat Drëtt ass dann, selbstverständlech aus grénger Siicht, natierlech och den Ëmweltimpakt.

Zu der Opportunitéit. Ech mengen, meng Virriedner hunn all datselwecht gesot. Mir hunn eis 2014 Digital Luxembourg op de Fändel geschriwwen, an ee vun de Creneauen, wann een déi nei digital Welt wëllt mathuelen, dat sinn d'Infrastrukturen, an dat sinn natierlech och

Datenzentren. Ech denken och un den héich performanten Datacenter oder Computer, deen elo vun der Uni ugeschaaft gëtt. Ech mengen, dat ass de Wee, dee mir gewielt hunn aus verschiddene Grënn, nääämlech fir d'Diversifizéierung vun eiser Industrie, an eben och, fir d'Land op déi Zukunft auszeriichten. An natierlech, mir sinn e Land, wat absolutt keng klassesch Ressourcen, Buedemressourcen huet. Wat hu mer? Ma mir hunn also just déi gro Zellen uewen am Kapp, an dat ass eise Fonds de commerce, wou mer mussen d'Méiglechkeet hunn, vill ze diversifizéieren. Dat ass e wichtege Punkt.

Den zweete Punkt ass dee vun der Prozedur. Et ass eng lafend Prozedur, déi leeft an der Gemeng Biissen. Bei all Erweiterung vun engem PAG gëtt dat gemaach. An ech mengen, d'CSV ass a villen Dossieren ëmmer erëm de Perimeter erweidere gaangen. Och an de Plan-sectorielle vun den Ekonomiesflächen ass gesot ginn: „Mir brauche vill méi Flächen!" An do sinn der méi wéi genuch ausgewisen. Iwwregens ass d'Gesamtfläch vun de Plan-sectoriellen net vergréissert ginn, mä et ass en Deel vun deem fir Google, oder wat zu Biisse passéiert, aus dem Plan sectoriel erausgeholl ginn. Den Impakt, also de Gesamtimpakt op d'Landwirtschaft, ass net méi grouss wéi virdrun, mat Google oder net mat Google. Dat heescht, dës Regierung geet an enger richteger Prozedur vir.

Och mengen ech - wann Der d'Prozedur kuckt, déi éischt SUP ass jo eraus, déi ass jo gemaach ginn am Kader vun der Prozedur zu Biissen -, dass 64 Leit, souwäit meng Informatioune stëmmen, reklaméiert hunn, an déi wäerten och gehéiert ginn. An d'SUP seet, eppes iwwer 6 Milliounen Ökopunkte wären, wann alles versigelt géif ginn op där Fläch, ze kompenséieren.

Dofir kommen ech zum drëtte Punkt, nääämlech dem Impakt op d'Ëmwelt. Éischtens: Mir hunn dat Naturschutzgesetz gestëmmt gehat, wou d'CSV net mat op de Wee gaangen ass, obschonn d'Iddi vun den Ökopunkte vun der CSV virdru komm ass. Ëm wat geet et? Ma doréms, dass den Impakt esou mann wéi méiglech op der Fläch entsteet. An dofir wär et wënschenswäert - do komme jo elo och e puer Iddie vun der CSV -, dass op därselwechter Fläch esou mann wéi méiglech Ökopunkten zerstéiert ginn, dass och esou mann wéi méiglech kompenséiert muss ginn. An do däerf een natierlech net bei Ökopunkten Äppel mat Bire vergläichen.

Wann e Strukturelement zerstéiert gëtt, kann dat net duerch en techneschtt Element ersat ginn, mä och duerch en äänlecht Strukturelement, an dofir ass dat vun den Ökopunkte wichteg. An dofir ware mer eis och eens an der Kommissioun, wou mer d'Naturschutzgesetz diskutéiert hunn, dass dat dee richtege Wee ass an dass mer dann och déi richteg Kompensatioun mat deene richtege Komponenten oder gläichwäertegen Ökosystemer austauschen. Dofir ass dat natierlech och en Uleies vun deene Gréngen, de Maximum do erauszehuelen, fir dass mer e proppere Projet dohinnerkréien.

D'Waasser: Natierlech, och fir eis ass dat wichteg, an ech hu mech och e bëssen ameséiert an där Technologien e bësse gekuckt. Et ginn haut Killsystemer, interner, externer, Loft, Waasser, awer haut kann een zum Beispill esou ee Computer och an eng Flëssegkeet asetzen, soudass esou mann wéi méiglech Energie respektiv Waasser do gebraucht gëtt. Ech ginn dervun aus, wann et an der Prozedur ass, dass dat natierlech op der Dësch kënnt, dass och déi beschtméiglech Technik agesat gëtt.

An dann zum Schluss nach, well d'Zäit schonn eriwwer ass, zum Stroum. Et ass eng grouss Firma, déi um internationale Marché Stroum kann akafen a verkafen - an dësem Fall kafen -, a wa se intelligent genuch ass - an dat wäert se maachen, well et ass nääämlech hir Philosophie, grénge Stroum anzekafen -, mécht se e längerfristege Vertrag mat Offshore-Wandmillen. An dann hu mer och dee Fall geléist, dass mer 100 % erneierbar Energien dohinnerkréien.

Ech kann dofir nëmme soen, dass mer mat op de Wee ginn, wann natierlech d'Ëmweltkritären och esou gutt wéi méiglech kënnen erfëllt ginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kox. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, mat vill Tamtam hu mer viru gutt engem an engem hallwe Joer vum Statsminister iwwer eng Pressekonferenz ugekënnegt kritt, datt Google hei op Lëtzebuerg soll kommen. An duerno ass et vu Regierungssäit relativ roueg ginn, wann ee Froe gestallt huet.

Mir als ADR hunn eleng dräi Froe gestallt, déi mir nëmmen zum Deel an deelweis guer net beäntwert kritt hunn.

Här President, et sinn awer net nëmme mir, déi sech Froe stellen. Och an der Zivillgesellschaft gi sech vill Froe gestallt. De Mouvement écologique - ech mengen, et ass systematesch - huet sech dogéint ausgeschwat a wëllt och dogéint kloen, et ass eng Biergerinitiativ entstanen, an esou virun.

Ech wëll och, well meng Riedezäit ganz kuerz ass, drop zréckkommen, datt mir viru fënnef Joer, mir als ADR, hei an der Chamber eng Interpellatioun gemaach hu mam Titel „Zukunft Lëtzebuerg", wou mir de Wuesstum a Relatioun mat der Nohaltegkeet am Zesummenhang mat der Liewensqualitéit hei zu Lëtzebuerg gestallt hunn. An deemools war e bëssen d'Konklusioun, datt, wa grouss Projeten hei am Land gemaach ginn, da soll een eng Impaktstudie maachen, wou een all d'Punkten, déi mat deem Betrib ze dinn hunn, ech gi se elo net opzielen, op hir positiv an hir negativ Konsequenze fir d'Land géif analyséieren.

An duerfir, Här President, si mer och elo higaangen a mir hunn eng Motioun hei preparéiert, fir d'Regierung opzefuerderen, esou eng Impaktstudie ze maachen. Et gëtt vill driwwer diskutéiert. De Kolleeg Hahn huet hei als Spriecher vun der DP gesot, hie wier heimadder d'accord. Ech verstinn net, wéi hei kënne Leit optrieden a soen: „Mir sinn domadder averstanen!" - huele mer och dat vun de Sozialisten, vun deene Gréngen -, ouni datt d'Fakten um Dësch leien, wat dee Projet, dee Betrib do u Positivem oder un Negativem fir d'Land, fir d'Ëmwelt, fir alles, mat sech bréngt. Dat weess jo nach kee vun eis. A wéi kann ee sech schonn esou ausschwätze fir eppes, wann een nach net d'Fakte kennt? An d'Regierung huet eis och nach keng Fakte ginn.

An duerfir, wéi gesot, hu mir hei eng Motioun proposéiert, an där d'Regierung opgefuerdert gëtt, an dësem Dossier eng Impaktstudie ze maachen, wou all déi Punkten opgeworf an analyséiert ginn, wat fir eng Konsequenze se op d'Natur hunn, wat mer vun Energie verbrauchen, wat mer un Infrastrukture musse maachen, wat dat dann eventuell u Steieren dem Stat erabréngt, wat dat de Stat kascht, wat dat d'Gemenge kascht. All déi Froen, ob mer déi Aarbechtsplazen hei am Land hunn, wat d'Mobilitéit ubelaangt, wat de Logement ubelaangt, all déi Froe sollen an esou enger Impaktstudie gekläert ginn. Déi soll transparent sinn, dat heescht, déi soll ëffentlech sinn. Dat soll kee Geheimdokument fir d'Regierung ginn, mä do huet d'Parlament e Recht drop, esou eng Impaktstudie ze kréien, an och dobaussen d'Gesellschaft. Ech mengen, mir sinn an enger Zäit vun Transparenz, da misst et och méiglech sinn, datt hei all Mënsch Asiicht an deen Dossier kritt.

An duerfir, wéi gesot, Här President, iwwerreechen ech lech dës Motioun.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Très bien !

***Motion 2***

*D'Chamber stellt fest,*

*- datt Wuesstum a Liewensqualitéit eng zentral Plaz an der politescher Diskussioun zu Lëtzebuerg anhuelen;*

*- datt de Projet Google zu Biissen wéinst sengen Ausmoossen an dëser Debatt eng wichteg Roll zougestan muss kréien,*

*ass sech bewosst, datt*

*- Google zu Biissen en Terrain vu bal 35 Hektar fir eng 50 Milliounen Euro kaaft huet;*

*- esou e Landverbrauch fir en Eenzelprojet zu Lëtzebuerg aussergewéinlech ass;*

*- esou e Projet Auswierkungen op Natur an Ëmwelt wäert hunn;*

*- e Bau, dee bis zu 35 Meter héich däerf ginn, d'Landschaftsbild verännere wäert;*

*- de Betrib souwuel mat Kaméidi duerch d'Killanlage wéi och mat Dampwolleken iwwert de Killtierm verbonnen ass;*

*- de Betrib grouss Quantitéite Waasser a Stroum wäert brauchen, ouni datt konkret feststeet, wou dës Ressourcen hierkommen a wien d'Infrastrukture finanzéiert;*

*- bis haut net den Zuele widdersprach ginn ass, déi dervun ausginn, datt den Datenzenter eleng 5-10 Prozent vum aktuelle Landesverbrauch un Drénkwaasser an zweeanhallefmol de Stroum vun de Lëtzebuerger Stéit géif brauchen;*

*- wirtschaftlech Benefisser fir Lëtzebuerg nach net chiffréiert sinn;*

*- net gekläert ass, wat de Stockage vun Donnéeën eleng u Revenue kéint generéieren, op deene Google kéint besteiert ginn;*

*- déi 300 annoncéiert Aarbechtsplaze fir den Datenzenter däitlech méi Personal wäre wéi a vergläichbaren Aktivitéite vu Google an anere Länner;*

*- net gewosst ass, ob dëst Personal zu Lëtzebuerg disponibel ass,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- ier eng Autorisatioun a Saache Google-Datenzenter zu Biissen erausgeet, eng komplett Impaktstudie ze maachen, déi d'Vir- an d'Nodeeler vun esou engem Projet fir d'Land verdäitlecht an erlaabt, ze entscheeden, ob eng Implantatioun vu Google zu Biissen fir d'Land, seng Wirtschaft a seng Bevëlkerung virdeelhaft, realistesch, nohalteg a wënschenswäert ass.*

*(s.) Gast Gibéryen.*

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Gibéryen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Baum** *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Ech si frou, datt mer haut dës Heure d'actualité hunn, déi op Ufro vun der CSV zustane komm ass, besonnesch well d'Majoritéitsparteien an deene leschte Woche versicht hunn, sech mat Hänn a Féiss ze wieren, datt se iwwerhaapt zustane kënnt, ënnert deem neie Mot d'ordre, et géif kee Projet Google ginn, iwwert deen ee schwätze kéint.

Do hunn ech mer geduecht: Dat ass awer schonns erstaunlech, well d'lescht een an en halleft Joer Joer de Premier- an de Wirtschaftsminister sech quasi drëm gestridden hunn, wiem säin Haaptverdéngscht et dann elo wier, datt Google op Lëtzebuerg géif kommen. An elo, elo soll et op eemol kee Projet Google méi ginn, iwwert deen ee schwätze kéint. Elo, wou eng Gemeng an der Prozedur ass, fir e PAG ze änneren, fir aus enger Gréngzon eng Spezialzon Datacenter ze maachen, elo ass op eemol guer näischt méi sprochräif. An domadder fänkt fir eis awer och deen alleréischte Problem bei dësem Projet un, nääämlech d'Froe ronderëm d'Demokratie an d'Transparenz.

An der Press war ze liesen, datt et staatlech Servicer waren, déi virun engem an en halleft Joer gehollef hunn, Terrainen zu Biissen zesummenzesiche fir Google. De Stat huet hei also quasi wéi e Courtier agéiert an aktiv gehollef, fir Terrainen zu engem zesummenhänkenden Areal am Interessi vun enger multinationaler Boîte zesummenzesichen.

Et ass schonn erstaunlech, wéi séier de Stat an dësem Fall Terrainen zesummebrénge konnt zu Biissen, wann e Multi dat freet. A mir géifen eis wënschen, de Stat géif déiselwecht Vitesse un den Dag leeën, wann et dréms geet, Terraine fir de Wunnengsbau ze mobiliséieren. All kritesch Fro zu dësem Megaprojet, deen en enormen Afloss op d'Energie- an d'Waasserversuergung hei am Land huet, ass an der Kommissioun bis elo ofgeschmettert gi mam Argument, et wier nach net alles kloer. Jo, schlëmmer nach, de Wirtschaftsminister huet souguer jiddwer Deputéierten nogeleucht, sech ganz gutt ze iwwerleeën, wéi en no bausse kommunizéiert, well Google ganz genee géif suivéieren, wat hei zu Lëtzebuerg diskutéiert géif ginn.

An ech soen lech, ech loosse mer kee Maulkuerf undinn, weder vu Google nach vum Wirtschaftsminister, nach vum Spriecher vun der LSAP!

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Marc Baum** *(déi Lénk)*.- Zur Transparenz. Verlässlech Informatioune kréien d'Leit wéineg bis keng. Et géif ebe keng definitiv Informatioune ginn zum Stroum- a Waasserverbrauch. An dat ass awer am Fall vu Google keen Detail, wou et ëm eng Betribsgeneemegung vun iergendenger Entreprise geet. Et ass och keen Detail, dat just lokal oder regional Implikatiounen hätt. Et ass eng Fro vun nationaler Versuergungssécherheet an deenen doten Domainer.

Creos huet am Februar 2018 hir strategesch Berechnunge gemaach, wat de Stroumverbrauch an d'Netzcapacitéiten hei zu Lëtzebuerg bis 2040 ugeet. A laut Creos brauch dee Megadatacenter eng Uschlossleitung vun 260 Megawatt bis 2030. Creos schreift selwer dozou, an ech zitéieren aus deem Rapport, dee glécklecherweis jo ëffentlech ass: „Such an enormous single power demand will considerably reduce the remaining power reserves of the existing high voltage grid and will make extensive reinforcements necessary to ensure a reliable future power supply." Dat heescht enorm Käschten, déi nach an der Zukunft op eis duerkommen.

Op där enger Säit gëtt also bei Google domadder gerechent, datt den Datacenter en enormen zousätzlechen Energieverbrauch bedeit, deen iwwert déi aktuell Netzcapacitéiten erausgeet. An op där anerer Säit ass virun zwou Wochen e Plang presentéiert gi vum Ëmwelt- an Energieministère, deen drop ofziilt, bis 2030 - also genau deeselwechten Datum - 20 % Energie zu Lëtzebuerg anzespueren, ze reduzéieren, de Bruttoenergieverbrauch zu Lëtzebuerg ze reduzéieren.

An do muss ech lech soen: Dofir sinn ech net laang genuch an d'Schoul gaangen, fir ze verstoen, wéi ee bis 2030 kann den Energieverbrauch massiv an d'Luucht setzen a gläichzäiteg reduzéieren! Vläicht kréie mer awer dorobber nach Äntwerten.

Äänlech Froe stelle sech, wat de Waasserverbrauch vun esou engem Datacenter ugeet. A mir menge wierklech, datt dat keng Klengegkeete sinn, mä fundamental Froen zur landeswäiter Versuergungssécherheet. An et ass genau hei, am lëtzebuergesche Parlament, wou doriwwer geschwat soll ginn!

Ech wëll guer net agoen op déi puer Donnéeën, déi eis am Moment virleien, wat de Verbrauch vu wäertvollen Agrarflächen an d'Biodiversitéit ugeet.

Här President, virun zwee Joer ass vill iwwert d'Rifkin-Etüd geschwat ginn, déi eng Zort holistesch Vue op d'Entwécklung vum Land werfe sollt. Hei goung rieds vun 100 % Biolandwirtschaft, 100 % Produktioun vun erneierbaren Energien. D'Digitaliséierung, esou gouf versprach, soll eng dezentral Produktioun a Konsum vun Energie erméiglechen a beförderen. Iwwreg bliwwen ass dovunner haut just nach de Begrëff „Digitaliséierung", ënnert deem Sigel, d'Multie sollen op Lëtzebuerg gelackelt ginn.

De Google-Datacenter, an domat halen ech op, alarméiert eis an héchstem Mooss. Alles, wat mir bis elo vu Brocken a brochstéckhaften Informatioune gewuer gi sinn, weist an déi entgéintgesate Richtung vun enger batter néideger sozialekologescher Transformatioun vun eiser Gesellschaft, a si entsprécht och net de minimalen Ufuerderunge vun enger demokratescher an transparenter Debatt.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Baum. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** *(Piraten)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, d'Madamm Hansen huet et gesot: Google, wa mer deen Numm eng Kéier géifen ersetzen duerch iergendeen anere klengen, mëttelstännege Betrib op der Welt, da géife mer ganz anescht driwwer schwätzen, respektiv, et wär guer net esou wäit komm, datt mer driwwer schwätze géifen, well se wahrscheinlech déi Terrainen net kritt hätten, se hätte wahrscheinlech keng Verspriechе fir Ressourcë kritt. Se hätte wahrscheinlech gesot kritt: „Ma Äre Projet, esou schéi wéi e klengt, fir déi puer Aarbechtsplaze wäerte mer eis déi Aarbecht net maachen!"

***(Interruption)***

An ech mengen, wann een dann emol eng Kéier sech bedenkt …

**Une voix**.- Dir lieft an der Vergaangenheet.

***(Interruption par M. Henri Kox)***

**M. Sven Clement** *(Piraten)*.- Den Här Kox schwätzt léiwer iwwer aner Saache wéi Google, wann ech dat esou richteg matkréien hei vu lénks.

**Une voix**.- Léiwer net!

**M. Sven Clement** *(Piraten)*.- Ech fannen et awer bedenklech, datt mer iwwer esou e Riseprojet esou wéineg an esou rar eppes gewuer ginn.

D'Regierung schreift sech gären d'Transparenz op de Fändel. A wann et dann ëm déi grouss Projete geet, ëm déi Projeten, déi si souguer selwer als strategesch wichteg deklaréiert, da soll den Debat net gefouert ginn, da solle mer d'Prozeduren ofwaarden, da solle mer drop waarden, datt vläicht iergendwann eng Kéier eng Decisioun getraff ass an et ze spéit ass, iergendeen demokratesche Contrôle driwwer ze exercéieren.

Dat fanne mir bedenkenswäert. Mir sollten eis definitiv hei méi intensiv mat grousse Projete beschäftegen. Mir sollten eis d'Fro stellen iwwert d'Landesplanung, doriwwer, wou eis Ekonomie soll higoen. An ech mengen, dat ass en Debat, deen hei am héijen Haus sollt gefouert ginn. Mir sollten net iwwer eenzel Betriber mussen diskutéieren, mä mir sollte kënnen iwwert déi grouss Leitlinnen diskutéieren.

Ech fannen et schued, datt mer e grousse Betrib brauchen, fir och dat nach eng Kéier op d'Tapéit ze bréngen.

Perséinlech muss ech soen, Digitaliséierung ass méi, wéi nëmme Serveren an en Datazenter ze stellen. An ech wëll just eng Kéier, an domadder kommen ech och op en Enn, soen: Aarbechtsplazen entstinn net eleng duerch Serveren an Datazenteren, Aarbechtsplazen entstinn duerch Leit, déi mat deene Ressourcë schaffen. Ob deen Datazenter zu Lëtzebuerg, zu Léck oder soss enzwousch steet, ass u sech fir d'Aarbechtsplazen am grousse Stil egal. Hei geet et ëm eng Dräps op de waarme Steen, wat d'Aarbechtsplazen ugeet, awer ëm en Ozean, wann et ëm Ressourcëverbrauch geet.

Villmools Merci.

**M. Marc Goergen** *(Piraten)*.- Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert.

***Prises de position du Gouvernement***

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, jo, et ass richteg, als Wirtschaftsminister hunn ech eng ganz Rei Kontakter gehat mat Google, fir Google dozou ze kréien, hei zu Lëtzebuerg ze investéieren. Jo, et ass och richteg, dass och de Premierminister Kontakter hat mat Google zu deemselwechten Thema, fir Google hei op Lëtzebuerg ze kréien.

An ech soen lech och, firwat mer der Meenung sinn, dass Google e gudde Projet hei zu Lëtzebuerg wär: Mä well mer eis eng Strategie ginn hunn, déi „Digital Lëtzebuerg" heescht - an ech géif jidderengem roden, sech déi emol eng Kéier unzekucken -, wou et drëm geet, eist Land op déi digital Zukunft ze preparéieren.

Mir wëllen als Lëtzebuerger Land en digitalen Hotspot an der Europäescher Unioun ginn. A jo, Här Baum, och de Projet Rifkin ass en digitale Projet, well de Projet Rifkin nëmmen ze realiséieren ass mat Hëllef vun dem digitale Volet. Soss ass dat alles net méiglech.

An dofir steet dës Regierung natierlech zu deem Projet an natierlech, an d'Madamm Ministesch vun der Ëmwelt wäert nach drop agoen, muss och Google all déi Oplagen erfëllen, déi an esou engem Projet ufalen. Mä d'Madamm Dieschbourg wäert herno nach dorobber agoen.

Et ass esou, dass Google, nodeem mer hinne Lëtzebuerg erkläert hunn an nodeem mer hinnen d'Avantagë vu Lëtzebuerg erkläert hunn, Interesse gewisen huet, fir zu Lëtzebuerg e gréisseren Datenzenter ze bauen.

An et ass och Google selwer, Dir Dammen an Dir Hären, déi sech op hir Bee gestallt hunn an déi Terraine kafe gaange sinn. Et ass net de Stat, deen d'Terraine fir Google kafe gaangen ass, mä et ass Google selwer, déi bei d'Bauere gaange sinn, déi mat de Baueren a mat der Gemeng d'ailleurs ...

A Madamm Hansen, de Buergermeeschter vun där Gemeng, deen ech héich respektéiere fir säin Asaz an deem Dossier, ass en CSV-Buergermeeschter. Ech wëll lech dat vläicht just ...

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Ech hunn och mat deem geschwat, Här Minister.

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- Ech wëll lech dat vläicht just rappeléieren.

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Ech kann lech also berouegen.

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- Wann Der sot, d'CSV wär dergéint, ...

**Mme Octavie Modert** *(CSV)*.- A wat huet dat elo heimat ze dinn?

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- ... da schéngt dat op lokalem Plang net onbedéngt esou de Fall ze sinn.

Mä nach eng Kéier, ...

**Mme Octavie Modert** *(CSV)*.- D'Madamm Hansen huet et awer dräimol gesot.

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Mir wëlle gär Äntwerten.

**Mme Octavie Modert** *(CSV)*.- Der misst eis Positioun awer mëttlerweil héieren hunn.

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- ... de Biissener Buergermeeschter huet mäi gréisste Respekt fir deen Asaz, deen en an deem Dossier huet.

***(Interruption)***

Mä nach eng Kéier, et ass Google, déi déi Terraine kaf hunn. Et ass och Google, déi déi Terraine bezuelt hunn. Och dat wëll ech lech awer hei soen, well et zirkuléiert och dat Gerücht, et wär d'Allgemengheet, déi déi Terraine kaf hätt. Dat ass net de Fall. Et ass Google, déi se kaf hunn.

Elo ass et awer esou, an dat un d'Adress vum Här Sven Clement, als Deputéierte misst een eigentlech och d'Prozeduren e bësse kennen, wéi esou Projete funktionéieren: Mir sinn de Moment ...

***(Brouhaha)***

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn de Moment an enger Prozedur, wou e PAG vun enger Gemeng ëmklasséiert gëtt. An dat ass genee déi Prozedur, an där mer haut sinn. Do ass en éischte Vott geholl gi vum Gemengerot, dee war positiv. Elo hunn d'Bierger d'Méiglechkeet, hir Reklamatiounen eranzeginn. D'Gemeng empfänkt dann all eenzelne Reklamant an héiert sech deem seng Reklamatiounen un.

An dann eréischt kënnt en zweete Vott am Gemengerot an eréischt duerno, Dir Dammen an Dir Hären, wann deen Terrain an deem PAG ëmklasséiert ass, kann e Projet presentéiert ginn, eréischt duerno kann de Maître d'ouvrage e Projet presentéieren op Basis vun deem ëmklasséierten Terrain. Dofir, ob Der et elo gleeft oder net: Mir hu kee Projet Google, well et kee konkrete Projet Google gëtt.

Et gëtt eng Intentioun vu Google, fir hei e Projet ze realiséieren. A jo, et gëtt Kontakter tëschent deene Promoteure fir dee Projet Google an der Verwaltung, well déi sech natierlech preparéieren, fir esou e Projet op de Pabeier ze kréien. Déi wëllen natierlech mat deene verschiddene Verwaltunge schwätzen, fir erauszefannen: Wat sinn dann d'Prozeduren zu Lëtzebuerg? Wat sinn dann d'Oplagen zu Lëtzebuerg? Wat sinn dann och d'Wënsch vun der Regierung, fir dass esou e Projet ka realiséiert ginn?

An do kommen esou Themen op ewéi zum Beispill deen, Madamm Hansen, deen Der genannt hutt: Wéi soll deen Datazenter da gekillt ginn? Iwwer Waasser oder iwwer Loft? Do sinn natierlech Diskussiounen, wou eis Experten hinne soen: Majo mir wären natierlech méi frou, wann Der et géift mat Loft killen ewéi et zum Beispill mat Waasser ze killen.

Mä och mat Loft killen huet erëm eng Kéier aner Implikatiounen. Well do gëtt zwar da kee Waasser verbraucht, mä da gëtt erëm méi Energie verbraucht. Also et ass esou, dass déi Diskussiounen natierlech gefouert ginn, mä dofir läit awer de Projet nach net vir. An Dir musst, ob Der dat elo wëllt oder net, lech e bësse gedëllegen, bis éischtens emol den Terrain ëmklasséiert ass an zweetens da Google e konkrete Projet presentéiert.

Ech muss lech awer allegeurten heibanne soen, dass ech déi Aart a Weis, wéi Google kommunizéiert, jo och e bëssen timide fannen, souguer e bëssen ze vill timide fannen. Well ech mengen, dass se à la base e gudde Projet hunn an dass se gutt géifen drun dinn, de Leit schonn e bësse méi konkret ze soen, wat se sech dann esou virstellen, hei ze maachen. Mä de Moment ass et esou, dass dat net de Fall ass.

An da wëll ech awer och, fir der Madamm Hansen nach kuerz ze äntwerten, an den Här Kox ass scho kuerz drop agaangen, op de Landverbrauch zréckkommen. Ech fannen et awer e bësse polemesch, fir ze soen: Elo baut Dir op 35 Hektar Terrain e Projet Google a mir wéilte jo awer och Geméisproduktioun hei am Land maachen.

***(Interruption)***

Also ech hunn, ech hunn do wierklech ...

***(Brouhaha)***

Ech hunn do wierklech Är Argumentatioun net verstanen. Heescht dat elo, mir solle Google si loossen a mir sollen Zalote planzen? Oder wat wëllt dat heeschen?

***(Brouhaha)***

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Also ech hätt mer gewënscht, Der hätt nogelauschtert, an ech wäert lech dat ...

***(Coups de cloche de la présidence)***

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- Ma neen, mä ech versti just gär, wat d'Madamm Hansen dann domadder gemengt huet.

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Hei, d'Madamm Hansen wëllt lech eng Fro stellen.

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- Majo ganz gären.

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Ech hunn erkläert, datt, oder ech hu gefrot, wivill Prozent vun deene 37 oder 34 Hektar, wivill et der och ëmmer sinn, verbaut géife ginn. An dunn hunn ech gesot: Mengen Informatiounen no sinn dat 50 %. Da bleiwe jo nach 16, 18, ech weess net wivill Hektar iwwreg, déi net verbaut ginn. An da soll ee probéieren, déi 16, 18 oder wivill Hektar et och sinn, sënnvoll ze notzen.

An do kéint een eventuell kucken, fir Zären opzeriichten, fir déi Hëtzt ze notzen, fir dann do Geméis ze produzéieren oder Mikro Farming ze maachen. Do brauch een nëmme kleng Parzellen. Dat gëtt u sech och ënnerstëtzt, mengen ech, vun Ärer Regierung. Do kéinte mer dat als Méiglechkeet deene jonken Entrepreneur-maraîcheren zum Beispill ginn, datt déi u Fläch kéimen, fir datt mer eis Produktioun zum Beispill um Geméis kéinte lancéieren.

Ech hunn net gesot, Dir sollt Google fortloossen an do Geméis maachen. A wann Der mer nogelauschtert hutt, ech hu gesot: Déi net bebaute Fläch, wéi kënne mer déi sënnvoll notzen?

**Une voix**.- D'Hëtzt.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- D'Fläch och. D'Fläch och.

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- Ech wëll lech just soen, ech huelen dat do dann esou un, wéi Der dat sot. Ech wëll lech awer soen, a mengem fréiere Liewen als Energieminister a Wirtschaftsminister hat ech ganz oft mat de Geméisbauere Reuniounen iwwer esou Projeten, fir Zären ze baue fir d'Geméisproduktioun. A wësst Der, u wat se all Kéier gescheitert sinn?

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Keen Terrain?

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- Neen, net un den Terrainen, mä um schlechte Wieder an um Fait, dass een et hätt ...

***(Interruption)***

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Zären!

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- An um Fait, dass een d'Zären hätt missen hëtzen an dass d'Energieconsommatioun ...

***(Brouhaha)***

... an dass d'Energieconsommatioun, fir déi Zären ze hëtzen, dozou gefouert hätt, dass se ni wirtschaftlech produzéieren hätte kënnen. Ech mengen net, dass dat elo ännert, ...

***(Interruption)***

Ech mengen net, dass dat elo onbedéngt ännert an deem heite Projet.

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Ech huelen dat elo emol zur Kenntnis, datt Der sot, d'Geméisproduktioun kéint net ...

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Ganz Holland steet voller Zären.

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- Madamm Hansen, Dir musst dat elo net esou soen, wéi wann ech eppes géint d'Geméisbaueren hätt. Ech soen lech just, dass d'Realitéit ...

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Dir sot, se kéinten net rentabel sinn hei.

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- Ech soen lech just, dass d'Realitéit déi ass, dass ech e puermol probéiert hunn, hinnen ze hëllefen, fir esou e Projet ze realiséieren, ...

***(Interruption)***

... dass mer et souguer probéiert hunn, et ze rechne mat der Ofwäermt vun Twinerg respektiv mat der Ofwäermt vun der Arcelor zu Belval. An alles dat, trotz dem Notze vun der Ofwäermt, wär wirtschaftlech net haltbar gewiescht. An dofir hunn déi Promoteuren, déi dat do wollte maachen, de Projet dunn net wëlle realiséieren. Et ass awer net esou, dass d'Regierung géint den Ubau vu Geméis hei am Land wär. De Contraire, mengen ech, ass de Fall. Ech wëll dat just hei gesot hunn.

Mä wa mer scho vun Terrainsverbrauch schwätzen, wëll ech lech awer och drun erënneren, Madamm Hansen, an ech mengen, nodeem Der elo fënnef Joer an der Oppositioun sidd, ass et scho bal onfair, fir nach eng Kéier drop zréckzekommen, dass Der eng Kéier an der Regierung waart, mä Dir waart awer an der Regierung. An an där Regierung, an där ech dann och d'Chance hat, ze sinn, huet en deemolege Minister Wiseler e Plan sectoriel « Zones d'activités économiques » matpresentéiert, deen ëm déi 600 Hektar Landverbrauch virgesinn hat. Mat mengem Soutien, wëll ech lech just soen. Mat mengem Soutien, wëll ech lech ...

***(Interruption)***

Loosst mech ausschwätzen, duerno kënnt Der jo gär reagéieren! Mä ech hunn dat eng gutt Saach fonnt. Mä dat ware 600 Hektar, déi mat CSV-Majoritéit hei sollte gestëmmt ginn, fir Betriber, fir nei Industrien, déi also e Landverbrauch vu 600 Hektar gehat hätten, déi en Energieverbrauch fir 600 Hektar Entreprisë gehat hätten an déi e Waasserverbrauch fir 600 Hektar gehat hätten.

Hei hu mer ganz richteg schonn zréckgeschrauft gehat als Regierung, a wéi den Här Kox richteg gesot huet, hu mer no deem Zréckschrauwen och nach eng Kéier déi 35 Hektar, déi hei virgesi gi fir Google, erausgeholl aus deem Plan sectoriel, soudass nëmme méi 477 Hektar iwwreg bliwwe sinn, well mer eis och gesot hunn: Wann dann elo, par impossible, aus deem Projet Google näischt gëtt, da maache mer eben eng aner Zone d'activités économiques dohinner. Mä in globo an an der Zomm verbaut dës Regierung bedeitend manner Hektar Land fir Industrien a Betriber, wéi dat an enger Regierung mat der CSV vun CSV-Ministere virgeschloe gouf. Dofir fannen ech et net ganz korrekt, wann elo ...

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Här Minister, erlaabt Der, datt d'Madamm Hansen lech nach eng Fro stellt?

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- Ech erlaben der Madamm Hansen alles.

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech hunn näämlech net ganz gären, wann ee mer d'Wierder am Mond verdréit. Also ech hunn hei op dëser Plaz net gesot, datt mer keng Zone-d'activitéë bräichten. Ech hu souguer nach hannen, ech hunn e bësse gekierzt, gesot, datt ech frou wär, wann déi kleng Betriber och den Tapis ausgerullt kriten, fir déi Plazen och ze kréien. Ech hu just gesot, wa mer elo hei eng Zon maache mat 35 Hektar a mir bebauen déi nëmmen zur Halschent, datt ee soll kucken, fir déi aner Halschent sënnvoll ze notzen.

Merci.

**M. Laurent Mosar** *(CSV)*.- Très bien !

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- Madamm Hansen, an ech hunn och net ganz gär, wann Der mir d'Wierder am Mond verdréit. Ech wëll lech just nach eng Kéier soen: Google huet déi Terrainen net vum Stat kritt, Google ass bei d'Bauere gaangen an huet hinne se ofkaaft. Si hunn dat esou gutt gemaach, wéi dat all anerem Betrib och fräisteet, fir Terrainen ze kafen, wa se déi Terrainen da fannen. De Problem ass jo an deenen dote Geschichten ëmmer de Präis vun den Terrainen. Also ass et net esou, dass mir deenen engen eng Faveur gemaach hätten an deenen aneren net. Google huet de Präis bezuelt, deen d'Bauere wollten, fir déi doten Terrainen ze kréien.

Ech wëll awer nach eng Kéier zréckkommen op all déi Kritiker vis-à-vis vu Google als Projet en tant que tel. Ech mengen, mir si jo spéitstens zënter Rifkin an enger Diskussioun an an der Lescht ëmmer méi, wann ech dee Mouvement vun de Schüler kucken, dass mer eis Welt wëlle verbesseren, dass mer méi ökologesch wëlle sinn, dass mer méi nohalteg wëlle sinn. An eng Rei vun deene Proposen an Iddien, fir dat kënnen ze maachen, baséieren op der Rifkin-Studie, déi op der Digitaliséierung vun eiser Ekonomie baséiert.

Dat heescht, mir ginn ëmmer méi an eng digitaliséiert Ekonomie, fir manner Ressourcen ze verbrauchen an Zukunft, fir manner Trafic ze fabrizéieren. A genee dofir brauche mer eng digital Welt. Fir dat hinzekréien, brauche mer eng digital Ekonomie. Dowéinst hu mer Projete wéi den High Performance Computer lancéiert. Dofir hu mer Projete wéi Industrie ...

***(Signal sonore d'un portable et interruption)***

Den Här Engelen mécht e bësse Musek.

***(Hilarité et Brouhaha)***

Et ass rar ...

***(Hilarité)***

**Une voix**.- Dat ass digital.

**Une autre voix**.- Net Engel, mä Engelen!

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- Engelen, jo.

***(Brouhaha)***

**M. André Bauler** *(DP)*.- Setzt lech einfach drop!

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- Et ass rar, dass meng Riede mat Musek ënnermoolt ginn, mä et mécht se vläicht dann ...

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Här Minister, loosst lech net stéieren duerch d'Musek!

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie*.- Et mécht se vläicht nach méi zougänglech. Wat ech wëll soen, ass, wa mer vun enger digitaler Welt schwätzen, déi mer wëllen, well mer d'Avantagë fir eis Ëmwelt gesinn, da musse mer och déi Infrastrukture baue fir déi digital Welt. Wa mer eng Industrie 4.0 wëllen, musse mer d'Infrastrukture bauen.

Wa mer en HPC wëllen, musse mer déi Infrastruktur bauen. Wa mer „driverless driving" kombinéiert mat Elektromobilitéit wëllen, da brauche mer d'Infrastruktur, fir dohinnerzekommen. Wa mer eHealth-Projete wëllen, wa mer den elektronesche Patientendossier wëllen, da brauche mer déi Digitaliséierung vun der Ekonomie. Wa mer d'sozial Medie wëllen zouloossen an de Leit den Accès wëllen ëmmer erëm nach verbesseren, da brauche mer eng digitaliséiert Welt. An alles dat geet nëmmen iwwer Datenzentren.

Ech hat de Moien d'Chance, op där Konferenz ze sinn, déi vun der Grande-Duchesse organiséiert gëtt, déi elo bei Wäitem näischt mat deem heite Sujet ze dinn huet, wou de Sujet „Stand Speak Rise Up!" ass. Do huet den Nobelpräisträger, de Professer Yunus geschwat. An en huet een Zitat gesot, net an deem heite Kontext, mä et passt ganz gutt. An dat Zitat war dat, dass e sot: „Wann ee sech nei Ziler gëtt, da muss een och nei Stroosse bauen, fir dohinnerzekommen. Wann een ëmmer iwwert déiselwecht Stroosse fiert, da kënnt een och ëmmer op därselwechter Plaz un."

An hei ass genee dat. Wa mer eng nohalteg Ekonomie wëllen hunn, wa mer eng besser Ëmwelt wëllen hunn, wa mer e bessert Zesummeliewe wëllen hunn, da brauche mer eng digital Welt. Dat ass de Wee fir dohin. An da musse mer déi Strooss dohin och bauen. An déi Strooss dohin ass an deem heite Fall en Datenzenter, dee wéinst menger vu Google oder soss engem anere gebaut gëtt.

D'Zukunft, Dir Dammen an Dir Hären, gehéiert net deenen, déi zréck an d'19. Jorhonnert wëllen. D'Zukunft gehéiert den Ingenieuren, de Fuerscher, all deenen, déi d'Liewe wëlle verbesseren a vereinfachen.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix**.- Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Wirtschaftsminister.

**Mme Octavie Modert** *(CSV)*.- Wéi maachen dann déi Länner dat, déi kee Google Datazenter hunn, fir sech ze digitaliséieren?

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wann ech Iech richteg verstanen hunn, wëllt och nach d'Ëmweltministesch kuerz Stellung huelen. Madamm Ëmweltministesch Carole Dieschbourg, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, erlaabt mer ganz kuerz, well ech mengen, dat ass awer ganz wichteg, all eisen Deputéierten nach eng Kéier de prozedurale Volet hei nozeleeën!

Wou si mer prozedural drun? Mir si bei der Modification ponctuelle, déi och eng strategesch Ëmweltprüfung huet, wou ech zesumme mat menge Servicer dann och eis Analys am Laf vum Abrëll public maache wäert. An eréischt dann, wann eng Ëmklasséierung stattfonnt huet, komme mer zu deem Moment, wou op där enger Säit d'PAP-Prozedur kënnt an awer och d'Ëmweltimpaktetüd kënnt. Dat ass dee Moment, wou mer iwwerhaapt eréischt e konkrete Projet vun der Firma kréien.

Dofir wëll ech och soen, dass d'Motioun vun der ADR a sech ... Mir kréien eng Ëmweltimpaktetüd, dat ass an eise Prozedure virgesinn. Dofir ass déi Motioun an där Hisiicht och superfetatoire. An et ass genau dee Moment, wou mer da wäerten all d'Donnéeën um Dësch hunn, wou mer och wäerte kënnen iwwerhaapt emol iwwert d'Technologië schwätzen, wou mer eis kënnen e geneet Bild maachen. Dee Moment stellt déi Firma d'Auswierkungen op d'Ëmwelt am Beräich Kaméidi, Loft, awer eben och Verbrauch vu Waasser a Stroum iwwerhaapt eréischt duer.

An domm ass dee Moment, wou mer dat aviséieren a wou natierlech voll Transparenz herrscht, well zu all Zäit an deene Prozeduren ëmmer och d'Bierger befrot ginn. An dofir soen ech nach eng Kéier ganz kloer, zu all Moment, an all eenzel Etapp gesinn eis Gesetzer jo vir, dass d'Bierger hir Meenung, wéi se et elo och gemaach hu bei der Ëmklasséierung, kënne soen. Dat ass e wichtege Message, dass d'Bierger agebonne ginn.

An deen zweete ganz wichtege Message, deen och den Här Engel gesot huet: De Betrib gëtt a sengen Autorisatioune behandelt wéi en aneren. A mir kucken dat genee mat därselwechter Rigueur, well Dir hutt recht an der Saach, dass de Waasserverbrauch an de Stroumverbrauch fundamental wichteg Froe sinn. Ech mengen, dat bestreit hei guer kee Mënsch.

An ech erwaarde mer vun engem Akteur wéi Google, dee weltwäit mat engem gréngen Image Werbung mécht, deen en Deel vun de Renewables 100 ass, deen, wéi Virriedner gesot hunn, sech och haut scho mat gréngem Stroum approvisionéiert, dass deen dat bescht aus deem Projet mécht, well mer hei zu Lëtzebuerg ebe grad déi Contrainten hunn, déi mir hunn. A mir si prett.

An da ginn ech op der Madamm Hansen hir Fro an. Ma natierlech si mer prett. Esou wéi mer haut jo scho bei de Kompenséierungen, dat wéinst der Motioun vun der CSV, zum Beispill um Nojemer Haff innovativ a mat der Landwirtschaft schaffen. Mir hu scho konkret Beispiller. An natierlech si mer prett. Dës Regierung huet e Projet lancéiert, deen heescht „urban farming", mat allen Akteuren.

A wa mer da kënnen d'Hëtzt notzen, wa mer da kënne Synergien agoen, do schwätzt näischt dergéint. Mir huelen dat mat. De Wirtschaftsminister sot dat jo schonn. Mä déi fundamental Froen, dass déi Killung natierlech net mat Drénkwaasser ka gemaach ginn, dass mer déi modernsten Technologië benotze mussen, déi gi mir zesummen un. An ech denken, dass een Akteur wéi Google all Interêt huet, hei zu Lëtzebuerg déi beschtméiglech Technologien unzewenden. An dee Wee, dee wëlle mir mat deenen eenzelnen Akteuren, awer zu gegebener Zäit an an deene Prozedure goen. An da bewäerte mer dee Projet. Net elo, mä dann, wa mer all d'Donnéeën hunn. A mir gräifen och kengem vir, well mir sinn an engem Rechtsstat.

Villmools Merci.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Ëmweltministesch. Da kéime mer zur Diskussioun vun de Motiounen. Jo, Madamm Hansen, wann ech gelift.

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Merci, Här President. Also ech hu ganz vill Froe gestallt. An ech hunn, gëff ech mengen, bal keng beäntwert kritt. Ech soen awer emol dem Här Schneider Merci, well en huet gesot, d'Zukunft géif den Ingenieure gehéieren. Dann hunn ech jo emol eng gutt Grondviraussetzung.

Sou, da kommen ech awer nach eng Kéier bei meng Froen. An ech mengen, mir hunn den Energieminister hei ...

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- De Juristen och. De Juristen och!

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Dat hat den Här Schneider net gesot. Mir hunn den Energieminister hei. Ech hu ganz kloer gefrot: ...

***(Brouhaha)***

**Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV)*.- Da lauschtert emol!

**Une voix**.- Roueg!

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Wivill Energie gëtt gebraucht? Kënne mer mat där Energie, déi gebraucht gëtt, den Energieeffizienzplang, déi Ziler, déi mer eis gesat hunn, erreechen? Wann neen, musse mer da Strof bezuelen? Kënne mer eis Ziler vun der erneierbarer Energie erreechen? Wann neen, wat geschitt dann? A wa jo, ënner wéi enge Konditiounen? Kënne mer mat deem zousätzleche Stroumbedarf aus dem Atomstroum erausklammen?

An dann awer nach eng Fro: Wat sinn d'Konditioune vum Stroumpräis? Well ebe gesot gëtt, d'Haaptargument wär de bëllege Stroum, fir datt d'Firma kéint heihinnerkommen. Wat sinn also do d'Konditiounen? A wat sot Dir zu dem Mouvement senger Ausso, dat hei wär een neien Tanktourismus, et wier elo just ee Stroumtourismus?

Da kommen ech awer bei d'Ëmweltministesch. De Waasserverbrauch: Den Här Minister Schneider hat gesot, et géif vill Waasser gebraucht ginn, dofir wär de Site Biissen zréckbehale ginn. Also denken ech, datt eben da schonn definéiert ginn ass, wivill Waasser datt gebraucht gëtt. Wivill ass dat also?

A wou kann een et hierhuelen, wann et keen Drénkwaasser ass? Souwäit wéi ech weess, läit awer d'SEBES-Leitung dorobber an dat ass eng Drénkwaasserleitung. Da weess ech net, aus wéi enger Leitung et soss soll kommen. A wann et aus der Uelzecht kënnt, ënner wéi enge Konditiounen?

Merci.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Regierung huet d'Wuert.

**M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie*.- Also ech wëll einfach nach eng Kéier widderhuelen, wat de Wirtschaftsminister gesot huet a wat d'Ëmweltministesch gesot huet. Wivill Stroum genee bei Google verbraucht gëtt, wivill Waasser bei Google konkret gebraucht gëtt, wësse mer eréischt, wa Google e Kommodosdossier areecht. An ech fannen et ganz erstaunlech, dass hei Leit, déi och schonn emol an enger Regierung waren, maachen, wéi wa mir keng Prozeduren hei an deem Land hätten.

Den Detail, wéi grouss deen Datenzenter gëtt, wivill Waasser verbraucht gëtt, iwwer wéi eng Technik a wéi gekillt gëtt, wivill Stroum, alles dat wësse mer, an dat wësst Dir vun der CSV, an ech hoffen och déi, déi méi net derbäi sinn, dee Moment, wann de Kommodosdossier agereecht gëtt. An Dir wësst, an dat fannen ech och esou eppes vun onéierlech, Madamm Hansen, dach ganz genee, dass den ...

***(Brouhaha)***

Dir wësst ganz genee, dass de Kommodosdossier nach net do ass an dass de Kommodosdossier eventuell eréischt a sechs Méint oder an néng Méint kënnt. An dann, wann de Kommodosdossier do ass, da gëtt et eng Prozedur, déi Prozedur ass public, an dee Moment kënne mer all déi Äntwerte ginn.

An ech mengen, bis dohinner maache mir eis natierlech eis Gedanken: Wou soll dee Stroum hierkommen? D'Madamm Dieschbourg huet erwäänt, Google ass e Member vun enger Allianz, déi heescht Renewables 100. Dat sinn 100 weltwäit Firmaen, déi sech engagéiert hunn, all hire Stroumverbrauch aus 100 % erneierbaren Energien ze decken. Also gi mer och dovun aus, dass mer am Projet Google mat hinnen eens ginn, dass se all hire Stroum aus erneierbare Quelle maachen.

An déi zweet Saach, déi Der ugefrot hutt, Madamm Hansen, d'Notzung vun der Ofwäermt, do si mer amgaangen ze kucken. Mir hunn um Rouscht schonn e Wärmenetz, wat vun der LuxEnergie bedriwwe gëtt. An natierlech si mer amgaangen, mat deenen ze schwätzen: Wéi grouss ass dat Wärmenetz haut? Kann dat ausgebaut ginn? Kann een do eventuell déi Ofwäermt vu Google notzen?

Mä och ech als Energieminister soe wéi den Här Schneider, wéi d'Madamm Dieschbourg: Mir hu keen Dossier vu Google. A mir kréien all d'Detailer eréischt dee Moment, wou si hiren offizielle Kommodosdossier areechen. An ech hoffen, dass mer elo éierlech sinn. An ech mengen, Dir kënnt eis jo net ënnerstellen, dass mir Informatiounen hunn, déi nëmmen an engem Dossier kënne sinn, deen eréischt an néng Méint, an engem Joer oder esou agereecht gëtt.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Gibéryen huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech muss hei soen, datt ech aus dem Staunen net méi erauskommen.

**Une voix**.- Et héiert een en hei net.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Aus dem Staunen net méi erauskommen. Engersäits kënnt d'Regierung heihinner a si seet, et wier nach kee Projet do, et misste Kommodosprozeduren, Ëmweltetüden ofgewaart ginn, a gläichzäiteg huet de Minister sech virun zéng Minutten hei um Riednerpult scho fir de Projet ausgeschwat. D'Deputéiert vun de Majoritéitsparteien hu sech fir de Projet ausgeschwat.

Wéi kann ee sech dann, wa kee Projet do ass, wa keng Etüden do sinn, wa keng Kommodosprozeduren do sinn, wann een also näischt weess, esou wéi et hei kléngt, scho fir e Projet ausschwätzen? Hei ass sech ...

***(Brouhaha)***

Dach! Ma sécher, den Här Hahn huet sech derfir ausgeschwat, den Här Engel an de Minister huet sech virdrun hei fir de Projet Google ausgeschwat. En huet geschwat vun der Strooss, op där mer fueren. Erënnert Iech emol, wat en elo grad hei gesot huet. An elo op eemol weess kee Mënsch eppes, mä et gëtt sech awer fir de Projet ausgeschwat.

Hei, mengen ech, ass eppes amgaangen, hei ass d'Regierung amgaangen, fir wierklech d'Ëffentlechkeet hei ... Ech soen elo d'Wuert net, Dir wësst alleguer, wat ech mengen.

***(Interruption)***

Dat ass keng Ënnerstellung, dat ass eng Realitéit. Soss géift Der hei Fuerf bekennen. An Dir géift net hei kommen, Dir géift och nach d'Oppositioun hei kritiséieren, well mir Froe stellen, an dorobber äntwerten: Ma et ass näischt ze äntwerten, well et ass momentan nach näischt do. A gläichzäiteg triet Der hei op a sot: Dee Projet Google do, deen ënnerstëtze mer. An Dir wësst net, wat hannen erauskënnt. Entweder ass et esou oder Dir belitt eis, ganz kloer geschwat, well esou kann een net mat engem Parlament a mat der Ëffentlechkeet fueren, fir dat eent an dat anert ze soen.

Duerfir hu mer och déi Motioun hei erabruecht, wou mer soen: Maacht eng Impaktstudie! An do schwätze mer net vun der Ëmweltetüd. Hei schwätze mer vun enger globaler Impaktstudie, wou mir alles, och wat d'Mobilitéit, wat de Logement, wat d'Steieren, wat d'Infrastrukture fir de Stat betrëfft, gären hei op den Dësch geluecht hätten.

An dat war och iwwregens vum Minister viru fënnef Joer hei an der Chamber, wéi mer déi Interpellatioun haten, ugekënnegt ginn, datt bei grousse Projete géifen déi global Impaktstudie gemaach ginn. A wa mer se bei esou engem Projet wéi deem heiten net maachen, majo da brauche mer se néierens méi ze maachen. An da wier d'Transparenz do. An da braucht Der Iech net ze wonneren, datt ee wéi de Mouvement écologique ... Wat sot Der dann zu deenen hiren Ausserungen?

Ech hunn héieren, wéi de Mouvement écologique säi Jubiläum d'lescht Joer gefeiert huet, du souzen nach déi gréng vir an der éischter Rei. Si hu sech an d'Hänn geklappt, si hu sech ëmäermelt an zerkësst, an elo op eemol hei, elo no de Wahlen huet de Mouvement écologique anscheinend onrecht.

**Une voix**.- Dat ass onwouer.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Neen, ma Dir kësst Iech nach ëmmer gären, jo. Mä da musst Der awer ...

***(Hilarité)***

Da musst Der awer och higoen a soen: Hei, déi soe just de Contraire vun deem, wat déi gréng, ...

***(Interruptions)***

... wat déi gréng haut an der Regierung maache mat hire Koalitiounspartner zesummen. Sidd dach emol fair a sot hei de Leit, ëm wat datt et geet!

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Très bien !

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Madamm Hansen hat nach d'Wuert gefrot.

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Merci, Här President. Also ech wëll nach eng Kéier ...

**Mme Josée Lorsché** *(déi gréng)*.- Den Här Wiseler misst déi Prozeduren nach kennen.

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Här Lorsché! Madamm Lorsché, Pardon.

***(Hilarité)***

Ech wëll just nach eng Kéier rappeléieren, datt den Här Minister Schneider gesot huet, d'Firma wier interesséiert, hei op Biissen ze kommen, ënner anerem wéinst dem Stroumpräis an och wéinst der Killung, datt dat hei kéint geregelt ginn, datt zu Biissen u sech de Site dat géif hierginn. Also misst jo eng Preetüd do sinn. Wann déi Preetüd do ass, denken ech, datt ee vun der Preetüd aus kéint déi Froe beäntwerten, déi mer gestallt hunn.

A fir dat anert, mengen ech, brauche mer awer keng Etüd, wou ech nach ëmmer keng Äntwert kritt hunn. Dat heescht, nach eng Kéier un den Här Energieminister: Wat ass de Stroumpräis? Wat sinn d'Konditiounen, déi dës Firma kritt bei deem Verbrauch?

An dat ass awer och: Wat sot Der wierklech dann zu deem Virworf vum Stroumtourismus? An dann awer och nach eng Kéier un d'Madamm Ëmweltministesch, déi gesot huet: Et gëtt keen Drénkwaasser gebraucht, fir ze killen. Wa keen Drénkwaasser gebraucht gëtt ... Ech hu gesot, mengen Informatiounen no kënnt eng Leitung vun der SEBES dohinner an do ass Drénkwaasser dran.

**Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*.- Si ass schonn do.

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Majo do ass awer Drénkwaasser dran. Ech kann awer elo net soen, wann ech dat dann op eemol huelen, ass et keen Drénkwaasser méi.

***(Interruption par Mme la Ministre Carole Dieschbourg)***

A wann ech et aus der Uelzecht huelen, da wëll ech einfach just gäre wëssen, ënner wéi enge Konditiounen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Wirtschaftsminister Étienne Schneider.

**M. Étienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Jo, Merci, Här President. Fir d'Allereischt wëll ech mech awer hei formell wiere géint d'Ënnerstellung vum Här Gibéryen, dass mir hei géifen d'Leit beléien. Mir beléien d'Leit net. A wann ech soen, ech si fir dee Projet, dann huet dat näischt domadder ze dinn, dass ech den Dossier doleien hunn oder dass ee vun de Kolleegen de fäerdegen Dossier doleien huet, dee se Iech elo net wëlle weisen, dann huet dat eppes mat der Wirtschaftsstrategie ze dinn, déi dëst Land, déi dës Regierung sech ginn huet.

A mir hunn eng Diversifikatiounsstrategie, iwwert déi mer schonn oft geschwat hunn, souwuel hei am Plenum wéi och an der Wirtschaftskommissioun, wou mer gesot hunn, dass eben „Digital Lëtzebuerg" eng vun eise Strategien ass, fir eis Ekonomie ze diversifizéieren. An e Projet Google passt zu 100 % an déi doten Digitaliséierungstrategie vun der Regierung. Dat heescht awer net, dass dee Projet elo blannemännches hei ugeholl gëtt, ouni iergendwellech Konditioune mussen ze erfëllen.

An nach eng Kéier, an ech mengen, Dir, Här Gibéryen, misst dat jo awer wëssen, Dir waart laang Zäit Buergermeeschter: Vun der Prozedur hier muss een eent nom anere maachen. An dat Éischt ass elo amgaangen an der Gemeng Biissen, déi dee PAG elo änneren, fir dass déi Terrainen iwwerhaapt kënne bebaut gi mat engem Projet.

An eréischt wann dat gemaach ass, an ech hoffe jo, dass dat vun den Delaien opgeet, dass mer dat iergendwann am Abrëll hikréien, gëtt de Maître d'ouvrage, an deem heite Fall Google, e Projet eran, nodeem se sech informéiert hunn, wat alles geet a wat net geet. A wa mer dee Projet hunn, dann ass e Projet do. Mä fir de Moment ass keen do. Dir kënnt eis nach honnertmol ënnerstellen, mir hätten een. Mir hu keen.

Dat just dozou gesot. Dofir wär ech Iech ganz dankbar, wann Der net géift esou Behaaptungen an d'Welt setzen, mir wéilten hei d'Land fir domm verkafen.

Dann zu deene Froe vun der Madamm Hansen. Dee Site Biissen, deen ass a Fro komm, nodeem mer mat Google geschwat hunn. Nodeem Google eis gesot huet, dass Lëtzebuerg fir si kéint en interessante Standuert sinn, ass gekuckt ginn: Mä wou krite mer déi dann hin? Wou géifen déi dann hipassen?

An do gëtt et Kritären, déi ee muss kucken. Deen een ass, an dat ass eigentlech deen Haaptkritär gewiescht: Wou hu mer d'Infrastrukturen oder d'Méiglechkeet, d'Infrastrukturen hierzestelle fir d'Energieversuergung vun esou engem Datenzenter? An do si mer just op dee Site vu Creos komm, deen zu Biissen ass. Wa Creos elo enzwousch anescht gewiescht wär, da wär et wahrscheinlech dee Site. Mä et ass duerch d'Präsenz vu Creos op deem dote Site, dass dee fir Google interessant ginn ass.

An dunn hu mer jo e bësse méi wäit iwwerluecht, well mer eis gesot hunn: Ma elo hu mer Creos, dat heescht, dee Site zu Biissen wär interessant wéinst der Energie. Dunn hu mer gesot: Mä dee kéint och interessant si wéinst der Killung, well déi Google-Datenzentre bis elo mat Waasser gekillt ginn a well mer zu Biissen eng Juggurtsfabrik hunn, déi Luxlait heescht an déi Ofwaasser huet, a mer gesot hunn: Ma da géif et jo Sënn maachen, mir géifen dat …

**Une voix**.- Kommt, mer schwätzen net och nach iwwer Méllech!

***(Brouhaha)***

**M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie.*- … mir géifen dat Ofwaasser nëtzen, fir dee Google-Datenzenter ze killen. A wann Der Iech gutt erënnert, war am Ufank een anere Site zu Biissen virgesi fir dee Google-Datenzenter. An dat war dee Site, dee méi no u Luxlait drulouch, ebe just well mer gesot hunn: Ma mir hu Creos a mir hu Luxlait, da kommt, mir bauen dat do dohin, dann hu mer zwou Mécke mat engem Schlag! Mir hunn d'Infrastruktur fir d'Energie a mir hunn d'Ofwaasser vun der Luxlait, dat mer benotzen, fir deen Datenzenter dann och nach kënnen ze killen.

Dunn ass et awer esou komm, wéi et eben huet misse kommen, dunn huet de Proprietär vun deem Haaptterrain, deen do gebraucht ginn ass, sech queeschgestallt. Dee wollt deen Terrain net verkafen, wat säi gutt Recht ass an engem fräie Land. An dunn ass awer gesot ginn: Jo da musse mer kucken, wou mer en aneren Terrain fannen. An do ass eben deen um Bousbierg zréckbehale ginn, dee mer elo hunn. Voilà!

An dann zu där leschter Fro, déi Der gestallt hutt, wat d'Energiepräisser ugeet. Éischtens ass et emol esou, Google keeft d'Energie do, wou se wëllt. Déi mécht dat esou, wéi Dir och alleguerten. Dir kënnt bei dee Fournisseur goen, deen Der wëllt. Et ass also net d'Fro, ob mir hinnen iergendee Präis ausgehandelt hunn, well dat ass hir Saach hernو mat hirem Fournisseur, si mussen deen aushandelen.

Dat, wat fir Google spillt, an dat ass richteg, ass, dass d'Taxatioun vun der Energie zu Lëtzebuerg interessant fir si ass, well se méi niddreg ass fir deen dote Beräich wéi a villen anere Länner, ënner anerem doduerch, dass ech viru Joren als Energieminister d'Datenzentre klasséiert hu wéi grouss Industriebetriber, aus deem einfache Grond, well se domadder bei dem Fonds de compensation an d'Kategorie C fale vun der Schwéierindustrie an domadder déi Zoulag, déi se musse bezuelen, mat där mer den Ausbau vun den erneierbaren Energien hei zu Lëtzebuerg finanzéieren, esou wéi a villen anere Länner am niddregsten ass.

Dat hu mir deemools agefouert ënner enger CSV/LSAP-Koalitioun, fir ebe just derfir ze suergen, dass mer eis Schwéierindustrie, an deemools war et haaptsächlech ArcelorMittal mat hirer Elektrofilière, net aus dem Land verdreiwen. An dofir hu mer déi Kategorie C deemools agefouert.

Dat, wat mer dunn doropshin nach gemaach hunn, well mer gesinn hunn, mir kommen ëmmer méi an eng digital Ära, mir brauchen Datenzentren zu Lëtzebuerg, war ze soen: Ma Datenzentre ginn och an déi Kategorie C klasséiert. An et ass dee Punkt, wou de Stat natierlech eng Roll spillt an deem Sënn, dass déi Betriber wëssen, dass Google weess, dass se an deem heite Fall an déi Kategorie C ka falen an doduerjer minimaalst taxéiert gëtt, esou wéi dat och fir ArcelorMittal, fir Goodyear a fir aner Industriebetriber hei zu Lëtzebuerg de Fall ass. Voilà!

Et ass elo guer keng speziell Faveur, déi mer Google maachen. Et ass einfach geltend Recht, dat mer d'ailleurs ëmgesat hunn an enger CSV/LSAP-Koalitioun.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Dann ass et un der Ëmweltministesch, der Madamm Carole Dieschbourg.

**Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.*- Bon, de Wirtschaftsminister huet elo just schonn déi maassgeblech Punkten ugeschwat, firwat mer dee Standuert (veuillez lire: gewielt hunn), dat war wierklech net als Alleréischt d'Waasser, mä de Stroum. An du gouf och gekuckt, ob keng rar Biotopen oder europäesch geschützte Biotopen do sinn, déi ee Projet vun Ufank un onméiglech gemaach hätten. An dann dat Drëtt war eigentlech eréischt dee Projet Waasser.

Ech wëll Iech awer trotzdeem soen: Et ass jo net contradictoire, dass eng SEBES-Leitung do ass, well iwwerall wou Leit schaffen, muss och Drénkwaasser sinn. Awer dat ass fir d'Leit, déi do schaffen. Mä kommt, mer verwiesselen dat awer net mat enger Killung, …

***(Interruption)***

… wou mer déi neisten Technologie brauchen ...

Ech erklären dat just.

… wou mer déi neisten Technologie brauchen an erwaarden an och versichen, op dee Wee do mat hinzegoen. An dat kann op där enger Säit sinn, dass ee Waasser aus enger Uelzecht géif huelen. Mä dat ass à ce stade net kloer, well et och aner Technologien haut gëtt, déi vill méi innovativ sinn. A mir hoffen natierlech, dass mer dat Allerinnovatiivst an natierlech dat Ressourcëschounendst kënne maachen. Mä dat gesi mer dann, wa mer déi nächst Etappe vun dësem Projet hunn.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools.

***Motions***

Da kënne mer zur Ofstëmmung vun deenen zwou Motioune kommen. Fir d'Éischt d'Motioun Nummer 1 vun der CSV.

***Motion 1***

Ass nach een, deen eppes zu där Motioun wëllt soen?

***(Négation)***

**Plusieurs voix**.- Et ass alles gesot.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Ass de Vote électronique gefrot?

***(Assentiment)***

***Vote sur la motion 1***

De Vote électronique fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss. Dës Motioun ass mat 28 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 29 voix pour et 31 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. Roberto Traversini), Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue (par M. François Benoy) et Roberto Traversini.*

Da kënne mer zur Motioun Nummer 2 kommen, déi vun der ADR deposéiert ginn ass.

***Motion 2***

Ass nach een, deen eppes zu där Motioun wëllt soen?

***(Assentiment)***

Den Här Baum, wannechgelift.

**M. Marc Baum** *(déi Lénk)*.- Jo, Merci, Här President. Et kënnt ganz seele vir, datt mir ADR-Motiounen inhaltlech matdroen. Dës Kéier kënne mer dat maachen, well et eng Motioun ass, déi nach viru sechs, siwe Joer vun deene Grénge hätt kënne kommen. Dës Kéier kënnt se vun der ADR. Duerfir ënnerstëtze mer se.

Et ass eng gutt Motioun. An esou wéi den Här Gibéryen et duergestallt huet, wat mat der Impaktetüd gemengt ass, menge mir, datt dat och fir all gréissere Projet néideg ass. Mir ënnerstëtzen dës Motioun.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Ech ginn dovun aus, datt de Vote électronique gefrot ass? Den Här Wolter wollt nach eppes soen.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Ech wollt nach d'Wuert zu der Motioun vun der ADR kréien, wann dat géif goen.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Jo, selbstverständlech, Här Wolter.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Merci, Här President. Wann ech mer déi Debatt vun de Mëtteg duerch de Kapp goe loossen, da fale mer e puer Saachen op.

Déi éischt ass déi, dass et schued ass, dass probéiert gëtt, d'parlamentaresch Aarbecht vun der Oppositioun dohinnerzestellen, wéi wann déi net gutt gemaach géif ginn. An dat ass quasi d'Initiativ, fir hei an der Chamber en Dossier, deen awer d'ganzt Land beweegt, eigentlech a Kommissioune vun der Chamber ofzewéckelen, ouni dass dat hei am Plenum diskutéiert gëtt.

An datselwecht, wat den Här Baum elo just zum Här Gibéryen gesot huet, muss ech dem Här Baum soen. Ech war selte mat enger Ried, déi Der gehalen hutt, esou d'accord wéi mat där, déi Der de Mëtteg gehalen hutt, well ech inhaltlech quasi alles, wat Der gesot hutt an dësem Dossier, deelen.

Et geet net ëm d'Fro, ob een elo fir Google ass oder géint Google ass, ob ee fir oder géint d'digital Welt ass. Ech mengen, all normale Politiker weess, dass d'Digitaliséierung eppes ass, wat kënnt. Mä d'Fro, déi sech mir perséinlech an dësem Dossier stellt, ass déi vun der Gläichheet. Gëtt ee Betrib wéi een anere behandelt? Kritt ee Betrib aner Konditioune wéi en anere Betrib?

Wa monéiert gëtt, dass ënnert der CSV 600 Hektar eigentlech fir den Developpement vun eisem Land fräigeschalt gi wieren, da soen ech: Dat ass gutt, well 600 Hektar Land hei zu Lëtzebuerg, fir Betriber unzesidelen, Honnerte vu Betriber unzesidelen, déi Dausenden, Zéngdausende vun Aarbechtsplaze schafen ënner gewëssene Konditiounen, ass eng gutt Politik, déi vun der CSV ënnerstëtzt gëtt.

Wa sech awer d'Fro stellt (veuillez lire: Et ass awer eng aner Fro), ob ee 35 Hektar d'un seul tenant, déi mer soss bal néierens fannen, engem Betrib zur Verfügung stellt, well et ass jo eigentlech dat, wat geschitt. Quitte dass de Betrib den Terrain selwer kaf huet, mä e kritt jo awer eigentlech scho gesot: „Dir musst déi doten Terraine kafen", an e kritt eigentlech domadder schonn e Préavis favorable, fir dass d'Prozedur, déi duerno kënnt, déi elo amgaangen ass, op dee gudde Wee geet. E kritt also gesot: „Kaaft do Terrainen!" An Dir braucht do net ze hëllefen, Här Schneider. Dat hu si selwer gemaach. Mä et sinn awer Leit, déi hinne gehollef hunn, fir dat ze maachen.

A wann ech kucken, wat fir eng Präisser do bezuelt gi sinn, a wann ech kucken, dass Der sot, wann de Projet Google net kéim, an dat ass jo och nach eng Probabilitéit, well wann Der kuckt, wat dee Betrib weltwäit un Terrainen huet an op wivill Plazen dass en näischt developpéiert, wann dee Betrib ieren net op Lëtzebuerg kënnt, da géife mer eng Aktivitéitszon maachen: Hutt Dir dann, an dat ass wichteg, …

**Une voix**.- Är Zäit.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Ech hu fënnef Minutten Zäit.

**Une autre voix**.- Är Zäit leeft!

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Ech hu fënnef Minutten Zäit, fir zu enger Motioun ze schwätzen.

Hutt Dir, Här Schneider, an et ass dat, wat mech interesséiert, en Accord mat Google ofgeschloss, dass, falls hire Projet näischt gëtt, Dir als Stat den Terrain zréckkaaft? An zu wat fir engem Präis kaaft Der en zréck? Zu deem Präis, wou si e kaf hunn? Besteet esou en Accord? Besteet esou eng Negociatioun?

Dat sinn elementar Froen, Dir Dammen an Dir Hären, déi sech fir mech an dësem Dossier awer stellen. Et stellt sech mir d'Fro, ob et eventuell Rulinge ginn, an der Diskussioun oder schonn aus (veuillez lire: ausgehandelt). Ginn et separat steierlech Konditioune fir dee Betrib par rapport zu anere Betriber? Jo oder nee? Kommen déi? Jo oder nee?

Ech hätt gären eng Äntwert, Här Schneider, Dir Dammen an Dir Hären aus der Regierung, op déi dote Froen. Mir hätte gären eng Äntwert op d'Fro vun der Versuergung. Et ass net d'Diskussioun, ob Google um Marché de Stroum keeft. Et ass d'Fro, ob mir hei zu Lëtzebuerg, fir déi Produktioun, déi do zousätzlech kënnt, ze stemmen, Milliounen a Milliounen a Millioune mussen investéieren an de Reseau an déi Suen herno repercutéiert ginn op deen eenzelne Bierger, deen herno méi eng héich Stroumrechnung muss bezuelen, well eng Capacitéit huet misse geschafe ginn, fir engem Betrib eigentlech entgéintzekommen. Dat, Dir Dammen an Dir Häre vun der Regierung, sinn déi Froen, déi ech mir stellen.

A wann et ëm d'Waasser geet, Dir Dammen an Dir Häre vun der Regierung, stellen ech mer d'Fro vun de Waasserquantitéiten, déi mer zur Verfügung hunn an eisem Land, ob dat iwwer Buerungen ass oder ob dat Iwwerflächewaasser ass.

E Projet vun där dote Qualitéit, vun där dote Quantitéit, an et gëtt iwwer enorm Quantitéite geschwat, och mat deene modernsten Technologien, enorm Quantitéiten: Wou ass d'Limitt? Dat ass déi Fro, déi ech mir stellen, fir d'Fro definitiv beäntwerten ze kënnen, ob ech fir esou e Projet ka sinn oder net. Wou ass d'Limitt un zousätzlechem Waasserverbrauch, dee mer aus der Natur kënnen eraushuelen, fir e Projet vun där doten Envergure kënnen ze stemmen? Dat si fir mech d'Froen an dësem Dossier, Dir Dammen an Dir Hären.

Ech weess, dass et Prozedure gëtt. Mä Dir musst jo awer zouginn, dass, wann ee schonn en Terrain huet, ier een an eng Prozedur geet, dat een awer zumindest emol drun doutéiere léisst, ob dat alles esou ass, wéi et ass. Mä ech stelle mer dräi, véier grondsätzlech Froen. An alt nees hutt Der op déi grondsätzlech Froen de Mëtteg an dëser Debatt net geäntwert, soudass dësen Dossier, dat kënnt Der sécher sinn, nach net eriwwer ass.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Ass nach eng weider Wuertmeldung zur Motioun Nummer 2 do? Den Här Bodry, wannechgelift.

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Ech wollt awer nach wierklech op d'Motioun elo ze schwätze kommen, wou eng speziell Impaktstudie gefrot gëtt, déi kee Gesetz virgesäit. An déi speziell Impaktstudie soll dann dozou féieren, ob eng offiziell Stell jo oder neen zu engem Projet seet.

Mir sinn hei net méi an engem Rechtsstat. All déi Leit, déi déi dote Motioun stëmmen, déi musse wëssen, si maachen hei eppes, wat Contraire ass zu elementare Regele vum Rechtsstat.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Mir hu Kommodosprozeduren. D'Kommodosprozedure fir d'Ëmännerung vu Bauperimeteren, déi sinn amgaangen. A mir hunn herno eng Kommodosprozedur fir d'Betribsgeneemegung, déi autoriséiert gëtt ënner Konditiounen oder refuséiert gëtt.

**M. Georges Engel** *(LSAP).*- Genau!

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- An dann hu mer d'Geriichter, déi kontrolléieren, ob déi Leit déi Decisioune rechtlech richteg geholl hunn, ob se op Basis vun de Gesetzer déi richteg Decisioun geholl hunn, sief et, well déi eng, d'Reklamanten net zefridde si mat enger Autorisatioun, sief et, well de Betrib net zefridden ass, well en d'Autorisatioun net kritt. Mä wat net geet, ass, dass mer hei iwwer eng Motioun vun der Chamber eng Impaktstudie aféieren, déi kee Gesetz virgesäit an déi eigentlech herno déi legal Decisiounen, déi ze huele sinn, soll konditionéieren. Dat ass net méiglech. Mir sinn hei contraire zum Rechtsstat.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Den Här Kox huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Henri Kox** *(déi gréng).*- Jo, ech wëll och nach kuerz zu der Motioun Stellung huelen, well mer jo eigentlech mat där heiten Zäit doriwwer sollten diskutéieren an net nach eng Kéier déiselwecht Debatt wéi virdru widderhuelen. Ech wëll och dat ënnersträichen, wat elo den Här Bodry gesot huet, näämlech, déi Impaktstudien, déi ginn elo gemaach. Do gi sämtlech Analysen ëmmer gemaach.

An ech wëll ee Betrib awer och hei ernimmen - et soll een zwar hei net iwwer Betriber schwätzen -, deen an der leschter Zäit och vergréissert huet, en eminent grousse Betrib och hei zu Lëtzebuerg, ech denken do un DuPont de Nemours, déi d'lescht Joer eng véiert Linn ageweit huet, déi sech och do u Prozedure gehalen hunn. Och do ass den Energieimpakt gekuckt ginn, och do ass eng Ëmweltimpaktstudie gemaach ginn an do ass eng propper Prozedur ofgelaf. An do hunn ech keen héieren hei am Haus, dee sech do groussaarteg opgereegt hätt.

Mir hunn eng Rei industriell Produktiounen hei am Land a mir stinn och als Gréng fir industriell Produktiounen hei am Land. Ech komme schliisslech och aus der Industrie, ech war och op der ARBED dräi Joer, véier Joer, dat ass awer schonn e bësse méi laang hier. Och Arcelor-Mittal huet eng ganz Rei vu Sitten hei am Land, déi mer kucken, weiderhin ze behalen. Iwwert d'Stroumpräis, do léisst sech ëmmer erëm debattéieren. Awer et ass eng Entwécklung, déi mir als Gréng wäerte weider ënnerstëtzen. An déi Impaktstudie, wéi se hei gefrot gëtt, déi maache mer. An dat ass Rechtsstat, wou mir dozou stinn.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Wa keng weider Wuertmeldunge méi do sinn … Den Här Gibéryen, wannechgelift.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Jo, Här President, mir si jo conciliant Mënschen. A fir datt d'Majoritéit se awer ka matstëmmen …

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Dir hutt dat Schlecht um eegenen Text erkannt.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Neen, Här Bodry, ech wollt lech eng Propositioun maachen. Mir géifen ënne schreiwen: „fuerdert d'Regierung op", an da géife mer dee Saz sträichen „ier eng Autorisatioun a Saache Google-Datenzenter zu Bissen erausgeet". Dee géife mer sträichen. Do géife mer schreiwen: „fuerdert d'Regierung op, zousätzlech zu deene legale Prozeduren", an da géif den Text normal virulafen, „eng komplett Impaktstudie ze maachen, déi d'Vir- an d'Nodeeler" mécht. Dann hu mer déi gesetzlech, déi muss gemaach ginn, mä kee verbitt engem Stat oder engem Ministère, fir eng zousätzlech Impaktstudie ze maachen.

***(Interruptions)***

An duerfir, wéi gesot, géife mer, fir datt d'Majoritéit se awer ka matstëmmen, dann déi Ännerung maachen. Fir dem Här Bodry senger Observatioun vun de legale Prozedure Rechnung ze droen, géife mer se deementspriechend ofänneren.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR).*- Très bien !

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Wat déngt eng Impaktstudie, wann ee sech net kann drop beruffen? Et ass nëmmen déi legal Impaktstudie, déi gëllt.

**Mme Josée Lorsché** *(déi gréng).*- Déi legal Base.

***(Brouhaha)***

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Et kann een, et kann een …

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Et däerf ee sech net drop beruffen.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Et kann ee se awer maachen.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Net alleguer mateneen. Wa keng weider Wuertmeldung méi do ass, …

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Den A an O vun der Justerei, mäi Gott.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- … kënne mer iwwert d'Motioun Nummer 2 ofstëmmen.

Ass de Vote électronique gefrot?

***(Assentiment)***

Ech ginn dovunner aus.

***Vote sur la motion 2 modifiée***

De Vott fänkt un.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Déi ëmgeännert, jo, déi ëmgeännert.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Non !

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss. Dës Motioun ass mat 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.*

Dëse Punkt ass domadder ofgeschloss.

## 5. Question élargie n° 4 de M. Marco Schank relative à l'avenir énergétique de la France et la gestion des déchets radioactifs

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 4 vum Här Marco Schank iwwert déi energetesch Zukunft vu Frankräich an d'Gestioun vum radioaktiven Offall. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen. Der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Marco Schank, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marco Schank** *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, meng Fro vun haut de Mëtteg dréit ëm dat weidert Virgoe vun der Regierung an der Problematik vun den Atomkraaftwierker ronderëm Lëtzebuerg.

A Frankräich gëtt et am Moment eng ëffentlech Concertatioun iwwert d'Verlängerung vun der Lafzäit vun den 900-Megawatt-Reakteren. An doriwwer eraus soll am Hiersch am Kader vun der sougenannter Visite décennale och mat der Verlängerung vu de Lafzäiten iwwer 40 Joer eraus fir den éischte Reakter ugefaange ginn.

Den nationalen Aktiounscomité géint d'Atomkraaft, wou ënner anerem och déi meescht Parteien aus der Chamber vertruede sinn, ass der Meenung, datt Lëtzebuerg sech misst an dës Prozesser implizéieren an eng Évaluation des incidences sur l'environnement, eng sougenannt EIE froen, dëst mat enger grenziwwerschreidender Consultatioun, wéi se vun der Aarhus- respektiv der Espoo-Konventioun virgeschriwwen ass.

Déi franséisch Regierung huet hir nei Programmation pluriannuelle presentéiert, verëffentlecht, déi ënner anerem d'Reduktioun vum Nucleaire a Frankräich soll fixéieren. En vue vun 2035 sollen 12 Reaktere vun zirka 60, wann ech mech richteg erënneren, ganz zougemaach ginn. Am Kontext vun dëser Programmation pluriannuelle huet déi franséisch Regierung wëlles, hir Nopeschlänner ze consultéieren. Mä fir de Moment ass et net kloer, op wéi engem Niveau datt dat geschitt.

Den nationalen Aktiounscomité huet an enger Demande d'entrevue, wou mer iwwregens de Moien och dann eng Entrevue fixéiert kruten, däitlech gemaach, datt d'Lëtzebuerger Regierung eng Consultatioun op Ministerniveau misst froen an hir entspriechend Positioun och no baussen droen. Donieft misst eis Regierung sech och mat den zoustännegen däitsche Ministeren op Bundes- respektiv Länderebene kuerzschléissen.

Dëst gesot, Här President, wollt ech vun der Regierung wëssen, wat hir Positioun respektiv déi weider Demarchen an deenen Dossiere sinn.

Eng aner Fro ass déi vun den Déchets nucléaires a Frankräich respektiv der Belsch. A Frankräich soll elo am Fréijoer eng grouss ëffentlech Debatt gefouert ginn. Et soll een nationale Plang erstallt ginn iwwert d'Gestioun vun hiren Nuklearoffäll mat zwou verschiddenen Optiounen, engersäits de geologesche Stockage, beispillsweis zu Bure, respektiv d'Optioun vun dem Erëmopbereede vum Brennmaterial.

D'Lëtzebuerger Regierung misst sech an eisen Aen och hei an deen Debat abréngen, ëmsou méi de Site vu Bure relativ no un der Lëtzebuerger Grenz läit. Vläicht huet d'Regierung och méi Informatiounen, wou deen Dossier drun ass. Wéi et schéngt, ass dee Projet nach net definitiv autoriséiert. Do feelen nach eng Partie Enquêtë respektiv technesch Problemer sinn net geléist. An datt radioaktiven Offall am Buedem ze verstoppen net déi bescht Léisung ass, ech mengen, do si mer eis allegueren eens.

An der Belsch gouf nach keng formell Decisioun iwwert déi verschidden Typpe vun Dechete geholl. Greenpeace Belsch a Greenpeace Lëtzebuerg hu schonn an der Vergaangenheet vun engem méigleche Stockage vun nuklearen Offäll an de belschen Ardenne geschwat. D'Fro: Ass un deenen Informatiounen eppes drun? Vläicht weess jo d'Regierung an dëser Problematik eppes méi.

An eng juristesch Etüd hat erginn, ech rappeléieren dat, egal wéi ee Projet an deem Kontext misst och enger EIE respektiv enger Consultation publique ënnerworf ginn. Och hei meng Fro, ob Lëtzebuerg sech an esou eng Consultatioun abréngt respektiv wéi eng Demarchen eis Regierung am Dossier vun den Déchets nucléaires a Frankräich respektiv der Belsch wëlles huet, ze huelen.

Ech hunn et virdru gesot: Den nationalen Aktiounscomité huet eng Entrevue gefrot an engem Bréif vum 7. Februar dëst Joer. An de Moien, pünktlech fir d'Question élargie, koum och ee Rendez-vous. Dee Rendez-vous ass leider de 25. Abrëll, wa Chamber ass. An dat fannen mir net gutt, well ech hunn och scho vu Kolleegen héieren - ech weess vum Henri Kox, dee gesot huet, hie kéint net do sinn -, ënner Ëmstänn misste mer eis dann ersetze loossen. Et misst ee vläicht kucken, ob een déi Entrevue net ka liicht verleeën.

Zum Schluss deemno meng Fro: Huet d'Lëtzebuerger Regierung sech och mat der franséischer Regierung kuerzgeschloss am Kontext vun deene Sujeten? Huet se sech gemellt? Respektiv hunn d'Fransousen drop reagéiert, wann et dann esou ass?

Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Une voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Schank. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Minister Claude Turmes, wannechgelift.

**M. Claude Turmes,** *Ministre de l'Énergie.*- Merci, Här President. Merci, Här Schank, fir Är Fro. Et ass effektiv esou, dass Frankräich all fënnef Joer eng Prozedur mécht a Frankräich selwer, déi « Programmation pluriannuelle de l'énergie » heescht. An do maache se quasi eng Virausschau, wéi eng Energieproduktioun dass se hunn an dann eben och méi spezifesch wéi eng Stroumproduktioun dass se hunn.

Et ass esou, dass mir dat ganz enk verfollege mat Experten, déi a Frankräich sinn, Leit, déi mer zu Bréissel hunn, Leit, déi mer hei hunn. Déi schlecht Noriicht ass, dass deen Accord, deen et ee Moment ginn ass, deen déi franséisch Gréng mam President Hollande ausgehandelt hunn, dass d'Fransousen 2025 schonn ëm 50 % géifen erofgoe vun Atom (veuillez lire: just nach 50 % vum Stroum aus der Atomenergie bezéien), deen huet den Här Macron opgekënnegt. An elo geet et op 50 % erof 2035. Mä dat heescht awer nach ëmmer, dass 14 Atomreakteren déi nächst Jore sollen a Frankräich ofgeschalt ginn.

Wat hu mir bis elo ënnerholl? Ech hunn zesumme mat mengem Kolleeg, dem Wirtschaftsminister, an och mat menger Kolleegin, ech géif scho bal soe menger Frëndin, dem Carole Dieschbourg …

**Plusieurs voix**.- Ooh!

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Gëtt et nach eng Steigerung dovun?

**M. Claude Turmes,** *Ministre de l'Énergie.*- Jo, mä dat ass awer da fir meng Fra.

***(Hilarité et interruption par M. Alex Bodry)***

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Här Turmes, loosst lech net vun Ären Ausféierungen ofbréngen! Här Turmes, Dir hutt d'Wuert an Dir eleng.

***(Brouhaha)***

**M. Claude Turmes,** *Ministre de l'Énergie.*- Also mir hunn zu dräi Regierungsmemberen e Bréif geschriwwen un den zoustännege franséische Minister, den Här de Rugy. An deem Bréif, mengen ech, hu mer an zimlech klore Wierder ausgedréckt, dass mir där Meenung sinn, dass all weidere Betrib vu Cattenom eng existenziell Sécherheetsgefor ass fir Lëtzebuerg. A mir hunn him déi Fro, déi Dir gestallt hutt, och gestallt, an zwar: Wéi gi mir als Lëtzebuerg prozedural agebonnen?

An déi gutt Noriicht ass: Mir sinn net dat eenzegt Land, wat déi dote Fro esou gestallt huet. Däitschland huet déi dote Fro och gestallt. Dat heescht, Däitschland a Lëtzebuerg hu gemeinsam Frankräich opgefuerdert, fir eis iwwer eng strategesch Ëmweltprüfung quasi anzebannen an déi Programmation pluriannuelle, well et jo kloer ass, dass déi Atomreakteren, déi op der Grenz stinn, en Impakt hunn iwwert d'Grenz eriwwer.

D'franséisch Behërden hunn eis bis haut net geäntwert, weder eis nach Däitschland. Et ass esou, dass ech den Här de Rugy iergendwann an den nächste Woche gesinn, bilateral, an ech wäert him do och nach eng Kéier ganz kloer soen, engersäits, dass Cattenom en No-Go ass fir eis, an dat Zweet, dass mir gären an enger richteger, offizieller Prozedur do agebonne sinn.

De Comité, mat deem mer e ganz enken Austausch hunn, ob dat déi vu Greenpeace sinn, déi vum Mouvement, anerer, also mir hunn elo net drop gewaart, fir do aktiv ze ginn. Mir hu Kontakter mat der Bundesregierung, fir si ebe genee op eis Positioun ze bréngen. An dat ass eis jo och gelongen.

Doriwwer eraus ass et wichteg, an dësem Moment ze wëssen, dass et eenzel Kräfte ginn, déi quasi probéieren, ze soen, dass mer laangfristeg de Klimaschutz net kéinten ouni Atom maachen. A mir mussen och ganz vigilant sinn, verschidden Dokumenter, déi zu Bréissel zirkuléieren ënnert dem President Juncker, déi och nach net ganz kloer sinn, wéi si et da mat Atom hunn. Och do si mer als Regierung um Ball.

An d'Carole Dieschbourg an ech sinn amgaangen, eng Koalitioun ze maache vu Länner, déi d'Kommissioun opfuerderen, Faarf ze bekennen, doduerch dass se en Zeenario maache mat 100 % erneierbar Energië fir 2050 an net esou eppes, wou net ganz kloer ass, wéi vill Atom an eventuell och nei Atomreakteren da quasi indirekt vum President vun der Europäescher Kommissioun géifen an d'Spill bruecht ginn.

Dat Allerwichtegst, dat Allerwichtegst, wat mer kënne maachen, ass en nationaalt Haftungsgesetz. An duerfir sinn d'Carole an ech frou, dass mer gëschter den Avis kritt hu vum Statsrot. De Statsrot huet aacht Oppositions formelles gemaach. Mä eis Juristen hunn dat durchgekuckt, siwe vun deenen aacht Oppositions formelles sinn op Artikelen, déi eng Definitioun betreffen. Mir sinn zimlech optimistesch. D'Carole Dieschbourg wäert elo relativ schnell an d'Ëmweltkommissioun goen an da bréngé mer dat nationaalt Haftungsgesetz op de Wee.

An ech weess net, ob Der d'Envergure dovunner verstitt. An deen Dag, deen Dag, hoffen ech, dass all d'Leit hei an der Chamber …

**Une voix.**- … ob Dir et verstitt.

**M. Claude Turmes,** *Ministre de l'Énergie.*- … all d'Leit hei an der Chamber dann d'Hand hiewen, wa mir hei an dësem Haus dat Haftungsgesetz stëmmen. Dann ass et kloer, dass, wann eng Kéier géif eppes zu Cattenom geschéien, dass dat de franséische Stat an och de franséischen Atombedreiwer EDF e Villfacht vun deem géif kaschten, assuranceméisseg a regressméisseg, wéi bei iergendengem anere Reakter, deen iergendwou soss a Frankräich oder soss an Europa leeft. Dat heescht, dat Haftungsgesetz, wat d'Carole op de Wee bruecht huet …

**Une voix**.- Wa mer eppes matkréien dann.

**M. Claude Turmes,** *Ministre de l'Énergie.*- … a wat mer elo hoffentlech schnell duerch d'Prozedure kréien, ass eigentlech eist bescht Instrument, fir kloer ze maachen a Frankräich: Cattenom weiderbedreiwen ass och fir Frankräich e grousse finanzielle Risiko! An an där Hisiicht hoffen ech, dass mer bei där Geleeënheet dann all zesummen un engem Strang hei zéien.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Minister. Den Här Schank huet nach eng Zousazfro. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marco Schank** *(CSV).*- Ech hunn nach 39 Sekonnen. Ech hu mer déi extra gehalen, Här President.

Ech wëll einfach, datt ech et richteg verstanen hunn. Dat heescht, d'Regierung huet wëlles, sech zolidd anzemëschen an déi dräi Dossieren, déi ech ervirbruecht hunn, engersäits d'Verlängerung vun der Liewenszäit vun de Reakteren, dann zweetens d'Programmation pluriannuelle, an drëttens och d'Vergruewe vun nuklearen Offäll am Kader vun deene Consultatiounen. Hunn ech dat richteg verstanen?

**M. Claude Turmes,** *Ministre de l'Énergie.*- Jo, ech hunn elo aus Zäitgrënn net reagéiert op déi Saach vun de radioaktiven Offäll. An der Belsch ass d'Situatioun am Moment eigentlech nach e Status quo. Et gëtt déi Rumeur, dass dann dat, wat se virgesinn hunn, net géif kommen, an dass dann eventuell e Standuert an den Ardennen erëm géif an d'Gespréich kommen. Mä bis elo gëtt et keng Prozedur, déi eigentlech an déi Richtung geet.

A Frankräich ass et esou, Dir wësst, dass et do virun engem Joer, ech mengen, et ass elo scho bal e gutt Joer hir, zimlech hefteg Ausenanersetzunge gi sinn um Site selwer zu Bure. Mëttlerweil ass et esou, dass eben déi Aart a Weis, fir Atomoffall einfach ënnert dem Buedem ze vergruewen, déi gëtt vun ëmmer méi Experten a Fro gestallt. A gutt, ech mengen, do musse mer kucken, mir sinn do um Ball, wou deen Dossier hileeft. An ech denken, dass mer do och esou aktiv si wéi mer dat op aneren Dossiere sinn.

Villmools Merci.

**Une voix.**- Très bien!

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Energieminister. Dëse Punkt ass domadder ofgeschloss.

## 6. Ordre du jour

Ier mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour kommen, vläicht nach e puer Wierder zum Ordre du jour vu muer. Mir hu gëschter dräi Projeten an haut ee Projet de loi ugeholl, déi eng Rei Mesuren aféieren am Fall vun engem sougenannten haarde Brexit, also ouni Deal. Et sinn nach zwee Projet-de-loien, déi an deem Kader duerch d'Chamber mussen. Et sinn dat de Projet de loi 7412 iwwert de fräie Persounenverkéier, deem säi Rapport muer de Moie vun der aussepolitescher Kommissioun ugeholl gëtt, an de Projet de loi 7426 iwwert d'Aféiere vun Iwwergangsmesuren am Beräich vun de Fongeninvestissementer, deem säi Rapport haut de Moie vun der Finanzkommissioun ugeholl ginn ass. Fir béid Projete gëtt de Basismodell proposéiert.

Ass d'Chamber domadder averstanen, datt béid Projete muer um Ufank vun der Sitzung virun der Consultatiounsdebatt op den Ordre du jour gesat ginn?

***(Assentiment)***

Dann ass dat esou decidéiert.

## 7. 7350 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) 2017/852 du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2017 relatif au mercure et abrogeant le règlement (CE) n° 1102/2008

Da kënne mer elo zum Projet de loi 7350, engem EU-Reglement iwwert de Quecksëlwer, kommen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gilles Roth, den Här Max Hahn, den Här Georges Engel, den Här Fernand Kartheiser, den Här David Wagner an den Här Marc Goergen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet, den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire***

**M. François Benoy** *(déi gréng), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Quecksëlwer ass en héich gëftegt Schwéiermetall, dat eng grouss Gefor fir d'Gesondheet vun de Mënschen an der Ëmwelt ass. Schonn d'Anootmen an d'Beréiere vu klenge Quantitéite kënnen zu schlëmme gesondheetleche Problemer beim Mënsch féieren, andeems se den Nerven-, Verdauungs- an Immunsystem, grad wéi d'Longen, d'Nieren, d'Haut an d'Aen, ugräifen.

Schwangerer, Puppelcher a Kanner sinn natierlech besonnesch vulnerabel. Quecksëlwer ass an der Äerdkrust, mä gëtt duerch d'Fräisetzen, wat zum gréissten Deel duerch d'Aktivitéite vum Mënsch passéiert, zur Gefor fir d'Leit an d'Ëmwelt. Kuelekraaftwierker joen zum Beispill grouss Quantitéite vu Quecksëlwer an d'Loft. Och an de Goldminne gëtt de Schwéiermetall fräigesat oder iwwert d'Verbrennung vun Offall a Klärschlamm, bei der Produktioun vu PVC, Zement, Stol an Eisen, fir just e puer Beispiller ze nennen.

Och a Produiten, wéi zum Beispill Batterien, Thermometeren, Amalgam fir d'Zänn, Medikamenter, Biren oder kosmetesche Produiten, ass Quecksëlwer. Fräigesate Quecksëlwer ka sech och a méi gëftege Methylquecksëlwer transforméieren, deen am Waasser an an der Natur lant an da vun den Déieren a Planzen opgeholl gëtt.

Duerch Bioakkumulatioun, also zum Beispill dee méi grousse Fësch, dee vill méi kleng Fësch ësst an esou weider, ginn d'Schadstoffer an der Chaîne alimentaire da verstäerkt. Grad Fësch a Fruits de mer sinn dacks mat Quecksëlwer belaascht.

Um traurege Beispill vun der klenger japanescher Stad Minamata gesäit een, wéi schlecht Quecksëlwer wierklech fir d'Gesondheet vun de Leit ass. Industriellt Ofwaasser, dat mam Schwéiermetall kontaminéiert war, huet d'Waasser an den 1950er Jore ronderëm d'Stad verknascht. De Quecksëlwer huet sech an de Fësch an an de Fruits de mer akkumuléiert an huet du ronn 2.000 Leit vergëft. Ier dës Kontaminatioun entdeckt ginn ass, sinn zu Minamata vill Leit dru gestuerwen an hu Symptomer vu Lämung virgewisen. Dës Krankheet vu Minamata huet der Konventioun vu Minamata aus dem Joer 2013 hiren Numm ginn, déi d'Zil huet, de Quecksëlwer weltwäit ze reduzéieren, also do, wou en ausgestouss gëtt, awer och, wou en hintransportéiert respektiv verschafft gëtt.

Et däerfen zum Beispill keng nei Quecksëlwerminne méi opgemaach ginn. Vun 2020 u sinn zum Beispill eng Partie Produite mat Quecksëlwer, wéi Biren oder Thermometeren, verbueden. An och d'Entsuergung an den Import an Export ginn iwwert dës Konventioun gereegelt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, den héich gëftege Quecksëlwer ass op ville Plazen ze fannen. An dofir musse mir och weider derfir suergen, dass d'Abrénge vu Quecksëlwer an onser Ëmwelt reduzéiert gëtt. A genau dat maache mer mam Gesetzesprojet 7350, dee Präzisioune gëtt zur Applikatioun vum europäesche Reglement 2017/852, dat sengersäits déi international Minamata-Konventioun iwwert de Quecksëlwer ëmsetzt, vun där ech grad geschwat hunn.

D'Ëmweltministesch huet de Gesetzesprojet den 8. August 2018 deposéiert. Mir sinn an der Kommissioun d'Texter de 6. Mäerz duerchgaangen an hunn de Rapport den 20. Mäerz d'lescht Woch ugeholl.

Mam Gesetzesprojet soll duerch Konditiounen, Aschränkungen, Kontrollen a Sanktiounen e méi héije Schutz a manner Pollutioun duerch de Quecksëlwer entstoen. Heivu betraff ass déi ganz Kette vum Ofbau, dem Notzen, dem Stockéieren, dem Handel an der Offallgestioun vum Quecksëlwer an all senge verschiddene Formen.

Mam Gesetzesprojet kritt de Minister, deen d'Ëmweltverwaltung a sengen Attributiounen huet, d'Kompetenzen an dësem Beräich, ausser fir den Amalgame dentaire, woufir de Minister, deen d'Direktioun vun der Santé ënner sech huet, d'Verantwortung kritt. D'Santé muss sech mat dësem Gesetz iwwregens en nationale Plang ginn, fir dass an absehbarer Zäit keen Amalgam méi an den Zänn benotzt gëtt.

Da komme mam Gesetzesprojet eng Rei Dispositioune fir d'Ermëttlung an d'Feststellung vun Infraktiounen an d'Moossnamen an d'administrativ Mesurë respektiv d'penal Sanktiounen, déi dann dodrun hänken.

Mam Gesetzesprojet gëtt awer och en Deel vun der obligatorescher Formatioun vun den Ermëttler, deen d'spezifesch Penaldispositioune vun dësem Gesetz traitéiert, ofgeschaaft. Déi Leit hu jo schonn d'Funktioun vum Officier de la police judiciaire a sinn deemno mam Droit pénal an dem Code de procédure pénale vertraut. Déi spezifesch Dispositioune vun de verschiddenen Ëmweltgesetzer gläiche sech an déi concernéiert Professioneller kenne sech och gutt doranner aus.

Dësen Deel vun der Formatioun ass also an der Praxis net néideg an och net praktikabel, an dës Stonne géifen dann um Terrain feelen, do, wou mer d'Leit brauchen.

D'Chambre de Commerce hat an hirem Avis keng Remark gemaach an heescht de Gesetzesprojet gutt. De Statsrot hat e puer Remarken zum Gesetzesprojet gemaach, dorënner och eng Opposition formelle wéinst dem Paraphraséiere vun Dispositioune vum europäesche Reglement a freet par contre d'Referenz. Deem gouf natierlech Rechnung gedroen.

Quecksëlwer ass, wéi gesot, en héich gëftegt Schwéiermetall, wat zu iwwer 90 % duerch d'mënschlecht Aktivitéit fräigesat gëtt. 40 % bis 80 % vum Quecksëlwer, wat an Europa am Ëmlaf ass, kënnt iwwregens aus anere Regiounen. Dat mécht nach eemol däitlech, wéi wichteg international Konventiounen an d'Kooperatioun sinn, fir weltwäit Ëmweltverschmotzungen an de Grëff ze kréien.

Mat dësem Gesetzesprojet maache mir genau dat. Mir präziséieren d'Applikatioun vun engem Reglement mam Zil, och zu Lëtzebuerg onser Verantwortung nozekommen a Richtung vun enger quecksëlwerfräier Gesellschaft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat och direkt den Accord vun der gréngen Fraktioun.

**Une voix.**- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Benoy. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Gilles Roth** *(CSV).*- Merci, Här President. Merci och dem François Benoy fir säi schrëftlechen a mëndleche Bericht. Ech wëll, Här President, op ee Punkt agoen, dee sech an deenen dräi Gesetzesprojeten, déi mer elo wäerten ofstëmmen, all Kéiers an därselwechter Form erëmfënnt. Et geet méi genau ëm d'Applikatioun vun de Strofbestëmmungen an de Contrôle dovunner, déi an deene Gesetzer virgesi sinn.

Wat ass nei? Ma nei ass, dass niewent der Police an niewent enger Hällewull vu Fonctionnairen an Zukunft och Employéen, déi also net de Statut vun engem Statsfonctionnaire hunn, d'Méiglechkeet kréien, fir d'Applikatioun vun de Strofbestëmmunge vun dëse Gesetzer ze sanktionéieren. Dat ass een Novum.

Zweete Punkt ass deen, dass, wéi de François Benoy dat virdru gesot huet, eigentlech déi Leit, Fonctionnairen an Employéen, zwar d'Qualitéit vun engem Officier de police judiciaire kréien, mä si brauche keng Formatioun méi ze hunn, fir d'Applikatioun vun deene Strofbestëmmunge weider kennenzeléieren. Dat ass eppes, wat een net einfach sollt esou hinhuelen.

Wann een d'Qualitéit vun engem Officier de police judiciaire huet, dann ass dat net een Titel, deen ee kritt, mä et ass eng Funktioun, déi ee kritt. A mat där Funktioun, do si Kompetenze verbonnen. A wann Der de Gesetzestext am Detail kuckt, da ginn déi Kompetenze ganz wäit. Dat geet souguer, fir a Locaux professionnels eranzegoen, net nëmmen zu Dag, mä och zu Nuecht an ouni Accord vun dem Proprietaire. Ech soen „ouni Accord vum Proprietaire", de Proprietaire muss just virdrun avertéiert ginn.

Dat heescht am konkrete Fall, dass déi Leit, Fonctionnairen an Employéen, souguer kënnen an eng Dokteschpraxis eragoen, fir ze kucken, ob nach Amalgam verschafft gëtt oder net, a si hu souguer Accès zu de Patientendossieren. Also mir schwätzen hei net vun iergendenger belangloser Dispositioun.

En zweete Punkt ass deen, wann déi Fonctionnairen oder Employéen, déi dann d'Qualitéit vum Officier de police judiciaire hunn, Feststellunge maachen, da sinn déi Schrëftstécker, déi Procès-verballen, déi valéieren « jusqu'à inscription de faux »an « de preuve contraire ». Also et ass ee graven Agrëff an déi perséinlech Fräiheete vun deem eenzelne Bierger, deen an esou engem Virfall konfrontéiert gëtt.

An, Dir Dammen an Dir Hären, et kënnt och net vun ongeféier, dass de Conseil d'État sech heftegst géint déi dote Sträichung, fir dass déi Formatioun misst gemaach ginn, fir déi Strofbestëmmunge besser kennenzeléieren, gewiert huet. An en ass och net d'accord mat där Äntwert, där lapidarer Äntwert, déi d'Regierung ginn huet: « Les agents concernés ont une bonne connaissance des dispositions pénales. »

***(Hilarité)***

Si kennen alles. Also de Conseil d'État monéiert eppes an et hëlt een dat emol net als Ophänker, fir dat nees an den Text erëm erafléissen ze loossen. Neen, et seet een: „Mir sträichen déi Formatioun, déi et an där aktueller Legislatioun gëtt."

Zweete Punkt, an et ass dat, wat eigentlech nach vill méi kokass ass, Dir Dammen an Dir Hären: 2007 am Juli - déi Leit, déi scho méi laang am Parlament sinn, kënne sech nach erënneren - war eng Interpellatioun vun der honorabeler Oppositiounsdeputéierten deemools, der Madamm Colette Flesch, eng Koryphäe vun der liberaler Partei, an där et ëmmer, ëmmer dru geleeë war, fir dass en « juste équilibre » war tëschent engersäits der Securitéit an anerersäits awer och deene perséinleche Fräiheete vun deem eenzelne Bierger.

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, ech zitéieren lech, wat d'Colette Flesch sengerzäit gesot huet an hirer Interpellatioun. „D'Regierung soll eis eng Lëscht maachen", seet d'Colette Flesch, „vun deene Funktiounen, déi per Gesetz Officier de police judiciaire sinn, an derfir suergen, datt déi Leit och déi néideg Formatioun kréien, fir d'Rechter an d'Flichten, déi esou eng Qualitéit mat sech bréngen, bäizebréngen." Seet d'Colette Flesch.

An et kënnt nach méi, Dir Dammen an Dir Hären. Am Laf vun där Debatt, déi et sengerzäit gouf, jo, Här Kox, lauschtert elo gutt no, ass och eng Motioun ofgestëmmt ginn. An ech mengen, Dir hutt se, well Dir waart sengerzäit schonn Oppositiounsdeputéierten, matgestëmmt. Si ass unanime an der Chamber gestëmmt ginn. Déi Motioun, déi hält fest: « … établir une liste des fonctions dont les titulaires se sont vu attribuer à un titre ou un autre la qualité d'officier de police judiciaire, et soumettre les titulaires de ces fonctions à une formation continue. » Dat heescht, wat sengerzäit an der Motioun stoung, wat sengerzäit an enger Motioun, déi deposéiert gouf vu kengen anere wéi Patrick Santer, wéi Xavier Bettel, aktuelle Statsminister, wéi Alex Bodry, President vun der Sozialistescher-Aarbechterpartei-Fraktioun, …

***(Interruption et hilarité)***

… an, Dir Dammen an Dir Hären, …

**Une voix.**- Hat Dir se och matgestëmmt?

**M. Gilles Roth** *(CSV).*- Jo, ech hu se matgestëmmt, mä ech hale mech haut drun. An, Dir Dammen an Dir Hären, vun engem Félix Braz, aktuelle Vizepremier vun dëser Regierung a Justizminister. Dat war sengerzäit. An do kann een zréckbehalen: „Gréng wierkt richteg nohalteg." Well dat, wat déi gréng sengerzäit d'Regierung opgefuerdert hunn ze maachen, mä dat violéiert grad eng gréng Ëmweltministesch mat engem Projet de loi, dräi Projet-de-loien, déi se deposéiert a wou se dat, wat sengerzäit déi gréng d'Regierung opgefuerdert hunn ze maachen, wou se dat widderleet.

An duerfir stellen ech Iech konkret, Madamm Dieschbourg, eng Fro. Sidd Dir bereet, dass dee Passus, dass déi Leit mussen déi Formatioun als OPJ hunn, dass se deen erëm an d'Gesetz draschreiwen? Jo oder neen?

An déi zweet, vu dass all déi Disposition-pénalle kannt sinn, hätt ech gären, dass Dir haut der Chamber sot, ob déi Disposition-pénallen - eng Hällewull, déi mat Geldstrofen a Prisongsstrofe beluecht sinn -, ob dat Infractions matérielles am Sënn vun der Lëtzebuerger Strofgesetzgebung sinn oder net.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix.**- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Roth. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn** *(DP).*- Merci, Här President. Ech huelen un, dass sech dat haut de Mëtteg nach wäert e puermol widderhuelen. Ech ginn heimat den Accord vun der Demokratescher Partei a géif dem Rapporteur François Benoy Merci soe fir säin explizitte mëndlechen a schrëftleche Rapport.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci, Här Hahn. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

**M. Georges Engel** *(LSAP).*- Jo, Merci och vun eiser Säit un den Här Benoy fir säi Rapport, an och vun eiser Säit den Accord fir dëse Projet de loi.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Engel. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Merci, Här President. Just fir zwou Minutten, well mer eis jo mat de Kolleege vun de Piraten opdeelen, awer dofir e puer Bemierkungen.

Éischtens e grousse Merci un den Här Benoy, fir eis dat heiten esou gutt erkläert ze hunn. Mir sinn, wat de Fong ugeet, mat dem Här Roth senger Analys komplett d'accord. An ech mengen, et ass ganz wichteg, wat d'Madamm Minister virdru gesot huet: Mir sinn an engem Rechtsstat! Mä wa se dat behaapt an deem engen Dossier, da muss se och an deem nächsten Dossier glafwierdeg derfir antrieden, datt dee Rechtsstat fonctionnéiert. An da kann een net higoen an einfach esou maachen, wéi wann déi Formatioun net néideg wär, déi de Statsrot verlaangt. An et steet och nach an engem vun deenen dräi oder an zwee vun deenen dräi Gesetzer, et wär e Manktum u Formateuren do.

Mä wat ass dat fir e Rechtsstat, dee seet: Mir organiséiere keng Formatioun, well mer e Problem hunn, Formateuren ze kréien.

Dat Zweet ass... Ech wär frou, wann d'Madamm Minister kéint nolauschteren, Här President, da waarden ech vläicht eng Minutt.

Dat Zweet ass, datt net nëmmen dee Problem vun der Rechtsstaatlechkeet zur Fro steet, mä och de Problem vun der Kontradiktioun an der grénger Ideologie. A mir hunn dat ëmmer erëm. Mir hunn et zum Beispill bei de Wandmillen, déi jo als ganz besonnesch ekologesch duergestallt ginn. Ech hunn elo gëschter gelies, datt se net nëmmen d'Vullen doutmaachen, mä pro Wandmille 50 Kilo Insekte pro Joer, wat fir déi ronn 70 Wandmillen zu Lëtzebuerg 3,5 Tonnen Insekten ausmécht.

Oder mir hunn hei an Europa iwwert déi lescht Jore Legislatiounen agefouert, fir zum Beispill d'Leeschtung vun de Staubsauger erofzesetzen. Déiselwecht Regierung wëllt awer d'Elektromobilitéit. Si wëllt d'Elektrifizéierung vun der Industrie an d'Elektrifizéierung vun den Heizungen. Wat huet et da fir e Wäert, datt mer d'Leeschtung un de Staubsauger erofsetzen?

An dann och nach hei beim Quecksëlwer, fir elo op deen heite Projet zréckzekommen. Virun e puer Joer hu mer hei eng Legislatioun ageféiert, datt déi al elektresch Biren hu missen ofgeléist ginn duerch Energiespuerluuchten, wou iwwerall Quecksëlwer dran ass.

Den Här Benoy huet et selwer gesot: Wann esou eng bréckt, da si grav gesondheetlech Konsequenzen domat verbonnen. A wou ass dann d'Logik an enger Ideologie, déi engersäits seet: „Mir mussen eng quecksëlwerfräi Gesellschaft hei am Land hunn, et ass e gesondheetleche Risiko", a mir sinn all gezwongen, déi, déi Energiespuerluuchten hunn, also net den LED, fir Quecksëlwer an eise Wunnengen ze hunn, wou de Problem ass, wann d'Fënsteren zou sinn.

An deem Sënn wollte mir och eng Motioun hannerleeën am Sënn vum Choix, fir datt d'Leit erëm d'Wiel hunn, ob se wëllen doheem eng Energiespuerluucht mat Quecksëlwer hunn oder eng al Bir, datt d'Leit da kënne selwer decidéieren, wat se wëllen, an aus deem grénge Zwang erauskommen, deen an dësem Fall nach manner Sënn mécht wéi bei anere Saachen.

Ech ginn Iech déi Motioun, Här President, an ech soen Iech Merci.

***Motion 1***

*D'Chamber, sech bewosst*

*- der Geféierlechkeet vum Quecksëlwer;*

*- der Wichtegkeet vum gesondheetleche Schutz am Ëmgang mat dëser Substanz, besonnesch bei klenge Kanner a Fraen an aneren Ëmstänn,*

*stellt fest, datt*

*- Quecksëlwer och an de reglementären Energiespuerluuchten enthalen ass;*

*- datt et keng absolutt Sécherheet gëtt an datt besonnesch an zouene Raim souwuel geféierleche Quecksëlwerdamp a kondenséierte flëssege Quecksëlwer beim Broch vun esou Energiespuerluuchten optrieden;*

*- datt dës Luuchten och am Zesummenhang mat anere Krankheeten (Haut, Vue, Migrän) genannt ginn;*

*- datt hir Entsuergung net zulescht wéinst dem Quecksëlwer ëmständlech ass an datt hiren eenzege wierkleche Virdeel an engem niddregen Energieverbrauch läit;*

*- datt och am Gebrauch Energiespuerluuchten Nodeeler hunn, wa si zum Beispill nëmmen direkt a fir kuerz Zäit gebraucht ginn (an engem Schaf oder engem Ofstellraum zum Beispill);*

*- datt och Beliichtungsalternative wéi zum Beispill LED zwar kee Quecksëlwer, dofir awer seelen Äerde brauchen;*

*- datt trotz EU-Direktiv och haut nach „energetesch ineffizient" klassesch Bire mat Liichtdrot am Verkaf sinn,*

*fuerdert d'Regierung op*

*- de gesondheetleche Bedenke bei den Energiespuerluuchten, besonnesch duerch de Gebrauch vu Quecksëlwer, Rechnung ze droen,*

*- d'Reglementéierung vun den Energiespuerluuchten zu Lëtzebuerg an an der EU ze iwwerschaffen,*

*- dem Bierger méi Fräiheet an Eegeverantwortung beim Kaf a beim Asaz vun deene Luuchten ze loossen, déi senge Besoinen am beschten entspriechen,*

*- de Kaf an den Asaz vun der klassescher Bir nees ouni Restriktiounen ze erlaben.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

**Une voix**.- Très bien!

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser. Da wier et um honorabelen Här David Wagner.

**M. David Wagner** *(déi Lénk)*.- Jo, Merci, Här President. Ech si jo och Member vun der Ëmweltkommissioun an ech war och derbäi, wéi den Här Roth seng Remarken zur Formatioun vum Officier de police judiciaire gemaach huet. Ech hunn och gutt nogelauschtert, an dann hunn ech ugefaangen, mir awer och Froen ze stellen, well u sech muss een zouginn, dem Här Roth seng Argumentatioun, « elle tient la route ». An ech mengen, jiddwereen gesäit dat och an. Ech hat u sech och den Androck, datt d'Majoritéit dat jo och net komplett niéiert huet.

D'Argumentatioun vun der Majoritéit war déi, fir ze soen: Et muss e bësse méi schnell kënne goen a méi einfach kënne goen. An dat kann een à la limite nach novollzéien. Dann ass een an enger schwiereger Situatioun, datt een an engem Ist-Zoustand wahrscheinlech ass, deen et dann net op esou eng effikass Aart a Weis géif erlaben, dat hinzekréien, wann een och nach eng Formatioun géif fuerderen. Dat ass dann eng ganz pragmatesch Approche. Mä anerersäits kann ee jo dovunner ausgoen, a mir ginn och dovunner aus, datt déi Beamten dat och richteg wäerte maachen. Dat huet och keen an der Kommissioun, mengen ech, a Fro gestallt.

Mä trotzdeem ass et awer e Prinzip, wou ee sech d'Fro stellt: Wann awer eng Kéier eppes géif geschéien a wann et eng Kéier géif schifgoen? Dat heescht, et ass eng Iwwerleeung wäert. Vläicht wäert dat och nom Vott an no der Publikatioun vum Gesetz vläicht iergendeng Kéier eng Konsequenz hunn. Da muss ee sech dat vläicht erëm eng Kéier ganz gutt iwwerleeën. An ech mengen, d'Regierung misst sech dat gutt iwwerleeën.

Ech hat mech bei deem Passus - an dat gëllt dann och fir déi zwee aner Gesetzesprojeten, déi herno kommen, da brauch ech dat net méi ze soen - och enthalen. Schlussendlech hunn ech déi dréi Projet-de-loien - da soen ech dat och elo direkt, da brauch ech dat herno net méi ze soe bei deenen zwee nächsten - awer matgestëmmt, well mer mam Prinzip trotzdeem averstane sinn. Voilà!

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** *(Piraten)*.- Merci, Här President. Léif Kolleegen a Matbierger, ech soen dem François Benoy Merci fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech selwer kennen de Quecksëlwer nach aus den alen Thermometeren - zu Recht 2009 duerch d'EU verbueden -, fir d'Féiwer ze moossen. Ech war allerdéngs selwer net erstaunt, wéi ech am Gesetzestext hu misse liesen, dass an eisen Zännfëllungen och Quecksëlwer dran ass. Ze oft gouf dëst Material als bëlleg Alternativ benotzt, obwuel et scho laang a genuch Alternative gëtt.

Dat huet mech e bëssen erënnert un déi al Réimer, déi sech an der Antik Bläivergëftungen zougezunn hunn, well hiert Waasser am permanente Kontakt mat dësem Metall war.

De Quecksëlwer ass flësseg, fest oder als Gas, an ass ee fir de Mënsch immens geféierleche Metall. Schonn a klengen Dose ka Quecksëlwer zu gréissere gesondheetleche Schied féieren. Ganz geféierlech ass dëst Metall a Gasform, wou et iwwert d'Otemweeër schlëmm Schied am Kierper uriichte kann, dorënner zum Beispill Sehstörungen, Dermatitis oder Niereproblemer. Bei schwangere Frae geet et iwwert d'Nuebelveen an de Fötus iwwer, wou et, wéi an zahlreiche Fäll bericht ginn ass, zu Behënnerunge beim Kand gefouert huet.

Zu Minamata a Japan war souguer eng Well vu Vergëftungen duerch de Verzehr vu belaaschtem Fësch. D'onkontrolléiert Extraktioun an d'Entsuergung hunn derzou gefouert, dass mer de Quecksëlwer hautzudaags och an eise Mierer erëmfannen, an dee lant zum Schluss erëm mam Saumon oder Thon op eisen Telleren.

D'EU gëtt en Zil vir vun 20 Nanogramm maximal pro Gramm Fëschgewiicht. An Däitschland leie laut Ëmweltbundesamt bal all d'Fësch, déi mer ze kafe kréien, iwwert dësem Wäert.

De Quecksëlwer ass awer och an eise spezielle Luuchten ze fannen, bei verschiddenen Energiespuerbiren, Quecksëlwerdamphéichdrockluuchten oder de bekannte Schwaarzliichtluuchten. A wéi seriö et ass, wann een aus Versinn esou eng Energiespuerluucht emol zerbrécht, erkläert Ökotest zimlech dramatesch: net an den direkte Kontakt kommen, also net mat engem Duch ophiewen, op kee Fall de Staubsauger benotzen, d'Zëmmer laang léften. Besonnesch fir Kanner am Haushalt ass et riskant. An net ze vergiessen: d'Luucht da sécher verpaakt an enger Gefréiertut op enger spezieller Sammelstell ofginn.

An nach méi riskant sinn déi schlecht zesummegebaut Spuerluuchten, déi ee bëlleg am Internet an Asie kafe kann.

D'Präsenz vum Quecksëlwer an eiser Ëmwelt ass dobäi mënschegemaach, entstan duerch d'Extraktioun vu Buedemschätz duerch Minenaktivitéit souwéi eng schlecht Entsuergung vun den Artikelen, déi Quecksëlwer enthalen.

Prinzipiell ginn d'Piraten hiren Accord zu dësem Gesetz, kritiséieren awer och, wéi richteg vun der CSV ugemierkt, de Punkt mat de Formatiounen an ënnerstëtzen d'CSV an deem Punkt. Fir de Rescht wäerte mer d'Gesetz awer esou wäit och ënnerstëtzen.

Merci.

**Une voix**.- Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen. Ageschriwwen huet sech nach den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

**M. Carlo Back** *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn dem Här Roth nogelauschtert, ganz intensiv nogelauschtert, an ech hu seng Bedenke versicht ze verstoen, virun allem als ancien OPJ. Ech war selwer Officier de police judiciaire a menger Fonctioun als Expert vun der Radioprotektioun an ech hu versicht, mech erëmzefannen an deem, wat Dir do gesot hutt. An ech hat do gréisser Bedenken.

Éischtens emol musst Der Fonctionnaire sinn an Dir musst d'Hand hiewen, dat heescht, Dir gitt assermentéiert, dat kann ech Iech just aus menger Experienz soe vum Officier de police judiciaire. Mir hu musse virun engem Riichter, wéi gesot, de Schwur maachen. Do kann ech mech un d'Detailer net méi erënneren. Mä mir sinn assermentéiert gi vun engem Riichter, fir op déi Fonctioun do preparéiert ze ginn.

Et ass ee Poste mat enger ganz grousser Responsabilitéit, well ech muss Iech soen, Dir gitt net esou eran - an ech hunn dat e puermol gemaach beruflech - bei, zum Beispill, Dokteren an Dir gitt do an d'Dossiere wullen. Dat Recht hutt Dir och elo net. Dir kënnt net, wann Dir ee Problem hutt, datt een Apparat do steet, wou Radioaktivitéit benotzt gëtt, da kënnt Dir net eragoen a soen: „Weist mir d'Dossiere vum Patient!" Dir gitt jo mat enger klorer Missioun dohinner. Dir sollt feststellen: Ass hei Radioaktivitéit? Gëtt hei Radioaktivitéit oder, villméi, radioaktiv Stralung bei engem Röntgenapparat produzéiert ënner illegale Konditiounen? Dat stellt Dir fest an Dir gitt keng Dossiere kucken.

Är Missioun ass ëmmer kloer limitéiert. An ech kann Iech och soen, datt mir selwer forméiert goufen. Den Aspect juridique, wéi gesot, ech si kee Jurist, an ech weess, dat hunn ech schonn hei festgestallt, dat ass keng exakt Wëssenschaft, Här Mosar, mir haten eis eng Kéier doriwwer ënnerhalen, mä et huet scho seng Regelen a Prozeduren, déi ee muss kennen a beherrschen. A mir goufen och dora forméiert, wéi een do virgeet, wat ee schreiwe soll a wat een eventuell net soll schreiwen. Dat zu deem Aspect juridique, a mir hunn dat och regelméisseg selwer gemaach.

Well, Här Roth, wann Der enzwousch an eng Situatioun era musst kommen, déi delikat ass, Dir kritt zum Beispill vum Collège médical geschriwwen: „Mir hunn de Verdacht, datt do eppes net koscher ass." Dann hutt Dir da jo e gewëssent Mandat. Do steet jo kloer dran: Gitt net an d'Dossiere wullen! An net esou, wéi Dir et elo gesot hutt. Esou einfach ass dat net. Da gitt Dir kucken, ob do zum Beispill Radioaktivitéit ass oder, wéi den Här Benoy et hei erkläert huet, oder ob do Quecksëlwer ass. Verstitt Der? Dann ass Är Missioun scho limitéiert. Dat sinn alles Aspects juridiques, déi mer ëmmer erëm, och vun eise Juristen am Ministère, un d'Häerz geluecht kruten.

An déi Formatioun gouf och automatesch à jour gehalen. Dir sidd scho selwer, wann Der eng Missioun hat, déi e bëssen heikel war, nach eng Kéier froe gaangen, ob dat esou okay ass, well Dir wëllt Iech jo och do net e Faux pas leeschten, schonn éleng op der Prozedur. Dat hunn ech och als Netjurist verstanen, datt en Dossier ganz schnell kann zougemaach ginn, wann een e Feeler mécht an der Prozedur.

Dann zu de wëssenschaftlechen oder technesche Kenntnisser. Et ass esou, datt een, deen OPJ ass, an och soss e Beamte vun enger Verwaltung, drop hält, eng Formatioun ze kréien oder eng Formation continue à jour ze halen. Well wann Der jo musst eppes feststelle goen, wat eventuell net konform ass, da wëllt Der Iech jo ausser deem juristesche Faux pas, deen Der kënnt maachen, och kee Faux pas wëlle leeschten, virun allem kee Faux pas wëlle leeschten um Niveau scientifique oder technique. An dofir si mer ëmmer a Formation-continuë gaangen, fir eist Wëssen oprechtzëerhalen.

An ech géif soen, déi Texter, déi den Här Benoy hei virgestallt huet, déi entspriechen deem Geescht. An dofir, mengen ech, sollte mer dat hei einfach stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Back. Den Här Gilles Roth huet awer nach d'Wuert gefrot.

**M. Gilles Roth** *(CSV)*.- Merci. Merci, Här President. Ech si perséinlech ugeschwat ginn. Also, dem Här Back seng Experienz, déi respektéieren ech, déi an allen Éieren. Dir hutt zwou Saache gesot. Éischtens hutt Der gesot: „Do huet ee misse Fonctionnaire sinn." Mir stëmmen eigentlech net iwwer Är Experienz of, mä mir stëmmen iwwer ee Gesetzestext of. An de Gesetzestext vun haut, deen ...

***(Interruption)***

Jo! De Gesetzestext vun haut, dee gesäit vir: « le directeur, les directeurs adjoints et les employés », an en Employé ass kee Fonctionnaire! Deen ass net ënnert dem Statut vum Fonctionnaire. An duerfir hunn ech gesot, dat ass en Novum, an deen Novum steet hei am Gesetzestext.

Dat Zweet, wou Der gesot hutt: „Mir hunn do net däerfen an alles wulle goen." Ech liesen Iech den Text. Den Text, den Artikel 6 vun deem Reglement, dee seet: « Ils », dat sinn also d'Officiers de police judiciaire, och d'Employéen, « peuvent pénétrer de jour et de nuit, lorsqu'il existe des indices graves faisant présumer une infraction à la présente loi et à ses règlements d'exécution, dans les locaux, installations, sites et moyens de transport visés ci-dessus. » Also kënne se dat maachen.

An Är Experienz an Éieren, mir stëmmen hei iwwer e Gesetzestext of a mir kënnen net novollzéien - mir kënnen net novollzéien -, dass eng Formatioun iwwert d'Portée vun enger Hällewull vun Infractions pénales, déi mat Prisongsstrofe plus Geldstrofe sanktionéiert sinn, dass eng Formatioun, wéi se elo muss gemaach ginn, an Zukunft net méi sollt gemaach sinn, an dat en porte-à-faux mat dem Avis vum Conseil d'État a mat enger Motioun, déi vun der Majoritéit, déi vun enger Unanimitéit viru 14 oder 15 Joer hei, 12 Joer, an der Chamber gestëmmt ginn ass.

Här Back, an allen Éieren, ech géif wierklech nach eng Kéier d'Ëmweltministesch dozou opfuerderen, dass se nobessert an dass se seet, dass den Text, esou wéi en elo dran ass - deen huet jo keng Schwieregkeeten erwisen -, bestoe bleift an dass déi Leit eben hir Formatioun maachen. Da stëmmt d'CSV deen Text hei selbstverständlech mat.

Wa se dat net sollt maachen, da soen ech Iech, da reservéiere mer eis Positioun. Mir si selbstverständlech, well et geet hei guer net, dass elo ee seet: „Hei, da sinn déi géint de Quecksëlwer oder si si fir den Amalgam." Dat loosse mer net mat eis maachen, well souwisou ass et hei eng europäesch Reglementatioun. A wann Der den Text richteg a genau gelies hutt, da spillt déi europäesch Reglementatioun souwisou schonns vum 1. Abrëll 2018 un. Et sinn also Präzisiounen, déi mer an eis lëtzebuergesch Gesetzgebung draschreiwen.

Et de grâce, Madamm Ministesch, et fält Iech wierklech keen Zack aus der Kroun, wann Der sot: „Mir halen den Text esou bäi, wéi en elo schonns appliziéiert gouf."

**Une voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Roth. Den Här Back huet nach eemol d'Wuert gefrot.

**M. Carlo Back** *(déi gréng).*- Jo, Merci, Här President. Jo, dat mat de Beamte mag stëmmen. Ech perséinlech hat och Beamte matgeholl, wann ech op d'Plaz gaange sinn. Mä wannechgelift, wann Dir eng Plainte maacht virum Gericht, da kënnt Dir dat net maachen als OPJ. Verstitt Der! Dann hutt Der ee Beamten derbäi, deen Iech ënnerstëtzt an Ärer Missioun. Verstitt Der? Dir gitt jo net onbedéngt eleng eran, schonn eleng aus Grënn, fir een Temoin ze hunn. An den Text ass an deem Sënn ze interpretéieren. Een, deen net assermentéiert ass, dee ka jo net eragoen. Dir kënnt jo zum Beispill soen zu der Polizei: Gitt mat mer dohinner …

***(Brouhaha)***

Dat ass jo esou, wéi de Wee ass: Wann et haart op haart geet, dann huelt Der eventuell d'Polizei mat. An dat kritt Der jo nëmmen, d'Polizei geet jo nëmme mat Iech, wann Der kënnt soen: Ech sinn en OPJ. Soss geet déi jo guer net mat. An dass Der Iech begleede loosst vu Beamten, déi net assermentéiert sinn, dat ass awer berufflech okay. Do gesinn ech awer elo kee Problem, wann ee Kolleeg matgeet, deen Iech ënnerstëtzt an Ärer Missioun an deen awer u sech herno an der Prozedur kee Recht huet, fir ze intervenéieren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci, Här Back. Elo wëll ech awer der Regierung d'Wuert ginn. Madamm Carole Dieschbourg, wannechgelift.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.*- Bon, fir d'Éischt emol wëll ech dem François Benoy fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport Merci soen an dann awer och dem Här Back fir déi pertinent Remarken, well mir däerfen hei keen Amalgam maachen tëschent deene verschiddene Saachen. Wann Der den Artikel 5 (3) liest, da steet do: « Les fonctionnaires et agents visés au paragraphe 1[er] doivent avoir suivi une formation professionnelle spéciale portant sur la recherche et la constatation des infractions (...). Le programme et la durée de la formation ainsi que les modalités de contrôle des connaissances sont arrêtés par règlement grand-ducal. »

An dann: « Avant d'entrer en fonction, ils prêtent devant le président du tribunal d'arrondissement de leur domicile, siégeant en matière civile, le serment suivant : "Je jure ..." » an esou weider. Dat heescht, mir mussen hei net verwiesselen, ëm wat et sech handelt. Et handelt sech, wat Dir mengt, ëm en Enn vun engem Saz, deen net do ass. Hei ass et net esou, dass eng Formatioun gestrach gëtt. Hei handelt et sech ëm vereedegt Leit, déi am Sënn vun deem Gesetz solle schaffen.

A wa mer wëlle gutt schaffen, da brauche mer déi Leit eben och um Terrain. Dofir soen ech der Chamber Merci a virun allem och nach eng Kéier dem Här Back, deen dat, mengen ech, immens gutt explizéiert huet.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Madamm Ministesch. D'Diskussioun ass …

***(Interruption)***

Den Här Roth huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Gilles Roth** *(CSV).*- Jo, parole après ministre. Ech hätt nach gären eng Äntwert. Mir hunn hei laanschtenee geschwat, well ëm déi Fro ass et net gaangen, ob do PJen eng Formatioun kréien, wéi se sech solle behuelen. Mä d'Fro ass déi, dass se eng Formatioun kréien - an dat hutt Der aus Ärem Gesetz gestrach - iwwert d'Portée vun deenen eenzelnen Infraktiounen. An et sinn der eng Hellewull, déi festgesat sinn.

An eng zweet Fro, déi ech Iech gestallt hat, Madamm Ministesch, a wou ech gären eng Äntwert hätt: Sinn all déi Infraktiounen, déi hei opgelëscht sinn, sinn dat « infractions matérielles au sens du droit pénal » oder net?

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Wëllt d'Madamm Ministesch nach dorobber reagéieren? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Da kënne mer jo ofstëmmen iwwert de Projet de loi 7350.

***(Protestations et exclamations)***

**M. Laurent Mosar** *(CSV).*- Dat do geet dach net, dass eng Regierung refuséiert, eng Äntwert ze ginn, Här President!

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- D'Madamm Ministesch huet alles gesot, wat ze soen ass.

***(Brouhaha)***

**M. Laurent Mosar** *(CSV).*- Nee, si huet näischt gesot!

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Den Text steet am Document parlementaire 7350[3].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7350 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7350 ass mat 33 Jo-Stëmmen, bei 4 Nee-Stëmmen an 23 Enthalungen ugeholl.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen (par M. Roberto Traversini), Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass dat esou decidéiert.

Da kéime mer zum Vott vun der Motioun, déi vun der ADR agereecht ginn ass. Här Roth, wannechgelift!

**M. Gilles Roth** *(CSV).*- Ech wollt awer nach eng Kéier soen, mir hätten deen Text hei wierklech gär matgestëmmt. An ech mengen, mir hunn der Ministesch hei d'Hand gereecht, souwuel schonns an der Kommissioun wéi elo.

Mä ech kann net akzeptéieren als Volleksvertrieder, dass hei gesot gëtt, déi OPJen, déi do allegeurten déi Infraktioune sollte kontrolléieren, dass déi alles wëssen, wat et ass, an dass eng Ministesch hei an e Parlament kënnt an net ka soen, ob eng Infraktioun, déi do opgeluecht ass, ob dat eng Infraction matérielle ass oder net! Well grad do läit de Problem an där ganzer Saach!

Eng Infraction matérielle, Madamm Ministesch, da soen ech Iech et, do gëtt vun deemjéinegen, dee se mécht, einfach de Fait matériel - duerfir heescht se esou - festgestallt an et gëtt net emol gekuckt, ob deen e Mobile (veuillez lire : e Motiv) oder iergendeng Intentioun oder net hat, fir déi ze commettéieren.

An ech muss Iech ganz éierlech soen, Är Äntwert, déi Der hei ginn hutt, dat ass en Netrespekt vum Parlament!

**Plusieurs voix.**- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci, Här Roth. Den Här Fernand Kartheiser huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR).*- Här President, wat d'ADR ugeet, si mer an därselwechter Situatioun. Wat de Fong vum Gesetz ugeet, hätte mer eis gär ugeschloss. Wat de Quecksëlwer ugeet, d'Bioziden oder chemesch Produkter, reng den Ëmweltaspekt dovunner, do hätte mer kënnen e Kompromëss hei fannen a mir hätte vläicht souguer eestëmmeg kënnen déi Gesetzer unhuelen.

Mä datt awer hei Froen, déi de Fonctionnement vum Rechtsstat betreffen, op déi Manéier ecartéiert ginn, wéi mer et hei haut erlieft hunn, dat huet eis dozou gezwongen, e kloert Zeechen ze setzen an ze soen: Dat do geet fir eis net, mir stëmme mat Neen! A mir hueles dat, wannechgelift soll d'Regierung dat eescht huelen an net méi heihinnerkommen an net capabel sinn oder net wëlles hunn, op d'Froe vum Parlament ze äntwerten. Zemools bei Saachen, déi vum Rechtsstat relevant sinn, kann dat net sinn!

D'Madamm Minister hat jo bei engem Projet virdru gesot: „Mir sinn an engem Rechtsstaat." Déi Prestatioun, déi mer hei elo erlieft hunn, dementéiert hir eege Wierder!

***Motion 1***

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci, Här Kartheiser. Ech mengen, da kënne mer elo zum Ofstëmme vun der Motioun kommen.

Ass de Vote électronique gefrot? Ech ginn dovunner aus.

***Vote sur la motion 1***

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun 1 ass mat 3 Jo-Stëmmen a 56 Nee-Stëmmen ofgeleent ginn.

*Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 56 voix contre 4 voix.*

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. Roberto Traversini), Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen (par Mme Josée Hansen), Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

**Une voix.**- Dat ass näischt Neits.

***(Hilarité)***

## 8. 7357 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 septembre 2015 relative aux produits biocides

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Da kënne mer zum nächste Projet kommen, dem Projet de loi 7357, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Biozidprodukten. D'Riedezäit ass mam Basismodell festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: den Här Paul Galles, den Här Max Hahn, den Här Georges Engel, den Här Fernand Kartheiser, den Här David Wagner an den Här Marc Goergen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire***

**M. François Benoy** *(déi gréng), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Biozide si Produite respektiv Substanzen, déi vum Mënsch onerwënschten Organismen iwwer eng chemesch oder biologesch Aktioun bekämpfen oder zerstéieren, wéi zum Beispill Raten oder Insekten, mä och Mikroorganisme wéi Bakterien, Viren oder Schimmel, dat, well si schiedlech fir de Mënsch respektiv seng Aktivitéiten, Déieren oder d'Ëmwelt sinn. A si gi souwuel vu Privatleit wéi och vu Professionelle genotzt.

D'Lëscht vu Bioziden, déi am Alldag genotzt ginn, ass laang: Desinfektiounsmëttel, Insektiziden, Produiten, fir Materialie wéi zum Beispill Holz oder Plastik ze schützen, Gëft géint Raten an esou weider. Biozide sinn awer och a Materialie wéi dem Plastik, Faarwen, Textilien, Holz etc. verschafft, fir se géint Insekten, Mikroben, Parasitten oder och nach Schimmel ze schützen. Mä, och wa mir Biozide zum Deel brauchen a si ons schützen, esou si se gläichzäiteg awer och ganz geféierlech fir d'Mënschen an d'Déieren an ons Ëmwelt. An dofir ass et wichteg, dass mir ons strikt Regele ginn, wat d'Iwwerwaachung an den Ëmgang mat Bioziden ugeet, fir déi Riske maximal ze reduzéieren.

A genau dat maache mer och mat dem Gesetzesprojet 7357, deen d'Gesetz aus dem Joer 2015 iwwert d'Biozide ännert, fir de Mënsch an d'Ëmwelt nach besser ze schützen.

Den Text gouf de 17. September zejoert vun der Ëmweltministesch an der Chamber deposéiert. Zesumme mat den Avisen hu mer den Text an der zouständeger Kommissioun de 6. Mäerz diskutéiert an de Rapport den 20. Mäerz ugeholl.

No e puer Joer Erfahrung mam Gesetz iwwert d'Biozide gi mat dësem Gesetzesprojet juristesch a praktesch Problemer behuewen, fir dass d'Applizéierung um Terrain beschtméiglech fonctionnéiert, dat natierlech och, fir d'Konformitéit mat dem betreffenden europäesche Reglement ze garantéieren.

D'Zouloossung an de Contrôle vun de Substanzen duerch d'Ëmweltverwaltung gi méi effikass. Och bei de Mesuren, déi den zoustännege Minister, wann néideg, ergräife kann, ginn Upassunge gemaach grad ewéi bei de Sanktiounen.

A wéi mir dat och scho bei anere Matièren hunn, kréien d'Police an aner kompetent Beamten, wéi zum Beispill déi vun der Ëmweltverwaltung, dem Waasserwirtschaftsamt, der Douane, der ITM awer och der Unité de contrôle aus dem landwirtschaftleche Beräich d'Méiglechkeet, Kontrollen op zougängleche Plazen ze maachen, ouni dass de Proprietaire am Viraus informéiert ass. An ech mengen, ech muss soen, dat ass jo och eng Saach, déi am Sënn ass vun dem Objet hei, nämlech dass mer d'Ëmwelt an och virun allem d'Mënschen hei schützen, dass een do séier kann agräifen.

An ech mengen, an deem Sënn ass och déi Fro mat der obligatorescher Formatioun, déi bei deem heiten, och virdrun an an deem Text duerno de Fall ass. Nämlech ass et jo net esou, dass déi Formatioun ofgeschaaft gëtt, et ass just esou, dass d'Méiglechkeet do ass, dass se en groupe, gruppéiert gemaach gëtt, well eben allegeurten déi Beamten, déi an deem Ëmweltberäich hei schaffen, och dann zesumme kënne forméiert gi fir déi speziell Matièren allegeurten an net isoléiert an enger Formatioun musse sëtzen, wou et just ëm dat heite ganz spezifesch geet. A wéi et och elo scho gesot ginn ass: Dat si jo net iergendwellech Beamten, déi dat maachen, mä dat sinn Officiere vun der Police judiciaire, Leit, déi sech wierklech gutt och mam Droit pénal, dem Code de procédure pénale, den Ëmweltgesetzer an esou weider auskennen.

D'Lëscht vun den temporäre Mesuren, déi vum Minister, deen d'Ëmwelt a sengen Attributiounen huet, kënnen ordonnéiert ginn am Fall vun net konforme Produiten oder Substanzen, fir déi ze detektéieren, gëtt mat dësem Gesetzesprojet geännert. De Minister kann zum Beispill ordonnéieren, dass d'Leit, déi mat dësen net konforme Substanzen oder Produiten a Kontakt kommen, komm sinn, doriwwer informéiert musse ginn. Och kann de Minister elo administrativ Amendë ginn, wa géint verschidden Dispositioune vum Gesetz verstouss gëtt. Domadder kënnen d'Leit, déi hire legalen Obligatiounen net nokommen, besser sanktionéiert an de Respekt vun dësen Obligatioune verbessert ginn.

A sengem Avis vum 5. Februar vun dësem Joer huet de Statsrot e puer Remarken zum Gesetzesprojet gemaach, dorënner och wéinst dem Paraphraséiere vun Dispositioune vum europäesche Reglement, a freet, par contre, d'Referenz op den Text. Deem gouf Rechnung gedroen.

D'Handelskummer approuvéiert de Gesetzesprojet an hirem Avis an d'Handwierkerkummer huet keng speziell Observatiounen ze maachen.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, Biozide sinn a ville Formen am Alldag vun de Mënschen omniprësent, sief et als Desinfectant, fir Produiten ze protegéieren, fir géint Schädlinge virzegoen an esou weider. Si sinn zugläich och e Schutz an eng Hëllef wéi och e Risk fir ons Gesondheet an Ëmwelt. An dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass mir ons déi beschtméiglech Moyene gi fir en effikasse Schutz a Contrôle, wat mir mat dësem Gesetzesprojet maachen.

An deem Sënn soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och den Accord vun der gréngen Fraktioun.

**Plusieurs voix.**- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Benoy. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Paul Galles agedroen. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Paul Galles** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem honorabelen Deputéierte François Benoy villmools Merci fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Bei dësem Gesetzesprojet geet et ëm eng Ofännerung vum Gesetz vum 4. September 2015 zu de Bioziden. A bei der Ëmsetzung vun dësem Gesetzestext hu sech verschidde praktesch a juristesch Failles ageschlach, déi et heimat elo ze behiewe gëllt.

Et handelt sech also an engem gewëssene Sënn ëm technesch Froen. Mä den Hannergrond zu de Bioziden, also de Chemikalien, déi zum Schutz vum Mënsch a senger Gesondheet agesat ginn, ass awer immens interessant. An deem leschte Jorzéngt gouf et eng ganz grouss Zuel vun neie Molekülen um Maart, soudass d'Logik vum Ëmgang dermat eng aner ginn ass. Et soll a muss elo am Virfeld vill besser opgepasst ginn, wat iwwerhaapt op de Maart ka kommen. Also Präventioun amplaz vun dem Problem nozelafen.

Souwäit ech mech informéiert hunn, ginn d'Bioziden a véier Kategorien agedeelt. Déi éischt sinn d'Desinfectanten, also besonnesch bei Drénkwaasser a Surfacen, oft gi se a Spideeler agesat; zweetens d'Insektiziden; drëttens d'Protektioun vun der Konstruktioun, also Fassaden a Materialien, véiertens all déi aner, also den Divers.

Dat weist schonn, dass mer allegueren iergendwann iergendwéi an iergendwou vun der Fro betraff sinn an et tatsächlech ëm eis Gesondheet an eis Ëmwelt geet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an et ass virun allem noutwendeg, fir hei mat den europäeschen Norme konform ze ginn a beschtméiglech d'mënschlech Gesondheet, déi vun den Déieren, awer och vun eiser Ëmwelt ze schützen. Dat ënnerstëtze mir natierlech a selbstverständlech, do besteet iwwerhaapt keng Fro!

Dass déi europäesch Dimensioun awer keng reng strukturell oder theoretesch ass, dat gëtt zum Beispill bei dësem Thema däitlech, bei deem Beispill, dass heiansdo den TGV, dee Lëtzebuerg mat Frankräich verbënnt, hei an deem enge Land gebotzt gëtt oder emol an deem aneren. Mat wat? An, gëtt och dat gemaach, wat do virgesinn ass? An anere Wierder: Eng europäesch Harmoniséierung ass tatsächlech Gold wäert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat bedeit dat dann elo eigentlech ganz konkret?

Wat d'Ännerung am Text ugeet, esou sinn eng Rei Präzisiounen derbäikomm. Virun allem awer sollen d'Kontrolle verbessert ginn an administrativ Strofen agefouert ginn. Mir begréisse fir dës Sanktioune virzegesinn, wann net konform Produiten op de Marché kommen. Infraktioune solle bestrooft ginn. An am Sënn vun enger besserer Protektioun vun der Ëmwelt ass et alternativlos, fir dës Strofen och um Terrain ze appliziéieren. Et ass also wichteg, duerch eng verbessert Surveillance um Terrain de Verkaf an d'Benotzung vun de Biozide besser ze reglementéieren. Fir d'Kontrollen ass d'Administration de l'environnement responsabel. Och hei ass et gutt, dass Kontrolle kënnen duerchgefouert ginn, ouni de Proprietaire doriwwer ze informéieren.

An domat si mer awer da bei deem Kritikpunkt, dee sech duerch déi dräi Projet-de-loien 7350, 7357 an 7358 zitt an zu deem mäi Kolleeg Gilles Roth sech scho ganz richteg erkläert huet: deem, dass déi obligatoresch Formation professionnelle fir déi Agenten, déi Infraktioune sollen erkennen a poursuivéieren, soll ewechfalen. Och hei ass et kloer: Mir si mat dësem Punkt ganz konkret natierlech net averstanen, well ee Gesetz ass hannen um Enn ëmmer nëmmen esou gutt wéi seng Kontroll an d'Kontroll vu senger Ëmsetzung.

Déi Fro vun der Formatioun ass awer iwwregens op engem aneren Niveau méi allgemeng nach ganz interessant, well d'Administration de l'environnement huet jo eng Lëscht mat alle betraffene Produiten. Déi muss regelméisseg geupdated ginn. An och do mussen deemno eng Weiderentwécklung a Weiderbildung geschéien. A mir ënnerstëtzen alles, wat am Sënn vun engem Programme d'accompagnement vum Ministère an Administratiounen duerch d'Wëssenschaft gemaach ka ginn, fir dass mer tatsächlech ëmmer up-to-date sinn, well ee Gesetz ass och ëmmer nëmmen esou gutt wéi dat Wëssen, op deem et baséiert.

Well et sech ëm e ganz evident Thema handelt, géife mir gären hei eisen Accord ginn. Wéinst deem Punkt, dee mer virdrun awer scho soulevéiert hunn, gesi mer eis hei leider an der Situatioun, eis mussen ze enthalen.

Ech soen Iech villmools Merci fir Är Opmierksamkeet.

***(Interruptions)***

**Une voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Galles. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn** *(DP)*.- Merci, Här President. Ech géif och hei dem Rapporteur nach eng Kéier Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport an och den Accord vun der Demokratescher Partei ginn.

Merci.

**Une voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Hahn. An da wier et um honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

**M. Georges Engel** *(LSAP)*.- Jo, och nach eng Kéier Merci dem Rapporteur an och den Accord vun der LSAP wollt ech heimat ginn.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engel. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Här President, hei hu mer och mam Contenu vum Gesetz kee Problem. Mir sinn also an därselwechter Situatioun wéi virdrun. Mir stëmmen dëst Gesetz net mat, well mer rechtsstaatlech Bedenken hunn, a mir hoffen, datt sech vläicht an nächster Zäit déi Saach da ka regelen, well ech mengen, datt d'Regierung haut jo awer gesäit, datt eng staark Oppositioun géint esou Dispositioune besteet, wéi mer se hei am Gesetz hunn.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser. Da wier et um honorabelen Här David Wagner.

**M. David Wagner** *(déi Lénk)*.- Merci, Här Etgen. Ech hat meng Argumenter dozou beim viregte Projet de loi scho presentéiert an ech wäert se net repetéieren. Mä mir stëmmen dee Projet de loi mat.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. Als leschte Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, et ass un Iech.

**M. Marc Goergen** *(Piraten)*.- Här President, Merci dem François Benoy fir säin ausféierleche Bericht. Biozide si Chemikalie mam Zil, ongewënschten Organisme wéi zum Beispill Bakterien, Pilzen an Insekten ofzeschrecken, onschiedlech ze maachen oder ze zerstéieren.

Déi bekanntste Biozider kennt een aus den Haushaltsproduiten, wéi zum Beispill Desinfektiounsmëttele fir d'Toilett oder Schimmelentferner fir d'Dusch. Verschidde Studie beleeën, dass d'Benotze vu Biozide laangfristeg gesondheetlech Konsequenze fir Mënsch an Ëmwelt kënnen hunn. Sou ginn et beispillsweis Chemikalien, deenen nogesot gëtt, kriibserreegend ze sinn, anerer wierken op den Hormonhaushalt vum Mënsch beanträchtegend.

Generell gëtt schwangere Frae souwéi Mammen, déi nieren, geroden, net a Kontakt mat Bioziden ze kommen, well d'Wierkstoffer jo iwwert d'Blutt oder d'Mammemëllech un d'Kand kënne weidergi ginn. E grousse Problem stellen d'Desinfektiounsmëttelen duer. Doduerch, dass dës Produkter um Massemaart kommerzialiséiert a publizéiert ginn, si sech d'Konsumenten net bewosst, dass de permanente Gebrauch vun dëse Chemikalie keng positiv Effekter op hir Gesondheet huet.

Ugesiichts vun all deene Risiken, déi mat de Biozider verbonne sinn, ass et wichteg, dass mer de responsabelen Ëmgang vun dëse Produite praktizéieren an encadréieren. Mir fuerderen awer och d'Regierung op, déi Mënschen, déi am deegleche Kontakt mat Biozide stinn, besser ze schützen. Ech denken do zum Beispill un d'Botzpersonal am ëffentlechen oder och am private Secteur. Hei wär et, éischtens, wichteg, d'Leit opzeklären, wat d'Gefore beim Benotze vun dëse Produite sinn, zweetens sollt een higoen a Produite mat Biozider esou wéineg wéi méiglech benotzen an op natierlech Alternativen zréckgräifen. Hei ass d'Regierung gefuerdert, fir fir méi Opklärung a Präventioun ze suergen.

Alles an allem wéilten d'Piraten dëse Projet dann och matdroen, mä soulaang d'Ministesch keng konkret Äntwert op d'Formatioun fir d'Kontrolle ka ginn, musse mir eis och bei dësem Projet leider enthalen.

Mir soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert. D'Ëmweltministesch, d'Madamm Carole Dieschbourg, wannechgelift.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*.- Bon, da soen ech och an dësem Fall dem François Benoy Merci fir de Rapport. An ech soen zumindest fir deen ideelle Support heivunner och deenen anere Merci.

Ech hunn dann elo och hei nach eng Kéier gekuckt, ech mengen, quitte dass et net un der Ëmweltministesch ass, mä eigentlech un engem Riichter, herno ze soen, wéi eng Infraktiounen dat sinn, esou ass et dann awer hei esou, dass e Groussdeel u sech formell, Infraction-formellë sinn, dat heescht autorisatiounsméisseg, deels materiell awer och. Dat huet een och an dësem Projet, an an deem anere konnt ech och an där Hisiicht net direkt reagéieren.

Ech wéilt awer trotzdeem Iech dofir d'Indikatioun ginn. Ech kann Iech soen, awéifern dat esou ass, mä mir mussen dat dote mat Beduecht ugoen.

Wichteg ass och hei, dass mer d'Leit um Terrain hunn, dass mer keen Amalgam maachen an dass mer awer, wa mer vun den OPJe schwätzen insgesamt, déi jo eigentlech eréischt ..., also virun 2012 si se einfach vereedegt ginn, 2014 hu mer ageféiert, dass u sech déi Formatiounen iwwerhaapt emol musse gemaach ginn, déi spezialiséiert. Dat muss een einfach an dësem Kontext soen, wann een esou einfach meckert. Mir hunn dat iwwerhaapt eréischt agefouert, dass déi Formatioune gemaach ginn!

An dofir, mengen ech, soen ech éischtens Merci, zweetens, ech bieden nach eng Kéier d'Chamber, dass mer keen Amalgam hei maachen, a freeë mech dann, zumindest ideell, iwwert déi grouss Zoustëmmung, wann et drëm geet, eis Bierger viru Bioziden ze schützen.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Ëmweltministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7357. Den Text steet am Document parlementaire 7357[3].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7357 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration. De Vott ass domat ofgeschloss.

De Projet de loi 7357 ass mat 35 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7357 est adopté par 33 voix pour, 4 voix contre et 23 abstentions.*

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

Le saviez-VOUS ?

## PÉTITION PUBLIQUE

La pétition publique ne peut être introduite et signée que par le formulaire spécial disponible sur le site Internet de la Chambre des Députés ou par un formulaire sur papier mis à disposition par les services de la Chambre. Elle doit être d'intérêt général et d'intérêt national et respecter les principes d'éthique. Un sujet similaire à celui d'une pétition précédente ne peut être introduit qu'après un délai d'une année.

Pour introduire et aussi pour signer une pétition publique, il faut être âgé d'au moins 15 ans et être inscrit dans le registre national des personnes physiques, disposer donc d'un numéro de matricule. La Commission des Pétitions examine la pétition et émet un avis au sujet de la recevabilité. La Conférence des Présidents décide de sa recevabilité.

Si une pétition électronique atteint ou dépasse le seuil des 4.500 signatures, un débat public est organisé au sein de la Commission des Pétitions et de la commission compétente pour le sujet en question. La réunion est transmise en direct par la chaîne télévisée de la Chambre.

Les pétitions publiques n'ayant pas atteint le seuil des 4.500 signatures peuvent être, sur demande du pétitionnaire, converties en pétition ordinaire.

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Stéphanie Empain), Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen (par M. Roberto Traversini), Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou decidéiert.

## 9. 7358 - Projet de loi portant modification de la loi du 16 décembre 2011 concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques ainsi que la classification, l'étiquetage et l'emballage des substances et mélanges chimiques

Mir kommen elo zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, dem Projet de loi 7358, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'chemesch Substanzen. D'Riedezäit ass och nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Paul Galles, den Här Max Hahn, den Här Georges Engel, den Här Fernand Kartheiser, den Här David Wagner an den Här Marc Goergen.

D'Wuert huet erëm eng Kéier den honorabelen Här François Benoy als Rapporteur vum Projet.

***Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire***

**M. François Benoy** *(déi gréng), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, chemesch Substanze kënne gëfteg, ätzend a ganz geféierlech sinn. Si ginn net nëmmen an industrielle Prozesser gebraucht, mä si sinn och omnipräsent an eisem Alldag a sinn zum Beispill a ville Botzmëttelen, déi een am Supermarché kafe kann, a Faarwen, Kleeder an esou weider.

Aus dësem Grond a fir d'Mënschen an d'Ëmwelt ze schütze brauche mir och streng Virschrëften an effikass Kontrolle fir d'chemesch Produiten, déi am Ëmlaf sinn. An dësem Sënn ännert de Gesetzesprojet 7358 d'Gesetz aus dem Joer 2011 iwwert d'Enregistréierung, d'Evaluatioun an d'Autorisatioun vu chemesche Substanze grad ewéi d'Klassifikatioun, den Etiquetage an den Emballage vu chemesche Substanzen a Gemëscher.

D'Ëmweltministesch huet de Gesetzesprojet de 17. September zejoert an der Chamber deposéiert an d'Ëmweltkommissioun huet sech dem Text an den Avisen de 15. Februar ugeholl. De Rapport gouf den 20. Mäerz guttgeheescht. D'Basis vum Gesetz sinn zwee europäesch Texter, nämlech d'CLP-Reglement iwwert d'Astufung, d'Kennzeechnung an d'Verpackung vu chemesche Substanzen a Gemëscher an d'REACH-Reglement, dat d'mënschlech Gesondheet an d'Ëmwelt virun de Riske vun de Chemikalie schütze soll.

REACH huet Prozeduren etabléiert, fir d'Proprietéiten an d'Gefore vu Chemikalien ze etabléieren. Fir dem Reglement gerecht ze ginn, musse Firmaen zum Beispill chemesch Substanzen, mat deene se schaffen, registréieren an der europäescher Chemikalienagence weisen, dass dës Substanzen op eng sécher Aart a Weis kënne genotzt ginn. Doriwwer eraus sollen d'Déiereversich doduerch reduzéiert ginn.

Am Kader vun der Applikatioun vum REACH stelle sech praktesch a juristesch Problemer, déi mir mat dësem Gesetz upassen, fir e gudde Fonctionnement vum Contrôle vun de chemesche Substanzen ze garantéieren.

Fir den Text méi liesbar ze maachen, gëtt en Opérateur économique agefouert. Ënnert dëse Begrëff falen allegueren d'Akteuren an der Verdeelungskette vu chemesche Produiten, vum Fabrikant iwwert den Importateur an den Distributeur bis bei de Verkeefer.

Fir méi effikass géint d'Violatioun vu verschiddenen europäeschen Dispositioune virzegoen, zum Beispill wat den Etiquetage oder d'Verpackung vu Chemikalien ugeet oder wat d'Ausliwwerung vun Informatiounen am Kader vun der Marchésiwwerwaachung ugeet, ginn administrativ Amenden heifir festgeluecht.

D'administrativ Mesuren, déi den zoustännege Minister am Kader vu senge Kontrollen huele kann, ginn och ausgeweit. A wéi och scho bei deene Gesetzer virdru ginn et hei Changementer bei der Formatioun an zum Deel och bei dem Accès, fir de Contrôle ze maachen. An ebe fir dës Contrôle méi effikass ze maachen, ginn och d'Zort vun den Informatiounen an d'Dokumenter, déi wärend Kontrollen ugefrot kënne ginn, ausgebaut.

Am Gesetz, wat mir iwwerschaffen, war d'Kategorisatioun oft ze strikt a wichteg Dokumenter sinn doduerch net an de Champ d'application gefall.

A sengem Avis vum 15. Februar vun dësem Joer huet de Statsrot eng Opposition formelle gemaach wéinst juristescher Inkohärenz, där Rechnung gedroe gouf. D'Chambre de Commerce approuvéiert an hirem Avis de Gesetzesprojet an d'Handwierkerkummer huet keng weider Observatiounen ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen an eisem Alldag, bewosst oder onbewosst, permanent mat chemesche Substanzen a Kontakt. Dës Substanze kënnen eng grouss Gefor fir d'Ëmwelt an d'mënschlech Gesondheet duerstellen. Dofir ass et och immens wichteg, dass hir Enregistréierung, d'Evaluatioun, d'Autorisatioun grad ewéi hir Klassifikatioun, hiren Etiquetage an den Emballage gutt fonctionnéieren. Dëse gudde Fonctionnement gëtt mat dësem Gesetzesprojet assuréiert.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat och den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Benoy. Als éischte Riedner ass erëm eng Kéier den honorabelen Här Paul Galles agedroen. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

**Une voix.**- Gitt Iech e bësse Méi!

***Discussion générale***

**M. Paul Galles** *(CSV).*- Sou, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem honorabelen Deputéierte François Benoy nach eng Kéier Merci fir säi gudde mënschlechen, mëndlechen ...

***(Brouhaha général)***

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Mënschlechen!

**M. Paul Galles** *(CSV).*- Dat ass awer e Freudsche Verspriecher. ... säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Mat dësem Gesetzesprojet geet et doréms, fir d'Gesetz vum 16. Dezember 2011 zu Enregistrement, Evaluation, Autorisation vu chemesche Substanzen, also REACH, genausou wéi d'Klassifikatioun, déi Etiquetage an Emballage vu chemesche Substanzen a Mëschungen, ofgekierzt CLP, ze verbesseren a verschidde Problemer, déi mer bei der praktescher Ëmsetzung vum Text gesinn hunn, ze behiewen. Dat sinn also déi zwou europäesch Chemikalieveruerdnungen. Dës Problemer waren notamment bei der Ëmsetzung vum Paquet REACH ze erkennen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Haaptobjektiv bei dësem Gesetzesprojet ass et, fir d'Moyene vun de Kontrollen auszeweide grad ewéi och déi méiglech Sanktiounen an administrativ Mesuren, déi am Fall vun enger Infraktioun kënnen ausgeschwat ginn. An inspiréiert gouf sech dobäi un deem Gesetz zur Reorganisatioun vum ILNAS. Dës Zousätz begréisse mer natierlech och, well esou eng besser Applikatioun vum europäesche Recht méiglech ass.

Insgesamt si Kontrolle méi einfach duerchzeféieren an administrative Hürde konnten aus dem Text geholl ginn, wat gutt ass. Vu dass mer der Meenung sinn, dass eng gutt an effikass Kontroll vun dëse chemesche Substanze wichteg ass, si mer natierlech en faveur vun dëse Vereinfachungen. Et muss ee sech ëmmer virun Aen halen, wéi ee Schued dës chemesch Substanze kënne verursaachen, an dat net nëmme fir de Mënsch, mä och fir eis Ëmwelt, déi eis ganz staark um Häerz läit. Genau dowéinst sollen d'Kontrollméiglechkeeten esou gutt ausgeschafft wéi méiglech sinn. An dat sollt mat dësem Text elo besser geléngen.

Domat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt nach eng Kéier däitlech, wéi interessant a wichteg dee Contenu ass, ëm deen et eigentlech bei dësen technesche Froe geet. Dat hate mer scho virdru bei de Biozide gesinn, déi awer eng besonnesch Opmierksamkeet verdénge opgrond vun hirer Gëftegkeet an dofir eng eege Gesetzgebung kréien. Well se a grousse Quantitéite produzéiert ginn an och an d'Ëmwelt geroden, brauche se eng besonnesch Risikobewäertung.

Mä och den Ëmgang mat deenen heite betraffene Chemikalien ass immens interessant. D'Wëssenschaft evoluéiert. Et fënnt een ëmmer erëm Neies an et ginn och nei besonnesch besuergneserreegend Stoffer fonnt an et sinn dofir och ëmmer erëm nei a méi Firmen dervu betraff. An hei spillt de Prinzip vun der Subsidiaritéit. D'Firme kréien de Ball an de Fouss a solle sech këmmeren, dass Stoffer, déi vun hirer Grondeegenschaft hier geféierlech sinn, esou verpaakt a benotzt ginn, dass se bei kenger Uwendung geféierlech ginn. De Risiko gëtt vu Risikoausschëss bewäert. An da gëtt et Autorisatioune fir e puer Joer parallell zu enger Sich no Alternativen. D'ëffentlech Hand mécht wärend där Zäit Stéchprouwen.

A wat och nach interessant ass: Et gëtt fir besonnesch besuergneserreegend Stoffer, Gemëscher a Produiten eng Informatiounsflicht vun der Industrie vis-à-vis vum Consommateur innerhalb vun der Liwwerketten. Leider besteet nach de Problem, dass vill Verbraucher näischt vun hirem Recht wëssen a vill Firmen näischt vun hirer Flicht. A well et eng ganz spannend a komplex Matière ass, gëllt och hei: „All Gesetz ass just esou gutt wéi seng Kontroll."

Genau wéi d'Chambre de Commerce et an hirem Avis schreift, stelle mir eis d'Fro, firwat et bei de Sanktioune vun Infraktioune keng Harmoniséierung vun den eenzelne Strofen am Ëmweltberäich gëtt. Sou gëtt et beispillsweis Differenzen tëschent dësem Projet an deem zu de Biozide vun elo just.

Dass eis Kritik wéinst de Formatioune wierklech wesentlech ass, gëtt och hei besonnesch däitlech. Wéi kontrolléiert, muss déi néideg Instrumenter an d'Hand kréien, dat néidegt Wëssen, egal ob Fonctionnaire oder Employé oder wat fir e Statut och ëmmer. Et wär jo zum Beispill erstaunlech, wann d'Douane, huele mer als Beispill, net extra Formatioune géif kréien zu Chemikalien, déi um Findel ukommen, an zwar vun externe Beroder, déi net selwer d'Contrôleure sinn. A wat fir d'Douane gutt ass, muss och fir all déi aner gutt sinn. Do geet et dann ëm Formales, zum Beispill, dass d'Dateblat richteg ausgefëllt ass, an ëm Inhaltleches.

D'europäesch Chemikalienagence, déi hire Sëtz zu Helsinki huet, definéiert regelméisseg sougenannt Enforcement Projeten: Wärend enger bestëmmter Zäit gi bestëmmten Aspekter a bestëmmte Länner kontrolléiert. Dat brauch natierlech eng zilgeriicht a speziell Formatioun. Mir sinn dofir géint dës Ännerung, well mer der Meenung sinn, dass d'Qualitéit vum Contrôle dorënner leit.

An elo, Här Di Bartolomeo, hutt Dir erëm gläich Ären Asaz! Natierlech si mer am Fong fir dëse Projet - natierlech! -, mä wéinst dem Problem mat de Formatioune musse mer eis leider enthalen.

Ech soen Iech villmools Merci.

**Une voix.**- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Galles. Zweeten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn** *(DP).*- Merci, Här President, fir d'Drëtt dann. Ech géif dem Rapporteur dann nach eng Kéier Merci soe fir säin explizitte mëndlechen a schrëftleche Rapport. An och géif ech heimat dann den Accord vun der Demokratescher Partei ginn.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci, Här Hahn. An dann datselwecht fir den honorabelen Här Georges Engel.

**M. Georges Engel** *(LSAP).*- Genau. Merci dem Rapporteur. An den Accord vun der LSAP.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Engel. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR).*- Jo, ech hunn och dat Gefill, mech heiansdo missen ze widderhuelen haut. Mä et ass wierklech alt erëm eng Kéier déiselwecht Situatioun. Hei hu mer e Gesetz, wou d'Strofe verschäerft ginn. Dat steet och explizitt esou dran, datt d'Pouvoiren, och vun der Madamm Minister, renforcéiert ginn, fir Strofen ze huelen.

An dann ass awer erstaunlecherweis déi Argumentatioun, firwat déi Formatioun net gi gëtt, net déi, déi den Här Back ginn huet oder anerer, fir ze soen: „Dat ass souwisou de Fall a jiddwereen weess gutt Bescheed." Et steet explizitt dran: « Ceci est notamment dû à la difficulté de trouver des formateurs. » Dat heescht, mir maachen hei en Ofstréch un der Rechtsstaatlechkeet, mat deem awer wierklech extrem schwaachen Argument, datt ee keng Formateure fënnt!

Dofir verstitt Der, datt mer, esou sympathesch eis den Inhalt vum Gesetz u sech ass, awer dat hei net kënne matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci, Här Kartheiser. An da wier et um honorabelen Här David Wagner.

**M. David Wagner** *(déi Lénk).*- Merci, Här President, bis repetita, mir wäerten dëse Projet de loi mat ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Wagner. Als leschte Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).*- An och an der drëtter Ronn, mir géifen, vun der Iddi gären, d'Gesetz ënnerstëtzen, mä ginn eis net zefridde mat de Kontrollen. An deementspriechend wäerte mer eis enthalen.

***(Brouhaha général)***

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Goergen. An da wier et un der Regierung. D'Madamm Ëmweltministesch, d'Madamm Carole Dieschbourg.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* - Ma ech soen dann nach eng Kéier Merci fir de Rapport, souwuel de schrëftleche wéi de mëndlechen. Mir ass et wichteg, dass d'Leit um Terrain sinn. D'Douane an d'AEV maache vill Saachen an där Hisiicht zesummen. A Formatioune ginn och an där Hisiicht net ofgeschaaft. Et ass, d'Spezialisten um Terrain kennen hir Texter. A mir schwätzen hei vun OPJen. Ech mengen, dass dat genuch Erklärung ass.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Madamm Ministesch. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7358. Den Text steet am Document parlementaire 7358[3].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7358 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7358 ass mat 33 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen an 23 Enthalungen ugeholl.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*MM. Marc Angel, Dan Biancalana (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Yves Cruchten), Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. Roberto Traversini), Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen (par M. François Benoy), Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Claude Wiseler), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sëtzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt muer nees um zwou Auer zesummen. A mir fänken u mat deenen zwee Brexit-Projeten, d'Projet-de-loien Nummer 7412 a 7426.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

***(La séance publique est levée à 18.20 heures.)***

Présidence : M. Fernand Etgen, Président • M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

## Sommaire

**1.** Ouverture de la séance publique

- *M. Fernand Etgen, Président*

**2.** 7412 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile : M. Marc Angel*
- *Discussion générale : M. Claude Wiseler - M. Gusty Graas - Mme Stéphanie Empain - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement*
- *Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

**3.** 7426 - Projet de loi relative à des mesures à prendre en relation avec le secteur financier en cas de retrait du Royaume-Uni de Grande-Bretagne et d'Irlande du Nord de l'Union européenne et modifiant :

1° la loi modifiée du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés et

2° la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif

- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler (dépôt de la motion 1)*
- *Discussion générale : M. Laurent Mosar (interruption par M. Roy Reding) - M. Henri Kox - M. Roy Reding - M. Franz Fayot - M. Sven Clement*
- *Prise de position du Gouvernement : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

**4.** Débat de consultation au sujet du Plan d'action national d'égalité des femmes et des hommes

- *Exposé : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes*
- *Débat : Mme Françoise Hetto-Gaasch - M. Gilles Baum - M. Dan Biancalana - Mme Djuna Bernard (interventions de Mme Nancy Arendt épouse Kemp et M. Fernand Kartheiser)*

**5.** Question urgente n° 0569 de M. Michel Wolter relative à la peste porcine

- *M. Michel Wolter (interventions de Mme Nancy Arendt épouse Kemp) - M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural (interventions de Mme Martine Hansen) - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable - M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural - M. Michel Wolter (intervention de M. le Ministre François Bausch)*

**6.** Débat de consultation au sujet du Plan d'action national d'égalité des femmes et des hommes (suite)

- *Débat (suite) : M. Fernand Kartheiser (dépôt de la résolution 1) (intervention de M. le Ministre François Bausch) - M. Jeff Engelen - M. Marc Baum (intervention de Mme Nancy Arendt épouse Kemp) - M. Marc Goergen (dépôt de la motion 1)*
- *Prise de position du Gouvernement : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes (interventions de Mme Martine Hansen, Mme Nancy Arendt épouse Kemp, M. Jeff Engelen, M. Roy Reding, M. Fernand Kartheiser, M. le Ministre François Bausch et M. Marc Goergen)*
- *Mme Nancy Arendt épouse Kemp (parole après ministre) - Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes*
- *Résolution 1 : M. Alex Bodry (intervention de M. Sven Clement) - M. Eugène Berger - Mme Josée Lorsché (intervention de M. Fernand Kartheiser) - M. Marc Goergen (interventions de M. Fernand Kartheiser et M. Eugène Berger) - M. Gast Gibéryen (interventions de M. Laurent Mosar, M. Fernand Kartheiser et M. Eugène Berger) - M. Marc Baum (interventions de Mme Nancy Arendt épouse Kemp) - M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Gast Gibéryen, M. Roy Reding, M. Alex Bodry et M. Mars Di Bartolomeo)*
- *Vote sur la résolution 1 (rejetée)*
- *Motion 1 : Mme Françoise Hetto-Gaasch - M. Marc Baum*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

**7.** 7130 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement de la Convention relative à l'aviation civile internationale [article 50, alinéa a)], signé à Montréal le 6 octobre 2016

et

7131 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement de la Convention relative à l'aviation civile internationale [article 56], signé à Montréal le 6 octobre 2016

- *Rapports de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Carlo Back*
- *Discussion générale : M. Serge Wilmes - M. Max Hahn - M. Yves Cruchten - M. Marc Goergen - M. Jeff Engelen*
- *Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*
- *Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel*

**8.** 7313 - Projet de loi portant approbation

1° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Kazakhstan relatif à des services aériens, fait à Astana, le 21 mai 2015 ;

2° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République d'Arménie relatif à des services aériens, fait à Luxembourg, le 8 décembre 2015 ;

3° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Cameroun relatif au transport aérien, fait à Luxembourg, le 26 janvier 2016 ;

4° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Côte d'Ivoire relatif au transport aérien, fait à Luxembourg, le 4 février 2016 ;

5° de l'"Agreement between the Government of the Grand Duchy of Luxembourg and the Government of the Republic of Zambia on air services", fait à Luxembourg, le 29 février 2016 ;

6° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Turkménistan relatif à des services aériens, fait à Ashgabat, le 6 septembre 2016 ;

7° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la Mongolie relatif à des services aériens, fait à Leipzig, le 1er juin 2017 ;

8° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Colombie relatif à des services aériens, fait à New York, le 22 septembre 2017 ;

9° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Niger relatif au transport aérien, fait à Niamey, le 8 février 2018

- *Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Carlo Back*
- *Discussion générale : M. Marc Goergen (intervention de M. Eugène Berger)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

**9.** 7362 - Projet de loi

1° portant approbation du protocole modifiant l'Accord du 9 février 1994 relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes par des véhicules utilitaires lourds conformément à la directive 2011/76/UE du Parlement européen et du Conseil du 27 septembre 2011 modifiant la directive 1999/62/CE relative à la taxation des poids lourds pour l'utilisation de certaines infrastructures, fait à Bruxelles, le 6 décembre 2017 ;

2° modifiant la loi modifiée du 24 février 1995 portant approbation et application de l'Accord relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes par des véhicules utilitaires lourds, fait à Bruxelles, le 9 février 1994

- *Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Carlo Back*
- *Discussion générale : M. Marc Goergen*
- *Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

**10.** Question urgente n° 0569 de M. Michel Wolter relative à la peste porcine (suite)

- *M. Michel Wolter (fait personnel) - M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics (interventions de Mme Octavie Modert et Mme Françoise Hetto-Gaasch) - M. Michel Wolter (parole après ministre)*

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Jean Asselborn, M. Romain Schneider, M. François Bausch, M. Pierre Gramegna, Mme Carole Dieschbourg et Mme Taina Bofferding, Ministres.

***(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)***

### 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Jean Asselborn,** *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Dat ass net de Fall, Här President.

### 2. 7412 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Den éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass de Projet de loi 7412 iwwert de fräie Persouneverkéier am Fall vun engem Brexit ouni Deal. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech schonn ageschriwwen: den Här Gusty Graas.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile***

**M. Marc Angel** *(LSAP), rapporteur.*- Jo, Merci, Här President, fir d'Wuert. No deenen dräi Projeten, déi mer en Dënschdeg de Mëtteg hei gestëmmt hunn, an no engem gëschter ass dat hei deen zweetleschte Gesetzesprojet, woumat eist Land sech op de Brexit virbereet.

Och no de sougenannten „indicative votes" gëschter am House of Commons zu London wësse mer nach ëmmer net méi, ausser dass et keng Majoritéit gëtt fir e spezifeschen Zeenario am britteschen Parlament, wéi et soll weidergoen. Wat mer awer kennen a sécher sinn, sinn d'Konklusioune vum europäesche Sommet vum 21. Määrz. An dësem Conseil, do sinn d'Echeancë vum Brexit ugepasst ginn.

Wann d'House of Commons zu London der Premierministesch May hiren Deal dës Woch oder eventuell nach fréi d'nächst Woch unhëlt, da wäert de Brexit den 22. Mee stattfannen, also een Dag éiert d'Europawahlen uginn.

Wann den Deal net ugeholl gëtt, huet d'Madamm May bis den 12. Abrëll Zäit, fir eng Alternativ unzebidden an eventuell eng nei Verlängerung ze kréien. A wéi mer wëssen, misst d'Vereenegt Kinnekräich dann och un den Europawahlen deelhuelen.

Sollt et awer keng alternativ Pist ginn, fir de Brexit ze delivréieren, wäert et den 12. Abrëll oder kuerz duerno zu engem haarde Brexit kommen, dat heescht e Brexit ouni Deal.

Et war vun Ufank u gewosst, dass d'Ratifikatioun vum Deal duerch Groussbritannien net esou einfach géif ginn, mä dass esou e Chaos zu London a Westminster géif entstoen, ech mengen, dat konnt kee virausgesinn.

D'Europäesch Unioun an déi national Regierunge wéi och d'Wirtschaftsakteure si scho säit zwee Joer amgaangen, sech ze preparéieren op en Deal a säit engem hallwe Joer och méi präzis op d'Possibilitéit vun engem No-Deal.

An dëse Gesetzesprojet, iwwert dee mer haut ofstëmmen, beschäftegt sech mat engem Haaptaspekt vun de Relatiounen tëschent der Europäescher Unioun a Groussbritannien, nämlech d'Recht vun de Biergerinnen a vun de Bierger. A méi spezifesch geet et ëm d'Rechter vun de Britten, déi hei zu Lëtzebuerg souwuel am Fall vum Deal ugeholl gi wéi och am Fall vun engem haarde Brexit.

Wann dëse Projet uganks just fir de Fall vun engem Deal-Zeenario virgesi war, dat heescht fir spezifesch Dispositioune vum Kapitel II vum Accord de retrait an nationaalt Recht ze transposéieren, ass en elo, nodeems mer an der Kommissioun dru geschafft hunn an nodeems de Claude Wiseler zu Recht opgeworf huet, dass mer déi zwee Zeenarie misste virgesinn, fir déi zwee Fäll - Deal an No-Deal - gülteg.

Den Avis vum Statsrot huet och ganz kloergemaach, dass d'Applikatioun vun den Dispositiounen am Accord de retrait net onbedéngt an alle Fäll spezifesch national Legislatioun bräicht.

Et goufe vum Statsrot aus dräi formell Oppositiounen um ursprénglechen Text:

zwou, wat d'Definitioune vun den Termen „Travailleur frontalier" an „Droit de garde" ugeet. Dës Definitioune goufe suppriméiert. Mä mir kruten awer och matgedeelt vun de Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus dem Ministère, wat eist ganz Immigratiounsgesetz ugeet, wat mer elo schonn e puermol geännert hunn, dass do e Processus de codification amgaangen ass, wat keng einfach Aufgab ass, wat, mengen ech, awer wichteg ass fir d'Lisibilitéit vum Immigratiounsgesetz.

De Statsrot huet weiderhi festgestallt, an dat war déi drëtt Opposition formelle, dass eng Obligatioun, déi ënnert dem Accord de retrait zum Schluss vun der Transitiounsphas virgesinn ass, schonn direkt, nodeems den Accord a Kraaft trëtt, operluecht gouf. An duerch en Amendement hu mer präziséiert, dass et elo fir d'Bierger aus dem Vereenegte Kinnekräich méiglech ass, hir Documents de séjour scho wärend der Transitiounsphas unzefroen, d'Obligatioun awer eréischt zum Schluss gëllt.

D'aussepolitesch Kommissioun huet dem Avis vum Statsrot an deem Sënn duerch eng ganz Rëtsch Amendementer, wéi gesot, Rechnung gedroen.

A sengem Avis complémentaire, deen e virun zwee Deeg erausginn huet, huet de Statsrot och säin Accord zu deenen Amendementer ginn.

Op dem Statsrot sengem Avis gëtt de Projet elo net méi an zwee opgedeelt an d'Echeancë fir d'Entrée en vigueur vun de verschiddenen Dispositiounen an deenen zwee Fäll sinn elo am Artikel 9 zesummebruecht.

Ganz kuerz wëll ech op d'Haaptpunkten agoen, déi d'Rechter vun de Britten hei zu Lëtzebuerg wäerte regléieren. An ech wëll just eng kleng Remark maachen: All déi Gesetzer … déi meescht Gesetzer, déi mer am Kader vum Brexit gestëmmt hunn, handelen ëm d'Mënschen, well d'Mënschen, déi brauche Sécherheet, déi musse wëssen, wou se dru sinn. An ech si frou, dass d'Regierung déi Mënschen, d'Britten, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, als prioritär ugesinn huet.

Den Accord de retrait gesäit eng Transitioun bis den 31. Dezember 2020 vir, wärend där déi brittesch Bierger äänlech Rechter wéi d'EU-Bierger hunn. Brittesch Bierger, déi schonn an engem EU-Memberstat domiciliéiert sinn, wäerten hiren Droit de séjour och no der Transitioun garantéiert hunn. An datselwecht gëllt natierlech och fir hir Familljememberen. Fir d'Britten, déi nom 31. Dezember 2020 ukommen, wäert de Régime de ressortissant de pays tiers gëllen, wa keen anere bilateralen oder multilateralen Accord bis dohinner ausgehandelt ass.

Vu dass den Accord de retrait verschidden Optioune virgesäit, fir dës rechtlech Dispositiounen ëmzesetzen, präziséiert dëse Lëtzebuerger Gesetzesprojet d'Optioun, déi zu Lëtzebuerg wäert gëllen, nämlech en obligatoreschen Enregistrement, e Mechanismus, deen och scho fir EU-Bierger gëllt.

Brittesch Bierger, déi virun der Transitioun hei domiciliéiert sinn, wäerten allerdéngs en anert Document de séjour wéi EU-Bierger kréien. De Projet gesäit an deem Kader vir, dass déi lëtzebuergesch Autoritéite scho wärend der Transitiounsphas dëst Document de séjour ausstelle kënnen, dat ass den Artikel 19 vum Accord, vu dass si d'Obligatioun hunn, fir ongeféier 4.600 esou Dokumenter bis den 31. Dezember 2020 ze remplacéieren.

D'Direction de l'immigratioun aus dem Ausseministère huet an deem Kontext och schonn aacht Leit zu deem Zweck nei agestallt.

Vu dass d'Probabilitéit vun engem No-Deal-Brexit steteg geklommen ass, etabléiert de Projet och Dispositioune fir de Fall vum No-Deal. Den Text am Gesetz baséiert sech heibäi op eng Decisioun vum Conseil de Gouvernement vum 18. Januar 2019, dee virgesäit, dass déi brittesch Bierger an hir Familljememberen, déi virum 29. Mäerz 2019 hei zu Lëtzebuerg wunnen, och nom Austrëtt vu Groussbritannien bis den 30. Mäerz 2020 zu Lëtzebuerg bleiwe kënnen. An deem Kader kréie si en Document de séjour, dat ënner enger EU-Direktiv vun 2004 ausgestallt ka ginn.

Nom 30. Mäerz 2020 verléieren dës Dokumenter dann hir Gültegkeet a brittesch Bierger mussen en Titre de séjour ufroen op Basis vum modifizéierte Gesetz vun 2009 iwwert d'Libre circulation des personnes et l'immigration.

Wéi gesot, dat hei war e Punkt, dee mer an der Kommissioun decidéiert hunn. An ech wëllt wierklech hei dem Claude Wiseler nach eng Kéier Merci soen, dass e gesot huet: „Mir hu besser, mir änneren et, mir schreiwen et an d'Gesetz, wéi wa mer eis op eng Decisioun aus dem Ministerrot baséieren."

Wärend den Text déi uewe genannten Decisiounen also méi oder wéineger iwwerhëlt, präziséiert e keng spezifesch Datumen, vu dass den effektiven Datum vun engem eventuellen Austrëtt nach net gewosst ass. An et war och gutt, dass mer dat esou gemaach hunn, well mir wësse jo net, wat zu London alles decidéiert gëtt.

Mat dësem Gesetz stelle mer sécher, dass déi brittesch Biergerinnen a Bierger, déi virum Austrëtt de Choix getraff hunn, fir an der EU ze liewen, net fir dee Choix bestrooft ginn, a ginn hinnen och weider d'Recht, och am Fall vun engem No-Deal, zumindest temporär hei zu Lëtzebuerg ze liewen.

Et ass interessant, ech hunn en Artikel am „Guardian" gelies gëschter, dee seet, et gi jo dräi Milliounen Europäer, EU-Bierger, déi a Groussbritannien liewen. An do huet och d'Regierung geduecht, et géif duergoe mat enger einfacher Decisioun, wéi se dat mat den Europäer géife regelen. An do ass eng gemeinsam Kommissioun vum House of Lords an House of Commons, déi och gesot hunn, dass een dat wierklech misst an e Gesetz aschreiwen. An dorunner gëtt och elo zu London geschafft.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn och hei den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

**Une voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Angel. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler agedroen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Claude Wiseler** *(CSV)*.- Merci, Här President. Den Här Angel huet wéi üüblech hei eng gutt Aarbecht gemaach, souwuel mëndlech wéi och schrëftlech. En huet alles gesot. Um Text selwer hunn ech näischt derbäizefügen.

Ech hunn trotzdeem nach véier Remarken ze maachen.

Déi éischt, dat ass, datt mer mat dësem Text awer spéit ugefaangen hunn.

**Plusieurs voix**.- Aah!

**M. Claude Wiseler** *(CSV)*.- Dat kënnt och wahrscheinlech am Text duerno. An ech muss awer soen, déi parlamentaresch Aarbecht, déi doranner besteet, datt mer dënschdes de Rapport vum Conseil d'État kréien, datt mer haut de Moien um 8 Auer an der Kommissiounssëtzung e Rapport, dee mer gëschter Owend geschéckt kritt hunn, dann unhuelen, fir haut de Mëtten d'Gesetz ze stëmmen, ass net dat, wat ech normalerweis eng parlamentaresch Aarbecht, déi seriö ass, géif nennen.

***(Brouhaha)***

An ech soen Iech och, firwat: well d'Feelerméiglechkeet an d'Feelerquot bei Texter, déi esou schnell da musse gemaach ginn, awer do ass, an dass de ganz schnell a ganz sensibelen Texter, déi Leit uginn, och Feeler dragesat hues, déi duerno zu technesche Schwieregkeete kënne féieren.

Ech ka mech erënneren, datt mer virun e puer Méint hei an der Chamber e Gesetzestext hu missen annulléieren, well technesch Feeler dra waren, a mir hunn en nach eng Kéier misse fräsch stëmmen. Ech hoffen, datt dat hei net virkënnt.

Ech wëll dann och bemierken, datt Der gesitt, wéi konstruktiv trotzdeem d'Oppositioun heiansdo ka sinn, …

***(Brouhaha)***

… well mir hätten hei ouni Problem kënne refuséieren, wa mer eis op d'Reglement baséiert hätten, datt deen Text haut kënnt, well all Kritär an all Punkt vum Reglement, dee virgeschriwwen ass, am Fong iwwerschridde ginn ass. Mir hunn awer gemengt, et wär wichteg, datt en trotzdeem hei géif gestëmmt ginn, well verschidde Leit, déi concernéiert sinn, waarden op eng definitiv Positioun vun der Regierung respektiv vum Lëtzebuerger Stat, a mer dofir gemengt hunn, am Sënn vun de Leit géife mer trotzdeem déi méi komesch Prozedur matdroen. Dat war déi éischt Remark.

Zweetens sinn ech ganz zefridden iwwert de Fait, datt d'Chamberskommissioun, den Här Angel, d'Kommissioun d'accord war, fir hei den Text ze komplettéieren, op Suggestioun vun der Oppositioun, wéi den Här Angel et selwer gesot huet, an och de Fall virgesinn, dee jo nach ëmmer méi probabel gëtt, datt mer och gesetzlech virgesinn, wat da geschitt, wa kee Brexit-Accord kënnt, mä wann en haarde Brexit do ass, wat initialement net am Text war.

A wann ech dann d'Aussoe vun der Regierung effektiv héieren hunn an och dat, wat den Här Angel a sengem Rapport schreift: « Cette situation est couverte par une décision du Conseil de Gouvernement du 18 janvier 2019 », da soen ech: Fir mech ass et evident, datt dat huet missen an d'Gesetz geschriwwe ginn, well et ass net eng Decisioun vun der Regierung - wéi d'Regierung et awer a mengen Aen trotzdeem naiv an e wéineg fahrlässeg am Ufank gemengt huet -, déi einfach ka besteeënd Gesetzer, och wann et nëmme provisoresch ass, ëmänneren.

Mir hunn et scho missen an d'Gesetz schreiwen. An ech fannen et eng exzellent parlamentaresch Aarbecht - eng exzellent parlamentaresch Aarbecht! -, datt d'Parlament sech an esou engem Punkt duerchsetzt par rapport zur Regierung a seet: Mir mussen dat komplettéiere fir d'Sécherheet vun deene Leit. Ech fannen, datt mer hei och gewisen hunn, datt d'Parlament seng Initiativ, wann et eppes richteg fënnt, och ka bis zum Schluss duerchféieren.

Main drëtte Punkt, dat ass, datt eis dauernd gesot gëtt, datt mer dat, wat mer elo fir englesch UK-Bierger hei maachen, och sollten/misste baséieren op d'Reciprocitéit vun deem, wat d'Lëtzebuerger Bierger dann an England kënnen als Avantagë respektiv als Méiglechkeete kréien.

Ech weess, datt d'Lëtzebuerger Regierung net ka brittescht Recht bestëmmen. Dat ka Westminster ganz eleng. A mir gesinn do, wéi schwéier et ass. Trotzdeem, wann eis vun der Reciprocitéit konstant geschwat gëtt, da wëll ech awer eng Rei Froe stellen.

An zwar dat, wat een héiert: Ass et richteg, datt EU-Studenten, dat heescht och Lëtzebuerger Studenten, déi eréischt den nächsten Hierscht an England ufänken, awer nach garantéiert kréien, fir véier Joer kënnen dozebleiwen a vun deene bëllegen Tariffer vun den engleschen Universitéiten ze profitéieren?

Wéi ass et d'ailleurs à l'inverse och mat englesche Studenten, déi haut net zu Lëtzebuerg sinn, déi awer d'nächst Joer am Hierscht wëllen op der Uni Lëtzebuerg ufänken? Kënnen déi och véier Joer heibleiwen a vun den Unisprivilegie benefisséieren?

Wéi ass et mat englesche Bierger, déi méi wéi e Joer zréck ginn? Déi verléieren, wann ech richteg verstanen hunn, hir Rechter, wa se méi wéi e Joer zréckginn.

Wéi ass et mat Lëtzebuerger, déi an England zréckginn? Mir gëtt do gesot, datt déi méi wéi ee Joer kéinte fortgoen, a fënnef Joer kéinte fortgoen, ouni hir Rechter an England ze verléieren.

Ech wëll do just wëssen: Wéi ass et mat der Reciprocitéit? Et ass wichteg, datt d'Regierung sech gesetzlech ëm déi englesch Bierger, déi hei sinn, bekëmmert. Mä et ass awer gradesou wichteg, datt d'Regierung och weess a communiquéiert, wat mat de Lëtzebuerger geschitt, déi an England sinn.

A mäi véierte Punkt, deen huet den Här Angel schonn ugeschwat. Ech hunn och gelies am „Guardian" an an aneren Zeitungen, mä och um Site vum Parlament, datt et e parlamentaresche Bericht vum „Joint Committee on Human Rights" gëtt, deen zesummegesat ass vun deenen zwou Chambere vum englesche Parlament an dee sech eng ganz Rei juristesch Froe stellt iwwert d'Situatioun vun den EU-Bierger, déi momentan an England residéieren, well en am Fong seet, datt déi Rechter eewechgeholl gi si mam EU Withdrawal Act, mä u sech déi nei Rechter, déi awer versprach ginn, juristesch nach net amplaz gesat ginn, mä déi duerno duerch ministeriell Decisiounen amplaz géife gesat ginn, an de Comité vum Parlament selwer sech am Fong déiselwecht Froe stellt an England, wéi mir eis se hei zu Lëtzebuerg gestallt hunn, a seet: Dat ass eng juristesch Insecuritéit.

Dofir meng Fro: Wéi ass et domadder? Wat sinn d'Informatiounen, déi d'Regierung dofir huet? Well dat ass jo awer eng seriö Fro fir Lëtzebuerger, déi momentan an England sinn.

Dat gesot, ass et esou, datt d'CSV selbstverständlech dësen Text wäert matstëmmen. Mir wären trotzdeem frou, wa mer kéinten Äntwerten op eis Froe kréien.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wiseler. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas** *(DP)*.- Merci, Här President. Et kann ee bal soen: Dat hei ass d'Woch vum Brexit. Mir hunn eis an deene leschten Deeg ganz vill mam Brexit beschäftegt. Mir hunn eng ganz Rei Gesetzer hei gestëmmt, zu Recht. Haut steet och e wichtegt Gesetz um Ordre du jour.

Mir als Demokratesch Partei gesinn dat awer elo manner dramatesch iwwert déi Prozedur, déi huet missen elo hei respektéiert ginn, wéi vläicht mäi Virriedner, well mer der Meenung sinn: Mir sinn an enger immenser Ongewëssheet. Mir wëssen net, wéini de Brexit definitiv stattfënnt. Mir ginn dervun aus, datt et awer nach ëmmer den 29. Mäerz wäert sinn. Dowéinst ass et also wichteg, datt mer preparéiert sinn, wat den 30. Mäerz kann a Kraaft trieden.

Et ass hei e puermol gesot ginn, datt d'Oppositioun drop higewisen hätt, datt mer missten och deen aneren Zeenario virgesi vum No-Deal. Ech wëll awer drop hiweisen, datt och nach aner Leit dat hei ënnerbreet hunn, fir d'Madamm Polfer net mam Numm ze nennen. Si hat dat och ganz kloer an där Kommissiounssitzung gesot.

An duerfir si mer och frou, datt dat elo an deem Sënn hei zréckbehale ginn ass, datt mer, wéi gesot, virun allem den Zeenario vum No-Deal zréckbehalen hunn, well wann een déi Noriichten, déi zwar elo all hallef Stonn änneren, awer ka gleewen, da musse mer eis drop astellen, datt et leider wäert en No-Deal ginn.

Ech wëll awer vläicht nach op ee Punkt hiweisen. Dat ass deen, well mer hei awer elo eng Rei Moossnamen huelen am Interêt vun deene Bierger, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, déi de brittesche Pass hunn, datt mer se awer och informéieren iwwert déi Modifikatiounen, déi haut beschloss ginn, well déi si jo awer net onwesentlech; datt déi Leit déi Delaie matgedeelt kréien, datt se dann awer och en connaissance de cause kënne reagéieren, well et ass jo awer an hirem Interêt. An et ass dat virun allem, wat mir als DP och fir gutt a fir richteg halen. Et geet schlussendlech hei ëm Bierger, déi Joren, jorzéngtelaang zum Deel hei gelieft hunn, hei geschafft hunn, och zum Deel zu eiser Ekonomie bäigedroen hunn. A mir sollten dat op där anerer Säit ze respektéiere wëssen.

An deem Sënn ass dat fir eis hei eng Normalitéit, dat Gesetz, wat mer hei stëmmen. An ech brénge selbstverständlech dann och den Accord vun der Demokratescher Partei.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Graas. An da wier et un der honorabeler Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng)*.- Villmools Merci, Här President. Ech soen dann och dem Rapporteur villmools Merci fir säi gudde Rapport. Ech ginn natierlech och den Accord vun der grénger Fraktioun op dësem Projet de loi, op dësem Gesetzestext, a géif och da gären der Oppositioun villmools Merci soe fir hir konstruktiv Zesummenaarbecht an dësen Zäiten, wou d'Delaie forcement e bësselche méi kuerz sinn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Empain. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Jo, Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus e grousse Merci un den Här Angel. Ech mengen, et ass vill gesot ginn.

Just zwee Kommentaren.

Dat Éischt ass: Effektiv, dat hei war e gutt Beispill vu parlamentarescher Aarbecht, wou an der Kommissioun d'Oppositioun e Problem opbruecht huet an datt deen och ugeholl ginn ass. Ech mengen, ech wëll och kloer soen, datt den Här Wiseler deen Éischte war, deen déi Saach ugeschwat huet. En huet eng breet Ënnerstëtzung an der Kommissioun fonnt. An et ass derzou komm, datt eben e Projet konnt amendéiert ginn.

Ech mengen, et ass u sech e Beispill fir eng gutt parlamentaresch Aarbecht. An ech mengen, et ass kengem en Zack aus der Kroun gefall, mä et ass eppes, wat een och ka fir an Zukunft

envisagéieren: wann eng gutt Iddi vun der Oppositioun kënnt, fir déi opzegräifen.

Wat elo kee Präzedenzfall däerf sinn, dat ass just d'Prozedur! Mir maachen dat haut mat. An ech mengen, mir hunn Delaie fir eng gutt parlamentaresch Aarbecht. Mir erkennen och als ADR un, datt een an enger Situatioun wéi där heiter muss kënne séier schaffen. Ech mengen, dat ass hei elo d'Prioritéit. Dofir maache mir dat hei elo mat.

Ech wëll awer och kloer am Numm vun der ADR soen, datt déi Delaien, déi mer haut hei gesinn, kee Präzedenzfall wäerte si fir d'Zukunft vun der parlamentarescher Aarbecht hei am Haus.

Dat gesot, ech gi gär den Accord vun der ADR. A villmools Merci nach eng Kéier all deenen, déi gehollef hunn, dëse Projet esou séier fäerdeg ze maachen, wéi et elo ebe méiglech war.

Merci!

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Kartheiser. Dee leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** *(Piraten).*- Merci, Här President. Och Merci dem Rapporteur Marc Angel fir deen exzellente mëndlechen awer och schrëftleche Rapport, deen eis jo, wéi meng Virriedner gesot hunn, relativ kuerzfristeg zougaangen ass an dee mer dunn och relativ kuerzfristeg hu missen traitéieren.

Mir hoffen, datt no dësem Brexit-Chaos erëm e bësse méi Rou an d'parlamentaresch Aarbecht kënnt an et doduerjer och méiglech gëtt, dann an deenen Delaien, déi mer eis jo selwer ginn hunn, erëm parlamentaresch Aarbecht ze maachen, fir esou eben Haselegkeeten ze verhënneren. Ech mengen, et gehéiert zur Demokratie, datt ee sech och mat Texter kann eng gewëssen Zäit auserneesetzen, datt mer do e bësse Safeguards agebaut hunn. Nichtsdestotrotz markéiere mer och eisen Accord fir dëse Projet.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert. Här Ausseminister Jean Asselborn, et ass un Iech.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Jean Asselborn,** *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Merci, Här President. Och ganz kuerz vu menger Säit: Vläicht den Ënnerscheed tëschent dem brittesche Parlament an dem Lëtzebuerger Parlament, Här Wiseler, ass jo deen, dass d'Lëtzebuerger Parlament Meeschter ass iwwer seng Agenda, wärend a Groussbritannien ass dat e wéineg anescht. Do ass et d'Regierung, déi d'Agenda fixéiert. An ausnamsweis, wéi dat elo de Fall ass, ka jo d'Parlament selwer Initiativen huelen, wéi bei deenen aacht indikative Votten, déi aacht, déi allerdéngs gëschter ... also déi allerdéngs zu näischt gefouert hunn.

Bon, ech wëll vläicht ganz, ganz kuerz aus menger Siicht soen, wéi een elo ka mengen, dass et géif weidergoen. Fir d'Éischt, kee Mënsch weess, wou a wéini Kloerheet ka geschafe ginn. Dir hutt gesinn, gëschter bei deenen aacht Votte war et aachtmol neen. Déi zwee Votten, déi am nooste bäi waren, waren en zweete Referendum an d'Zollunioun.

An Der wësst jo och, dass et d'Iddi ass vum britteschen Parlament, wann dës Woch den Accord net gestëmmt gëtt, fir e Méindeg domadder virunzefueren an ze kucken e Méindeg, ob se op engem vun deenen aacht Punkten da kéinten eng Majoritéit kréien.

Dir wësst, wat ofgemaach ass am Conseil européen mat de Britten, an och decidéiert ginn ass vun europäescher Säit, dass dës Woch misst den Accord gestëmmt ginn. Wann dës Woch den Accord gestëmmt gëtt, dann ass den 22. Mee jo deen Datum, wou dann de Brexit géif a Kraaft trieden. Allerdéngs, ob dës Woch ka gestëmmt ginn oder wäert gestëmmt ginn, dat steet nach an de Stären.

Et ass esou, dass et do zwee Problemer gëtt. Dat eent, dat ass de Speaker. Dee seet nach ëmmer, an en huet dat och gëschter nach eng Kéier gesot, dass en net mengt, dass en neit Element do wier. Här Etgen, deen huet nach méi ze soe wéi Dir, an Dir hutt scho vill ze soen.

***(Hilarité)***

Voilà! An duerfir ass dat ee Punkt.

Mä dee wichtegste Punkt ass natierlech deen: Wou kommen déi 320 Stëmmen hier, déi gebraucht ginn? An Dir wësst jo och, dass gëschter vun der nordirescher Säit kloer gesot ginn ass, dass si sech net kéinte mat deem Deal, deen ausgehandelt ginn ass, ufrënnen.

Bon, wann also elo dës Woch net géif gestëmmt ginn, wat vläicht probabel ass, e Méindeg vläicht eng aner Solutioun da géif erauskommen am Parlament, da si mer natierlech an der Logik vum 12. Abrëll. Dat heescht, virum 12. Abrëll muss Groussbritannien der Europäescher Unioun soen, wat se wëllen.

An da gëtt et menger Meenung no nëmme méi dräi Méiglechkeeten:

Dat eent ass, si soen: „Mir zéien de Brexit zréck." Dat gleewen ech net.

Dat Zweet, dat ass, dass se soen: „Mir sinn am No-Deal." Et gëtt also keen Deal; wat natierlech muss verhënnert ginn.

An dann dat Drëtt, dat wier eventuell, dass se géife soen: „Mir hunn eng Ursaach, fir et ze verlängeren." Zwee Argumenter kéinten do gebraucht ginn. Dat eent, dat sinn Neiwahlen an dat anert ass eben en zweete Referendum.

Bon, dat heescht, mir sinn do elo nach an enger grousser Inconnue. Wa mer zum 12. Abrëll kommen, da ginn ech dovunner aus, dass dann och e Conseil européen stattfënnt. An da muss natierlech gekuckt ginn, ob déi Propositiounen, déi gemaach gi vun de Britten, ob do eng Unanimitéit ass an Europa, fir dat unzehuelen.

Sou! Fir de Projet hei géif ech mengen, dass den Här Angel dat wéi ëmmer gutt gemaach huet an dass Dir och hei an der Chamber op de Majoritéitsbänke wéi op den Oppositiounsbänke matgehollef hutt, well et geet jo hei net ëm d'Regierung, et geet ëm d'Securitéit vun de Bierger, déi hei liewen.

An ech géif vläicht dem Här Wiseler ganz kloer soen, dass mer natierlech d'Reciprocitéit wëllen. An d'Reciprocitéit ass jo och eppes, wat ausgeschafft ginn ass vun der Kommissioun mat de Britten. Déi Konditiounen, déi d'Britten den Europäer a Groussbritannien stellen, si keng schlecht, se gi souguer heiansdo méi wäit wéi eis, mä dat ass och natierlech eng ... dat kéint och Strategie sinn.

An alles, wat, wann et zu engem No-Deal kënnt, iwwert d'Reciprocitéit ze soen ass, gleeft mer, do ass d'Regierung prett, fir mat Iech ze diskutéieren, wéi dat evoluéiert. Ech mengen, mir hunn ... An deem Projet de loi hei, deen Der guttgeheescht hutt, ass alles dran, fir deene Leit, déi hei usässeg sinn, d'Liewen esou einfach wéi méiglech ze maachen.

Vläicht eng Zousazinformatioun nach derbäi: Dat ass déi, dass mer d'nächst Woch all britteschem Bierger hei, ech mengen, et sinn der 4.600, e Bréif schreiwen. Et si vläicht Leit, déi nach keen Internet esou hunn, wéi mir dat alles hunn, oder keen Handy hunn, wéi mir een hunn - dat gëtt et anscheinend nach. Mä mir maachen e Bréif u jiddwereen a mir soen nach eng Kéier, wat se maache sollen, fir dass se alleguerten un dee Pabeier kommen, dee se brauchen.

Bon, mir mussen also elo ofwaarden. Mir hoffe jo, dass mer nach zu engem Accord kommen. An da wësst Der, dann hu mer déi Iwwergangszäit vun zwee Joer. Dann dierft kee Problem sinn.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Ausseminister. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kéimen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7412. Den Text steet am Document parlementaire 7412[4].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7412 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi persénlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7412 ass mat mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou decidéiert.

### 3. 7426 - Projet de loi relative à des mesures à prendre en relation avec le secteur financier en cas de retrait du Royaume-Uni de Grande-Bretagne et d'Irlande du Nord de l'Union européenne et modifiant :

### 1° la loi modifiée du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés et

### 2° la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif

Den nächste Punkt, dat ass de Projet de loi 7426 iwwert d'Aféiere vun Iwwergangsmesuren am Fall vun engem Brexit ouni Deal am Beräich vun de Fongeninvestissementer. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Fernand Kartheiser, den Här Roy Reding an den Här Sven Clement.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

**M. André Bauler** *(DP), rapporteur.*- Här President, villmools Merci. Wann een déi lescht Stonne suivéiert huet an dat gesinn huet, wat zu London geschitt ass bezéiungsweis net geschitt ass no deene sëllechen Alternativen, déi se do am Parlament presentéiert kruten, dann hunn ech mech perséinlech u meng Quatrième erënnert, wou mer den „Der abenteuerliche Simplicissimus" studéiert hunn, näämlech den Hans Jacob Christoffel von Grimmelshausen, deen den „Simplicius Simplicissimus" geschriwwen huet. Deen huet ee markant Zitat gepräägt, näämlech: „In dieser Welt gibt es nichts Beständigeres als die Unbeständigkeit." An dat passt wierklech wéi d'Fauscht op d'A, och hei am Kontext vum Brexit. A well dat esou ass, si mir haut alt erëm eng Kéier no dem Rapport vum Här Angel opgeruff ze legiferéieren als Lëtzebuerger Parlament.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, no de sëllleche Projeten zum Brexit, déi mer gëscht a virgëscht op dëser Plaz gestëmmt hunn, kënnt dann haut dee leschte Projet fir dës Woch un d'Rei. Et handelt sech ëm e weidere Projet zum Finanzsecteur. D'selwecht wéi beim Gesetzesprojet 7401 steet och hei d'Stabilitéit vun de Finanzmäert an de Schutz, d'Protektioun vun den Investisseuren un éischter Stell.

Et ass wichteg, dat ze ënnersträichen. En Austrëtt vun engem Memberstat aus der Europäescher Unioun ass et nach net ginn. Mir bewegen eis hei op komplett onbekanntem Terrain a mir wëssen net, wat dësen Austrëtt fir Konsequenze mat sech brénge wäert. Aus deem Grond gëtt et och kee Schema an et gëtt och keng Virlag vun der Kommissioun, wéi d'Länner sech verhale sollen, wéi se hir Gesetzgebunge gestalte sollen, wéi se also legiferéiere sollen, fir d'Repercussioune vum Brexit opzefänken.

Mir musse selbstverständlech all noutwendeg Moossnamen huelen, fir de Schued esou gutt et geet, esou gutt wéi méiglech ze begrenzen an d'Stabilitéit vum Finanzsecteur ze garantéieren.

Ech denken, den Här Finanzminister huet scho virgëschter kloer erkläert, wéi den Historique vun den Evenementer an de leschte Wochen a Méint war a firwat d'Regierung esou virgaangen ass, wéi se et dann elo finalement gemaach huet.

**Une voix.**- Très bien !

**M. André Bauler** *(DP), rapporteur.*- De Gesetzesprojet vun dësem Dënschdeg gëtt der CSSF an dem Commissariat aux assurances éischter generell d'Méiglechkeet, de Finanzbetriber et ze erlaben, hir Servicer fir maximal 21 Méint virun zu Lëtzebuerg unzebidden, fir dass se kënne Kontrakter ausféieren, déi virum Austrëtt vu Groussbritannien aus der Europäescher Unioun ofgeschloss goufen.

Deen heite Gesetzesprojet gesäit nach méi spezifesch Mesurë fir d'OPCen, also d'Organismes de placement collectif vir. Mam Austrëtt vu Groussbritannien kann et näämlech geschéien, dass verschidden Aktivae vu Fongen net méi konform zu deene Kritäre sinn, déi se mussen erfëllen, fir eben an de Panier vun dësen Investmentfongen ze kommen.

Dëst muss net absichtlech geschéien. A verschiddene Fäll kann eleng d'Tatsaach vum Austrëtt dozou féieren. Fir an deene Fäll eng gewësse Stabilitéit a Kontinuitéit ze garantéieren, leet dëse Gesetzesprojet eng Iwwergangsphas vun zwielef Méint fest, wärend där d'Fongen hir Situatioun regulariséiere kënnen. Ausserdeem gi mam Gesetzesprojet nach spezifesch Dispositioune fir déi brittesch OPCVMen agefouert, déi zu Lëtzebuerg aktiv sinn an nom Austrëtt vu Groussbritannien zu de sougenannten FIAen, also de Fonds d'investissement alternatifs, gezielt ginn.

All déi Moossname gëllen awer nëmme fir Kontrakter a Positiounen, déi virum Brexit-Datum ofgeschloss gi sinn. Ech wëll och nach ervirhiewen, dass d'Mesurë vun dësem Projet de loi am Géigesaz zu deem, dee mer de leschten Dënschdeg gestëmmt hunn, souwuel am Fall vun engem Brexit mat Deal wéi am Fall vun engem Brexit ouni Deal, also engem haarde Brexit, valabel sinn.

De Statsrot hat a sengem Avis vum 26. Mäerz keng Opposition formelle formuléiert, soudass den Text vun der héijer Kierperschaft ouni Weideres gréng Luucht krut.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. Ech soe besonnesch awer och de Kolleeginnen a Kolleegen aus der Finanzkommissioun en häerzleche Merci, dass ënnert dëse Bedéngungen dëse Projet awer nach konnt esou séier evakuéiert ginn, a ginn dann och am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord fir dëse Projet de loi.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix.**- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Här Bauler. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Laurent Mosar** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischt wëll ech direkt soen, datt mer dëse Projet wäerte stëmmen. An ech wëll och e ganz, ganz grousse Merci dem Président-rapporteur soen, deen an dësen e bësse méi mouvementéierten Zäiten eppes wéi de Fiels an der Brandung ass - dat wollt ech awer och emol eng Kéier betounen - an deen eng exzellent Aarbecht mécht.

**M. Roy Reding** *(ADR).*- Du bist Petrus der Fels!

**M. Laurent Mosar** *(CSV).*- Ech sinn allerdéngs, Här President, da schonn um Enn vun deem Positiven, wat ech de Mëtten hei wollt soen, well ech kommen awer net derlaanscht, de Mëtten e bëssen op d'Aart a Weis zréckzekommen, wéi am Brexit geschafft ginn ass. A ganz besonnesch, wat de Finanzsecteur betrëfft. Ech mengen, d'Kolleegen hunn et virdru schonn hei inkriminéiert, de Claude Wiseler, ech wëll dat net alles widderhuelen.

Ech muss awer hei nach eng Kéier drop zréckkommen, wat an deene leschte Wochen hei gelaf ass.

De leschten Dënschdeg, an Dir wësst et, do hunn ech mech schonn hei opgereegt. Wéi mer de leschten Dënschdeg iwwert den éischte Projet Brexit Finanzsecteur geschwat hunn, hate mer scho gläichzäiteg eng Convocatioun fir eng Sitzung, wou mer deen éischten Text erëm verbessere sollten, deen Text, iwwert dee mer hei de Mëtteg schwätzen. Dat heescht, et muss ee sech virstellen, innerhalb vun dräi Deeg, Dir Dammen an Dir Hären, diskutéiert dës Chamber a stëmmt iwwer zwee Gesetzer of, déi eigentlech ganz genau deeselwechten Objet hunn, näämlech de Finanzsecteur.

Wat d'Saach awer elo nach vill méi dramatesch mécht, an ech kommen awer wierklech net derlaanscht, dat ze soen, an ech wëll direkt betounen, datt dat net an der Responsabilitéit vun der Chamber ass. D'Chamber huet hei eng Modellfonctioun geholl, déi huet 100%eg hir Flichte gemaach, souwuel wat déi parlamentaresch Kommissioun betrëfft wéi och wat d'Servicer vun der Chamber betrëfft.

Wat awer net akzeptabel ass, Dir Dammen an Dir Hären, an do komme ech zu der Regierung. Här Finanzminister, zu deem éischte Projet de loi, a bei deem zweeten ass et ganz äänlech, ass en Avis vun der Chambre de Commerce ugefrot gi vun der Regierung de 4. Februar. Deen Avis vun der Chambre de Commerce ass de 4. Mäerz bei de Servicer vum Ministère erakomm. D'Chamber huet deen Avis eréischt den 19. Mäerz kritt. An den 19.

Mäerz ass deen Avis op de Site vun der Chamber komm, een Dag nodeem de Rapport an der zoustänneger Kommissioun ugeholl ginn ass!

Ech muss Iech einfach soen, dat ass net seriö! Cela d'autant plus, wann een an deem Avis liest, datt do eng ganz Rei vu ganz substanzielle Kriticken, substanzielle Commentairë gemaach gi sinn, op déi ech de Mëtten net kann agoen. Datselwecht gëllt fir dëse Projet, dee mer de Mëtteg stëmmen. Do hu mer gëschter Mëtten, nodeem mer och de Rapport gestëmmt hunn, iwwer Mail den Avis vun der Chambre de Commerce kritt an engem ganz sensible Sujet, Dir Dammen an Dir Hären. An ech muss Iech einfach soen, wa mer eis als Chamber wëllen eescht huelen, an ech mengen, dat wëlle mer allegueren, da musse mer awer zumindest déi Avise vun enger Chambre de Commerce, déi sech vill Méi ginn huet, zur Kenntnis huelen.

An da loosst mech wannechgelift nach eppes soen! Mir haten eng Finanzkommissioun gëschter, wou ech du gefrot hunn, datt och eng Kéier iwwert deen Avis géif geschwat ginn. De President war och d'ailleurs bereet, dat direkt ze maachen. Ech muss Iech allerdéngs soen, wann ech do gewësse Stëmmen héieren hunn an där Kommissioun, muss ech mech awer heiansdo wierklech froen, wéi mat der Oppositioun an deem Haus hei ëmgaange gëtt. Dat gëllt souwuel fir de Plenum, an do hate mer gëschter exzellent Beispiller, wéi och an der Finanzkommissioun.

A loosst mech dat vläicht eng Kéier soen, Dir Dammen an Dir Hären: Dës Kritik riicht sech haaptsächlech un eng vun deenen dräi Koalitiounsparteien, näämlech déi gréng.

**Une voix.**- Firwat?

**M. Laurent Mosar** *(CSV)*.- Ech muss Iech soen, wat do gëschter geschitt ass, souwuel an der Kommissioun wéi och hei am Plenum, dat ass eng Frechheet, Dir Dammen an Dir Hären!

***(Interruption)***

Do krute mir keng Äntwert vun enger Ëmweltministerin. Mir krute gëschter an der Finanzkommissioun, ech perséinlech ... Do si Remarken, déi ech hei net wëll widderhuelen, um Mikro vu gréngen Kolleege komm, wéi ech gewot hunn, Froen ze stellen, déi sech aus deem Avis vun der Chambre de Commerce erginn hunn.

Ech fannen, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass net seriö. Ech géif deene gréngen Kolleege soen: ...

**Une voix.**- Dat maacht Der jo elo.

**M. Laurent Mosar** *(CSV)*.- ... Kommt wannechgelift erof vun Ärer gréngen Wollek! Haalt op mat där Iwwerhieflechkeet, déi Der zum Deel hutt!

***(Brouhaha)***

Dat akzeptéiere mir net méi! An ech mengen, déi ganz Oppositioun ...

***(Coups de cloche de la présidence)***

... ass domadder d'accord, dat net méi ze akzeptéieren!

***(Brouhaha et hilarité)***

Ech wëll en allerlescht Wuert ...

***(Coups de cloche de la présidence)***

Ech wëll en allerlescht Wuert un d'Adress vum Här Finanzminister soen. An ech sinn dann och direkt fäerdeg, Här President. Dir verstitt, ech hu misse menger Roserei lassginn. Dat ass elo geschitt.

Här Finanzminister, ech muss awer trotzdeem op ee Punkt nach agoen, an dat ass deen, ech hunn déi Fro e puermol gestallt gehat: An deenen zwee Texter gi mer englesche Fongen, déi och vun England aus geréiert gi sinn, elo eng speziell Derogatioun, kann een elo soen, wärend zwielef Méint. Ech wëll dat elo weider net a Fro stellen. Ech hu just gesinn, datt d'Chambre de Commerce dat ganz staark kritiséiert, andeem se seet, si wär der Meenung, datt dat géif géint d'EU-Recht verstoussen.

Ech wëll elo emol guer net soen, ob dat richteg oder falsch ass. Wat ech just net verstinn, Dir hutt eis hei iwwer Woche gezielt, Dir hätt wëllen 100%eg konform si mat der EU, fir nëmme kee Virworf gemaach ze kréien, fir nëmme propper dozestoen. An da gi mer awer hei an dësen Text eng Derogatioun stëmmen, wou mir wahrscheinlech dat eenzegt Land an der Europäescher Unioun sinn, dat déi Derogatioun stëmmt.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix.**- Très bien !

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Mosar. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

***(Consultation interne)***

Den nächste Riedner ass fir d'Éischt nach den Här Henri Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

**M. Henri Kox** *(déi gréng)*.- Jo, Merci, Här President. Nodeem mer dann op ville Wolleken ënnerwee waren an ze vill Inspiratiounen am englesche Parlament vläicht gëschter kritt hunn, wollt ech awer den Accord nach eng Kéier hei zu dësem wichtege Gesetz ginn. Well och mir als Gréng stinn hei voll hannert der Regierung an och zu hirer Strategie, fir an dësem ganzen Debat keen „cherry picking" ze maachen, esou wéi mer dat deels den Englänner virgeworf hu wärend deem ganzen Ausverhandelen.

An dofir menge mer, dass et wichteg ass, deen Accord unanime hei unzehuelen. An och nach eng Kéier Merci fir d'Wuert.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kox. Dann ass et elo un Iech, Här Reding.

**M. Roy Reding** *(ADR)*.- Jo, Merci, Här President. Ech ginn deene Grénge jo seele recht, mä ech muss soen, hei ass e gutt Beispill, wéi mer awer trotz allen Differenzen an Interpretatiounsdifferenze kënnen all zesummen eppes maachen, wat fir eis Finanzplaz richteg ass.

Ech muss allerdéngs soen, et koum an der Kommissioun zu onschéinen Zeenen, de Laurent Mosar huet se schonn zum Deel beschriwwen, well am Raum stoung, et wier eis Administratioun gewiescht, déi d'Saach e bësselche verschlof hätt, déi ze spéit reagéiert hätt, déi sech net op en hard Brexit agestallt hätt, obwuel jiddwereen, deen déi international Politik e bësselche méi genau verfollegt, scho säit geraumer Zäit hätt kënne mengen, datt genau dat d'Endresultat wier.

An op déi Insinuatiounen hin huet d'Administratioun, huet de Ministère reagéiert a kloergestallt, wéi et war. An ech fannen, dat sollt een och dem Vollek net virenthalen, wéi et war. D'Europäesch Kommissioun huet de Memberlänner e Marschbefeel ginn, eng Instruktioun: Legiferéiert net a Richtung hard Brexit, well dat schwächt dem Här Barnier seng Verhandlungspositioun!

An eis Lëtzebuerger Regierung an hirer eurofederaler Blauäugegkeet huet sech dorunner gehalen, wärend aner Länner, dorënner eis gutt Frënn d'Hollänner, mä och eis nach besser Frënn d'Preisen an eis nach vill besser Frënn d'Fransouse legiferéiert hu respektiv d'Legislatioune virbereet hunn entgéint där EU-Instruktioun.

Well mir awer nun emol als gréisst Investmentfongsplaz an Europa an als zweetgréisst vun der Welt ee vitalen Interêt hunn, ass et also elo esou, datt mer ultima ora, een Dag soen déi eng oder 14 Deeg soen déi aner, virum hard Brexit da Gott sei Dank aus dem Schlof erwächen an eng Legislatioun huelen, déi fir eis vital Interête vun aller-, allergréisster Wichtegkeet ass.

Wichteg ass, festzestellen, datt do d'Administratioun keng Schold trëfft. Ech si jo deen Éischten, deen hei Administratiounen heiansdo d'Schold gëtt, wann ech denken, et wär gerechtfertegt. Mä hei ass d'Schold d'Blauäugegkeet vun eiser Gambia-2-Regierung. Mä mat Freed an am Konsens stëmmt d'ADR selbstverständlech dës Legislatioun mat.

Merci.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Très bien !

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Reding. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

**M. Franz Fayot** *(LSAP)*.- Jo, Merci, Här President. Vu mir aus och e grousse Merci un den André Bauler fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport zu dësem wichtege Projet de loi, deen eng weider néideg Adaptatioun ass, fir onse Fongesecteur op e méiglechen hard Brexit ze preparéieren. Ech mengen, et ass alles gesot an ech bréngen dofir den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Fayot. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** *(Piraten)*.- Merci, Här President. Och hei nach eng Kéier e grousse Merci un de Rapporteur, deen a gewinnt concise Manéier gewisen huet, ëm wat et hei geet. Dat heiten ass een Text, bei deem mer e bësse bedaueren, datt mer en net am éischten Opwësch direkt mattraitéiert hunn, mä datt en an engem zweeten Opwësch quasi e Gesetz modifizéiert, wat mer eréischt ganz rezent gestëmmt hunn. Ech mengen, dat ass eppes, wat scho bedauert gouf a wat och d'Piraten nach eng Kéier bedaueren.

Propper legislativ Aarbecht gesäit liicht anescht aus. A mir sollten eis fir d'Zukunft vläicht mierken, datt, wéi ech dat virdru gesot hunn, fir deene stiermeschen Zäite vun engem Brexit dach e bësse méi Rou och an déi legislativ Prozedure soll kommen a mer vläicht net d'Gesetzer deen een Dag stëmmen, fir se déi nämlecht Woch nach eng Kéier ze änneren.

Dat gesot, markéiere mer eisen Accord, well et geet hei ëm juristesch Sécherheet. An do sollte mer dat och eestëmmeg da maachen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert. D'Wuert huet de Finanzminister, den Här Pierre Gramegna.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech fänke gäre mat enger ganz positiver Nott hei un. Mech freet et immens, dass mir zu Lëtzebuerg capabel sinn, dat hei mat 60 Stëmmen zu null unzehuelen. An dofir soen ech Iech allegueren hei am Haus Merci. Ech soen der Commission des Finances Merci. Ech soen dem Conseil d'État Merci. Ech soen all deenen, déi hei matgeschafft hunn, Merci.

Hei geet et net drëms, empfannen ech, ze soen, wie gutt oder besser geschafft huet, wat een hätt kënne méi séier oder méi lues maachen. Hei schaffe mer am Interêt vum Land, vun der Sécurité juridique, vun der Stabilité financière a fir d'Reputatioun vun eisem Land. An dofir hunn ech keen anert, bessert Wuert fonnt wéi Merci.

Dat Zweet, wat ech wëll soen, ass, fir op dat ze rebondéieren, wat den André Bauler gesot huet, deem ech wierklech vun Häerze Merci soe fir seng Aarbecht iwwert déi lescht Deeg en général an dëser Saach an da fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport heizou. Hien huet de Simplicissimus genannt. Lequel Simplicissimus huet dat beim Heraklit geknäipt, well den Heraklit war deen, dee gesot huet: „Näischt ass permanent mat Ausnam vum Changement." An den Einstein huet dat och iwwerholl an dat dann an der Physik ëmgesat.

An domat musse mer eis eben offannen, och zu Lëtzebuerg. Mir, déi d'Chance hunn, dass mer vill méi previsibel kënne schaffen a vill méi Konsens am Parlament an an eisen Institutiounen hu wéi aner Länner. An ech kann Iech soen, ech reese jo relativ vill, an egal wou ech higinn, dat gutt Fonctionnement vun den Institutiounen an déi Sobrietéit, mat där ee mat deem aneren ëmgeet, dat fënnt ee leider a wéinege Länner. Dorobber solle mer ganz houfreg sinn.

De Jean Asselborn, mengen ech, huet e gudde Kader gesat, dofir widderhuelen ech et net, wat d'Optiounen alleguerte sinn. Vläicht just e bëssen näischtnotzeg als Remark, dass d'Cour de justice des Communautés européennes virgesinn huet oder interpretéiert huet, dass d'Englänner kënnen à tout moment hir Demande de retrait zréckzéien. Dat heescht, si kéinten nach dee leschten Dag op eemol soen: Mir zéien eis Demande zréck. Ech mengen och, dass dat politesch net ganz probabel ass, mä et soll een et awer am Hannerkapp hunn.

Zu der Manéier, wéi dat heiten alles zustane komm ass, och elo hei dat zweet Gesetz Brexit am Kontext vun der Finanzplaz a vun den Investitiounsfongen, wëll ech fir d'Éischt emol soen, dass mer och hei observéiert hunn, wat um europäeschen Niveau geschitt. Verschidde Länner haten d'ESMA drop opmierksam gemaach, dass do vläicht misst europäesch gehandelt ginn. A wéi dat dann eben oft esou an Europa ass, do kann ee kuerzfristeg keng Léisunge fannen. Mir hu versicht, ze observéieren, wat anerer maachen. An aner Länner hunn eben net agéiert. D'Belsch, esou schéngt et no de leschten Noriichten, huet eppes Äänleches wéi mir gemaach, soss keen.

Den Här Mosar weist drop hin, dass mir dat eenzegt Land sinn, bon, d'Belsch vläicht och, wat elo eppes gemaach huet. Ech muss Iech soen, als wichteg Finanzplaz an als wichtegst europäesch Investmentfonge-Finanzplaz dierfe mer hei net an der Incertitude bleiwen. A mir hu fonnt, obwuel mer ee vun deenen Eenzege sinn, déi agéieren, dass mer besser hunn, eppes ze ënnerhuelen, wéi eis e bëssen der Incertitude hinzeginn.

Wa mer elo näischt gemaach hätten, hätt een och kënnen, net nëmme vun der Oppositioun, mä einfach aus der Siicht vun der Finanzplaz soen: Dir hätt missen agéieren, well dat esou e wichtege Secteur ass! Bref, et gouf hei keng ideal Léisung.

Wat elo de Fong vum Projet ubelaangt, wëll ech zwou Saachen hei awer clarifiéieren. Dat Éischt ass, ech menge par rapport zu deem, wat den Här Clement virdru gesot huet: Neen, hei amendéiere mer net dat, wat Dir en Dënschdeg gestëmmt hutt, och zur Unanimitéit. Wat d'Fongen ubelaangt, hu mer en Dënschdeg eppes ugeholl, wat d'Fonge betrëfft, déi zu Lëtzebuerg domiciliéiert sinn an déi am (veuillez lire : an déi mat enger Société de gestion aus dem) Vereenegte Kinnekräich wëllen agéieren. Dat hu mer en Dënschdeg gemaach. Haut schwätze mer vu Fongen, déi am Vereenegte Kinnekräich sinn an déi zu Lëtzebuerg wëllen agéieren.

Ech akzeptéieren d'Kritik, dass een déi zwou Saachen hätt sollen oder hätt kënnen an deeselwechten Text setzen. Mä et ass awer net esou, dass mer elo schonn d'Gesetz vu virun zwee Deeg änneren. Et ass also esou, den Objet ass awer e bësse verschidden.

Et ass richteg, dass mer hei och en aneren Typ vun Delai ginn, e bësse manner laangen, well de Gros an dat Wichtegst vun deem, wat hei geschitt, ass, an ech wëll dat ganz kuerz erklären, well et ass och guer net komplizéiert, dass a verschiddene Fongen oder a ville Fongen de Portefeuille esou definéiert ass, dass ee seet, de Portefeuille besteet aus Assets, Aktivaen, déi vun den EU-Länner sinn, an Aktivaen, déi aus Net-EU-Länner sinn. An do gëtt et Ratioen, do gëtt et Regelen, wéi dat soll sinn.

Wann natierlech d'Kompositioun vun der EU ännert, da stëmmt de Ratio net méi. An et ass dat, wat mer an där heiten Direktiv (veuillez lire : an deem heite Gesetz) änneren, andeem mer soen: Dir hutt elo ee Joer Zäit wéinst där Sortie, fir dat unzepassen. Ech mengen, dass et utile war, dass ech dat och erkläert hunn, dass een och versteet, dass een domat méi Securitéit schaaft.

Ech insistéieren och drop, dass mer nach en aneren Aspect dran hunn. An zwar, englesch Fongen, déi den Accès zu Lëtzebuerg wëlle behalen, mussen eng Demarche maache bei der CSSF. Si mussen also aktiv ginn, proaktiv ginn, an zwar fir sech entweder zréckzezéien an esou eng Demande de retrait ze maachen oder justement sech ze regulariséieren an ze soen: Ech wëll elo nach hei weidermaachen an ech changéieren da mäi Portefeuille vun Aktien oder vun Titren (veuillez lire : Ech wëll elo nach hei weidermaachen). A fir dat ze maachen, hunn ech ee Joer Zäit.

An där Hisiicht gesi mer och, dass et liicht anescht ass wéi déi Delaien, déi mer en Dënschdeg haten. Do sinn d'Delaien 21 Méint.

Ech mengen, mir hunn hei am Interêt vu Lëtzebuerg geschafft, am Interêt vun der Finanzplaz, am Interêt vun eisem Land. An dofir soen ech fir Äre Support villmools Merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien !

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Finanzminister.

D'Diskussioun ass domat ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7426. Den Text steet am Document parlementaire 7426[2].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7426 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuratioun.

De Vott ass heimat ofgeschloss. De Projet de loi 7426 ass mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7426 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;*

*MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché) ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou decidéiert.

## 4. Débat de consultation au sujet du Plan d'action national d'égalité des femmes et des hommes

Haut de Mëtteg féiert d'Chamber eng Consultatiounsdebatt iwwert den nationalen Aktiounsplang fir d'Gläichstellung tëschent Fraen a Männer. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch, den Här Gilles Baum, den Här Dan Biancalana, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Jeff Engelen, den Här Marc Baum an den Här Marc Goergen.

D'Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer, d'Madamm Taina Bofferding, huet d'Wuert. Madamm Ministesch, et ass un Iech.

***Exposé***

**Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt emol Merci un d'Chamber, dass se der Demande vun der Regierung, fir dësen Débat de consultation ze organiséieren, esou séier nokomm ass. Et ass wichteg, well mer si jo amgaangen, den Aktiounsplang auszeschaffen, an dofir fannen ech et gutt, ebe virdrun nach kënnen d'Chamber ze consultéieren.

Éier mer awer an d'Debatt eraginn, wëll ech nach eng Kéier betounen, dass d'Egalitéitspolitik net d'Aufgab vu just engem Ministère ass, mä et ass eben d'Verantwortung vun der ganzer Regierung. Dobäi huet de MEGA, esou wéi mer de Ministère fir d'Gläichstellung tëschent Fraen a Männer nennen, de Lead, dat heescht d'Koordinatioun vun deene verschiddenen Thematiken an och d'Ausschaffe vun de Projeten, déi da sollte mëttelfristeg a längerfristeg vun deenen anere Ministèren an och Administratiounen iwwerholl ginn.

Hei geet et net, dat wëll ech eng Kéier ganz kloer soen, ëm d'Verteidegung just vun engem Geschlecht, mä et geet ëm d'Hierstellung vun der Gerechtegkeet, ebe vun der Egalitéit tëschent de Fraen an de Männer, an dat duerch ganz spezifesch Mesuren.

Dass virun allem awer vill Fraen dovunner profitéieren, ben, ech denken, dat ass evident, well d'Fraen awer nach esou munches ze rattrapéieren hunn. Hei geet et och net ëm eng absolutt erzwonge Gläichmaacherei. D'Gläichstellung tëschent Fraen a Männer, dat ass och net eng - wéi soll ech soen? -, et ass keen Accessoire an et ass och net eng elitär Cause. Nach eng Kéier, et geet wierklech drëm, fir eben hei eng Egalitéit ze kréien. Mir schwätzen hei vun der Geschlechtergerechtegkeet, vu sozialer Gerechtegkeet, vu Selbstbestëmmung a vu Gewaltfräiheet. Dat alles si Viraussetzungen, fir an enger gerechter an och an enger fräiheetlecher Gesellschaft kënnen ze liewen.

Här President, fänke mer u mam Bilan vum leschten Aktiounsplang. Dee gouf elo gezunn. Dir hutt alleguerte genuch, mengen ech, Informatiounen an Ärer Dokumentatioun, soudass ech elo a menger Riedezäit weider net dorop wollt agoen. Dir kënnt dat alles an dem ausféierleche Rapport noliesen. Mir ass et haut wichteg, virun allem Är Kontributiounen ze héieren, wat Är Iddie sinn, wat Är Prioritéite sinn, an ech wollt mech ebe just dorobber elo fokusséieren, wéi ech mer eben de Kader virstellen an och wéi eng méi nei Approche ech vläicht wëll ugoen, fir dat eng Kéier kuerz kënnen ze erklären.

Et ass festzestellen, datt quasi all d'Ministèren, déi matgemaach hunn, sech hirer Verantwortung bewosst sinn an eben och Mesurë proposéiert an ëmgesat hunn. D'Thema Gläichstellung tëschent Fraen a Männer ass domadder, an ech mengen, dat kann een och ganz kloer nach eng Kéier soen, zu enger transversaler politescher Prioritéit hei am Land ginn. Och ass festzestellen, datt 93,7 %, dat sinn 128 Mesuren aus dem Aktiounsplang, ëmgesat goufen, amgaange sinn, ëmgesat ze ginn, oder e permanente Charakter hunn.

De Suivi vun der Ëmsetzung vum Aktiounsplang iwwert de Comité interministériel war - wéi soll ech soen? - eng positiv Erfahrung, ënner anerem ebe wéinst dem Austausch vun deene Bonne-pratiquen. An d'Iddi ass och, fir an Zukunft iwwert dëse Wee, iwwert dëse Comité weiderzefueren.

Eng vun deene méi groussen Erausfuerderunge vun dëser Approche vun alle Ministèrë war d'Verschiddenheet vun deenen Aktioune respektiv vun deene Proposen, déi erakomm sinn. Just fir e puer Beispiller ze ginn, also déi Panoplie vun de Mesuren, déi ass wierklech ganz breet gefächert. Dat geet vun individuellen Aarbechtszäitmodeller fir eben eng besser Vereenbarkeet vu Beruff a Famill, iwwer Formatiounen, d'Organisatioun vu Manifestatioune bis hin eben zum Ausschaffe vu Gesetzer.

Derniewent ass och nach ze bemierken, datt eng ganz Rei Mesuren, déi proposéiert goufen an déi och néideg sinn, e permanenten an och en dauerhafte Charakter hunn, wéi eben d'Formatiounen, an een dofir och net ka soen, dass déi herno komplett ëmgesat kënne sinn, well se eben andauernd zu den Aktioune gehéieren.

D'Iddi elo fir d'Zukunft ass, eng méi harmoniséiert, méi strukturéiert a virun allem och eng méi geziilten Approche ze huelen. D'Iwwerleeung hannendrun ass, den neie Plang eben net méi op e puer Joer festzeleeën, fir duerno erëm en neie kënnen opzestellen. Vu que d'Egalitéit e permanente Prozess ass, dee sech jo och permanent weiderdeveloppéiert, schwieft eis vir, och beim Dokument an déi Richtung ze goen, ebe mat esou engem „open document" ze schaffen, eppes Evolutives, eppes Dynamesches, wou een dann och en cours de route kann Adaptatioune maachen an zum Beispill, wéi mer et och scho beim Integratiounsplang gemaach hunn, ze kucken, vläicht fir all zwee Joer, firwat net och hei am Haus, eng Debatt doriwwer kënnen ze féieren.

**Une voix.**- Très bien !

**Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes.*- Heifir wëll ech déi participativ Approche uwenden. Ech wëll gären eng ganz breet Consultatioun féieren, ugefaangen dann haut mat Iech an der Chamber. Dernieft géif ech awer och nach gären aner Akteuren, notamment déi vum Terrain consultéieren. Ech denken hei natierlech och un déi aner Ministèren a Verwaltungen, mä virun allem och un Organisatiounen, och u Jonker, déi an deem Beräich aktiv sinn, fir eben och esou wierklech eng breet Consultatiounsdebatt kënnen ze féieren, fir esou nach méi interessant Iddien ze kréien, fir dass mer eben och e breet gefächerten Aktiounsplang kënnen opstellen.

A firwat net och emol an déi Richtung goen an esou eng ëffentlech Consultatioun maachen. Et kéint ee sech vläicht virstellen, grad elo am Zäitalter vun der Digitaliséierung, esou en Online-Froebou ze maachen, wou mer einfach déi Leit, déi Loscht hunn, eng Kontributioun ze maachen, wou mer einfach och d'Biergerinnen an d'Bierger participéiere loossen.

Här President, d'Constaten, ganz éierlech, déi si bekannt. Mir wëssen, wou de Schung dréckt. Mir wëssen, dass bei de leschte Wahle wéineg Fraen an dëst Haus hei gewielt goufen. Mir wëssen, dass d'Representativitéit vu Fraen a Männer an de Prise-de-positionen an de Verwaltungsréit nach alles aneschters wéi equilibréiert ass. Mir wëssen, dass de Sexismus am Alldag keng Seltenheet ass. A mir wëssen och, dass Gewalt an Ënnerdréckung och hei am Land e Problem ass.

Interessant ass dofir, doriwwer ze diskutéieren, wat mir dann elo ganz konkret wëlle maachen, fir déi Situatiounen ze verbesseren. Mir hunn hei am Land eng Égalité de jure, dat heescht, mir hunn eng Egalitéit an eiser Verfassung, an eise Gesetzer, a mir hu relativ vill Gesetzer, déi eben eng Gläichbehandlung op ville Felder couvréieren.

Do, wou d'Regierung wëllt hikommen, dat ass eng Égalité de facto, dat heescht, dass d'Egalitéit am Alldag, an der Realitéit, an eisem Liewen och richteg eben ëmgesat gëtt an dass mer dat och kënne ganz ausliewen. Dat ass nämlech d'Grondviraussetzung, fir dass mer all zesummen eng méi gerecht an och eng méi gläich Gesellschaft kënnen opbauen.

An hei gesinn ech virun allem zwou grouss Missiounen. Éischtens, d'Behiewe vun den Ongerechtegkeeten an der Diskriminéierung tëschent Fraen a Männer definitiv kënnen en Enn ze setzen. Politesch Prioritéite sinn hei d'Loungläichheet, eng méi equilibréiert Representativitéit vun de Fraen an de Männer bei de Féierungsposten, awer och eben an de Verwaltungsréit, d'Geschlechterstereotyppe bekämpfen. Hei si mer amgaangen, mat der Uni Lëtzebuerg eng Etüd auszeschaffen, fir eben och Fakten ze hunn an Donnéeën, opgrond vun deene mer da kënnen herno nach weider Mesuren huelen.

Ech denken awer och un d'Berichterstattung vun de Medien iwwert de Fraesport, insgesamt d'Férderung vum Fraesport hei am Land, d'Duerstellung vun de Geschlechter an de Medien, an der Publicitéit, a wichteg ass och en Enn vun der Gewalt tëschent de Geschlechter.

Déi zweet grouss Missioun ass d'Promotioun vun der Egalitéit, dat heescht, d'Gläichstellung tëschent Fraen a Männer nach méi verstäerkt ze férderen. Politesch Prioritéite sinn hei d'Éducation à l'égalité, wou mer jo och zurzäit amgaange sinn, eng Persoun am MEGA ze rekrutéieren, déi dann direkt domadder soll beoptragt ginn, fir eben e Konzept auszeschaffen, well et eis wichteg ass, och ebe schonn an de Schoulen an och an der Erzéiung vun der Demokratie déi Themen unzegoe vun der Egalitéit an insgesamt wéi ebe Mënsche mateneen ëmginn.

D'Stéchwierder hei sinn awer och nach geschlechtsneutral Bildung, d'Beruffswahl, d'Analys vun de Spillsaachen, vum pädagogesche Material souwéi och de Schoulbicher. An och hei ass d'Iwwerleeung, fir eng Etüd maachen ze loossen, fir eben un dës Analys kënne wëssenschaftlech erunzegoen.

Insgesamt ass et awer och wichteg, d'Aarbechtswelt méi ze thematiséieren, notamment d'Vereenbarkeet vu Beruff a Famill aus der Perspektiv vun der Egalitéit. An natierlech d'Zesummenaarbecht mat de Gemengen, well d'Kombinatioun vu mengen zwee Ressorten erméiglecht eng méi intensiv Zesummenaarbecht tëschent de Ministèren an och e permanenten Dialog mat de Gemengen. A mir wëssen, dass och d'Gemengen e ganz wichtege Partner sinn, fir d'Egalitéit um lokale Plang kënnen ëmzesetzen.

Dëst erfuerdert net noutwendegerweis nëmmen d'Engagement vun der Regierung, mä vu ganz villen aneren Akteuren, déi sech kënnen, sollen a mussen engagéieren. An dofir och d'Fro: Wat kann da ganz genau d'Chamber maachen?

Mä insgesamt, wéi schätzt d'Chamber d'Situatioun an deene ville Beräicher vum Liewen an? Wou gesäit d'Chamber déi thematesch Prioritéiten an dësem Kontext? Wéi eng Instrumenter solle mer eis ginn, fir eben d'Situatiounen ze verbesseren? A wat kann den Apport vun der Chamber selwer sinn?

Dat, Kolleeginnen a Kolleegen, sinn e puer Froen, bei deenen ech hoffen, dann haut de Mëtten am Kader vun der Debatt Äntwerten ze kréien. An ech si mer sécher, dass ech ganz interessant Iddie wäert kréien, déi ech dann och gäre spéider mat an den Aktiounsplang afléisse loossen. Op alle Fall elo schonn den Intervenanten e grousse Merci.

**Une voix.**- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Madamm Ministesch. Als éischt Riednerin ass d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch ageschriwwen. Madamm Hetto-Gaasch, Dir hutt d'Wuert.

***Débat***

**Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zanter 1995 gëtt et hei zu Lëtzebuerg e Ministère, déizäit Promotion féminine, duerno Égalité des chances an elo Égalité entre les femmes et les hommes. Mir sinn domadder dat eenzegt Land an der ganzer EU. An ech mengen, mir sinn eis och alleguer eens heibannen, wann ech soen, dass villes gemaach ginn ass, mä dass awer och nach ëmmer villes ze maache bleift.

Ech wëll, fir unzefänken, virausschécken, dass ech nach ëmmer Égalité des chances net eleng op d'Frae bezu gesinn hunn, mä dass och Jongen a Männer, déi eng Form vun Diskriminatioun erliewen, onbedéngt mussen ënnerstëtzt ginn.

Fraen a Männer si complementaire. Alle béid musse souwuel am politeschen, familiäre wéi och am ekonomesche Beräich gläich Chancen, gläich Flichten an och gläich Rechter hunn. A wa mer wëllen an der Egalitéitspolitik weiderkommen, da musse mer dat zesumme maachen, Männer a Fraen zesummen.

Ech wëll, fir unzefänken, e puer allgemeng Feststellunge maachen an dann op déi eenzel Beräicher ze schwätze kommen, wou een da geziilt kann usetzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, obwuel Meedercher gemengerhand an der Schoul méi ugepasst an och méi fläisseg si wéi d'Jongen an obwuel der vill vun hinnen eng Beruffsausbildung maachen an/oder studéiere ginn, ass et, wa mer eis ukucken, wéi déi eenzel Beruffer an déi eenzel Carrièrë besat sinn, awer nach ëmmer esou, dass d'Männer de Fraen e Schratt viraus sinn, an zwar a puncto Carrière an och a puncto Verdéngscht.

Och haut nach verdénge Fraen am Duerchschnëtt hei zu Lëtzebuerg manner wéi hir männlech Kolleegen, an zwar 5,4 % manner, all Beruffer abegraff. Et gëtt duerfir eng Rei Explikatiounen, mä net alles léisst sech erklären. Glécklecherweis gouf duerfir mam Gesetz vum 5. Dezember 2016 d'Loungläichheet an déi lëtzebuergesch Gesetzgebung ageschriwwen.

Männer a Fraen, déi déiselwecht Aarbecht maachen, verdéngen och datselwecht. Alles aneschters ass illegal. Fir Famill a Beruff ënner een Hutt ze kréien, schaffe vill Fraen - 39 % vun de Fraen, awer nëmme 6 % vun de Männer - deels onfräiwëlleg an der Deelzäitaarbecht, wat et hinne spéiderhi vill méi schwéier mécht, Carrière ze maachen. Frae ginn do vun hire männleche Kolleege riets iwwerholl.

Et ass e Fakt, dass däitlech manner Fraen a Féierungspositioune sinn, dëst souwuel am ëffentleche wéi awer och am Privatsecteur. Deelzäitaarbecht an déi ënnescht Plaz op der Carrièresleeder hunn natierlech och en Impakt op de Fraen hir Pensiounen. Derbäi kënnt, dass déi typesch, oder soe mer traditionell Fraeberuffer wéi Coiffeusen, Estheticiennen, Sekretärinnen, Fraen, déi am Nettoyage schaffen oder an der Restauratioun, ganz dacks wéineg, wierklech ganz wéineg Opstigschancen hunn an des Ëfteren och keen existenzsécherend Akommes. Vill Frae leie mat hirem Akommes ganz no oder ënnert der Aarmutsgrenz.

Ech wëll awer net ofstreiden, dass mat de Joren och ëmmer méi jonk Fraen, déi hire männleche Kolleegen a Saache Kompetenz an näischt nostinn, de Wee fonnt hunn, fir eng eege Carrière opzebauen. Mä si ginn awer zum Deel nach ëmmer méi e schwéiere Wee wéi hir männlech Partner. Et ass a bleift an de meeschte Fäll awer d'Saach vun der Fra, wann et dréms geet, d'Famill ze organiséieren a fir se do ze sinn.

D'Frae verbréngen, dat ass awer elo europawäit, an der Regel zéngmol méi Zäit wéi d'Männer domat, fir d'Kanner an den Haushalt do ze sinn. A genee do musse mer usetzen.

Niewent der genereller Chancëgläichheet vun de Geschlechter, wéi ech elo erkläert hunn, wat elo de Loun an och wat d'Carrière ubelaangt, ass duerfir d'Familljepolitik ee ganz wichtege Peiler, fir d'Gläichberechtegung vu Fra a Mann ze promouvéieren.

D'Égalité des chances spillt näämlech bei der Opdeelung vun der Familljenaarbecht a bei der Opdeelung vun de Responsabilitéiten am Familljeliewen eng grouss Roll. Mir brauchen duerfir méi e flexibele Congé parental, méi e fractionnéierte Congé parental, esou wéi mir et an eisen Amendementer och virgesinn haten, fir ebe méi Pappen, méi Mammen et ze erméiglechen, iwwer eng bestëmmte Period Famill a Beruff besser kënnen ze kombinéieren. Mir brauche souzesoen e Congé parental sur mesure, deen tëschent dem Salarié an dem Patron ausgehandelt gëtt an dee béid Parteie soll zefriddestellen. Et ass eng Win-win-Situatioun fir se alle béid.

Mir brauchen och ganz kloer aner Modeller vun Encadrement, fir och deene Leit entgéintzekommen, déi net regelméisseg an zu geuerdneten Zäite schaffen. Ech denken do un d'Dagesmammen, déi eng reell Alternativ an der ganzer Kannerbetreiung duerstellen. Ech komme spéider am Volet Wirtschaft och nach op aner alternativ Betreiungsméiglechkeeten zréck.

Fraen, déi no enger Babypaus nees an d'Beruffswelt zréckkommen, oder Elteren, déi nom Congé parental nees wëlle Vollzäit schaffen, sollen onbedéngt ënnerstëtzt a begleet ginn, fir besonnesch wärend dëser Auszäit an d'Betribsliewen agebonnen ze bleiwen a fir duerno hir Plaz am Betrib ouni Problemer nees kënnen ze iwwerhuelen. Dat ass näämlech net ëmmer einfach. An esou séier, wéi alles och evoluéiert, huet ee ganz schnell d'Schlappen an och den Anschluss verluer. Dat ass zum Beispill een Element, wat ee kéint an d'Actions positives mat abauen.

Eng weider Erausfuerderung ass et, wann een, obwuel ee säin Alldagsprogramm mat Famill a Schaffe gutt organiséiert huet, op eemol e krankt Kand doheem huet. Wuel ass de Congé pour raisons familiales eropgesat ginn, mä vläicht erlaabt e chargéierten Agenda et jo och net, doheem ze bleiwen. An dann ass et gutt, wann ee kann op e Service wéi den „Service Krank Kanner Doheem" zréckgräifen.

Am leschte Plan d'égalité steet, dass dëse Service géif ënnerstëtzt ginn. Duerfir ass meng Fro och un d'Ministesch: Sinn do zousätzlech Poste virgesinn? Wann, dann iwwerhaapt. (veuillez lire: Wivill zousätzlech Poste sinn do virgesinn, wann dann iwwerhaapt?) Well am Budget vun der Egalitéit, dee kréie mer jo am Fong geholl eréischt presentéiert an zwou Wochen oder an enger Woch, do geet aus deene blanken Zuelen am Fong geholl elo net eraus, wéi ee Service opgestockt gëtt, wéi ee vun deene konventionéierte Servicer eppes bäikritt, an och net, wat fir eng spezifesch Leeschtunge méi sollen honoréiert ginn. Vläicht kënne mer herno e puer Erklärungen dozou kréien.

Op alle Fall ass et derwäert, den „Service Krank Kanner Doheem" ze ënnerstëtzen, fir dass si sech kënnen e Pool vu Leit zouleeën, op déi se

kënnen zréckgräifen, wa muss an de Famillje gehollef ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hu vill Scheedungen an duerfir och vill weiblech Monoparentallen. Et ass esou, dass vill Kanner vu klengem u quasi nëmme vu Fraen encadréiert ginn: an de Crèchen, duerno an de Maison-relaisen an dann natierlech och am Enseignement. An domadder sinn ech am nächste Beräich ukomm: Schoul a Maison relais.

D'Kanner sollte sech un deenen zwee Geschlechter an hire jeeweilege Rollebiller kënnen orientéieren. Duerfir misst dréngend en Incentive geschaaft ginn, fir Männer ze motivéieren, sech fir de Beruff vum Educateur oder/an dee vum Enseignant ze begeeschteren an och ze decidéieren.

E puer Chiffere just, fir dat ze ënnermaueren. Am Fondamental schaffen 1.065 Männer a 4.650 Fraen, dat heescht, vu fënnef Enseignanten hu mer ee Mann a véier Fraen. Am Secondaire ass dat a bësselche méi ausgeglach, mä am Fondamental ass et definitiv net equilibréiert.

Am schoulesche Beräich ass et wesentlech, dass d'Meedercher vill méi staark encouragéiert ginn, fir sech fir Mathé, Physik oder Ingenieur ze entscheeden, wa se studéiere ginn. A wichteg ass et och, dass mer d'Meedercher méi fir d'TIC, also d'Technologies de l'information et de la communication begeeschteren, fir déi nei Medien also.

Jo, mir als Fraen, mir consomméiere gären déi nei Medien. Mir notze se jo och dagdeeglech. Mä et sinn awer d'Jongen an d'Männer, déi se konzipéieren. An dat ass e Feld, dat mer net just deem männleche Geschlecht sollten iwwerloossen. Et ass nun emol esou, dass d'Fraen aner Vuen hunn, aner Prioritéiten hunn. An duerfir mengen ech, dass en Internetsite zum Beispill aneschters géif ausgesinn, wann dee vun enger Fra konzipéiert wär amplaz vun engem Mann. D'Frae géifen d'kënschtlech Intelligenz och sécherlech aneschters façonnéieren, aner Applikatioune kreéieren.

An aus dësen Iwwerleeungen eraus wéilt ech vun hei aus e ganz dréngenden Appell un all déi Leit aus de schoulesche Programmkommissioune maachen, fir den Numerique, also déi nei Technologië verstäerkt an d'Stonnepläng anzebauen. Et ass wichteg, dass mer do vill méi sensibiliséieren a vu jonkem un d'Meedercher derfir begeeschteren. Vläicht muss een do och kucken, wien déi Passioun da besser op déi Jonk iwwerdroe kann, d'Fraen oder d'Männer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an enger Äntwert op eng Question parlementaire vun der Madamm Sylvie Andrich-Duval 2018 war ze liesen, dass den „Girls' Day - Boys' Day" 2018 géif ausgesat ginn, fir nei iwwerduecht ze ginn. Duerfir och hei meng Fro un d'Ministesch: Sinn do schonn Iddien um Dësch? Wéi ass et mam „Girls' Day - Boys' Day" fir 2019? Ass eventuell dru geduecht ginn, fir déi Plage oder dee Schnupperdag auszedeenen, méi laang ze maachen op atypesche Beruffsplazen? Oder éischter net?

Dann zum Sport. Also mir brauchen eng zolidd sportlech Ausbildung fir eis Educateuren an och eis Schoulmeeschteren, fir dass si d'Jongen an d'Meedercher gläichermoosse kënne fir Beweegung begeeschteren an hinnen och Freed un der Bewegung bäibréngen. Duerfir brauche si déi néideg Kompetenzen, fir Loscht um Sport ze maachen.

Am Plan d'action dozou steet, dass dëse Leit hir Kompetenze géifen evaluéiert ginn. Madamm Minister, ass dat gemaach ginn? A wa jo, wat sinn d'Konsequenzen, déi Dir dorauser zitt?

Een anert Thema, wat leider nach ëmmer aktuell an eiser Gesellschaft ass an duerfir och an dësem Debat net däerf feelen an net däerf vernoléissegt ginn, ass d'Gewalt am Stot. Gewalt, déi wierklech ganz dacks géint Frae geriicht ass. Hei mussen déi besteeënd Mesurë weider ausgebaut an och verstäerkt ginn. Leider ass et nach ëmmer esou, dass just 5 % bis 10 % vun den Affer vu Gewalt sech decidéieren, eng Plainte bei der Police ze maachen oder bei d'Police ze goen, fir gehollef ze kréien.

Do heescht et also ëmmer erëm nei sensibiliséieren, well Gewalt am Stot schuet där ganzer Famill. D'Violence domestique huet vill Gesiichter. A mëttlerweil entstinn och nei Geforen, déi vun de soziale Medien ausginn. Et gëtt all méiglech Applikatiounen, unhand vun deenen de Partner per Geolokalisatioun de Mann oder d'Fra regelrecht ka kontrolléieren an ausspionéieren, een Aspekt, deen ee beim Ausschaffe vum neie Plang och sollt mat afléisse loossen.

Ech bleiwen nach ee Moment bei der Violence domestique. Ech erënnere mech gären drun, déi Zäit, wéi ech Minister war, do hate mer am Kontext vun der Gewaltpräventioun e Wee gesicht, fir och d'Communauté lusophone, also déi portugisesch a kapverdianesch Communautéit, mat deene Messagë besser ze erreechen, fir och hinnen ze soen, dass Gewalt am Stot en No-Go ass. Mir hunn deemools a ganz enker Zesummenaarbecht mam Daachverband vun de portugisesche Veräiner een interaktiivt Theaterstéck op d'Bün gesat, wou een op eng ganz einfach Aart a Weis d'Haaptlinne vum Gesetz géint häuslech Gewalt duergeluecht krut.

Ech géif mer wënschen, dass dës dach awer wierklech positiv an och effikass Sensibilisatioun kéint weidergefouert ginn, eventuell souguer op aner grouss Communautéiten ausgedeent ginn, souguer och op d'Refugiéen an d'nouveaux Arrivants. Et ass wesentlech, de Refugiésfraen eng ganz besonnesch Opmierksamkeet zoukommen ze loossen. Et ass wichteg, op den Terrain ze goen, mat hinnen an hirer Sprooch ze schwätzen a si iwwer all méiglech Ulaf- an och Hëllefsstellen opzeklären an eis Regele vum respektvollen Ëmgang an der Gesellschaft an an der Koppel bekannt ze maachen.

**Une voix**.- Très bien !

**Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV)*.- Prostitutioun. Heizou hat d'Regierung an der leschter Legislatur ee Modell fir Lëtzebuerg ausgeschafft. Ech wëll dat elo net weider kommentéieren, mä just op e puer Aspekter zréckkommen.

Gëschter Owend war op der däitscher Televisioun eng Sendung ze gesinn iwwer eng jonk Fra, déi sengerzäit zur Prostitutioun gezwonge ginn ass duerch hire sougenannten „Loverboy". Ech weess net, ob ee vun Iech dat gesinn huet. Mëttlerweil ass si eng Aktivistin ginn, eng Fra, déi sech vehement géint d'Prostitutioun ausschwätzt an och asetzt. Si beriff sech och ... Se huet sech gëschter Owend zumindest och op déi Resolutioun vum Conseil de l'Europe beruff, déi ech och schonn hei e puermol zitéiert hunn.

Ech wëll elo net den Debat nees lasstréppelen, mä ech wëll eng Fro heibanne stellen, ech wëll d'Männer an d'Pappen heibanne froen: Léif Kolleegen, wat sot Dir, wat maacht Dir, wann Äert Meedchen op e Loverboy erafält an domadder an den Däiwelskrees vun der Prostitutioun erarutscht? Ass Är Astellung zur Prostitutioun dann déiselwecht? Oder gëtt se da méi nuancéiert?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Prostitutioun ass een No-Go, wa mer vun Egalitéit tëschent Männer a Frae schwätzen. Prostitutioun mécht d'Séil futti.

Am Modell fir Lëtzebuerg geet rieds vun enger Exitstrategie, enger Strategie, déi de Prostituéierte soll hëllefen, wann dann de Wonsch besteet, aus deem Däiwelskrees erauszekommen. Do wéilt ech nawell gäre wëssen, wat an deem Kontext Konkretes ausgeschafft ginn ass. Prostitutioun an Traite leie ganz no beieneen. An duerfir musse mir eis alleguerten d'Fro stellen: Si mer eis ëmmer bewosst, wa mir engem frieme Mënsch géintiwwerstinn, ob et deem Mënsch esou gutt geet, wéi mir dat vläicht mengen? Ob en déi Aarbecht, déi e mécht, gäre mécht? Oder ob en dozou gezwonge gëtt?

A Kanada gëtt et en interessant Gesetz, wat ganz spezifesch op d'Problematik vun der Traite hi sensibiliséiert. Do gëtt zum Beispill, an ech fannen dat eng richteg gutt Iddi, Fluchpersonal speziell forméiert, fir capabel ze sinn, eventuell Affer ze erkennen, Unzeeche wierklech och ze gesinn an och richteg ze deiten an da kënnen eppes an d'Weeër ze leeden.

Op den ëffentlechen Toilette gëtt et Affichë mat Tëlefonsnummeren, wou d'Affer vun Traite sech kënnen Hëllef froen. Och dëse Beräich kann een zesumme mat der Justice ugoen. An ech géif mech wierklech freeën, Madamm Minister, wann dee sensibele Sujet géif ugepaakt ginn.

D'Wirtschaft. Ech war elo éineschters op d'Carrièren agaangen am Zesummenhang mat de Lounënnerscheeder tëschent Fraen a Männer. An ech wëll op dëser Plaz ganz besonnesch d'Actions positives ervirsträichen, déi de Betriber an hire Leit immens vill bréngen a wou ech hoffen, dass d'Ministesch weiderhin d'Betriber wëllt derfir gewannen. Feststellen, wou an enger Entreprise Inegalitéit besteet, a genee do usetzen a verbesseren am Interessi vun de Salariéen an domadder och vun de Patronen.

Dernieft mussen onbedéngt d'Käpp zesummegestreckt ginn, fir den Teletravail besser wéi bis elo ze erméiglechen. Aktuell sinn et just 15 % vun de Residenten, déi Teletravail praktizéieren. Et ass wichteg, fir en an der Fonction publique, wou jo éischt Pilottester ganz positiv Resultater bruecht hunn, auszebauen. Mä et sollt een en och do am Privatsecteur, wou et méiglech ass, aféieren.

***(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)***

Mä well d'Gesetzer an eisen Nopeschlänner déi Saach net onbedéngt fërderen, mussen do wierklech grenziwwerschreidend Iwwerleeunge gemaach ginn. A Frankräich sinn et 29 Deeg am Joer, déi ee ka vun doheem aus schaffen, an Däitschland sinn et der 19 an an der Belsch sollen déi aktuell 24 op 48 Deeg am Joer ausgeweit ginn.

Et ass gewosst, dass alles, wat doriwwer erausgeet, ënnert d'Besteierung vum jeeweilege Land fält, soudass et am Moment kaum interessant ass, op den Teletravail zréckzegräifen. Dobäi ass Teletravail awer net just eng interessant Saach fir de Salarié, mä fir eis alleguer, well doduerch manner, vill manner Trafic op eise Stroosse wier.

Eng weider Pist am Wirtschaftsberäich, fir d'Conciliatioun vu Beruff a Famill virunzedreiwen, wier, fir gemeinsam Crèchë vu Betriber ze ënnerstëtzen. Dës Crèchen, déi no bei den Elteren hirer Aarbechtsplaz wieren, géifen den Elteren et erlaben, manner laang Weeër mussen ze fueren, fir hir Butzen an d'Crèchen ze bréngen. A si kéinten zum Beispill, wann dat méiglech wier, d'Mëttesstonn mat hire Kanner verbréngen.

De Stat kéint zum Beispill dës Betriber beim Bau a bei der Gestioun finanziell ënnerstëtzen. Dat géif nach ëmmer méi bëlleg ginn, wéi wann ee selwer muss bauen. Oder am Kader vu Soumissioune kéinten dës Betriber, déi fir hire Leit hir Kanner géife Crèchen ubidden, gewëssen Avantagen hunn, wann dës Betribscrèchen zum Beispill e Kritär wären, fir zréckbehalen ze ginn, esou wéi dat eigentlech och misst bei den Entreprises socialement responsables de Fall sinn.

D'Justice. Wa mer vu Chancëgläichheet schwätzen, schwätze mer vun enger Gläichheet vun alle Geschlechter. D'CSV hat 2016 als éischt Fraktioun eng Proposition de loi eragereecht, fir et transsexuelle Leit ze vereinfachen, fir hiert Geschlecht am État civil ze änneren. Domadder huet d'CSV eng Lanz gebrach an d'Suerge vun der transsexueller Gemeinschaft op hir politesch Agenda bruecht. Mir si richteg frou, dass de Justizminister mat op dee Wee gaangen ass.

Ech bleiwen ee Moment beim Justizapparat. Eis Magistratur ass verweiblecht. An dat ass esou wéi och op anere Plazen, wéi ech virdru vum Enseignement geschwat hunn, net gutt. Och do gëtt e gudde Mix vu Männer a Frae gebraucht. Männer a Fraen, déi duerch hir complementaire Usiichten een anere Bléck hunn, een anert Gespier hunn. An ech plädéieren derfir, dass mer eis och hei, genee wéi am Enseignement, Moyene ginn, fir de Beruff vum Riichter méi interessant fir Männer ze maachen, fir dëser dach awer ongesonder Evolutioun entgéintzewierken.

De Gesondheetsberäich. Am Moment hu jonk Frae gratis Zougang zur Pëll. Ech stelle mer zanter Joren d'Fro: Wéisou hunn d'Jongen net déiselwecht Moyenen? Natierlech net de gratis Zougang zur Pëll, mä de gratis Zougang zu Preservativen. Wann een elo wëllt evitéieren, dass domadder Topechkeete gemaach ginn, da musse se net onbedéngt an de Schoulen opgehaange ginn. Mä se kéinten zum Beispill gratis an den Apdikte verdeelt ginn.

Wënschenswäert wär och, eng genee Analys ze maachen, ob eis Präventiounsprogrammer genderspezifesch opgestallt sinn. Männer a Fraen hunn aner gesondheetlech Problemer an et sollt ee wierklech ganz genee kucken, wat wiem am meeschte bréngt. Ech denken do un Depressiounen, Häerzproblemer, Stress, Burnout. Wien ass do méi oder aneschters betraff a wéi kann ee Fra a Mann besser hëllefen duerch geziilt genderspezifesch Gesondheetsprogrammer? Do wier et natierlech sënnvoll, zesumme mat der Santé Pisten auszeschaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet an der Gläichstellungspolitik ëm vill méi wéi just ëm d'Besetze vu Posten an de Conseil-d'administrationen. Ech hunn haut a menger Ausféierung eng Partie Pisten opgezeechent, duerch déi een der Egalitéit tëschent Mann a Fra e Stéckelche méi no kéint kommen. An ech wier frou, wann déi Propositioune bei der Ministesch net op daf Ouere gestouss wieren.

Et wier och gutt, beim Ausschaffe vun engem nächste Plang mam Centre pour l'égalité de traitement zesummenzeschaffen, well si sinn näämlech an deene leschte Jore mat interessanten Ufroe befaasst ginn. Ech wéilt och domadder schléissen an Iech do e puer Beispiller ginn: Zum Beispill Sauna, wou regelméisseg eemol am Mount den Zougang exklusiv fir Dammen ass, wéisou sollt net och en exklusiven Owend fir Männer gemaach ginn, soudass jiddwereen déiselwecht Leeschtung fir deeselwechte Präis kritt?

An dann eppes, wat ech och kokass fonnt hunn, wéi ech gekuckt hunn, wat esou u si erugedroe ginn ass, dat ass d'Tarifikatioun vun ëffentlechen Toiletten. Do ass et tatsächlech esou gewiescht, am Joer 2017 war dat, dass op enger ëffentlecher Toilett an der Stad d'Fraen 0,70 Cent (veuillez lire: Euro) hu misse bezuelen an d'Männer nëmmen 0,50 Euro. Do sees de jo einfach: Dat kann et jo wuel net sinn! An et kann ee just soen, glécklecherweis ass dat mëttlerweil behuewe ginn. Just déi zwee Beispiller, déi wierklech nieft gréisseren Diskriminatiounsproblemer a Bezuch op d'Pai an Aarbechtsplazen och um Dësch vun dem CET gelant sinn. Duerfir wär et interessant, Madamm Minister, fir och mat hinnen an deem Ganzen zesummenzeschaffen.

Ech soen Iech, léif Kolleegen, villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An deen nächste Riedner, den Här Gilles Baum, ass schonn ënnerwee. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum** *(DP)*.- Merci fir d'Wuert, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Kolleeginnen a Kolleegen, esou Deeg wéi den 8. Mäerz, den internationalen Dag vun de Rechter vun der Fra, féieren eis ëmmer erëm virun Aen, wéi den Alldag vu ganz ville Fraen a Meedercher uechtert d'Welt ausgesäit a wat ganz vill Fraen a Meedercher mussen erdroen.

An der Press liese mer vu patriarchalesche Gesellschaften, wou de Frae guer keng Rechter zougestane ginn. Mir gi mat eenzelne Schicksaler vu Fraen a Kanner konfrontéiert, bei deenen eis Virstellungskraaft un hir Limitte kënnt.

Enger rezenter Etüd vun der Weltbank no kéinten d'Fraen zu Lëtzebuerg sech relativ glécklech schätzen. Wann Dir eng Fra sidd an Dir wëllt gläichgestallt si mat de Männer, dann hutt Der am beschten, Dir wunnt an Dir schafft an der Belsch, an Dänemark, a Frankräich, Lettland, Schweden a Lëtzebuerg. Esou hat den „Guardian" déi Etüd virgestallt. Mä wat genau gouf do gekuckt? Honnert Punkte kruten déi ernimmte Länner, well hire legislative Kader eng absolutt Gläichstellung tëschent Mann a Fra garantéiert.

Verschidden Domäne goufen do analyséiert, dat goung vun der Bewegungsfräiheet iwwert d'Aarbechtsrecht bis hin zu de Pensiounsrechter. D'Etüd huet och ënnersicht, wéi d'Gesetzer Frae schützen a begleeden, wa se zréck op d'Aarbecht kommen, nodeems se e Kand kritt hunn. Mir wëssen, dass dëse gesetzleche Kader grouss Auswierkungen huet op déi finanziell Situatioun vun de Fraen.

D'Reform vun 2016 vum Congé parental war e ganz wichtegen an e ganz richtege Schrëtt a Richtung méi Chancëgläichheet. D'Mammen a Pappe kruten d'Méiglechkeet, op méi interessant Modeller zréckzegräifen, wat béiden Elterendeeler méi Flexibilitéit a méi Zäit ginn huet mat hire Kanner, ouni hir Aarbecht mussen opzeginn. Déi éischt Zuele schwätze fir sech. Ëmmer méi Leit huelen de Congé parental an och ëmmer méi Pappen. Dat ass geliefte Chancëgläichheet, hei och a Richtung vun de Männer, well si kënne sech méi ëm d'Erzéiung vun hire Kanner këmmeren a sech méi an déi flott Aarbecht am Stot mat abréngen.

Am Koalitiounsaccord steet, dass de Congé parental wäert huerteg op de Leescht geholl ginn, fir en eventuell ze veränneren, en ze verbesseren. An an dësem Kontext wäert och d'Recht op Deelzäitaarbecht aus familiäre Grënn diskutéiert ginn. De Stat soll d'Cotisatioune vun der Pensiounskeess an där Zäit bezuele wärend där festgeluechter Period a fir déi net geleeschte Stonnen. Eltere behalen also hiert Recht, fir no dëser Period nees ganzdaags op hir Aarbecht zréckzekommen.

Awer och iwwer nei Aarbechtsmodeller musse mer eis Gedanke maachen. A wéi et scho virdrun ugeklongen ass, d'Méiglechkeet, fir doheem ze schaffen, d'Méiglechkeet vum Home Office, déi wäert natierlech an der Diskussioun vun den neien Aarbechtszäitmodeller misse mat afléissen.

Ech si virdrun op eng Etüd vun der Weltbank agaangen, déi eist Land an en zimlech gutt Liicht stellt. Jo, et kann ee soen, dass eis Gesetzer a puncto Chancëgläichheet souzesoen irreprochabel sinn. Wéi ass et awer dann, wann een d'Zuele kuckt, déi d'Realitéit um Terrain erëmspigelen?

D'Madamm Ministesch bezitt sech an der Note de cadrage vun dësem Debat op den Indice d'égalité de genre. An hei kënnt eist Land op 69 Punkten a mir sinn domadder op där néng-

ter Plaz an Europa. Domat däerfe mir eis awer net zefridde ginn. Neen, mir mussen eis weider ustrengen a musse weiderschaffen, fir méi Chancëgläichheet ze schafen.

Loosst mech an deem Kontext op e Sujet agoen, deen dacks ernimmt gëtt, wann et ëm d'Ongläichheeten tëschent Mann a Fra geet: Ech schwätze vum Revenu, ech schwätze vun der Pai. D'Etüd seet, dass den Duerchschnëttsloun vun de Fraen a vun de Männer eropgaangen ass an dass den Ënnerscheed tëschent de Geschlechter méi kleng gëtt.

Trotzdeem verdénge d'Männer ëmmer nach méi, an an der Moyenne bis zu 8 % méi. An dësen Ënnerscheed hëlt mam Alter zou. Wann d'Ufanksgehälter quasi gläich si mat enger klenger Marge vun 3 %, hëlt dat am Laf vum Liewen zou. An och hei muss d'Politik, och hei musse mir weider Akzenter setzen, fir dës Ongläichheeten ofzebauen.

Mir wëssen och, dass den Taux vum Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg héich ass. Den Zuele vum Statec no riskéieren 18 % vun den Awunner hei am Land, an d'Aarmut ze rutschen, ongeféier d'selwecht vill Frae wéi Männer.

Bei enger elengerzéiender Fra klëmmt dëse Risiko op awer bal 50 %, dat ass méi wéi eng Verduebelung. D'Frae sinn och méi gefäert vum Aarmutsrisiko wéi Männer, wa se elengerzéiend sinn, well vun zéng Monoparentalle sinn et aacht Fraen. Dat bedeit an deem dote Fall, dass d'Chancëgläichheet vun dëse Fraen an och vun hire Kanner net garantéiert ass.

Niewent Ënnerstëtzungen, déi fir Fraen e Kader schafen, hire Beruff auszeüben, fir e Revenu ze garantéieren, ginn et awer weider Pisten. D'Individualbesteierung, déi mat der Steierreform agefouert ginn ass, ass esou eng Pist. An et kann net sinn, et däerf net sinn, dass Monoparentalle méi Steiere bezuele wéi Koppelen ouni Kanner.

Och de Crédit d'impôt monoparental misst automatesch iwwerwise ginn, amplaz dass een e muss ufroen.

Ech wëll awer an dësem Kontext och op eng ganz Rei Verbesserungen hiweisen, déi an der leschter Legislaturperiod vun der Regierung duerchgezu gi sinn, sief dat déi sozial gestaffelt Tariffer vum Chèque-service accueil, déi 20 Stonne gratis Kannerbetreiung pro Woch oder och déi gratis Schoulbicher am Lycée. An och an dëser Legislaturperiod sinn eng Rei vu Mesurë virgesinn, fir de Famillje weider ënnert d'Äerm ze gräifen.

Här President, Lëtzebuerg huet d'Konventioun vun Istanbul géint d'Gewalt u Fraen a Meedercher ratifizéiert. An an dësem Zesummenhang mat Gewalt géigeniwwer Frae kann et just ee Mot d'ordre ginn: „null Toleranz!"

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Gilles Baum** *(DP)*.- D'Gewalt huet déi verschiddenst Formen, wéi och d'Informatiounscampagne vum Ministère et richteg ënnerstraicht: Viol, Belästegung, kierperlech Gewalt, Stalking, Zwangsbestietnis, Genitalverstümmelung, häuslech Gewalt, an d'Lëscht ass laang.

2017 ass d'Police an der Moyenne zweemol den Dag wéinst häuslecher Gewalt intervenéiert. An ech mengen, et ass keng grouss Iwwerraschung, wann ech lech soen, dass déi ganz grouss Majoritéit vun den Affer Frae waren.

An esou enger vulnerabeler Situatioun mussen d'Affer an d'Kanner dee beschtméiglechen Encadrement kréien an déi beschtméiglech Betreiung zur Verfügung gestallt kréien. Déi dacks psychesch Ofhängegkeet vum Täter muss gebrach ginn, fir dass d'Fraen nees op eegene Bee stoe kënnen a fir dass se net méi an déi Gewaltspiral zréckfalen.

Foyersplaze musse garantéiert sinn. An do sinn och d'Gemenge gefuerdert, fir Raimlechkeete fräizehalen. Och d'Informatiounscampagnen iwwert d'Hëllef an esou Fäll an iwwert d'Rechter vun de Frae musse weidergefouert ginn. Hei ass et wichteg, an et ass scho virdrun ugeklongen, dass all Communautéit ugeschwat gëtt. D'Ëffentlechkeetsaarbecht am Allgemenge muss der Heterogenitéit vun eiser Gesellschaft Rechnung droen.

D'Gläichheet tëschent Mann a Fra ass hei zu Lëtzebuerg e Grondrecht. Mä et ass och d'Basis fir eng fräi an nohalteg Gesellschaft. Eng Demokratie, e Rechtsstat kann ouni dës Gläichstellung net fonctionnéieren. An et ass eis Flicht, fir dës Gläichstellung ze suergen.

Lëtzebuerg ass eng offe Gesellschaft, an dat ass och gutt esou. Dat bedeit awer och, dass d'Rechter vun der Fra weder zur Diskussioun nach zur Dispositioun stinn, an zwar fir guer keen. Vun den Errungenschaften um Gebitt vun de Fraerechter a vun der Gläichberechtegung däerfe mir keen Dibbelchen ofréckelen.

**Une voix**.- Très bien !

**M. Gilles Baum** *(DP)*.- Här President, d'Fro ass, wéi mir als Chamber, als legislative Pouvoir dozou bäidroe kënnen, dass d'Chancëgläichheet tëschent Männer a Fraen nach e grëissere Stellewäert kritt. Wa soss gekuckt gouf, fir d'Diskriminatioune vun de Fraen an de Meedercher ze bekämpfen, stelle mir eis haut d'Fro, wéi mer den Gender Mainstreaming, also d'Ausschaffen, d'Ëmsetzung an d'Evaluatioun vun de politeschen Decisioune kënnen afléisse loossen.

Politesch Entscheedunge musse mam Zil getraff ginn, d'Egalitéit tëschent Mann a Fra ze garantéieren an ze fërderen. Dobäi spillt de Stat mat all sengen Akteuren eng entscheedend Roll. Zanter 2010 muss fir all Projet de loi an all Règlement grand-ducal an der Fiche d'évaluation och den Aspekt vun der Chancëgläichheet ofgedeckt ginn. D'Akteure mussen uginn, wéi en Impakt de Projet op déi respektiv Situatioun vun de Männer a Fraen huet an awéifern se dat politescht Objektiv vun der Chancëgläichheet ënnerstëtzen.

Am leschte Plan national war ugekënnegt ginn, Madamm Minister, dass dës Fiche géif iwwerschafft ginn, fir d'Froen ëm d'Chancëgläichheet kënnen op méi eng operationell Aart a Weis ze betruechten. Wou si mer do drun? Gouf esou eng Evaluatioun gemaach vun dëse Froen? A wéi kéint dat an Zukunft ausgesinn?

Lëtzebuerg ass de Wee gaange vun de Quote fir d'Wielerlëschten. De Koalitiounsaccord huet och festgehalen, dass d'Quot vu 40 % vum ënnerrepresentéierte Geschlecht och soll op Gemengenniveau gëllen, natierlech bei de Proporzgemengen. An trotz Quoten op de leschte Lëschte fir d'Chamberwahle sinn nëmmen zwielef Dammen direkt hei an d'Chamber gewielt ginn. Mir kéinten natierlech nach drop agoen, wat fir weider Mesurë missten en place gesat ginn, fir méi Fraen ze encouragéieren, sech an d'Politik ze mellen, an d'Politik matzegoen, an der Politik matzeschaffen.

Erlaabt mer, hei op een Aspekt anzegoen, deen d'Madamm Ministesch schonn ugeschnidden huet, an zwar dee vun der Roll vun der Chamber. Ganz interessant an deem Kontext sinn d'Virschléi vun engem Rapport vum Europaparlament, wéi um politeschen Niveau hir Aarbecht zu méi Chancëgläichheet gefërdert ka ginn. Déi Virschléi sinn net allegueren eent zu eent iwwerdrobar, mä ech denken, dass verschidden Aspekter bestëmmt eng Diskussioun wäert sinn. De Fonctionnement vun engem Parlament huet eben eng Virbildfunktioun.

Do wier zum Beispill d'Instrument vum sougenannten „gender budgeting". D'Chamber kéint hei verlaangen, fir beim Ausschaffe vum Budget och déi ënnerschiddlech Liewensqualitéite vu Fraen a Männer ze consideréieren. D'Recetten an d'Depensë kéinten doriwwer geprëift ginn, ob se d'Gläichstellung vun de Geschlechter fërderen oder ob se Ongläichheete verstäerken.

Et wär och interessant, ze wëssen, wéi wäit d'Lëtzebuerger Kooperatioun mam Institut européen pour l'égalité entre les hommes et les femmes geet. Dësen Institut steet och den nationale Parlamenter zur Säit, fir op de Gebrauch vun Gender-Mainstreaming-Praktiken zréckzegräifen. An d'Europaparlament (veuillez lire : An de franséische President) decernéiert all Joer de Präis Simone Veil fir besonnesch gegléckte Projeten a puncto Chancëgläichheet. An ech mengen, och do sollte mir als Lëtzebuerger Parlament an als Lëtzebuerger Land eis emol bemierkbar maachen.

Gender Mainstreaming ass eng weltwäit unerkannte Strategie, fir méi Gerechtegkeet tëschent de Geschlechter ze erreechen. Dat ass keen Zil u sech, mä et ass e Moyen, et ass e Wee, dee mir einfach musse goen.

Här President, de Weltwirtschaftsforum, dee prophezeit, dass et nach wäert 170 Joer daueren, bis Männer a Fraen d'selwecht fir déiselwecht Aarbecht bezuelt ginn. Kucke mer awer op déi lescht Jorzéngten a Jorhonnerten zréck, esou stelle mer dach awer fest, dass a Froe vun der Gläichberechtegung a Chancëgläichheet rasant Verännerunge stattfonnt hunn. Dat soll awer keen Trouscht sinn an dat soll och keng Entschëllegung sinn, fir keng Efforte méi ze maachen, ganz am Géigendeel. Mir musse weider all Efforte maachen, fir zu méi Gläichberechtegung ze kommen.

D'#MeToo-Debatt, déi huet e Bewosstsäin geschafen, se huet de Fanger an eng Wonn geluecht, déi ville Mënsche vläicht net esou bewosst war, déi fir vill Fraen awer mat Sécherheet keng Iwwerraschung war. Déi meescht Männer kennen déi Angscht viru sexuellen Iwwergréffer, mengen ech, net. Dat heescht awer net, dass et se näischt ugeet. Dës Fäll vu sexueller Gewalt, mä et kann een och soen, all Fäll vun Ongläichheeten, déi op Fraen zréckfalen, sinn net nëmmen e Fraeproblem, mä se sinn och e Männerproblem. Ech géif souguer soen, dat ass e Mënscheproblem.

E soziale Wandel wäert eis just glécken, wa sech jiddwereen dru bedeelegt. Eis Gesellschaft däerf keng Toleranz fir Ongläichheeten akzeptéieren. D'Gläichheet, l'Égalité des sexes, des hommes et des femmes ass d'Basis vun eiser Demokratie a last but not least ass et d'Basis vun de Mënscherechter. A vläicht, vläicht brauche mer dann iergendwann den 8. Mäerz net méi ze feieren.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci dem Här Baum. An nächste Riedner ass den Här Dan Biancalana.

**M. Dan Biancalana** *(LSAP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Alleréischt wéilt ech der Ministesch Merci soen, dass si d'Initiativ geholl huet, fir deen Débat de consultation iwwert d'Gläichstellung tëschent Fraen a Männer an der Chamber ze organiséieren, an dat och schonn am Virfeld mat der zouständeger Kommissioun thematiséiert huet.

Et ass och ze begréissen, dass de Ministère den Numm vun der Gläichstellung tëschent Fraen a Männer ugeholl huet. Mir wëssen all heibannen, dass d'Gläichstellung an der Verfassung verankert ass. Mir wëssen awer och, dass se de facto an der Realitéit net erreecht ass, trotz villen Initiativen a Moossnamen, déi geholl goufen an de leschte Joren.

Et si sécher Verbesserungen ze verzeechnen. Nach bleift villes ëmzesetzen. D'Thema huet also net un Aktualitéit verluer. Den Numm vum Ministère ze ännere mécht also och kloer, dass Fra a Mann gläich Rechter a Flichten hunn.

Den nationalen Aktiounsplang vun 2015 bis 2018, an d'Madamm Ministesch ass virdrun drop agaangen, huet Impulser ginn, well e mat enger transversaler Approche ugesat huet. E ganzheetlechen Usaz fir Gläichstellung ass also hei kloer néideg. An den Débat de consultation, dee mer de Mëtten hei zesumme féieren, soll am Fong Elementer skizzéieren, Aktioune proposéieren, fir an en neie Gläichstellungsplang mat opzehuelen.

Fir d'LSAP ass et kloer, dass de Legislateur e wichtege Rôle huet. D'Dimensioun vun der Gläichstellung soll an all Politik integréiert ginn. Se muss berécksichtegt gi bei der Ausschaffung, bei der Mise en œuvre a bei der Evaluatioun vun all Politik.

An anere Wierder: Spezifesch Besoinen an Interête souwuel vu Fraen a Männer, hir respektiv Situatioune sollen a Consideratioun gezu ginn am Sënn vun der Komplementaritéit, der Transversalitéit an net an der Konkurrenz tëschent den zwee Geschlechter. Si solle sech erëmfannen an engem nationalen Aktiounsplang, a Programmer a Moossnamen.

Den Gender Mainstreaming, an d'Wuert ass virdrun och scho gefall, soll also e Reflex ginn, an dat an enger Laangzäitstrategie, déi ee sech gëtt, fir d'Gläichstellung ze erreechen. Dat sinn Erausfuerderungen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi Fraen a Männer, Männer a Fraen nëmmen zesummen a mat Engagement ugoen a léise kënnen, well déi Ongläichheeten, déi mer virfannen, sinn e soziaalt Konstrukt. Et geet ëm individuell a kollektiv Enjeuen.

De Jules Ferry, ech zitéieren en, sot: « L'égalité, [...] c'est la loi même du progrès humain ! C'est plus qu'une théorie: c'est un fait social, c'est l'essence même et la légitimité de la société à laquelle nous appartenons. » Dat ass nach méi wéi aktuell.

Dëst zu de Constaten. Am Gläichstellungsindex 2017, dee vum European Institute for Gender Equality erstallt gouf, kritt Lëtzebuerg 69 vun 100 Punkten - d'EU-Moyenne läit bei 66,2 - an domat steet Lëtzebuerg op der néngter Plaz. Dat ass sécher encourageant, mä sécherlech och nach verbesserungsfäeg.

An den Ae vun der LSAP ass et also och do wichteg, dass eng ëmfaassend Datenerhiewung vun alle Beräicher gemaach gëtt, fir e Gesamtbild ze kréien a fir d'Resultater an der Gläichstellungspolitik regelméisseg miessen a bewäerten ze kënnen. Mir brauche qualitativ a quantitativ Donnéeën, Statistiken, dovun och emol sécher ventiléiert, opgeschlësselt Statistiken no Sexe.

Do kënnen eis Akteuren, déi am Beräich vun der Fuerschung täteg sinn, sécher eng Hand mat upaken: de Statec, d'Uni, eise Centre de recherche public, ech denken do un de LISER. Et soll een op hir Expertise zréckgräifen, fir weider Donnéeën ze kréien, déi wëssenschaftlech beluecht sinn.

Et ginn awer och nach zwielef Themefelder, déi zu Beijing 1995 definéiert goufen an déi nach ganz aktuell sinn. Eenzel geholl hu si all eng Rei Indicateuren. Un hinne kann d'Regierung sech sécher inspiréieren, wa se dat net scho gemaach huet, fir hir Gläichstellungspolitik an hiren nationalen Aktiounsplang auszeschaffen.

Den „gender budgeting", deen ass och virdrun ugeschwat ginn, ass e weideren Usaz. De 15. Januar vun dësem Joer huet d'Europäescht Parlament eng Resolutioun ugeholl, déi ënner anerem ënnerstraicht, dass e Budget, deen der Chancëgläichheet Rechnung dréit, se och stäerkt a se och respektéiert. Dëst ass och e Bestanddeel vun der europäescher Charte fir Chancëgläichheet, déi vill Lëtzebuerger Gemengen ugeholl hunn.

***(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)***

Als Chamber sollte mer dës Resolutioun iwwerhaapt méi am Detail analyséieren an eis drun inspiréieren, notamment do, wou d'Europäescht Parlament sech selwer a sengem Fonctionnement an a senger Organisatioun mol Oplagen, mol Recommandatioune gëtt.

Et schéngt mer awer och wichteg ze sinn, dass d'Gemenge bei engem Aktiounsplang och mat an d'Boot geholl ginn. D'Gemenge sinn am Alldag mat hire kommunale Services à l'égalité des chances no bei de Besoine vun de Biergerinnen a Bierger, an dat an enger ganzer Bandbreet vu Beräicher, déi se ëmfaassen: an der Betreiung, Schoul, Maison relais, Sport, Kultur, fir nëmmen déi ze nennen.

Eng Plattform, wou e systemateschen Austausch vu Best Practices, vun Initiativen an Erfahrungen aus kommunaler Gläichstellungspolitik stattfënnt, stäerkt sécher d'Zesummenaarbecht tëschent dem Ministère an de Gemengen. E Forum mat Experten a mat de concernéierten Akteuren ze schafen, déi am Beräich vun der Gläichstellung schaffen, wär sécher och méi wéi begréissenswäert.

A firwat net och iwwer eng Bezouschossung, iwwer e Präis diskutéieren, wa spezifesch kommunal Projeten d'Gläichstellung an de Vierdergrond stellen. A firwat och net eng Zort national Assisen organiséieren, wou d'Akteuren, déi sech mam Thema Gläichstellung befaassen, sech austauschen, sech zu der Gläichstellungsstrategie äusseren a se matgestalte kënnen. Och dat kann an en nationalen Aktiounsplang mat opgeholl ginn.

Wär et iwwerhaapt sënnvoll - ech menge schonn -, ze fuerschen, wéi d'Perceptioun an d'sozial Representatioun a puncto Gläichstellung hei zu Lëtzebuerg ass? D'Resultater kéinte sécherlech Opschloss ginn, fir weider Moossnamen ze ergräifen, déi eng Strategie vervollstännege kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'LSAP ass et wichteg, dass d'Efforte ronderëm d'Gläichgewiicht tëschent Männer a Fraen an de Verwaltungsréit, wou de Stat bedeelegt ass, de Ministèren, den ëffentlechen Ariichtunge weidergefouert gëtt. Dës 40 % goufen erreecht. Dat ass sécher positiv ze bewäerten. Weider Efforte sinn néideg.

D'Chancëgläichheet soll an alle Beräicher vum gesellschaftleche Liewe resolutt thematiséiert ginn. D'Gläichstellungspolitik ass transversal. Geschlechterstereotyppen a Rolle musse kritesch hannerfrot ginn, fir dass Jongen a Meedercher, Fraen a Männer gläichberechtegt an onageschränkt hir Fäegkeeten an Talenter entwéckele kënnen.

Dëst ass ëmsou méi wichteg, wann ee feststelle kann, dass an der Altersgrupp tëschent 30 a 34 Joer 58 % en Héichschoulofschloss hunn. Eis Gesellschaft soll vun dësem Wësse gläichméisseg profitéiere kënnen, och wann op där anerer Säit Beräicher wéi Erzéiung, Gesondheet a Geeschteswëssenschaften ëmmer nach majoritär vu jonke Frae studéiert ginn. Och do brauche mer en Equilibrage.

Gläichberechtegung huet schliisslech och mat respektvollem Ëmgang géigeniwwer deem anere Geschlecht ze dinn. Et schéngt mer deemno och wichteg ze sinn, déi verschidde Forme vu Belästegungen, och sexueller Natur, ze thematiséieren, ob dat Verhalensmuster an Iwwergréff sinn op der Aarbechtsplaz, am ëffentleche Raum oder doheem.

An eiser Demokratie, an eisem Demokratieverständnis brauche mer béid Geschlechter, och am Sënn vun enger gudder Gouvernance. Dëst ass awer och eng Aufgab vun eiser haiteger Generatioun.

Erausfuerderunge ginn et weider nach eng ganz Rei. D'finanziell Onofhängegkeet reduzéieren. Ganz vill Fraen, an Dir wësst et, schaffen haut an hunn eng eege Pai. Dat huet sécher zu engem groussen Deel zu de Fortschrëtter bäigedroen, déi iwwert déi lescht zwou Generatiounen am Beräich vun de Fraerechter gemaach goufen. Wie finanziell dauerhaft ofhängeg ass vu sengem Partner, ass an

enger schlechter Positioun, fir Gläichberechtegung anzefuerderen, ganz egal wat fir eng Rechter d'Gesetz verankert huet.

Et ass deemno wichteg, dass bezuelten Aarbecht an Aarbecht fir d'Famill esou tëschent Männer a Fraen opgedeelt kënne ginn, dass keen an eng komplett Ofhängegkeet geréit.

Zweetens, gläiche Loun fir gläich Aarbecht. Fir d'Fraen net ze decouragéieren, fir schaffen ze goen, muss d'Gesellschaft och kloerstellen, dass hir Aarbecht genausou wäertvoll ass wéi déi vun de Männer. Am Verglach zu aneren europäesche Länner an zu der europäescher Moyenne, déi bei 16,2 % läit, ass Lëtzebuerg a puncto Égalité salariale mat engem Loungefäll vu 5,5 % sécher gutt placéiert. Nach muss dëse Prozentsaz erofgoe mam Zil, keen Ecart méi däerfen ze hunn.

Wa Fraen déiselwecht Méiglechkeeten hu wéi Männer, fir engem Beruff nozegoen, musse Männer déiselwecht Méiglechkeete kënnen notzen, fir sech ëm d'Famill ze këmmeren. An déi rezent Reform vum Congé parental ass eng kloer Äntwert dorop.

Drëtt Element: D'Work-Life-Balance ass och do e wichtegen Aspekt. E steet fir den Zoustand, wou Aarbecht a Privatliewen, Famill, Fräizäit mateneen an Aklang stinn. Et geet hei drëm, e Gläichgewiicht ze erreechen an duerno och oprechtzëerhalen an der Vereenbarkeet vu Beruff a Famill. Do spillen natierlech déi perséinlech Liewensëmstänn vu Fraen a Männer eng Roll a se baséieren op individuellen Entscheedungen an och op Besoine vun de verschiddene Generatiounen. An och déi sinn ënnerschiddlech. An och do spillt d'Decisioun, sech politesch ze engagéieren, eng Roll. An deem Kontext, an dat hutt Der virdrun och schonn hei gesot, ass d'Aféiere vun de Quoten eng sënnvoll Moossnam, sécherlech och iwwert d'Parteifinanzéierungsgesetz geregelt (veuillez lire: déi jo och iwwert d'Parteifinanzéierungsgesetz geregelt ass), an awer och keen Allheelmëttel.

Eng rezent Publikatioun vum Statec weist, dass d'Deelzäitaarbecht majoritär vu Fraen an Usproch geholl gëtt. 2017 hate mer méi wéi 35 % vun de Frae géigeniwwer 6 % vun de Männer, déi Deelzäitaarbecht gemaach hunn. A fir 57 % vun de Fraen ass d'Famill den Haaptgrond.

Wa generell den Taux d'emploi bei de Männer tëschent 20 a 64 Joer bei 75 % läit a bei de Frae bei 67 %, esou si se alle béid gläich beim Chômagetaux: 5,6 %. Deen deele se sech paritätesch.

E véiert Thema, wat leider ëmmer nach aktuell bleift, ass dat vun der Gewalt. Dat gëllt engersäits fir d'sexualiséiert Gewalt, déi sech geziilt géint d'Frae riicht, an anerersäits fir haislech Gewalt, déi wuel och Männer betrëfft. Déi finanziell Ofhängegkeet, vun där ech virdru geschwat hunn, spillt an dësem Kontext eng wesentlech Roll. Wien e Beruff huet an eege finanziell Ressourcen huet, huet och einfach besser Chancen, aus där Situatioun vun haislecher Gewalt kënnen erauszekommen.

Fir dass et awer guer net esou wäit kënnt, brauche mer e Mentalitéitswiessel, wou fir jiddwereen kloer ass, dass Gewalt net ze toleréieren ass. Mir brauchen also engersäits generell Aktiounen, mä och spezifesch Aktiounen zum Thema Gewaltpräventioun. Ech wëll hei un d'Konventioun vun Istanbul, déi aus dem Joer 2011 staamt an déi am Fong d'Chamber d'lescht Joer am Juli ratifizéiert huet, erënneren.

Eng Studie aus dem Joer 2017, och vum europäeschen Institut fir Gläichstellung, seet, dass 19 % vun de Fraen, déi an deene leschten zwielef Méint vun engem Täter physesch oder sexuell Gewalt erlieft hunn, kengem dovun eppes erzielt hunn. Den EU-Duerchschnëtt läit bei 13 %. An anere Wierder: Dës 19 % stelle potenziell Strofdoten duer, déi vun den Affer notamment bei der Police net gemellt goufen. Dat gëtt engem ze denken, firwat se dëse Schratt net gemaach hunn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dräi Pisten nach als Ureegung. Éischtens, d'Opklärungsaarbecht. Dat Wichtegst ass, d'Opklärung soll op zwee Niveaue stattfannen: éischtens an de Schoule mat de Jugendlechen an zweetens d'Ëffentlechkeetsaarbecht als Campagne publicitaire. Et ass extrem wichteg, e Bewosstsinn ze schafen, fir Stereotyppen an och Diskriminéierungen an der Schoul, an der Ausbildung, op der Aarbechtsplaz, am Beräich vu Sport a Kultur ofzebauen. D'Sozialisatioun steet hei am Vierdergrond. Et huet och do mat der Orientéierung vun de Studien ze dinn.

Mir brauchen eng Erzéiung an en Ëmfeld, an deem Kanner, Jongen a besonnesch Meedercher zu staarken, selbstbewosste Mënsche kënnen opwuessen, déi fréi léieren, dass Iwwergréffer net akzeptabel sinn an dass se vun Erwuessenen de Réck gestäipt kréien, wann et zu engem Iwwergréff kënnt. An de rezenten nationale Plang fir d'Promotioun vun affektiver a sexueller Gesondheet ass sécher do déi richteg Approche.

Zweetens, d'Medien. Publicitéit a Reklamme schaffe mat sexistesche Stereotyppen, déi oft en degradant an devalorisant Bild vu Fra a Mann an der Ëffentlechkeet weisen. Dat vermëttelt e komplett falscht Bild. An dës Duerstellung ass absolut net drobar. Et geet hei och kloer ëm d'Ethik. D'Medie spillen natierlech eng wichteg Roll an deem Ganzen. Si hunn d'Potenzial, fir als reelle Medium de Prozess ronderëm d'Erreeche vun der Gläichstellung matzebegleeden a matzegestalten. Iwwerrepresentatioun oder Ënnerrepresentatioun an der Duerstellung an notamment och am Sport fënnt een nach ganz heefeg.

Mir brauchen dofir Informatiounscampagnë géint Sexismus a Gewalt, déi regelméisseg widderholl ginn, an dat iwwert déi verschidde Kanäl vun de Medien. Dat rezent Spill „Rape Day" mat Verherrlechung vu Gewalt géigeniwwer Fraen ass definitiv en No-Go.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Dan Biancalana** *(LSAP)*.- Drëttens, finanziell Mëttel. Mir mussen d'Moyene verstäerke fir déi Servicer an Associatiounen, déi sech fir d'Gläichstellung asetzen. D'Actions positives am private wéi och am ëffentleche Secteur, déi e ganz gudden Uklang fannen, musse weidergefouert ginn, Madamm Ministesch. Mir mussen op déi Entreprisë setzen, déi elo scho probéieren, an hirem Betrib Chancëgläichheet a Gläichstellung ëmzesetzen. Si si gutt Ambassadeuren, virun allem och do, wou an den Decisiounsgremien Efforten a puncto Representativitéit a Leadership gemaach goufen.

Wat ka schlussendlech de Rôle vun der Chamber sinn? Dat war jo och eng Fro.

Éischtens, et musse Gesetzer gemaach ginn, déi an déi Richtung ginn, wéi ech ufanks gesot hunn. Mä d'Chancëgläichheet kann ee sécher net eleng duerch Gesetzer, duerch de legislative Plang erreechen a regelen. Et brauch een och Changementer an de Mentalitéiten, Kulturen an an der Aart a Weis, wéi eis Gesellschaft denkt an handelt.

Zweetens, d'Chamber kann, wa se wëllt, hei e gutt Beispill sinn. Si kann zu der Promotioun vun der Chancëgläichheet bäidroen. Een Deel liwwere mer de Mëtten. Mä se kann dat awer och intern maachen an hirer Aarbecht an de Kommissiounen an an den Debaten an awer och, wéi si sech no baussen duerstellt duerch hir Kontakter, duerch hir institutionell Lienen an duerch hir offiziell Positiounen. A wann d'Chamber dat virliewe soll, a si soll et, da kann ee sech froen, awéifern net och Parteien do sollen a musse matzéien. D'Chamber huet do ganz kloer en Afloss a si soll deen intelligent notzen.

Schlussendlech hunn d'Generatioune vun haut et an der Hand, fir eng Gesellschaft anzetrieden, opzebauen an ze liewen, déi méi gerecht ass, déi méi gläichgestallt ass a méi respektvoll mat den eenzelne Liewenschoixen ëmgeet. Chancëgläichheet tëschent Fraen a Männer ze konzipéieren ass net nëmmen en Enjeu vu sozialer Gerechtegkeet, mä och e Facteur, deen zur Weiderentwécklung an dem Opschwong vun eisem Land bäidréit.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Biancalana. Nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Djuna Bernard** *(déi gréng)*.- Här Chamberspresident, Dir Dammen an Dir Hären, ech weisen Iech hei zwee Carnets de santé, wéi se am Joer 2019 ausgestallt ginn.

***(Mme Djuna Bernard montre un carnet de santé rose et un carnet de santé bleu.)***

Et handelt sech heibäi ëm quasi dat éischt offiziellt Dokument vum Lëtzebuerger Stat, dat een als neigebuerene Mënsch kritt. Schonn um éischten Dag vu sengem Liewe gëtt een also mat Klischeeën, an dësem Fall Klischeesfaarwe konfrontéiert. Natierlech kann een elo déi Ausso als iwwerdriwwen duerstellen, mä et si genau dës Detailer, déi een am Laf vu sengem Liewen ëmmer erëm begleeden. A se sinn op dëser Plaz symbolesch fir déi kleng Chantieren, déi mer gesellschaftlech mussen ugoen a géint déi dëse Plan d'action soll usteieren.

An dëse Plan d'action ass am Joer 2019 nach ëmmer batter néideg. Den 2018er Global Gender Gap Report vum Weltwirtschaftsforum gesäit Lëtzebuerg op der 61. Plaz ënner 149 geprüften Natiounen. De Rapport befënnt, dass mer 71,2 % vun eiser Geschlechterkluft geschlossen (veuillez lire: iwwerwonnen) hunn.

Dir Dammen an Dir Hären: « Il y a du pain sur la planche ! » Dës Regierung, genausou wéi déi viregt, gëtt sech dofir d'Moyenen, fir dësem Taux entgéintzesteieren. Mir hunn zu Lëtzebuerg säit 1995 ee Ministère fir Gläichstellungspolitik, deen zënter 2006 via e Plang geziilten Aktioune fir d'Gläichstellungspolitik soll ëmsetzen.

D'Zil erschéngt evident an néideg. De Plan d'action soll e Mentalitéitswandel begleeden a matsteieren, andeems d'Mixitéit vun de Geschlechter an diverse Liewenslagen a Beruffsgruppen en Atout duerstellt, andeems déiselwecht Chancë fir all Geschlecht geschaaft ginn, genderspezifesch Stereotyppen ofgebaut solle ginn an der geschlechtsspezifescher Gewalt en Enn gesat soll ginn.

Ech wëll kuerz awer och an engem Réckbléck op dëse Plan d'action, dee mer jo elo ofschléissen, agoen. Virun der Mise en place vun engem neien Dräijoresplang ass et wichteg, och de viregten ënnert d'Lupp ze huelen. Jo, d'Zuele gesi gutt aus. An eng grouss Partie vun den Aktioune goufen och ëmgesat. Dofir ass dem Ministère de l'Égalité des chances an den associéierten Akteuren ze felicitéieren.

Mir fält awer am Kader vun dësem Bilansgespréich op, dass grad bei eiser nationaler Educatioun nach e bësse Sputt no uewe bleift. Vun néng Mesurë sinn der fënnef en cours de réalisation a véier si reportéiert ginn. Wuel wëssend, dass et grad an eiser Bildung schwiereg ass, fir kuerzfristeg Ziler ze erreechen, erschéngt et mer awer ee vun de kruziaalste Punkten, wou mer musse weiderhin usetzen an intensiv drop schaffen. Ech wäert zu engem spéideren Zäitpunkt nach heirobber zréckkommen.

Et ass ze bedaueren, dass den eis virleiende Bilan d'Mesurë leider just quantitativ bewäert, ob se ëmgesat goufen oder net. D'Fro nom Wéi, also der qualitativer Moossung, bleift weiderhin op. Och e méi detailléierte Bilan pro Département ministériel wier wënschenswäert. Esou kéint een als Aussestoenden och besser novollzéien, wat schonn an d'Rulle komm ass a wéi et gelaf ass. Et geet ëmmerhin op d'mannst esou vill ëm d'Qualitéit wéi ëm d'Quantitéit vun de Mesuren.

Deementspriechend géife mir als déi gréng eis wënschen, dass den nächste Plan d'action sech kloer Objektiver gëtt, déi duerch verschidde Point-d'actionen erfëllt ginn. All Point d'action soll kënne gemooss an evaluéiert ginn, qualitativ wéi quantitativ.

Ech kommen elo zu verschiddenen Themeberäicher, déi ech besonnesch wëll ervirhiewen, well se eiser Meenung no prioritär am nächste Plan d'action behandelt musse ginn. Dës Sujete sinn allerdéngs aus Zäitgrënn net exhaustiv.

Ech fänken u mat der Violence géint d'Fraen. Dëst kruziaalt Thema gouf mat der Ratifikatioun vun der Istanbuler Konventioun am Juli 2018 och nach emol legislativ op de Leescht geholl. Fir dëser ëmmer nach eminenter Gefor entgéintzewierken, si mer op eng wichteg Zesummenaarbecht vu verschiddenen Akteuren ugewisen. Ech denken heibäi notamment un d'Vertrieder vun der Justice, vun der Police an awer och vun de soziale Servicer, déi sech souwuel ëm d'Affer wéi awer och ëm d'Täter vun der haislecher Gewalt këmmeren.

Ee Punkt, deen de Comité de coopération entre les professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence ervirhieft, ass e Mangel u Statistiken an Zuelen am Domän vun der haislecher Gewalt. Hei reit sech eng international Fuerderung ëm de Feminicide an.

Fir déi, déi dësen Term net kennen, erlaben ech mer, Iech eng kuerz Definitioun virzestellen: « Dans le cadre de la criminologie féministe, ce terme désigne une catégorie de crime spécifique : le meurtre intentionnel d'une femme suite à la transgression supposée des rôles réservés aux hommes et aux femmes, découlant de la tradition et des normes sociales. » Entre-temps gëtt et vum European Data Journalism Network eng EU-wäit Bestandsopnam vun dësem weltwäite Phenomeen. Eng ganz Rei Länner dokumentéiere systematesch Feminiciden.

Lëtzebuerg ass awer e schwaarze Fleck op der europäescher Landkaart, an ech woen ze bezweifelen, dass dat dorunner läit, dass Fraemord bei eis net existéiert. Nëmme wa mer konsequent dokumentéieren, wéini haislech Gewalt an hire verschiddene Formen a Stadie stattfënnt, kënne mer och bewosst a geziilt drop reagéieren.

**Une voix**.- Très bien !

**Mme Djuna Bernard** *(déi gréng)*.- Eng Zuel, déi virläit, ass an dësem Sënn erschreckend. An der Moyenne intervenéiert d'Police zweemol den Dag am Grand-Duché am Fall vun haislecher Gewalt. Mir plädéieren als gréng Fraktioun derfir, dass psychesch Gewalt géint Frae gesetzlech strofbar gemaach gëtt. Am Joer 2019 wësse mer dach all, wéi eng Repercussioune psychesch Gewalt op d'Santé mentale vun den Affer a soumat op hiert gesamt Liewe kann hunn.

Mir begréissen den Dispositif vu sozialen Organisatiounen, déi sech ëm d'Victimme këmmeren, sief dat an der Afferambulanz, psychologeschen Déngschter, Fraenhaiser, mä awer och an der Täterbetreiung. Si mussen och am kommende Plang hir fest Plaz, déi néideg finanziell Moyenen an déi néideg Wunnstrukturen zur Verfügung kréien.

Ee Punkt, dee virun allem d'lescht Joer medial relativ breet diskutéiert gouf, ass dee vun der sexualiséierter Gewalt géint d'Fraen. Ech schwätze vun der sougenannter #MeToo-Debatt, bei där ëmmer méi Fraen thematiséiert hunn, dass se duerch d'Muechtverhältnisser tëschent Männer a Fraen Affer vu sexuellen Iwwergréffer a Gewalt gi sinn.

Dëse Sujet, och wann en net méi an de Medien ass, sollte mer net aus den Ae verléieren. Dass sexuell Gewalt op der Aarbecht an am reschtlechen Alldag op verschiddenen Niveauen ëmmer nach geschitt, ass e Problem, an doropshi musse mer agéieren.

Ech kommen zum nächste Sujet, dem Gender Pay Gap. Am Fall vun ënnerschiddleche Paien tëschent Fraen a Männer (veuillez lire : Wéinst dem Ënnerscheed bei de Paie vu Fraen a Männer) huet d'Lëtzebuerger Regierung 2016 en immens wichtegt Gesetz gestëmmt. De Prinzip vun der Égalité salariale tëschent Männer a Fraen ass gesetzlech verankert a gëtt bei Infraktioun sanktionéiert. Haut leie mer laut Eurostat bei engem Gender Pay Gap zu Lëtzebuerg vu 5,4 % an hunn domat ee vun den niddregsten an der EU. D'Zil ass a bleift awer 0 %. An dowéinst musse mer weider un der Opklärung an Informatiounspolitik schaffen, fir dass betraffe Frae wëssen, wéi eng Rechter hinne legal zoustinn a wéi eng Moyene si hunn, fir sech dës anzefuerderen. D'ITM muss deementspriechend ausgestatt an opgestockt ginn an dës Zuelen och regelméisseg iwwerpréiwen.

Den nächste Sujet, deen ech wëll ugoen, ass: Fraen op Decisiounsposten. Well op deene Plazen, wou Decisioune geholl ginn, sinn nach ëmmer bal nëmme Männer. Dëst gëllt souwuel fir d'Privatwirtschaft, Verwaltungsréit, mä awer och d'Politik. An dobäi hu mer haut Zuele vu beispillsweis dem Peterson Institute for International Economics, déi eis weisen, dass et eng kloer Korrelatioun tëschent der Profitabilitéit vun engem Betrib a Fraen a Féierungspositioune gëtt. Hei begréisse mir, dass d'Regierung weider Efforte mécht, fir d'Betriber mat positiven Incentives ze encouragéieren, Fraen a Féierungspositiounen ze huelen.

De Stat soll natierlech och weiderhi seng eege Verantwortung huelen, fir 40 % vum ënnerrepresentéierte Sexe an de Verwaltungsréit vun Établissement-publicken ze erreechen.

Dir 45 Hären, Dir 15 Dammen, ech kucke ronderëm mech an ech sinn erschreckt.

***(Brouhaha)***

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** *(CSV)*.- Mir si schonn 20 Joer erschreckt. 120.

**Mme Djuna Bernard** *(déi gréng)*.- Mir hunn no de Wahle jo scho vill driwwer diskutéiert, mä ech fannen et nach ëmmer dramatesch an erschreckend, wéi wéineg Fraen an dësem héijen Haus sëtzen. Jo, mir haten am Kader vun de leschten Nationalwahle quasi paritéitesch Lëschten. An déi Leit vun eis, déi sech et wëllen einfach maachen, déi kënnen elo soen, dass se hiert gemaach hunn. Mä esou einfach ass et awer net. Wa mir méi Fraen an der politescher Verantwortung wëllen hunn, da si Quoten op eise Lëschten, souwuel lokal wéi national, e wichtegen a batter néidege Schrëtt.

Den Heribert Prantl huet an der „Süddeutsche Zeitung" geschriwwen: „Gleichberechtigung, das lehrt die Geschichte seit 1918, fällt nicht vom Himmel. Sie ergibt sich nicht einfach so. Die Geschichte der Gleichberechtigung lehrt: Soll sie sich durchsetzen, braucht sie Gesetz und Quote. Jeder entscheidende Schritt zur Gleichberechtigung in den vergangenen hundert Jahren ist von einem Gesetz angeordnet worden."

Här President, nieft de Quote musse mer eis als Parteien allegueurte selwer an d'Verantwortung huelen. Mir brauchen eng konsequent Opbauaarbecht vun eise Politikerinnen a mussen e politescht Ëmfeld schafen, dat attraktiv ass, fir dass d'Frae sech politesch engagéieren.

**Une voix**.- Très bien !

**Mme Djuna Bernard** *(déi gréng)*.- Ee Beispill, wat jo rezent méi diskutéiert gouf, wär beispillsweis e Mutterschutz fir weiblech Man-

datärinnen. Oder, soyons fous, wär eng Crèche an der Chamber wierklech esou en absurde Gedanken am Joer 2019?

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** *(CSV)*.- Dat froe mer scho säit 20 Joer.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Mir hunn dat proposéiert an déi gréng hunn dergéint gestëmmt.

***(Hilarité et brouhaha)***

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** *(CSV)*.- Jo, dat ass wouer.

**Mme Djuna Bernard** *(déi gréng)*.- Oft hu Fraen …

**Une voix**.- Dat ass elo awer wierklech domm gaangen.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Här President, ech wollt ...

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Madamm Bernard, erlaabt Der, datt den Här Kartheiser Iech eng Fro stellt?

**Mme Djuna Bernard** *(déi gréng)*.- Ech maachen als Éischt meng Ried gär fäerdeg.

***(Hilarité)***

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Jo. Mir schwätzen duerno vun der Crèche.

**Mme Djuna Bernard** *(déi gréng)*.- Oft hu Frae besser Ofschlëss wéi Männer, mä an der Suite vun hirem Parcours maache se net déiselwecht Carrière, an dofir ginn et verschidde Grënn. D'Care-Aarbecht läit leider nach ëmmer iwwerméisseg vill op de Fraen. Mä och op gesellschaftlechem Niveau si mer leider oft nach net do, wou mer misste sinn.

Oder wéisou gëtt d'Stéphanie hei souwuel vu ville vun Iech wéi och dobaussen esou oft gefrot, wéi et da seng zwee kleng Kanner mat der Politik ënner een Hutt bréngt, a mäi Kolleeg de François, deen an exakt deemselwechte Fall ass, net?

Mir erliewen am Moment e staarke Wandel vun der Flexibilitéit vun der Aarbechtszäit a vun den Aarbechtsmodeller, e Wandel, wou Männer Congé parental ufroen an e Recht op Deelzäitaarbecht am Koalitiounsaccord festgehale gouf.

Mir an der Politik mussen dëse Wandel begleeden an ënnerstëtzen an et duerch eng héichwäerteg a gratis Kannerbetreiung ermëglechen, dass fir Elteren e Kannerwonsch an eng professionell Carrière net am Widdersproch zuenee stinn, dass Pappen hir Kanner beim Opwuesse begleede kënnen an dass Mamme sech net musse rechtfertegen, wa se nieft hirer Roll als Mamm och eng beruflech Aktivitéit wëllen hunn.

Ech kommen zum nächste Sujet, de geschlechterspezifesche Rolleklischeeën an der Bildung. Här President, villes, wat ech an de leschte Minutten evoquéiert hunn, ass gesellschaftlech déif verwuerzelt a baséiert op ale Rollebiller vun enger Gesellschaft, déi et haut net méi gëtt.

Ech wëll nach emol op de Bilan vum leschte Plan d'action zréckkommen. Hei huet d'Educatioun e bësselche gelappt. Mä et ass grad hei, wou mer musse kruzial Efforte maachen. Grad well eis Educatioun jo vun der Crèche iwwert d'Schoulen, d'Maison-relaisen an d'Lycéeë geet, musse mer et fäerdegbréngen, Gender op eng zäitgeméiss Aart a Weis ze vermëttelen. Aschränkend a viruerteelsbeluede Geschlechterbiller mussen aus der Kannererzéiung an der Schoul verschwannen. Eist Léierpersonal gradesou wéi d'Erzéier an der nonformaler Bildung mussen eng Sensibilitéit fir d'Thematik entwéckelen, fir dass d'Kanner net no engem binäre Weltbild erzu ginn. E Jong muss och dierfe mat Poppe kënne spillen an e Meedchen op de Fussball goen.

A wou mer vu Fraen a Fussball schwätzen: De Fraesport dierf a senge Mëttele wéi a senger medialer Verankerung an Duerstellung dem Männersport an näischt nostoen. Dass et haut nach ëmmer wesentlech Diskrepanzen an dësem Domän gëtt, ass an eisem 21. Jorhonnert net méi zäitgeméiss.

Um Jugendkonvent virun e puer Wochen, wou mer hei an dësem Raum mat engagéierte Jonken diskutéiert hunn, hu grad vill Jonker bedauert, dass hire Sexualunterrecht quasi just vu Fortpflanzung a biologesche Prozesser géif handelen. Hei brauche mer en oppenen a partizipativen Debat iwwert den Ausdrock an d'Ausliewe vu Sexualitéit, Gender an domat verbonnen Toleranz, Verantwortung an Diversitéit an eiser Gesellschaft.

Erschreckt huet mech d'Aart a Weis, wéi mat jonke Fraen ëmgaange ginn ass, déi um Klimastreik provokativ Schëlter an d'Luucht gehalen hunn. Wann eng selbstbestëmmte jonk Fra 2019 provokativ „Fuck me, not the planet" op hirem Schëld stoen huet a se nieft Mobbing an Hate Speech op de sozialen Netzer dann och nach de Schoulpsycholog an eng Entrevue beim Direkter erliewe muss, da musse mer dréngend nach emol an engem oppenen Debat iwwer Geschlechterfräiheet an Toleranz schwätzen.

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** *(CSV)*.- Dat ass Är Meenung.

**Mme Djuna Bernard** *(déi gréng)*.- Ech wëll dës Ried ophale mat de Wierder vun engem Mann, deen ech duerft an de leschten zwee Deeg op der Konferenz „Stand Speak Rise Up!" kenneléieren. Den Dokter Denis Mukwege sot en Dënschdeg a sengem emouvante Keynote-Speech Folgendes: « Les hommes qui commettent des violences sexuelles ne sont qu'une minorité. Mais ceux qui ne disent rien deviennent complices. On devrait leur enseigner la masculinité positive et organiser des actions pour déconstruire la masculinité toxique. Nous devons enseigner dès le plus jeune âge que nous sommes tous égaux, et que les garçons ne sont pas supérieurs aux filles. »

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Madamm Bernard, den Här Kartheiser wëllt Iech nach eng Fro stellen.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Jo, villmools Merci, Här President. An och Merci un d'Madamm Bernard, datt se mer erlaabt, déi Fro ze stellen. Ech wollt soen, datt ech am Joer 2009, dat ass schonn eng gewëssen Zäit hier, hei, mengen ech, eng Resolutioun an dëst Haus abruecht hunn, datt mer hei sollen eng Crèche hunn, ebe just an deem Gedanken, wéi Dir et sot, fir Pappen a Mammen, déi hir Kanner déi Zäit wëlle versuergen (veuillez lire : loossen), déi Méiglechkeet ze ginn, och fir d'Personal vun der Chamber.

Deemools, wann ech mech gutt erënneren, huet d'ADR derfir gestëmmt an all déi aner dergéint, och déi gréng waren dergéint. Ech freeë mech, datt also haut déi Iddi vun der gréngerSäit opbruecht gëtt, zéng Joer méi spéit.

***(Brouhaha)***

A meng Fro ass déi hei: Wann ech elo déi Resolutioun nach eng Kéier hei tabléieren, déi mer 2009 als ADR heihinnerbruecht hunn, géifen déi gréng déi dann elo haut matdroen?

Merci.

**Mme Djuna Bernard** *(déi gréng)*.- Léiwen Här Kartheiser, ech war 2009, wéi Der wuel wësst, nach net an der Chamber.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Awer Verschiddener vun Äre Kolleegen.

**Une voix**.- Neen.

**Mme Djuna Bernard** *(déi gréng)*.- Vläicht Verschiddener vu menge Kolleegen. Ech géif mer als Éischt gären erlaben, dann déi Motioun emol wëllen ze liesen, éier ech déi doten Decisioun géif huelen. Mä ech sinn awer ganz frou, dass mer do emol eng Kéier op engem gemeinsame Punkt sinn. An ech fannen, dass mer iwwer all déi Saachen och haut, 2019, musse kënne schwätzen.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Mir pake se nach eng Kéier aus an da gesi mer jo, wéi déi gréng stëmmen.

**Mme Djuna Bernard** *(déi gréng)*.- Et ass gutt.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci. Merci villmools, Madamm Bernard.

### 5. Question urgente n° 0569 de M. Michel Wolter relative à la peste porcine

Mir géifen dann elo d'Consultatiounsdebatt kuerz ënnerbriechen, fir d'Question urgente Nummer 569 vum Här Michel Wolter iwwert d'Schwéngspescht virzehuelen. Den Här Michel Wolter huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Fro ze stellen, an d'Regierung huet zéng Minutten Zäit, fir op d'Fro ze äntwerten. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

***(Brouhaha)***

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Här President, ech sinn net Demandeur heifir gewiescht. Ech si schonn Demandeur, fir meng Fro ze stellen.

***(Brouhaha)***

Ech sinn net Demandeur gewiescht, dass en Debat ënnerbrach gëtt, fir dass ech se ka stellen.

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** *(CSV)*.- Wärend engem Debat, dat ka jo net sinn.

**Une voix**.- Mir hunn en Ordre du jour.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Regierung huet gesot gehat, datt se nëmmen disponibel wär …

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- … um véier Auer.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- … bis fënnef Auer. A soss hätte mer déi net evakuéiert kritt. An et steet och am Reglement dran, datt: « La question pourra être posée au moment fixé par le président. »

Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** *(CSV)*.- D'Regierung huet gefrot. Do gesäit een, wéi wichteg d'Egalité des chances ass.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Also ech kann och méi spéit erëmkommen. Ech wëll dat wierklech nach eng Kéier gesot hunn. An ech wär och frou, well meng Zäit hei scho leeft, wann Der déi nees géift op fënnef Minutte setzen, net dass den Här Kox a véier Minutte seet: Dir hutt keng Zäit méi.

**Une voix**.- Nee nee nee!

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Wolter, Är Zäit fänkt elo un.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Neen, et geet nëmmen accessoirement iwwert d'Wëllschwäin. An dat wëll ech vun Ufank u soen. Den 13. September vum leschte Joer ass an eiser Nopeschregioun an der Belsch d'Schwéngspescht ausgebrach. Säit dem 14. November ass eng Schutzzon an der Belsch ausgewise ginn, déi bis op d'Lëtzebuerger Grenz geet. Säit Méint ass de Problem also gewosst (veuillez lire : bekannt).

En Deel vun deene Froen, déi sech stellen, sinn och duerch d'CSV an iterative Question-parlementairen, vun deenen eng Rei anscheinend nach net beäntwert gi sinn, gestallt ginn.

Hei geet et ëm eppes anescht. Et geet drëm, wéi mat der Transparenz an engem Dossier verfuer gëtt par rapport zu deene Leit, déi en Interêt hunn, deene Leit, dat kënnen d'Proprietäre sinn, dat kann d'Gemeng sinn, dat kënnen d'Bauere sinn, déi concernéiert sinn.

Ëm wat geet et?

De leschte Mëttwoch si mer par voie de presse gewuer ginn, dass en Zonk vun aacht Kilometer géif laanscht d'Lëtzebuerger Grenz opgeriicht ginn am Kader vun der Bekämpfung vun der Schwéngspescht. Okay, hu mer eis gesot, da wäerte se sech jo elo bei eis mellen, fir mat eis driwwer ze diskutéieren an deenen nächste Wochen, wéi a wou deen Zonk dann opgeriicht gëtt. Gëschter si mer op RTL gewuer ginn, nees par voie de presse, dass et lassgeet, ouni iergendeng Informatioun, ouni dass d'Proprietären, ouni dass d'Baueren, ouni dass déi zwou Gemengen, déi hei haaptsächlech concernéiert sinn, gefrot gi sinn.

Dir kënnt Iech virstellen, wat säit gëschter bei eis op der Gemeng an och op der Nopeschgemeng lass ass! Ech erënneren drun, fir déi Leit, déi d'Circonstancen net kennen, dass vun deenen 8 Kilometer ronn 7,5 Kilometer laanscht den Territoire vun eiser Gemeng ginn, wou ech d'Éier hunn, Buergermeeschter ze sinn.

Eis Leit wenne sech un eis a froen: „Wësst Dir eppes?" Mir musse soen: „Neen." Eis Leit wenne sech un eis a soen: „Hutt Dir Pläng?" Mir musse soen: „Neen." Bis haut si keng Pläng, Madamm Dieschbourg, op der Gemeng Käerjeng ukomm. Dat deet mer leed. D'Leit froen eis a mir kënnen net äntwerten.

Ech si bis de Moien dovun ausgaangen, dass deen Zonk laanscht d'Grenz géif gesat ginn. Laanscht d'Grenz, esou wéi et och an engem Bréif vum Direkter vun der Veterinärsinspektioun stoung, deen ech gëschter krut als eenzeg Pièce, déi ech bis elo offiziell hunn, an dee mech driwwer informéiert a menger Fonctioun als Buergermeeschter: « comme moyen de prévention d'installer une clôture le long de la frontière belge ». « Le long de la frontière belge », dat heescht fir mech laanscht d'belsch Grenz.

Or, de Moien an enger ganzer Rei vu Gespréicher, déi ech gefouert hunn, stellt sech eraus, dass deen Zonk guer net laanscht d'Grenz opgeriicht gëtt. Deen Zonk gëtt ratsch queesch duerch meng Gemeng opgeriicht! Dat ass e Problem, well e geet no deenen Informatiounen, déi ech hunn, vu Lénger bis bei den Haff Kerger zu Kënzeg, dann ass Kënzeg op an da geet en Op der Schock nees weider bis erop op d'Autobunn. Dat heescht, et ass esou eng Zort Triichter, dee gebaut gëtt, en Zonk, dee laanschtgeet. An déi eenzeg Plaz op deenen aacht Kilometer, wou fräi ass, wou deen Zonk net ass, dat ass dann d'Uertschaft Kënzeg. Ech huelen un, dass d'Schwäin dann do wäerten erauslafen.

Ech hunn eng Rei Froen, déi sech mir an deem Kader als Deputéierte stellen:

Firwat, Madamm, Monsieur, ass am Virfeld net mat deene concernéierte Gemenge geschwat ginn? Firwat si se net informéiert ginn? Firwat si se net consultéiert ginn?

Wéi ass den exakten Tracé, wéi den Drot verleeft? Firwat verleeft deen Tracé net laanscht d'belsch Grenz, mä soll just deelweis derlaanscht lafen?

Firwat sinn d'Leit um Terrain, d'Gemeng, d'Baueren, de Fierschter aus der Gemeng net abezu ginn an d'Festleeë vum Tracé vun deem Drot? Kann d'Regierung mir d'legal Basis soen, opgrond vun där se mengt, dësen Drot ouni Autorisatioun vum Buergermeeschter kënnen opzeriichten? Ass si der Meenung, dass si keng Autorisatioun vun der Gemeng brauch, fir dat ze maachen? Da géif dat mech interesséieren.

Ass am Virfeld mat de Proprietäre vun den Terraine geschwat ginn, wou den Drot soll hikommen? Sinn déi eng Autorisatioun gefrot ginn? Hunn déi déi Autorisatioun ginn? Fënnt d'Regierung, Dir Dammen an Dir Hären, et normal, dass bis gëschter iwwerhaapt kee Kontakt mat de Concernéierte gesicht ginn ass?

Ech hunn de Moie mat deem zoustännege Responsabelen telefonéiert, eent vu ville Gespréicher, wat ech hat, den Dokter Wildschutz, Direkter vun der Administration des services vétérinaires, an ech hunn em déi Froe gestallt.

Hien huet mir geäntwert, dass hien dovun ausgaange wier, dass alles bei de Gemengen ugefrot gi wier. Ech muss dem Här Wildschutz Merci soen, well en huet mir de Mëtten e Mail gemaach, fir mer ze soen, muer de Moien um hallwer zéng wäre se bei eis am Schäfferot mat Leit vun der Arméi, mat Leit vu Ponts et chaussées a si selwer.

Ech stellen Iech d'Fro: Firwat net virun dräi Wochen? Firwat net viru véier Wochen? An ech maachen Iech, Madamm Minister, well Der esou laacht, wéi Der laacht, op en Dekret vu 1790 opmierksam iwwert d'Verbreedung vun de Wildseuchen, deen dem Buergermeeschter eng ganz Rei Responsabilitéite gëtt. An ech soen Iech, dass, wann Der deen Drot wëllt bauen, esou wéi Der en elo wëllt bauen, näämlech à l'intérieur vun eisem Territoire, an net esou, wéi et no bausse kommunikéiert ginn ass, ronderëm eist Land, Der an eise Kompetenzen dra sidd.

An eppes Zweetes verstinn ech iwwerhaapt net. Eppes Zweetes verstinn ech iwwerhaapt net, dat ass, dass dobausse gesot gëtt, et géif een Drot gebaut ginn. Et gëtt net een Drot gebaut, et ginn zwee Dréit gebaut, an zwar ee vu Lénger bis op Kënzeg déi eng Säit an ee vu Kënzeg iwwert de Lëtzebuerger Territoire weider bis op d'Autobunn erop.

Dir musst mir erklären, wéi Der domat der Wëldpescht wëllt Här ginn, wann Der den Drot, deen eigentlech sollt en continue gebaut ginn, net en continue baut, mä dertëschent e Lach vu schätzungsweis zwee Kilometer loosst.

Alles dat géif ech Iech gäre froen an ech géif schléisse mat enger anerer Remark, well ech net wëll, dass en Doute besteet. Mir sinn, ech sinn, meng Leit sinn, meng Bauere sinn, mat deenen ech all telefonéiert hunn entre-temps, net géint d'Opriichte vun engem Drot. Mir sinn eis all bewosst, dass et hei ëm e seriöe Problem geet, deen eng seriö Léisung verdéngt.

Mä mir hätte gären, dass am Respekt vun der Transparenz an am Respekt vun de Gesetzer alleguerten déi, déi do concernéiert sinn, am Viraus gefrot ginn, ier iwwer hire Kapp ewech Decisioune geholl ginn. An dofir hätt ech gär vun Iech den Engagement …

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Wolter, Dir musst esou lues zum Schluss kommen.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Ech kommen zum Schluss, Här President, well mäin allerleschte Saz ass: Ech hätt gär vun Iech den Engagement, dass mer Ufank d'nächst Woch eng ëffentlech Informatiounsversammlung zu Kënzeg maachen, wou Är Vertrieder de concernéierte Bierger aus eiser Gemeng an och de concernéierte Bierger aus der Gemeng Stengefort, ëm déi et och geet, kënne Ried an Äntwert stoen. Ech sinn nodrécklech der Meenung, dass Der dat virun engem Mount schonn hätt misse maachen. Mä léiwer méi spéit an ze spéit wéi ni.

Merci.

**Une voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Wolter. D'Regierung huet d'Wuert, de Landwirtschafts-, Wäibauminister a Minister fir d'ländlech Entwécklung, den Här Romain Schneider.

**M. Romain Schneider**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*.- Merci, Här President, fir d'Wuert an och dëse spontanen Optrëtt am Parlament hei. Ech

mengen, do géif ech fir d'Éischt emol ufänken an am Numm vun der Landwirtschaft vun däser Plaz profitéieren, fir awer och engersäits de Ponts et chaussées, dem zoustännege Minister, awer och der Arméi, och deem zoustännege Minister, e grousse Merci ze soen, datt se esou spontan reagéiert hunn, fir ze hëllefe bei engem Uleies, dat mer an der Taskforce decidéiert haten an diskutéiert haten an dat mer herno am Regierungsrot festgehalen hunn, an d'urgence eng zousätzlech präventiv Moossnam, d'Opriichte vun engem Zonk parallell zu deem, dee besteet an der Belsch, duerchzeféieren.

Et war dat en Uleies, dat koum, nodeem mer Kontakter haten, Consultatiounen haten, esou wéi mer dat eemol d'Woch hunn, mat de belschen, mat de franséischen Autoritéiten a souguer mat den Experte vun der Europäescher Kommissioun. An do hu mer och den Tracé, wou mer engersäits den Zonk opriichten, respektiv och d'Delimitatioun vun den Zones de prévention op där enger Säit, op där anerer Säit awer och vun den Zones de dépeuplement festgeluecht.

Ech muss och soen, datt mer, direkt nodeem déi Decisioun am Regierungsrot geholl gouf, ugefaangen hunn, se ze koordinéieren. An ech mengen, ënnert der Koordinatioun vun der Arméi an de Ponts et chaussées gouf, nodeem den Tracé festgeluecht gouf, och direkt, Här Wolter, Kontakt mat de Gemengen opgeholl. An et waren technesch Reunioune mat den Techniker, och mat deem vun der Gemeng Käerjeng, wou Dir de Buergermeeschter jo ganz gutt kennt.

Et ass elo esou, datt eng Demande d'autorisation gestallt gouf, fir den Tracé ze exekutéieren, säitens vum zoustännege Ministère de la Mobilité et des Travaux publics un de Ministère de l'Environnement. An den 20. Mäerz ass dës Autorisatioun och un déi zwou betraffe Gemengen, d'Gemeng Stengefort an d'Gemeng Käerjeng virugaangen. Zënter dem 20. Mäerz weess also d'Gemeng Käerjeng, hire Buergermeeschter, d'Gemeng Stengefort, hire Buergermeeschter, hire Schäfferot, huelen ech un, datt esou een Zonk opgeriicht gëtt. Do houngen och déi eenzel Spezifissitéite vum Zonk respektiv och, wéi en opgeriicht gëtt, hannendrun.

Et ass och falsch, hei ze soen, et géif en Zonk op privatem Terrain opgeriicht ginn.

***(Interruption)***

Dee ganzen … Dach, dat hutt Dir gesot. Et géif op privatem Terrain ... Et wier net mat de Leit geschwat ginn, datt en op hirem Terrain géif opgeriicht ginn. E gëtt op ëffentlechen Terraine vu Stat a Gemengen opgeriicht an e gëtt gréisstendeels laanscht eng Vëlospist opgeriicht, wat effektiv en Zesummespill tëschent Gemeng an tëschent Stat ass.

Derniewent mengen ech, ass et och wichteg, datt dat, wat och ëmmer gesot gëtt hei, datt den Accès fir verschidde Proprietären op hir Proprietéiten net garantéiert gëtt, falsch ass. Och hei gëtt op der Plaz gekuckt, datt mer Paarten opriichten, genau wéi an der Belsch iwwregens och, wou dat de Fall ass, datt jiddwereen zu all Moment, wann en iergendwéi duerch deen Zonk géif behënnert ginn, fir op seng Proprietéit ze kommen, Accès dozou huet. Selbstverständlech mat enger Surveillance hannendrun, déi gemaach gëtt, fir datt déi Paarten och ëmmer zou sinn, well dat ass ee vun de Problemer, deen zum Beispill an der Belsch bestanen huet.

Derniewent mengen ech, hu mer dat och a Schreiwesse matgedeelt. An ech mengen, Dir hutt et selwer zitéiert, meng Verwaltung, d'Veterinärsinspektioun huet Iech och direkt informéiert an engem Bréif un d'Gemengen, fir drop hinzeweisen, wat géif lafen, wat géif geschéien, an huet och uginn, datt si de Point de contact wieren, fir zu all Moment kënne gefrot ze ginn, wann e Problem wier, fir ze interveneéieren. Ben, ech hunn héieren, datt elo muer dann effektiv eng Reunioun ass. Déi hätt och virdru kënne sinn, wann de Besoin direkt do gewiescht wier. De Point de contact war jo do.

Datt gëschter esou een hallwe Briefing stattfonnt huet, wou ech näischt dovu wousst, datt et op eemol Biller vun deem Zonk goufen, do haten d'Ministèren näischt dermat ze dinn. Mir wollten effektiv de Ponts et chaussées an der Arméi Zäit ginn, fir mat den Aarbechten unzefänken an dann op der Plaz d'nächst Woch gemeinsam eng Action de presse ze maachen, fir d'Detailer vun dësem Zonk kënne festzeleeën.

Also et gouf op kengem privaten Terrain en Zonk opgeriicht, an op där anerer Säit wäert jiddwereen an Zukunft den Accès behalen. A selbstverständlech geet et drëm, fir eng optimal Clôture ze kréie vun dësem Gebitt. Et ass awer och evident, genau wéi se an der Belsch och Virton net zougemaach hunn, datt Kënzeg opbleift, well et kann ee jo net dovun ausgoen, datt och d'Schwäin duerch en Duerf an eng Gemeng erakommen. Och dat si genau déi Präventiounen, déi Richtlinnen, déi mer haten am Ausland, wéi et exekutéiert gouf.

Ech hoffe just, well dës Mesure de clôture ee wichtege Punkt ass, dee mer decidéiert haten an der Taskforce, datt mer deen elo ganz schnell ëmsetzen, wierklech ganz schnell mat alle Servicer, wat en Uleies war vun allen Akteure vun der Landwirtschaft. An dofir, mengen ech, krut ech och vu villen Akteure vun der Landwirtschaft Merci gesot, datt d'Regierung elo esou schnell wéi méiglech reagéiert huet, an dat hu mer gemaach! An ech mengen, grad dat kréie mer elo virgehäit. Dat fannen ech net korrekt, well et geet eis jo drëm, datt mer d'afrikanesch Schwéngspescht dobausse behalen, well wa se erakënnt, da kënnt Der Iech d'Konsequenze fir eist Land virstellen.

***(Interruption)***

Dann ass ee ganzen ekonomesche Secteur futti, soen ech Iech just. A wa mer wëllen domadder spillen, wa mer elo nach vill, vill prozedural Saachen an d'Spill bréngen, da wäert dat net fonctionnéieren. Da wäerte mer effektiv eng Katastroph an der Landwirtschaft kréien.

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Dofir hu mer jo scho laang genuch gewaart!

**M. Romain Schneider,** *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*.- An da si verschidde Leit vläicht mat dorunner bedeelegt, déi elo vläicht och nach probéieren, de Mikro hei ze kréien.

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Also mir waarde schonn e Mount laang elo.

**M. Romain Schneider,** *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*.- Op där anerer Säit, en zweete Punkt, mir sinn och amgaangen, den zweete Punkt, deen Info-Point ze preparéieren, deen d'Schwéngszüchter respektiv d'Akteuren aus der Landwirtschaft nach eng Kéier genau informéiert, fir d'Biosekuritéit anzehalen, e wichtege Punkt. Wa mer wierklech wëllen d'Schwéngspescht dobaussen halen, ass dat ee vun de wichtegste Punkten. Dat hu mer scho gemaach. Mir waren op all Bauerenhaff kucken, all Haff ass opgeziélt, ass agestuuft a gréng, orange oder rout. A jiddwereen, deen orange a rout ass, krut gesot: Bannen enger gewësser Zäit musst Der Iech konform setzen, soss geet et net, da kënne mer dat doten net méi akzeptéieren.

An drëttens wäerte mer muer am Regierungsrot e Reglement huelen, fir och an där sougenannter Zone tampon en Depeuplement ze ordonnéieren. Dat ass eppes, an ech mengen, dat ass awer och ganz kloer e Reglement, dat Der kennt, vun 2003, ech mengen, och dee fréiere Landwirtschaftsminister kennt dat nach ganz gutt, dat dem Landwirtschaftsminister zu all Moment d'Méiglechkeet gëtt, déi néideg Mesuren ze huelen, wann eng Epidemie kënnt. Déi Basis ass ginn an do kënne mer all Mesure huelen, déi mer brauchen, fir effektiv kënnen dorobber ze reagéieren.

Also ech appelléieren u jiddwereen, wéi mir dat gemaach hunn, mat alle Servicer, mat alle Ministèren zesummen, d'Regierung en bloc, hei all Mesuren ze maachen, fir effektiv ze kucken, d'Schwéngspescht dobaussen ze behalen, well et net nëmmen ekonomesch Konsequenze fir d'Landwirtschaft, mä eben och fir den Tourismus huet a fir jiddwereen huet, wa mer net méi kënnen an eis Bëscher goen, wa mer net méi kënne Vëlo fueren, wann eis Touristen effektiv och dat net méi kënne realiséieren.

An deem Sënn Merci fir d'Froen. An ech hoffen, datt mer och ganz gutt virukomme mat deem Zonk, deen aacht Kilometer bedréit, esou wéi Der an de Pläng gesinn hutt an et an den Autorisatiounen dosteet.

Merci bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Merci villmools, Här Landwirtschaftsminister. Wëllt d'Ministesch fir Ëmwelt deem nach eppes bäifügen?

**Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*.- Ech ka ledeglech soen, vu dass d'Fro no der legaler Basis gestallt gouf. Ben, ech mengen, d'Autorisatioun ass eng vum Naturschutzgesetz fir eng temporär Konstruktioun, wou d'Opportunitéit an der Regierung an der Taskforce fir d'Éischt diskutéiert an duerch d'Regierung nach eng Kéier bestätegt gouf. D'Autorisatiounsprozedur ass vum Ministère vun der Mobilitéit an dem Transport ugefrot ginn.

An ech wëll awer nach eng Kéier op dëser Plaz all den Akteuren, déi an dësem Fall geholleff hunn, e grousse Merci soen. An domat hätt ech deem näischt bäizefügen, ausser vläicht nach, dass mer, well d'Leit um Terrain jo ëmmer wëlle mat agebonne ginn, eigentlech e Rendez-vous fixéiert hate mat de Jeeër de leschten Donneschdeg. Deen ass leider vun de Jeeër selwer ofgesot ginn. Souvill dozou.

***(Interruption)***

An d'Autorisatiounen, dat wëll ech Iech dann och nach soen, déi gounge souwuel den 20. wéi och de 26. vun dësem Mount op d'Gemengen, esou wéi dat ëmmer bei Naturschutzautorisatiounen de Fall ass.

Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Merci villmools der Ministesch fir Ëmwelt. Den Här Landwirtschaftsminister wëllt nach eppes bäifügen.

**M. Romain Schneider,** *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*.- Et bleift nach e bëssen Zäit. Ech wollt soen, datt mer, fir all Transparenz, och den Deputéierten d'Autorisatioun plus de Bréif zur Verfügung gestallt hunn, deen Dir elo op Ärem Site fannt, soudatt Dir dat dann alles kënnt am Detail noliesen.

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Merci villmools. Domadder ass dëse Punkt ofgeschloss.

***(Interruption par M. Michel Wolter)***

Ech wëll dem Här Wolter soen, datt mer hei an der Prozedur si vum Artikel 84 an datt do keng Zousazfro erlaabt ass. Et deet mer schrecklech leed.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Ech hu keng Zousazfro, Här President. Et wéilt awer, dass op meng Froen, déi ech gestallt hunn, geäntwert gëtt.

**Une voix**.- Se sinn all beäntwert ginn.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Neen, et ass näischt beäntwert!

**M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- A wat fir engem Zeenario sidd Dir, Här Wolter, hei zum Reglement? Ech kennen d'Chambersreglement och e bëssen. Wou ass deen Zeenario, deen Dir hei wëllt uwenden?

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Ech hunn d'Ministere gefrot, …

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Här Wolter, et deet mer schrecklech leed, mä mir sinn hei net an där Prozedur dran. A mir fueren elo weider mat der Consultatiounsdebatt.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Här President, ech wollt dat just nach soen. Den Zeenario ass, wann een eng Fro stellt, dass een eng Äntwert kritt, an net den Zeenario, dass een aacht Froe stellt an op siwe keng Äntwert kritt, an och net den Zeenario, wéi d'Ministesch dat elo gemaach huet, dass ee Gesetzer falsch dohinnerleet an Autorisatiounen, déi legal vun enger anerer Partei musse gi sinn, nämlech vun der Gemeng, einfach net consideréiert ginn.

An ech muss soen, déi Aart a Weis, wéi ech hei de Mëtteg vun der Regierung, jo, behandelt gi sinn, déi wäerte mer eis an deenen nächsten Deeg mierken.

**Une voix**.- Très bien !

## 6. Débat de consultation au sujet du Plan d'action national d'égalité des femmes et des hommes (suite)

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Meng Roll als Parlamentspresident ass, datt dat Reglement, wat mer hunn, applizéiert gëtt. An duerfir fuere mer elo viru mat der Consultatiounsdebatt iwwert den nationalen Aktiounsplang fir d'Gläichstellung tëschent Fraen a Männer.

***Débat (suite)***

An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här …

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Här President, ech hunn nach den Depot vun enger Resolutioun.

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Awer do virdru wëllt den Här Fernand Kartheiser nach den Depot maache vun enger Resolutioun. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ganz séier ...

Ech weess net, den Här Bausch, ass hien nach an deem aneren …

**M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Wann Dir erlaabt, also d'Regierung ass jo bereet, ëmmer disponibel ze si fir d'Chamber.

***(Brouhaha)***

Ech wéilt Iech, jo, ech wéilt Iech just soen, datt den Ordre du jour haut de Mëtteg, d'Ministeren hu jo schlussendlech och en Ordre du jour, ...

**Une voix**.- Wou si mer dann elo?

**M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- … en Dagesoflaf. Deen ass scho véiermol geännert ginn.

***(Coups de cloche de la présidence)***

**Une voix**.- Huet den Här Bausch d'Wuert kritt?

**M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Den Här Bausch huet sech d'Wuert selwer geholl, well dat muss een heiansdo bei Iech maachen.

**Une voix**.- Et gëtt ëmmer besser!

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- D'Wuert huet den Här Kartheiser a soss keen.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Merci, Här President.

**Une voix**.- Se huet keng Grenze méi.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Jo. Ech mengen, mir sollten eis drun halen, datt mer hei an dem Parlament sinn an et ass d'Parlament, wat schwätzt. Wann d'Regierung hei wëllt schwätzen, da freet se sech d'Wuert. Ech mengen, dat ass dat Aller…

**Une voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert gefrot, fir eng Resolutioun ze deposéieren.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Jo, dat maachen ech.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Et gëtt och en Artikel an der Verfassung, datt d'Regierung sech kann d'Wuert …

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert, fir eng Resolutioun ze deposéieren.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Ech hunn d'Wuert gefrot, Här President, ech soen Iech Merci, fir eng Resolutioun hei ze presentéieren, déi ech eng éischte Kéier den 28. Oktober 2009 deposéiert hunn an déi eigentlech deene Grénge misst gefalen, well zéng Joer no der ADR, vun 2009 bis 2019, entdecken déi gréng d'Wichtegkeet och fir d'Parlamentarier, fir d'Membere vun der Chamber, fir kënne Famill a Beruff mateneen ze vereinbaren.

Dofir wéilt ech déi Resolutioun hei nach eng Kéier presentéieren.

***Résolution 1***

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*- qu'il y a lieu de faciliter l'accès à des mandats politiques aux parents et à élargir le cercle des personnes désireuses de s'intéresser activement à l'exercice d'un mandat politique ;*

*- que la Chambre des Députés se doit d'offrir de bonnes conditions de travail aux membres de son personnel ;*

*soucieuse*

*- d'améliorer la conciliation entre vie professionnelle et vie familiale pour les députés et les membres du personnel de la Chambre des Députés ;*

*décide*

*- de se doter d'une infrastructure d'accueil pour enfants au profit des députés et des membres du personnel de la Chambre des Députés ;*

*- de charger le Bureau de la Chambre des Députés de la mise en œuvre de la présente décision.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

Ech wëll awer och soen, fir ganz korrekt ze sinn, datt deemools déi ganz gréng Fraktioun géint déi Iddi gestëmmt huet. An do ware präsent: den Här Claude Adam, den Här Félix Braz, d'Madamm Viviane Loschetter, den Här François Bausch an den Här Henri Kox. Déi hunn deemools d'Iddi net ënnerstëtzt. Haut kënnt awer d'Madamm Bernard, déi honorabel Madamm Bernard, mat där Iddi. Mir si gespaant, wéi déi gréng sech dann haut zu där Iddi stellen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser. Dann ass et elo awer um Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** *(ADR)*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung huet eis ëm eis Meenung gefrot a Saache Gläichberechtegung tëschent Mann a Fra um nationale Plang. Et ass wichteg, datt d'Regierung dem Parlament och nolauschtert. Dëst ass leider net ëmmer de Fall.

D'Welt ass leider nach ëmmer eng geféierlech Plaz fir vill Fraen. De Forum, deen d'Grossherzogin grad gehalen hat iwwert d'Vergewal-

tegungen am Krich, huet dat nees gewisen. Net nëmme Frae sinn Affer vu sexueller Gewalt am Krich, och Männer a Kanner sinn dovunner betraff. An et muss een ausdrécklech begréissen, datt dëse Problem elo thematiséiert gouf. A mir all sollten derzou bäidroen, datt den Affer gehollef gëtt, den Täter verfollegt a verurteelt gëtt an datt esou inhuman Methoden aus der Krichsféierung musse verschwannen.

D'ADR hat viru Kuerzem am Parlament proposéiert, datt d'Lëtzebuerger Arméi als nei a permanent Missioun zesumme mat der Uni Lëtzebuerg soll Coursen an der humanitärer Krichsféierung organiséieren. Mir halen dës Iddi fir richteg a wëlle se virundreiwen.

D'Fraen hunn och soss nach vill Problemer op der Welt. Iwwerproportional vill Meedercher ginn ofgedriwwen. De Schutz vum ongebuerene Liewen ass dowéinst och ëmmer eng Politik fir d'Fraen a fir d'Meedercher. A ville Kulturkreesser op der Welt sinn d'Frae rechtlech diskriminéiert. Och do muss d'Diplomatie vun de westleche Staten derzou bäidroen, datt sech esou Zoustänn änneren. Esou wäit elo um internationale Plang.

Wéi ass d'Situatioun hei am Land?

D'ADR ass frou, datt zu Lëtzebuerg dem Gesetz no d'Fraen net méi benodeelegt sinn. Mir hunn eng komplett rechtlech Gläichberechtegung. Um Terrain dierft nach net alles richteg sinn an et gëtt ganz sécher nach an deem engen oder anere Ministère drun ze schaffen. Mä op rechtlechem Plang si mer um gudde Wee.

Do, wou et nach Ënnerscheeder an der Pai gëtt, ass dat dacks d'Resultat vun Decisioune vun de Fraen, wat hir Liewensplanung ugeet, an net vun enger Diskriminéierung. Esou Decisioune musse mer respektéieren. Mir mussen eis also froen, ob déi konstitutionell a rechtlech Dispositiounen, wéi d'Quoten, déi eng positiv Diskriminéierung erméiglechen, net endlech kënnen ofgeschaaft ginn. Mir mengen dach.

Mir däerfen ni vergiessen: Eng sougenannt positiv Diskriminéierung vun deem engen ass gläichzäiteg och ëmmer eng negativ Diskriminéierung vun deem aneren.

D'ADR ass dofir strikt géint Geschlechterquoten. Dat schaaft net just onfair Konditioune bei der Parteiefinanzéierung, mä och d'Demokratie gëtt domadder kloer ënnergruewen. Et gëtt Méssgonscht am Grupp an ënnert de Geschlechter geschaaft säit där positiver Diskriminéierung, déi net nëmmen onfair ass, mä zousätzlech eng Devaloriséiering vun de Fraen an hirer Kompetenz an hirem Engagement ass. Si mer emol éierlech: Eng Fra, déi wierklech de Wëllen huet, fir sech politesch ze engagéieren an och déi néideg Kompetenze matbréngt, brauch keng Quoteregelung, fir Fouss ze faassen.

**Une voix**.- Awer bei der ARD vläicht.

**M. Jeff Engelen** *(ADR)*.- Loosst dat emol eis Suerg sinn!

D'Frae solle grad ewéi d'Männer e Recht hunn, sech hir Plaz an der Politik grad ewéi an aneren Domäner och op normalem Wee ze erschaffen an ze verdéngen, wat da sécher och belount gëtt.

Dat ass och wichteg, fir datt e Mateneen entstoe kann an et net duerch Méssgonscht an e Géinteneen ausaart. Grad fir dëse géigesäitege Respekt a fir de Selbstwäert vun der Fra wär et wichteg ze wëssen, datt si eng Plaz oder Positioun net duerch eng Quoteregelung kritt, fir datt eng bestëmmten ideologesch Virstellung kann erfëllt ginn.

Ausserdeem soll d'Motivatioun an de Wonsch, fir eng bestëmmte Plaz oder Positioun ze kandidéieren, aus der Fra selwer wuessen, an net, well si dohinner gedréckt oder erzu gëtt.

Dofir si mir och kloer dergéint, un éischter Plaz d'Geschlecht vun der Persoun als entscheedende Facteur ze gesinn amplaz d'Kompetenz, d'Iwwerzeegung an d'Leeschtung, déi ee Kandidat matbréngt an auszeechent.

D'ADR ass och kloer géint d'Gewalt doheem, wat leider nach ëmmer e Sujet ass. Affer vu Gewalt doheem solle kënnen en Openthalt an engem Foyer fannen.

D'ADR kritiséiert awer, datt et nach ëmmer kee Foyer fir Männer gëtt. Et däerf keen Tabu sinn, datt och vill Männer Affer vu Gewalt sinn. Mir hunn eenzel Wunnstrukturen am Land, déi fir dësen Zweck kéinte benotzt ginn. Mir hunn och vill Migranten hei zu Lëtzebuerg, déi net nëmme just aus anere Länner kommen, mä och aus anere Kulturkreesser, déi eng aner Wäertevirstellung hunn an domat och ee ganz aneren Ëmgang mat de Fraen hunn, Kulturkreesser, an deenen d'Gewalt géint d'Fraen dacks als legitimm ugesi gëtt.

Wat mécht d'Regierung, fir hei bei deene Leit präventiv géint d'Gewalt virzegoen? D'Gambia-Regierung huet hei am Land an ëffentleche Gebaier d'Burka verbueden, mä am ëffentleche Beräich nach erlaabt. Hei fuerdere mir, datt dës komplett soll am ganze Land verbuede ginn am ëffentleche Raum.

**Une voix**.- Très bien !

**M. Jeff Engelen** *(ADR)*.- Här President, Gambia schwätzt vun enger „Égalité de fait" tëschent Fra a Mann. Dat kann awer net d'Zil vun enger staatlecher Politik sinn. De Stat soll fir Chancëgläichheet suergen, an dat ass eng „Égalité de chance" fir eng Gerechtegkeet au départ, dat ass seng Aufgab. De Stat gëtt jiddwerengem an der Gesellschaft déi néideg Mëttelen, fir ze reusséieren, d'gesetzlech Gläichberechtegung zum Beispill, e gratis Schoulsystem an esou virun. Wat deen Eenzelnen dorauser mécht, dat ass jiddwerengem iwwerlooss. De Stat huet eng „Obligation de moyens" an der Chancëgläichheet, en huet keng „Obligation de résultats".

Fir d'ADR läit ee groussen Defi doranner, der Regierung den Ënnerscheed tëschent Chancëgläichheet a Chancëgläichmaacherei endlech kloerzemaachen. Et huet och keng feministesch Ideologie eppes an de Schoule verluer. Viru Kuerzem hu mer esouguer gefuerdert, datt méi literaresch Wierker vu Frae sollten op de Stonneplang kommen. Dat ass den Ausdrock vun engem bal krankhafte Paritéitsdenken. Et däerf net zielen, wien d'literarescht Wierk geschriwwen huet, mä just deem seng Qualitéit an deem seng Bedeitung fir d'Kulturgeschicht.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Ganz richteg!

**M. Jeff Engelen** *(ADR)*.- D'ADR steet ausdrécklech fir eng méiglechst ëmfaassend Meenungs- a Riedefräiheet. Dowéinst wiere mir eis géint all Versuch, fir op Basis vu Kritären, déi mam Geschlecht ze dinn hunn, Medien ze zenséieren oder d'Sprooch nei ze regelen.

Här President, wéi ass et da mat der Chancëgläichheet vun de Pappen a Scheedungssituatiounen? Huet sech d'Situatioun do verbessert? Oder nach net? Tëschent Mamm a Papp muss d'Chancëgläichheet gëllen, virun allem bei Scheedungsfäll. Dëst betrëfft beispillsweis den Accès an d'Schoul, zum Beispill wann d'Kand krank ass oder him soss eppes feelt, a ganz besonnesch d'Suergerecht souwéi och aner Rechter a Flichten no enger Scheedung. Et muss een ëmmer bedenken: D'Scheedung veränner zwar d'Bezéiung tëschent den Erwuessenen, mä si soll awer net der Relatioun tëschent den Elteren an hire Kanner schueden. D'Kanner brauchen de Papp wéi och hir Mamm, a besonnesch an dëse Situatioune vun enger Trennung oder enger Scheedung.

Déi sougenannt Familljepolitik leeft kloer an déi falsch Richtung. Et gëtt ëmmer weider an déi Richtung propagéiert, datt d'Fra nëmmen e vollstännege Member, vollwäertege Member vun der Gesellschaft wier, wa si och schaffe geet. Dat ass awer net esou. Wann eng Fra wëllt schaffe goen, soll hir d'Méiglechkeet natierlech genausou zoustoe wéi engem Mann. Allerdéngs soll eng Mamm, wéi och e Papp, d'Méiglechkeet hunn, hir Kanner selwer doheem ze erzéien, wa si dat wëllen. Si sollen net derzou forcéiert ginn, hir Kanner an eng Crèche ze ginn, well finanziell oder ideologesch Contrainten dat verlaangen.

Mammen a Pappe solle vun deemselwechte Recht kënne profitéieren. Wann also eng Fra oder e Mann déi eege Kanner selwer doheem erzéie wëllt, da solle si doranner ënnerstëtzt ginn. Grondsätzlech sollen d'Elteren de Choix hunn, hir Kanner selwer doheem ze versuergen an ze erzéien oder si a Betreiungsinfrastrukturen ze ginn, wa si dat esou wëllen. D'Famill eleng soll fräi wiele kënnen, wéi se sech entscheeden an organiséiere wëllen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zu Lëtzebuerg ass déi sougenannt Gläichheetspolitik dacks nëmmen e Forum fir radikal feministesch Fuerderunge vum lénke politesche Bord.

D'ADR ass géint d'Quoten a géint all Diskriminéierung, also ausdrécklech och géint déi sougenannt positiv. D'ADR ass fir eng gläichberechtegt Ënnerstëtzung vu weiblechen a vu männlechen Affer vun haislecher Gewalt. D'ADR ass fir d'Gläichberechtegung an net fir d'Gläichmaacherei. D'ADR ass géint feministesch Agrëffer an d'Sprooch. D'ADR ass fir d'Stäerkung vun der Famill an net fir eng staatlech Amëschung an d'Famill.

**Une voix**.- Très bien !

**M. Jeff Engelen** *(ADR)*.- An d'ADR ass fir eng Gläichberechtegung vu Mammen a Pappen.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engelen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Baum** *(déi Lénk)*.- Mol kucken, wann net nach een eng Resolutioun huet, wou mer d'Debatt dann hei erëm ënnerbriechen.

***(Hilarité)***

Also, ech muss Iech soen, Här President, ech si wierklech net zefridden domadder, wéi déi Debatt hei gefouert gëtt, datt se an zwee gespléckt gëtt mat enger Question urgente, där hiren urgentë Charakter ech net esou erkenne kann, datt et net hätt kënnen eng Stonn waarden, bis déi Fro gestallt gëtt.

**Une voix**.- Dat seet genuch!

**M. Marc Baum** *(déi Lénk)*.- Ech fannen dat taktlos.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Baum, Dir sidd an der Consultatiounsdebatt.

***(Interruption)***

**M. Marc Baum** *(déi Lénk)*.- Jo, mä ech schwätzen zur Consultatiounsdebatt. Ech fannen déi Aart a Weis, wéi hei mat der Consultatioun a mat den Deputéierten ëmgaange ginn ass, taktlos, well et hëlt de Seriö vun dëser Debatt, dee se, mengen ech, awer wierklech verdéngt hätt.

Här President, zu Lëtzebuerg verdénge Fraen am Privatsecteur am Duerchschnëtt nach ëmmer 5,5 % manner wéi Männer. D'Frae sinn zu Lëtzebuerg och ëmmer méi vun Deelzäitaarbecht betraff wéi d'Männer, bei Frae sinn et 34 %, bei Männer 6 %, entweder gewollt oder duerch hir familiär Obligatiounen. Dat hunn zumindest 58 % vun de Fraen uginn. Jo, an dat ass eng Konklusioun, déi een dorauser zéie kann: D'Fraen investéieren och haut hei am Land nach ëmmer méi Zäit an d'Haus- an d'Erzéiungsaarbecht wéi d'Männer.

Zu Lëtzebuerg riskéieren d'Fraen am meeschten, an d'Aarmut ze rëtschen, ob am Pensiounsalter, well se dacks hir Aarbecht zäitweileg opginn hunn, fir sech ëm d'Kanner an de Stot ze këmmeren, oder awer virun allem, an dat ass ganz bedenklech, wa se elengerzéiend sinn.

Och d'Ëmklasséierung an d'Steierklass 1 no enger Scheedung oder no engem Stierffall stellt besonnesch Frae viru finanziell Problemer. An da sinn d'Fraen zu Lëtzebuerg zwar an der Moyenne méi diploméiert wéi d'Männer, awer manner staark op Verantwortungsposten oder och an der universitärer Recherche vertrueden, wou Fraen emol net e Véierel vun de Chercheuren, oder Chercheusen an deem Fall, ausmaachen. Dat ass d'Resultat vun enger LISER-Etüd.

Här President, dat sinn déi Chantieren, op deene verstäerkt muss geschafft ginn am Kader vum nationale Fraen-Männer-Gläichstellungsplang. Et muss awer, menge mir, op zwou Fronte gläichzäiteg geschafft ginn.

Engersäits musse mer eng Verännerung an de Käpp ervirbréngen, wou sech Gender-Stereotyppen iwwer Jorzéngten ewech verankert hunn a bis haut nach ëmmer wierken.

Wéi d'Innenministesch virun enger Woch de Budget vum Interieur an der Chamberskommissioun presentéiert huet, do war si hei an dësem héijen Haus ugekënnegt mat « Échange de vue avec Monsieur le Ministre de l'Intérieur ». Do gesäit een - d'Madamm Bofferding ass elo, souwäit ech kucke kann, déi éischt Innenministerin hei am Land -, wéi wäit sech esou Gepflogenheete weiderverplanzen, ouni dat awer emol a Fro ze stellen.

Anerersäits, also nieft deene Gender-Stereotyppen, déi mer am Kapp hunn, musse mer och op déi sozial Strukturen an eisem Wirtschaftssystem veränneren awierken, wa mer de Problem vun den Ongläichheete wëllen un der Wuerzel paken an net nëmmen iwwerflächlech behandelen.

Här President, mir brauche Formatiounen, fir op Gender-Illegalitéiten opmierksam ze maachen. A mir brauchen och Quoteregelungen, fir de Fraen ze hëllefen, sech do ze imposéieren, wou d'Männer se net duerchloossen, ob dat elo bewosst oder onbewosst ass. Ech denken hei un d'Verantwortungsposten a Betriber, Gremien an Institutiounen. Déi Formatioune mussen an de Schoulprogramm agebonne ginn an och schonn am Beräich vun der Éducation informelle stattfannen.

De Bilan vum leschte Fraen-Männer-Gläichstellungsplang ass an där Hisiicht relativ kritesch, wat d'Formatioun ubelaangt. D'Objektiver waren a si grouss, an d'Ëmsetzung vun de Formatiounen op deene verschiddenen Niveauen an der Ministère war awer anscheinend net grad esou einfach.

Mä virun allem brauche mer och en Ëmdenken an der Politik. Viru knapp zwee Joer hu mer hei an der Chamber e Gesetz gestëmmt a 40 % Geschlechterquot bei Chamber- an Europawahlen agefouert, un dat sech och all d'Parteie gehalen haten. Mä trotz deene bal paritéitesche Lëschten hu mer misse feststellen, an d'Madamm Bernard ass virdrun och zu Recht drop agaangen, datt just e Véierel vun den Deputéierten heibanne Frae sinn. Direkt gewielt waren et der souguer just e Fënneftel. An dat ass, mengen ech, e gutt Beispill, fir ze illustréieren, datt eng Quot eleng net en Allheelmëttel ass, mä en Instrument, e Mëttel zum Zweck. Vill méi wichteg ass et, déi Quot mat Liewen ze fëllen, well dee Ratio „ee Fënneftel weiblech Deputéiert" entsprécht och zimlech exakt dem Verhältnis zu hire Medienoptrëtter an der Wahlcampagne.

Wann also Parteien decidéieren, trotz Quot 80 % Männer an d'Debatten ze schécken, da brauch ee sech jo och net ze wonneren, datt 80 % Männer an d'Chamber gewielt ginn. Déi eenzeg positiv Ausnamen an deem heite Beräich, déi jo och an de Medienoptrëtter novollzéibar versicht hunn, d'Paritéit anzehalen, dat waren déi gréng an och déi Lénk.

Här President, Formatiounen, Gender Mainstreaming, Gender Budgeting, Quoteregelementatioune si wichteg, mä d'Bestriewungen no materielle Bedéngungen, déi d'Egalitéit tëschent Männer a Fraen iwwerhaapt kënne méiglech maachen, sinn an eisen Aen onabdinglech. Well wéi soll eng Fra hire gewalttätege Conjoint verloossen, wa si keng Pai huet oder och net d'Aussiicht huet op eng abordabel Wunneng? Wéi soll eng elengerzéiend Fra eng Aarbecht fannen a sech gläichzäiteg ëm d'Kanner këmmeren, wa si dezentral wunnt, keen Auto huet, schlecht un den ëffentlechen Transport ugeschloss ass an och net vun ëffentleche gratis Crèchen an hirem Ëmfeld profitéiere kann? Wéi solle Mann a Fra sech gläichzäiteg a gläichwäerteg ëm d'Kanner këmmeren, wa si allen zwee musse 40 Stonne schaffe goen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen?

Dat si Froen, déi weisen, datt et och do op deem Niveau nach e wäite Wee ass zur wierklecher Geschlechtergläichheet. An et ginn awer eiser Meenung no och pertinent Äntwerten op déi Froen. Et geet ëm eng strukturell Aarbechtszäitverkierzung, déi et souwuel Männer wéi och Frae géif erlaben, Beruff a Privatliewe méi enk zesummenzekréien a gemeinsam méi Zäit mat de Kanner ze verbréngen. Et geet och drëm, de Mindestloun substanziell an d'Luucht ze setzen. Et géif och bedeiten, datt mer méi missten ëffentlech bauen an domadder den Zougang zu Wunnenge fir jiddwereen, awer natierlech och fir Fraen, ze erliichteren.

A mir mengen och, datt d'Aféierung vun engem eenheetleche Steierbarème géif Elengerzéiender méi gerecht besteieren. An Entreprisen, déi de Prinzip „Bei gläicher Aarbecht gläich Pai!" net respektéieren, mussen, mengen ech, och konsequent sanktionéiert ginn. Mir hunn do viru Kuerzem e Gesetz votéiert. Ech hat an der Kommissioun nogefrot, wat do d'Reaktioune wieren. Et si bis elo anscheinend nach keng wierklech Plainten eragaangen. Mä ech mengen, datt do d'ITM, déi souwisou scho ganz staark a ville Beräicher gefuerdert ass a gläichzäiteg ënnerbesat ass, dat muss weiderhin am A behalen.

Här President, ech mengen, datt d'Zil net eleng doranner ka bestoen, fir méi Fraen a Verwaltungsréit vu Betriber ze bréngen, déi un der Bourse cotéiert ginn, wann et just doréms geet, datt si d'Roll vun de braven Zaldoten an deem System iwwerhuele sollen.

Et ass eng Ongerechtegkeet, datt do méi Männer vertruede si wéi Fraen. Mä et ginn och Ongerechtegkeeten, déi iwwert d'Geschlechterausenanersetzung eraus ginn, Ongerechtegkeeten, déi entstoe kënnen, wa Fraen aner Fraen diskriminéieren. Dat ass net solidaresch. A just Businessfrae stäerken ass net eis Vue vu Feminismus.

Mir stinn och op der Säit vun deene Fraen, deenen et an eiser Gesellschaft net esou gutt geet, an hoffen, datt sech aner Fraen a Männer mat hinne solidariséieren. An och do si mer nach net um Enn ukomm.

Wa mer endlech géife legiferéieren, fir Kloerheet ze schafen, datt no zéng Joer Aarbecht dës Aarbecht och als qualifizéiert Aarbecht unerkannt a remuneréiert gëtt, da wiere mer schonn e grousst Stéck weider. Dir wësst, ech spillen op d'Situatioun vum Botzsecteur un, wou am Moment d'Patronat sech vehement dergéint wiert, déi Qualifikatioun unzéerkennen, a wou just de Wee iwwert d'Geriichter geet an do och nach, well d'Legislatioun net kloer ass, ënnerschiddlech Interpretatioune méiglech sinn. Dat ass e Beräich, wou mir mengen, datt nach vill Sputt no uewen ass a

wou et och wierklech eng konkret Hëllefsmoossnam fir eng ganz Rëtsch Leit géif duerstellen.

An ech wëll dann zum Schluss och op déi Polemik agoen, déi eis erëm viru Kuerzem befaasst huet, wou eng jonk Fra sech erdreist huet, mat engem Schëld op enger Manifestatioun opzetauchen, wou dropstoung „Fuck me, not the planet!" Nieft der Tatsaach, datt ech erstaunt war, datt dat haut nach esou vill Oprou ervirbréngt, hunn ech mer d'Fro gestallt, wéi dann d'Reaktioun gewiescht wier, wann ech mat deem Schëld do gewiescht wier.

***(Hilarité)***

Wahrscheinlech guer keng. Et hätt ee gesot: „Oh, de Baum. Wat ass dat fir een?" Verschiddener hätte souguer gesot: „Oh, dat ass een, deen huet Couillen."

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** *(CSV)*.- D'Männer ginn och manner vergewaltegt wéi d'Fraen an dëser Welt, Här Baum. D'Männer gi manner vergewaltegt wéi d'Fraen an dëser Welt!

**M. Marc Baum** *(déi Lénk)*.- Obwuel och dat just zur Halschent wouer ass, fir déi, déi mech kennen. Mä dat ass den Ënnerscheed! Dat ass den Ënnerscheed, wat d'Gender-Stereotyppen ausmécht, ob e Mann e Schëld hält oder eng Fra. An ech mengen, datt dat do e gutt Beispill ass, fir ze weisen, datt mer nach vill ze maachen hunn. Well „Fuck me!" heescht net „Rape me!"

***(Interruption par Mme Nancy Arendt épouse Kemp)***

An dat ass schliisslech en Ënnerscheed.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Baum. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** *(Piraten)*.- Merci, Här President. Wann dann och elo jiddweree säin Drot erëmfonnt huet oder opgebaut huet, da si mer frou, emol erëm zu de richteg wichtegen Themen hei ze kommen am Parlament.

Mir kritiséieren awer d'Thema, dat haut misst sinn: „Plan d'action d'égalité des genres et sexes". De Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes, e Ministère, dee mat sengem Numm der Geschlechtervillfalt net Rechnung dréit, huet eis am Virfeld zu dësem Debat en Dokument zoukomme gelooss, an deem en eis invitéiert, um haitegen Dag Stellung zu enger Rei vu Froen ze bezéien.

Den Ausdrock « égalité des sexes » beschränkt sech näämlech net nëmmen op eng binär Geschlechtertrennung, mä bezitt och d'Transgender- oder Intersex-Persoune mat an. Leider ass hannert dësem Ausdrock awer eng Klammer agesat, déi weist, wat hei wierklech gemengt ass. Sou heescht et näämlech duerno « des femmes et des hommes ».

An deementspriechend wäerte mir als Piraten och eng Motioun deposéieren, fir der Villfalt Rechnung ze droen an den Numm ze änneren op « Ministère de l'Égalité des genres et des sexes ».

**Une voix**.- Très bien !

**M. Marc Goergen** *(Piraten)*.- Wannechgelift!

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- vu l'article 76 de la Constitution ;*

*- vu l'arrêté royal grand-ducal du 9 juillet 1857 portant organisation du Gouvernement grand-ducal, tel qu'il a été modifié par la suite ;*

*- vu l'arrêté grand-ducal du 5 décembre 2018 portant énumération des ministères ;*

*- déplorant que le Ministère de l'Égalité des chances ait disparu de la liste des ministères et ait été renommé à cette législature « Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes » ;*

*- considérant que la désignation dudit ministère part d'une logique binaire et n'intègre ni les personnes transsexuelles, ni les personnes intersexuelles, ou autres ;*

*invite le Gouvernement*

*- à prendre les démarches nécessaires pour renommer le « Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes » en « Ministère de l'Égalité des genres et des sexes ».*

*(s.) Marc Goergen, Sven Clement.*

**M. Marc Goergen** *(Piraten)*.- Jo, wat soll een do nach soen? Zënter Jorzéngte kämpfen d'Mënsche géint Geschlechterstereotyppen. An eiser Regierung denkt een ëmmer nach, dass Männer a Frae ganz bestëmmten, ganz verschidde Besoinen hunn, op déi d'Politik Rücksicht muss huelen. D'Differenzéierung tëscht dem männlechen an dem weibleche Geschlecht baséiert op enger reng biologescher Ënnerscheedung. Kee kéim allerdéngs op d'Iddi, enger Persoun biologesch Ënnerscheeder, gewësse Charaktereegeschaften oder Fäegkeeten eleng opgrond vun enger kierperlecher Charakteristik zouzeschreiwen.

Gesellschaftlech Strukturen, Viruerteeler a sozial Konventioune prägen de Charakter dogéint awer e Liewe laang. Oft gi Viruerteeler duerch Publicitéiten, eesäiteg Fernsehserien oder, elo ganz nei, YouTube-Videoe verstäerkt. Amplaz sech ze iwwerleeën, wéi ee vereelzt Gesellschaftsstereotyppen am beschte politesch en considération huele kann, misst d'Regierung emol dru schaffen, hir eege Viruerteeler ofzeseeën.

Déi Fro, déi ee sech an deem Kontext wierklech stelle muss, ass déi, wou d'Politik derzou bäidroe kann, gesellschaftlech ëmmer nach dominéiert Viruerteeler am Bezuch op Geschlechterstereotyppen opzebriechen. E villverspriecheden Usaz wär do sécher, mat guddem Beispill virzegoen, well d'Denken an d'Handele vun all Eenzelnem d'gesellschaftlech Perceptioune vun der Roll vum Geschlecht beaflosse kann. Dat ass deen eenzege Wee.

Dës Regierung huet sech am Koalitiounsaccord d'Zil gesat, d'Representativitéit vun de Fraen op den Entscheedungsebenen ze steigeren. E bessert Zil wär natierlech erëm gewiescht, just vun enger Representativitéit vun de Geschlechter ze schwätzen.

A wou dës Regierung, déi d'Representativitéit vun de Frae steigere wëllt, dunn derzou iwwergaangen ass, Posten ze verdeelen, huet sech déiselwecht Regierung derfir entscheet, direkt dräi Männer zum Premier a Vizepremier ze ernennen an eng wonnerschéin éischt offiziell Foto ze maachen, op där just Männer an der éischter Rei ze gesi waren.

Wahrscheinlech huet kee sech dobäi eppes geduecht. Aner Geschlechter sollen net bewosst an den Hannergrond gedrängt ginn, an dach war et awer esou. A genee dat, e mangelnde Bewosstsinn derfir, wéi traditionell Geschlechterstereotyppen ëmmer nach eist Liewe formen, ass aktuell eis gréisst Erausfuerderung.

Wéi d'Fraen nach kee Wahlrecht haten, war dat eng ganz elementar Ongerechtegkeet, déi liicht ze identifizéiere war. Et war deemools schwéier, sech géint eng ganz Rei vu Widderstänn duerchzesetzen, fir dës Ongerechtegkeet ze behiewen. Mä de Problem u sech war awer liicht ze erkennen.

Haut ass dat leider anescht: D'Widderstänn sinn zréckgaangen, se sinn nach laang net verschwonnen, mä d'gesellschaftlech Bereetschaft, fir d'Geschlechtergläichstellung virunzedreiwen, ass eigentlech am Verglach zu der Vergaangenheet ganz héich, mä anerersäits sinn dofir déi Problemer, déi mir haut hunn, vill manner visibel. Et handelt sech oft net méi ëm déi ganz offensichtlech diskriminéierend Gesetzestexter, mä ëm déi kleng Saachen am Alldag, déi eigentlech esou wichteg sinn an dann awer gären emol ënnerginn.

Al gesellschaftlech Konventioune prägen ëmmer nach eist Weltbild. An trotzdeem gi mir déi al Strukturen net lass. Trotzdeem denke mir nach ëmmer an der Kategorië vu Mann a Fra, ouni den Transgender- oder Intersexpersounen den néidege Raum ze ginn. Trotzdeem musse sech vereenzelt Männer ëmmer nach vun hire Frënn belächele loossen, wa si an enger Maternité, engem Spidol oder enger Crèche schaffe wëllen.

An trotzdeem muss een als Fra oder och als Transgenderpersoun oft nach duebel esou vill schaffe wéi e männleche Mataarbechter, fir am selwechte Beruff deeselwechte Respekt ze erhalen. Dat däerf einfach net sinn.

Duerfir musse mir alleguerten dru schaffen, déi verstoppte Strukturen, déi eist Denken ëmmer nach an traditionelle Bunnen halen, fir d'Éischt emol opzedecken an dann ze iwwerwannen. D'Politik kann hire Bäitrag heizou leeschten, andeems si selwer méi bewosst mat dem Thema ëmgeet a gläichzäiteg dozou bäidréit, d'Visibilitéit vun der Problematik ze steigeren.

Dat bedeit, dass den nächste Plan d'action der Thematik vun der Geschlechtervillfalt an der Gläichstellung besser Rechnung droe sollt wéi de leschten. En Ufank wär, den Numm ze änneren an en « Plan d'action national d'égalité des sexes » opzestellen, fir déi onberechtegt Aschränkung op Männer a Fraen opzehiewen.

Doriwwer eraus misst awer och beim Inhalt vill méi opgepasst ginn op déi verschidde Mesuren, déi zur Gläichstellung bäidroe sollen an a Realitéit nach ganz am Géigendeel vu Geschlechterstereotyppe gepräägt sinn.

Well et net ëmmer einfach ass, déi eege Viruerteeler ze erkennen, …

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Goergen, Dir musst esou lues zum Schluss kommen.

**M. Marc Goergen** *(Piraten)*.- Den Här Goergen huet nach fënnef Minutte vun der Motioun.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Da musst Der och zur Motioun schwätzen.

**M. Marc Goergen** *(Piraten)*.- Ech sinn amgaangen. Ech hu grad iwwer « Égalité des sexes » geschwat, Monsieur.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Da musst Der och zur Motioun schwätzen, Här Goergen.

**M. Marc Goergen** *(Piraten)*.- Also wannechgelift, Dir hutt virdrun eng ganz aner Toleranz gewisen, an ech hunn elo grad nach eng Kéier « Égalité des sexes » gesot!

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Goergen, Dir sollt esou lues zum Schluss kommen.

**M. Marc Goergen** *(Piraten)*.- Well et net ëmmer einfach ass, déi eege Viruerteeler ze erkennen, wär et eng wichteg a konkret Mesure, fir an zukünftege Pläng och d'Konschtfërderung auszebauen. Dësen Disziplinne kënnt am Kader vum allgemenge Wirtschaftswuesstum oft net déi Opmierksamkeet zegutt, déi se verdéngt hätten. Grad wann et ëm Gesellschaftskritik geet, kënne Philosophen oder Kënschtler awer ganz nei Perspektiven an d'Thematik erabréngen. Konscht kann eis dat virun Ae féieren, wat mir anescht net géife gesinn.

Insgesamt hoffe mir Piraten, dass den zukünftegen « Plan d'action national d'égalité des sexes » méi bewosst un déi aktuell Problemer erugeet an net just sporadesch, symbolesch Aktioune virgesäit, déi leider kee gréisseren Impakt mat sech bréngen, well d'Ureizer fir e wierklecht gesellschaftlecht Ëmdenke gefeelt hunn.

Mir géifen eis wënschen, dass d'Stëmme vu Wëssenschaftler aus dem Genderberäich an och vun zivillgesellschaftlechen Aktivistinnen an Aktiviste méi Gehéier géife fanne bei der Formuléierung vun den Ziler fir déi kommend Joer, fir dass deen nächste Plang wierklech e Plang vun der Gläichheet a kee Plang vun de verstoppte Viruerteeler gëtt.

Mir soen Iech villmools Merci.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert. Madamm Taina Bofferding, wannechgelift.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes*.- Här President, wéi d'Debatt ee Moment, e bëssen e längere Moment ënnerbrach ginn ass, krut ech vill Messagen. Et sinn effektiv Leit, déi d'Debatt gekuckt hunn - do kann ech Iech berouegen -, Leit, déi sech opgereegt hunn, well se et net richteg fonnt hunn, dass d'Debatt ënnerbrach ginn ass.

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Dat louch awer wierklech net un eis!

***(Interruptions diverses)***

**Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes*.- Ech ka just hoffen, dass dee Mouvement do elo net réckschléisst op d'Appreciatioun, wéi eben d'Chamber mat der Egalitéit ëmgeet.

***(Brouhaha général)***

De Problem ass, wann deen een en Zäitdrock huet an deen aneren en Zäitdrock huet, …

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Dat do kann net sinn! D'Regierung huet decidéiert, wéini datt si heihinnerkënnt, fir eis Fro ze beäntwerten! A si huet gesot, si kéim um véier Auer!

***(Brouhaha)***

**Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes*.- Ech war fir zwou Auer virgesinn. Ech hu mäi ganze Plang op d'Kopp gehäit. Et ass alles an der Rei. Ech wëll just soen: Ech war ursprénglech fir zwou Auer hei virgesinn. Mir hunn dräi Auer a mir sinn ëmmer nach net fäerdeg.

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** *(CSV)*.- Do musst Der mat Äre Regierungskolleege schwätzen an net mat der CSV.

***(Interruptions diverses)***

Dem Här Schneider.

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Mat Äre Kolleegen aus der Regierung!

***(Brouhaha général)***

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift!

**Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes*.- Ech hunn net d'CSV attackéiert. Mä gutt!

***(Interruption)***

Ech géif dann awer gäre mam Debat weiderfueren. Ech sinn awer frou, dass nach vill …

**Une voix**.- Très bien !

***(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)***

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift!

**Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes*.- Ech sinn awer frou, dass d'Leit sech nach fir d'Thema interesséieren an dofir wëll ech all den Intervenanten emol Merci soen, déi un dem Debat participéiert hunn. Et sinn nach eng Rëtsch Froe komm an ech versichen, déi dann och elo wäitestméiglech ze beäntwerten. Wann ech dat haut net méi hikréien, sinn ech awer gäre bereet, d'nächst Woch, wa mer eis jo nach eng Kéier gesinn, fir och iwwert de Budget ze schwätzen, nach eng Kéier op déi eng oder aner Fro zréckzekommen.

D'Madamm Deputéiert Hetto hat ënner anerem nach gefrot, wéi et mam „Girls' Day - Boys' Day" wär. Dat ass esou, dass dat e Projet ass, dee mat der Educatioun zesumme ass. An effektiv ass fir dëst Joer kee virgesinn. An, wéi ech virdrunner gesot hunn, si mer jo amgaangen, eng Persoun ze rekrutéieren, well mer amgaange sinn, beim MEGA d'Departement vun der Educatioun opzebauen. An do si genau déi Iwwerleeunge mat erakomm. Wéi gesot, do soll e Konzept ausgeschafft ginn, well d'Iddi ass och, net nëmmen eemol d'Joer esou eng Initiativ ze lancéieren, mä fir ze kucken, wéi een deem nach méi e permanente Charakter ka ginn a wéi een do nach mat anere Projete ka schaffen, wuel wëssend, dass mer awer wëllen un deem festhalen.

Eng aner Fro war d'Exitstrategie. Do ass et esou, dass de Kader steet. Do war et jo och e Grupp ginn, dee sech do ganz vill beméit huet. Do ass ganz vill ausgeschafft ginn. Et ass awer esou, dass d'Demanden am Moment relativ geréng sinn. Also de Service, dee sech och ëm déi concernéiert Leit këmmert, den DropIn, deen huet nach ëmmer seng Moyenen, dee fonctionnéiert, deen ass och do, fir d'Leit ze encadréieren. Mä mir mierken awer, dass et net esou einfach ass, dass d'Leit sech elo eben un déi Concernéiert wennen, fir dann och dee Schrëtt ze maachen.

Wéi gesot, déi Saache sinn och nach net esou laang en place. Do musse mer vläicht och elo kucken, wat déi éischt Erfahrungswäerter sinn, fir do vläicht nozehëllefen. Mä mir sécherlech hale mer och un deem Ganze fest.

Den Teletravail ass genannt ginn. Absolutt! Ech mengen, och do si jo d'Bemeiunge vun der Regierung. Just als kleng Remark: Ech mengen, dass dat net nëmmen interessant fir d'Fraen ass, ech mengen, och fir d'Männer. Also do si mer eis eens, mir sollen net an d'Richtung goen, dass just den Home Office interessant ass fir d'Mammen, …

***(Interruption par Mme Françoise Hetto-Gaasch)***

… dass se dann doheem méi kënne schaffen. Do si mer eis jo eens. Tipptopp!

Den Deputéierte Baum hat d'Fro gestallt iwwert d'Fiche d'impact vum Gender bei de Projet-de-loien. Et ass esou, dass dat sécherlech en Element vum neien Aktiounsplang wäert ginn, an dat zesumme mam Statsministère, well si deen Deel ebe vun der Aarbecht hunn, an insgesamt och soll ebe gekuckt ginn, fir esou eng formell Standardiséierung vum Deroulement vun der legislativer Prozedur en place ze setzen.

Den Deputéierte Biancalana war op d'Wichtegkeet vun de Statistiken an den Donnéeën agaangen. Absolutt! Wéi ech och virdrunner bei deem een oder anere Projet schonn erwäänt hunn, si mer amgaangen, Etüden ze maachen, notamment mat der Uni Lëtzebuerg, net nëmmen, fir dass mer Fakten op den Dësch kréien, dass mer och Donnéeën hunn, mat deene mer kënne schaffen, mä ebe grad mat der Uni Lëtzebuerg, fir och d'Situatioun hei am Land ze analyséieren.

Mir hunn de Projet vun de Stereotyppe bei deene Jonken. An dofir, mengen ech, ass et och wichteg ze kucken, wéi d'Situatioun sech geziilt hei am Land ebe stellt.

Assises de l'égalité, eng Iddi, déi opgeworf ginn ass. Firwat net?! Ech fannen, dat passt an déi breet Consultatiounsdebatt, déi ech gäre wëll ufëieren. Gären huelen ech dat mat.

Vun der Deputéierte Bernard koum dat interessant praktescht Beispill, fir an d'Thema anze-

féieren - och emol erfrëschend. Dir hutt eng Remark gemaach zur Prozedur vun der Analys. Dat deele mer absolutt. Dofir och eben d'Iwwerleeung, fir de Plang aneschters opzestellen, fir ebe konkret Objektiver ze ginn a virun allem sech och d'Instrumenter ze ginn, fir et herno ze evaluéieren, eben net nëmmen, dass een d'Quantitéit, mä och qualitativ herno ka kucken, wat déi eenzel Mesurë bruecht hunn. Dofir eben och eis Iddi vun deem oppenen Dokument. An dat ass och net fir dräi Joer geduecht, mä dat ass wierklech also e permanente Prozess, wou mer just gesot hunn: Et kann ee sech iwwerleeën, vläicht an zwee, dräi Joer eng Kéier de Bilan ze maachen, wou ee kann driwwer diskutéieren, wou mer sinn. Mä d'Iddi ass schonn, dass et e permanente Prozess ass an dat ëmmer erëm soll adaptéiert ginn.

D'Égalité salariale ass e puermol ugeschwat ginn. Effektiv, eis ass nach net bekannt, dass eng Plainte dobanne läit, wëllt awer net heeschen, dass et kee Problem gëtt. Et weist awer, dass et och net duergeet, just e Gesetz ze stëmmen, mä dass mer nach weider Efforte musse maachen. A mer si jo elo amgaangen, Opklärungsaarbecht ze maachen, dass éischtens emol d'Leit wëssen, dass se d'Recht hunn, dass se et kënnen akloen.

An deen anere Problem, dee sech natierlech ëmmer erëm weist, ass, dass een net onbedéngt weess, wéi vill dann deen aneren Aarbechtskolleeg oder vläicht och d'Aarbechtskolleegin verdéngt. Dat ass och nach déi Fro vun der Transparenz vun den Oppeleeunge vun de Salairen. Dofir ass dat Thema net esou evident an et weist virun allem, dass mer nach kucken, wéi mer d'Leit nach weider wëllen dorop sensibiliséieren. Voilà, dat war nach eng Remark.

Här Engelen, Dir sidd kee Fan vun de Quoten. „Musst Der net. Brauch een net." Mä si wierken! D'Regierung huet sech eng Geschlechterquot gi vu 40 % bei der Nominatioun fir d'Leit, déi eben de Stat an de Verwaltungsréit solle representéieren. A mir hunn elo virun zwee Méint effektiv, wou mer de Bilan gezunn hunn, gesinn, dass mer déi 40 % erreecht hunn. An ech kann Iech garantéieren, dass déi Verwaltungsréit an déi Gremien, wou mir elo d'Leit higeschéckt hunn a wou mer déi Geschlechterquot applizéiert hunn, dass déi Verwaltungsgremien nach ëmmer fonctionnéieren an et ass nach keng Entreprise oder soss e staatlechen Etablissement d'Baach erofgaangen.

***(Brouhaha)***

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Madamm Ministesch, erlaabt Der, datt den Här Engelen Iech eng Fro stellt?

**Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes.*- Selbstverständlech!

**M. Jeff Engelen** *(ADR).*- Dir hutt gesot, se hätt gewierkt. Bei de Chamberwahle jo, mä bei der Regierungsbildung hunn ech awer näischt esou gesinn!

**Une voix.**- Ouh?

**M. Jeff Engelen** *(ADR).*- Souwäit ech weess, ass do de Quorum vu 40 % Fraen net erreecht.

**M. Roy Reding** *(ADR).*- Dat hänkt vum Genre of!

**Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes.*- Meng Partei, mengen ech, brauch sech do näischt virwerfen ze loossen.

***(Hilarité)***

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR).*- Wa mir an der Regierung sinn, da kuckt emol, wéi vill Frae mir do hunn!

**Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes.*- Oh, Här Kartheiser! Ech mengen, dann erwaarden eis nach aner Saachen, wann Dir an der Regierung sidd.

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** *(CSV).*- Gott sei Dank hu se Iech geholl! Gott sei Dank hu se Iech geholl, Madamm!

**M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.*- Et sinn allefalls méi Fraen an der Regierung wéi an der ADR-Fraktioun.

***(Interruptions diverses)***

**Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes.*- Ech wollt awer nach op den Deputéierten ...

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Wannechgelift, e bësse méi roueg!

**Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes.*- Op den Deputéierte Baum wollt ech nach reagéieren. Dir hutt d'Aarbechtszäiten ugeschwat. Absolutt! Dat ass jo och eppes, wat mir elo probéieren, am Ministère ze maachen, méi och iwwert den Aarbechtsmarché, iwwert d'Aarbechtswelt ze diskutéieren aus der Perspektiv vun der Egalitéit.

Elo gëtt et jo nach déi Iddi, fir esou e Recht op Deelzäit, also och eng Aarbechtsreduktioun anzeféieren. An et ass genau an déi Richtung, wou mer jo solle goen. An dat trëfft jo och net nëmmen d'Fraen. Och hei wëlle mer gäre Männer, wëllen och d'Pappen domadder initiéieren, fir emol ze kucken a gegebenenfalls, dass déi zwee ebe kënnen d'Aarbechtszäit e bëssen erofschrauwen, fir déi Zäit ebe sech méi ëm d'Famill, gegebenenfalls ëm hir Kanner kënnen ze këmmeren.

Den Deputéierte Goergen, deen huet och nach eng ganz Panoplie vun Themen ugeschwat, op déi ech méi oder wéineger och elo schonn agaange sinn. Ech géif awer elo direkt op d'Motioun agoen, op déi Fro, déi Der gestallt hutt, firwat de Ministère esou heescht, wéi en heescht.

Ben, den Numm war och en Thema an de Koalitiounsverhandlungen. D'Resultat ass bekannt. Ech muss awer soen: Et ass schonn e Fortschrëtt par rapport zu deem, wat virdrunner war.

D'Madamm Hetto hat virdrun och nach eng Kéier d'historesch Etappen opgezielt, wéi eng Evolutioun de Ministère gemaach huet, wéi e sech an deene leschte Joren developpéiert huet. A genau ass och do ...

***(Interruption)***

Jo, « Promotion féminine » an dann eriwwer op den ..., de Ministère heescht elo offiziell eben « Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes » an net méi « Égalité des chances », well mer eben hei wëlle vill méi konkret sinn. Mir wëllen hei vill méi präzis sinn, well an der Vergaangenheet huet et näämlech zu enger gudder Rëtsch vu Malentendue gefouert.

Dat, wat Dir nach uschwätzt, dat si jo déi LGTBI-Dossieren, an déi hunn absolutt och eng Wichtegkeet. Déi gi vu menger Kolleegin an der Regierung, der Familljeministesch, traitéiert. Si këmmert sech haaptsächlech eben ëm Fäll, déi erakommen, ëm Dossieren, déi do erakommen. Dat heescht net, dass se bei eis am Ministère net och kënnen do Gehéier fannen. Dat ass guer net d'Diskussioun. Trotzdeem ass eben hei déi Differenz gemaach ginn, éischtens well mer transversal diskutéieren, transversal eis d'Aarbecht opgedeelt hunn a well et eben hei d'Wichtegkeet ass, an dofir hu mer den Numm gewiesselt, fir nach eng Kéier ze soen: Et geet ëm d'Gläichstellung tëschent Fraen a Männer. Et geet net ëm déi sexuell Orientéierung. Et geet virun allem do eran, eben d'Zesummeliewen, mat deene Mesuren, déi mer huelen, an ebe mat deene Projeten, déi mer lancéieren. Wéi gesot, de Fokus ass hei op dat Gemeinsamt gesat. An dofir eben och de Changement vum Numm, fir eben och hei e konkret Bild ze ginn.

Déi zweet Motioun ...

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Madamm Ministesch, erlaabt Der, datt den Här Goergen Iech eng Fro stellt?

**Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes.*- Jo.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).*- Merci fir Är Erklärung. Mä fannt Dir et dann normal, dass d'Transgenderleit diskriminéiert ginn an an en anere Ministère gesat ginn?

**Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes.*- Déi gi jo net ... Dat ass net richteg!

**M. Marc Goergen** *(Piraten).*- Dat heescht, Dir wäert deementspriechend net dofir do, well Dir hutt jo bewosst deen Numm dann esou gewielt ...

**Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes.*- Neen, neen.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).*- ... an net einfach « des sexes » geholl.

**Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes.*- Also et ass awer falsch ze behaapten, dass déi Leit kee Gehéier géife fannen an net géife consideréiert ginn. Dat ass jo absolutt falsch, well et steet an den Attributioune vum Familljeministère. Nach eng Kéier, hei geet et dorëms eben, fir d'Egalitéitspolitik tëschent de Fraen an de Männer an deene verschiddene Beräicher domadder ëmzesetzen. A mir hunn den Numm geännert, fir eben déi Malentenduen ze evitéieren. An et huet keen hei gesot, dass si net géife Gehéier fannen, dass se net géife consideréiert ginn. Ech mengen, Dir maacht hei eng kënschtlech Trennung, déi definitiv esou net do ass.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).*- Also mir hunn déi Trennung esou verstanen.

**Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes.*- Ech mengen, och déi Gesetzer an déi Reformen, déi mer maachen, déi schwätze jo och eng Sprooch fir sech, soss hätte mer dat net gemaach.

Déi zweet Motioun (veuillez lire : D'Resolutioun) vun der ADR, ech weess net, ob mir zoustëmmen, dat elo ze kommentéieren.

***(Interruptions)***

Okay. Ech wollt et souwisou un de Bureau verweisen. Vun dohier ...

***(Hilarité)***

Gutt! Op alle Fall all de Participanten nach eng Kéier Merci fir den Debat. A wa mer da färdeg si mam Aktiounsplang, ginn ech och ganz gären zréck an d'Chamberskommissioun, fir en ze presentéieren. Mä ech si sécher, dass mer en cours de route, wann de Wonsch do ass, nach eng Kéier gären iwwert de Plang wäerte schwätzen.

Merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Madamm Ministesch, d'Madamm Nancy Kemp-Arendt wëllt Iech nach eng Fro stellen.

**Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes.*- Jo.

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** *(CSV).*- Merci, Här President. Madamm Ministesch, Dir Dammen an Dir Hären, wärend mir gëschter hei an der Chamber eis Aarbecht gemaach hunn, war d'Madamm Bernard jo op de Forum vun „Stand up against violence" bei den Dokter Mukwege, wou Der vill iwwregens interesséiert gewiescht wären ze goen. Den Dokter Mukwege, dee sécherlech eng aner Positioun huet, wa jonk Frae Schëlder an d'Luucht halen, wou dropsteet: „Fuck me and not the planet" oder „Distroy my pussy, not the planet", wann en Dausende Fraen zesummebitzt, déi vergewaltegt gi sinn.

An dofir wollt ech froen, Madamm Ministesch, wéi ass Är Positioun zu esou Schëlder? Oder hutt Dir do déi nämlecht Meenung wéi d'Madamm Bernard? Oder denkt Dir, ...

***(Interruptions)***

... denkt Dir vläicht, datt esou Messagë vun esou jonke Meedercher, esou Messagë vu jonke Meedercher vläicht net opportun sinn?

Merci.

***(Interruptions)***

**Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes.*- Ech kennen d'Madamm Bernard schonn e bësse länger an ech kenne si als eng ganz engagéiert, kompetent Fra. An ech ënnerstëtze si gären, wa se gutt Iddien huet. An ech si frou, dass si sech haut och hei an der Debatt mat involvéiert huet. A ganz éierlech: Mech huet et net gestéiert.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Madamm Ministesch. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss.

***Résolution 1***

Mir kommen elo zur Ofstëmmung vun der Resolutioun, déi vum Här Kartheiser deposéiert ginn ass.

Ass een, deen dozou eppes wëllt soen?

Den Här Bodry, wannechgelift!

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Jo, ech géif proposéieren: Dat do ass esou en typesche Fall, wou fir d'Éischt awer, mengen ech, emol d'Besoine missten determinéiert ginn. Et decidéiert ee jo net: „Elo baue mer eppes" oder „mir maachen eppes" an et weess een emol net, wat d'Besoine sinn. Dat schéngt mer eng Viraussetzung ze sinn, dass een dat ...

***(Interruptions)***

**M. Sven Clement** *(Piraten).*- Dat maache mer esou oft!

***(Brouhaha général)***

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- D'Madamm Bernard ass d'Madamm Bernard an ech sinn ech. An ech soen elo hei, ...

***(Interruptions)***

Ech soen elo, wat ech mengen, wat eng normal Approche ass, fir un esou Saachen erunzegoen. Déi Diskussioun hate mer schonn eng Kéier hei. Ech si laang Jore Member vum Bureau. Bis elo si mer als Bureau nach net befaasst ginn och vun Demanden, muss ech soen, weder vun Deputéierten nach vu Membere vum Personal, dass mer esou eng Institutioun hei sollten ariichten.

Dofir mengen ech, ier een eng Decisioun iwwert d'Käpp ewech vun deenen Interesséierten hëlt, wat jo d'Propositioun hei ass vun der ADR, sollt een de Bureau déi dote Fro kucke loossen an opgrond vun deem, wat bei där Consultatioun an deem Fact Finding dann erauskënnt, dann eng Decisioun huelen.

Dofir mengen ech, dat do ass en typesche Fall, deen eigentlech an d'Kompetenz vum Bureau vun der Chamber gehéiert.

**M. Georges Engel** *(LSAP).*- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Den Här Berger hat d'Wuert gefrot an dann d'Madamm Lorsché.

**M. Eugène Berger** *(DP).*- Jo, Merci, Här President. Ech bräicht eigentlech elo net méi d'Wuert nach speziell ze ergräifen, well den Här Bodry huet eigentlech alles scho gesot. Effektiv, an ech mengen, dat war och an der Vergaangenheet eng Ursaach, dat ass, datt et bei esou enger Demande de Besoin feststellt an dann awer och de Kontext kuckt.

Ech mengen, mir sinn eng Institutioun. Ginn et aner äänlech Modeller, wou ee sech kéint vläicht ond drunhänken? An esou virun als esou fort. Dat heescht, datt een eng Kéier déi Froen am Bureau soll kucken, analyséieren an dann en fonction dovunner nach eng Kéier Konklusiounen zéien. Also och mir plädéieren derfir, datt dës Resolutioun an de Bureau verwise gëtt, fir datt se do gekuckt gëtt.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Madamm Lorsché, wannechgelift!

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR).*- Ass et elo déi gréng Pirouette?

**Mme Josée Lorsché** *(déi gréng).*- Jo, Dir kënnt roueg waarden. Ech maache keng Pirouette. Als Gréng sti mir ganz kloer dozou, datt op Aarbechtsplaze soll driwwer nogeduecht ginn, wéi ee Kanner ka mathuelen als Elteren. Mir sinn awer och der Meenung, datt een dat net iwwert de Knéi ka briechen an datt de Bureau zoustänneg ass och fir d'Personal hei an der Chamber. Hei geet et jo och dréms, Personal anzestellen, wa mer esou eng Struktur hunn. Mir setzen d'Kanner jo net an en eidele Raum. A vu datt de Bureau zoustänneg ass fir Personalfroen, Finanzfroen, et ass jo och net gratis, si mer der Meenung, datt mer dat am Bureau sollten diskutéieren, eng Bedierfnesanalys sollte maachen an dee Moment do eng gescheit Decisioun huelen. An dofir stellen ech net fir zwee Sou a Fro, datt déi Diskussioun gutt ass a gefouert muss ginn.

**Une voix.**- Très bien !

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci, Madamm Lorsché. Den Här Goergen hat d'Wuert gefrot an dann den Här Gibéryen.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).*- Also als Neien hei am Haus sinn ech elo wierklech iwwerrascht. An ech mengen, dobausse huet elo jiddwereen dat richtegt Gesiicht gesi vun de Regierungsparteien, déi eng Kéier do schwätzen: „Mir brauchen eng Crèche, mir brauche Familljen an der Politik, mir brauche Fraen." Da gëtt et gefrot, da wëlle se et net!

**Plusieurs voix.**- Très bien !

***(Exclamations et hilarité)***

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR).*- Esou ass et! Ganz gutt, Här Goergen, ganz gutt!

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Den Här Gibéryen, wannechgelift!

***(Brouhaha général)***

**M. Marc Goergen** *(Piraten).*- D'Preuve ass einfach: Stëmmt mat Jo!

**M. Eugène Berger** *(DP).*- D'Pirate sinn am Populismus ganz staark mëttlerweil!

***(Brouhaha général et coups de cloche de la présidence)***

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Den Här Gibéryen, wannechgelift!

**M. Laurent Mosar** *(CSV).*- Den Här Baum kënnt nach fir d'Éischt. Huelt den Här Baum nach!

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Ah, den Här Baum war vir.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR).*- Den Här Baum nach, jo.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Den Här Gibéryen war vir, an duerno den Här Baum.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR).*- Okay. Merci, Här President. Ech wëll just soen, datt d'Kolleege vun déi Lénk dem Fernand Kartheiser seng Resolutioun deemools och scho matgestëmmt haten.

Ech mengen, et ass heiansdo gelungen hei an der Politik, wann een déi Pirouettë gesäit, déi hei gedréit ginn. An ech mengen, et ass ... D'Madamm Bernard huet jo net fir d'Éischt hei geschwat, well schonn emol gëschter oder vir-

gëschter war de Radio vu moies bis owes voll vun där Fro do.

An ech mengen, et éiert si, datt si dee Courage dann och hat, fir de Mëtteg hei am Numm vun deene Gréngen déi Propositioun ze maachen. An ech verstinn och d'Spillregelen hei tëschent der Majoritéit an der Oppositioun. Mä ech gesi wierklech net, wou eng Majoritéit e Problem mat esou enger Iddi huet!

An dat, wat mer hei stëmmen, dat ass jo, datt mer de Bureau chargéieren, wat elo grad hei …

**M. Eugène Berger** *(DP)*.- Neen, dat steet net an der Resolutioun. Hei steet, mir sollen exekutéieren.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Maja, exekutéieren, exekutéieren! Dir hätt jo gären eng Crèche. An ech mengen, de Kolleeg Goergen huet dat jo am Fong gesot. Et brauch een am Fong näischt ze soen, well hien huet et op de Punkt bruecht! Dir féiert no baussen en Theater op: „Firwat kënnt keng Crèche an d'Chamber?" A wann dann de Vott kënnt, dann dréit Der hei Pirouetten, fir dat net ze wëllen. Stitt zu deem oder frot näischt, da braucht Der och keng Pirouetten ze dréien!

Op jidde Fall, Här President, ech mengen, mir sollten net nach laang hei diskutéieren a streiden.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Au vote !

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Jiddwereen weess, wou en drun ass. Mir sollten zum Vott kommen.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Jo. Do sollen déi gréng Faarf bekennen.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Gibéryen. Den Här Baum, wannechgelift!

**M. Marc Baum** *(déi Lénk)*.- Jo, also ech hunn och nogekuckt. Mir hu se effektiv 2009 och mat votéiert. Mä ech mengen och, datt et einfach sënnvoll ass, wann den Här Bodry elo seet: „Mir mussen d'Besoinen identifizéieren."

***(Hilarité)***

Wat soll ech da soen, ob ech an zwee Joer vläicht e Kand hunn oder net?!

Sou. Dat kann een dach net maachen. Wat ee ka maachen, dat ass einfach soen: Wat ass de Persounekrees vu Leit a gëtt et do eng Masse critique? Wann een hei seet: D'Personal plus …

***(Brouhaha général)***

Mä dat ass awer net esou schwiereg!

**Une voix**.- Hei steet: „Et si Besoinen."

**M. Marc Baum** *(déi Lénk)*.- Maja!

***(Brouhaha général)***

Neen, neen, neen! Et ass erstaunlech, wéi nervös awer hei jiddwereen reagéiert.

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** *(CSV)*.- Et sinn och Mataarbechter, déi nach Kanner kréien. Et sinn net nëmme mir hei, déi nach Kanner kréien.

**M. Marc Baum** *(déi Lénk)*.- Also hei geet et ëm eng prinzipiell Decisioun.

Wëllt d'Chamber fir d'Deputéierten a fir d'Personal esou eng Struktur schafen? Dat ass eng Wëllensentscheedung. Duerno d'Exekutioun dovunner, natierlech ass dat de Bureau, deen dat soll maachen, an näischt aneres steet do.

**Une voix**.- Au vote !

**M. Marc Baum** *(déi Lénk)*.- Ech mengen, datt dat hei duerchaus sënnvoll ass a mir wäerten dat hei matstëmmen.

**Une voix**.- Voilà!

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** *(CSV)*.- An d'Djuna kritt hei Schwieregkeeten.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Kartheiser, wannechgelift!

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Ech wëll awer vläicht och als Auteur nach e Wuert dozou soen. Et geet jo drëm - an dat ass och déi Iddi, déi déi gréng jo opgegraff hunn an déi hei elo, wéi gesot, säit zéng Joer op dem Dësch läit -, et geet jo drëm, Leit, déi sech wëllen eventuell fir Politik interesséieren, déi Méiglechkeet ze ginn, ze wëssen, datt dat mat hirem Familljeliewe vereinbar ass! An d'Existenz vun enger Crèche oder op jidde Fall vu Méiglechkeeten, fir Famill a Beruff, ebe Politik, mateneen ze verbannen, erliichtert et de Leit, fir sech fir dee Wee ze decidéieren!

Dat heescht, de Besoin feststellen, wéi den Här Bodry et seet, dat ass u sech net d'Fro. Et geet drëm, eng Méiglechkeet ze schafen, et geet drëm, eng Méiglechkeet ze schafe fir déi Mammen a Pappen, déi vläicht wéilte Politik maachen, awer et bis elo net maachen, an déi kritt Dir net erfaasst mat Ärer Etüd. Et geet hei ëm eng Wëllenserklärung, wéi de Kolleeg Baum et ganz richteg gesot huet, fir e Wee opzemaache fir Leit, déi sech bis elo net konnten an der Politik engagéieren.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Dat do ass besser wéi eng Quot!

***(Hilarité et interruptions)***

**M. Roy Reding** *(ADR)*.- Jo, dat ass vill besser, vill besser wéi eng Quot.

***(Hilarité)***

**Une voix**.- Au vote !

***(Interruption par M. Alex Bodry)***

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Au vote ! Kommt, bekennt Fuerf! Bekennt Fuerf! Weist, wat Der elo maacht fir d'Fraen an d'Mammen!

**Plusieurs voix**.- Ooh!

**Une voix**.- Här Kartheiser, och fir d'Männer.

***(Hilarité)***

**Une autre voix**.- Dir sidd dee Leschten, deen dat wielt!

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift!

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Se waarden dobaussen drop, dass eng Crèche opgeet fir d'Deputéierten. D'Leit waarden drop.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Also ech fannen et e staarkt Signal, wann déi Resolutioun, déi hei erauskënnt, ...

***(Interruption par Mme Nancy Arendt épouse Kemp et brouhaha général)***

**Une voix**.- Au vote !

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Au vote !

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- ... ëm eisen Nuebel dréit!

***(Brouhaha général et coups de cloche de la présidence)***

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift!

**Plusieurs voix**.- Au vote !

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech mengen, mir kommen hei zu kenger Eenegung, ...

***(Hilarité)***

... ausser datt mer fir d'Éischt géifen iwwer ee Renvoi en commission ofstëmmen. Mä och dat ass net gewollt. Da musse mer iwwert d'Resolutioun, esou wéi se virläit, ofstëmmen.

***Vote sur la résolution 1***

Ass de Vote électronique gefrot?

***(Assentiment)***

Ech ginn dovunner aus. De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss: 29 Jo-Stëmmen an 30 Nee-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement : la résolution 1 est rejetée par 31 voix contre 29 voix.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini (par M. François Benoy).*

**Plusieurs voix**.- Ooh!

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** *(CSV)*.- Wéi schued! Wéi schued! Très juste !

***Motion 1***

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Mir kommen dann zum Ofstëmme vun der Motioun.

Ass dozou nach eppes ze soen?

D'Madamm Hetto-Gaasch, wannechgelift!

**Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV)*.- Majo, ech wëll soen, dass mir als CSV d'Motioun vun de Piraten selbstverständlech wäerte mat ënnerstëtzen, well den « Ministère de l'Égalité des genres », dat geet vill méi wäit wéi just « Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes ». An duerfir fanne mer dat eng ganz gutt Propos. A mir ënnerstëtzen dat.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ass nach eng Wuertmeldung do? Den Här Baum, wannechgelift!

**M. Marc Baum** *(déi Lénk)*.- Jo, mir schléissen eis dëser Aschätzung un. Ech mengen, et ass jo och bekannt, datt Fraenorganisatiounen, notamment de CID Femmes a Gender, Iwwerleeunge féieren an och Beanstandunge scho gemaach hunn, déi an déiselwecht Richtung ginn.

D'Madamm Bofferding huet natierlech recht, wa se seet: Dat ass elo esou opgedeelt an der Regierung. Mä mir mengen, datt dat eng falsch Opdeelung ass. Vun dohier wäerte mer dat hei ënnerstëtzen.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ass nach eng Wuertmeldung do?

***(Négation)***

***Vote sur la motion 1***

Da kënne mer ofstëmmen. De Vote électronique ass gefrot. D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun 1 ass ofgeleent mat 25 Jo-Stëmmen a 35 Nee-Stëmmen.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*MM. Marc Angel (par M. Yves Cruchten), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini (par M. François Benoy) ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

## 7. 7130 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement de la Convention relative à l'aviation civile internationale [article 50, alinéa a)], signé à Montréal le 6 octobre 2016

## 7131 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement de la Convention relative à l'aviation civile internationale [article 56], signé à Montréal le 6 octobre 2016

Eisen nächste Punkt ass de Projet de loi Nummer 7130, ee Protokoll, deen den Artikel 50 vun der Konventioun iwwert déi zivill international Loftfaart ofännert. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

***Rapports de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics***

**M. Carlo Back** *(déi gréng), rapporteur*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech soll de Rapport maachen zum Projet de loi 7130 an duerno direkt de 7131. Vu datt déi Projets de loi ganz no beienee sinn, erlaben ech mer, wann Dir d'accord sidd, fir dat mateneen ze maachen, an da kënne mer duerno, wa Froe sinn, och mateneen doriwwer hei diskutéieren. Dat wier vläicht ee Modus Vivendi, deen d'Saach och elo géif virubréngen.

Wéi gesot, beim virleiende Projet de loi geet et ëm d'Organisatioun vun der Aviation civile internationale, och nach OACI genannt, déi op hirer 39. Assemblée générale festgeluecht huet, fir d'Unzuel vun de Membere vun hirem Organe exécutif, also dem sougenannte Conseil, vu 36 op 40 Memberen eropzesetzen.

Wat genee ass d'OACI? D'OACI ass eng Institutioun vun der UNO, déi spezialiséiert ass an der Loftfaart an déi nach virum Enn vum Zweete Weltkrich 1944 zu Chicago duerch eng international Konventioun gegrënnt gouf. Dëst ass de Weltforum vun de Staten am Beräich vun der ziviller Loftfaart. D'OACI assuréiert eng Kooperatioun tëschent de Memberstaten um héchsten Niveau an zielt op eng Uniforméisierung vun der Reglementatioun, den Normen an de Prozeduren.

**Le saviez-vous ?**

**PROJET DE LOI**

Le Grand-Duc dispose du droit d'initiative en matière législative, tout comme les membres de la Chambre des Députés. Son initiative, encore appelée initiative gouvernementale, s'appelle « projet de loi ». Celui-ci constitue un texte proposé pour être adopté par la Chambre des Députés. Les projets de loi sont accompagnés d'un exposé des motifs qui contient des développements sur l'objectif et la teneur de la loi proposée ainsi que d'un commentaire des articles.

Le saviez-vous ?

**RENVOI**

Le renvoi est l'acte par lequel la Conférence des Présidents saisit une commission d'un projet de loi ou d'un autre document.

Lëtzebuerg ass der OACI-Konventioun de 25. Mäerz 1948 bäigetrueden. 1989 ware just 160 State Member. Haut, 30 Joer méi spéit, sinn et der schonns 191.

Beim Protokoll, dee mir mat dësem Gesetz guttheeschen, geet et justement dréms, der kontinuéierlecher Vergréisserung vun de Memberstate Rechnung ze droen an och d'Representatioun vun de verschiddene geografesche Regiounen unzepassen. Dofir sollten déi véier zousätzlech Sëtz am Conseil nom Prinzip vun enger equitabeler geografescher Representatioun verdeelt ginn.

De Conseil d'État hat a sengem Avis vum 23. Mee 2017 keng Remarken zum Fong. An aner Avise sinn net erakomm. Déi zoustänneg Kommissioun huet de Rapport den 31. Mäerz 2019 ugeholl a proposéiert der Plenière deemno, haut datselwecht ze maachen.

Wann Der erlaabt, ginn ech gläich virun op de Projet de loi 7131.

***(Interruptions)***

Beim Projet de loi 7131 geet et ëm d'Zoustëmmung zu enger weiderer ...

***(Interruption)***

... Ännerung vun därselwechter internationaler Loftfaart-Konventioun wéi am Projet de loi 7130. An dësem Fall geet et net méi ëm den Artikel 50, mä ëm den Artikel 56. Och dës Ännerung war op der 39. Generalversammlung vun der OACI de 6. Oktober 2016 zu Montreal festgehale ginn a betrëfft ebenfalls eng Vergréisserung vun der Sëtzzuel; allerdéngs net fir de Conseil exécutif, mä fir den technesche Gremium. Ech ech widderhuelen duerfir net méi meng Erklärungen zur Geschicht an zum Objet vun der Konventioun a vun der OACI, mä ginn direkt op déi spezifesch Ännerung an.

Den technesche Gremium vun der OACI, ëm deen et hei geet, ass d'Commission de navigation aérienne; ofgekierzt ANC. Si huet als Missioun, dem Conseil déi Normen, d'Best-Practices-Recommandatiounen an och d'Prozeduren am Beräich vun der ziviller Loftfaart virzeschloen.

Mam Vott vum virleiende Projet de loi stëmmt d'Chamber dem Amendement vum Artikel 56 vun der internationaler Loftfaart-Konventioun zou an ënnerstëtzt domadder d'Erhéijung vun der Memberzuel an der Commission de navigation aérienne vun der OACI ëm genee zwee Sëtz: vun 19 op 21 Memberen. Och hei geet et dréms, fir op Basis vun der wuessender Zuel vun OACI-Memberen eng méi breet Participatioun ze erméiglechen an domat op déi néideg technesch Expertise aus alle Regioune vum Globus kënnen zréckzegräifen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech géif och direkt den Accord gi fir déi zwee Projets de loi, déi hei virleien.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Back.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Serge Wilmes agedroen. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Serge Wilmes** *(CSV)*.- Villmools Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur Merci fir säi Rapport. Ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

**Plusieurs voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wilmes. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn** *(DP)*.- Jo, ech géif dat widderhuelen, wat de Serge Wilmes grad gesot huet, an den Accord gi vun der Demokratescher Partei an dem Rapporteur natierlech Merci soe fir seng explizitt zwee schrëftlech a mëndlech Rapporten.

Merci.

**Une voix**.- Très bien !

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- An datselwecht vum honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** *(LSAP)*.- Ech schléisse mech deem un, Här President, an ech ginn den Accord fir déi zwee Projeten.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools. Ageschriwwen huet sech nach den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** *(Piraten)*.- Merci dem Carlo Back fir säin exzellente Rapport. An och d'Piraten ginn hir Zoustëmmung zu dësem Accord.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Jeff Engelen, wann ech gelift.

**M. Jeff Engelen** *(ADR)*.- Jo, mir ginn eisen Accord zu dësem Projet.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools.

Wëllt d'Regierung nach eppes zu deenen zwee Projete soen?

***Prise de position du Gouvernement***

**M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- D'Regierung seet villmools Merci fir déi breet Zoustëmmung, Här President.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools.

Da komme mer fir d'Éischt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7130. Den Text steet am Document parlementaire 7130[2].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7130 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet de loi 7130 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*MM. Marc Angel (par M. Yves Cruchten), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini (par M. François Benoy) ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass dat esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7131.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7131 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

An och dëse Projet ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*MM. Marc Angel (par M. Yves Cruchten), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini (par M. François Benoy) ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou decidéiert.

**8. 7313 - Projet de loi portant approbation**

**1° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Kazakhstan relatif à des services aériens, fait à Astana, le 21 mai 2015 ;**

**2° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République d'Arménie relatif à des services aériens, fait à Luxembourg, le 8 décembre 2015 ;**

**3° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Cameroun relatif au transport aérien, fait à Luxembourg, le 26 janvier 2016 ;**

**4° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Côte d'Ivoire relatif au transport aérien, fait à Luxembourg, le 4 février 2016 ;**

**5° de l'"Agreement between the Government of the Grand Duchy of Luxembourg and the Government of the Republic of Zambia on air services", fait à Luxembourg, le 29 février 2016 ;**

**6° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Turkménistan relatif à des services aériens, fait à Ashgabat, le 6 septembre 2016 ;**

**7° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la Mongolie relatif à des services aériens, fait à Leipzig, le 1er juin 2017 ;**

**8° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Colombie relatif à des services aériens, fait à New York, le 22 septembre 2017 ;**

**9° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Niger relatif au transport aérien, fait à Niamey, le 8 février 2018**

Deen nächste Punkt ass de Projet de loi 7313, d'Approbatioun vun néng Accorden am Beräich vum Fluchtransport an de Fluchservicer. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An nach eng Kéier ass den honorabelen Här Carlo Back de Rapporteur. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics***

***(Interruption)***

**M. Carlo Back** *(déi gréng), rapporteur*.- Jo, jo, elo drénken ech emol eppes.

***(Hilarité)***

Jo, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, hei geet et e bësse viru wéi an deem Projet virdrun. Hei geet et ëm Accorden tëschent Lëtzebuerg an néng Pays tiers, eben ëm den Transport aérien. Accorden also tëschent Lëtzebuerg an néng Staten am ziville Fluchtransport.

De Projet 7313 gouf d'lescht Joer den 30. Mee 2018 vun eisem Ausseminister, dem Jean Asselborn, deposéiert. De Statsrot huet säin Avis dozou den 13. November 2018 ofginn. Doropshin huet d'Mobilitéits- an Travaux-publics-Kommissioun mech de 14. Mäerz 2019 als Rapporteur bestëmmt.

Ëm wat geet et bei dësem Projet?

Beim Vott, dee mir elo gläich huelen, geet et dréms, néng bilateral Ofkommen am Beräich vun der Loftfaart guttzeheeschen. Dës Accorde goufen ofgeschloss tëschent der lëtzebuergescher Regierung, engersäits, an de Regierunge vun der Republik Kasachstan, der Republik Armenien, der Republik Kamerun, der Republik Elfenbeinküst - oder nach Côte d'Ivoire genannt -, der Republik Sambia, mat der Regierung vun Turkmenistan, vun der Mongolei, vun der Republik Kolumbien a vun der Republik Niger, anerersäits.

Dëse Projet de loi bündelt deemno néng bilateral Accorden, deenen hire Sënn an Zweck et ass, e Kader ze schafen, fir de Fluchverkéier tëschent Lëtzebuerg an deene jeeweilege Staten ze regelen an domadder och bilateral ekonomesch Relatiounen ze promouvéieren.

Fir Lëtzebuerg geet et virun allem dréms, d'Bedéngungen ze schafen, fir d'Aktivitéit vun eisen nationale Fluchgesellschaften natierlech ze ënnerstëtzen an och weiderzeentwéckelen. Déi bilateral Ofkommesse maachen et eise Fluchgesellschaften - der Luxair, mä virun allem der Cargolux - méi einfach, fir Vollen an déi betreffend Länner duerchzeféieren, ouni eben all Kéiers bürokratesch Hürde fir all eenzelne Fluch mussen ze huelen.

An datselwecht gëllt natierlech och ëmgedréit, dat heescht, wann d'Fluchgesellschaften aus deene Länner, mat deene mir een Accord hunn oder ofschléissen, bei eis zu Lëtzebuerg um Findel landen.

Duerch d'Vereinfachung vun de Fluchbewegunge leeschten dës Accorden natierlech och ee Bäitrag fir d'Entwécklung vun der ekonomescher Kooperatioun tëschent eben deenen eenzelne Vertragsstaten.

D'Motivatioun, fir dës néng Accorden ofzeschléissen, variéiert natierlech liicht vu Land zu Land. Ech ginn Iech dräi Beispiller: Bei Kasachstan ass déi geostrategesch Lag vun dësem Land interessant, virun allem wann een e Fluch vun Europa an Asien mécht oder ëmgedréit, an technesch Tëschelandunge mat eventuell Reparatiounen un engem Fliger oder Maintenance an esou engem Land sinn ëmmer interessant. Armenien ass eent vun deene sechs Länner, mat deenen d'EU de Partenariat oriental 2009 ofgeschloss huet, wat grad seng zéng Joer elo feiert. Niger, dësen Accord muss een am Kontext vun eiser Entwécklungshëllef mat deem Land gesinn. Niger ass eent vun eisen Zillänner vun eiser Kooperatioun.

D'Accorden, iwwert déi mer haut ofstëmmen, wäerten d'Recommandatioune vun der OACI suivéieren, vun där ech Iech virdru geschwat hunn, an der Europäescher CEAC, der Conférence européenne de l'aviation civile. Fir d'Ausschaffung vun deenen Accorde gouf sech un engem Accord type ebe vun der OACI inspiréiert an déi néng Accorden änele sech dofir och staark. Si sinn och net wesentlech anescht wéi déi lescht bilateral Ofkommessen, déi hei an der Chamber guttgeheescht goufen. Dëst gesot, gëtt et natierlech och jee no Land e puer Ënnerscheeder, vun deenen déi markantst am schrëftleche Rapport och kuerz ernimmt sinn.

De Conseil d'État hat keng Opposition formelle an och soss keng Remarken zum Fong vun dësem Projet de loi. An d'Chambre de Commerce begréisst an hirem Avis d'Initiativ, fir esou bilateral Ofkommen ze negociéieren.

## Chambre des Députés

**Compte rendu officiel**

**Supplément commun aux quotidiens :**
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

**Contenu rédactionnel :**
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

**Saisie de texte :**
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

**Conception et mise en page :**
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

**Concept et coordination générale :**
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

**Imprimeries :**
Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Voilà! Ech mengen, dëst gesot, hunn ech a groussen Zich duergeleucht a probéiert och ze erklären, wat a wéi den Zweck vun dësen Accorden ass.

Ech ginn domat och den Accord vun der gréngger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Merci villmools, Här Back.

**Une voix**.- Très bien !

***Discussion générale***

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Selwechten Zeenario wéi virdrun. Den Här Wilmes: Jo. Den Här Hahn.

**M. Max Hahn** *(DP)*.- Jo.

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Ageschriwwe wär och nach den Här Cruchten: Jo, souwéi den Här Engelen.

Da kënne mer iwwert de Projet de loi ofstëmmen.

***(Brouhaha)***

Den Här Goergen huet d'Wuert.

***(Brouhaha et hilarité)***

**M. Marc Goergen** *(Piraten)*.- Bon, mir sinn zwar méi nei hei, mä et schéngt, dass mir e bësse méi motivéiert sinn.

**Plusieurs voix**.- Ooh!

**M. Marc Goergen** *(Piraten)*.- Här President, ...

***(Brouhaha)***

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Den Här Goergen schwätzt zum Projet de loi.

***(Brouhaha)***

**M. Eugène Berger** *(DP)*.- Elo muss awer Substanz kommen, Här Goergen!

***(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo et hilarité)***

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Här Goergen, et ass un Iech.

**M. Marc Goergen** *(Piraten)*.- Merci fir Är kreativ Kommentaren, Här Éierechamberspresident.

De Flüchtlings... Pardon. De Fluchstanduert Lëtzebuerg ...

***(Hilarité et interruption)***

... huet sech an de leschte Jorzéngten e groussen Numm gemaach. Am Passagéierberäich striewe mir fënnef Millioune Passagéier um Findel un.

Et ass awer och mat dem Cargoberäich, wou Lëtzebuerg sech en Numm gemaach huet. Mat dem Luxair Cargozenter an der Cargolux hu mer e Big Player op der Cargoindustrie, deen eng ganz Panoplie vu Servicer ubitt an duerch Qualitéit iwwerzeegt. Vill Aarbechtsplazen hänken um Standuert Findel.

Den Här Ausseminister huet am Kader vu sengen Auslandsvisitte mat verschiddene Länner Fluchaccorden nom Standardmodell vun der ICAO ënnerschriwwen. Doduerch kënnen designéiert Fluch- an Transportgesellschaften zu Lëtzebuerg an Zukunft a ville Länner d'Fluchrechter genéissen.

Dës Fluchrechter beinhalten dat, wat mer als sougenannt Fluchfräiheete verstinn, wéi zum Beispill d'Iwwerfluchsrechter, Tëschelandungen oder d'Direktbrénge vu Gidder oder Passagéier op den Territoire vum Partnerland. Dëst gëtt eiser nationaler Fluchgesellschaft, normalerweis ass dat d'Cargolux, natierlech eng Rei vu Sécherheete fir den Ausbau vun hirem Reseau an d'Vergréisserung vun hirem Marché an anere Regiounen.

D'Cargoindustrie brauch Sécherheeten, fir sech kënne weiderzéentwéckelen. Dat internationaalt Transportwiesen ass näämlech en immens sensibele Marché, mat niddregen an onstabille Margen. D'Konkurrenz aus dem Ausland schléift net. Esou hunn d'Gesellschaften aus dem Noen Oste ganz oder aner finanziell Méiglechkeete wéi d'lokal EU (veuillez lire : ganz aner, och finanziell, Méiglechkeete wéi déi lokal EU-Gesellschaften).

An de Standuert Findel huet och méi no, wéi zum Beispill zu Léck, Hahn oder Leipzig, vill Konkurrenz, déi d'Pole Position wëllt ergatteren. An engem globale Maart fir d'Cargo wär et dofir falsch, op lokal héich Taxe fir de Cargo ze setzen.

Wichteg bei dëse bilateralen Ofkommesse wär, dass an der EU fir d'Fluchgesellschaften déiselwecht Regele géife gëllen. Aner EU-Länner maachen oft esou Ofkommessen, mä net an all EU-Land ass d'Bedéngung fir d'Fluchgesellschaften d'selwecht geregelt. Sou muss een a verschiddenen EU-Länner fir d'Fluchrechter nëmmen eng Bréifboîte hunn, an anere Staf, Maintenance a Base, fir kënne vun de Fluchrechter ze profitéieren. Do wär d'EU gefrot, fir eng eenheetlech Regelung fir esou Konditiounen ze setzen.

Fir de Standuert Findel ze stäerken, wäerten d'Piraten och hiren Accord ginn.

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Merci villmools, Här Goergen.

Wëllt D'Regierung nach eppes soen?

Dat ass net de Fall.

Da kënne mer zur Ofstëmmung kommen iwwert de Projet de loi 7313. Den Text steet am Document parlementaire 7313[3].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7313 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration.

De Vott ass heimat ofgeschloss. De Projet de loi 7313 ass mat 60 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*MM. Marc Angel (par M. Yves Cruchten), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini (par M. François Benoy) ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass dat esou decidéiert.

### 9. 7362 - Projet de loi

**1° portant approbation du protocole modifiant l'Accord du 9 février 1994 relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes par des véhicules utilitaires lourds conformément à la directive 2011/76/UE du Parlement européen et du Conseil du 27 septembre 2011 modifiant la directive 1999/62/CE relative à la taxation des poids lourds pour l'utilisation de certaines infrastructures, fait à Bruxelles, le 6 décembre 2017 ;**

**2° modifiant la loi modifiée du 24 février 1995 portant approbation et application de l'Accord relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes par des véhicules utilitaires lourds, fait à Bruxelles, le 9 février 1994**

Dee leschte Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 7362 iwwert d'Stroossennotzungsrecht vu Camionen op EU-Niveau. An nach eng Kéier ass de Rapporteur den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics***

**M. Carlo Back** *(déi gréng), rapporteur*.- Jo. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi 7362 handelt et sech ëm eng Upassung vum System vun der Eurovignette, dat heescht, dem System vu Camionspeagen, déi schonns zënter 24 Joer respektiv zanter 1995 zu Lëtzebuerg applizéiert ginn. Mat dësem Projet ratifizéiere mir haut engersäits den Eurovignette-Zousazprotokoll vum 6. Dezember 2017 an adaptéieren doriwwer eraus och eis national Gesetzgebung.

De Projet de loi 7362 ass de 27. September 2018 vum Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen an der Chamber deposéiert ginn.

Ech erklären hei déi wichtegst Punkten, andeems ech mech op de Rapport baséieren, dee bei der zouständeger Kommissioun den 21. Mäerz dëst Joer ugeholl gouf.

Wat ass d'Eurovignette? Den 9. Februar 1994 hunn d'Belsch, Dänemark, Däitschland, Lëtzebuerg an Holland beschloss, ee kollektive System anzeféieren, fir déi schwéier Gefierer op Autobunnen a verschiddene Stroossen, déi se befueren, ze taxéieren. Dës Eurovignette ass gülteg an all deene Länner, déi deem System vun der Eurovignette ugehéieren. Et handelt sech dobäi ëm Gefierer fir Wuerentransport, déi een zoulässegt Maximalgewiicht vun zwielef Tonnen oder méi hunn a wou d'Recettë vun dëser Vignette no engem präzise Quote-part-System ënnert de Memberstate verdeelt gëtt.

Momentan si just nach véier Länner Member vum Eurovignette-System: Dänemark, Schweden, Holland an ebe Lëtzebuerg. Schweden hat sech dësem System 1998 ugeschloss, wärend Däitschland, wéi Der gutt wësst, 2017 decidéiert huet, op den 1. Januar 2018 auszetrieden, well si hiren eegenen LKW-Maut-System op d'Bee gesat hunn.

An der Zwëschenzäit huet och d'Belsch ugekënnegt, datt si de System Eurovignette ab dem 1. Januar 2020 géif verloossen, definitiv verloossen, nodeem se de facto schonn zënter 2016 en eegene System applizéieren.

Wat fir Ännerunge bréngt den Zousazprotokoll mat sech?

Engersäits gëtt et eng Upassung vun den Tariffer, déi ee muss bezuelen, fir d'Eurovignette ze kréien. Dës Tariffer sinn ofhängeg vun der Euronorm vun de Camionen, also den Normen haaptsächlech vun de Motore vun deene Camionen, dat heescht, wat vu Schadstoffemissioun bei de Camione verursaacht gëtt. D'Eurovignette setzt op d'Logik vum Pollueur-payeur.

Mat deenen haitegen Ännerunge gëtt, wéi gesot, déi nei Euro-VI-Norm vun deenen Dieselcamionen op d'Eurovignette-Tariffstruktur opgeholl a graduell ëmgesat. Bis Enn 2019 ass den Tariff fir d'Euronorme V a VI nach gläich. Ab 2020 gëtt d'Euronorm VI da méi bëlleg wéi d'Euronorm V.

Eng Informatioun: Hei zu Lëtzebuerg sinn d'Camionen, déi mat lëtzebuergeschen Immatrikulatioune fueren, meeschtens Euronorm V a VI.

An do ee klengt Beispill, wat do fir Recetten ustinn: Ab 2020 bezilt een Euronorm I-Camion mat dräi Achsen 1.223 Euro pro Joer. Deeselwechten Typ Camion mat Euronorm V bezilt 794 Euro d'Joer. An de Camion mat Euro VI just nach 750. Bei där déckster Kategorie, dem Camion mat véier Achsen oder méi wäerten d'Tariffer ab 2020 bei 2.042 Euro bei Euro I-Camione sinn, 1.327 fir Euro V-Camionen an nach 1.250 Euro fir déi am mannste polluanten: d'Camione mat Euro VI-Norm oder besser.

Mam Protokoll gouf den Eurovignette-Accord vun 1994 och un déi lescht EU-Direktiv an dësem Beräich ugepasst, d'Direktiv 2011/76/CE, déi mir zu Lëtzebuerg awer schonn onofhängeg vum Accord Eurovignette mam Gesetz vum 2. Abrëll 2014 ëmgesat hunn.

Des Weidere gëtt mam Protokoll och de Verdeelungsschlëssel vun de Recettë vun der Vignette un déi reduzéiert Zuel vu Länner ugepasst. De lëtzebuergeschen Undeel un deene Gesamtrecettë gëtt deementspriechend an d'Luucht gesat a läit elo bei 5,2 % vun alle Vignetten, déi am Ausland kaaft ginn. Dat heescht vu Camionneuren aus Net-Eurovignette-Memberlänner.

D'Recettë vun de Vignettë fir am eegene Land ugemellte Camione fléissen net an dat gemeinsamt Eurovignette-Déppen, mä fléissen direkt un dat jeeweilegt Land.

De Conseil d'État huet keng Opposition formelle zu dësem Projet de loi gemaach, wärenddeems d'Chambre de Commerce d'Ureegung gemaach huet a Richtung, fir eng europäesch Léisung respektiv eng Eurovignette op europäeschem Niveau anzeféieren.

Dat gesot, bréngen ech och hei den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet. Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président*.- Merci villmools, Här Back.

***Discussion générale***

Éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Wilmes, dee Jo gesot huet.

Datselwecht seet den Här Max Hahn wéi och den Här Yves Cruchten.

An den Här Marc Goergen, dee wëllt eppes soen, gradesou gutt wéi den Här Engelen näischt wëllt soen.

***(Hilarité)***

Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** *(Piraten)*.- Sou, an nach ëmmer genuch Energie. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Eurovignette ass en Accord tëschent verschiddenen europäesche Länner, mam Zil, eng eenheetlech Vignette fir d'Camionstransporteuren unzebidden. Den Numm „Euro" ass dobäi awer éischter eng Mogelpackung.

D'Vignette ass eng Zäitvignette, déi jeeweils fir eng bestëmmte Period kaaft gëtt. De Präis vun der Vignette ass gekoppelt un d'Motoriséierung vun de Gefierer no der Euronorm. Déi ass Berechnungskritär fir den Ausstouss vun de Verbrennungsmotoren. Mä et gëtt dës Vignette elo scho méi wéi 20 Joer.

Wivill EU-Länner mengt Dir, Dir Dammen an Dir Hären, dass dann aktuell nach bei dëser Vignette matmaachen? 27? Neen! 20? Och net! 10? Neen! 5? Emol net!

Et sinn nach véier Länner, déi nach matmaache bei der Eurovignette. Dofir ass den Numm eigentlech eng Mogelpackung. Wa vu geschwë 27 Länner nëmmen nach véier matmaachen, géif ech dat als prozentual marginal bezeechnen.

Et däerf ee wuel soen, dass d'Iddi hannert dëser Vignette leider gescheitert ass. Dass nëmme sechs Länner sech un dësem Projet bedeelegt hunn an dovunner nach zwee ofgespronge sinn, weist, dass dës Vignette keng Zukunft méi huet. Jiddefalls net ënnert dëser Form.

Firwat dës Vignette versot huet, firwat dass d'Entreprisë mat dëser Vignette eng Openthaltsdauer bezuelen an net déi eigentlech Kilometerzuel, déi se fueren: Et geet hei ëm d'Ëmweltbelaaschtung, déi guer net gekuckt gëtt. Dëse System spillt virun allem den Transportfirmaen an d'Kaarten. Et bezilt een eemol an dofir kann een d'Stroossereseaue vun de Vignette-Länner esou oft benotzen, wéi ee wëllt. Mir sinn hei einfach an engem System vun: „All you can eat."

Mä, mir wësse jo, wéi et beim „all you can eat" ass: Oft mécht ee sech den Teller vill ze voll an d'Bëtz fléien an d'Poubelle. Ma esou ass dat

och hei, well de Camionschauffer fiert bis op dee leschte Kilometer am Land. Mat der Eurovignette dierf en dat jo!

E weidere Kritikpunkt ass, dass d'Eurovignette nom Prinzip funktionéiert: Wie bezuele kann, deen däerf och Knascht maachen. Mir fannen et wierklech falsch, dass Camione mat niddregen Euronormmotoren op eisen Autobunne rullen däerfen an de Pollueur-payeur-Prinzip doduerjer eigentlech total ausgehiewelt gëtt.

Mir Piraten denken, dass et net dierf sinn. Amplaz sech Sue sichen ze goe fir Camionen, déi mat ale Motore fueren, sollte mer higoen an déi Camione mat deenen alen Euronorme guer net méi eraloossen. Schlecht Loft ass net erëm mat Geld guttzemaachen. Fir eng gesond Ëmwelt misst een der Eurovignette Limitten abauen.

Mir Piraten gleewen, dass mer en Neiufank brauchen an eng nei richteg Eurovignette op d'Bee gestallt muss ginn. Dofir fuerdere mer d'Regierung op, déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen, fir op engem europäeschen Niveau eng richteg Eurovignette anzeféieren.

Déi aktuell Vignette, an dësem Gesetz, gesi mir just als Startpist fir eng richteg Eurovignette. Op jidde Fall ass et besser, eppes am Glas ze hu wéi näischt. Dofir wäerten d'Piraten dëst Gesetz och matstëmmen, mam Zil, dass et besser gëtt.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Merci, Här President, deene ville Riedner fir hir Bäiträg. Ech wëll dem Här Goergen awer vläicht an zwee Sätz e puer Saache soen. Ech mengen, mat deem, wat en hei beschreift a wat e gär hätt zum Schluss, sinn ech averstanen. Dat ass och meng Meenung. Mä fir dohinner ze kommen, dat ass e bësse méi komplizéiert.

Ech kann em just soen, ech hunn net gewaart drop, datt d'Piraten mech géifen opfuerderen, fir mech anzesetzen am EU-Transport-Conseil, fir en europäesche System ze kréien. Dat maachen ech do zënter fënnef Joer. Ech war am Ufank deen Eenzegen. An dat huet awer schonns seng Friichte gedroen, well am Road-Package, deen d'Kommissioun d'lescht Joer deposéiert huet, nodeem ech am Ufank am europäeschen Transport-Conseil vum deemolegen Transportkommissär, dem Här Kallas, nach beläächelt gi sinn, wann ech esou Interventioune gemaach hunn, huet d'Madamm Bulc dat awer um Schluss anescht gesinn an am Road-Package ass kloer eng Orientatioun dran, fir en europäesche System ze kréien, deen effektiv op dem Principe « pollueur-payeur » opbaut an deen herno europäesch ass.

Elo soen ech lech awer direkt: Ech si frou, datt d'Kommissioun do eigentlech méi wäit ass wéi déi meescht Nationalstaten, well an den Nationalstate gesäit d'Situatioun natierlech ganz aneschters aus. A meeschtens ..., Dir braucht jo nëmmen ze kucken, wéi Frankräich en eegene System wollt aféieren, zu wat dat gefouert huet: Du war Frankräich am Ausnamezoustand wärend Wochen a Woche vu Streik vu Camioneneuren! Dorop, wéi déi Streiken organiséiert gi sinn, wëll ech elo net hei agoen, do ka jiddweree sech seng eege Meenung maachen, wann een dat emol historesch noliese geet. Dat heescht, Dir hutt eng Situatioun an Europa, datt natierlech d'Transportgesellschaften éischtens ganz aneschters an hiren Interêten dostinn.

Et gëtt e Rëss duerch Europa, tëschent Osteuropa an dem Rescht vun Europa de Moment. Dat gesitt Der och bei den Aarbechtsbedéngungen. Wann Der d'Debatt verfollegt hutt gëschter am Parlament, am Europaparlament, andeems mir am Transport-Conseil, mengen ech, e Kompromëss, och vill mat Hëllef vu Lëtzebuerg, erausgeschloen hu fir d'Aarbechtskonditiounen, dee relativ e Schrëtt no vir gewiescht wär, si mer elo am Europaparlament komplett blockéiert.

Den honorabelen Här Bach am Europaparlament huet sech nach haut a Presseartikelen zu Recht opgereegt, datt et en Aarmutszeugnis ass, datt d'Europaparlament sech net zesummegerappt kritt, fir do uerdentlech sozial Standarden ze schafen.

An d'nämlecht ass et hei. Hei ass et ganz kloer: Osteuropäesch Länner hunn iwwerhaapt keen Interêt un engem eenheetleche System, och scho guer net um Principe « pollueur-payeur ». An duerfir ass et natierlech net einfach, fir en europäesche System ze kréien.

Déi Vignette hei, dat ass richteg, dat ass sécherlech net d'Ee vum Columbus, mä derfir - muss een awer och soen - kann d'Iddi net. Ech mengen, et hätt ee méi heiraus kënne maachen, wann de Wëllen do gewiescht wär.

Elo sinn eenzel Länner op hiren eegene Wee gaangen. Däitschland huet eng Maut agefouert, déi iwwregens awer op de Kilometer gerechent gëtt. An och d'Belsch, wéi dat de Fall ass.

Mir hunn eis zu Lëtzebuerg ee Moment iwwerluecht, ob mer selwer esou ee System sollten aféieren. Mä mir hunn e klengen Autobunnsreseau. Mir kënnen eis héchstens uschléissen un den Nopeschreseau. Dat wär fir eis relativ komplizéiert a komplex. Mä mir hunn awer eng Etüd maache gelooss bei engem Büro, wou mer d'Vir- an d'Nodeeler beliicht kritt hunn, wa mer en Alleingang géife maachen. A fir mech hunn do bei engem Alleingang d'Nodeeler iwwerwien, och d'Risike fir eis Lëtzebuerger Transporteuren, déi an der Regel awer Camionen hunn, déi éischter, wéi de Carlo Back et och gesot huet, en héijen Ëmweltstandard hunn. Mä mir bleiwen derhannert.

Op alle Fall, meng Meenung ass ganz kloer: Mir brauchen hei eng europäesch Léisung. An ech erhoffe mer och, datt, duerch déi nei Virgaben, déi mer elo kritt hunn aus dem Ëmweltministerrot respektiv och aus dem Konkurrenzministerrot an och vun der Kommissioun, fir datt d'Camionneure mat den $CO_2$-Emissiounen mussen erofgoen, dat och en Impakt huet an nach eng Kéier eng Dynamik bréngt an déi heiten Diskussioun, soudatt mer an deenen nächsten … Et muss een elo kucken, wat bei den Europawahlen erauskënnt, wéi d'Parlament sech wäert zesummesetzen a wéi dann och d'Kommissioun sech wäert zesummesetzen. An dann hoffen ech, datt mer an deem Dossier do weiderkommen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Mobilitéitsminister François Bausch.

Mir kënnen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7362 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 7362[4].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7362 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7362 ass mat 58 Stëmmen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7362 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*MM. Marc Angel (par M. Yves Cruchten), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot (par M. Mars Di Bartolomeo), Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini (par M. François Benoy) ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass dat esou decidéiert.

Den Här Wolter freet nach d'Wuert.

## 10. Question urgente n° 0569 de M. Michel Wolter relative à la peste porcine (suite)

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Här President, ech géif gär d'Wuert froen opgrond vum Artikel 45 vun eisem Reglement, fir Fait personnel an den Depôt vu Pièccen.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Wolter, Dir hutt d'Wuert, mä mir sinn hei elo a kenger richteger Prozedur dran.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Ma dach.

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Dir däerft just déi Pièccen do deposéieren.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Dach, dach, laut Artikel 45, dee mer fënnef Minutte gëtt, fir ze exposéieren. Ech brauch se net, maacht lech keng Gedanken!

**M. Fernand Etgen**, *Président*.- Okay. Da si mer berouegt.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Här President, ech si virdru vun engem Minister hei als Ligener bezeechent ginn, respektiv als e Buergermeeschter, deen net weess, wat a senger Gemeng passéiert.

D'Regierung huet Pièccen deposéiert an engem Dossier, dee mer zesummen hei traitéiert hunn. Ech géif déi gären der Rei no duerchgoen. Déi éischt Pièce, déi se deposéiert huet, ass e Bréif vum 25. Mäerz vum Dokter Felix Wildschutz un d'Adress vun eiser Gemeng an un d'Gemeng Stengefort, wou de Mann eis schreift, dass hien zoustänneg wier an dass hien de Gespréichspartner vun eis wier.


CHAMBRE DES DÉPUTÉS

d'Chamber live op
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu

- L'actualité parlementaire sur www.chd.lu
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les pétitions, les émissions « Chamber aktuell » et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.
- La Chambre et les jeunes : si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse ? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.
- Comment est créée la loi ? Toutes les explications en texte et en images sur www.chd.lu.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui : retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages « organisation et fonctionnement » de la Chambre des Députés.

Dee Bréif, Här President, deen ass gëschter, de 27. Mäerz, op der Gemeng ukomm par lettre par voie postale, ass mer also, well ech an der Chamber war, gëschter Owend an d'Hänn komm, an engem Moment, wou noweisbar de Bau vun där Constructioun schonn ugefaangen hat.

***(M. Michel Wolter dépose un document.)***

**M. Fernand Etgen**, *Président.*- Merci.

**M. Michel Wolter** *(CSV).*- Déi zweet Pièce, déi ech lech wëll matginn. Et ass effektiv richteg, dass mir iwwer Mail vum 20.3., déi mer kritt hu vun enger Madamm Cynthia Noël, dat muss eng Mataarbechterin sinn an engem vun de Ministèren, d'Kopie kritt hu vun enger zweeter Pièce, déi d'Regierung hei deposéiert huet, déi op den 20. Mäerz datéiert ass.

Wat awer och richteg ass, dat ass, dass déi Pièce eleng den Text a kee Plang hannendrun hat an dass an där Pièce steet: « Les travaux seront réalisés le long de la frontière belge. » Ech deposéieren lech déi Pièce an deem Zoustand, wéi mir se iwwer Mail vun enger Mataarbechterin aus engem Ministère op d'Gemeng kruten.

***(M. Michel Wolter dépose un deuxième document.)***

**M. Fernand Etgen**, *Président.*- Merci.

**M. Michel Wolter** *(CSV).*- Déi drëtt Pièce, Här President, déi sech rapportéiert op e Bréif vum 26. Mäerz, nees vun der Madamm Dieschbourg un de Minister vun der Mobilité et des travaux publics, muss ech soen, kann ech lech net deposéieren, well déi bis haut net an der Gemeng ukomm ass, weder an hirer schrëftlecher Versioun nach an hirer Kaarteversioun, déi Kaarteversioun, déi eigentlech eng Modifikatioun vun deem mat sech bréngt, wat an deem Bréif vum 20. Mäerz dann an där Autorisatioun steet, näämlech dass et ëm « le long de la frontière » géif goen. Déi Pièce ass bis haut net bei eis an der Gemeng ukomm, weder iwwer Mail nach iwwert d'Voie postale.

Et ass vum Minister gesot ginn, et hätt eng « Réunion au niveau technique » stattfonnt tëschent der Gemeng an deene verschiddene Verwaltungen, fir de Bau vun deem Zonk ze diskutéieren, an ech géif net wëssen, wat a menger Gemeng lass ass. Et ass méiglech, dass ech net weess, wat a menger Gemeng lass ass, toujours est-il, dass ech mat deenen dräi Leit aus dem Service technique geschwat hunn, well mir sinn eng kleng Gemeng, mir hunn der nëmmen dräi. Ech hu mat deenen dräi Leit geschwat, déi mer allen dräi soen, dass si a kenger Reunioun mat kenger Verwaltung an deene leschte Wochen a Méint gewiescht wären, fir iwwert de Bau vun engem Zonk duerch d'Gemeng Käerjeng ze schwätzen. Ech wollt et just gesot hunn.

Falls sech géif erausstellen, dass e véierten oder e fënnefte Beamten, mat deem ech elo nach kee Kontakt konnt hunn, well ech net d'Impressioun hat, dass deen iergendwou vu senger Kompetenz hier an d'Nähe vun esou enger Reunioun komm wier, géif ech mech elo scho fir déi Ausso entschëllegen.

Fir de Fall, wou dat net de Fall war a keng Reunioun war, fannen ech et vum Minister e ganz staarkt Stéck.

An als Lescht, och do kann ech lech leider keng Pièce deposéieren, ass et esou, dass ech bis haut a menger Fonctioun als Buergermeeschter keng Demande en bonne et due forme vun iergendenger Verwaltung krut, fir main Deel dozou bäizedroen, dass een deen Zonk kéint maachen, wat mir legal zousteet als Buergermeeschter vu menger Gemeng, näämlech d'Baugeneemegung ze ginn, dat souwuel opgrond vum Artikel 37 vum Gesetz vun 2011 iwwert den Aménagement communal wéi nach iwwert d'Veruerdnung vu 1790 iwwert d'Salubrité, déi besonnesch och deen dote Fall, näämlech dee vun enger Schwéngspescht, vun enger Déiereseuch, esou gëtt dat iwwersat op Däitsch, also op Lëtzebuergesch, virgesäit.

Dat war alles, wat ech den honorabele Memberе vun der Chamber den Owend nach wollt soen. Ech behale mer selbstverständlech a menger anerer Fonctioun als Buergermeeschter all Rechter vir, fir op déi flagrant - flagrant! - Mëssuechtung vum Gemengegesetz a vun de Kompetenze vun enger Gemeng am richtege Moment an op déi appropriéiert Aart a Weis ze reagéieren.

Ech soen lech Merci.

**M. Fernand Etgen**, *Président.*- Merci villmools, Här Wolter. D'Chamber hëlt Kenntnis vun den deposéierte Pièccen a vun den Deklaratiounen.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung …

***(Interruptions)***

**M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.*- Här President, elo maache mer awer emol e Punkt! D'Regierung muss awer och nach eppes dozou soen oder wéi, wann esou Uschëllegunge gemaach gi wéi dat do?!

**M. Fernand Etgen**, *Président.*- Här Bausch, pardon, ech hat net gesinn, datt Der d'Wuert gefrot hat.

**M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.*- Et gëtt och nach e Verfassungsartikel. Soss muss ech mech déi nächste Kéier op dee referéieren. Ech hoffe jo awer, datt dat net de Fall ass.

Här President, ech fannen et bedauerlech, datt elo um Schluss vun der Sëtzung, wou déi zwee betraffe Ministeren, déi jo elo hei ugeschwat gi si vum Här Wolter, net hei sinn an dann och keng Chance hunn, eppes dozou ze soen, datt dat einfach esou hei an enger ëffentlecher Sitzung diskutéiert gëtt.

**Mme Octavie Modert** *(CSV).*- Et ass normal, d'Sitzung ass wéinst hinnen extra ënnerbrach ginn.

**M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.*- Jo, mä lauschtert emol! Ech muss lech awer soen, nach eng Kéier, dat ass dat, wat ech och de Mëtteg wollt soen hei: D'Regierung ass ganz flexibel, fir, wann d'Chamber et wënscht, selbstverständlech an d'Chamber ze kommen. Mä dat kann awer net bedeiten, datt d'Chamber hei stante pede decidéiert, e Minister misst hei sinn, wann en näischt dovu weess an e soll do op eppes äntwerten.

Dat heiten ass um Schluss vun der Sëtzung komm an et war net virgesinn, datt den Här Schneider an d'Madamm Dieschbourg elo nach hei op eppes misste reagéieren. An ech fannen dat net korrekt an net fair, datt …

***(Brouhaha général)***

Jo, Dir bloost an Dir souert, mä dat …

***(Interruption par M. Gast Gibéryen)***

Jo, mä dann hätt d'Chamber sollen decidéieren zu deem Moment, wéi d'Fro gestallt ginn ass, wéi den Här Wolter jo och schonn op en Artikel vum Reglement hin, ech war jo laang och Deputéierten, deen ech awer net kennen, sech d'Wuert nach eng Kéier gefrot huet an eppes hei gesot huet. Dann hätt Der sollen do als Chamber decidéieren: Mir féieren eng Debatt doriwwer. Dann hätten déi Ministere kënnen äntwerten.

Mä ech fannen et awer net richteg an net fair, an dat ass dat mannst, wat een nach muss soen, datt déi zwee betraffe Ministeren elo net kënnen hei sinn an net kënnen och reagéieren op dat, wat den Här Wolter gesot huet.

**Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV).*- Et war awer och net fair, fir den Debat dowéinst ze ënnerbriechen, well si keng Zäit haten!

**M. Fernand Etgen**, *Président.*- Eng leschte Kéier geet d'Wuert un den Här Wolter.

***(Interruption)***

**M. Michel Wolter** *(CSV).*- Jo, Här President, ech muss dann nach eng Kéier Parole après ministre froen, obschonn et mer leed deet. Et ass absolutt net esou, dass ech hei eng Debatt relancéiert hunn. Et ass esou, dass ech der Chamber Pièccen deposéiert hu par rapport zu Pièccen, déi vun der Regierung deposéiert gi sinn, an déi mech duergestallt hunn a menger Fonctioun als Buergermeeschter, wéi wann ech entweder meng Gemeng net géif kontrolléieren, net wéisst, wat do géif lafen, respektiv ech géif léien.

Méi hunn ech net gemaach.

***(Interruption)***

Ech hu keen Debat nei ugefaangen. Ech hu reagéiert par rapport zu Saachen, déi vun der Regierung gesot gi sinn, déi esou net stëmmen.

An ech hu souguer expressis verbis zum Schluss gesot, dass ech mer a menger Fonctioun als Buergermeeschter all Rechter virenthalen, fir op enger anerer Plaz - et ass net hei an der Chamber -, fir dat ze maachen, ze reagéieren op dat, wat a mengen Aen eng absolutt Violatioun vun de Gesetzgebungen an eng absolutt Beschneidung vun der Kompetenz vun de Lëtzebuerger Gemengen ass.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, *Président.*- Dont acte. An domadder si mer um Enn vun der Sitzung ukomm.

**Une voix.**- Voilà!

**Une autre voix.**- Très bien !

**M. Fernand Etgen**, *Président.*- Déi nächst Sitzunge si fir den 23., 24. a 25. Abrëll virgesinn.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(La séance publique est levée à 18.10 heures.)***

## Sommaire des séances publiques n^os^ 15 et 16

**15e séance**

Ouverture de la séance publique p. 173

7409 - Projet de loi portant modification de la loi du 28 octobre 2016 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles p. 173-174

7399 - Projet de loi portant modification :

1. des articles L. 232-2 et L. 233-4 du Code du travail ;

2. de l'article 28-1 de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État p. 174-178

Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet du projet Google et plus particulièrement sur les incidences de ce projet sur l'environnement naturel et les questions de l'énergie (consommation et approvisionnement) p. 178-184

Question élargie n° 4 de M. Marco Schank relative à l'avenir énergétique de la France et la gestion des déchets radioactifs p. 184-185

Ordre du jour p. 185

7350 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) 2017/852 du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2017 relatif au mercure et abrogeant le règlement (CE) n° 1102/2008 p. 185-187

7357 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 septembre 2015 relative aux produits biocides p. 187-189

7358 - Projet de loi portant modification de la loi du 16 décembre 2011 concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques ainsi que la classification, l'étiquetage et l'emballage des substances et mélanges chimiques p. 189

**16e séance**

Ouverture de la séance publique p. 190

7412 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration p. 190-192

7426 - Projet de loi relative à des mesures à prendre en relation avec le secteur financier en cas de retrait du Royaume-Uni de Grande-Bretagne et d'Irlande du Nord de l'Union européenne et modifiant :

1° la loi modifiée du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés et

2° la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif p. 192-194

Débat de consultation au sujet du Plan d'action national d'égalité des femmes et des hommes p. 194-198

Question urgente n° 0569 de M. Michel Wolter relative à la peste porcine p. 198-199

Débat de consultation au sujet du Plan d'action national d'égalité des femmes et des hommes (suite) p. 199-203

7130 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement de la Convention relative à l'aviation civile internationale [article 50, alinéa a)], signé à Montréal le 6 octobre 2016

et

7131 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement de la Convention relative à l'aviation civile internationale [article 56], signé à Montréal le 6 octobre 2016 p. 203-204

7313 - Projet de loi portant approbation

1° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Kazakhstan relatif à des services aériens, fait à Astana, le 21 mai 2015 ;

2° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République d'Arménie relatif à des services aériens, fait à Luxembourg, le 8 décembre 2015 ;

3° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Cameroun relatif au transport aérien, fait à Luxembourg, le 26 janvier 2016 ;

4° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Côte d'Ivoire relatif au transport aérien, fait à Luxembourg, le 4 février 2016 ;

5° de l'"Agreement between the Government of the Grand Duchy of Luxembourg and the Government of the Republic of Zambia on air services", fait à Luxembourg, le 29 février 2016 ;

6° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Turkménistan relatif à des services aériens, fait à Ashgabat, le 6 septembre 2016 ;

7° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la Mongolie relatif à des services aériens, fait à Leipzig, le 1er juin 2017 ;

8° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Colombie relatif à des services aériens, fait à New York, le 22 septembre 2017 ;

9° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Niger relatif au transport aérien, fait à Niamey, le 8 février 2018 p. 204-205

7362 - Projet de loi

1° portant approbation du protocole modifiant l'Accord du 9 février 1994 relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes par des véhicules utilitaires lourds conformément à la directive 2011/76/UE du Parlement européen et du Conseil du 27 septembre 2011 modifiant l a directive 1999/62/CE relative à la taxation des poids lourds pour l'utilisation de certaines infrastructures, fait à Bruxelles, le 6 décembre 2017 ;

2° modifiant la loi modifiée du 24 février 1995 portant approbation et application de l'Accord relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes par des véhicules utilitaires lourds, fait à Bruxelles, le 9 février 1994 p. 205-206

Question urgente n° 0569 de M. Michel Wolter relative à la peste porcine (suite) p. 206-207

# QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

COMPTE RENDU **N° 6** • SESSION ORDINAIRE 2018-2019


## Sommaire des questions parlementaires


| Question n° | Auteur | Objet |
|---|---|---|
| 0108 | Marc Goergen | Véhicules de police équipés de phares xénon |
| 0149 | Jeff Engelen | Bornes de recharge pour véhicules électriques |
| 0150 | Fernand Kartheiser | COP24 à Katowice |
| 0151 | Fernand Kartheiser | Discours du Grand-Duc |
| 0152 | Fernand Kartheiser | Alimentation dans les maisons relais et les crèches |
| 0153 | Marco Schank, Martine Hansen | Installation d'un lieu de consommation de drogues et d'un foyer de nuit à Ettelbruck |
| 0164 | Marc Lies | Réhabilitation de l'ancien président du Fonds du logement |
| 0165 | Fernand Kartheiser | Publication sur Facebook d'articles de presse |
| 0173 | Marc Goergen | Admission dans des maisons de soins pour personnes âgées |
| 0175 | Sven Clement | Logement des demandeurs et des bénéficiaires de protection internationale |
| 0188 | Mars Di Bartolomeo | Accueil des migrants |
| 0193 | Françoise Hetto-Gaasch | Annulation de la procédure PPP pour l'extension du Lycée technique de Bonnevoie |
| 0208 | André Bauler | Restauration des bâtiments historiques de l'ancienne école agricole à Ettelbruck |
| 0219 | Sven Clement | Centres de compétences en psychopédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire |
| 0294 | Marc Baum | Plateforme en ligne de réservations et de mise en relation entre chauffeurs professionnels de taxi et utilisateurs |
| 0307 | Marc Goergen | Dysfonctionnement de l'« Instrument Landing System » |
| 0317 | Paul Galles | Manuels scolaires |
| 0318 | Sven Clement | Croix de chemin |
| 0323 | Jeff Engelen | Château de Hollenfels |
| 0325 | Henri Kox | Pollution causée par le trafic des poids lourds sur les routes nationales |
| 0328 | Jeff Engelen | Nettoyage de chaussée après une fuite d'huile ou d'une chute d'arbre |
| 0332 | Nancy Arendt épouse Kemp | Loi antitabac |
| 0333 | Eugène Berger | Mentions « célibataire » et « divorcé(e) » sur les actes d'état civil et autres documents administratifs |
| 0334 | Sven Clement | Utilisation du fax par les administrations |
| 0336 | Gusty Graas | Nombre de médecins actifs |
| 0337 | Charles Margue, Carlo Back | Fraude dans les allocations de chômage involontaire dû aux intempéries |
| 0339 | Sven Clement | Délégations du personnel dans les conseils d'administration des entreprises comportant une participation de l'État |
| 0340 | Laurent Mosar | Voitures à hydrogène |
| 0345 | Sven Clement | Congé jeunesse et congé sportif |
| 0346 | Martine Hansen | Interdiction du glyphosate |
| 0347 | Marc Goergen | Flotte automobile du Gouvernement |
| 0349 | Françoise Hetto-Gaasch | Extension du réseau ferroviaire |
| 0351 | François Benoy | Couloirs de bus bidirectionnels |
| 0352 | Marc Spautz | Cas d'hépatite A dans une école à Schifflange |
| 0355 | Dan Biancalana | Dynamisation des commerces de proximité |
| 0356 | Sven Clement | Retransmissions sportives en direct |
| 0357 | Serge Wilmes | Vols de nuit |
| 0359 | Laurent Mosar | « Autonomous Rail Rapid Transit » |
| 0363 | Fernand Kartheiser | Grève internationale contre le changement climatique |
| 0367 | Léon Gloden | Énergies renouvelables |
| 0368 | Fernand Kartheiser | Aides financières accordées par l'OLAI |
| 0369 | Sven Clement | Élections européennes |
| 0370 | Jean-Marie Halsdorf | Fonctionnement des services d'urgence |
| 0373 | Jeff Engelen | Opérations aériennes à l'Aéroport de Luxembourg |
| 0374 | Max Hahn, Carole Hartmann | Application « Lebensretter » |
| 0375 | Martine Hansen | Différence entre le plan de tir et le gibier tiré |
| 0377 | Nancy Arendt épouse Kemp | Parking de la Coque |
| 0379 | David Wagner | Utilisation des données de l'échange automatique d'information |
| 0381 | Yves Cruchten, Georges Engel | Loyer des logements subventionnés |
| 0383 | André Bauler | Exposition de maquettes représentant les châteaux forts du Grand-Duché de Luxembourg |
| 0385 | Gusty Graas, Guy Arendt | Autorisation de la chasse pendant la nuit |
| 0386 | Fernand Kartheiser | Achat de terrains à l'étranger par les communes |
| 0387 | Mars Di Bartolomeo, Franz Fayot | Programme de soutien public à l'investissement |
| 0388 | Emile Eicher, Marc Spautz | Offices sociaux régionaux |
| 0390 | Diane Adehm | Plaintes dans le cadre de la réforme des taxis |
| 0392 | Gilles Roth | Organisation et fonctionnement du SAMU |
| 0393 | Marc Spautz | Gratuité des transports publics |
| 0394 | David Wagner | Devoir de diligence |
| 0396 | Fernand Kartheiser | Boîtes aux lettres à levée tardive |
| 0397 | Mars Di Bartolomeo | Imposition des contribuables mariés |
| 0399 | Marc Lies | Règlements de la circulation |
| 0400 | Sven Clement | Pensions allemandes payées aux collaborateurs nazis |
| 0401 | Diane Adehm | Stage d'officier de l'armée |
| 0402 | Diane Adehm | Refus d'admission à la formation de base de l'inspecteur de police |
| 0403 | Gilles Roth | Retards de paiement des aides financières en matière d'assainissement énergétique |
| 0404 | Yves Cruchten | Pneus d'hiver |
| 0405 | Jeff Engelen | Loutre d'Europe |
| 0406 | Jeff Engelen | Vente de glyphosate |
| 0407 | Mars Di Bartolomeo | Mesures de sensibilisation en matière d'accident nucléaire |
| 0410 | Marc Spautz | Zone industrielle « Um Monkeler » |
| 0411 | Marc Goergen | Réparations de produits |
| 0414 | Nancy Arendt épouse Kemp | « Bloomberg 2019 Healthiest Country Index » |
| 0415 | Diane Adehm, Gilles Roth | Établissements publics au Luxembourg |
| 0417 | Jeff Engelen | Entreposage de collections d'art privées dans les musées |
| 0426 | Jean-Marie Halsdorf | Gare d'Athus |
| 0435 | Laurent Mosar | LuxTrust |
| 0666 urgente | David Wagner, Marc Baum | Diffusion de spots électoraux |


**Question 0108** (18.12.2018) de **M. Marc Goergen** *(Piraten)* concernant les **véhicules de police équipés de phares xénon :**

Mir sinn informéiert ginn, dass an der Autoflott vun der Police Gefierer géifen existéieren, déi net mat Xenonluuchten equipéiert sinn. De Xenon huet vis-à-vis vun hierkëmmleche Liichtmëttelen de Virdeel, méi héich Liichtstréim ze produzéieren. Den Testrapporte vum ADAC no aus de Joren 2018 liicht eng Xenonluucht méi wäit wéi eng konventionell Halogenluucht, ass wéineger ufälleg fir Defekter an domadder sécherheetstechnesch besser wéi den Halogen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir bannenzeg Sécherheet a Mobilitéit dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit den Här Minister d'Ausso, dass Gefierer bei der Police ouni Xenonbeliichtung geliwwert gi sinn?

2. Wéi vill Prozent vun der Gesamtstroosseflott vun der Police ass insgesamt mat Xenonluucht equipéiert?

3. Kann den Här Minister eis d'Kritären opléschten, no deenen d'Stroossegefierer vun der Police ugeschaaft ginn, klasséiert no Gefierskategorie? Spillt d'Sécherheet vun de Policebeamten op de Strooss bei der Acquisitioun vu Gefierer eng Roll?

4. Gesäit den Här Minister et als néideg un, d'Stroossegefierer vun der Police mat Xenonluuchten auszestellen?

5. Gesäit den Här Minister eng Korrelatioun têschent der Sécherheet vun de Policebeamten am Déngscht an dem Equipement vun hire Stroossegefierer mat Xenonluuchten? Falls net, firwat gesäit den Här Minister et net als relevant un a wat wäre seng Proposen, fir d'Sécherheet vun de Policebeamten an hire Stroossegefierer ze verbesseren?

6. Kann den Här Minister opléschten, wéi vill nei Stroossegefierer säit 2013 bei der Police grand-ducale ugeschaaft gi sinn, opgeschlësselt pro Joer an a Prozent wéi vill dovunner mat enger Xenonbeliichtung equipéiert sinn?

**Réponse** (14.01.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure :*

ad 1. Sämtlech Gefierer, déi fir d'Police an de Joren 2017 an 2018 kaaft gi sinn, hunn op d'mannst Xenon- respektiv Bi-Xenonluuchten. An dem Cahier des charges war och d'Méiglechkeet ginn, fir d'Autoe mat LED-Luuchten ze liwweren.

ad 2.

- Am Joer 2017 (Procédure ouverte) ware sämtlech 35 Autoe mat Xenon-/Bi-Xenonluuchten equipéiert.

- Am Joer 2018 (Procédure ouverte) ware sämtlech 40 Autoe mat Xenon-/Bi-Xenonluuchten equipéiert.

- Am Joer 2016 (Procédure ouverte - Accord-cadre op sechs Joer) sinn am Ganzen 30 Camionettë fir d'Kommissariater mat dräi Roulementer bestallt ginn, déi alleguer iwwer Xenonluuchte verfügen.

- Am Ganze verfüügt d'Police momentan iwwer mindestens 89 Gefierer mat Xenonluuchten, dëst entsprécht +/- 10 % vun der gesamter Flott.

D'Police wäert aus Sécherheetsgrënn och an Zukunft hir Gefierer mat Xenon-/Bi-Xenonluuchte respektiv mat LED-Luuchte bestellen.

ad 3. D'Gefierer vun der Police ginn no hiren Asazberäicher ëffentlech ausgeschriwwen, an zwar no folgende Kritären:

- Typ vun Auto: Limousine, Break, MPV, SUV, ...
- Dimensioune vum Auto;
- Volume vum Kofferraum;
- Typ vu Verbrennungsmotor: Diesel/Bensinner;
- Motorleeschtung;
- Dréimoment vum Motor;
- Traktioun: 4x4 oder 4x2;
- Ofgasnorm: Euro 6c, Euro 6d-Temp, Euro 6d;
- Ausstouss vun $CO_2$;
- Verbrauch op 100 km am Stadzyklus (bis dato no der Norm NEDC - Cahier des charges vun 2019, wat nach an der Aarbecht ass, no NEDC 2.0 respektiv WLTP).

Wat d'Sécherheet vun de Policegefierer betrëfft, esou sinn déi, nieft de schonns erwäänte Luuchten, vum Wierk aus equipéiert mat:

- automatescher Boîte (z. B.: DSG);
- Airbags:
- fir de Chauffer a säi Bäifuerer,
- Säitenairbags,
- Kappairbags,
- Knéiairbags (ab dem Joer 2018);
- Niwwelluuchte vir an hannen (neierdéngs mat LED-Technik);
- Navigatiounssystem;
- Fräispriechanlag (Bluetooth);
- ABS, ASR, ESC;
- Scheiwebremse vir an hannen;
- automatesch Klimaanlag;
- Reensensoren;
- Kappstützen;
- metallen Trenngittere bei engem „Kombi-Break";
- Summer- a Wanterrieder.

Des Weidere ginn d'Gefierer vun der Police (Véhicules de patrouille) mat folgende policespezifeschen Equipementer ausgestatt:

- Frontblëtzer an LED-Technik vir;
- Heckblëtzer an LED-Technik hannen;
- Gyrophare um Daach an LED-Technik;
- UDS - Unfalldatenspeicher;
- digitale Funk mat engem verstoppten Noutruffknapp.

ad 4. Dëst brauch net ze geschéien, well dëst schonns säit 2016-2017 gemaach gëtt, an d'Police an Zukunft éischter d'Tendenz huet, a Richtung LED ze goen, dëst souwuel aus Sécherheetsgrënn wéi och aus technesche Grënn.

ad 5. D'Gefierer vun der Police hunn haut schonns en héije Sécherheetsstandard, esou wéi et aus der Lëscht vun den Equipementer ze liesen ass - ee Standard, deen et bei eisen auslännesche Kolleegen an dëser Form kaum gëtt.

ad 6. Fir d'Äntwert op dës Fro gëtt den honorabelen Här Deputéierten op d'Äntwert vun der Fro 2 verwisen.

Et sief och betount, datt d'Xenonluuchte bei de Policegefierer nëmmen ee Brochdeel vun der

Sécherheet duerstellen, an d'Gefier ëmmer als Ganzt muss gekuckt ginn.

**Question 0149** (04.01.2019) de **M. Jeff Engelen** *(ADR)* concernant les **bornes de recharge pour véhicules électriques :**

A leschter Zäit kommen ëmmer méi Elektroautoen op de Maart, wat jo och vun der Regierung propagéiert gëtt. D'Opluede vun den Autosbatterië braucht awer vill Stroum. D'E-Autoe kënnen nëmme sënnvoll genotzt ginn, wa si mat engem „Schnelllader" opgeluede ginn. Déi Apparater, déi mat Gläichstroum schaffen, hunn awer en héije Stroumverbrauch (eenzel Quelle schwätzen dervun, datt zwou bis dräi Stonne Lueden esou vill Stroum brauch wéi sechs Eefamilljenhaiser pro Dag) a sinn entspriechend deier.

Duerfir wëll ech dës Froen un den Här Energieminister riichten:

1. Hunn déi jeeweileg Stroumnetzer hei am Land genuch Capacitéit, fir där zousätzlecher Nofro duerch d'Beluede vun Elektroautoe Meeschter ze ginn?

2. Bei wéi vill zougeloossenen Elektroautoe gëtt eng kritesch Grenz erreecht oder si gréisser infrastrukturell Aarbechten néideg?

3. Wéi wär d'Situatioun zum Beispill, wann 20 % vun den haut zougeloossene Gefierer E-Autoe wären, déi all en eegenen „Schnelllader" hätten?

4. Ass geplangt, déi 800 Luedstatiounen uechter d'Land all mat „Schnelllader" ze equipéieren?

5. Ass beim privaten Installéiere vun „Schnelllader" doheem mat zousätzlechen Ausgaben oder Taxen ze rechnen?

6. Wéi gëtt de Präis fir den néidege Stroum hei berechent? Ass dëse Präis, nieft de steierleche Virdeeler beim Kaf vun esou engem Auto, subventionéiert oder gëtt do de reelle Stroumpräis verlaangt?

7. Huet d'Regierung wëlles, de Präis fir d'Opluede vun E-Autoen an der Ëffentlechkeet ze reglementéieren (wéi beim Bensinn an Diesel) oder bleift de Präis de Bedreiwer vun de Luedstatiounen iwwerlooss?

8. Ass aus Gerechtegkeetsgrënn net och um Stroum fir E-Autoen op d'mannst eng Akzisesteier fälleg, wéi se fir den Dreifstoff vu Verbrennungsmotore gëllt?

**Réponse commune** (06.02.2019) de **M. Claude Turmes,** *Ministre de l'Énergie,* et de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :*

Et ginn 800 ëffentlech accessibel „Chargy"-Opluedstatioune mat jeeweils zwee Opluedpunkte pro Statioun landeswäit bis Enn 2020 vun de Stroumnetzbedreiwer installéiert. Dobäi kommen nach „Chargy OK"-Opluedstatiounen, déi nach vun aneren ëffentlechen oder privaten Akteuren installéiert ginn a genausou fonctionnéieren. Domadder ass Lëtzebuerg ënnert den Top-3 an Europa, wat d'Densitéit vum Reseau ugeet.

Dës Statiounen, déi iwwer eng Ausschreiwung mat gréngem Stroum alimentéiert ginn, kënnen Elektroautoe mat enger Leeschtung vu bis zu 22 kW Wiesselstroum oplueden.

D'Grondiddi vun däser ëffentlecher Opluedinfrastruktur ass, fir de Leit eng Méiglechkeet ze bidden, déi eng länger Zäit op engem ëffentleche Parking, Park & Ride oder soss am ëffentleche Raum parken, hiren Auto kënnen opzelueden.

Dës Statioune stellen eng flächendeckend Infrastruktur am ganze Land duer, déi et erlaabt, fir op d'mannst 10 % vum nationale Fuerpark, also zirka 40.000 Autoen, kënnen ze zerwéieren. Dës Infrastruktur ka jee no Bedarf awer och nach vergréissert ginn, soudass och 20 % vun den zougeloossene Gefierer kéinten ouni Problem bedéngt ginn.

D'Stroumnetzer si fir dës Infrastruktur staark genuch ausgeluecht. Et sief dobäi och nach bemierkt, dass, wann 20 % vun den zougeloossene Gefierer Elektroautoe wieren an am Schnëtt 20.000 km am Joer géife fueren, dëst grad emol zirka 4,9 % vum gesamte Stroumverbrauch am Land géif ausmaachen.

De Reseau „Chargy" besteet aus Opluedstatiounen, déi mat bis zu 22 kW d'Autoe kënne lueden. Esou Opluedstatioune kënnen an enger Stonn d'Autonomie vum Auto ëm bis zu 150 km vergréisseren a ginn domadder duer, fir am Alldag mat engem Elektroauto ze fueren. Wärend der Woch fiert en Autofuerer an der Moyenne 39 km den Dag (Luxmobil, 2017). Well „Chargy"-Opluedstatiounen op engem ëffentleche Parking, engem Park & Ride oder soss am ëffentleche Raum opgestallt sinn an domadder op Plaze stinn, op deenen d'Leit méi laang hiren Auto ofstellen an oplueden kënnen, ass et dofir och net noutwendeg an och net geplangt, déi 800 „Chargy"-Opluedstatiounen uechter d'Land mat „Schnelllader" ëmzerüsten.

Eng Etüd, déi 2011 vun der Regierung a vum Institut luxembourgeois de régulation (ILR) an Optrag gi gouf, huet gewisen, dass 95 % vum Oplueden op privaten Opluedpunkten a virun allem bei de Leit doheem realiséiert ginn, also och op Plazen, op deenen d'Elektroautoe méi laang ofgestallt sinn, beispillsweis a Garagen.

Fir an Zukunft mat engem Elektroauto awer och méi bequem wäit reesen ze kënnen, ginn et an Europa Bestriewungen, fir op deene groussen Autobunnsachse queesch duerch Europa eng Infrastruktur opzeriichten, déi et erméiglecht, Elektroautoe mat Hëllef vun „Schnelllader", déi mat mindestens 150 kW Gläichstroum kënne lueden, bannent enger Véierelsstonn zu 80 % opzelueden. „Schnelllader" sinn also virun allem geduecht, fir mam Elektroauto kënnen Distanze vu puer honnert Kilometer zréckzeleeën, ouni tëschenduerch musse laang ze lueden. Dëst ass och d'Meenung vun den Hiersteller vun den Elektroautoen. An deem Kontext gëtt am Moment vun der Regierung gekuckt, fir och esou „Schnelllader", déi mat gréngem Stroum bedriwwe ginn, am Land ze installéieren. Dës solle prioritär beim Autobunnsreseau opgeriicht ginn a sollen och kompatibel mam „Chargy"-System sinn.

Europawäit sinn iwwregens laut dem „European Alternative Fuels Observatory" mëttlerweil iwwer 6.300 „Schnelllader" mat iwwer 22 kW Leeschtung an zirka 120.000 Luedpunkte bis zu 22 kW Leeschtung operationell. Lëtzebuerg setzt sech och zesumme mat den anere Benelux-Länner an, fir d'Ausschaffung fir eng interoperationell Luedinfrastruktur a ganz Europa ze schafen, fir dass och an noer Zukunft d'Lueden esou einfach gëtt wéi d'Tanken.

Wéi schonns duergeluecht, ass et net noutwendeg an domadder och net erwënscht, fir doheem „Schnelllader" ze installéieren. De Leit doheem gëtt geroden, fir hir Autoe mat enger Leeschtung vu maximal 11 kW Wiesselstroum opzelueden. Dëst geet duer, fir an e puer Stonnen en Auto erëm voll opzelueden a kann och bei engem normalen Haushaltsuschloss installéiert ginn, ouni dass zousätzlech Taxen duerch den Netzbedreiwer ufalen.

De Präis, deen d'Leit doheem fir de Stroum bezuelen, mat deem se hiren Auto oplueden, ass deeselwechte wéi de Stroumpräis fir den Haushaltsverbrauch. De Stroumpräis ass net subventionéiert an och net reguléiert. D'Leit kënnen sech hire Stroumfournisseur um fräie Marché selwer eraussichen.

Och fir d'Oplueden an der Ëffentlechkeet op den „Chargy"-Bornë kënnen d'Leit sech verschidden „fournisseurs de service de charge" um fräie Marché eraussichen, déi um Site vun „chargy.lu" opgelëscht sinn. De Präis vum Oplueden op den „Chargy"-Bornë gëtt vun „fournisseurs de service de charge" bestëmmt a ka soumat och variéieren. En ass net reglementéiert, mä ee fräie Marchéspräis.

D'Erreeche vun de Klimaziler an d'Verbessere vun der Loftqualitéit si Prioritéite vun der Regierung. D'Elektromobilitéit spillt dobäi eng wichteg Roll a soll geférdert ginn.

**Question 0150** (04.01.2019) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant la **COP24 à Katowice :**

Déi 24. Weltklimakonferenz am polnesche Katowice hat als prioritär Zilsetzung, déi technesch Dispositiounen an Ëmsetzungsmechanisme vun där 2015 zu Paräis opgestallter Klimakonventioun ze definéieren. Lëtzebuerg war bei dëser Konferenz vertrueden duerch S. K. A. de Groussherzog, deen och d'Wuert ergraff huet, an d'Madamm Ëmweltminister.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Premierminister an der Madamm Ëmweltminister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Statscheffe vu Memberstaten aus der Europäescher Unioun ware bei der 24. Weltklimakonferenz (COP) vertrueden a wéi vill vun hinnen hu sech mat enger Ried un d'Konferenz geriicht?

2. Gesäit d'Regierung et als opportun un, datt de Groussherzog op enger Konferenz präsent ass, déi techenescher Natur ass? Gëtt d'Funktioun vum Statschef doduerch net ofgewäert?

3. Wat fir eng Kritäre gesäit d'Regierung vir, fir S. K. A. dem Groussherzog ze proposéieren, op internationale Konferenze präsent ze sinn?

**Réponse commune** (04.02.2019) de **M. Xavier Bettel,** *Premier Ministre, Ministre d'État,* et de **Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :*

ad 1. Insgesamt hu siwe Statscheffe vu Memberstaten aus der Europäescher Unioun un der 24. Weltklimakonferenz deelgeholl a sech mat enger Ried un d'Konferenz geriicht, an dat aus folgende Länner: Bulgarien, Éisterräich, Finnland, Lettland, Lëtzebuerg, Polen a Slowenien.

ad 2. De polnesche President Andrzej Duda hat, esou wéi dat och am Virfeld vu vergaangene Klimakonferenzen de Fall war, all d'Stats- a Regierungscheffen op Kattowitz invitéiert, fir de Verhandlungen deen néidegen Impuls ze ginn.

Déi 24. Weltklimakonferenz war eng international Konferenz am Kader vun de Vereenten Natiounen, op Basis vun der United Nations Framework Convention on Climate Change (UNFCCC). Si war dee wichtegste Rendez-vous an deem Kontext no der Konferenz vu Paräis am Dezember 2015. Et goung drëms, d'Ausféierungsbestëmmung vum Paräiser Klimaaccord ofzeschléissen an domat sécherzestellen, datt den Accord ab 2020 kann ëmgesat ginn.

D'Funktioun vum Statschef gouf duerch seng Präsenz op där Konferenz kengesweegs ofgewäert - si ass am Géigendeel en Zeeche fir d'Wichtegkeet, déi d'Lëtzebuerger Regierung dem Klimaschutz aräumt. D'Unzuel un internationale Statscheffen (16), déi un der Konferenz deelgeholl hunn, weist, datt d'Lëtzebuerger Regierung bei där Aschätzung bei Wäitem net eleng dosteet.

ad 3. D'Grondviraussetzung, fir eng Participatioun vum Statschef bei esou Evenementer an d'A ze faassen, ass natierlech d'Existenz vun enger Invitatioun vum Organisateur an déi zäitlech Disponibilitéit vum Groussherzog.

D'Decisioun iwwert d'Participatioun geschitt an Ofstëmmung tëscht dem Statschef, dem Statsminister an dem jeeweilege Ressortminister nom Ofweie vun der Opportunitéit, bei esou enger Konferenz um héchsten Niveau vertrueden ze sinn an duerch déi Präsenz e Message iwwert d'Wichtegkeet, déi der Konferenz oder der Thematik bäigemooss gëtt, ze schécken. Vu datt de Format vun esou Konferenzen an hir Thematike staark variéieren, kann een hei keng rigid Kritären applizéieren. Natierlech spillt ënnert de Facteuren, déi a Betruecht gezu ginn, och de Kader (an dësem Fall d'Vereenten Natiounen) an d'Participatioun vun anere Statscheffen eng Roll.

**Question 0151** (04.01.2019) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant le **discours du Grand-Duc :**

Vill Leit kucken a lauschtere mat Interessi d'Botschaft vun eisem Groussherzog op Chrëschtdag. Säi Message ëmfaasst esouwuel gesellschaftlech wéi och méi politesch Themen an Analysen, rezent och a Formuléierungen, déi net onbedéngt de Konsens an der Gesellschaft fannen. Opgrond vun der Roll vun eisem Statschef, wéi si an der Verfassung festgeluecht ass, wëll ech dës Froen un den Här Premierminister riichten:

1. Gëtt de Message, deen S. K. A. de Groussherzog op Chrëschtowend op der Televisioun virdréit, vun der Regierung geschriwwen, matgeschriwwen oder autoriséiert? Ënnerläit dëse Message dem Prinzip vun der ministerieller Responsabilitéit, an dësem Fall vum Statsminister?

2. Am Fall, wou dës Fro mat Jo beäntwert gëtt, wie vun de Regierungsmemberen oder wéi e Gremium ass zoustänneg fir d'Redaktioun vun dem Text, deen d'Lëtzebuerger Chrëschtowend op der Tëlee vum Statschef presentéiert kréien?

3. Wéi ass d'politesch Neutralitéit vum groussherzogleche Message garantéiert, wann a leschter Instanz Regierungsmemberen iwwert de Wuertlaut decidéieren? Besteet net de Risiko, datt d'Funktioun an d'Autoritéit vum Statschef vun enger Regierung ka benotzt oder esouguer mëssbraucht ginn, fir hir eege politesch Iwwerzeegunge mat der Autoritéit vum Statschef ze propagéieren?

4. Wär et aus Grënn vun der Transparenz net ubruecht, virun der Sendung drop hinzeweisen, datt de Groussherzog e Message iwwerbréngt, deen ënnert der Verantwortung vun der Regierung d'Meenung vun der Regierung erëmspigelt, wann dann d'Regierung dee Message soll redigéieren oder autoriséieren? Gëtt et do eventuell am Ausland, zum Beispill am Vereenegte Kinnekräich, Referenzpunkten?

5. Wéi ass d'Situatioun am Hibléck op déi Ried, déi S. K. A. de Groussherzog bei der net reliéiser Feier op Nationalfeierdag hält? Ass d'Regierung redaktionell fir déi Ried zoustänneg? Wéi gëtt an deem Fall déi politesch Neutralitéit vun där Ried garantéiert?

**Réponse** (04.02.2019) de **M. Xavier Bettel,** *Premier Ministre, Ministre d'État :*

ad 1. + 2. De Message, deen de Statschef op Chrëschtowend op der Televisioun virdréit, gëtt vum Groussherzog an den zoustännege Servicer am Palais preparéiert.

De Statsminister kritt dee Message am Virfeld vun der Opnam vum Maréchalat de la Cour matgedeelt, wat him d'Méiglechkeet gëtt, dorop ze reagéieren an en in fine ze autoriséieren. Dat geschitt am Kader vun den institutionelle Relatioune mam groussherzoglechen Haff, déi, laut Arrêté grand-ducal du 5 décembre 2019 portant constitution des ministères, an d'Kompetenze vum Statsminister falen.

De Statsminister erënnert drun, datt laut Artikel 4 vun der Verfassung d'Persoun vum Groussherzog „inviolable" ass. Déi Inviolabilitéit implizéiert déi komplett Irresponsabilitéit vum Statschef, souwuel strofrechtlech wéi och politesch. D'Akte vum Statschef sinn deemno souwuel par essence wéi en droit onpolitesch.

De Corollaire dovunner ass, am Aklang mam Artikel 45 vun der Verfassung, datt d'Akte vum Statschef der Responsabilitéit vun der Regierung ënnerleien. Dat gëllt fir all ëffentlechen Optrëtt vum Statschef an deemno och fir deen uewe genannte Message.

ad 3. Wéi uewe beschriwwe gëtt de groussherzogleche Message vum Groussherzog an den zoustännege Servicer am Palais preparéiert.

Soulaang de Statschef sech an deem Kontext an deem Kader bewegt, deen eis Verfassung fir de Statschef virgesäit, gräift de Statsminister net an de Kär vun de Messagen, déi de Statschef bei där Geleeënheet wëllt virdroen, an, mä limitéiert sech op Suggestiounen, déi redaktioneller an net inhaltlecher Natur sinn. An dëser an an der viregter Legislaturperiod huet de Statsminister an deem Kontext keng Suggestioune gemaach, déi de Kär vun de Message betraff hätten.

Laut Artikel 33 vun der Verfassung ass de Statschef och Symbol fir d'Eenheet vum Land. De Statsminister gesäit dës wichteg Funktioun duerch keng vun den Aussoen, déi de Groussherzog am Kader vu senge Messagen a Riede gemaach huet, a Fro gestallt.

ad 4. De Statsminister ass net der Meenung, datt deen ugeschwatenen Hiweis am Lëtzebuerger Kontext ubruecht ass.

Et handelt sech ëm e Message vum Statschef an net vun der Regierung, wat och erklärt, firwat de Groussherzog dee virdréit an net de Premierminister. Och wann de Message vum Statschef, wéi beschriwwen, ënnert der Verantwortung vun der Regierung iwwerbruecht gëtt a si dee Message och am Virfeld gesäit, fir e kënnen ze autoriséieren, esou heescht dat net, datt de Message d'Meenung vun der Regierung erëmspigelt.

Soulaang de Statschef sech an deem Kader beweegt, deen eis Verfassung fir de Statschef virgesäit, gräift de Statsminister net an de Kär vun de Messagen an, déi de Statschef virdréit.

ad 5. D'Ried, déi de Statschef wärend der offizieller Zeremonie op Nationalfeierdag hält, ass Deel vun engem offiziellen Akt. D'Prozedur an d'Verdeelung vun de Responsabilitéite sinn hei déi nämlecht wéi déi, déi fir de Message, deen de Statschef op Chrëschtowend virdréit, gëllen, och dat am Aklang mat den Artikele 4 a 45 vun der Verfassung.

**Question 0152** (04.01.2019) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant l'**alimentation dans les maisons relais et les crèches :**

Well ëmmer méi Kanner hir Haaptmoolzecht net doheem anhuelen, wollt ech der Madamm Familljeminister, dem Här Gesondheetsminister an dem Här Schoulminister eng Rei Froe stellen, wat d'Ernierung an eise Crèchen a Maison-relaisen ugeet:

1. Wien ass zoustänneg fir d'Iwwerwaachung vun der Ernierung an de Crèchen an an de Maison-relaisen?

2. Wat fir Texter vu wéi engem Ministère, sief et Virschrëften oder Uleedungen, si landeswäit fir d'Ernierung an den ëffentleche Crèchen a Maison-relaise bannend?

3. Wéi wäit ass an esou Texter festgehalen, datt Lëtzebuerger respektiv regional lesswueren hei musse verschafft an zerwéiert ginn?

4. Awéiwäit gëtt hei landeswäit dat traditionellt Lëtzebuerger Iesse berücksichtegt?

5. Wéi ass séchergestallt, datt d'Personal, dat an de Crèchen oder an de Maison-relaise fir d'Iessen zoustänneg ass oder dës beliwwert, genuch iwwert d'Lëtzebuerger Iesskultur an Iessgewunnechte weess, fir esou eng Missioun ze erfëllen?

6. Awéiwäit ass séchergestallt, datt hei och wëssenschaftlech Erkenntnesser (wéi z. B. iwwert de Wäert vu Schwéngefleesch bei enger gesonder Ernierung) berücksichtegt ginn?

7. Sinn d'Ministeren der Meenung, datt e Kand, dat de gréissten Deel vun der Zäit an enger Crèche oder enger Maison relais ësst, do och soll déi traditionell Iesskultur vum Lëtzebuerger Land kennelëieren? Wär et aus deem Grond ubruecht, e puermol an der Woch typesch traditionell Lëtzebuerger Kichen an de Crèchen an an de Maison-relaisen ze zerwéieren?

8. Gëtt et eventuell divers kulturell oder reliéis Iessgewunnechten oder Virschrëften, déi an de Reglementer vun de Lëtzebuerger Autoritéiten hiren Nidderschlag fannen? Wa jo, wéi eng? Wa jo, sinn all Kanner heivu betraff oder gëtt et e besonnesche Kascht fir verschidde Kategorië vu Kanner?

9. Kënnen d'Elteren opgrond vu Lëtzebuerger Virschrëfte besonnescht Iesse fir hir Kanner verlaangen, z. B. ouni Schwéngefleesch oder datt e Kand soll veganen oder vegetaresche Kascht kréien? Wéi ginn esou Wënsch vun de Lëtzebuerger Autoritéite behandelt?

10. Wéi en Afloss hunn d'Elteren op de Menüsplang an den ëffentleche Crèchen oder Maison-relaisen?

**Réponse commune** (06.02.2019) de **M. Étienne Schneider,** *Ministre de la Santé,* de **Mme Corinne Cahen,** *Ministre de la Famille et de l'Intégration,* et de **M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :*

ad 1. D'Ernierung an de Services d'éducation et d'accueil (SEA) läit an der Verantwortung vum Bedreiwer. D'Agrementsreglement vun den SEAe gesäit eng equilibréiert Ernierung als eng vun den obligatoresche Prestatioune vun engem SEA vir. Gläichzäiteg verflicht sech all SEA, deen de Chèque-service accueil ubitt, dozou, den nationale Bildungsrahmenplan vun der non-formaler Bildung fir Kanner a Jugend mat senge Prinzipien ëmzesetzen.

De Gesondheetsministère ass an dësem Beräich zoustänneg fir d'Kontroll vun de gesetzlechen a reglementaresche Virschrëften am Beräich vun der Liewensmëttelsécherheet. Dës Kontrolle viséieren d'Iwwerwaachung vu gesondheetsrelevante Kritären, wéi zum Beispill mikrobiologesch Qualitéit vun de Liewensmëttel oder korrekt Kennzeechnung vun den allergene Substanzen, déi an de Liewensmëttel enthale sinn.

Dës Kontrolle gi vun der Divisioun fir Liewensmëttelsécherheet ausgefouert op Basis vum neie Liewensmëttelkontrollgesetz:

Loi du 28 juillet 2018 instaurant un système de contrôle et de sanctions relatif aux denrées alimentaires

http://data.legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2018/07/28/a675/jo

an déi pertinent europäesch Reglementatioun.

ad 2. De Gesondheetsministère zesumme mam Educatiounsministère huet 2017 e Guide erausbruecht mat Recommandatioune fir d'Ernierung an de Maison-relaisen. Dës Recommandatioune sinn op fräiwëlleger Basis.

Ënner folgendem Link fannt Dir d'Dokument:

http://sante.public.lu/fr/publications/g/guide-alimentation-saine-maison-relais/index.html

De Guide ass geduecht, fir de Käch an och den Educateuren ze hëllefen, de Kanner eng gesond an equilibréiert Ernierung bäizebréngen.

E Guide, nom selwechte Prinzip, spezifesch fir d'SEAen am Klengkandberäich ass amgaangen opgestallt ze ginn.

Am nationale Bildungsrahmenplan vun der non-formaler Bildung gëtt d'Thema vun der Ernierung och behandelt.

Ënner folgendem Link fannt Dir den nationale Bildungsrahmenplan:

http://www.men.public.lu/catalogue-publications/enfance/infos-generales-offre/180219-rahmenplan/de.pdf

ad 3. An dësem Guide gëtt de Professionellen un d'Häerz geluecht, op regional a saisonal Produiten zréckzegräifen. Dës Iesswueren ënnerstëtzen net nëmmen d'lokal Produzenten, mä hunn och de Virdeel, dass se e bessere Goût hunn a méi frësch sinn. Duerch déi kuerz Transportweeër hu se ausserdeem eng positiv Energiebilanz. Bei Fleesch a Fësch gëtt drop higewisen, dass d'Produiten aus aartgerechter Déierenhaltung an aus nohalteger Fëscherei solle kommen. Beim Waasser gëtt virgeschloen, Krunnewaasser ze gebrauchen.

ad 4. Och wa mir an engem multikulturelle Kontext zu Lëtzebuerg liewen an déi verschidden Iesskulture vun de Kanner an de Servicer solle wäertgeschat ginn, ass et och eng Missioun vun de Servicer, déi d'Iesse fir d'Kanner an der non-formaler Bildung zerwéieren, de Kanner déi lokal Traditiounen, an dat och a puncto Iessen, méi nozebréngen. Dozou verflicht sech all SEA, deen de Chèque-service accueil ubitt, laut nationalem Bildungsrahmenplan.

ad 5. Wéi schonn am Kader vun der 4. Fro erkläert, verflicht sech all SEA, deen de Chèque-service accueil ubitt, dozou, den nationale Bildungsrahmenplan vun der non-formaler Bildung ëmzesetzen. Et läit an der Verantwortung vum Bedreiwer, säi Personal deementspriechend anzestellen an ze forméieren.

ad 6. An enger gesonder Ernierung soll een eng Portioun pro Dag vun engem proteinräiche Liewensmëttel iessen. Dat ass ongeféier ¼ vum Teller. Dës proteinräich Liewensmëttel solle variéiert sinn iwwert d'Woch, dat heescht, et soll een tëschent Fleesch, Gefligel, Fësch an enger vegetarescher Alternativ ofwiesselen.

Wat d'Fleesch ugeet, soll ee méi moer Stécker privilegiéeren a Charcuterie, Gehacktes, Wurschten a Speck maximum eemol d'Woch op de Menü setzen.

D'Recommandatioune fir eng gesond Ernierung berücksichtege manner d'Origine vum Fleesch, mä éischter d'Qualitéit vum Stéck, baséiert op de Fettsaieren, déi dra sinn.

Esou hunn zum Beispill Speck, Wurschten a Charcuterie méi saturéiert Fettsaieren, déi de Risiko eropsetzen, fir un Häerz-Kreeslaf-Krankheeten ze erkranken.

ad 7. D'Kanner, déi an enger Struktur iessen, sollen all Iesskultur, déi hei zu Lëtzebuerg präsent ass, kennelëieren.

Dat Wichtegst bei der Auswiel vum Menü ass, dass se equilibréiert ass, kannergerecht zoubereet ass an erméiglecht, nei Liewensmëttel kennenzeléieren. Dat heescht, vill Geméis an Uebst a wéineg Ramzoossen, Charcuterie a Wurschten oder Frittéiertes.

Méi Informatioun iwwer eng gesond an equilibréiert Ernierung kënnt Dir op de Säiten 31-49 am Guide fir eng gesond Ernierung an de Maison-relaise fannen:

http://sante.public.lu/fr/publications/g/guide-alimentation-saine-maison-relais/index.html

Do ass et natierlech méiglech, vun Zäit zu Zäit Menüen aus der traditioneller Lëtzebuerger Kichen ze offréieren.

ad 8. Et gi keng Reglementer, wou divers kulturell oder reliéis Iessgewunnechten oder Virschrëfte festgehale sinn. De Guide, dee vum Gesondheetsministère an Zesummenaarbecht mam Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend ausgeschafft ginn ass, gëtt heizou Recommandatiounen.

ad 9. Wéi d'Demande fir en extrae Menü behandelt gëtt, gëtt vum Bedreiwer vum SEA selwer entscheet. D'Allergië sinn hei ausgeschloss, säit et eng national uniforméiséiert Prozedur gëtt. Ob d'Demande ëmgesat gëtt, hänkt ëmmer vun der Logistik an der jeeweileger Struktur of.

ad 10. Dee jeeweilege Bedreiwer entscheet, awéiwäit d'Elteren Afloss op de Menüsplang vun hirem Kand hunn. D'Elterebedeelegung ass och am nationale Bildungsrahmenplan fir non-formal Bildung virgesinn.

**Question 0153** (07.01.2019) de **M. Marco Schank** et **Mme Martine Hansen** *(CSV)* concernant l'**installation d'un lieu de consommation de drogues et d'un foyer de nuit à Ettelbruck :**

Dans le cadre de la lutte contre la toxicomanie et les addictions, l'accord de coalition 2018-2023 prévoit l'installation d'un lieu de consommation de drogues ainsi que la réalisation d'un projet de halte de nuit respectivement d'un foyer de nuit à Ettelbruck. Or, dans le passé, la création d'une salle de consommation de drogues dans la région nord du pays n'a pas été envisagée et n'a pas été jugée nécessaire par les gouvernements successifs. L'accent a été mis sur l'élargissement de l'offre existante au niveau des services de prévention et d'accompagnement notamment par l'ouverture d'un centre d'accueil bas seuil à Ettelbruck.

Au vu du fait que la ville d'Ettelbruck accueille depuis des décennies des personnes vulnérables dans des structures décentralisées respectivement des structures d'hébergement diverses, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Santé et à Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration :

1) Le Gouvernement a-t-il évalué les besoins en salles de consommation de drogues et de foyers de nuit à travers tout le pays ? Quels sont les résultats de cette analyse ?

2) Le Gouvernement peut-il informer sur les critères qui ont été pris en considération pour l'implantation d'un lieu de consommation de drogues et d'un foyer de nuit précisément à Ettelbruck ?

3) Est-ce que l'installation de structures d'accueil pour personnes toxicomanes a également été analysée dans d'autres communes dans le nord du pays et, le cas échéant, lesquelles, et quelles ont été les conclusions ?

4) S'il est de la volonté du Gouvernement de décentraliser la problématique de la capitale, une multiplication de structures au sud et à Luxembourg-ville a-t-elle également été analysée ? Avec quels résultats ?

5) Est-il prévu d'associer la commune d'Ettelbruck à l'élaboration des projets susmentionnés et quels sont les délais de réalisation et de prise en fonction de ces structures ?

6) Le Gouvernement entend-il, le cas échéant, imposer la création d'une telle structure contre la volonté politique communale, unie dans cette question ?

**Réponse commune** (24.01.2019) de **M. Étienne Schneider,** *Ministre de la Santé,* et de **Mme Corinne Cahen,** *Ministre de la Famille et de l'Intégration :*

ad 1) Un ensemble d'indicateurs tels que le nombre de seringues échangées dans différentes régions du pays dans le cadre du programme national d'échange de seringues, le nombre de contacts avec les services bas seuil, le nombre d'épisodes de consultations spécialisées en toxicomanie, les observations et données des services spécialisés régionaux et la proportion de clients dans les structures à Luxembourg-ville qui ont leur domicile dans d'autres régions permettent une première appréciation de l'évolution de la situation et des besoins régionaux en matière de services d'aide et de traitement pour personnes toxicomanes en général et d'offres de réduction des risques et dommages en particulier. Ces indicateurs pointent notamment vers la nécessité de développer les offres en question dans les régions du sud et du nord du pays.

Pour ce qui est de l'implantation d'un foyer de nuit dans la région nord du pays, il y a lieu de préciser que les discussions portent sur la mise en place d'une halte de nuit, à savoir une structure de bas seuil qui n'est pas équipée de lits mais qui offre aux personnes sans abris un endroit où passer la nuit. L'évaluation à mi-parcours, en 2016, de la Stratégie nationale contre le sans-abrisme et l'exclusion liée au logement 2013-2020 préconise l'implantation de structures d'accueil d'urgence de taille réduite et décentralisées. Deux haltes de nuit fonctionnent actuellement à Luxembourg-ville (quartier de la gare et Ville Haute) et il est donc nécessaire d'étudier de possibles implantations dans les régions du sud et du nord du pays.

ad 2) Par le passé, la ville de Luxembourg, en tant que capitale, a été retenue pour l'implantation d'une salle de consommation supervisée de drogues pour la région du centre. La ville d'Esch-sur-Alzette, étant la ville la plus peuplée de la région du sud et profitant déjà de la présence de services spécialisés en matière de prise en charge de personnes toxicodépendantes, a été choisie pour la région du sud du pays. Ces deux villes ont assumé cette responsabilité et ont collaboré à la mise en place des offres visées. Vu l'ampleur de sa population, la ville d'Ettelbruck représente un acteur intéressant en ce qui concerne le projet de mise en place d'une offre comparable dans le nord du pays. Un autre critère important constitue le fait que différents services de prise en charge de personnes toxicomanes sont déjà implantés à Ettelbruck, dont la Fondation Jugend- an Drogenhëllef, gestionnaire de la future salle de consommation supervisée de drogues à Esch-sur-Alzette et implantée depuis plus de 15 années à Ettelbruck, notamment grâce à une bonne collaboration avec les autorités communales.

Les personnes sans abris qui ont recours aux haltes de nuit errent souvent aux alentours des gares et, étant donné que la gare d'Ettelbruck est l'une des gares les plus importantes en termes de voyageurs, l'idée d'installer, dans le bâtiment de la gare d'Ettelbruck, un service « Para-Chute », à l'instar du service du même nom offert à la gare de Luxembourg-ville, a été discutée avec les CFL.

Combiner le service « Para-Chute » des CFL avec une halte de nuit permettrait ainsi d'offrir un accompagnement social aux personnes en très grande précarité, tout en augmentant le sentiment de sécurité des voyageurs en gare d'Ettelbruck. Dans cet ordre d'idées, la création d'un service « Streetwork », qui irait de pair avec les deux services précités, est également envisageable.

Ainsi, un accès aisé en matière de transports publics constitue-t-il un autre atout lorsqu'il s'agit de garantir l'accessibilité à de telles offres. Notons toutefois qu'aucune décision y relative sera prise sans l'aval des autorités communales.

ad 3) Une analyse actualisée et davantage approfondie de la situation et des besoins en matière d'offres spécialisées complémentaires dans l'ensemble de la région du nord du pays est en cours d'exécution. Les résultats seront partagés avec les partenaires concernés, notamment avec les responsables politiques de la ville d'Ettelbruck.

ad 4) L'ouverture d'une nouvelle structure d'accueil et de réduction des risques pour personnes toxicodépendantes, intégrant une salle de consommation supervisée de drogues à Esch-sur-Alzette, est prévue pour le premier semestre de cette année. En ce qui concerne les offres de réduction de risques et dommages à Luxembourg-ville, les éventuels besoins d'adaptation seront évalués dans le cadre de l'élaboration du prochain Plan d'action national en matière de drogues d'acquisition illicite et d'addictions associées au cours de l'année en cours et également à la lumière des éventuelles répercussions que l'ouverture de la structure d'accueil à Esch-sur-Alzette aura sur le fonctionnement et le taux d'occupation des offres à Luxembourg-ville.

Les structures et les mesures d'accueil d'urgence pour personnes sans abris sont nombreuses à Luxembourg-ville ; dans l'optique de décentralisation préconisée par la Stratégie nationale contre le sans-abrisme et l'exclusion liée au logement, les besoins et les offres existantes dans les autres régions sont analysés.

ad 5) À l'instar des consultations et échanges avec les villes de Luxembourg et d'Esch-sur-Alzette, la ville d'Ettelbruck sera bien entendu associée à l'élaboration d'un éventuel projet d'aménagement d'une salle de consommation supervisée de drogues, dans la mesure où elle constitue un partenaire potentiel pour les raisons mentionnées plus haut. Ces consultations seront à mener dans le cadre de l'élaboration et de l'exécution du prochain plan d'action drogues et addictions 2020-2024. Une première entrevue avec le collège échevinal a eu lieu en date du 22 janvier 2019. Lors de cette entrevue a également été abordée la question de l'implantation éventuelle d'une halte de nuit pour personnes en très grande précarité.

ad 6) L'atteinte des objectifs des offres en question, qu'il s'agisse d'une salle de consommation supervisée de drogues ou d'une halte de nuit pour personnes sans abris, est dans une large mesure conditionnée par la collaboration active des autorités communales de la ville d'implantation et de leurs services compétents. Toujours est-il que le Gouvernement n'entend pas imposer la création d'une salle de consommation ou d'une halte de nuit contre la volonté des autorités communales.

**Question 0164** (09.01.2019) de **M. Marc Lies** *(CSV)* concernant la **réhabilitation de l'ancien président du Fonds du logement :**

Am Mäerz 2015 ass et zu der Revokatioun vum President vum Fonds du logement duerch déi deemoleg Wunnengsbauministesch komm. Am Raum stoungen d'Reprochë vu méiglechen Interessekonflikter respektiv „trafic d'influence", woufir eng Instruktioun opgemaach ginn ass.

D'Reprochen, datt déi betraffe Persoun vun hirer Positioun als President vum Fonds du logement abuséiert hätt, goufe kierzlech um Geriicht awer net zréckbehalen an et ass en Non-lieu geschwat ginn.

An dësem Kontext géif ech gär folgend Froen un d'Madamm Logementsminister riichten:

- Wat gedenkt d'Madamm Minister ze ënnerhuelen a Saache Rehabilitatioun vum fréiere President vum Fonds du logement?

- Wei kënnt esou eng Rehabilitatioun ausgesinn?

**Réponse** (16.01.2019) de **Mme Sam Tanson,** *Ministre du Logement :*

An dëser Saach wollt ech den honorabelen Deputéierten informéieren, dass ech net virhunn, ze reagéieren.

**Question 0165** (09.01.2019) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant la **publication sur Facebook d'articles de presse :**

Um Facebook-Site vum Ministère fir d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer gëtt sech rezent verstäerkt op Artikelen aus der däitscher Press bezunn. Dës Artikele ginn do an hirer integraler Versioun „gepost a gedeelt".

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Minister fir d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer dës Froe stellen:

- Ass et opportun fir e Lëtzebuerger Ministère, fir Bäiträg aus Pressemedien op Facebook ze deelen? Op wat fir eng Kritäre gëtt sech bei der Auswiel vun esou Artikele beruff? Wann e Ministère, also eng offiziell Regierungsinstanz, esou en Artikel aus der Press deelt, heescht dat, datt d'Lëtzebuerger Regierung integral de Contenu vun esou Artikele vertrëtt? Wann net, misst dann net präziséiert ginn, wat fir Deeler aus esou engem Presseartikel vun der Regierung guttgeheescht ginn a wéi eng net?

- Sollt sech e Ministère net drop konzentréieren, fir seng eege Positiounen a Kommunikatiounen ze verbreeden?

- Hält d'Madamm Minister et fir opportun, speziell Artikelen aus dem däitschen „Spiegel" ze publizéieren, dee grad mëtten an der Kritik wéinst der Publikatioun vu falschen Neiegkeete steet?

**Réponse** (17.01.2019) de **Mme Tania Bofferding,** *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes :*

Fir datt d'Mentalitéiten evoluéieren an d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer an alle Beräicher séchergestallt gëtt, brauch et en Debat mat ville Partner. D'Press spillt eng bedeitend Roll, fir gesellschaftlech Phenomeener ze erklären an op gesellschaftlech Defië souwéi Mëssstänn hinzeweisen. D'Medie sinn deemno ee wichtegen Akteur. Déi extern Kommunikatiounsaarbecht vum Ministère betount d'Volontéit vun engem breede gesellschaftlechen Debat. Dat gëtt ënner anerem iwwert d'geziilt Deele vun thematesche Presseartikele renforcéiert.

Wat den Hiweis op eng bestëmmte Quell ugeet, ass ze notéieren, datt déi däitsch Zäitschrëft „Spiegel" an den Noriichtesite vun der Redaktioun als leedend Medie fir d'Meenungsbildung an der däitschsproocheger Presselandschaft gëllen. Iwwert d'Jorzéngten huet de Magazinn sech duerch ausgezeechent Recherchen a Reportagen ervirgedoen.

Et ass nun net um Ministère, rezent Internae vun engem Medium ze bewäerten. Fakt ass awer, datt sech d'Manager vum genannte Medium offiziell erkläert an entschëllegt hunn.

D'Madamm Ministesch fir d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer héiert aus der Fro vum honorablen Deputéierten eraus, datt hei d'Aarbecht vun enger ganzer Redaktioun ënner Generalverdacht gestallt kéint ginn. Dat schéngt net opportun ze sinn.

**Question 0173** (09.01.2019) de **M. Marc Goergen** *(Piraten)* concernant l'**admission dans des maisons de soins pour personnes âgées :**

Fir vill eeler Matbierger sinn d'Chancen, an eng gutt Fleegestruktur eranzekommen, extrem limitéiert. Wann een a Fleegeariichtungen nofreet, kritt ee gesot, et sollt ee sech sou fréi ewéi méiglech op eng Waardelëscht setzen, fir d'Plaz vun engem Verstuerwene kënnen ze kréien. Am Alter d'Entscheedung ze treffen, sech an eng Fleegeariichtung anzeschreiwen, heescht, säin Doheem opzeginn, well een net méi eleng an engem Haus oder Appartement liewe wëll oder och kann, an doduerch een Deel vu senger Autonomie a Sécherheet opzeginn, fir kënnen ee stabillt a würdegt Liewe weiderzeféieren. Dës Decisioun muss heefeg, gutt a scho Jore virdru virbereet ginn an ass dacks och mat héijen ekonomesche Käschte verbonnen. All Mënsch am Alter sollt genuch a bezuelbar Fleegestrukturen zur Auswiel hunn, fir säi Liewen an héchstméiglecher Würd ze gestalten.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Famill an Integratioun dës Froe stellen:

1. Opgeschlësselt no Ariichtung (privat a staatlech), wéi vill Plaze ginn et zu Lëtzebuerg a Fleegeariichtunge fir Mënschen am Alter? Wéi vill vun deene Plazen entfalen dovunner op sougenannten „Centres intégrés pour personnes âgées (CIPA)" a wéi vill op Fleegezentren?

2. Opgeschlësselt no Ariichtung fir d'Joer 2018, wéi héich ass den Auslaaschtungsgrad vun de CIPAen an de Fleegezentren?

3. Opgeschlësselt no Ariichtung, wéi vill Leit waren op Waardelëschten am Joer 2018? An der selwechter Opschlësselung, wéi laang sinn déi Leit am Duerchschnëtt op deenen eenzele Waardelëschten, bis se an enger Fleegestruktur ugeholl ginn?

**Réponse** (04.02.2019) de **Mme Corinne Cahen,** *Ministre de la Famille et de l'Intégration :*

ad 1. Op den 31. Dezember 2018 ginn et zu Lëtzebuerg 52 Strukturen am long Séjour mat insgesamt 6.344 Better. Dovu sinn et 30 Centres intégrés pour personnes âgees (57,69 %) mat 3.914 Better (61,70 %) an 22 Maisons de soins (42,31 %) mat 2.430 Better (38,30 %).

22 Strukturen (13 CIPAen an 9 Fleegezentren) sinn an ëffentlecher Hand (42,31 %) a gi vun 8 Gestionnairë geréiert; 30 Ariichtungen (17 CIPAen an 13 Fleegezentren) gi vu 16 Gestionnairë privat geréiert (57,69 %).

Déi komplett Tableaue sinn um Enn vun dëser Äntwert.

ad 2. Am Joer 2018 war d'Auslaaschtung bei de CIPAe 96,82 % a bei de Fleegeheemer 96,24 %. Dës Zuele kënnen net, wéi gefrot, no Ariichtung opgeschlësselt ginn, well de Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun dës Detailer net huet a well et fir d'Ariichtunge keng Obligatioun gëtt, dës Präzisioune matzedeelen.

ad 3. De Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun huet keng konkret Donnéeë betreffend Waardelëschte vun de CIPAen an de Fleegezentren. Déi eenzel Strukture féieren hir eege Lëschten, dacks eng generell Lëscht an eng Lëscht fir Noutfäll. Well awer vill Leit sech op méi ewéi enger Lëscht androen, dacks och bei verschiddene Gestionnairen, an d'Famill am Fall vun enger Entrée an eng Struktur déi betreffend Persoun dacks net op deenen anere Lëschten ofmellt, ass et schwiereg, aktuell Waardelëschten opzestellen. Fakt ass, dass d'Gestionnairen am Fall, wou een Zëmmer fräi ginn ass, oft zéng bis 20 Leit op der Lëscht kontaktéiere mussen, bis eng Persoun zouseet, ze kommen. Fir déi aner Leit ass et entweder nach ze fréi oder se kënnen dës Decisioun net esou schnell huelen.

*(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

**Question 0175** (10.01.2019) de **M. Sven Clement** *(Piraten)* concernant le **logement des demandeurs et des bénéficiaires de protection internationale :**

A ville Gemenge sinn iwwert déi lescht Joren nei Strukturen opgaangen, fir den Demandeurs a Bénéficiaires de protection internationale (DPI a BPI) en Ënnerdaach ze bidden. Obwuel et all BPI fräisteet, sech eng eege Wunneng ze sichen, soubal de Status als unerkannte Flüchtling ausgestallt gouf, musse vill Betraffener an den ëffentleche Strukture bleiwen, well si um lëtzebuergesche Wunnengsmaart kee bezuelbart Logement fannen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Immigratioun an Asyl an der Ministesch fir Famill an Integratioun dës Froe stellen:

1. Wéi vill DPIen a wéi vill BPIen hunn - opgeschlësselt no Gemeng a Joer - säit 2015 an esou enger Struktur gewunnt? Wéi vill DPIen a wéi vill BPIen hunn op den 1. Januar 2019 - opgeschlësselt no Gemeng - an esou enger Struktur gewunnt?

2. Ween ass - opgeschlësselt no Ariichtung - de Gestionnaire vun de jeeweilege Strukturen?

3. No wéi enge Kritäre ginn d'DPIen op déi eenzel Strukture verdeelt?

4. Wéi vill Loyer muss e BPI am Duerchschnëtt - opgeschlësselt no Ariichtung - fir seng Ënnerbréngung bezuelen?

**Réponse commune** (07.02.2019) de **M. Jean Asselborn,** *Ministre de l'Immigration et de l'Asile,* et de **Mme Corinne Cahen,** *Ministre de la Famille et de l'Intégration :*

ad 1. Den OLAI huet eréischt säit 2016 komplett Joresstatistiken.

Enn 2016 waren 2.471 DPIen an 337 BPIen an de Strukturen.

Enn 2017 waren 1.161 DPIen an 1.254 BPIen an de Strukturen.

Enn 2018 (31.12.2018) waren 1.039 DPIen an 1.338 BPIen an de Strukturen.

Hei drënner sinn d'Chifferen - opgeschlësselt no Gemeng a Statut - vun der Situatioun Enn 2018.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

ad 2. Vun den 58 Strukture fir DPIe vum OLAI, déi momentan operationell sinn, sinn der 24 vun associative Partner geréiert, déi mat dem sozialen Encadrement an der sozioeducativer Betreiung mandatéiert goufen.

D'Croix-Rouge luxembourgeoise geréiert zwielef Strukturen, dovun och de Primo-Accueil. D'Caritas geréiert zwielef Strukturen.

ad 3. Den OLAI applizéiert eng detailléiert Prozedur, no där d'Leit op déi verschidde Strukture verdeelt ginn.

Verschidde Strukture si fir spezifesch Populatioune reservéiert: Familljen, Fraen, Männer, MNA („mineurs non accompagnés") a PMR („personnes à mobilité réduite").

Déi familiär Unitéit muss garantéiert sinn: Famillje ginn zesumme logéiert. Heibäi muss d'Disponibilitéit vun de Better natierlech berücksichtegt ginn.

Déi proposéiert Wunneng muss de spezielle Besoine vun de Leit gerecht ginn: Schoul, ee sozioeducativen Encadrement, Gesondheet a Proximitéit zum ëffentlechen Transport.

ad 4. De Montant vun der Indemnitéit, déi ee BPI muss bezuelen, ass gestaffelt jee no Zesummesetzung vum Menage (mat Kannergeld) a vum Akommes vun der jeeweileger Persoun. Dës Indemnitéit läit am Duerchschnëtt tëschent 450 a 650 Euro de Mount.

D'Indemnitéit ass fir all Strukture gläich.

**Question 0188** (11.01.2019) de **M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)* concernant l'**accueil des migrants :**

Le cauchemar autour de deux navires ayant accueilli à leur bord 49 migrants sauvés en Méditerranée s'est finalement terminé après un accord entre Malte et un certain nombre de pays partenaires de l'UE.

Malte a autorisé les deux navires à débarquer après que ces huit pays solidaires, dont le Luxembourg, se sont déclarés d'accord pour accueillir en tout 220 migrants qui avaient été secourus auparavant par Malte.

J'aimerais savoir de Monsieur le Ministre de l'Immigration et de l'Asile :

- Quels sont les détails de cet accord ?

- Selon quelles modalités pratiques et selon quel calendrier le Luxembourg participera-t-il à cet accord ?

**Réponse** (30.01.2019) de **M. Jean Asselborn,** *Ministre de l'Immigration et de l'Asile :*

Le 22 décembre 2018, un navire de l'ONG Sea-Watch a secouru 32 personnes, tandis que le 29 décembre 2018 un navire de l'ONG Sea-Eye en secourait 17. Parallèlement à ces opérations, la marine de Malte a également recueilli 249 migrants dans leurs eaux territoriales. Depuis le 28 décembre 2018, la Commission européenne a tenté de trouver des solutions et a appelé tous les États membres à montrer solidarité et soutien. L'accord trouvé sur l'accueil des migrants s'est fait encore une fois sur une base ad hoc et dans l'improvisation, malgré la nécessité de trouver des solutions plus pérennes à de telles situations.

Le Luxembourg participe à l'effort de solidarité comme dans le passé. Ainsi, début janvier, le Gouvernement s'est montré prêt à relocaliser six personnes susceptibles de bénéficier d'une protection internationale. À cet effet, deux agents de la Direction de l'immigration se sont rendus à Malte du 21 au 23 janvier dans le contexte de l'organisation de cette mission de relocalisation. Les six personnes de nationalité érythréenne, somalienne et soudanaise arriveront prochainement au Luxembourg. Les modalités de transfert sont en cours de clarification.

**Question 0193** (14.01.2019) de **Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV)* concernant l'**annulation de la procédure PPP pour l'extension du Lycée technique de Bonnevoie :**

Une extension du Lycée technique de Bonnevoie devait être inaugurée pour la rentrée scolaire de 2020-2021. Un partenariat public-privé (PPP) était prévu pour le financement et la réalisation du nouveau lycée, mais toutes les offres déposées par les soumissionnaires dépassaient largement les coûts calculés pour une réalisation du projet par voie classique. Les autorités ont donc pris la décision à la mi-novembre d'annuler la procédure d'appel d'offres et de renoncer à ce type de partenariat public-privé.

Dans la mesure où les nouvelles infrastructures devraient être prêtes à la rentrée 2020-2021, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

- Quelles sont les conséquences de l'annulation de la procédure PPP ?

- L'annulation aura-t-elle un impact sur l'ouverture des nouvelles infrastructures prévue pour 2020-2021 ?

- Le ministre peut-il nous donner des informations sur le futur calendrier du réaménagement et de l'extension du Lycée technique de Bonnevoie ?

- Quand les travaux peuvent-ils débuter ?

**Réponse** (31.01.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :*

En effet, toutes les offres finales remises dans le cadre de la construction du nouveau Lycée technique de Bonnevoie (LTB) à réaliser par le biais d'une procédure de partenariat public-privé (PPP) dépassaient largement les coûts calculés pour une réalisation du projet par voie classique et par conséquent la procédure d'appel d'offres « Projet PPP Lycée technique de Bonnevoie » a été annulée en date du 16 novembre 2018.

Il va de soi que les dates d'ouverture initialement prévues pour la rentrée 2020-2021 ne peuvent pas être maintenues et qu'une nouvelle procédure doit être lancée.

Or avant de pouvoir se prononcer sur une nouvelle démarche en la matière, je souhaite préciser que la procédure de partenariat public-privé (PPP) n'est juridiquement pas encore entièrement achevée tant que le délai de recours n'est pas écoulé.

Avant de pouvoir fournir un futur calendrier des travaux de la nouvelle construction du Lycée technique de Bonnevoie, j'estime opportun d'attendre - conformément à l'article 13 de la loi du 21 juin 1999 portant règlement de la procédure devant les juridictions - le délai de trois mois du jour où la décision a été notifiée pour ce qui est des recours intentés à l'encontre des actes administratifs, tels que l'annulation du marché sous rubrique.

**Question 0208** (16.01.2019) de **M. André Bauler** *(DP)* concernant la **restauration des bâtiments historiques de l'ancienne école agricole à Ettelbruck :**

Dans sa réponse à ma question parlementaire n° 2132 du 9 juin 2016, Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures m'avait fourni des informations supplémentaires concernant l'avenir des bâtiments historiques de l'ancienne école agricole à Ettelbruck.

Il avait notamment tenu à préciser qu'après le déménagement du Lycée technique agricole (LTA) prévisionnel en 2020 à Gilsdorf, les bâtiments de l'ancienne école agricole seraient rénovés et réaffectés aux besoins du Lycée technique d'Ettelbruck (LTEtt). De plus, Monsieur le Ministre avait noté qu'il n'est pas prévu de classer l'ancien bâtiment du LTA au titre de monument national, tout en indiquant que la rénovation et la restauration des immeubles seraient réalisées en étroite collaboration avec le Service des sites et monuments nationaux afin de sauvegarder l'intégralité de son architecture originale.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre de la Culture et à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

- Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils déjà fournir des détails quant à la rénovation projetée des bâtiments historiques du LTA ?

- Est-il prévu de rétablir, dans ce contexte, la structure de l'ancienne toiture endommagée en partie lors de la Deuxième Guerre mondiale afin de restituer son aspect original ?

- Quels éléments de l'architecture extérieure (façades, murs, etc.) seront restaurés et conservés ?

- Quels éléments de l'architecture intérieure (carrelages, ornements, etc.) faut-il conserver à tout prix ? Certains de ces éléments devront-ils être soumis à une restauration ?

- Quelle nouvelle destination sera réservée à l'ancienne chapelle du LTA ?

**Réponse commune** (11.03.2019) de **Mme Sam Tanson,** *Ministre de la Culture,* et de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :*

Les bâtiments formant le Lycée technique agricole d'Ettelbruck, inscrit au cadastre de la commune d'Ettelbruck, section C, sous le numéro 957/8280, font actuellement l'objet d'une procédure de classement en tant que monument national. Le Conseil d'État en a été saisi pour avis en octobre 2018, comme suite à un avis positif de la Commission des sites et monuments nationaux.

En ce qui concerne l'avenir de l'ancienne école agricole à Ettelbruck, l'Administration des bâtiments publics, bien consciente de la valeur patrimoniale de ces bâtiments historiques, cherche à trouver des solutions adaptées à ce site sensible. À cette fin, une visite sur place a été organisée en mai 2018 avec des représentants de l'Administration des bâtiments publics, du Service des sites et monuments nationaux et d'un bureau d'architecture, afin d'analyser les différents corps de ce grand complexe scolaire.

La diversité de l'architecture reflète les différentes affectations des lieux, avec la chapelle, les salles de classe et l'administration, le pensionnat et les laboratoires et ateliers ainsi que les diverses annexes.

Au niveau de la toiture, la partie de l'ancienne structure endommagée lors de la Deuxième Guerre mondiale a été remplacée par une charpente métallique, partiellement visible dans les salles de classe du dernier étage. Cet élément extraordinaire, qui est un témoin de l'époque d'après-guerre et qui illustre l'évolution de la bâtisse, devrait être conservé.

À l'intérieur du bâtiment, les cages d'escalier présentent aussi une valeur historique et devraient, par conséquent, être conservées, tout comme les carrelages et les menuiseries.

En ce qui concerne l'ancienne chapelle, utilisée comme salle sportive au cours des dernières années, une fonction plus adaptée et valorisant davantage la qualité architecturale devrait être trouvée.

**Question 0219** (18.01.2019) de **M. Sven Clement** *(Piraten)* concernant les **centres de compétences en psychopédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire :**

Le 20 juillet 2018, la loi portant création de centres de compétences en psychopédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire a été adoptée. Le fonctionnement des centres de compétences a commencé en début de l'année scolaire en cours.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

1) Monsieur le Ministre pourrait-il confirmer qu'avec la mise en vigueur de la loi du 20 juillet 2018 portant création de centres de compétences en psychopédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire toutes les descriptions et définitions des tâches du personnel des centres de compétences furent annulées sans que de nouvelles descriptions et définitions des tâches aient été prévues ?

2) Quelle serait actuellement la base réglementaire des tâches des enseignants, du personnel psychosocial, rééducatif et administratif au service des centres de compétences ?

3) Quelles seraient les attributions des différents groupes de profession dans les centres de compétences ? Seraient-elles équivalentes dans tous les « centres » ?

4) Monsieur le Ministre pourrait-il confirmer que le Collège des directeurs des centres de compétences aurait reçu la mission d'élaborer une description et définition des tâches qui devraient être appliquées aussi bien au personnel des centres de compétences qu'au personnel des services de psychologie et d'orientation scolaires des lycées ?

5) Monsieur le Ministre saurait-il confirmer que le personnel psychosocial, ainsi que d'autres groupes de profession au sein des centres de compétences jouiraient des congés et des vacances scolaires malgré un contrat de travail qui ne prévoirait pas ces avantages ? Dans l'affirmative, de quels groupes de profession et de quelles carrières s'agirait-il en détail et serait-il prévu d'appliquer ce modèle à tout le personnel psychosocial au Service du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ? Toujours dans l'affirmative, pourquoi différents groupes de profession jouiraient-ils de cette réduction du temps de travail et d'autres pas (p. ex. les personnels technique et administratif) ?

6) Monsieur le Ministre pourrait-il fournir le détail des heures d'ouverture des centres de compétences pour les élèves et les parents, ainsi que pour le personnel des différents « centres » ?

7) Le personnel aurait-il un moyen d'accès en dehors des heures d'ouverture ?

8) Les centres de compétences et leurs directions respectives, seraient-ils accessibles pendant les vacances scolaires ?

9) Des responsables « de section », « de service » ou « de cellule » furent désignés dans les différents centres de compétences. Quelle serait la base légale de ces responsables ? Monsieur le Ministre pourrait-il confirmer que ces responsables auraient entre autres les missions suivantes : de veiller à la mise en œuvre du développement scolaire, de participer à l'organisation scolaire par la coordination, la concertation et l'organisation de plans de surveillance, de prendre en charge des stagiaires et de rédiger des rapports statistiques, sans pour autant jouir d'une décharge de leur tâche d'enseignement s'il s'agit d'enseignants ? Dans l'affirmative, serait-il prévu d'appliquer ce modèle aussi au fonctionnement des lycées ?

10) Monsieur le Ministre saurait-il confirmer que de nombreux élèves n'ont pas pu jouir d'une place dans un centre de compétences malgré une offre adéquate ? Est-ce que ceci serait dû au fait que les procédures impliquant les commissions d'inclusion et la Commission nationale d'inclusion seraient inadaptées ? Comment les procédures pourraient-elles être améliorées pour garantir une gestion de ressources efficace ?

11) Monsieur le Ministre confirmerait-il que le traitement de demandes de diagnostic auprès des différents centres de compétences pose un défi majeur ? Dans l'objectif d'éviter toute confusion auprès de l'élève à la recherche du Centre de compétences compétent. Monsieur le Ministre, de quelle manière la procédure pourrait-elle être améliorée afin de garantir une prise en charge digne et compétente ?

12) Monsieur le Ministre pourrait-il nous renseigner sur la gestion, la conservation et l'archivage de dossiers d'élèves des centres de compétences ?

- Ces données, seraient-elles conservées et gérées par la Commission nationale d'inclusion ?

- Quels seraient les moyens d'accès des parents aux dossiers de leurs enfants ?

- Quels seraient les moyens d'accès des personnels enseignant, éducatif, psychosocial et rééducatif des centres de compétences aux dossiers de l'élève ?

- Quelles seraient les possibilités d'accès du personnel enseignant des classes d'attache de l'enseignement fondamental et des lycées aux dossiers de leurs élèves ?

- Des mesures seraient-elles prévues pour garantir la protection de données concernant ces dossiers tout en veillant à un échange adéquat entre professionnels ?

**Réponse** (18.03.2019) de **M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :*

ad 1) Contrairement à ce qui est avancé par l'honorable Député, ni les descriptions, ni les définitions des tâches des enseignants et du personnel administratif des centres de compétences en psychopédagogie spécialisée n'ont été annulées avec l'entrée en vigueur de la loi du 20 juillet 2018 portant création de centres de compétences en psychopédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire.

Pour ce qui est des agents du sous-groupe éducatif et psychosocial, il sera procédé à une analyse profonde des cadres légaux et réglementaires en matière des tâches de l'ensemble du personnel socio-éducatif œuvrant dans nos écoles. Suite à cette analyse, des pourparlers ayant pour objectif une clarification de ces tâches seront menés avec les syndicats concernés afin de pouvoir légiférer aussitôt que possible en la matière. En attendant, on applique pour ces agents les dispositions en vigueur avant la rentrée 2018 pour les services auxquels ils étaient affectés préalablement.

ad 2) Concernant les bases réglementaires des tâches évoquées, il s'agit respectivement de celles ayant trait :

- aux professeurs :

- règlement grand-ducal modifié du 24 juillet 2007 portant fixation de la tâche des enseignants des lycées et lycées techniques ;

- aux instituteurs :

- règlement grand-ducal modifié du 23 mars 2009 fixant la tâche des instituteurs de l'enseignement fondamental ;

- au personnel administratif :

- loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État, telle qu'elle a été modifiée.

ad 3) L'attribution des différents groupes de profession a été définie par la loi du 20 juillet 2018 précitée et se fait notamment dans les quatre unités y prévues : unité d'enseignement, unité de diagnostic, de conseil et de suivi, unité de rééducation et unité administrative et technique. Conformément à l'article 5 de ladite loi, chaque centre, répondant à la spécificité de sa population cible, a défini ses propres missions par règlement grand-ducal.

ad 4) Comme toute administration ou service de l'État et dans le contexte de la gestion par objectifs, les directions des centres de compétences sont invitées à se doter de démarches qui leur permettent de gérer la performance globale de leur organisation et de reconnaître et d'apprécier les efforts et la qualité du travail fournis par l'agent grâce à l'appréciation des performances professionnelles.

La gestion par objectifs permet aux départements ministériels, administrations et services de l'État de mieux planifier, coordonner et suivre l'impact de leurs activités dans le temps et d'améliorer la gestion des ressources humaines. Les éléments prévus pour mettre en œuvre ce système sont :

- la période de référence de trois années,

- le programme de travail de l'administration,

- l'organigramme,

- les descriptions de fonction,

- l'entretien individuel de l'agent avec son supérieur hiérarchique,

- le plan de travail individuel établi pour chaque fonctionnaire et employé de l'État,

- l'appréciation des performances professionnelles lors de certains moments clé dans la carrière du fonctionnaire ou de l'employé.

Le collège des directeurs des centres de compétences n'a, jusqu'ici, reçu la mission d'élaborer une description et une définition des tâches pour le personnel des services psychosociaux et d'accompagnement scolaires des lycées.

ad 5) Les modalités relatives aux temps de présence, ainsi qu'aux congés du personnel des centres de compétences sont régies conformément aux bases légales évoquées dans la réponse à la question numéro 2 ci-avant.

ad 6) + ad 7) De manière générale, les centres de compétences sont accessibles lors des heures de bureau habituelles. Pour les élèves en situation de scolarisation spécialisée, les centres sont accessibles aux heures de cours respectives. Les parents des élèves sont accueillis sur rendez-vous pouvant avoir lieu pendant ou en dehors des heures de classe.

Les heures d'ouverture diffèrent d'un centre à l'autre. Le personnel a accès pendant les heures d'ouverture régulières des centres et, sur demande adressée à l'administration, en dehors des heures d'ouverture.

ad 8) Les centres de compétences et leurs directions respectives sont accessibles pendant les vacances scolaires.

ad 9) L'organigramme de chaque centre de compétences reflète les missions qui lui sont propres, définies au sein du règlement grand-ducal respectif. Il met en évidence la structure de l'administration, les niveaux fonctionnels, les unités organisationnelles ainsi que leurs domaines d'activités, les liens organisationnels et les postes à responsabilités particulières conformément à l'article 16 de la loi du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et des conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État.

Ces postes spécifiques, dont les missions et activités confèrent à leurs titulaires des responsabilités particulières, se distinguent par rapport aux postes des autres agents de leur groupe de traitement ou d'indemnité. Le ministre approuve sous forme d'arrêté ministériel l'organigramme, ainsi que les postes à responsabilités particulières y inscrits.

Les titulaires de postes à responsabilités particulières sont éligibles pour bénéficier, dans la limite du contingent maximal disponible, d'une majoration d'échelon. Une décharge n'est pas prévue pour le personnel des centres de compétences.

ad 10) Dans le souci de garantir une démarche de qualité et afin de traiter dans les meilleurs délais tous les dossiers et demandes introduits, le Bureau de la CNI (Commission nationale d'inclusion) se réunit, actuellement, au moins une fois par semaine et la Plénière de la CNI se réunit, actuellement, dans un rythme bihebdomadaire en dehors des congés scolaires. La CNI a évalué et donné suite à un total de 761 dossiers et demandes introduits depuis le début de l'année scolaire 2018-2019.

Une première analyse montre qu'un dossier est évalué, en moyenne, quatre jours après avoir été introduit une première fois.

ad 11) La CNI analyse le bien-fondé des demandes qui lui sont adressées. Sur base d'une évaluation consciencieuse et approfondie des bilans contenus dans le dossier qui lui est adressé, la CNI détermine le centre de compétences le plus adapté aux besoins spécifiques de l'élève concerné et charge ce centre de compétences de procéder à un diagnostic spécialisé.

ad 12) a) Tel que prévu par l'article 32 de la loi du 20 juillet 2018 portant création de centres de compétences en psychopédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire, le dossier est la propriété de l'élève et est confié pour la gestion à la CNI. Dès confirmation de la fin de la prise en charge spécialisée, le dossier est clôturé et archivé dans l'enceinte de la CNI.

b) Sur simple demande, les détenteurs de l'autorité parentale ou l'élève majeur peuvent consulter le dossier CNI dans les localités de la CNI sous réserve de présenter une pièce qui prouve la détention de l'autorité parentale ou l'identité du majeur.

c) À partir du moment où la CNI charge un centre de compétences de procéder à un diagnostic spécialisé et sous réserve que les parents aient marqué leur accord, une synthèse du dossier CNI, sous forme de copies, est transmise à la direction des centres compétents. Le directeur du centre concerné détermine, par la suite, les détenteurs de l'autorité parentale ou l'élève majeur entendus en leurs avis, lesquels des professionnels du centre concerné sont habilités à accéder au dossier.

d) S'il y a lieu, une synthèse du dossier CNI est transmise à la direction régionale ou à la direction du lycée concerné. Le président de la Commission d'inclusion concernée (EF et ES) a accès aux dossiers des élèves qui lui sont confiés.

e) La CNI prend toutes les mesures de protection de données nécessaires à la gestion de données sensibles, en accord avec leurs missions définies par la loi, les lignes directrices du RGPD et selon les recommandations de la CNPD. Les échanges entre les membres de la CNI se font dans le respect du secret professionnel, la transmission de synthèses de dossiers se fait uniquement en mains propres.

**Question 0294** (31.01.2019) de **M. Marc Baum** *(déi Lénk)* concernant la **plateforme en ligne de réservations et de mise en relation entre chauffeurs professionnels de taxi et utilisateurs :**

En date du 17 janvier une plateforme en ligne de réservations et de mise en relation entre chauffeurs professionnels de taxi et utilisateurs a été lancée. Sur le site Internet de la société qui est à l'origine de la plateforme, il est précisé que la plateforme fonctionnerait « (...) plus ou moins comme Uber » avec comme seule différence que la plateforme en question travaillerait « (...) uniquement avec des conducteurs professionnels de taxi locaux et des compagnies de taxis luxembourgeoises ».[1] En effet, pour pouvoir exercer le métier de conducteur de taxi au Luxembourg, il faut disposer d'une carte de conducteur de taxis délivrée par le Service des taxis du Ministère du Développement durable et des Infrastructures (MDDI).

Malgré ce critère d'éligibilité limitant l'accès à cette plateforme aux chauffeurs disposant d'une carte de conducteur de taxi, le fonctionnement de la plateforme soulève certaines

[1] https://bit.ly/2TmOIGD

questions en relation avec le droit du travail. Ainsi, selon des informations parues dans la presse, les chauffeurs devront céder entre 5 et 10 % du revenu généré par course réservée via la plateforme à la société qui en est le propriétaire. Ce sont donc bien les chauffeurs de taxi qui génèrent le revenu de la société en question sans que cette dernière ne verse des salaires ou des cotisations sociales pour le compte des chauffeurs.

Dans un arrêt portant sur le statut des coursiers en France, la Cour de cassation française a jugé le 28 novembre qu'il existerait bel et bien un lien juridique entre ces derniers et les plateformes de livraison. La Cour a jugé que les coursiers ne pouvaient pas, au regard du droit français, être considérés comme des travailleurs indépendants, mais qu'ils sont des salariés avec les droits correspondants. Même si la situation des coursiers en France n'est pas tout à fait pareille à celle des conducteurs de taxi au Luxembourg, on pourrait arguer qu'il existe bien un lien de subordination entre la plateforme de réservations de taxi et les conducteurs. Dans son arrêt, la Cour de cassation française s'est appuyée sur un élément pour acter l'existence d'un lien de subordination qui s'applique également à la première plateforme de réservations de taxi désormais active au Luxembourg. De fait, les coursiers français, concernés par l'arrêt, étaient dotés « d'un système de géolocalisation permettant le suivi en temps réel par la société de la position du coursier et la comptabilisation du nombre total de kilomètres parcourus par celui-ci »[1] ce qui reviendrait à un contrôle de l'exécution de travail par les coursiers. La plateforme de réservations de taxi fonctionne de la même façon. Sur le site de la société, il est indiqué que l'application « (...) vous propose de chercher le taxi le plus proche de votre situation. L'application vous indique combien de temps vous devrez attendre une fois celui-ci commandé. »[2]

Partant et eu égard de l'accord de coalition qui met l'accent sur la lutte « (...) contre le recours à des statuts de « faux indépendants » qui ne bénéficient d'aucune protection et peuvent contribuer à des situations de concurrence déloyale »[3] je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :

1) Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis que le fonctionnement de la plateforme pourrait créer un lien de subordination entre cette dernière et les conducteurs de taxi ?

2) Monsieur le Ministre a-t-il pris connaissance de l'arrêt de la Cour de cassation française du 28 novembre ? Dans l'affirmative, est-il d'avis que le raisonnement de la Cour peut également être appliqué au regard du droit luxembourgeois ?

3) Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis que l'essor de ce type de plateformes en ligne pourrait favoriser le travail indépendant fictif ?

4) Dans l'affirmative, Monsieur le Ministre envisage-t-il des mesures visant à lutter contre les abus éventuels et à protéger les travailleurs et travailleuses ?

**Réponse** (29.03.2019) de **M. Dan Kersch,** *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :*

Dans sa question parlementaire n° 0294, l'honorable Député se réfère à une plateforme en ligne de réservation et de mise en relation entre chauffeurs professionnels de taxi et utilisateurs. Il s'agit d'une plateforme en ligne qui a été lancée au Luxembourg en date du 17 janvier 2019.

ad 1) Il y a lieu de noter que la plateforme en question travaille avec des chauffeurs indépendants et des entreprises de taxi qui sont tous titulaires d'une autorisation d'établissement pour louer des taxis et des voitures de location ainsi que des licences d'exploitation de taxis nécessaires.

Le modus operandi de la plateforme visée ne peut être comparé à celui des autres plateformes existantes, notamment Uber, qui travaille principalement avec des chauffeurs privés qui, dans la majorité des cas, ne sont pas titulaires d'une licence d'exploitation de taxis.

La plateforme à laquelle l'honorable Député se réfère met à la disposition des chauffeurs indépendants et des entreprises de taxi une application qui permet de mettre en relation les chauffeurs de taxi avec les utilisateurs. Les entreprises qui profitent de cette application doivent verser à la société en question entre 5 et 10 % du revenu généré par course réservée via la plateforme.

Par conséquent, il s'agit en l'espèce d'une offre de service à laquelle les entreprises titulaires d'une autorisation d'établissement et des licences de taxi requises peuvent librement recourir et dont l'utilisation génère des frais. Suivant le mode de fonctionnement de la plateforme, il semble qu'il n'existe aucun indice qui pourrait démontrer l'existence d'un lien de subordination entre l'exploitant de la plateforme et les chauffeurs de taxi de sorte qu'aucune relation de travail entre les deux parties ne peut être constatée.

En effet, un lien de subordination est souvent caractérisé par l'exécution d'un travail sous l'autorité d'un employeur qui a le pouvoir de donner des ordres et des directives, d'en contrôler l'exécution et de sanctionner les manquements de son subordonné. Or, ces caractéristiques ne sont pas présentes en l'espèce.

ad 2) L'arrêt de la Cour de cassation du 28 novembre 2018, auquel l'honorable Député se réfère, concerne une affaire entre les coursiers à vélo et une plateforme de livraison de repas.

Vu le modus operandi de la plateforme de livraison, la Cour a constaté que l'exploitant de la plateforme exerçait non seulement un véritable pouvoir de direction et de contrôle sur les coursiers à vélo mais disposait également d'un pouvoir disciplinaire envers les coursiers.

Cette appréciation des faits a mené la Cour à conclure qu'il existait des indices à partir desquels on pourrait déduire la présence d'un lien de subordination entre l'exploitant de la plateforme en ligne et les coursiers à vélo.

Parmi les indices à partir desquels un lien de subordination peut être déduit on peut citer : l'utilisation de la géolocalisation ; l'obligation pour les chauffeurs/coursiers de poursuivre les itinéraires indiqués par l'application ; le cas échéant, le port obligatoire d'un uniforme ; l'interdiction d'utiliser une plateforme de la concurrence ou ; l'interdiction pour le chauffeur/coursier d'échanger avec ses clients les coordonnées personnelles.

Dans le cas où une affaire similaire à celle qui a été jugée par la Cour de cassation française serait pendante devant les juridictions luxembourgeoises, il reviendrait à la juridiction saisie d'apprécier d'abord les faits de l'affaire et de décider s'il existe ou non des indices suffisants qui permettraient d'identifier un lien de subordination entre les exploitants d'une plateforme en ligne et ses « collaborateurs ».

ad 3) Le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire s'oppose à toute forme de travail indépendant fictif. La lutte contre le phénomène de la fausse indépendance au Luxembourg sera évidemment poursuivie voire renforcée.

Dans ce contexte, il y a lieu de procéder à une analyse détaillée et à une appréciation au cas par cas des différentes plateformes en ligne qui se sont installées ou qui sont en train de s'installer dans d'autres États membres de l'Union européenne, et qui s'apprêtent à intégrer le marché luxembourgeois.

ad 4) L'économie numérique crée de nouvelles formes de travail et d'emploi peu ou pas prises en compte par le droit du travail actuel. Souvent ces nouvelles formes de travail comme par exemple le platform work remettent en cause le concept traditionnel de la relation de travail entre l'employeur et son salarié.

Afin de lutter contre toute forme d'abus et en vue d'assurer la protection des salariés au Luxembourg, la législation nationale sera adaptée afin de mieux répondre aux réalités actuelles du marché du travail.

Dans ce contexte, il y lieu de noter que le projet de directive relative à des conditions de travail transparentes et prévisibles dans l'Union européenne, qui est actuellement en élaboration au niveau européen, vise à instaurer de meilleures protections pour les travailleurs qui se retrouvent dans des relations de travail précaires.

Le Luxembourg s'engage à une transposition rapide de la directive susmentionnée, une fois adoptée, en vue d'une protection efficace des salariés au Luxembourg.

[1] https://www.courdecassation.fr/jurisprudence_2/chambre_sociale_576/1737_28_40778.html

[2] https://bit.ly/2TmOIGD

[3] https://gouvernement.lu/dam-assets/documents/actualites/2018/12-decembre/Accord-de-coalition-2018-2023.pdf p.154

**Question 0307** (04.02.2019) de **M. Marc Goergen** *(Piraten)* concernant le **dysfonctionnement de l'« Instrument Landing System » :**

Den 1. Februar koum et um Fluchhafe Findel zu enger gréisserer Betribstéierung, bei där méi wéi eng Stonn keng Fligere méi konnten zu Lëtzebuerg landen. Als Konsequenz si verschidde Flich op Noperfluchhäfen ëmgeleet ginn an aner Fligeren hu misse wärend där Stonn am Loftraum kreesen. lux-Airport no war eng kuerzzäiteg Stéierung beim „Instrument Landing System" (ILS) d'Ursaach vun dëser betriiblecher Pann.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

- Wat waren déi exakt Grënn fir den Ausfall vum ILS vum 1. Februar?

- Op wéi engem technologesche Stand ass den ILS, deen um Findel installéiert ass?

- Wéi a mat wéi engen Dokumenter stellt d'Regierung sécher, dass d'Maintenance vum ILS säit 2013 konform duerchgefouert ginn ass?

- Opgeschlësselt no Ursaach an no Joer säit 2013, wéi vill Flich hu vum Findel missen op aner Fluchhäfen ëmgeleet ginn?

**Réponse** (12.03.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :*

Den 1. Februar 2019 ass et tëschent 14.10 Auer an 14.50 Auer zu enger Ënnerbriechung vum ILS (Instrument Landing System) bei der Fluchhafeverwaltung (ANA) komm.

Dëse Virfall ass, wéi an de bestoende Prozedure virgesinn, der Direction de l'aviation civile (DAC) matgedeelt ginn. Den Incident huet an enger Instabilitéit vum ILS bestanen, déi d'Ausféiere vun den Operatiounen net méi erlaabt huet.

D'Ursaach vun der Instabilitéit ass vun den technesche Servicer vun der ANA bestëmmt ginn: Et handelt sech ëm eng Ënnerbriechung vum „Glide Path"-Signal, bedéngt duerch déi staark Präsenz vu Schnéi op den Antennen an op der Uewerfläch vum Reflektor vum Equipement. Dëse rare Phenomeen kënnt nëmmen ënner ganz besonnesche Konditioune vir, déi mam Schnéifall, mat den Temperaturen a mat der Loftfiichtegkeet zesummenhänken.

Den Afloss vun der Präsenz vu Schnéi op d'Equipementer ass nach verstäerkt ginn duerch den Antennen hir rau Uewerfläch, déi d'Quantitéit vu Schnéi op den Equipementer däitlech erhéicht huet.

D'Stéierung vum ILS-System ass direkt vu Mataarbechter vun der ANA detektéiert ginn, déi séier um Site agegraff hunn, fir de Schnéi ewechzehuelen. D'Fluchoperatioune konnten no deem Agréff erëm opgeholl ginn.

Den ILS ass entwéckelt ginn op Basis vun den technesche Spezifikatioune vun der ICAO Annex 10 a gëtt och esou a Stand gehalen. De System respektéiert d'Ufuerderungen, wéi se an de reglementairen techneschen Annexen definéiert sinn.

Déi technesch Maintenance gëtt no de bestoende Prozeduren duerchgefouert, no der Reglementatioun vun der ICAO Annex 10, ICAO Dok 8071, EC 1035/2011 an no de Recommandatioune vum Fournisseur.

Dës Servicer ginn duerch d'DAC auditéiert a certifiéiert.

Dat hei war dat éischt Evenement vun dëser Zort zënter 2013. Op dësem 1. Februar hunn am Ganze missen dräi Flich vum Findel op en anere Fluchhafen ëmgeleet ginn.

**Question 0317** (05.02.2019) de **M. Paul Galles** *(CSV)* concernant les **manuels scolaires :**

Selon nos informations, la nouvelle prise en charge intégrale du coût des manuels scolaires par l'État engendre toujours des difficultés. En effet, malgré plusieurs appels lancés aux librairies, certains livres se trouvent toujours en rupture de stock. Le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse a demandé à ces dernières de clôturer les commandes de livres au 30 novembre 2018 afin de les envoyer directement dans les établissements scolaires en question. En outre, il s'avère qu'un certain nombre d'élèves ont commandé des livres obligatoires dont les enseignants n'ont pas usage et que les librairies refusent de reprendre. Ces mêmes élèves ont par contre dû s'acheter des manuels qui ne figurent pas sur la liste officielle des manuels scolaires obligatoires.

Au vu de ce qui précède, je souhaiterais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

1) Monsieur le Ministre peut-il me dire si la rupture de stock de manuels scolaires est résolue entre-temps ?

2) Quelles solutions le ministre propose-t-il aux élèves qui ont des manuels obligatoires qui ne sont ni utilisés par l'enseignant en classe, ni repris par les librairies ?

**Réponse** (26.03.2019) de **M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :*

ad 1) Avant publication des listes de manuels scolaires, la disponibilité des ouvrages en question est systématiquement vérifiée auprès des éditeurs et fournisseurs par les responsables des commissions nationales de programmes compétentes. Je tiens à souligner que le tirage des manuels et le nombre d'exemplaires imprimés sont de la responsabilité des éditeurs respectifs et que les stocks sont constitués et gérés par les librairies. Partant, le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse n'exerce aucune influence directe sur les capacités de livraison de ces fournisseurs. Des cas de rupture de stock ne sont ainsi pas à exclure, en particulier étant donné que les manuels publiés par des éditeurs étrangers ne sont pas réservés au seul marché luxembourgeois.

À l'heure actuelle, les problèmes de fourniture en manuels scolaires pour cause de rupture de stock de certains livres se trouvent résolus. Il est vrai que certains éditeurs étrangers se trouvaient confrontés à des problèmes de capacité de livraison. Des discussions ont été menées avec ces éditeurs afin de résoudre ce problème et de s'assurer qu'à l'avenir la fourniture en manuels scolaires est garantie. Si ce problème persistait néanmoins et si la disponibilité à moyen terme des ouvrages en question ne peut être garantie par les maisons d'édition respectives, les commissions des programmes CNES pourraient envisager de revoir la liste des manuels obligatoires et de trouver des ouvrages alternatifs en remplacement de ces manuels.

ad 2) Je tiens à rappeler que les manuels obligatoires sont des livres qui figurent officiellement au programme et devraient par conséquent être utilisés régulièrement en classe. Par définition, un manuel obligatoire ne peut faire l'objet d'un choix facultatif de la part des enseignants. Dans cette logique, une démarche d'annulation de commandes de livres obligatoires n'a pas été implémentée.

Pour rappel, les commissions des programmes des différentes disciplines sont composées d'un représentant par lycée. Ce sont elles qui établissent les listes des manuels obligatoires.

**Le saviez-vous ?**

**QUESTIONS**

Dans le cadre de ses moyens de contrôle et de surveillance par rapport aux affaires gouvernementales, la Chambre, par le biais de ses membres, a le droit de poser des questions aux membres du Gouvernement. La question constitue une demande de renseignements d'un député à un ministre au sujet d'une affaire administrative ou de gouvernement. Le Règlement de la Chambre des Députés prévoit diverses sortes de questions : les questions écrites, les questions urgentes, les questions élargies ainsi que les questions posées lors des heures de questions ou d'actualité.

Le saviez-VOUS ?

**RÈGLEMENT DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS**

Le Règlement de la Chambre des Députés est adopté par celle-ci et publié au Journal officiel. Il détermine l'organisation de la Chambre et son fonctionnement et en définit les procédures.

**Question 0318** (05.02.2019) de **M. Sven Clement** *(Piraten)* concernant les **croix de chemin :**

Regelméisseg kënnt et vir, datt Monumenter, déi laanscht d'Strooss stinn, am Kader vu Stroossebauaarbechten op Nationalstroosse musse geréckelt oder ofgerappt ginn. Am Fall vu Weekräizer gouf eis zougedroen, datt dës vu Sites et monuments géife recuperéiert ginn, fir e Moulage ze maachen a se uschléissend de Besëtzer, sollten déi dëst wënschen, zréck ze ginn. Leider hu mir och héieren, datt et Weekräizer ginn, déi zanter Jore respektiv Jorzéngte bei staatleche Verwaltunge leien, ouni dass se un hir rechtméisseg Besëtzer zréckgi goufen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an der Madamm Minister fir Kultur dës Froe stellen:

- Gëtt et eng schrëftlech Prozedur, déi bestëmmt, wéi mat Monumenter laanscht Statsstroossen am Kader vun Ëmbau- oder Erweiderungsaarbechten ze verfueren ass?

- Wéi vill Monumenter (Weekräizer an Äänleches) ginn am Moment vu staatleche Verwaltunge verwahrt?

- Opgeléscht no Joren an Unzuel, wéi laang ginn/goufen dës Monumenter verwahrt?

- Sinn d'Ministeren net der Meenung, datt ee Privateegentum esou séier ewéi méiglech misst zréckginn, nodeems déi néideg Aarbechten oder de Moulage gemaach goufen?

**Réponse commune** (11.03.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics,* et de **Mme Sam Tanson,** *Ministre de la Culture :*

Et existéiert aktuell keng schrëftlech festgehale Prozedur betreffend Monumenter laanscht d'Statsstroossen am Kader vun Ëmbau- oder Erweiderungsaarbechten.

Wann awer e Weekräiz am Kader vun engem Stroossechantier misst deplacéiert ginn, da gëtt et wärend der Dauer vun den Aarbechten ewechgeholl, restauréiert an duerno erëm hanneschtgesat. Et ass méiglech, dass et par rapport zu sengem Emplacement vu virum Chantier liicht versat gëtt, falls et soss ze no bei der Strooss wier.

Am Zweifelsfall sicht d'Stroossebauverwaltung zesumme mam Service des sites et monuments nationaux eng Léisung, fir sécherzegoen, dass den Ëmgang mam Weekräiz fachmännesch iwwert d'Bün geet.

Sollt awer e Monument ënner Privateegentum falen, gëtt mam Besëtzer gekuckt, wéi virzegoen ass.

D'Stroossebauverwaltung hëlt also am Prinzip keng Weekräizer ewech, ausser et wier am Kader vun engem Stroossechantier net ze verhënneren. Deemno ginn och keng Weekräizer an den Depote vun der Verwaltung verwahrt.

Wat eventuell aner Monumenter ubelaangt, ass keng genee Zuel bekannt, well scho virum leschte Krich Monumenter ewechgeholl gi sinn. Eng ganz Partie dovu ginn an der Kapell vu Weyer versuergt a sinn och do dem Publikum zougänglech. Vill Kräizer goufen dem Stat geschenkt a sinn op verschiddene Plazen opgestallt.

Et gëtt keng Opléschtung, no Joren a Unzuel, wéi laang dës Monumenter verwahrt goufe respektiv ginn.

Fir de Fall wou et ee Problem sollt gi mat engem Monument laanscht eng Statsstrooss, wat Privateegentum wier, da géif dëst selbstverständlech un de rechtméissege Besëtzer zréckgoen, wann deejéinegen dat wënscht.

Fir e wäertvollt Monument ze erhalen, ass et oft esouguer besser, eng Kopie opzestellen an d'Original sécher ze versuergen. Dat bleift an deem Fall natierlech Privatbesëtz, kann awer an engem staatlechen Depot versuergt ginn. Wann de Proprietaire säi Kräiz gären zréck hätt, muss en et natierlech och kréien.

**Question 0323** (05.02.2019) de **M. Jeff Engelen** *(ADR)* concernant le **Château de Hollenfels :**

Wa meng Informatioune richteg sinn, da si gréisser Aarbechten an der Buerg an am Schlass vun Huelmes virgesinn. Bei där Geleeënheet sollen och archeologesch Ausgruewungen ënnerholl ginn.

Bei der Virbereedung vun dëser Fro ass mir opgefall, datt d'Buerg an d'Schlass vun Huelmes, wou aktuell en nationale Jugendzentrum ënnerbruecht ass (SNJ), net op der Lëscht vun de geschützte Monumenter steet.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister fir ëffentlech Bauten an der Madamm Kulturminister dës Froe stellen:

1. Ass et richteg, datt gréisser Aarbechten um Site vun der Buerg an dem Schlass zu Huelmes virgesi sinn?

2. Ass et richteg, datt de Site vun der Buerg vun Huelmes net um Inventar vun de geschützte Monumenter steet?

3. Ass et „vergiess" ginn, de Site op d'Lëscht ze huelen oder gëtt et dofir konkret Ursaachen? Ass et virgesinn, d'Buerg an d'Schlass esou séier ewéi méiglech op d'Lëscht vun de geschützte Monumenter ze huelen?

4. Wéi eng Aarbechte genee sinn um Site vun Huelmes virgesinn?

5. Wie gëtt den Optrag dofir?

6. Wéi héich ass de Budget?

7. A wéi engem Zäitraum ass de Schantje geplangt?

8. Wéi eng Repercussioune kritt de Schantjen op d'Missioune vum SNJ?

9. Wéi eng Repercussioune kritt de Schantjen op den Tourismus am Dall vun de siwe Schlässer?

**Réponse commune** (11.03.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics,* et de **Mme Sam Tanson,** *Ministre de la Culture :*

Jo, et ass richteg, datt 2017 d'Etüde fir Renovéierungs- an Erweiderungsaarbechte lancéiert gi sinn, an dat an Zesummenaarbecht mam Service national de la jeunesse (SNJ), der Auberge de jeunesse zu Huelmes an dem Service des sites et monuments nationaux.

D'Buerg vun Huelmes steet effektiv net op der Lëscht genannt „Liste des immeubles et objets classés monuments nationaux ou inscrits à l'inventaire supplémentaire" vum 16. Januar 2019 vum Service des sites et monuments nationaux. Nodeems an de leschte Joren eng ganz Rei vu feudale Sitte geschützt goufen, wäert och de Stat hei seng Responsabilitéit iwwerhuelen. Mä och wann et bis elo keng juristesch Protektioun gëtt, esou ginn déi verschidde Servicer vum Stat mat dem néidege Respekt un esou e Site erun. De Site ass am Domaine de l'État a wann Aarbechten ustinn, ginn déi vum Stat am Respekt vum Patrimoine ënnerholl.

Um Site vun Huelmes, dat heescht an de Gebaier vun der Auberge de jeunessse wéi och an deene vum SNJ (Schlass an Donjon) si Renovéierungs- an Erweiderungsaarbechten noutwendeg, fir déi am Raumprogramm gefuerderte Besoinen ze erméiglechen.

D'Auberge de jeunesse kritt Schlofzëmmer fir maximal véier Persoune mat Dusch a WC, e Refectoire fir honnert Persounen an ee Bistro fir Visiteuren.

Am Schlass sinn aus sécherheetstechnesche Grënn keng Schlofraim virgesinn, mä Raimlechkeete fir Workshoppe fir den SNJ. Am Donjon ginn niewent Ausstellungsraim och Raim fir Gruppenaktivitéite virgesinn.

De Bannenhaff vum Site vun Huelmes soll méi zum Duerf hin opgemaach ginn, fir d'Attraktivitéit ze steigeren.

Den Optrag fir d'Planungsaarbechte gëtt ënnert der Tutelle vum Ministère vun der Mobilitéit an den ëffentleche Baute verginn.

Wat d'Investissementer betrëfft, esou steet de Projet zënter 2017 mat 10.400.000 Euro am Budget vum Fonds d'investissement administratif (FIPADM).

De Projet ass am Moment an den Etüden an den Zäitraum vum Schantjen ass nach net bekannt.

Et ass zu dësem Zäitpunkt schwiereg ofzeschätzen, wat déi genau Repercussioune vum Schantjen op d'Missioune vum SNJ sinn. Ze soen ass awer, dass d'Aktivitéite vum SNJ dofir am Mariendall kënne stattfannen.

Wärend dem Schantje wäert aus Sécherheetsgrënn keen Accès op de Site méiglech sinn; allerdéngs wäert den Impakt op den Tourismus no Ofschloss vun den Aarbechte sécherlech positiv sinn.

**Question 0325** (05.02.2019) de **M. Henri Kox** *(déi gréng)* concernant la **pollution causée par le trafic des poids lourds sur les routes nationales :**

Au Luxembourg, le réseau des routes nationales est très chargé par le trafic des poids lourds. Les populations riveraines de ces routes sont exposées à une pollution de l'air particulièrement importante. La route nationale N2 qui relie la ville limitrophe de Remich à Luxembourg-ville en est un exemple. En 2016, l'Administration des ponts et chaussées a lancé en collaboration avec la commune de Remich une étude pour analyser la situation.

Dans ce contexte, nous voudrions avoir les renseignements suivants de la part de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics et de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :

1) Les taux de particules fines sont-ils régulièrement mesurés dans les localités qui se trouvent sur le tracé des routes nationales et de quelle manière ce mesurage est-il réalisé le cas échéant ? De quelle manière le taux des particules mesurées évolue-t-il notamment dans les localités riveraines de la N2 ?

2) Quel est l'état d'avancement de l'étude susmentionnée ? Monsieur le Ministre peut-il d'ores et déjà en tirer les premières conclusions ?

3) Quelles démarches Monsieur le Ministre envisage-t-il de prendre afin de réduire la circulation de poids lourds sur la N2 ?

**Réponse commune** (18.03.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics,* et de **Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :*

La surveillance et l'évaluation de la qualité de l'air au Luxembourg sont réalisées par l'Administration de l'environnement à l'aide de mesurages et de modélisations. Les mesurages se font à l'aide d'un réseau de stations de mesurage fixes se composant de différents types de stations (trafic, urbaines et rurales) et de campagnes de mesurage spéciales. Les stations de mesurage fixes de particules fines du type « trafic » sont actuellement situées à Luxembourg, place Winston Churchill (route nationale N51), Esch-sur-Alzette, boulevard J.F. Kennedy (route nationale N4) et Walferdange, place de la Mairie (N7). Par ailleurs, des campagnes de mesurage spéciales de particules fines sont régulièrement réalisées. Une telle campagne de mesurage spéciale a été menée à la rue Enz (N2) à Remich au cours des années 2015 et 2016. Les résultats de ces mesurages sont publiés sur le site emwelt.lu : https://environnement.public.lu/fr/loft/air/mesures.html

Il y a lieu de remarquer que la pollution de l'air par les particules fines est un phénomène à échelle plutôt régionale se caractérisant par des différences relativement faibles entre les différents types de stations de mesurage (trafic, urbaines et rurales). Par ailleurs, il est à noter que les valeurs limites pour les particules fines PM10 dans l'air ambiant sont respectées au Luxembourg de façon ininterrompue depuis 2007. Une tendance décroissante de cette forme de pollution peut même être observée.

L'Administration des ponts et chaussées planifie actuellement un couloir de bus en direction de l'Allemagne dans la traversée de Remich sur la route de l'Europe, ceci en vue de prioriser les transports en commun sur la section de la N2 située entre la rue « op der Kopp » et la rue de la Gare (chemin repris CR152). Ce projet est pour l'instant en phase d'avant-projet détaillé.

En outre, une étude de faisabilité ayant pour but de fluidifier le trafic motorisé (surtout celui des bus) dans la traversée de Remich et de réduire la pollution de l'air particulièrement notable sur la section qui se trouve entre le CR152 et le CR152c (rue Enz) a récemment été finalisée. Une des mesures proposées dans le cadre de cette étude est l'ajout de feux tricolores supplémentaires sur les carrefours principaux de la traversée de la N2. Cette mesure permettrait de diminuer considérablement le nombre d'arrêts de véhicules dans la rue Enz, surtout pendant les heures de pointe du soir (→ diminution de 65 % par rapport à la situation existante) et d'augmenter la vitesse commerciale, à savoir la vitesse des transports en commun, à 36 km/h (par rapport à 20 km/h actuellement).

De plus, l'ajout de feux tricolores en combinaison avec le couloir de bus projeté devrait diminuer le temps de trajet des bus de 27 % à 35 % par rapport au temps de trajet actuel sur toute la traversée. Sachant que les facteurs tels que le nombre d'arrêts et de démarrages des véhicules ainsi que leur vitesse ont un impact direct sur le volume des émissions polluantes, il est à supposer que la mise en place de feux tricolores permettra de contribuer à la diminution de la pollution de l'air.

Par ailleurs, un comptage réalisé en octobre 2016 a révélé que sur la N2, 7.300 véhicules par jour (5.647 véhicules par 13 heures) entrent dans la localité par la N2 en provenance de Bous et que 6.500 véhicules par jour (5.103 véhicules par 13 heures) passent par le poste frontalier en provenance de l'Allemagne. Sur une durée de 13 heures, 2.179 véhicules / 13 heures en provenance de l'Allemagne (soit 42,7 %) et 1.966 véhicules par 13 heures en provenance de Bous (soit 34,8 %) ont été identifiés comme « trafic de transit » passant par Remich sans y avoir leur destination finale. Il a aussi été constaté que parmi les véhicules entrant dans Remich depuis la N2, 1.217 véhicules (soit 8,8 %) retournent à leur point de départ (→ clientèle des commerces / stations d'essence).

En ce qui concerne la circulation des poids lourds entrant à Remich, 329 poids lourds / jour (→ camions, autobus, autocars, machines agricoles et autres véhicules dont le poids maximal autorisé est supérieur ou égal à 3,5 tonnes) ont été recensés en provenance de Bous (4,5 % du trafic total) et 173 poids lourds par jour ont été recensés au niveau du poste frontalier (2,6 % du trafic total). Parmi ces poids lourds recensés, au moins 44 véhicules sont des bus des lignes RGTR.

En avril 2017, une enquête de trafic plus approfondie a également été réalisée entre Luxembourg-ville et Remich, ceci afin d'identifier la provenance des poids lourds et de déterminer si les poids lourds proviennent de la zone d'activités (ZA) de Contern ou de l'autoroute A1 (échangeur Hamm, sortie n° 7 vers rond-point Robert Schaffner / « lergäertchen ») pour ensuite passer par la N2 afin de rejoindre l'Allemagne. Il ressort de cette enquête que seulement 7 % des poids lourds recensés sur la N2 à proximité de l'A1 (81 poids lourds / 13 heures) passent par Remich et 5 % (57 poids lourds / 13 heures) se rendent en Allemagne par le poste frontalier. Il en est de même pour les poids lourds en provenance de la ZA de Contern : 2 % des poids lourds recensés (10 poids lourds / 13 heures) passent par Remich.

Au vu de ce qui précède, il est donc constaté que les poids lourds dans la traversée de Remich ne proviennent pas majoritairement de l'A1 ou de la ZA de Contern. Le règlement grand-ducal limitant la circulation de transit sur une partie de la voie publique est donc généralement respecté par les conducteurs des poids lourds. En raison de cela, le Ministère de la Mobilité et des Travaux publics ne voit actuellement pas la nécessité de changer la réglementation en vigueur qui, le cas échéant, devra toutefois prendre en considération les flux de trafic au niveau régional plutôt qu'au niveau local afin d'empêcher le simple déplacement du trafic d'une localité à l'autre.

**Question 0328** (06.02.2019) de **M. Jeff Engelen** *(ADR)* concernant le **nettoyage de chaussée après une fuite d'huile ou d'une chute d'arbre :**

Bei enger Uelegspur op der Strooss hu virun der Asetzung vum CGDIS déi lokal Pompjeeën dës Uelegspur gebotzt a si waren och duerfir equipéiert, dat gouf och relativ séier gemaach an et koum der Sécherheet op de Stroossen zegutt. Zanter datt de CGDIS an d'Liewe geruff gouf, däerfe si dëst net méi maachen an et gouf de Ponts et chaussées iwwerdroen. Mä déi eenzel regional Servicer vun de Ponts et chaussées sinn duerfir net equipéiert a se mussen op den Divisiounsservice zréckgräifen, wat allerdéngs wesentlech méi laang dauert, ier dës Servicer kontaktéiert an op der Plaz sinn, zum Beispill ass Dikrech fir de ganzen Norden zoustänneg. An deem Kontext ass och ze vermierken, datt datselwecht fir Beem zoutrëfft, déi an d'Strooss falen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Inneminister an un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten:

1. Wéi ass de Moment déi genee administrativ Prozedur bei esou Asätz, déi Uelegspuren a Beem betreffen?

2. Ass virgesinn, déi eenzel Regionalservicer vun de Ponts et chaussées mat dem néidege Material ze equipéieren?

3. Wat geschitt mat deem Material, wat de Moment am Besëtz vun dem CGDIS ass?

4. Däerf de Buergermeeschter de lokalen Zentercheffe vun dem CGDIS iwwerhaapt nach esou een Asaz ordonnéieren?

5. Wéi ass et mat den zousätzleche Käschten, déi duerch den Asaz vun de Ponts et chaussées entstinn, déi virdru vun de lokale Pompjeeë méi gënschteg konnten assuréiert ginn?

**Réponse commune** (20.03.2019) de **Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Intérieur*, et de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :*

D'Sécherheet vum ëffentleche Stroossereseau ass an éischter Linn eng Responsabilitéit vum Besëtzer, wat an der Regel entweder d'Gemengen oder de Stat sinn.

Fir d'Statsstroossen an d'Autobunnen ass d'Stroossebauverwaltung zouständeg, déi op dëse Stroossen an der Regel selwer interveneiert, fir Uelegspuren an aner Obstaclen, zum Beispill ëmgefalle Beem, ewechzemaachen. Ënnerstëtzend, a bei Noutfäll, kommen d'Unitéite vum CGDIS zu Hëllef, ewéi och virum 1. Juli 2018.

A ville Gemengen hu virun der Grënnung vum CGDIS déi lokal Pompjeeën, opgrond vun hirer kommunaler Organisatioun, d'Aufgab vum Ewechmaache vun Uelegspuren op de Gemengestroossen iwwerholl. Dëst aus der Ursaach, well déi meescht technesch Servicer vun de Gemengen net iwwert dat adequat Material a Personal verfüügt hunn.

Op Decisioun vum Verwaltungsrot vum CGDIS gouf am Règlement opérationnel festgehalen, datt de CGDIS weiderhin „am Karenzfall" d'Ewechmaache vun enger Uelegspur oder engem ëmgefallene Bam iwwerhuele kann, wann de Besëtzer vun der Strooss keng eege Moyenen zur Verfügung huet. Zënter dem 1. Juli 2018 hunn d'Pompjeeë vum CGDIS 401 Asätz[1] wéinst enger Uelegspur duerchgefouert. Et ass also net richteg, datt d'Pompjeeën dëst „net méi däerfe maachen".

D'Problematik bestoung och scho virun der Schafung vum CGDIS. Esouwuel déi fréier Administration des services de secours, ewéi elo och de CGDIS, stinn am enke Kontakt mat der Direktioun vun der Stroossebauverwaltung, fir pragmatesch Léisungen, am Aklang mat de jeeweilegen Zoustännegkeeten, ze fannen.

ad 1. Wann eng Persoun eng Uelegspur oder e Bam an der Strooss erkennt an dëst als Gefor ugesäit, ka si dës Informatioun iwwert d'Noutruffnummer 112 mellen. Den Operateur um 112 muss opgrond vun der Informatioun aschätzen, ob et eng Noutsituatioun ass oder net. Dofir kann hien zu jidder Zäit Récksprooch mat der Stroossebauverwaltung iwwert d'Zentral vum CITA esouwéi mat der Police iwwert d'Zentral vum 113 huelen. Am Fall wou et sech net ëm eng Noutsituatioun handelt, gëtt den 112 den Asaz an der Regel un d'Stroossebauverwaltung oder d'Gemeng of. Am anere Fall gëtt de lokalen Asazzenter vum CGDIS alarméiert, deen op der Plaz aschätze muss, ob en d'Gefor mat sengen eegene Moyene ka behiewen oder ob hien Ënnerstëtzung bei der Stroossebauverwaltung oder der Gemeng ufreet.

ad 2. De Statsbudget gesäit momentan keen Equipement vun de regionale Servicer vir.

ad 3. Dëst Material huet och an Zukunft en operationelle Wäert a ka vun de Pompjeeën agesat ginn, ewéi zum Beispill bei engem Autosaccident, bei deem kleng Quantitéiten Ueleg ausgelaf sinn. Et gouf bis elo keng Demarche vum CGDIS, fir dëst Material ofzeschafen oder engem Asazzenter ewechzehuelen.

ad 4. De Buergermeeschter kann opgrond vum Artikel 5 vum Gesetz vum 27. Mäerz 2018, iwwert d'Organisatioun vun der ziviller Sécherheet an d'Schafe vum CGDIS, iwwert de Prinzip vun der Requisitioun den Asaz vum CGDIS ordonnéieren, fir déi Fäll, déi ënnert dësem seng Missioune falen. Dëst wär awer nëmmen dann néideg, wann de CGDIS en Asaz net hätt wéilte garantéieren. Dës Situatioun ass bis elo nach net agetratt, an den 112 huet och d'Uweisung, d'Pompjeeën „am Karenzfall" ze alarméieren, wann d'Gemeng oder d'Stroossebauverwaltung keng eege Moyenen huet.

ad 5. Am Sënn vun der Promotioun an der Valorisatioun vum Engagement vun de fräiwëllege Pompjeeën ass et méi sënnvoll, déi Interventiounen, déi net zu de primäre Missioune vum CGDIS gehéieren, zukünfteg u professionell Servicer mat fachleche Kompetenzen ze verginn, an net méi eleng op de Schëllere vun de fräiwëllege Pompjeeë leien ze loossen.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

[1] Den Tableau mam Detail ass annexéiert.

**Question 0332** (06.02.2019) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** *(CSV)* concernant la **loi antitabac :**

2006 huet déi deemoleg Regierung en éischt Anti-Tubak-Gesetz gestëmmt. 2017 koum dunn en zweet Gesetz, wat d'Gesetz vun 2006 nogebessert an och eng europäesch Direktiv ëmgesat huet.

Vu datt d'Fëmmgesetz elo säit zwielef Joer akraaft ass, wollt ech an dësem Kontext folgend Froen un den Här Gesondheetsminister an un den Här Justizminister stellen:

1. Laut Aussoen, déi am Kader vum Débat public iwwert d'Fëmmen op Terrasse gemaach goufen, gëtt op ville Schoulcampussen d'Fëmmverbuet net respektéiert. Kann de Minister dëst bestätegen? Wa jo, wat gedenkt de Minister dogéint ze ënnerhuelen?

2. Am nämlechten Débat public gouf opgeworf, datt regelméisseg virun den Haaptentréesdiere vu Spideeler gefëmmt gëtt, an dëst trotz engem Fëmmverbuet-Schëld. Kann de Minister dëst bestätegen? Wa jo, wat gedenkt de Minister dogéint ze ënnerhuelen?

3. Wéi vill Police-Kontrolle si generell scho gemaach ginn am Kader vum Anti-Tubaks-Gesetz a wéi vill Leit goufe scho protokolléiert, well se sech net un d'Gesetz gehalen hunn?

**Réponse commune** (14.03.2019) de **M. Étienne Schneider,** *Ministre de la Santé,* de **M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure,* et de **M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :*

ad 1. D'Anti-Tubaks-Gesetz verbitt d'Fëmmen esou wéi och d'Vapotéieren a sämtleche Schoulgebaier. Dëse Verbuet applizéiert sech op de gesamte Schoulberäich, ewéi de Schoulcampus respektiv och de Schoulhaff.

Et ass extrem wichteg, dass d'Anti-Tubaks-Gesetz grad an der Schoul, mat där hirem erzéiereschen Optrag an hirer Virbildfunktioun, muss agehale ginn.

Och wann am Ament dem Educatiounsministère keng Schoul bekannt ass, wou d'Virschrëften net agehale géifen, ginn nawell déi Aussoen an der Petitiounskommissioun ganz eescht geholl an den Educatiounsministère wäert e Rappel vum Gesetz u sämtlech Schouldirektioune verschécken.

ad 2. D'Anti-Tubaks-Gesetz verbitt och d'Fëmmen an d'Vapotéiere bannen an de Spideeler, awer och am ganzen Ausseberäich vun de Spideeler. Allerdéngs ass d'Fëmmen an d'Vapotéieren a speziell ageriichte Fumoire bannen am Spidol erlaabt (niewent engem Fumoir an der zouener Psychiatrie kann all Spidol e Fumoir virgesinn), souwéi an der sougenannter Fëmmzon, déi all Spidol am Ausseberäich kann amenagéieren.

D'Spideeler hunn iwwerall am Gebai a virun hiren Entréeën, an zemools den Haaptentréeën, Schëlder opgestallt, dass et verbueden ass ze fëmmen, am Gebai wéi op hirem Areal. Et kann ee behaapten, datt hautzedaags net méi am Spidol gefëmmt gëtt, mä et ass wouer, dass ee virun de Spideeler, an dat trotz de speziell ageriichte Fumoiren, nach ëmmer Leit gesäit do fëmmen, obwuel et net erlaabt ass.

D'Direktioun vun der Santé ass dofir och an enkem Kontakt mat de Spideeler, fir mat hinnen zesummen ze definéieren, wat fir Moossnamen ergraff musse ginn, fir d'Situatioun ze verbesseren.

D'Spidolsdirektioune si sech och der Problematik bewosst an hunn hiert Sécherheetspersonal ugewisen, ze intervenéieren, fir d'Anhale vum Fëmmverbuet ze garantéieren.

Fir de Fall, wou déi präventiv Mesuren awer net sollten duergoen, muss op repressiv Moossnamen zréckgegraff ginn, esou wéi d'Gesetzgebung se virgesäit.

Hei sief och nach eemol un de Regierungsaccord erënnert, dee virgesäit, dass de Kampf géint den Tabagismus weidergefouert gëtt an dass op e strikt Anhale vun de bestoende legale Verbueter insistéiert gëtt.

ad 3. Zréckgekuckt op déi lescht zwee Joer huet d'Police insgesamt 35 Protokoller am Kader vun diverse Verstéiss géint d'Anti-Tubak-Gesetz opgeholl (2017: 15 / 2018: 20).

Des Weidere goufen an deem selwechten Zäitraum 13 Avertissements taxés vu jeeweils 24 ausgestallt (2017: 3 / 2018: 10). Et gouf keen Avertissement taxé op engem Schoulcampus ausgestallt, dofir awer een am Joer 2018 an engem Spidol.

**Question 0333** (07.02.2019) de **M. Eugène Berger** *(DP)* concernant les **mentions « célibataire » et « divorcé(e) » sur les actes d'état civil et autres documents administratifs :**

Les actes d'état civil permettent de situer les personnes physiques dans la société, d'établir de nombreux rapports juridiques et civils, tout en donnant les renseignements nécessaires à certains citoyens pour faire valoir leurs droits à l'égard de tiers.

La loi du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques a également établi un registre national des personnes physiques (RNPP) qui a pour objectifs, d'une part, de regrouper toutes les données relatives à l'identification des personnes physiques en contact avec une administration luxembourgeoise et, d'autre part, de servir de base à la production de certains documents administratifs.

Jusqu'à présent, il n'est cependant pas possible pour les personnes divorcées de retrouver le statut de célibataire. En effet, ces derniers voient apparaître la mention « divorcé(e) » dans bon nombre d'actes administratifs les concernant jusqu'à ce qu'un nouveau mariage vienne à nouveau changer l'inscription dans les registres d'état civil.

Mis à part pour l'Administration des contributions pour un délai maximal de trois ans, cette information n'est d'aucune utilité administrative.

Or, une telle étiquette renvoyant à un fait du domaine de la vie privée parfois déjà bien éloigné est souvent perçue comme stigmatisante et discriminatoire pour les personnes concernées.

À noter que des inscriptions pareilles ne sont pas prévues en cas de rupture d'un contrat de partenariat.

Dans ce contexte, je me permets de poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Intérieur et à Monsieur le Ministre de la Justice :

1) Sur quels certificats ou actes délivrés par les administrations communales la mention de la situation familiale est-elle obligatoire ?

2) Madame et Monsieur les Ministres sont-ils d'avis que l'indication de la situation familiale présente toujours un intérêt sur les actes administratifs ?

3) Au vu des raisons susmentionnées, Madame et Monsieur les Ministres n'estiment-ils pas opportun de créer la faculté, pour les personnes divorcées, de faire réapparaître la mention « célibataire » sur les documents d'état civil ?

4) Dans la négative, pour quelles raisons ?

**Réponse commune** (12.03.2019) de **M. Félix Braz,** *Ministre de la Justice,* et de **Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Intérieur :*

L'honorable Député interroge les ministres sur les documents administratifs délivrés par les administrations communales, et plus spécifiquement si la mention de la situation familiale présente toujours un intérêt.

Différents types de documents administratifs renseignent sur la situation personnelle des citoyens.

Suivant qu'ils sont établis à partir des registres d'actes d'état civil ou le Registre national des personnes physiques (RNPP), la nature et le contenu des documents varient sensiblement. La différence la plus importante concerne l'indication « situation de famille », respectivement « état civil ». Tenant au Code civil, la notion « état civil » vise seulement la situation de célibataire, marié, divorcé, conjoint survivant, séparé de corps. La notion « situation de famille » est une notion introduite et définie par la loi du 19 juin 2013 portant création du RNPP. Elle couvre également la situation de partenariat enregistré.

Sont délivrés :

- Les certificats de résidence par le bureau de population de la commune de résidence. Sur base du règlement grand-ducal du 29 mars 2016 concernant certains certificats délivrés sur base des données figurant au Registre national des personnes physiques, ces certificats sont délivrés à partir de la base de données « RNPP » (créée par la loi du 19 juin 2013). Il s'agit soit du certificat sommaire (sans indication de la situation familiale), soit du certificat élargi (avec indication de la situation familiale).

- Les copies intégrales des actes de naissance, de mariage et de décès par service d'état civil des communes de naissance. Sur base de l'article 45 du Code civil, ils sont dressés à partir des registres des actes de l'état civil. Il s'agit de la reproduction intégrale de l'acte authentique avec toutes les mentions y indiquées, tels que mariage(s), divorce(s), séparation de corps, déclaration(s) et dissolution(s) du partenariat déclaré au Luxembourg, changement de nom et de prénoms, changement de filiation et changement de sexe.

- Les extraits d'actes de naissance, de mariage et de décès par le service d'état civil des communes de naissance.

En plus de l'extrait national, il existe l'extrait plurilingue fixé par la Convention CIEC n° 16 du 8 septembre 1976 relative à la délivrance d'extraits plurilingues d'actes de l'état civil. Les extraits sont dressés à partir des registres des actes de l'état civil et renseignent exclusivement sur l'état civil de la personne au jour de sa délivrance. L'extrait de naissance ne comprend aucune indication relative à un éventuel mariage, divorce ou partenariat enregistré.

Ces documents servent aux citoyens (luxembourgeois et non-luxembourgeois, résidents et non-résidents) de pièces justificatives pour leurs démarches variées et diverses faites au Luxembourg et à l'étranger.

Elles sont exigées par des autorités publiques pour des démarches en matière d'état civil (telles que célébration de mariage, ouverture d'une succession), mais également en matière administrative (telqs que demande de nationalité, paiement d'une retraite, allocation familiale). De plus elles sont encore très demandées par d'autres entités (telles que banques, assurances, universités, fédérations sportives, etc.).

Suivant la situation, un document avec des informations très sommaires est suffisant, respectivement un document particulièrement complet s'avère indispensable. Considérant que certains droits et prestations tiennent directement à la situation personnelle du demandeur, la mention « divorcé », « séparé de corps », « veuf », « conjoint survivant » sont toujours d'actualité, notamment pour les démarches à l'étranger.

Sachant pour l'utilité de tous ces types de documents administratifs et leurs mentions, il n'est pas envisageable de faire abstraction des différentes mentions. Mais pour des raisons de discrétion, les extraits et les certificats neutres sont à privilégier, si faire se peut. Les services d'état civil des communes ont été sensibilisés en ce sens dès 2005 (voir circulaire « état civil » janvier 2005, sous n° 75).

Une discussion générale relative aux informations ayant à figurer sur les documents officiels pourra être menée dans le contexte de la révision de l'usage du nom des femmes et de l'inscription du nom du conjoint - révision expressément prévue par le programme gouvernemental.

**Question 0334** (07.02.2019) de **M. Sven Clement** *(Piraten)* concernant l'**utilisation du fax par les administrations :**

Nach ëmmer setze vill ëffentlech Verwaltungen op Fax als Alternativ zur Bréifpost, fir Dokumenter ze verschécken oder ze kréien. Dëst virun allem, well de Fax eng Bestätegung iwwert d'Receptioun verschéckt an domadder eng Valeur probante ausstellt. Den europäeschen eIDAS-Reglement, deen e qualifizéierte Recommandé op elektroneschem Wee virgesäit, hätt de Gebrauch vum Fax allerdéngs scho säit Jore kënne reduzéieren. Grad virum Hannergrond vun der Äntwert vum Här Minister op meng parlamentaresch Fro N° 60, datt iwwer 50 % vun allen Telefonsleitungen haut IP-baséiert sinn, schéngt de Fax keen adequat Kommunikatiounsmëttel fir Verwaltunge méi ze sinn, well de Reglement vun der ILR vum 9. August 2017 jo festleet, datt et keng Garantie fir de Fonctionnement vum Fax op engem IP-Reseau gëtt oder muss ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister fir Kommunikatioun a Medien dës Froe stellen:

1. Wéi vill Operateuren erlaben et haut zu Lëtzebuerg, en elektronesche Recommandé, wéi am eIDAS-Reglement virgesinn, fortzeschécken? Wéi vill dovunner erlaben en Envoi recommandé électronique qualifié?

2. Ass de Minister der Meenung, datt en Onlineservice, wéi zum Beispill MyGuichet, fir all

Verwaltungen en Dokument mat Accusé de réception ausstelle kéint, fir de Fax am Beräich vun der Kommunikatioun tëscht Stat a Bierger an noer Zukunft ofzeléisen?

3. Vu datt VOIP-Leitungen haut nach net gekennzeechent musse ginn, wéi wëllt de Minister garantéieren, datt Leit, déi op de Fax ugewise si fir administrativ Demarchen ze maachen, dësen op hirer Leitung och notze kënnen? Oder bleift dëse Persoune just dee méi luese Postwee?

4. Gesäit de Minister eng Opportunitéit, fir zu Lëtzebuerg Alternativen zum Fax ze etabléieren an esou eng obsolet Technologie an d'Pensioun ze schécken?

5. Wéi vill Administratioune kënnen haut een elektronesche Recommandé, wéi am eIDAS-Reglement virgesinn, unhuelen? Wou veröffentlechen d'Verwaltungen dës Kontaktméiglechkeet?

**Réponse commune** (26.03.2019) de **M. Xavier Bettel,** *Ministre des Communications et des Médias,* et de **M. Marc Hansen,** *Ministre délégué à la Digitalisation :*

Dat europäescht eIDAS-Reglement gesäit keng juristesch Equivalenze vir tëscht engem elektronesche Recommandésservice (qualifizéiert oder onqualifizéiert) an engem Pabeiersrecommandé. D'eIDAS-Reglement offréiert de Memberstaten d'Méiglechkeet, dës Equivalenz an hiren nationale Gesetzer ze integréieren. All Memberstat kann eenzel decidéieren, ob en d'Notzung vum elektronesche Recommandésservice am Sënn vum eIDAS-Reglement wëllt virgesinn oder net. Déi lëtzebuergesch Regierung huet dëst via de Gesetzesprojet « portant modification de la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique » proposéiert.

ad 1. D'eIDAS-Reglement leet e grousse Wäert op d'Ënnerscheedung vu qualifizéierten an onqualifizéierte Vertrauensservicer.

Engersäits, mussen Ubidder vu qualifizéierte Vertrauensservicer zwangsleefeg vun enger nationaler Autoritéit iwwerwaacht ginn, an d'Konformitéit vun hire Vertrauensservicer mat den Ufuerderunge vun dem eIDAS-Reglement gëtt och vun onofhängegen Audite gepréift. Zousätzlech dozou gëtt de Status vun dëse Vertrauensservicer an den nationale Vertrauenslëschte vun all Memberstat ëffentlech dokumentéiert. D'Consultatioun vun dësen europäesche Vertrauenslëschte weist, datt um 25. Februar 2019 aacht Ubidder e qualifizéiert elektronesche Recommandésservice am Sënn vum eIDAS-Reglement ugebueden hunn. Dës aacht Provider sinn a fënnef Memberstaten etabléiert (Frankräich, Belsch, Däitschland, Spuenien, Slowenien). Am Moment gëtt et keen Ubidder zu Lëtzebuerg.

Anerersäits, verlaangt d'eIDAS-Reglement keng obligatoresch an onofhängeg Bewäertung, wat d'Konformitéit vun engem net qualifizéierten elektronesche Recommandésservice ubelaangt. Am Allgemenge ginn d'Deklaratioune vun der Konformitéit zu eIDAS fir onqualifizéiert Servicer op enger fräiwëlleger Basis gemaach.

ad 2.-4. Zënter datt den CTIE 2008 ugefaangen huet, Demarchen ze dematerialiséieren, gouf vu kenger Administratioun d'Ufro gemaach, fir en Onlineservice unzebidden, deen de Fax am Beräich vun der Kommunikatioun tëscht Stat a Bierger ersetzt.

Wann e Bierger oder eng Firma eng online Prozedur iwwer MyGuichet.lu mécht, kritt hien zënter dem Ufank vu MyGuichet.lu eng E-Mail, déi him confirméiert, datt seng Ufro un déi betreffend Verwaltung iwwerdroe ginn ass. Den CTIE schafft och grad un der Verbesserung vun dëser Funktionalitéit, fir datt den Demandeur automatesch e Bordereau de transmission zréckkritt, deen d'Referenz an den Typ vun der Demarche, den Datum an d'Zäit vun der Iwwerdroung, den Organisme, deen d'Demarche kritt huet, den Numm vum Demandeur an d'Detailer vun den iwwerdroenen Dokumenter enthält.

Den Demandeur wäert dann e signéiert PDF-Dokument hunn, dat d'Transmissioun vun der Demarche beweist an dat den Demandeur engem Drëtte ka virleeën. Zum Beispill, am Fall vun engem net gerechtfäerdegte Rappel vun enger Administratioun, kann den Demandeur dann eendeiteg beweisen, datt seng Demarche matzäit geschéckt ginn ass.

ad 5. D'eIDAS-Reglement definéiert net d'Notioun „elektronesche Recommandé", mä déi vum „Service d'envoi recommandé électronique". Heibäi handelt et sech net ëm e besonneschen Typ vun elektroneschen Dokumenter, déi een enger Administratioun zum Beispill per E-Mail ka schécken, mä et handelt sech éischter ëm eng Softwareplattform, wou d'Akteure sech umelle mussen, fir Informatiounen austauschen ze kënnen.

Dovun ofgesinn, datt d'eIDAS-Reglement keen technesche Standard verlaangt, sinn déi verschidde Léisunge fir qualifizéiert elektronesch Recommandésservicer am Moment individuell Offeren an net interoperabel, a keen esou e Service ass zu Lëtzebuerg verfügbar.

**Question 0336** (08.02.2019) de **M. Gusty Graas** *(DP)* concernant le **nombre de médecins actifs :**

L'Association luxembourgeoise des étudiants en médecine (ALEM) prévient depuis un certain temps que le Luxembourg pourrait souffrir d'une pénurie de médecins dans les prochaines années. Comme l'a relayé récemment la presse écrite, l'ALEM mettrait par ailleurs également en question les statistiques sur la démographie médicale, présentées par le Ministère de la Santé, et estimerait qu'un nouveau recensement du nombre de médecins actifs devrait être réalisé en collaboration avec l'Université du Luxembourg et l'Association des médecins et médecins dentistes (AMMD).

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Santé :

- Monsieur le Ministre peut-il me fournir les dernières statistiques sur le nombre de médecins actifs au Luxembourg, en distinguant entre généralistes et spécialistes ?

- Quelle est la moyenne d'âge des médecins au Luxembourg ?

- Combien de médecins atteindront l'âge légal de retraite au cours des cinq prochaines années ? Combien de médecins ont eu leur autorisation d'exercer en moyenne par an pendant les cinq dernières années ?

- De quand datent ces informations ? Dans quels intervalles ces informations sont-elles actualisées ?

- Quelle est la méthodologie employée par les services du ministère afin de collecter les informations en question ?

- Monsieur le Ministre est-il en contact avec l'ALEM pour discuter de leurs doutes quant à fiabilité des données du ministère ?

- Est-il prévu de réaliser prochainement un nouveau recensement de la population médicale suite aux assertions de l'ALEM ?

**Réponse** (12.03.2019) de **M. Étienne Schneider,** *Ministre de la Santé :*

D'après les dernières statistiques de démographie médicale, le Luxembourg comptait, au 31 décembre 2017, 1.780 médecins praticiens dont 534 (30 %) médecins généralistes et 1.246 (70 %) médecins spécialistes. Depuis 2000, le nombre absolu de médecins praticiens au Luxembourg a presque doublé et la densité de médecins praticiens par 1.000 habitants a également nettement augmenté.

Alors que le registre professionnel tenu par le Ministère de la Santé ne permet pas de déterminer une moyenne d'âge des médecins au Luxembourg, il contient cependant des informations relatives aux différentes classes d'âges, tant pour les médecins spécialistes que pour les généralistes.

Ainsi on notera pour les médecins praticiens au Luxembourg que :

- 4 % ont moins de 35 ans ;
- 23 % ont entre 34 et 44 ans ;
- 29 % ont entre 45 et 55 ans ;
- 44 % ont 55 ans et plus.

Il convient de préciser que pour les médecins exerçant une activité libérale il n'existe pas d'âge légal de retraite.

Par ailleurs, le Ministère de la Santé ne dispose pas de données concernant l'âge effectif de la retraite des médecins au Luxembourg.

Parmi les médecins ayant eu leur autorisation d'exercer la médecine au Luxembourg, 89 médecins, qui pratiquent effectivement au patient, sont venus s'ajouter en moyenne par an au cours des cinq dernières années.

Les informations recueillies dans le registre professionnel tenu par le Ministère de la Santé sont enregistrées lors de la demande d'autorisation d'exercice d'une profession médicale. Ces informations sont actualisées lorsque le médecin communique des changements éventuels de son activité ou de son lieu d'exercice, ou s'il quitte le Luxembourg et qu'il n'y a plus exercé pendant deux ans.

Les médecins ont l'obligation d'informer le ministère en cas de modification de leur type d'activité ou de lieu d'exercice.

Une étude est actuellement en cours, sur commande du Ministère de la Santé, pour réaliser un état des lieux des professionnels de la santé, c'est-à-dire des médecins et des autres professions de santé réglementées. L'ALEM fait partie des acteurs qui sont consultés dans le cadre de cette étude.

Dans un premier temps l'étude a pour objectif d'évaluer de manière qualitative les ressources et les compétences dont le Luxembourg dispose sur le terrain, tant dans le secteur hospitalier, et de déterminer si certains besoins sont éventuellement non couverts et de définir d'éventuelles nouvelles compétences dont le terrain aurait besoin.

Dans un deuxième temps, un recensement quantitatif de ces professionnels de la santé sera réalisé. Ce recensement aura lieu en 2019, et ses résultats seront publiés.

Au terme de cette étude, les données à collecter de manière systématique et régulière seront définies et intégrées au registre, afin de disposer de données à jour, utiles à une planification raisonnée des professions de santé et médicales.

Enfin il convient de préciser que, conformément au programme gouvernemental, le futur Observatoire de la santé aura en outre comme mission d'assurer le suivi de la démographie médicale au Luxembourg.

**Question 0337** (08.02.2019) de **MM. Charles Margue** et **Carlo Back** *(déi gréng)* concernant la **fraude dans les allocations de chômage involontaire dû aux intempéries :**

Selon un article dans l'hebdomadaire lusophone « Contacto », il y aurait une fraude récurrente dans les allocations de chômage involontaire dû aux intempéries. Certaines entreprises de construction déclarent à l'Agence pour le développement de l'emploi (ADEM) la fermeture des chantiers à cause du mauvais temps, mais les travailleurs concernés seraient quand même, soit forcés de travailler sur le chantier malgré les conditions météorologiques défavorables, soit leur patron ne leur payerait pas l'indemnisation qu'ils devraient obtenir. En conséquence, les travailleurs ne seraient donc pas correctement assurés en cas d'accident alors que les entreprises augmenteraient leur profit. Ceux qui osent se plaindre auprès de leurs patrons seraient intimidés, selon les témoignages reçus par « Contacto ».

Dans ce contexte, nous voudrions avoir les renseignements suivants de la part de Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :

1) Monsieur le Ministre, est-il au courant d'une telle fraude dans le secteur de la construction ?

2) Quelles mesures Monsieur le Ministre envisage-t-il de prendre pour lutter contre ces cas de fraude ?

**Réponse** (06.03.2019) de **M. Dan Kersch,** *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :*

Il y a d'abord lieu de noter que la question sous rubrique a déjà été abordée dans la Commission du travail, de l'emploi et de la Sécurité sociale en date du 28 février 2019.

Concernant les demandes d'allocations de chômage involontaire dû aux intempéries il faut souligner que toute demande de remboursement des entreprises fait l'objet d'un contrôle sur pièces par l'Agence pour le développement de l'emploi (ci-après ADEM).

À cet effet, l'ADEM consulte les bases de données du Centre commun de la sécurité sociale, du Registre de commerce et des sociétés et du Ministère des Classes moyennes.

À noter encore que chaque déclaration de créance adressée à l'ADEM doit être accompagnée de décomptes mensuels individuels signés par les salariés concernés par le chômage dû aux intempéries, signature qui vaut confirmation, de la part des salariés, d'avoir touché les montants indiqués.

Sur base des contrôles effectués par l'ADEM, 152 dossiers ont été refusés au cours des cinq dernières saisons hivernales. De plus, il existe des cas où l'ADEM ne refuse pas le dossier complet mais déduit les heures considérées comme injustifiées sur le relevé des montants à charge de l'État.

Il faut noter que trois cas concrets de fraude en matière d'allocations de chômage dû aux intempéries ont été signalés à l'Inspection du travail et des mines (ci-après ITM) au courant de l'année 2018. Dans ces cas d'espèce il avait en effet été présumé que les entreprises concernées avaient effectué une déclaration de chômage dû aux intempéries auprès de l'ADEM en vue de pouvoir bénéficier des indemnités compensatoires de salaire tout en laissant travailler leurs salariés pendant cette même période d'intempéries. Les trois dossiers sont actuellement en cours de traitement.

Une autre affaire concernant le défaut de paiement correct de l'indemnité pécuniaire de maladie pendant une période de chômage dû aux intempéries a déjà été sanctionnée par une amende administrative de l'ITM et est actuellement pendante devant les juridictions administratives.

**Question 0339** (08.02.2019) de **M. Sven Clement** *(Piraten)* concernant les **délégations du personnel dans les conseils d'administration des entreprises comportant une participation de l'État :**

Am groussherzoglechen Arrêté vum 11. August 1974 gi Firmen opgelëscht, bei deenen de Stat méi wéi 25 Prozent vum Kapital hält. Nom Artikel L.426-1 (2) vum Code du travail mussen d'Entreprisë vun dëser Lëscht e Member vun der Personaldelegatioun an de Verwaltungsrot integréieren. No Medieberichter vum Radio 100,7 ass dëst awer - zumindest an der Vergaangenheet - bei LuxTram SA net de Fall gewiescht, an och 17 weider Gesellschafte ginn, obwuel de Stat méi wéi 25 Prozent vum Kapital vun dëse Firmen hält, net am groussherzoglechen Arrêté vum 11. August 1974 opgelëscht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Finanzminister an dem Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft dës Froe stellen:

- Kënnen d'Ministeren d'Informatioune vum Radio 100,7 confirméieren?

- A wéi vill Firmen hält de Stat 25 oder méi Prozent vum Kapital? Bei wéi villen dovunner ass e Vertrieder vun der Personaldelegatioun am Verwaltungsrot? Bei wéi engen net?

- Wéi vill Firmen, a wéi eng, hunn zwar e Member vum Personal am Verwaltungsrot, mä sinn net am groussherzoglechen Arrêté vum 11. August 1974 opgelëscht?

- Wéi kann et sinn, datt Firmen, an deene Vertrieder vum Stat am Verwaltungsrot sëtzen, well se 25 oder méi Prozent vum Kapital representéieren, sech net u geltend Gesetzer, wat d'Vertriedung vum Personal am Verwaltungsrot ugeet, halen?

- Sinn d'Ministeren der Meenung, datt de Stat als bedeitenden Aktionär bei dëse Firmen intervenéiere muss, fir esou séier wéi méiglech eng Konformitéit mam Gesetz hierzestellen? Wéi séier kann dëst geschéien?

- Wéi gesinn d'Ministeren dëse Verstouss géint d'Aarbechtsgesetz virum Hannergrond vun de Sozialwahle vum 12. Mäerz?

**Réponse commune** (18.03.2019) de **M. Pierre Gramegna,** *Ministre des Finances,* et de **M. Dan Kersch,** *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*

ad 1. De modifizéierte groussherzoglechen Arrêté vum 11. August 1974 lëscht folgend Gesellschaften op:

1. Compagnie grand-ducale d'électricité du Luxembourg (Cegedel)

2. Société anonyme luxembourgeoise de navigation aérienne (Luxair)

3. Compagnie luxembourgeoise de télédiffusion (CLT)

4. Société européenne des satellites (SES)

5. Société de l'Aéroport de Luxembourg SA (lux-Airport)

Aner Aktiegesellschaften, déi theoretesch ënnert den Artikel 426-1 (2) vum Code du travail falen, ginn an dësem Arrêté net ernimmt.

ad 2. De Stat hält an 29 privatrechtleche Gesellschaften 25 oder méi Prozent vum Kapital. 22 vun dëse Gesellschafte funktionéieren ënnert dem Statut vun enger Aktiegesellschaft (SA) a falen deemno theoretesch ënnert den Artikel L.426-1 (2) vum Code du travail.

5 vun dësen 22 Gesellschaften hunn eng Personalvertriedung am Verwaltungsrot.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

ad 3. Folgend Gesellschaften hunn zwar een oder méi Membere vum Personal am Verwal-

tungsrot, mä sinn net am modifizéierte grossherzoglechen Arrêté vum 11. August 1974 opgeléscht:

1. ALSA - Agence luxembourgeoise pour la sécurité aérienne SA

2. BGL BNP Paribas SA

3. Encevo SA (fréier Cegedel)

ad 4. Bis elo sinn am Aarbechtsministère keng Reklamatiounen zu deem Punkt agaangen, weder vu Gewerkschaftssäit nach vun den Delegatiounen aus deene betraffene Betriber.

ad 5. + 6. Den Aarbechtsministère wäert no der Installatioun vun den neie Personaldelegatiounen e Courrier un déi betraffe Gesellschaften adresséieren, fir se op d'Bestëmmunge vun den Artikelen L.426-1 bis L.426-4 vum Code du travail opmierksam ze maachen.

**Question 0340** (11.02.2019) de **M. Laurent Mosar** *(CSV)* concernant les **voitures à hydrogène :**

Och wann d'Elektroautoen als ëmweltfrëndlech Alternativen zu de Verbrennungsmotoren ugesi ginn, esou si vill Experten der Meenung, datt Waasserstoffautoen, déi komplett emissiounsfräi fueren, d'Zukunft vun der Automobillindustrie duerstellen.

Waasserstoffautoe sinn a sech Elektroautoen, mam Ënnerscheed, datt den Elektromotor net duerch eng Batterie, mä duerch eng Brennstoffzell ugedriwwe gëtt. An dëser Brennstoffzell suergt eng chemesch Reaktioun tëscht Waasserstoff a Sauerstoff fir Stroum, an dee gëtt dann un de Motor weidergeleet.

Waasserstoff ass e proppere Kraaftstoff, deen am Moment nach zu 70 Prozent aus Äerdgas hiergestallt gëtt, an Zukunft awer komplett aus erneierbaren Energië kann hiergestallt ginn. Am Géigesaz zu engem konventionellen Elektroauto, kann e Waasserstoffauto an dräi bis fënnef Minutten opgetankt ginn.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Wéi ee Potenzial gesäit d'Regierung an dëse Waasserstoffautoen?

- Ginn et sougenannte Waasserstofftankstellen zu Lëtzebuerg?

- Wa jo, wéi vill?

- Wann neen, gedenkt d'Regierung dës Technologie ze fërderen an derfir ze suergen, datt Waasserstofftankstellen zu Lëtzebuerg opmaachen?

**Réponse commune** (12.03.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics,* et de **M. Claude Turmes,** *Ministre de l'Énergie :*

Et gëllt ze beuechten, datt et zwou Kategorië vu Waasserstoffautoe gëtt. Bei der éischter gëtt Waasserstoff an engem Verbrennungsmotor agesat an doduerch produzéiert dëst Gefier och lokal Emissiounen. Well et sech heibäi awer ëm eng Technologie handelt, déi hautdesdaags net méi oft an der Automobilindustrie agesat gëtt, ass dervun auszegoen, datt d'Fro vum honorablen Deputéierten iwwert déi zweet Kategorie geet. Bei dëser gëtt de Waasserstoff am Gefier an enger Brennstoffzell a Stroum ëmgewandelt. Et handelt sech hei ëm een Elektroauto, wou de Stroum direkt am Gefier iwwert d'Brennstoffzell hiergestallt gëtt an och keng schiedlech lokal Emissiounen entstinn.

Wéi an der rezenter Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 0243 schonn erkläert, gëllt bei Brennstoffzellenautoen, déi mat Waasserstoff ugedriwwe ginn, awer ze berücksichtegen, dass d'Produktioun, d'Verdeelung op Tankstellen an déi lokal Späicherung vu Waasserstoff vill méi energieintensiv sinn am Verglach zur direkter Notzung vum Stroum an engem Elektroauto. Esou brauch een ongeféier haut dräimol esou vill Stroum, fir ee Kilometer mat engem Brennstoffzellenauto mat Waasserstoff ze fueren, wéi wann een de Stroum direkt an engem Elektroauto mat enger Batterie notzt. Zousätzlech gëtt fir den Asaz vu Waasserstoff eng opwändeg an extrem käschtenintensiv Produktiouns-, Verdeelungs- an Tankinfrastruktur gebraucht, wat bei de Batterieautoen net de Fall ass, well hei op e gutt ausgebaut Stroumnetz zréckgegraff ka ginn.

Brennstoffzelle mat Waasserstoff kéinten an Zukunft eng komplementar Roll zur Elektromobilitéit spillen. Aus dëse Grënn si Brennstoffzellenautoen och eligibel fir déi Primm vu 5.000 €, déi d'Regierung am Januar 2019 agefouert huet.

Am Moment ginn et keng Waasserstofftankstellen zu Lëtzebuerg. Am Regierungsprogramm ass awer festgehalen, derfir ze suergen, datt an dëser Legislaturperiod eng Statioun installéiert soll ginn, fir domat e Bäitrag beim Opbau vun engem europawäiten Netz u Waasserstofftankstellen ze leeschten.

**Question 0345** (12.02.2019) de **M. Sven Clement** *(Piraten)* concernant le **congé jeunesse** et le **congé sportif :**

De Legislateur kennt verschidde Forme vu speziellen Congéen, dorënner ënner anerem de Congé jeunesse an de Congé sportif. Wärend de Congé sportif all Athlet, Arbitter a Verbandsfonctionnaire am Sport, deen zu Lëtzebuerg affiliéiert ass, zur Verfügung steet - onofhängeg vum Land, an deem en effektiv schafft -, ginn zu Lëtzebuerg affiliéiert Animateuren aus dem Jugendberäich vum Congé jeunesse ausgeschloss, wa se am Ausland schaffen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister fir Bildung an dem Här Minister fir Sport dës Froe stellen:

- Wéi vill Persounen (opgeschlësselt no Joer) hunn an de leschten zéng Joer vum Congé jeunesse profitéiert a wéi vill vum Congé sportif? Wéi vill Deeg Congé goufen an der Moyenne jeeweils geholl?

- Wéi vill Prozent vun den Demandë fir de Congé sportif goufe vu Persounen, déi am Ausland schaffen, deposéiert an ugeholl? Wéi vill Prozent vun den accordéierte Congésdeeg ginn op Persounen, déi am Ausland schaffen, zréck?

- Ass d'Regierung der Meenung, datt een de Benevolat an d'Associatioune weider stäerke kéint, andeems een de Congé jeunesse och op Salariéen, déi am Ausland schaffen, auswäite géif?

**Réponse commune** (12.03.2019) de **M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse,* et de **M. Dan Kersch,** *Ministre des Sports :*

D'Zuele vum Congé jeunesse sinn an de leschten zéng Joer dës:

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).*

D'Statistike vum Congé sportif vun de leschten zéng Joer gesinn esou aus:

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).*

Am Joer 2018 hu siwe Persounen, déi am Ausland schaffen, Congé sportif gefrot an och accordéiert kritt fir een Total vun 88 Deeg. Dat maachen 2,46 % vum Total vun de Beneficiairen oder 4,43 % vun den accordéierten Deeg aus.

Wat generell Froe vun der Ënnerstëtzung vum Benevolat ubelaangt, esou verweise mer den honorabelen Deputéierte gären op de Regierungsprogramm, wou dem Benevolat eng grouss Unerkennung zegutt kënnt, sief dëst am sozioassoziativ Kader, am Beräich vun de Rettungsdéngschter oder am Sport.

D'Regierung wäert och eng Strategie ausschaffen, fir de Benevolat weiderhin ze fërderen, an déi sëllege Fräiwëlleger, fir hir wäertvoll Aarbecht zousätzlech ze ënnerstëtzen.

**Question 0346** (12.02.2019) de **Mme Martine Hansen** *(CSV)* concernant l'**interdiction du glyphosate :**

Am Kader vun enger Biergerdebatt zu Bourg-de-Péage de 24. Januar 2019 huet de franséische President Emanuel Macron matgedeelt, dass hien net dru gleeft, dass een 100 %-Ausstig aus dem Glyphosat innerhalb vun den nächsten dräi Joer ze realiséiere wier.

Wuertwiertlech sot hien: « Est-ce qu'on peut dire qu'il n'y a plus du tout du glyphosate dans trois ans ? Impossible. Je ne vais pas vous mentir. Ce n'est pas vrai. Pourquoi ? Parce que si je le fais (...), je tue complètement certaines filières. » Mat dëser Ausso distanzéiert sech de President vu sengem Engagement, Frankräich spéitstens an dräi Joer glyphosatfräi ze maachen.

Och Lëtzebuerg huet sech ambitiéis Ziler gesat. De viregte Landwirtschaftsminister hat ugekënnegt, esou séier wei méiglech aus dem Glyphosat erauszeklammen. Am Regierungsprogramm ass festgehale ginn, bis den 31. Dezember 2020 dëse Produit zu Lëtzebuerg ze verbidden.

Wëssend, dass ee vun haut op muer net en nationaalt Glyphosatverbuet ëmsetze kann, wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister an der Madamm Minister fir Ëmwelt folgend Froe stellen:

1. Wéi wäit ass de Ministère mat der Exit-Strategie, déi an Zesummenaarbecht mat all de betraffenen Akteuren um Terrain soll definéiert ginn?

2. Wéi eng Alternativen zum Glyphosat wëllt de Ministère propagéieren?

3. Si fir de Moment Alternativen an der Entwécklung, déi op de Marché solle kommen? Wa jo, wéi eng Alternative wieren dat?

**Réponse commune** (14.03.2019) de **M. Romain Schneider,** *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural,* et de **Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :*

ad 1. Zwee PEI-Projeten (Partenariat européen d'innovation) begleeden d'Exit-Strategie an der Landwirtschaft. Dës PEI-Projete gi vum Landwirtschaftsministère finanzéiert a vun der Landwirtschaftskummer an dem Luxembourg Institute for Science and Technology (LIST) ëmgesat. Den éischte PEI-Projet huet ausschliisslech d'Identifizéierung an Entwécklung vun Alternativen zum Glyphosat zum Zil. Am zweete PEI-Projet gëtt a Pilotbetriber getest, ewéi eng Methoden den Asaz vun Herbiziden am Allgemenge reduzéiere kënnen. Doniet ginn et och eng Rei vu Feldversich, wou alternativ Ubaumethode getest ginn.

Am Wäibau gëtt de Glyphosat just ënnert dem Stack op enger schmueler Sträif agesat. Vill Betriber benotzen awer mëttlerweil keng Herbizide méi a reguléieren d'Onkraut mechanesch.

ad 2. D'Regierung propagéiert elo schonns eng Erweiderung vun der Fruuchtfolleg, an d'mechanesch Onkrautbekämpfung gëtt duerch Agrarëmweltmoossnamen a Berodungsmoduler promouvéiert. Speziell am Wäibau ass d'Method vun der Unterstockbegrünung interessant, fir d'Opkomme vun Onkraut ze ënnerbannen.

D'PEI-Projeten an d'Feldversich, wou alternativ Ubaumethode getest ginn, hëllefen, de Baueren nei Technike méi no ze bréngen.

Doniet gëtt am Kader vun engem neie Bioaktiounsprogramm, deen derbäi ass ausgeschafft ze ginn, d'Ëmstellung op d'biologesch Landwirtschaft weider promouvéiert.

Chemesch Alternativen zum Glyphosat ginn net propagéiert.

ad 3. Chemesch Alternativen, déi Glyphosat 1:1 ersetze kéinten, sinn eis net bekannt. Net chemesch Alternativen, ewéi Maschinne fir d'thermesch oder mechanesch Onkrautbekämpfung, si schonns um Marché erhältlech. Och d'Kombinatioun vu mechanescher a chemescher Onkrautbekämpfung si méiglech.

**Question 0347** (12.02.2019) de **M. Marc Goergen** *(Piraten)* concernant la **flotte automobile du Gouvernement :**

Am Koalitiounsaccord vun der Regierung gëtt den Ausbau vun der Elektromobilitéit als eng Prioritéit definéiert. D'Zil ass, de Privatmarché ewech vum Verbrennungsmotor hin zum Elektroundriff ze bewegen an am Land déi néideg Infrastrukturen ze schafen, fir d'Elektromobilitéit ze assuréieren. Vu dass d'Part du marché vum Elektroauto aktuell nach marginal ass, ass unzehuelen, dass och d'Regierung senger Virbildfunktioun an der Elektromobilitéit gerecht wëllt ginn an hire Fuerpark op Elektroautoen ëmstelle wäert. Zurzäit fënnt een an deem Fuerpark awer zu engem groussen Deel Autoe mat gréissere Verbrennungsmotoren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Här Minister fir Energie dës Froe stellen:

- Opgeschlësselt pro Joer a pro Ministère, wéi héich waren d'Ausgabe beim Kaf vun Autoe fir de Fuerpark vun den eenzele Ministèren an de siwe leschte Joer? No wéi enge Kritäre gëtt den Auto gewielt?

- Opgeschlësselt no Ministère, wéi vill Autoe befanne sech aktuell am Fuerpark vun der Regierung? Wéi vill vun dësen Autoe si reng Elektroautoen?

- Wéi vill Elektroautoe goufen, opgeléscht no Joer, säit 2012 fir de Fuerpark vun der Regierung kaf?

- Opgeschlësselt no Mark a Modell, wéi eng Autoe sti jiddwer Minister vun der Regierung zur Verfügung ? No därselwechter Opschlësselung, wéi eng Autoe sinn an de verschiddene Ministèrë fir den Transport vu Ministere virgesinn?

- Huet d'Regierung wëlles, hire Fuerpark an Zukunft op Elektroautoen ëmzestellen? Falls jo, wéi ee Prozentsaz vun Elektroautoen am Fuerpark strieft d'Regierung bis 2023 - opgeschlësselt pro Joer - un? Falls neen, firwat net?

- Wäert d'Regierung weiderhin op Autoe mat Verbrennungsmotor an hirem Fuerpark setzen? Falls jo, firwat?

**Réponse commune** (18.03.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics,* et de **M. Claude Turmes,** *Ministre de l'Énergie et Ministre de l'Aménagement du Territoire :*

ad 1. D'Ausgabe fir de Kaf vu Gefierer fir de Fuerpark iwwert déi lescht fënnef Joer ware fir déi eenzel Ministèrë folgendermoossen:

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).*

D'Ausgabe vu Verwaltungen oder anere staatlechen Institutioune sinn de jeeweilege Ministères de tutelle zougeuerdent. D'Kritäre fir dës Gefierer sinn iwwert déi jeeweileg Budgetscirculaire geregelt.

ad 2. + 3. No den Informatioune vun den eenzelne Ministèrë waren am Joer 2018 genau 2.000 Gefierer am Fuerpark vun de Ministèren, Verwaltungen an anere staatlechen Instanzen.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

Zurzäit gëtt et awer keng zentral Datebank, fir de ganze Fuerpark vun der ëffentlecher Hand no verschiddenen Informatiounen, wéi zum Beispill den Typ vun der Motorisatioun, opzeschlësselen.

Fir d'Joren 2017 an 2018 huet de Ministère fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen eng zentral Ausschreiwung vun 100 % Elektroautoen a Plug-in Hybride fir de Fuerpark vun der Regierung gemaach. 2017 goufe 14 Elektroautoen a sechs Plug-in Hybride kaf. 2018 waren et 21 Elektroautoen a 14 Plug-in Hybride.

ad 4. Bei Autoen, déi de Regierungsmemberen zur Verfügung stinn, respektiv fir den Transport vu Regierungsmembere virgesi sinn, handelt et sech ëm Autoe vun de Marken Audi, BMW a Mercedes. Dës Gefierer sinn an der Moyenne dräi Joer al an hunn duerchschnëttlech Emissioune vun 119,35 g $CO_2$/km. Iwwert déi lescht Jore goufe prioritär Hybrid-Autoen an och fënnef Plug-In Hybride kaf. Fir 2019 ass geplangt, véier Gefierer mat Verbrennungsmotor duerch Plug-In Hybriden oder eventuell 100 % Elektroauto (hänkt vun der minimaler Reechwäit of) ze ersetzen, soudatt déi duerchschnëttlech Emissioune weider fale wäerten.

ad 5. + 6. De Regierungsrot huet 2017 festgehalen, datt allegueren déi nei Dëngschtautoe prioritär sollen 100 % Elektroautoen oder Plug-In Hybride sinn. All Ausname mussen am Viraus beim Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung ugefrot a begrënnt ginn. Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 3788 vum 2. Mee 2018 erkläert, ginn am Moment Derogatiounen ausgestallt fir Autoen, déi entweder enger spezieller Notzung ënnerleien oder spezifesch Equipementer brauchen. Fir dës Gefierer ginn et am Moment nach keng adequat Alternativen am Beräich vun den Elektroautoen, soudatt momentan nach weiderhin Autoe mat Verbrennungsmotor kaf ginn. Dëngschtautoen, déi benotzt ginn, fir sech am Land oder am Ausland ze deplacéieren, gi quasi integral op 100 % Elektroautoen oder Plug-In Hybriden ëmgestallt.

**Question 0349** (12.02.2019) de **Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV)* concernant l'**extension du réseau ferroviaire :**

An de leschte Wochen a Méint si vill Froen zu Ausfäll respektiv Retarde vun Zich gestallt ginn an den zoustännege Minister weist ëmmer drop hin, datt dës leider op d'Iwwerlaaschtung vun de Gleiser wärend dem Ausbau vum Schinnereseau zréckzeféiere sinn.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Wann de Minister weess, datt et wärend den nächste Joren nach wäert zu Ausfäll a Retarde kommen, firwat ass et dann net méiglech, datt d'Utilisateure vum ëffentlechen Transport mat

Zäit heiriwwer informéiert ginn, an net eréischt, wéi dat heefeg de Fall ass, wa se um Gleis stinn ze waarden?

- Iwwer wéi ee Wee kéint een d'Leit méi séier a méi effikass informéieren?

- Kéint de Minister sech virstellen, de Leit Alternativen duerch Busser ze proposéieren, op deene Strecken op deenen et systematesch zu Ausfäll a Retarde kënnt?

**Réponse** (13.03.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :*

Vill grouss Infrastrukturprojete si grad amgaangen oder si virgesi fir déi nächst Joren. Dës beträchtlech Investissementer betreffen d'Gare Stroossbuerg Lëtzebuerg, d'Constructioun vun der neier Streck Lëtzebuerg–Beetebuerg an d'Suppressioun vun de Passages à niveau. 2019 ginn zwee grouss Projeten ofgeschloss: d'Constructioun vum zweete Viaduc Polfermillen an d'Mise à double voie vum Tronçon a Richtung Sandweiler-Contern.

An dësem Kontext schafft d'CFL säit 2016 mat enger externer spezialiséierter Societéit zesummen, fir de Fuerplang esou effikass wéi méiglech opzestellen. Beim Ausschaffe vum Horaire muss der wuessender Demande no Capacitéit, wéi och de verschiddene Phasagë vun Aarbechten, déi amgaange sinn, Rechnung gedroe ginn. Et ass wichteg eng Balance ze fannen tëscht dem Choix, der Demande vun de Passagéier, an dem Zil, dem néidegen Avancement vun den Aarbechten, nozekommen. Esou kënnt et, dass, mat enger Moyenne vun 1.000 Zich pro Dag an enkem Fuertakt, hautdesdaags de Reseau um Maximum vu senger Capacitéit an de Spëtzestonnen ukomm ass. Een internen oder externen Tëschefall léist dann een Dominoeffekt aus. Opgrond vun esou accumuléierte Verspéidungen, kann d'Exploitatioun net méi stabiliséiert ginn a Suppressioune vun Zich sinn d'Konsequenz. Déi Suppressioune resultéieren aus momentanen Decisounen a kënnen net am Virfeld ugekënnegt ginn.

D'Informatiounskanäl, iwwert déi d'Passagéier au courant gehale ginn, sinn déi Folgend:

- Op de Quaien, iwwer Ukënnegunge via Lautsprecher. Den nächsten CFL-Ersatzbus bezéiungsweis Zuch gëtt mat ugekënnegt.

- Op de Quaien iwwer Affichagen op den Ecranen.

- Op der App an um Internetsite vun der CFL. Den Zuch gëtt duerchgestrach an ee Message informéiert iwwer Ersatzméiglechkeeten (nächsten Zuch, Ersatzbus, Busser vun RGTR, VDL, CFL, TICE).

- Déi nämlech Informatioun gëtt op Twitter, der App an um Internetsite vun der Mobilitéitszentral diffuséiert.

- D'CFL-Personal informéiert op de Quaien an an den Zich.

- Am Fall vu stäerkere Perturbatioune gëtt d'Press informéiert.

D'Delaien, an deenen d'Passagéier informéiert ginn, variéieren a Funktioun vun den Delaien, an deenen d'Decisoune geholl ginn. Esou ass et schwéier, ee fixen Delai festzehalen. Wann d'Decisioun awer bis feststeet, ass et prioritär, fir d'Personal an d'Passagéier ze informéieren.

Des Weideren ass een amgaangen een Aktiounsplang „Information Voyageur", dee 26 grouss Projete beinhalt, opzestelle mam Zil, de Passagéier d'Informatiounen esou séier a kohärent wéi méiglech zoukommen ze loossen.

Ënnert deene grousse Projeten, déi een direkten Impakt op d'Informatioun vun de Passagéier hunn, muss de Projet AURIS (Ofkierzung fir „Automatisches Reisenden-Informations-System") zitéiert ginn. Dëse System benotzt automatesch an a reeller Zäit Donnéeë vum Exploitatiounssystem ARAMIS (Ofkierzung fir „Advanced Rail Automation Management and Information System") iwwer eventuell Retarden a Suppressiounen a gëtt déi Donnéeën a reeller Zäit un d'Clientë mëttels dynameschen Affichagen op Panneauen an automatiséierte Sproochannoncen. Enn 2018 waren deelweis d'Linn 60/70, d'Garen zu Lëtzebuerg, Pafendall-Kierchbierg an Houwald equipéiert. Bis 2020 gëtt dëse System op dee ganze Reseau ausgebaut.

Am Fall vu konsequenten Aarbechten, kréien d'Passagéier regelméisseg Alternativen duerch Busser proposéiert. Sollt d'Offer wärend gréisseren Aarbechten et net erlaben, Fuerpläng mat enger gewëssener Robustesse ze garantéieren, déi keng genügend Qualitéit assuréieren, gëtt op Ersatzbusser zréckgegraff. All déi Fäll ginn an enger Carte annuelle des grands travaux festgehalen, déi alljäerlech am Januar verdeelt gëtt, an de Garen aushänkt an zur Verfügung steet. Des Weideren, an éier gréisser Aarbechten ufänken, ginn de Passagéier Deplianten ausgedeelt an Informatiounscampagnë lancéiert (Press, Affichagen asw.). Wann d'Situatioun et verlaangt, ass ee speziellen Accompagnement vu Passagéier virgesinn.

Am Fall vu plëtzleche Perturbatiounen, gëtt alles dru gesat, fir Ersatzbusser ad hoc ze proposéieren. Dat war zum Beispill Mëtt Januar de Fall op der Streck tëscht Esch/Uelzecht an Audun-le-Tiche. Et muss een allerdéngs ënnersträichen, dass et zu de Spëtzestonnen net am Verkéier net ëmmer méiglech ass, nach genügend disponibel Busser ze fannen, déi direkt kéinten agesat ginn.

**Question 0351** (12.02.2019) de **M. François Benoy** *(déi gréng)* concernant les **couloirs de bus bidirectionnels :**

Monsieur le Ministre a récemment annoncé un projet pilote novateur pour la réalisation d'un couloir de bus bidirectionnel sur la N11 entre Gonderange et l'échangeur Waldhaff. En fonction des charges de trafic, cette voie pourra être activée soit dans le sens Gonderange–Dommeldange en heure de pointe matinale, soit en sens inverse lors de l'heure de pointe vespérale.

Un projet similaire de couloir de bus bidirectionnel à l'étude concerne la côte d'Eich (Eecherbierg) entre la place Dargent et le boulevard Royal à Luxembourg. En tant que pénétrante de la ville de Luxembourg, la côte d'Eich accueille un trafic important aux heures de pointe et au-delà. Ce couloir de bus dynamique bidirectionnel permettrait aux nombreux bus empruntant la côte d'Eich d'éviter les remontées de files, surtout aux heures de pointe.

Dans ce contexte, je voudrais avoir les renseignements suivants de la part de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Endéans quels délais les deux projets devraient-ils être réalisés ?

2) Monsieur le Ministre dispose-t-il de données quant au gain de temps auxquel les usagers des transports publics peuvent s'attendre sur les lignes en question ?

3) Existe-t-il d'autres routes qui entrent en ligne de compte pour la réalisation d'un tel projet ? Dans l'affirmative, de quelles routes s'agit-il ?

**Réponse** (20.03.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :*

ad 1)

- Couloir bus entre Gonderange et Waldhaff (N11)

Le projet sur la route nationale N11 entre Gonderange et l'échangeur Waldhaff comprend la réalisation d'un couloir de bus dynamique médian bidirectionnel nécessitant l'aménagement d'une voie supplémentaire entre l'échangeur Waldhaff et la section existante à 2 + 1 voies. Dans une première phase, cette voie bus médiane pourra servir à la circulation des bus en direction de Luxembourg-ville. Dans une deuxième phase, le sens de circulation sur cette voie de bus supplémentaire pourra être réglé de façon dynamique en fonction du trafic : les bus pourront emprunter cette voie pour circuler le matin en direction de Luxembourg-ville et le soir en direction de Junglinster.

Ce projet se trouve actuellement en phase d'avant-projet sommaire. Le volet « génie civil » de ce projet est d'ores et déjà en cours de planification et après la fin des travaux routiers, la voie médiane pourra déjà servir comme voie de bus en direction de Luxembourg-ville (première phase). Lors de la deuxième phase (couloir médian bidirectionnel), un système de régulation du trafic devra être mis en place. La technique à utiliser doit encore être planifiée en détail, étant donné qu'il s'agit d'une technique de pointe très complexe qui est actuellement uniquement utilisée à l'étranger dans le cadre de quelques projets pilotes isolés (p. ex. à Heidelberg et à Duisburg, en Allemagne).

Il convient en outre de préciser que le projet routier se constitue de deux lots. Le premier lot comprend l'optimisation de la bretelle au carrefour N11/CR126 « Waldhaff » en provenance de Walferdange ainsi que la mise en place de la voie de bus sur la N11 à la hauteur de ce carrefour.

- Couloir bus - côte d'Eich

Une étude de faisabilité concernant la N7 à la hauteur de la côte d'Eich a été lancée afin d'analyser différentes variantes permettant d'améliorer les conditions de circulation des bus aux heures de pointe. Actuellement, deux variantes sont en cours d'analyse, à savoir :

- un couloir de bus dynamique médian bidirectionnel ;

- une affectation dynamique de toutes les voies.

De plus, d'autres variantes sont en cours de réflexion.

En comparaison avec le projet sur la N11, d'autres contraintes (telles que les accès des riverains, la sécurité des piétons et cyclistes, le stationnement) sont à prendre en considération, vu que ce projet pilote se trouve en milieu urbain.

Il convient également de souligner que les études relatives aux volets « sécurité routière » et « trafic », permettant finalement d'évaluer ces variantes, ne sont pas encore achevées. Par ailleurs, la planification du système de régulation et du contrôle du trafic n'a pas encore commencée étant donné qu'il convient d'attendre d'abord le retour d'expériences du projet sur la N11.

ad 2) Entre Gonderange et Waldhaff (N11), des retards compris entre six et 15 minutes par rapport à l'horaire ont été constatés le matin en direction de Luxembourg-ville. Étant donné que le projet prévoit que les bus contournent les embouteillages, ces retards devraient être résorbés.

En ce qui concerne le projet sur la côte d'Eich, aucune donnée quant aux gains de temps ne peut être transmise à l'heure actuelle, comme les analyses ne sont pas encore achevées.

ad 3) Étant donné qu'il s'agit d'un projet pilote, il convient en premier lieu d'attendre et d'analyser les résultats de ce dernier avant d'être en mesure de s'exprimer sur d'autres projets potentiels.

**Question 0352** (12.02.2019) de **M. Marc Spautz** *(CSV)* concernant le **cas d'hépatite A dans une école à Schifflange :**

Un cas d'hépatite A a été découvert la semaine dernière dans une classe de premier cycle de l'école Albert Wingert à Schifflange. Il ressort des informations de la presse, qu'il n'existe aucune procédure standard que les responsables communaux peuvent suivre pour pouvoir agir de façon adéquate et conforme dans un tel cas.

Ainsi, il s'avère que la gestion de la situation sur place a été gérée de manière inadaptée voire chaotique. Sur ordre direct du Département de la santé, les salles de classe ont été désinfectées par le personnel de la commune alors que ce dernier n'est pas formé pour de telles tâches. Ensuite, seuls les parents qui sont venus récupérer leur enfant à l'école ont été informés de la situation, ce qui a provoqué inquiétudes et incompréhension auprès des parents d'élèves.

De leur côté, les conseillers communaux n'ont pas non plus été encadrés par la suite. Ils n'ont ainsi reçu aucune réponse concrète quant à la question de savoir quelles suites réserver au cas en question.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

- Messieurs les Ministres peuvent-ils nous confirmer ces informations ?

- Vu l'événement récent à Schifflange, les ministres ne jugent-ils pas primordial qu'une procédure standard précise soit établie dans les plus brefs délais par la Division de l'inspection sanitaire du Ministère de la Santé et que celle-ci soit communiquée aux communes pour qu'elles puissent (ré)agir de façon adéquate lorsqu'une telle situation se présente ?

**Réponse commune** (26.03.2019) de **M. Étienne Schneider,** *Ministre de la Santé,* et de **M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :*

Il est exact qu'une infection au virus de l'hépatite A a été diagnostiquée chez un enfant, élève de l'école Albert Wingert à Schifflange. Même si l'enfant ne fréquentait pas l'école au moment de l'établissement du diagnostic, il a pourtant existé une possibilité de transmission de virus en raison du court séjour en classe de l'élève en question.

L'hépatite A est une maladie à déclaration obligatoire. Il s'agit d'une maladie virale à caractère infectieux, dont la virulence, le mode de propagation, ainsi que les moyens de lutte et les mesures de santé publique à prendre diffèrent selon l'agent infectieux en cause. En raison des situations tout à fait différentes susceptibles de se présenter sur le terrain en fonction de l'agent infectieux, la mise en place d'une procédure standard unique est très difficile, voire impossible, alors qu'il appartient au médecin-inspecteur de la Direction de la santé d'évaluer chaque situation et de prendre les mesures de santé publique qui s'imposent en fonction de la maladie en cause.

Les personnes responsables de la médecine scolaire à Schifflange, après avoir été mises au courant de la situation le matin du 6 février 2019 par l'intermédiaire de la Direction de la santé, se sont déplacées sur les lieux, ont pris contact avec les enseignants et sont restées à disposition pour toutes questions. Le bourgmestre de Schifflange a également été mis au courant de la situation le matin du 6 février par les services communaux de la médecine scolaire et de la présence au sein de l'école au courant de l'après-midi du médecin-inspecteur et des inspecteurs sanitaires de l'Inspection sanitaire afin de mener une enquête sanitaire et pour prendre, le cas échéant, des mesures de santé publique.

Le responsable nettoyage de la commune de Schifflange a été informé sur place par l'Inspection sanitaire sur une possible contamination d'endroits bien définis par le virus de l'hépatite A. Le plan d'hygiène officiel usuel applicable dans les locaux de l'école répond parfaitement aux exigences et le médecin-inspecteur a recommandé d'appliquer ce plan avec rigueur pour écarter tout risque. Il ne n'agissait pourtant pas d'un acte de désinfection spécial, mais d'une action nettoyage-désinfection qui est appliquée quotidiennement, mais en insistant plus particulièrement sur les installations sanitaires, principale source de contamination.

L'Inspection sanitaire a essayé d'informer le plus rapidement possible les personnes concernées.

Ainsi, le 6 février, à 16h00, à la fin des classes, toutes les personnes qui ont repris les enfants ont été accueillies dans le hall d'entrée de l'école, y ont reçu les explications par le médecin-inspecteur et ont pu poser leurs questions.

Une lettre explicative, qui fut remise aux parents des enfants concernés, les informait sur la situation tout en recommandant une vaccination et invitait au surplus les parents à contacter par téléphone les autorités sanitaires pour toute autre information.

Finalement, une présence de deux inspecteurs sanitaires fut assurée le lendemain à l'école pour répondre aux questions de parents.

Le médecin-inspecteur a participé à une séance du conseil communal de Schifflange le 8 février 2019 pour y répondre aux questions des conseillers.

**Question 0355** (12.02.2019) de **M. Dan Biancalana** *(LSAP)* concernant la **dynamisation des commerces de proximité :**

Il me revient par article de presse qu'un groupe de travail interministériel sera mis en place pour surveiller et endiguer le développement et l'expansion des centres commerciaux. Il sera aussi amené à élaborer des outils afin de renforcer les commerces de proximité dans les centres-villes.

Il est question de dynamiser le commerce et de contrecarrer la désertification dans les villes et communes.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Aménagement du territoire, à Monsieur le Ministre des Classes moyennes et à Madame la Ministre de l'Intérieur :

Le saviez-VOUS ?

**GROUPE TECHNIQUE**

Les députés qui ne font pas partie d'un groupe politique et ceux qui ne sont pas apparentés à un groupe politique peuvent former un groupe technique, à condition que ce groupe comprenne au moins cinq membres. Ils désignent un coordonnateur qui est leur porte-parole pour toutes les questions administratives et les représentera dans la Conférence des Présidents.

- À partir de quand le groupe de travail interministériel prémentionné sera-t-il opérationnel ?

- Quelle sera la durée de sa mission ?

- Quelles pistes de réflexion et d'intervention est-il censé mettre en œuvre ?

- Dans l'élaboration d'une stratégie, l'avis et les expériences des commerçants, des unions commerciales et des communes sont-ils sollicités et pris en considération ?

- Les conclusions du groupe de travail seront-elles partagées avec les parties prenantes ?

- Messieurs les Ministres, Madame la Ministre estiment-ils que les outils actuellement disponibles soient insuffisants ?

- Messieurs les Ministres, Madame la Ministre estiment-ils que les commerçants de proximité et les communes soient insuffisamment soutenus dans leurs efforts pour dynamiser les centres-villes ?

**Réponse commune** (19.03.2019) de **M. Claude Turmes,** *Ministre de l'Aménagement du Territoire,* de **M. Lex Delles,** *Ministre des Classes moyennes,* et de **Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Intérieur :*

Le programme gouvernemental prévoit l'instauration d'un groupe de travail interministériel qui sera chargé d'élargir les règles d'implantation de grandes surfaces commerciales dans le cadre de la mise en œuvre de plans sectoriels et de proposer des mesures pour encourager l'installation de commerces de proximité. Le groupe de travail traitera aussi les aspects qui concernent l'aménagement du territoire, ceci dans le sens d'un développement durable et cohérent du territoire national. Les missions et la durée du groupe de travail seront définies par le Conseil de Gouvernement au cours des prochains mois. Dans ce contexte, un échange étroit avec les acteurs concernés, dont les communes et les unions commerciales, sera bien évidemment établi.

Au cours des dernières années, le Gouvernement a entrepris des mesures considérables afin de dynamiser le commerce de proximité, notamment par la mise en place du « Pakt PRO Commerce », ensemble avec la Chambre de Commerce et la Confédération luxembourgeoise du commerce (clc).

Le « Pakt PRO Commerce » est un dispositif à multiples facettes, dont les objectifs sont :

- de dynamiser le commerce de détail ;

- de promouvoir la création d'emplois, le commerce étant un secteur-clé tant au niveau de l'emploi que de l'apprentissage ;

- d'encourager des synergies entre le commerce de détail des centres-villes et les centres commerciaux en périphérie ;

- de promouvoir la digitalisation du secteur du commerce de détail par l'adoption d'une approche omnicanale.

De ces objectifs résultent cinq axes d'actions :

1) L'analyse

Il est primordial de disposer de statistiques fiables au sujet du comportement des consommateurs, aussi bien pour les résidents que pour les habitants de la Grande Région. À cet effet, le Ministère de l'Économie a commandité, de concert avec la clc, la réalisation de deux études analysant l'évolution et le changement des habitudes de consommation.

Dans le cadre du Pakt PRO Commerce, les signataires du Pakt ont décidé de redynamiser et d'élaborer une nouvelle version du cadastre du commerce afin de disposer d'un véritable outil de décision. Par exemple, dans le contexte de la revitalisation du commerce urbain, il est important de pouvoir gérer les immeubles vacants (« Leerstandsmanagement »).

Une réédition des études de comportement des consommateurs, résidents et frontaliers, est prévue pour 2019.

2) La digitalisation

La digitalisation est un défi majeur pour le commerce de détail. En effet, le Luxembourg fait partie du trio de tête des pays européens en ce qui concerne les habitudes d'achat en ligne de ses habitants : en 2017 presque 80 % ont fait des achats sur Internet. Par contre, seulement 7 à 9 % des commerces luxembourgeois vendent en ligne. Il s'agit donc de sensibiliser et d'inciter les commerces à réaliser des efforts en matière de digitalisation. À cet effet, le programme « Fit 4 Digital » a été lancé pour promouvoir l'utilisation des TIC au sein des entreprises.

En outre, la plateforme « LetzShop » a été créée afin d'encourager les commerces à saisir les opportunités du commerce en ligne.

3) Le commerce urbain

Les centres-villes ont un rôle important aussi bien du point de vue économique, que du point de vue sociétal. Les enquêtes de comportement des consommateurs montrent que les commerces aux centres-villes souffrent d'une perte de fréquentation. À cet effet, les signataires du « Pakt PRO Commerce » se sont engagés à soutenir les communes en vue d'une professionnalisation en matière de développement commercial et économique. Dans ce contexte, la clc organise des actions de sensibilisation autour de la thématique du marketing municipal (« Städtemarketing »). Notamment, l'initiative de la mise en place de la « ERFA-Gruppe » (« Erfahrensaustauschgruppe ») connaît un grand succès auprès des communes. La direction générale des Classes moyennes au sein du Ministère de l'Économie dispose de moyens pour soutenir les communes pour la mise en place des stratégies en matière de « Städtemarketing ».

Des efforts supplémentaires pouvant englober plusieurs communes sont réalisés par le Département de l'aménagement du territoire du Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire en collaboration avec le Ministère de l'Économie et la direction générale des classes moyennes dans le cadre des conventions État-communes (Nordstad, DICI, PRO-SUD).

4) La culture du service

La qualité du service est un facteur majeur dans la relation commerciale entre commerçant et client. En outre, une approche client positive et proactive permet à une entreprise de se différencier et de faire face à un contexte économique de plus en plus complexe. Afin de sensibiliser les entreprises et de les inciter à améliorer leur qualité de service, le programme « Fit 4 Service » a été mis en place.

5) La promotion économique

Le Luxembourg dispose de nombreux atouts pour se positionner en tant que lieu d'achat de référence dans un contexte transfrontalier. À cet effet, des actions de marketing et de communication sont régulièrement mises en place.

Le Gouvernement entend poursuivre ces démarches multiples afin de soutenir aussi bien les commerces de proximité que les communes dans leurs efforts de dynamisation des centres-villes. En outre, la mise en place du groupe de travail interministériel en question permettra de développer de nouvelles pistes afin d'encourager l'installation de commerces de proximité.

**Question 0356** (12.02.2019) de **M. Sven Clement** *(Piraten)* concernant les **retransmissions sportives en direct :**

D'Liveiwwerdroung vu sportleche Veranstaltunge mat lëtzebuergescher Bedeelegung ass eng gutt Publicitéit fir d'Land an dréit zur Valorisatioun vun den Efforte vun de bedeelegte Sportlerinnen a Sportler bäi. D'Käschte fir Liveiwwerdroung per Satellitt fir Broadcaster bleiwen allerdéngs heefeg eleng bei de Sportsverbänn hänken, wärend den nationalen Téleessender zu Lëtzebuerg ganz seele bis ni e Feed ufreet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister fir Kommunikatioun a Medien an dem Här Minister fir Sport dës Froe stellen:

1. Bei wéi vill sportlechen Evenementer mat lëtzebuergescher Bedeelegung am Ausland krut RTL zanter 2013 e Live-Feed offréiert?

2. A wéi vill Fäll gouf dës Offer ugeholl? Wat huet dëst u Käschte verursaacht an op wéi enge Medie goufen déi Feeds diffuséiert?

3. Envisagéiert d'Regierung zousätzlech Ënnerstëtzung fir Veräiner a Sportsverbänn, a Fäll wou dës eng Satellitteniwwerdroung duerchféiere mussen, well dëst vun internationalen oder europäesche Federatioune gefuerdert ass?

**Réponse commune** (15.03.2019) de **M. Xavier Bettel,** *Ministre des Communications et des Médias,* et de **M. Dan Kersch,** *Ministre des Sports :*

ad 1. + 2. D'Regierung betount op dëser Platz ausdrécklech d'Wichtegkeet vun der Pressefräiheet fir d'Lëtzebuerger Medielandschaft, déi duerch d'Gesetz zu der Pressefräiheet an de Medie fest verankert ass. Am Respekt vun dësem Gesetz huet d'Regierung RTL den Optrag ginn, e Lëtzebuerger Televisiounsprogramm ze produzéieren. D'Konventioun, déi dësen Optrag regelt, gesäit ënner anerem regelméisseg Sportemissioune vir.

Well d'Froe vum honorabelen Deputéierte sech direkt un RTL riichten, huet RTL eis Informatioune matgedeelt, déi an der Annex vun dëser Äntwert ze fanne sinn.

*(Annexe à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

ad 3. Prinzipiell ass et net ausgeschloss, dass de Sportsministère, zum Deel, un de Käschte vu Sportsevenementer vun de Sportsverbänn an och deelweis vun de Veräiner ka participéieren. Allerdéngs kann dat nëmme geschéien op Basis vun engem prinzipiellen Accord am Virfeld vun engem Evenement no Presentatioun vun engem konkrete Budgetsprojet an opgrond vun enger detailléierter Ofrechnung, dorënner kéinten dann och eventuell Käschten am Beräich vun der Satellitteniwwerdroung falen.

**Question 0357** (13.02.2019) de **M. Serge Wilmes** *(CSV)* concernant les **vols de nuit :**

Le 25 juin 2018, Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures avait, en réponse aux critiques relatives aux vols de nuit, présenté un plan d'action intitulé « Bruit aéroportuaire » et sa mise en œuvre. Parmi les mesures annoncées figurait l'introduction d'une nouvelle redevance aéroportuaire qui prendrait en compte (i) les facteurs du temps d'arrivée pénalisant les vols de nuit et (ii) la nuisance sonore des avions.

Notons qu'avant l'annonce de Monsieur le Ministre, le Luxembourg était le seul pays d'Europe à avoir introduit un facteur de performance acoustique (principe du pollueur-payeur) dans ses redevances TNC (Terminal Navigation Charges).

Notons également que, déjà en 2015, Monsieur le Ministre avait annoncé la mise en place de quotas restrictifs basés sur la performance acoustique des avions.

C'est dans ce contexte que j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

- Monsieur le Ministre peut-il me fournir le détail des vols de nuit pour l'année 2018 et retracer l'évolution de ces vols au cours des dernières années ?

- Qu'en est-il des quotas restrictifs que Monsieur le Ministre avait annoncés en 2015 ?

- Monsieur le Ministre peut-il nous présenter le détail de la nouvelle redevance aéroportuaire ? En quoi cette nouvelle redevance se distinguet-elle des TNC ? S'ajoutera-telle aux TNC ?

- Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis qu'il faille réfléchir à une redistribution de cette redevance aux personnes lésées par les vols de nuit ? Comment une telle redistribution pourrait-elle se faire ?

**Réponse** (20.03.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :*

Les statistiques sur les vols de nuit pour les dernières années sont les suivantes :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).*

En 2018, le ratio du nombre de vols de nuit par rapport à la totalité des mouvements a diminué en comparaison aux années précédentes. De 2017 à 2018, le nombre de vols de nuit a diminué de 3,6 % malgré une augmentation de 8,5 % du trafic aérien.

La diminution a été encore plus marquée dans les heures les plus tardives. Ainsi, entre minuit et six heures du matin, le nombre de vols de nuit a diminué de 9,5 % entre 2017 et 2018.

En 2015, des quotas ont été introduits pour limiter le nombre d'autorisations exceptionnelles accordées.

Ils ont par ailleurs été transposés dans une charte de lutte contre les nuisances sonores signée en 2018 entre Cargolux et l'Administration de la navigation aérienne. Ces efforts ont conduit à une diminution de 46 vols de nuit par Cargolux entre 2017 et 2018, concourant elle-même à la diminution globale des vols de nuit entre 2017 et 2018.

En application de l'article 7 de la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la navigation aérienne, la Société de l'Aéroport de Luxembourg SA est autorisée à percevoir les redevances en relation avec l'exploitation aéroportuaire. Communément on parle de redevances aéroportuaires ou des « airport charges » qui visent les activités au sol.

L'Administration de la navigation aérienne (ANA) à son tour est autorisée à percevoir les redevances en relation avec la prestation de services de la navigation aérienne, en application du règlement d'exécution (UE) n° 391/2013 de la Commission du 3 mai 2013 établissant un système commun de tarification des services de navigation aérienne. Communément on parle de redevances pour services terminaux ou des « Terminal Navigation Charges » qui visent la gestion du trafic aérien. Les deux types de redevances se distinguent de par la finalité des services qu'elles couvrent et suivant les domaines de compétences respectives de la Société de l'Aéroport de Luxembourg SA et de l'ANA.

La nouvelle redevance viendra s'ajouter aux redevances existantes perçues par la Société de l'Aéroport de Luxembourg SA. Le détail de la nouvelle redevance est actuellement en cours d'élaboration et sera présenté dans un premier temps au Comité des usagers de l'Aéroport de Luxembourg sous la supervision de l'Institut luxembourgeois de régulation (ILR) en application de la loi du 23 mai 2012 sur les redevances aéroportuaires.

L'affectation de la nouvelle redevance sera liée aux finalités pour lesquelles elle aura été perçue. Ceci vaut pour toutes les redevances aéroportuaires. La redevance dont il est question a pour but de financer les services rendus par l'aéroport à ses usagers, donc notamment les compagnies aériennes et les passagers. Il s'agit donc d'un revenu nécessaire à l'aéroport pour lui permettre de couvrir ses charges, mais aussi pour effectuer des investissements dans son infrastructure et en conséquence garantir le développement de la plateforme aéroportuaire.

À ce titre la redistribution de cette redevance aux riverains n'est pas envisagée.

**Question 0359** (13.02.2019) de **M. Laurent Mosar** *(CSV)* concernant le **« Autonomous Rail Rapid Transit » :**

A China ass kierzlech de Prototyp vun engem neien ëffentleche Verkéiersmëttel, genannt ART (Autonomous Rail Rapid Transit), virgestallt ginn. Dës Mëschung tëscht Bus an Tram gesäit aus wéi eng normal Stroossebunn, brauch awer weder Schinnen nach Uewerleitungen.

Ugedriwwe gëtt den ART duerch e Lithium-Titanat-Akku, an duerch Sensoren, déi gestréchelt Linnen op der Fuerbunn erkennen, fiert dëst neiaartegt Verkéiersmëttel wäitestgehend autonom.

Mat bis zu 70 Stonnekilometer kënne jee no Versioun 300 bis 500 Persounen transportéiert ginn. Doduerch, datt d'Strecke vill méi einfach a flexibel festgeluecht kënne ginn, ass den ART besonnesch fir kleng a mëttelgrouss Stied eng interessant Léisung, zemools well en och wesentlech manner kascht wéi e konventionellen Tram.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kennt d'Regierung de Projet aus China?

- Wa jo, ass d'Regierung der Meenung, datt dëst eng Alternativ am ëffentlechen Transport ka ginn, notamment fir déi Regiounen am Land, wou keen Tram virgesinn ass?

**Réponse** (25.03.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :*

Den Autonomous Rail Rapid Transit ass ee Pilotprojet zu Zhuzhou, enger Stad mat 3,8 Millionen Awunner am Südoste vu China. Et handelt sech ëm een elektresche Gelenkbus mat Chauffer, deen an der Mëtt vun engem 50 m breede Boulevard op enger 3 km laanger rectiligner Teststreck op eegene Fuerspuren aktuell mat enger Vitesse vu 15 bis 20 Stonnekilometer verkéiert. Am Géigesaz zu sengem Numm ass den Autonomous Rail Rapid Transit a senger aktueller Form weder autonom, nach schinnegebonnen, nach séier. Den optesche System, deen de Chauffer dobäi ënnerstëtzt, eng méiglechst propper Trajectoire ze fueren an de Quai präzis unzefueren, fonctionnéiert dann, wann den entspriechende Marquage um Buedem siichtbar, also net zum Beispill mat Schnéireschter oder Anerem verdeckt ass. Dës Fonctionnalitéit ass bei engem Tram jo duerch de Schinneverlaf virginn.

Eng ganz Rei aner Virdeeler vum Tram huet den ART net. Mat 6,50 m ass d'Plattform vum Tram iwwer ee Meter méi schmuel ewéi déi vum ART (7,66 m). Dëst ass bei schmuele Stroossen, wéi mer se plazeweis zu Lëtzebuerg hunn, net onwichteg a léisst deenen anere Verkéiersmode méi Plaz am ëffentleche Raum. Den Tram huet duerch d'Schinne manner Rullwidderstand, méi een héije Confort fir d'Passagéier, seng Plattform ka begréngt ginn an en ass och net ufälleg fir Spurrillen, déi bei geféierte Bussystemer op normale Stroossen net ze evitéiere sinn. Dat si wuel

och d'Grënn, firwat eng Rei äänlech Projeten am noen Ausland, zum Beispill zu Rouen, Nîmes, Lyon a Frankreich, zu Bologna an Italien an zu Castellón a Spuenien nëmmen ee limitéierte Succès kannt hunn.

Prinzipiell ass et esou, datt meng Servicer déi technesch Entwécklung an der Mobilitéit suivéieren an, wéi dat am MoDu 2.0 erkläert ass, fir all Situatioun ënnersicht, wéi ee Verkéiersmëttel am beschte gëeegent ass.

**Question 0363** (13.02.2019) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant la **grève internationale contre le changement climatique :**

A leschter Zäit sinn an e puer Länner Jonker op d'Strooss gaangen, fir géint de Klimawandel ze demonstréieren. De 15. Mäerz ass an deem Kontext en internationale Klimastreik geplangt, un deem Schüler aus 40 Länner sollen deelhuelen. Och Lëtzebuerger wäerte sech, aller Wahrscheinlechkeet no, un dëser Mobilisatioun bedeelegen. D'Zeitung „Le Quotidien" bericht an deem Kontext, datt d'Schüler hiert Gebai um 10.00 Auer verloossen, fir sech um Glacis ze versammelen, wou de Streik um 12.30 Auer soll ufänken.

An deem Kontext géif ech gär folgend Froen un den Här Schoulminister stellen:

1. Kann den Här Minister déi Informatioune bestätegen? Huet hie säin Accord ginn, fir datt Schüler d'Schoul däerfe verloossen, fir bei enger Klimademonstratioun matzemaachen?

2. Wa jo, gesäit den Här Schoulminister et als opportun un, am Kader vun enger international geplangter Protestbewegung de reguläre Schoulunterrecht ze ënnerbriechen? Stellt d'Aussetze vum reguläre Schoulunterrecht fir d'Organiséiere vun engem Klimastreik an den Ae vum Här Minister eng politesch an ideologesch Beaflossung vum Schoulbetrib duer?

3. Wien iwwerhëlt fir d'Zäit vum Streik d'Responsabilitéit iwwert d'Schüler, déi net an der Schoul sinn?

4. Kann de Schüler selwer decidéieren, ob hien un dëser Manifestatioun wëllt deelhuelen, och wann e mannerjäreg ass?

5. Wa jo, wat passéiert mat deene Schüler, déi net wëllen un dëser Manifestatioun deelhuelen? Gëtt och fir si de reguläre Schoulunterrecht ënnerbrach?

6. Wéi gëtt d'Participatioun un engem Klimastreik administrativ enregistréiert? Äss dat eng Absence excusée oder non excusée vun de concernéierte Schüler?

7. Gi schoulesch Aktivitéite wéinst dem Klimastreik verännert oder verluecht, zum Beispill bei der Planifikatioun vu Prüfungen?

**Réponse** (15.03.2019) de **M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :*

ad 1. Ech ënnerstëtzen dat gesellschaftlecht Engagement vun eise Jonken an der Fro vum Klimawandel, dee fir eis an déi kommend Generatiounen eng vun de gréissten Erausfuerderungen duerstellt. Eng Partie Schüler aus Lëtzebuerger Schoule wäerten dann och am Kader vum internationale Klimastreik un där Mobilisatioun vum 15. Mäerz 2019 deelhuelen.

Ech hunn als Minister awer keen allgemengen Accord ginn, deen et de Schüler géif erlaben, d'Schoul ze verloossen, fir un deem Klimastreik deelzehuelen. Et ass awer esou, datt ech decidéiert hunn, datt eng Dispens soll accordéiert gi fir déi mannerjäreg Schüler, déi eng vun den Elteren ënnerschriwwen Autorisation parentale kënne virweisen, woumadder si hirem Kand oder hire Kanner erlaben, um Klimastreik deelzehuelen. Hir Absence de 15. Mäerz vun 10.00 Auer un (11.00 Auer an der Stad) ass domadder entschëllegt. D'Schüler vun 18 Joer an driwwer kënne sech d'Excuse selwer ausfëllen. Schüler, déi keng Autorisation parentale oder Excuse ofginn, kréien hir Absence als non excusée ugerechent. Eng deementspriechend Instruktioun ass den 28. Februar un d'Direktioune vun de verschiddene Lycéeë gaangen.

ad 2. De reguläre Schoulunterrecht gëtt net ënnerbrach, mä wäert a Präsenz vun deene Schüler, déi net un där Manifestatioun deelhuelen, weiderlafen.

ad 3. D'Schoul iwwerhëlt net d'Responsabilitéit iwwert d'Schüler, déi fir d'Zäit vum Streik net an der Schoul sinn, och net iwwert déi, déi eng Dispens kruten. D'Verantwortung läit hei bei den Eltere vun de mannerjärege Schüler, respektiv bei de Schüler vun 18 Joer an driwwer.

ad 4. Mannerjäreg Schüler brauchen, wéi gesot, eng vun den Elteren ënnerschriwwen Autorisation parentale, woumadder si hirem Kand oder hire Kanner erlaben, um Klimastreik deelzehuelen. D'Schüler vun 18 Joer an driwwer kënne sech d'Excuse selwer ausfëllen an deemno selwer entscheeden, ob si un dëser Manifestatioun deelhuelen.

ad 5. Wéi schonns erwäänt, gëtt de reguläre Schoulunterrecht net ënnerbrach, mä wäert a Präsenz vun deene Schüler, déi net un där Manifestatioun deelhuelen, weiderlafen.

ad 6. Schüler, déi keng Autorisation parentale oder Excuse ofginn, kréien hir Absence als non excusée ugerechent, fir déi aner Schüler gëtt eng Absence excusée agedroen.

ad 7. Jo, schoulesch Aktivitéite wäerte wéinst dem Klimastreik verluecht ginn. Esou wäerten deen Dag keng Prüfunge stattfannen.

**Question 0367** (13.02.2019) de **M. Léon Gloden** *(CSV)* concernant les **énergies renouvelables :**

Selon Eurostat, la part de l'énergie provenant de sources renouvelables dans la consommation finale brute d'énergie dans l'Union européenne (UE) se trouve en hausse à 17,5 % en 2017 (contre 17 % en 2016). Les plus faibles parts ont été enregistrées au Luxembourg et aux Pays-Bas (6,4 % chacun). La stratégie « Europe 2020 » prévoit que cette part s'élève à 20 % d'ici 2020. Le Grand-Duché de Luxembourg a opté pour un taux de 11 %. Nous notons que onze États membres ont déjà atteint en 2017 leur objectif national. Le Luxembourg compte parmi les États qui restent encore éloignés de leur objectif national respectif avec un écart de 4,6 points de pourcentage.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :

- Quelles sont les raisons pour ce retard ?

- Comment le Gouvernement entend-il rattraper ce retard au niveau des énergies renouvelables en une seule année ?

- Quels sont les projets prioritaires que le Gouvernement entend poursuivre dans ce contexte ?

**Réponse commune** (12.03.2019) de **Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable,* et de **M. Claude Turmes,** *Ministre de l'Énergie :*

Au Grand-Duché de Luxembourg, la part d'énergie produite à partir de sources renouvelables dans la consommation finale d'énergie doit atteindre pour l'année 2020 le taux de 11 %, conformément à la directive 2009/28/CE. La directive projette également une trajectoire indicative qui prévoit pour la période 2017/2018 un taux moyen de 7,47 %. L'échéance pour atteindre les 11 % étant l'année 2020 (au 31 décembre 2020), le Luxembourg n'est pas en retard pour atteindre son objectif.

La part d'énergie produite à partir de sources renouvelables a constamment augmenté au fil des dernières années : 5,05 % en 2015, 5,44 % en 2016 et 6,38 % en 2017, sachant qu'en 2004 cette part s'élevait à 0,90 %.

Afin d'atteindre le palier des 11 % en 2020, le Gouvernement se concentrera prioritairement sur l'énergie éolienne et photovoltaïque pour les années à venir. La biomasse aura également un rôle à jouer notamment dans le secteur de la chaleur renouvelable. De 2016 à 2017, la production d'électricité des installations éoliennes a plus que doublé et devrait encore croître considérablement d'ici 2020.

En ce qui concerne le photovoltaïque, la modification du règlement grand-ducal relatif à la production d'électricité basée sur les sources d'énergie renouvelables dont l'entrée en vigueur sera à brève échéance, aura notamment pour objet de donner un nouvel élan aux installations photovoltaïques. La modification du règlement prévoit des rémunérations plus attractives et introduira une rémunération séparée pour les centrales photovoltaïques avec une puissance électrique de crête inférieure ou égale à 10 kW de même qu'une tarification pour les installations photovoltaïques collectives entre 200 et 500 kW. Les appels d'offres pour les grandes installations photovoltaïques seront également poursuivis. Une campagne d'information est planifiée d'ici la fin du mois de mars afin de sensibiliser le public sur les conditions avantageuses d'investissement du photovoltaïque et d'inciter les citoyens à investir dans un avenir plus durable. À cela s'ajoute que dans le domaine du photovoltaïque, le Gouvernement travaille encore sur l'élaboration d'un plan solaire afin de mieux accompagner tous les intéressés et acteurs du secteur dans la réalisation de petites et grandes installations photovoltaïques.

Le Gouvernement vient encore de fixer les grands principes en vue d'accélérer davantage le passage vers une économie plus durable. En février 2019 le Gouvernement a arrêté son projet de plan national intégré en matière d'énergie et de climat qui prévoit notamment un objectif ambitieux d'énergies renouvelables dans la consommation d'énergie finale allant de 23 % à 25 % à l'horizon 2030. Le Gouvernement souligne ainsi sa détermination de vouloir continuer à mener une politique ambitieuse et vise une accélération de la transition vers les 100 % d'énergies renouvelables.

Le plan d'action national en matière d'énergies renouvelables, approuvé par le Gouvernement en 2010, prévoyait que le pays devait avoir recours à des mécanismes de coopération afin de pouvoir atteindre ses objectifs, raison pour laquelle des accords ont été signés avec la Lituanie et l'Estonie en 2017. Les premiers transferts dans le cadre de ces accords se feront en début 2019 et ont trait à l'année 2018 pour atteindre la trajectoire indicative 2017/2018 prémentionnée.

**Question 0368** (14.02.2019) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant les **aides financières accordées par l'OLAI :**

Am Lëtzebuerger Journal (07.02.2019) huet een d'lescht Woch e grousse Bericht iwwert e Bedruchsskandal gelies, bei deem Stat, Steierzueler, Veräinsmemberen a Spender belunn a bedru gi wären. E Mann soll sech, ënner anerem, u Sue beräichert hunn, déi vum OLAI (Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration) solle bezuelt gi sinn, fir Mënschen aus Drëttlänner an hir Integratioun ze ënnerstëtzen.

Wat de Volet OLAI ugeet, wéilt ech der Madamm Integratiounsminister gär folgend Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Minister fir Integratioun bestätegen, datt den OLAI Suen un eng Organisatioun bezuelt huet, déi haut, dem Lëtzebuerger Journal no, am Zenter vun enger Bedruchsaffär soll stoen? Wa jo, wéi vill Sue sinn do an de Joren 2015 bis 2018 gefloss? War de Ministère an d'Decisioun fir dës finanziell Ënnerstëtzung agebonne ginn?

2. Wéi verfiert de Ministère generell mat Verwaltungen, déi him ënnerstinn: Musse Verwaltungen, déi staatlech Subventioune verdeelen, hir Ausgaben ëmmer oder vun enger bestëmmter Zomm u mam Ministère ofschwätzen? Oder hu si fräi Hand, wéi a wouranner si déi Steiergelder investéieren?

3. Ass et enger Verwaltung wéi dem OLAI méiglech, e potenziellen Notznéisser vu finanzieller Ënnerstëtzung am Viraus ze kontrolléieren, fir säi juristesche Statut an d'Richtegkeet vu sengen Deklaratiounen ze iwwerpréifen?

4. Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt e Bedruch, wéi en an der Press duergestallt gouf, bei enger Ënnersichung am Virfeld hätt missen opfalen?

5. Ginn d'Investissementer vu subventionéierten Organisatiounen op hiren Notzen an hir Effikassitéit hin iwwerpréift a mat den ursprénglechen Ziler vum Projet verglach? Wa jo, vu wat fir enger staatlecher Instanz ginn esou Kontrolle gemaach? Wéi ass dat am Familljenan Integratiounsministère organiséiert?

6. Wéi stellt de Ministère sécher, datt Verwaltungen, déi him ënnerstinn, déi Hëllef duerch staatlech Subventiounen net mëssbrauchen oder selwer d'Affer vun esou engem Mëssbrauch ginn?

**Réponse** (14.03.2019) de **Mme Corinne Cahen,** *Ministre de la Famille et de l'Intégration :*

ad 1. D'Associatioun, ëm déi et am Artikel vum 7. Februar 2019 am Lëtzebuerger Journal geet, huet am Kader vum europäesche Fong AMIF (Asylum, Migration and Integration Fund) eng finanziell Ënnerstëtzung fir e Projet vum OLAI kritt. Am Kader vum FEI (Fonds européen d'intégration des ressortissants de pays tiers) gouf et och eng Konventioun mat dëser Associatioun. D'Finanzementer am Kader vun dësen europäesche Fongen ënnerstinn de strenge Regele vun der Europäescher Kommissioun a si vun engem Comité de sélection et de suivi, dee sech aus de concernéierte Ministèren zesummesetzt, inklusiv dem Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun, ausgewielt a begleet ginn.

An de Joren 2015 bis 2018 huet dës Associatioun insgesamt 130.123 Euro Ënnerstëtzung kritt.

ad 2. Déi staatlech Subventioune gi vum Minister accordéiert, op Basis vun enger Konventioun tëscht der Associatioun, déi de Projet mécht, an dem Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun. An dëser Konventioun ginn de Finanzement an de genauen Inhalt an Oflaf vum Projet festgehalen. All Subventioun, déi de Ministère am Kader vun esou enger Konventioun gëtt, brauch den Accord vun der Direction du contrôle financier vum Stat. Wann de Projet vun engem europäesche Fong finanzéiert gëtt, mussen d'Ausgaben all konform sinn zu de Regele vum respektive Fong.

ad 3. + 4. All Finanzement iwwert de Ministère ënnerläit präzisen a strikte Regelen, déi all Beneficiaire muss anhalen. Am Kader vun den Appels à projets AMIF an FEI ass, zum Beispill, all Beneficiaire verflicht, eng Rei Dokumenter, wéi Statuten, Rapporten, Bilanen, d'Kompositioun vum Conseil d'administration, eranzereechen, éier eng Konventioun kann ofgeschloss ginn.

All Akteur, deen e Finanzement beim Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun freet, sief et am Kader vun engem europäesche Fong oder engem nationalen Appel à projets, muss sech u streng finanziell an administrativ Regelen halen.

ad 5. + 6. All Konventioun, inklusiv d'Finanzementer, gëtt vum Ministère kontrolléiert an evaluéiert a vun der Direction du contrôle financier validéiert. Zousätzlech ënnerstinn déi europäesch Projeten der Inspection générale des finances (IGF), déi als Autorité d'audit fonctionnéiert. Am Kader vun den europäesche Fonge muss all Porteur de projet zousätzlech eng Attestatioun bei den Dekont leeën, woumat d'Associatioun bestätegt, dass et keen duebele Finanzement gëtt an d'Donnéeë richteg sinn.

**Question 0369** (14.02.2019) de **M. Sven Clement** *(Piraten)* concernant les **élections européennes :**

De 26. Mee 2019 wäerten zu Lëtzebuerg d'Europawahle stattfannen. Persounen, déi zu Lëtzebuerg ugemellt sinn an eng Nationalitéit aus engem vun den aneren EU-Staten hunn, kënne sech dowéinst aktuell op Wielerlëschten aschreiwe loossen. Well Groussbritannien aktuell jo ëmmer nach zur EU gehéiert, ass et och de Briten zu Lëtzebuerg méiglech, sech op d'Wielerlëschte setzen ze loossen an am Mee mat ofzestëmmen. Virum Hannergrond vum Brexit ergi sech an dem Kontext allerdéngs eng Rei Onkloerheeten.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Premierminister an dem Här Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa dës Froe stellen:

1. Wéi vill Brite sinn aktuell schonn op de Wielerlëschte fir déi kommend EU-Wahlen ageschriwwen?

2. Däerfe schonn ageschriwwe Wieler de 26. Mee nach wiele goen, falls Groussbritannien virum 26. Mee d'EU verléisst?

3. Wat géif mat de Stëmme vun de Brite geschéien, wa Groussbritannien eréischt nom 26. Mee d'EU verloosse géif? Géif d'Parlament nei besat ginn, ouni d'britesch Stëmmen a Consideratioun ze huelen, oder wäert d'europäescht Parlament och weiderhi britesch Stëmme representéieren, obwuel dës d'EU verlooss hunn?

**Réponse commune** (13.03.2019) de **M. Xavier Bettel,** *Premier Ministre, Ministre d'État,* et de **M. Jean Asselborn,** *Ministre des Affaires étrangères et européennes :*

ad 1. Et sinn am Ganze 437 Briten op de Wielerlëschten ageschriwwen.

ad 2. Neen. An deem Fall dierfen nëmmen déi britesch Statsbierger, déi zousätzlech d'Nationalitéit vun engem EU-Memberstat hunn, de 26. Mee 2019 hiert Wahlrecht hei zu Lëtzebuerg ausüben, ënnert der Konditioun, dass se sech bis den 28. Februar 2019 um 17.00 Auer op de Wielerlëschten ageschriwwen hunn.

ad 3. A senger Decisioun 2018/937/EU vum 28. Juni 2018 huet den Europäesche Rot festgehalen, datt fir de Fall, wou d'Vereenegt Kinnekräich an Ufank vun der Legislaturperiod 2019-2024 nach en EU-Memberstat ass, déi aktuell Regelunge bestoe bleiwen, bis den Austrëtt vum Vereenegte Kinnekräich rechtskräfteg gëtt. Duerno gëllt dann d'Sëtzopdeelung, ewéi se am Artikel 3 vun der uewe genannter Decisioun festgehalen ass.

**Question 0370** (14.02.2019) de **M. Jean-Marie Halsdorf** *(CSV)* concernant le **fonctionnement des services d'urgence :**

Le 15 décembre, en réponse à la question parlementaire n° 3472, Madame la Ministre de la Santé et Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale avaient annoncé, en conclusion d'une analyse détaillée des flux existants et des processus en place, des améliorations au sein des services d'urgence des établissements hospitaliers, par la mise en œuvre concrète de mesures et actions efficaces. Or, plusieurs cas concrets, datant du mois de janvier 2019, nous ont été rapportés et qui témoignent toujours de longues attentes et d'une organisation non coordonnée au sein des services urgents.

Dans ce contexte, je veux poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Santé :

1) Est-ce que l'analyse approfondie du fonctionnement des services d'urgence décidée en mars 2017 est toujours d'actualité ?

2) Quels en ont été les principaux constats et quelles ont été les mesures principales proposées pour remédier aux problèmes constatés ?

3) Est-ce que la mise en œuvre concrète de ces mesures, retenue dans la réponse ministérielle, a été entamée en concertation étroite avec toutes les parties prenantes ?

4) Est-ce que la plateforme regroupant aussi les acteurs du terrain a été mise en place afin d'assurer la mise en œuvre efficace des mesures ?

5) Ne faudrait-il pas réévaluer le dossier des services d'urgence, afin de trouver des solutions coordonnées et efficaces, dotées d'une expertise solide dans un concept global ?

**Réponse commune** (22.03.2019) de **M. Étienne Schneider,** *Ministre de la Santé*, et de **M. Romain Schneider,** *Ministre de la Sécurité sociale :*

ad 1) Menée entre avril et décembre 2017, l'étude sur le fonctionnement des urgences avait pour objectif l'analyse détaillée de l'activité des services d'urgence (SU) en 2016, sur leur organisation et sur les points critiques pouvant être sources d'un engorgement. Les constats et recommandations énoncés dans l'étude sont basés sur une analyse détaillée des réalités du terrain et une consultation avec tous les acteurs concernés. L'analyse qui en découle est aujourd'hui toujours d'actualité.

ad 2) L'étude a permis, sur base d'une multitude de données recueillies, de déceler les raisons de l'engorgement dans chacun des quatre SU et de mettre en évidence les facteurs qui y contribuent. Elle a mis en évidence des points critiques en amont du SU, pendant le processus de prise en charge au SU et en aval du SU, qui interviennent sur l'engorgement des SU.

Afin de remédier aux problèmes sous-jacents à ces différents constats, l'étude a défini des objectifs à atteindre et a recommandé un ensemble de 150 mesures pour y parvenir.

Les principaux constats et les recommandations proposés par l'audit pour remédier aux problèmes constatés ont été présentés en date du 15 décembre 2017, comme déjà indiqué dans la réponse commune à la question parlementaire n° 3472.

ad 3) L'organe à qui fut confié l'implémentation des recommandations, à savoir la Plateforme nationale de coordination urgences (PNCU), est composée de 26 membres, représentant tous les acteurs concernés, à savoir les ministères de la Santé et de la Sécurité sociale, la Caisse nationale de santé, les quatre groupements hospitaliers, les médecins concernés, le personnel soignant et les patients. Cette large composition vise à assurer une mise en œuvre des mesures préconisées par l'étude en accord avec les besoins du terrain. Afin de garantir l'appropriation des mesures par les parties prenantes, la mission de la PNCU consiste à fédérer l'ensemble des acteurs concernés.

ad 4) C'est dans un souci de mise en œuvre efficace des recommandations proposées que la PNCU a été mandatée d'accompagner l'implémentation du Plan d'action « Urgences » 2018-2022 selon l'échéancier établi et de suivre les résultats obtenus en étroite concertation avec les acteurs du terrain.

ad 5) L'approche coordonnée et pluridisciplinaire qui guide les travaux de la PNCU permet une mise en œuvre des multiples recommandations sur base d'un concept global.

**Question 0373** (14.02.2019) de **M. Jeff Engelen** *(ADR)* concernant les **opérations aériennes à l'Aéroport de Luxembourg :**

Um nationale Fluchhafe sinn déi legal Fluchbewegunge pro Joer op 85.000 Unitéite begrenzt. Weider däerfe pro Joer maximal 3,5 Millioune Passagéier transportéiert ginn. Dat schreift den 12. Februar d'Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek an engem Artikel. Hei heescht et, datt déi aktuell Situatioun vum Fluchbetrib um Findel illegal wär. Aus dem Bilan vun 2017 geet ervir, datt et am Ganzen 89.944 Fluchbewegunge gouf mat 3.599.390 Passagéier, déi transportéiert goufen. Zënter zejoert wär de Betrib um Fluchhafen deemno illegal, mat laut der Bedreiwergesellschaft lux-Airport engem Total vu 4,4 Millioune Passagéier fir 2018. Zesumme mam Terminal B läit déi offiziell Capacitéit vum Findel, laut lux-Airport, bei maximal 4,5 Millioune Passagéier. 2018 bleift och d'Zuel vun den Nuetsflich mat 2.145 Fluchbewegungen op engem héijen Niveau, wat problematesch fir déi betraffen Awunner ronderëm de Findel ass, déi duerch de Fluchkaméidi negativ Auswierkungen op hir Gesondheet riskéieren.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Innenminister, un den Här Wirtschaftsminister, un den Här Minister fir banescht Sécherheet an un den Här Mobilitéitsminister:

1. Respektéiert den aktuelle Fluchbetrib um Findel iwwerhaapt de legale Kader?

2. Ass d'Regierung net der Meenung, datt de gesetzleche Kader un déi reell Fluchbewegungen ugepasst muss ginn?

3. Déi maximal Capacitéit vu 4,5 Millioune Passagéier pro Joer ass 2018 bal erreecht ginn, gëtt duerfir schonn un e weideren Ausbau vum Findel geduecht?

4. Wat fir eng Initiative gi geholl, fir d'Zuel vun den Nuetsflich ze begrenzen an domadder d'Nuetsrou vun den Awunner ze verstäerken?

**Réponse** (26.03.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :*

De legale Kader vun der Exploitatioun vum Fluchhafe Lëtzebuerg gëtt am Groussherzogleche Reglement vum 24. Mee 1998 « fixant les conditions d'exploitation technique et opérationnelle de l'Aéroport de Luxembourg » festgeluecht. Dëst Reglement präziséiert d'Effnungszäiten an d'Ausnamefäll dozou.

Als Fluchbewegunge gi souwuel d'Departe wéi d'Arrivéeë vun de Fliger gezielt, mat Ausnam vun de Mouvementer vu Fligeren ënner 5,7 Tonnen, Helikopteren a Flich, déi vun enger permanenter Ausnameregelung op Basis vum uewe genannte Reglement vum 24. Mee 1998 profitéieren.

Et sinn also just déi kommerziell Fluchbewegunge betraff, déi sech, no de Statistike vun der Administration de la navigation aérienne (ANA), op 67.927 Mouvementer am Joer 2017, op dat sech den honorablen Deputéierte berifft, belafen.

Dee wichtege Schantjen, deen d'Neimaache vun der Pist duerstellt, souwuel duerch seng Gréisst wéi seng Dauer, wäert ee bedeitenden Impakt op de Verkéier um Fluchhafen hunn. An der Tëschenzäit ass keng Ännerung vum reglementäre Kader virgesinn.

Wat d'Zuel vun de Passagéier ugeet, déi um Fluchhafe Lëtzebuerg kënnen empfaange ginn, esou gëtt et iwwerhaapt keng legal chiffréiert Begrenzung. D'Limitt ass déi, déi verlaangt, datt d'Sécherheet vun all Passagéier garantéiert ass, am Hibléck vun de physesche Capacitéite vun den Installatiounen a vum Respekt vun de bestehende Prozeduren.

De Ministère huet en Ensemble vu Moosnamen am „Aktiounsplang géint de Kaméidi vum Fluchhafen" virgeschloen, deen um Ëmweltportail verëffentlecht ginn ass.

Hei sinn e puer vun de Moosnamen aus dem Aktiounsplang:

- modulation des redevances de vol ;

- redevances aéroportuaires ;

- initiatives pour l'optimisation des procédures opérationnelles - Projet « Continuous Descent Operations » ;

- analyse détaillée des motifs de dérogations du relevé récapitulatif ;

- limitation de l'utilisation de la poussée renversée à l'atterrissage ;

- charte de bonnes pratiques en matière de lutte contre les nuisances sonores avec les principales compagnies aériennes (à l'exemple de Cargolux) ;

- projet « Precision Air Navigation » (P-RNAV) ;

- étude pour une nouvelle zone d'essais moteurs.

Am Joer 2018 ass d'Zuel vun den Nuetsflich ëm 81 Mouvementer géigeniwwer 2017 erofgaangen, an dat, obwuel de gesamte Fluchverkéier an där Zäit ëm 6 % gewuess ass. Dëst ass d'Resultat vun engem Dialog tëscht den Awunner, de Fluchgesellschaften an der ANA, deen op Ufro vum Ministère zustane koum.

**Question 0374** (14.02.2019) de **M. Max Hahn** et **Mme Carole Hartmann** *(DP)* concernant l'**application « Lebensretter » :**

Le temps écoulé entre l'entrée d'un appel d'urgence et l'arrivée des secouristes sur place peut être décisif, surtout lorsqu'il s'agit d'un arrêt cardiaque, d'une attaque cérébrale. Afin d'écourter ce laps de temps, une association autrichienne a développé une application dénommée « Lebensretter ». Peuvent s'inscrire comme « Lebensretter » toute personne ayant suivi une formation de premiers secours de 16 heures, ainsi qu'une formation dédiée au « Notfalltraining ».

Les appels d'urgence qui laissent soupçonner un arrêt cardiaque sont automatiquement transmis aux smartphones des bénévoles enregistrés et se trouvant dans un rayon de 400 mètres du lieu de l'incident. Lorsque le bénévole confirme sa disponibilité, l'intervention débute et l'application guide le secouriste vers le lieu où se trouve la personne en détresse. L'intervention des bénévoles prend fin à l'arrivée des services de secours professionnels.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Intérieur et à Monsieur le Ministre de la Santé :

1) Madame et Monsieur les Ministres connaissent-ils l'application autrichienne « Lebensretter » ?

2) Madame et Monsieur les Ministres n'estiment-ils pas que la mise en place d'une telle application, utilisée par les médecins, infirmiers et toute autre personne ayant suivi un cours de premiers secours, pourrait augmenter les chances de survie des personnes en détresse, en particulier dans les régions rurales ?

3) Dans l'affirmative, les ministres entendent-ils mettre en place une application similaire ? Dans la négative, pour quelles raisons ?

**Réponse commune** (19.03.2019) de **Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Intérieur,* et de **M. Étienne Schneider,** *Ministre de la Santé :*

La chaîne de survie est essentielle dans la prise en charge de l'arrêt cardiaque. Nombre d'études ont démontré que le taux de survie dépendait de la précocité de la mise en œuvre de la réanimation cardio-pulmonaire et du retour à une activité cardiaque fonctionnelle. Il est convenu que chaque minute de retard de prise en charge diminue de 10 % les chances de survie initiale du patient.

Tout d'abord il est utile de mentionner que les ministres sont effectivement au courant de l'existence de telles applications. Outre celle citée par les honorables Députés, il existe une palette de différentes applications ayant le même but, celui de concourir aux premiers secours. Le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) a d'ailleurs été approché par l'Association française de premiers répondants, qui a lancé en octobre 2018 dans le Département de la Moselle, une application de premiers répondants.

Le Danemark a publié une étude dans le « European Heart Journal » mettant en évidence qu'entre 2001 et 2013, l'augmentation, grâce à un effort intense de formation, de 18 à 60 % d'interventions par un témoin dans la prise en charge d'un arrêt cardiaque avait permis d'augmenter le taux de survie de 5 à 12 %. C'est pourquoi le Ministère de la Santé ne peut qu'encourager la mise en alerte de secouristes formés.

En 2012, il y a eu la mise en place du Service « First Responder », qui est établi à l'heure actuelle dans 61 des 102 communes luxembourgeoises. Les principaux objectifs sont la diminution du temps de latence entre l'alerte et l'arrivée des secours sur le lieu de l'intervention, une meilleure prise en charge du patient et la mise en œuvre des gestes de premiers secours (si besoin avec défibrillateur externe). En 2018, le Service « First Responder » est intervenu lors de 4.531 des 6.387 interventions du SAMU. Il faut noter que le « First Responder » n'intervient pas seulement lors de réanimations cardiaques, mais aussi pour d'autres urgences vitales. Une application du type « Lebensretter » constitue certainement un outil supplémentaire, qui pourrait servir à diminuer les délais d'une première prise en charge en cas d'arrêt cardiaque, contribuant ainsi à augmenter les chances de survie des personnes en détresse.

La mise en place d'une telle application est certainement à analyser pour le futur. Dans l'immédiat, le CGDIS ne dispose pas des ressources humaines et financières requises pour se charger d'un tel projet. En effet, les efforts du CGDIS doivent se concentrer, dans un premier temps, sur la mise en place des outils informatiques nécessaires au bon fonctionnement interne du CGDIS (notamment le « Portail CGDIS », élément essentiel pour faciliter la gestion de disponibilité des volontaires). Par ailleurs, il y a lieu de soulever, qu'avant la mise sur le marché d'une telle application, il faut au préalable analyser le cadre légal, notamment en ce qui concerne la protection des données, afin de s'assurer des garanties nécessaires pour une mise en place régulière.

Finalement, la mise en place de nouveaux moyens d'alerte ne doit pas masquer que le défi essentiel reste la formation de l'ensemble de la population associée à une répartition géographique raisonnée des défibrillateurs semi-automatiques.

**Question 0375** (14.02.2019) de **Mme Martine Hansen** *(CSV)* concernant la **différence entre le plan de tir et le gibier tiré :**

An de leschte Méint a Woche war déi afrikanesch Schwéngspescht vill an de Medien. D'Regierung huet och eng Task Force an d'Weeër geruff. Och de Bestand vun de Wëllschwäi war an ass heivu betraff.

Laut mengen Informatioune ass an de leschte Joren déi vum Plan de tir de certains gibiers festgeluechte minimal Unzuel un Déieren, déi misste geschoss ginn, net erreecht ginn. Esou sinn och an de leschte Joren zum Beispill ±20 % manner Wëllschwäi geschoss gi wéi hätte missen.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu – Travail à la Chambre – Rôle des affaires – Questions parlementaires – rechercher n° de la question.)*

Et gi momentan vill Diskussioune ronderëm d'Klappjuegten. Och d'Ministesch huet an der Äntwert op eng parlamentaresch Fro dervu geschwat, fir „eng Analys vun der Praxis vun der Klappjuegd ze maachen". Laut mengen Informatioune ginn allerdéngs 80 bis 90 % vun de Wëllschwäin op dëse Juegte geschoss.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung stellen:

1. Kann d'Madamm Ministesch déi uewe genannten Informatioune confirméieren?

2. Ass et laut der Madamm Ministesch méiglech, ouni Klappjuegten déi festgeluechte minimal Unzuel u Wëllschwäin ze schéissen?

3. Wéi géif der Madamm Ministesch no d'Populatioun vun de Wëllschwäin ouni d'Klappjuegten evaluéieren?

4. Wat sinn déi präventiv a konkret Mesuren, déi d'Regierung wéilt ënnerhuelen, falls déi afrikanesch Schwéngspescht hei am Land nogewise gëtt?

**Réponse** (22.03.2019) de **Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :*

ad 1. Den Tableau vun der honorabler Deputéiert Madamm Martine Hansen gouf hei ënnendrënner mat den Zuele vun den als geschossenen deklaréierte Wëllschwäin aus dem Juegdjoer 2017/2018 completéiert. Laut den Zuelen, déi d'Jeeër deklaréiert hunn, wier also insgesamt fir déi dräi-Joresperiod vum Ofschossplang (1. Abréll 2015 - 31. März 2018) den Ënnerscheed tëscht der obligatorescher Mindestunzuel vun Ofschëss (minimalen Ofschossplang) an dem reeellen Ofschoss 1.700 Wëllschwain, also knapp 10 %.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

ad 2. Ech wëll der Diskussioun rondrëm dëst Thema, déi am Kader vun der Petitioun 1156 an der Chamber wäert stattfannen, net virgräifen.

ad 3. Wéi d'Populatioun ouni Klappjuegd géif evoluéieren, ass schwéier ze evaluéieren. Wéi bei all Déirenaart géif och d'Populatioun vun de Wëllschwäin ouni Bejoung haaptsächlech duerch d'Nahrungsangebot gesteiert ginn. Vu dass mir a Westeuropa duerch de Klimawandel ëmmer méi mëll Wanteren hunn, gëtt d'natier-

lech Selektioun gréisstendeels ausgeschalt. Et muss een dovunner ausgoen, dass d'Wëllschwäinpopulatioun ouni Juegd géif weider klammen, zumindest an enger éischter Phas. Et gëtt also ugeholl, dat d'Populatioun vu Wëllschwäin nach net um Maximum ukomm ass. D'„carrying capacity" vum Liewensraum schéngt nach net erreecht ze sinn.

ad 4. Déi Mesuren, déi d'Regierung geholl huet, sinn an den Änwerten op virecht parlamentaresch Froen, notamment och vun der honorabler Deputéiert Madamm Martine Hansen, duergeleuecht ginn.

**Question 0377** (15.02.2019) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** *(CSV)* concernant le **parking de la Coque :**

Säit enger Zäitche gëtt iwwert déi exorbitant Präisser fir de Parking vum Centre national sportif et culturel d'Coque diskutéiert.

Et ass effektiv esou, datt bei enger ganzer Rei vu sportlechen Evenementer vill Eltere sech beschwéieren, datt si deier musse fir de Parking bezuelen, wa si hir Kanner op Sportsmanifestatiounen, déi meeschtens de Weekend stattfannen, an der Coque begleeden.

D'Regierung huet an hirem Programm 2018-2023 annoncéiert, datt an der Coque de Sport erëm d'Prioritéit viru Concerten an anere Manifestatioune soll kréien.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Deelt de Sportminister d'Meenung, datt mir, an Zäite vun enger Penurie vu Benevollen am Sport a vun engem Mangel u Bewegung vun eise Kanner a Jugendlechen, op esou Sportsmanifestatiounen an der Coque, esou héich Präisser fir de Parking net rechtfäerdege kënnen?

- Wa jo, gedenkt d'Regierung ze interveneéieren, datt d'Präisser ugepasst ginn, respektiv fir all Benevoller an och d'Eltere vu mannerjärege Sportler de Parking gratis gëtt?

- Wann neen, ass d'Regierung der Meenung, datt déi Decisioun fërderlech ass, fir d'Leit fir de Sport ze begeeschteren?

**Réponse** (25.03.2019) de **M. Dan Kersch,** *Ministre des Sports :*

An hirer Fro iwwert d'Parkingstariffer an der Coque referéiert déi honorabel Deputéiert sech op de Regierungsprogramm, wou effektiv Folgendes drasteet:

« Inauguré en 2002, le Centre national sportif et culturel d'Coque est devenu en seulement 15 ans un outil incontournable pour le sport scolaire et fédéral au Luxembourg. L'attrait qu'il dégage en fait presqu'une victime de son propre succès, d'où la nécessité d'un recentrage sur ses missions primaires dans l'intérêt primordial du sport national au-delà de toute considération de nature commerciale. À cet égard, ensemble avec les représentants du milieu sportif, une discussion approfondie sera menée sur le mode de fonctionnement et la politique financière du Centre national et sportif d'Coque, en particulier dans le cadre de l'organisation des manifestations et évènements fédéraux et de la mise à disposition du centre à des fins d'entraînement. »

Ech kann der honorabeler Deputéiert elo scho versécheren, dass éischt Gespréicher mat Vertrieder vun der Coque stattfonnt hunn an dass verschidden Upassungen am Sënn vum Regierungsprogramm och scho gemaach gi sinn an anerer nach wäerte kommen.

Als Minister sinn ech der Meenung, dass de Manktem u Benevollen an u Bewegung een déif gräifende Problem vum Fonctionnement vun eiser Gesellschaft duerstellt. Speziell wat de Benevolat ubelaangt, verweisen ech déi honorabel Deputéiert gären op de Regierungsprogramm, dee virgesäit, dass de Benevolat onersetzbar ass fir de Sport an dofir och weiderhi wäert ënnerstëtzt ginn. Des Weidere wäert d'Regierung eng Gesamtstrategie entwéckelen, fir de Benevolat weiderhin ze fërderen.

Ech warnen och virdrun, fir simplistesch Vermëschunge vum Problem vum Benevolat oder Manktem u Bewegung mat aner Problematiken ze maachen. Elteren an Automobilisten queesch duerch d'Land beschwéiere sech iwwer Parking, deen ze bezuelen ass. Et ass also net ee Problem vu Parking viru Sportsinfrastrukturen am Allgemengen oder vun der Sportsinfrastruktur Coque am Besonneschen, mä et ass ee Problem vum Zesummespill vu Mobilitéit, ëffentlechem Transport an Individualverkéier insgesamt am Land, deen hei opgeworf gëtt. De Problem vum Parking ass quasi iwwerall deen nämlechten. Et ass ee raren Objet, et gëtt der net genuch an dofir si Gemengen, Stat an Établissements publics dozou iwwergaangen, bezuelbare Parking anzeféieren, fir sécherzestellen, dass déi mat ëffentleche Sue geschafe Parkplazen net vun Dauerparker zougesat an esou zweckentfriemt ginn.

Déi Situatioun stellt sech genau esou ënner anerem bei der nationaler Sportsinfrastruktur Coque. Wat elo spezifesch dee Parking ubelaangt, esou muss een emol kloerstellen, dass d'Fixatioun vun de Parkingspräisser vum Parking Coque 1 eng Kompetenz vum Verwaltungsrot vun der Coque ass, déi als Établissement public eng eege Personnalité juridique huet.

Des Weidere muss ee präziséieren, dass, no Informatioune vun de Vertrieder vun der Coque, de Parking Coque 1 elo am Ganzen 247 Plazen (dorënner sechs fir Behënnerter) huet, deen dann zu de bestehende Konditioune fir jiddereen disponibel ass, also och fir Leit, déi d'Installatioune vun der Coque net benotzen, wat dann och de Grond war, firwat de Präis pro Stonn deemools op 3 € fixéiert ginn ass. Ech wëll op dëser Plaz allerdéngs och déi honorabel Deputéiert op d'Äntwert vum 24. Oktober 2017 vu mengem Virgänger op hir Fro an eben dëser Thematik erënneren.

Esou sinn am Laf vun der Zäit scho vill Upassungen un der Tarifstruktur vun der Coque gemaach ginn:

- fir d'Sportler an Trainere vun de Verbänn ass de Parking insgesamt gratis,

- niewent dem „Kiss & Go" kënnen d'Elteren, déi op hiert Kand, wat trainéiert, waarden, hiren Ticket gratis validéiert kréien,

- am Kader vum Schoulsport ass de Parking och gratis fir d'Sportsproffen oder d'Chargé-de-coursen,

- d'Clienten, déi d'Infrastrukture vun der Coque benotzen, kënne vun dräi Stonne gratis Parking profitéieren.

Wat elo Sportsmanifestatiounen ubelaangt, esou huet de Verwaltungsrot vun der Coque Partenariater am Beräich vum Parking mat aneren Institutiounen ausgehandelt. Esou stinn, de Weekend, de Verbänn fir d'Sportler, Arbitteren, Jugen oder weider Fräiwëlleger 50 Plazen an der Chambre de Commerce an 80 Plazen um Parking vun Eurocontrol gratis zur Verfügung. Déi betreffend Fraisen iwwerhëlt d'Coque.

Des Weideren ass och virun all gréisser Sportsmanifestatioun eng Versammlung zwëschent de Vertrieder vun der Coque an der jeeweileger Federatioun, wou ënner anerem den Thema vum Parking ugeschwat gëtt. D'Verbänn fannen och um Intranet vun der Coque detailléiert Informatiounen zu dëser Thematik.

Esou gëtt do zum Beispill och op déi grouss Parkingen um Kierchberg higewisen, déi mam ëffentlechen Transport gutt erreechbar sinn.

Bleift nach ze soen, dass de Verwaltungsrot vun der Coque kierzlech d'Präisser vum Parking Coque 1 an der Woch ab 17.00 Auer, respektiv de Weekend an d'Feierdeeg op 2 € pro Stonn fixéiert huet.

Ech ginn awer ganz gären zou, dass déi absolutt ideal Léisung, déi jiddderengem Satisfaktioun gëtt, nach net fonnt ginn ass, wahrscheinlech well et se net gëtt. A well ech d'Begeeschterung an den Asazwëlle vun Dausende vu Benevolle kennen, dee wäit iwwert d'Bezuele vun engem Parkingsticket erausgeet, ginn ech d'Hoffnung net op, dass dës Leit, deenen d'Land ee grousse Merci schëlleg ass, Verständnis fir d'Situatioun entwéckelen a sech an hirem Engagement net bremse loossen.

**Question 0379** (15.02.2019) de **M. David Wagner** *(déi Lénk)* concernant l'**utilisation des données de l'échange automatique d'information :**

La Commission européenne a publié en décembre 2018 un rapport relatif aux échanges automatiques dans le domaine de la fiscalité directe (COM(2018) 844/1). Dans ce rapport on peut lire que le Luxembourg n'utilise pas les informations qui lui sont transmises à travers l'échange automatique, ni celles reçues au titre de la directive de coopération administrative 2 (DCA2), échangées depuis septembre 2017, ni celles au titre de la directive de coopération administrative 1 (DCA1), échangées depuis juin 2015. Notons que ledit rapport couvre les informations des États membres concernant les années 2015, 2016 et 2017.

Cet état des choses peut paraître étonnant, vu l'utilité de ces informations pour vérifier la conformité des contribuables luxembourgeois avec la législation fiscale en place.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Finances :

1) Pouvez-vous me confirmer que l'administration luxembourgeoise n'a pas utilisé les informations qui lui ont été transmises à travers les dispositions de la DCA1 et la DCA2 pendant les années 2015, 2016 et 2017 ? Dans l'affirmative, pouvez-vous m'en donner les raisons exactes ? Quid des informations transmises depuis les pays tiers avec lesquels un échange d'information semblable a été mis en place ?

2) Dans l'affirmative de la question 1, est-ce que la situation a évolué (ou est prévue d'évoluer) depuis la fin de l'année 2017 ? Si oui, quels sont les moyens en termes de ressources humaines et en termes de capacités informatiques (ou autres) déployés (ou prévus d'être déployés) afin de permettre une utilisation systématique des informations ?

3) Dans la négative de la question 1, pouvez-vous m'indiquer si la mise en correspondance, qui permet de relier les informations reçues d'autres pays aux dossiers des contribuables concernés, a été faite de manière systématique ou sporadique et si elle a été effectuée de manière automatique ou semi-automatique ? Quel est le taux d'utilisation des informations reçues, c'est-à-dire quel pourcentage des informations reçues a effectivement été utilisé et/ou mis en correspondance, et cela pour chacune des années 2015, 2016 et 2017 ? Quels sont les moyens en termes de ressources humaines et en termes de capacités informatiques déployés afin de garantir l'utilisation des informations ?

Dans ce même rapport de la Commission européenne, on apprend que, par rapport aux échanges d'information de la DCA2, « les flux sortants d'informations financières sont dominés par le Luxembourg, avec 17 % des comptes et près de 80 % des montants déclarés ».

4) Pouvez-vous m'indiquer les raisons pour ces pourcentages particulièrement élevés ?

Finalement, je m'interroge sur le volet de l'échange d'information sur demande. Dans les rapports d'activité de l'Administration des contributions directes de ces dernières années, on peut lire le nombre de demandes traitées par l'administration luxembourgeoise. Par contre, le nombre de demandes adressées par l'administration luxembourgeoise à des administrations étrangères n'est pas mentionné ou spécifié.

5) Quel est le nombre de demandes d'échange d'informations dans le domaine fiscal adressées par l'administration luxembourgeoise à des administrations étrangères et cela pour chacune des années 2015, 2016, 2017 et 2018 ? Pouvez-vous, s'il vous plaît, compartimenter les chiffres selon les pays en question ?

**Réponse** (10.03.2019) de **M. Pierre Gramegna,** *Ministre des Finances :*

Dans sa question, l'honorable Député fait référence au rapport publié en décembre 2018 par la Commission européenne relatif aux échanges automatiques dans le domaine de la fiscalité directe (COM(2018) 844/1). Celui-ci a trait aux statistiques recueillies par la Commission au sujet de l'échange automatique d'informations dans le domaine de la fiscalité directe.

D'une manière générale, l'Administration des contributions directes (ACD), dans l'exercice de ses missions, utilise régulièrement des informations reçues par les autorités compétentes étrangères.

En ce qui concerne plus précisément l'échange automatique, celui-ci joue un rôle de plus en plus important dans la lutte contre la fraude et l'évasion fiscale, au niveau tant européen qu'international. Par conséquent, les échanges automatiques obligatoires se sont multipliés au cours des dernières années.

Pour gérer au mieux le volume croissant des informations ainsi recueillies, l'ACD est actuellement en train de mettre en place un nouveau projet informatique en vue d'une utilisation efficace des informations ainsi recueillies. Un accent particulier sera mis sur les procédures à suivre concernant la confidentialité et l'utilisation des renseignements reçus par voie d'échange automatique, conformément aux dispositions nationales et internationales applicables.

Dans une première phase, ce projet vise le traitement informatisé des informations reçues en vertu de l'article 8 de la directive 2011/16/UE relative à la coopération administrative dans le domaine fiscal (DAC1), de la directive 2014/107/UE modifiant la directive 2011/16/UE en ce qui concerne l'échange automatique et obligatoire d'informations dans le domaine fiscal (DAC2), de l'accord FATCA, ainsi que de l'accord multilatéral entre autorités compétentes concernant l'échange automatique de renseignements relatifs aux comptes financiers.

La nouvelle application assurera l'identification automatique des contribuables résidents au Luxembourg en fonction des données reçues et garantira l'affectation des informations aux agents des services compétents. Un outil de « feedback » sur l'utilisation et l'utilité des informations reçues y est également prévu, afin de pouvoir, entre autres, quantifier les avantages de l'échange automatique.

La mise en service de ladite application est prévue courant 2019.

Il y a lieu de relever que dans le contexte de l'échange automatique de renseignements relatifs aux comptes financiers, la définition d'« institution financière » inclut non seulement les banques, mais vise de multiples types d'entités du secteur financier. Par conséquent, sont couverts par le régime déclaratif les actifs et les différentes catégories de revenus d'investissements de ces acteurs.

Quant à l'échange d'informations sur demande, celui-ci est souvent lié à des informations obtenues dans le cadre des échanges automatiques. Le nombre de demandes d'échanges d'informations dans le domaine fiscal adressées par les autorités compétentes luxembourgeoises à des autorités compétentes étrangères est renseigné dans le tableau suivant :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).*

**Question 0381** (18.02.2019) de **MM. Yves Cruchten** et **Georges Engel** *(LSAP)* concernant le **loyer des logements subventionnés :**

D'après la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement, « l'État peut participer jusqu'à concurrence de 75 pour cent du prix de construction, d'acquisition, de rénovation et d'assainissement de logements destinés à être loués par les communes ou syndicats de communes, et jusqu'à 70 pour cent du prix de construction, d'acquisition, de rénovation et d'assainissement de logements destinés à être loués par les autres promoteurs (...) à des ménages à revenu modeste, à des familles nombreuses, à des personnes âgées et à des personnes handicapées » (Art. 27).

Aussi, « l'État peut participer jusqu'à concurrence de 75 pour cent du prix de construction, d'acquisition, de rénovation et d'assainissement de logements locatifs réalisés par des associations sans but lucratif, fondations, hospices civils, offices sociaux, sociétés d'impact sociétal régies par la loi modifiée du 12 décembre 2016 portant création des sociétés d'impact sociétal et dont le capital social est constitué à 100 pour cent de parts d'impact, le Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique ainsi que par des communautés religieuses ayant conclu une convention avec le Gouvernement » (Art. 30ter).

Ladite loi stipule également que « le loyer de tous les logements et logis, à l'exception des logements de service, donnés en location par l'État, les communes, les syndicats de communes et le fonds pour le développement du logement et de l'habitat est fixé et adapté en fonction du revenu disponible et de la composition du ménage occupant, ainsi que de la surface habitable du logement » (Art. 28).

D'après les explications du Ministère du Logement, repris dans un article du « Lëtzebuerger Land » (édition du 11 janvier 2019), les logements subventionnés et loués par des associations sans but lucratif, fondations, hospices civils, offices sociaux, sociétés d'impact sociétal, le Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique ainsi que par des communautés religieuses ayant conclu une convention avec le Gouvernement quant à eux, ne seraient pas contraints à prendre en compte ces différents éléments pour la fixation du loyer.

D'après cet article, cette différence de réglementation entre les promoteurs publics d'un côté et les autres promoteurs engendrerait une différence de prix considérable entre les deux types de biens loués (3,43 euros par mètre carré en moyenne pour les biens loués par la SNHBM par exemple et dix euros par mètre carré pour des objets loués par le Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique).

Dès lors, nous aimerions poser à Madame la Ministre du Logement les questions suivantes :

- Madame la Ministre peut-elle confirmer que les associations sans but lucratif, fondations, hospices civils, offices sociaux, sociétés d'impact sociétal, le Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique ainsi que par des communautés religieuses ayant conclu une convention avec le Gouvernement ne sont pas tenus à fixer leurs loyers pour des logements subventionnés en fonction du revenu disponible et de la composition du ménage occupant, ainsi de la surface habitable du logement ?

- Dans l'affirmative, Madame la Ministre n'est-elle pas d'avis que le fait que les promoteurs publics sont contraints à respecter un certain nombre de règles en matière de fixation de loyer alors que les autres promoteurs, touchant les mêmes subventions, en sont exemptés, est injuste ?

- Madame la Ministre peut-elle confirmer la déclaration d'une fonctionnaire du Ministère du Logement citée dans l'article susmentionné selon laquelle un contrôle de l'utilisation correcte des subventions étatiques par les promoteurs privés ne serait actuellement pas possible ?

- Dans l'affirmative, dans quelle mesure Madame la Ministre compte-t-elle remédier à cette situation ?

- Dans quelle mesure, les promoteurs privés sont-ils contraints à réinvestir des bénéfices éventuellement générés par la location de logements subventionnés dans d'autres projets de logement à caractère social ?

**Réponse** (20.3.2019) de **Mme Sam Tanson,** *Ministre du Logement :*

Les loyers des logements subventionnés par l'État selon les articles 27 et 29 de la loi modifiée du 25 février 1979 et mis en location par les communes sont fixés par le règlement grand-ducal modifié du 16 novembre 1998 fixant les mesures d'exécution relatives aux logements locatifs.

L'État peut également participer au prix de construction, d'acquisition, de rénovation et d'assainissement de logements locatifs réalisés par des associations sans but lucratif, fondations, hospices civils, offices sociaux, sociétés d'impact sociétal dont le capital social est constitué à 100 pour cent de parts d'impact, le Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique. La mise en location des logements ainsi subventionnés est actuellement cadrée par le règlement grand-ducal du 21 décembre 2018 arrêtant le programme de construction d'ensembles de logements subventionnés.

Je peux dès lors confirmer aux honorables Députés que les conditions de fixation des loyers ne sont pas les mêmes selon que le promoteur est une commune ou un acteur visé à l'article 30ter.

Or, ceci n'implique pas que les promoteurs privés visés à l'article 30ter ne soient pas tenus de fixer leurs loyers selon un certain nombre de règles. D'abord, il ressort de la lecture conjointe des articles 30 et 30ter ainsi que des documents parlementaires que le législateur avait l'intention que les surplus de recettes provenant de la location et de la vente des logements subventionnés au titre de la loi modifiée du 25 février 1979 et formés par les recettes brutes, déduction faite des frais de gestion et des capitaux avancés par le promoteur public ou privé, doivent être intégralement réinvestis par ceux-ci dans des logements locatifs. Ensuite, l'affectation des logements, tout comme les droits et les obligations principales du promoteur ainsi que les droits de contrôle de l'État sont fixés obligatoirement dans une convention signée entre le promoteur et le Ministère du Logement.

Cette différence d'approche selon le type de promoteur peut s'expliquer en partie par le fait que jusqu'à récemment, les organismes visés à l'article 30ter ont avant tout construit des logements encadrés à destination spécifique d'une population particulièrement vulnérable. Ce n'est qu'au cours des dernières années que le nombre de projets de constructions d'ensembles visés à l'article 30ter s'est multiplié - il a de fait triplé au cours des trois dernières années - et que les logements ainsi créés ont été destinés de plus en plus au marché des logements à loyer modéré.

En ce qui concerne le contrôle de l'affectation des logements, des formules de calcul de loyer et de l'affectation correcte des surplus de recettes, un logiciel permettant un suivi plus systématique des conventions signées et des logements ainsi subventionnés est en élaboration et les services du ministère ont entamé les démarches pour renforcer le contrôle de la mise en œuvre des conventions signées.

Finalement, la refonte de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement constitue l'occasion de fixer de façon plus homogène les droits et les obligations des promoteurs privés ainsi que les droits de contrôle de l'État.

**Question 0383** (18.02.2019) de **M. André Bauler** *(DP)* concernant l'**exposition de maquettes représentant les châteaux forts du Grand-Duché de Luxembourg :**

Le château de Clervaux héberge depuis bon nombre d'années une exposition de maquettes représentant les châteaux forts du Grand-Duché de Luxembourg.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Culture :

- Madame la Ministre peut-elle m'informer sur le concept actuel de cette exposition ? À quelle date fut-elle aménagée dans cet édifice historique ? Qui en est le gestionnaire ?

- Combien de personnes visitent bon an mal an l'exposition en question ? Est-il possible de retracer leur nombre depuis 2010 en distinguant, le cas échéant, selon différentes catégories d'âge ? L'exposition est-elle également proposée aux élèves des écoles fondamentales et des lycées ? Dans quelle mesure figure-t-elle dans les offres proposées aux touristes ?

- Existe-t-il une collaboration avec l'Association des châteaux luxembourgeois afin de promouvoir cette exposition ? Renvoie-t-elle à un itinéraire des châteaux luxembourgeois ? Est-il prévu de compléter l'exposition en question par une section présentant les travaux de restauration du patrimoine féodal et les conversions de ce patrimoine à des usages contemporains, soit touristiques, soit culturels ? Dans l'affirmative, un tel projet pourrait-il être envisagé sous l'égide du Service des sites et monuments nationaux (SSMN) ?

- Le Ministère de la Culture est-il en train de réfléchir sur un éventuel renouvellement de cette exposition afin de l'adapter aux exigences et standards de l'ère numérique ? Est-il donc prévu d'en repenser le concept afin d'accroître sa valeur pédagogique et son attrait touristique ?

**Réponse** (20.03.2019) de **Mme Sam Tanson,** *Ministre de la Culture :*

L'installation de l'exposition des maquettes remonte à 1970. Avant l'ouverture du Musée de la Bataille des Ardennes en 1974 et l'intégration de l'exposition « The Family of Man » d'Edward Steichen en 1994, il s'agit ainsi d'une des premières fonctions du château restauré qui bénéficie depuis le 26 septembre 1935 d'un classement comme monument national. L'administration communale y a ouvert ses bureaux en 1972 et gère l'accès à l'exposition.

L'exposition des maquettes a été aménagée par le Service des sites et monuments nationaux (ci-après « SSMN »). Les maquettes sont l'œuvre de V. Peternelj, maquettiste yougoslave. Plus de 40 ans après son ouverture initiale, l'exposition des maquettes a été rouverte en 2011. Entre-temps, les salles ont été complètement repensées et remises en valeur par le SSMN, ceci aussi bien au niveau de l'architecture d'intérieur (mobilier, cimaises, éclairage) comme des aménagements didactiques. À côté des informations historiques directement liées aux châteaux exposées, de nouvelles thématiques générales relatives au patrimoine concerné ont été définies et incluses dans le parcours à travers les différentes salles. L'exposition a en outre été enrichie par plusieurs vitrines à thèmes spécifiques comme également par des stations informatiques.

Ci-dessous est indiqué le nombre de visiteurs par an, le détail des chiffres se trouvant en annexe.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

Il est évident que la promotion du musée est assurée et garantie par les voies traditionnelles tant au niveau des écoles que du secteur touristique.

Comme l'actuel aménagement de l'exposition est assez récent, il n'est pas prévu de redéfinir le concept sous peu. Les nombreuses pistes de réflexions esquissées par l'honorable Député sont bien notées. Dans un monde de plus en plus numérique, il pourrait paraître important de garnir l'exposition davantage d'installations électroniques et d'infrastructures audiovisuelles. Cependant, selon l'expérience muséale, les visiteurs préfèrent souvent être accueilli par un guide classique.

*(Annexes à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

**Question 0385** (19.02.2019) de **MM. Gusty Graas** et **Guy Arendt** *(DP)* concernant l'**autorisation de la chasse pendant la nuit :**

Tandis qu'à l'heure actuelle aucun cas n'a encore été détecté au Luxembourg, la peste porcine africaine (PPA) continue à menacer les populations de sangliers de l'Europe de Ouest.

Dans ce contexte, comme il a été relayé récemment dans la presse, l'association des chasseurs de la Sarre réclame l'autorisation d'utiliser des dispositifs de visée nocturne afin de rendre plus efficace la chasse au sanglier, animal essentiellement nocturne.

À noter encore que le plan d'action en cas de détection du virus PPA au Luxembourg prévoit la destruction de tout sanglier dans la zone périphérique de la zone infectée.

Voilà pourquoi nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :

- En cas de détection du virus, Madame la Ministre entend-elle autoriser la chasse pendant la nuit à titre transitoire ?

- Dans l'affirmative, Madame la Ministre prévoit-elle d'autoriser l'utilisation de dispositifs de visée nocturne ?

**Réponse** (22.03.2019) de **Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :*

En cas de problèmes sanitaires au sein de la population de gibier, les mesures adéquates seront prises en accord avec la Commission européenne.

**Question 0386** (19.02.2019) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant l'**achat de terrains à l'étranger par les communes :**

Den 12. September 2018 huet d'Gemeng Déifferdeng decidéiert, en „Compromis de vente avec la SCI des Carrières pour l'acquisition de plusieurs parcelles d'une superficie totale de 65,93 ha situées sur le territoire de la commune de Saulnes" unzehuelen, woubäi Saulnes eng Gemeng op franséischem Territoire ass. Et schéngt esou ze sinn, datt dës Acquisitioun gemaach gouf, fir do eng geplangten „décharge inerte" ze verhënneren.

An dësem Zesummenhang wéilt ech e puer Froen un d'Madamm Innenminister an d'Madamm Minister fir d'Groussregioun stellen:

1. Ass eng Gemeng obligéiert, ier si Terrainen am Ausland keeft, d'Erlaabnis vun der Regierung ze hunn oder d'Regierung op d'mannst ze informéieren?

2. Ass no der Lëtzebuerger Gesetzeslag eng Gemeng iwwerhaapt autoriséiert, fir Terrainen am Ausland ze kafen?

3. Ass de virsätzlechen Agréff duerch eng Lëtzebuerger Gemeng an ekonomesch Projeten an enger auslännescher Nopeschregioun net eng Fro, déi misst an engem bilaterale Kader oder am Kontext vun der Groussregioun am Virfeld diskutéiert ginn? Am konkrete Fall: Gouf et am Virfeld Gespréicher mat franséischen Autoritéiten, oder hu franséisch Autoritéiten no dësem Kaf Observatioune bei der Regierung zu dëser Transaktioun gemaach?

4. Ass d'Regierung der Meenung, datt esou Aktiounen, wéi déi uewe genannte vun der Gemeng Déifferdeng, zu de gudde Relatiounen tëschent Lëtzebuerg a sengen Nopeschstate bäidroen?

5. Gesäit si eventuell an esou enger Aktioun en Agréff an déi souverän Rechter vun engem Nopeschstat, zum Beispill fir Decisiounen iwwer seng ekonomesch Entwécklung selwer an ouni auslännesch Améschung kënnen ze huelen?

6. Wéi géif d'Regierung reagéieren, wann auslännesch Staten oder territorial Ennerentitéite vun esou engem auslännesche Stat géingen zu Lëtzebuerg grouss Terraine kafen, fir op déi Manéier d'Verwierklechung vun engem ekonomesche Projet, zum Beispill aus ideologeschen, ekologeschen oder Konkurrenzgrënn, ze verhënneren?

**Réponse commune** (21.03.2019) de **Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Intérieur,* de **Mme Corinne Cahen,** *Ministre de la Grande Région,* et de **M. Jean Asselborn,** *Ministre des Affaires étrangères et européennes :*

ad 1. All Kaf, deen e Wäert vu méi ewéi 250.000 Euro huet, muss vum Innenminister approuvéiert ginn, op Basis vum Artikel 106.1° vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988.

De Compromis de vente, vun deem rieds geet, an d'Decisioun vum Gemengerot vun der Gemeng Déifferdeng, déi de Compromis soll ugeholl hunn, leien dem Innenministère net vir.

ad 2. E Gemengerot kann decidéieren, Terrainen ze kafen, wann dat am Interessi vun der Gemeng geschitt. Et gëtt keen Text, deen enger Gemeng explizitt verbitt, en Terrain am Ausland ze kafen.

Allerdéngs muss een déi Fro am Kader vun de Kompetenze vun de Gemengen analyséieren, déi als Zil den ëffentleche lokalen oder kommunalen Interessi hunn. Deen Interessi ass ënner anerem am territoriale Kader ze appreciéieren, deen duerch d'Gemengegrenze limitéiert ass.

Eng Gemeng kann net Terrainen op dem Territoire vun enger Nopeschgemeng kafen, fir do ee Projet ze retardéieren oder ze verhënneren, well dat net am kommunalen Interessi ass, souguer wann d'Awunner vun där Gemeng Nuisancen duerch dee Projet riskéieren. Ënnert deenen Ëmstänn kann ee Kaf vun Terraine vun enger Lëtzebuerger Gemeng op dem Territoire vun enger anerer Lëtzebuerger Gemeng oder och net Lëtzebuerger Gemeng am Prinzip net vum Innenminister approuvéiert ginn.

ad 3. Wann et drëms geet, duerch déi Aktioun op franséischem Territoire ee Projet ze verhënneren, mécht d'Gemeng och eng politesch Interventioun, déi d'Opdeelung vun de Kompetenzen tëschent Stat a Gemenge riskéiert ze verletzen, well d'Aussepolitik eng Attributioun vun der Regierung ass.

D'bilateral Relatioune mat den Nopeschlänner ginn zënter dem Koalitiounsvertrag vum 3. Dezember 2018 am Interministerielle Koordinatiounscomité fir déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht (Comité de coordination interministérielle pour la coopération transfrontalière - CICT), beschwat a koordinéiert. De Comité befaasst sech domadder, eng eenheetlech a kohärent Approche fir Lëtzebuerg mat sengen Nopeschlänner auszeschaffen.

Der Regierung leie weder Informatiounen zu Gespréicher mat de franséischen Autoritéiten am Virfeld vun der Transaktioun nach zu Observatioune vun de franséischen Autoritéiten am Virfeld vun dëser Transaktioun vir.

ad 4. Fir déi gutt Relatioune mat eisen Nopeschlänner bäizebehalen, consultéieren d'Regierunge sech, souwäit dat méiglech ass, mat den Autoritéite vun hiren Nopeschlänner. Soubal wéi d'Regierung Kenntnis vum Projet hat, huet eis Ambassade zu Paräis déi franséisch Autoritéite formell ugeschriwwen, fir sech iwwert d'Rechtslag a Frankräich an dësem spezifesche Fall ze renseignéieren an eng Stellungnam ze froen. Eng offiziell Äntwert steet am Ablack nach aus.

ad 5. D'Lëtzebuerger Regierung setzt sech fir enk a vertrauensvoll noperschaftlech Bezéiunge

**Le saviez-vous ?**

**QUORUM**

Le quorum est le nombre minimum de membres qui doivent être présents pour que la Chambre des Députés puisse voter valablement. Partant la Chambre ne peut prendre de décision que pour autant que la majorité de ses membres se trouve réunie.

mat sengen Nopeschlänner an. An deem hei virleiende Fall gëtt et keng Indikatioun vu franséischer Säit, déi dëst géif a Fro stellen.

Wann eng lëtzebuergesch Gemeng enger franséischer Société civile immobilière (SCI) Terrainen ofkeeft, handelt et sech ëm eng geschäftlech Transaktioun, déi op dem Averständnis vum Proprietär a vum Keefer berout, ënnert der Approbatioun vum Innenminister, wann d'Konditioune vum Gemengegesetz erfëllt sinn, esou wéi schon an der Äntwert op d'Fro 1 präziséiert gouf ass.

D'Souveränitéit vu Frankräich gëtt an dësem Fall net a Fro gestallt.

ad 6. D'Lëtzebuerger Regierung respektéiert d'Souveränitéit vu sengen Nopeschlänner an erwaart, datt dëse Respekt och der Souveränitéit vu Lëtzebuerg entgéintbruecht gëtt.

**Question 0387** (20.02.2019) de **MM. Mars Di Bartolomeo** et **Franz Fayot** *(LSAP)* concernant le **programme de soutien public à l'investissement :**

Le programme européen de soutien public à l'investissement, portant le nom du Président de la Commission de l'Union européenne Juncker, a été mis en œuvre en 2015 et la Banque européenne d'investissement en est le principal artisan.

Les projets concernant l'innovation, le changement climatique ou ayant un impact social important ont bénéficié dans ce cadre d'une priorité certaine.

- Nous aimerions dès lors savoir de la part de Monsieur le Ministre des Finances et de Monsieur le Ministre de l'Économie dans quelle mesure le Luxembourg a pu profiter de ce programme de soutien à l'investissement et quels sont les projets qui en ont été les bénéficiaires.

- Quels sont le cas échéant les projets qui n'auraient pas été réalisés sans ce programme ?

**Réponse commune** (29.03.2019) de **M. Pierre Gramegna,** *Ministre des Finances,* et de **M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie :*

Le Plan d'investissement pour l'Europe, communément appelé Plan Juncker, est un programme de l'Union européenne visant à relancer les investissements en Europe, substantiellement réduits par la crise économique et financière. La pièce maîtresse du plan est le Fonds européen pour les investissements stratégiques (FEIS), créé en 2015 et modifié en 2017 en vue d'élargir son champ d'application, de prolonger sa durée ainsi que d'augmenter son objectif d'investissement.

Le FEIS accorde une garantie du budget de l'Union européenne à hauteur de 26 milliards d'euros à la Banque européenne d'investissement (BEI), seul partenaire de mise en œuvre, pour soutenir les investissements dans quatre domaines, à savoir les énergies renouvelables, l'éducation et la recherche, les infrastructures numériques et de transport ainsi que les PME.

Le FEIS a connu un succès considérable en Europe, la garantie budgétaire ayant permis d'agir comme levier financier en stimulant des investissements additionnels à hauteur de 389 milliards d'euros, largement au-delà des 315 milliards initialement prévus. En 2017, l'objectif du programme pour 2020 a été étendu à 500 milliards d'euros.

Au Luxembourg, les PME sont les principaux bénéficiaires du programme. Six projets soumis par des entreprises issues de l'industrie et de l'artisanat ont été approuvés pour un soutien financier du FEIS à hauteur de 93 millions d'euros. Ce soutien financier est déployé par le biais du Fonds européen d'investissement (FEI) et devrait mobiliser 280 millions d'euros d'investissements supplémentaires. Grâce au FEIS, 977 PME luxembourgeoises pourraient profiter d'un meilleur accès au financement. À l'assistance financière fournie aux PME s'ajoutent des investissements directs de la BEI dans un certain nombre de fonds d'investissement ou programmes de recherche spécialisés dans les infrastructures et l'innovation. Les fonds d'investissement se focalisent sur des domaines aussi variés que la régénération de sites industriels contaminés, le secteur de l'énergie renouvelable ou encore les infrastructures numériques. Ce soutien financier s'élève à 30 millions d'euros et devrait générer 343 millions d'euros d'investissements additionnels. Au total, des projets à hauteur de 123 millions ont été approuvés dans le cadre du FEIS et la contribution du fonds est susceptible d'entraîner des investissements futurs de 623 millions d'euros.

Le 6 juin 2018, la Commission européenne a présenté sa proposition pour InvestEU, le programme successeur du FEIS, qui prévoit une augmentation de la garantie à 38 milliards d'euros et une simplification substantielle de l'architecture du programme. Les négociations concernant InvestEU sont récemment entrées en leur phase finale.

**Question 0388** (20.02.2019) de **MM. Emile Eicher** et **Marc Spautz** *(CSV)* concernant les **offices sociaux régionaux :**

Les offices sociaux régionaux - répartis sur l'ensemble du territoire national et actuellement au nombre de 30 - assurent les services d'aide sociale prévue par la loi de 2009 précitée et dont bénéficient les personnes qui ont leur domicile sur le territoire de la ou des communes où ils sont implantés.

D'après nos informations, le Gouvernement aurait commandité auprès de l'Université du Luxembourg une étude portant sur les offices sociaux. Il s'agirait entre autres de déterminer les défis et les effets qui découlent de la mise en place de la loi de 2009 et de voir en premier lieu comment la loi de 2009 s'est traduite dans le quotidien. Cette étude aurait également pour objectif d'analyser les prestations offertes par les différents offices sociaux. Il est effectivement intéressant d'obtenir un bilan du travail effectué par les différents offices sociaux et de comparer les différentes structures entre elles dans le but d'optimiser l'aide sociale.

Toujours d'après nos informations, cette étude serait terminée, de sorte que rien ne s'oppose à ce que celle-ci puisse être présentée à la Chambre des Députés et plus particulièrement aux membres de la Commission de la Famille et de l'Intégration, respectivement à ce que cette étude soit rendue publique.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration :

- Madame la Ministre peut-elle confirmer que le Gouvernement a commandité une étude au sujet des offices sociaux régionaux ? Dans la négative, Madame la Ministre n'estime-t-elle pas qu'une telle étude serait dans l'intérêt bien évident de tous ses bénéficiaires ?

- Madame la Ministre peut-elle confirmer que cette étude est bien terminée ?

- Dans l'affirmative, Madame la Ministre entend-elle en présenter les conclusions devant les membres de la Commission parlementaire de la Famille et de l'Intégration ? Au cas où une telle présentation serait, par impossible, jugée inadéquate, Madame la Ministre peut-elle nous en fournir les raisons ?

**Réponse** (18.03.2019) de **Mme Corinne Cahen,** *Ministre de la Famille et de l'Intégration :*

L'évaluation de la loi du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale, réalisée par l'Université du Luxembourg à la demande du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région, vient d'être finalisée.

Les conclusions de cette évaluation seront présentées aux membres de la Commission de la Famille et de l'Intégration de la Chambre des Députés le mercredi 20 mars 2019.

**Question 0390** (20.02.2019) de **Mme Diane Adehm** *(CSV)* concernant les **plaintes dans le cadre de la réforme des taxis :**

An der Äntwert op d'Fro Nr. 0209 vum 16. Januar 2019 iwwert d'Evaluatioun vun der Taxisreform präziséiert d'Regierung, dass vereenzelt Taxichauffere sech net un d'Dispositioun vum Gesetz halen a probéieren, de Client op den éischten Taxi ze verweisen. Dëst wier net konform zum Gesetz a kann, bei entsprechende Beweiser, un de Service des taxis vum Mobilitéitsministère matgedeelt ginn oder per Plainte bei der Police gemellt ginn.

An dësem Kontext wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a Minister fir bannenzeg Sécherheet, an dem Här Finanzminister folgend Froe stellen:

- Wéi vill Plaintë si bis elo deposéiert ginn a wat war den Objet vun dëse Plainten?

- Wéi vill mol ass bis elo de Service des taxis vum Mobilitéitsministère kontaktéiert ginn?

- Wéi eng Kompetenzen huet de Service des taxis vum Mobilitéitsministère?

- Wéi vill Kontrolle si vun der Police an der Douane um Terrain duerchgefouert ginn?

- Wéi vill Sue sinn duerch déi Kontrollen erakomm?

**Réponse commune** (25.03.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, Ministre de la Sécurité intérieure,* et de **M. Pierre Gramegna,** *Ministre des Finances :*

D'honorabel Deputéiert stellt sech e puer Froen iwwert den Impakt vun der Taxisreform.

Den Datesystem vun der Police erlaabt et net, déi gefroten Donnéeën iwwert den exakte Chiffer vun de Plainten erauszefilteren.

De Service des taxis vum Mobilitéitsministère ass am Joer 2018 mat 315 Reklamatioune vu Cliente befaasst ginn. Déi meescht dovunner wéinst dem Netrespektéiere vum kierzeste Wee oder awer wéinst dem Behuelen en général vum Chauffer.

De Service des taxis ass, nieft dem administrative Volet vun de Lizenzen an de Chaufferskaarten, den nationale Kontakt fir all Fro, Feedback oder Reklamatioun a Saachen Taxi zu Lëtzebuerg. Wa Reklamatiounen erakommen, déi fundéiert sinn, da ginn dës un d'Commission des taxis weiderginn, déi dann de Dossier kuckt, déi betraffe Persounen héiert an dann dem Minister en entspriechenden Avis mécht. 2018 ass dës Kommissioun 14-mol zesummekomm an huet dobäi 55 Dossieren traitéiert. Insgesamt goufen doropshin eelef Sanktioune géint Chaufferen a 17 géint Bedreiwer ausgeschwat.

Am Detail:

Sanktioune géint Chaufferen (11)

| | |
|---|---|
| Lescht Verwarnung | 2 |
| Deelhuelen un der Formatioun | 2 |
| Suspensioun vun der Chaufferskaart fir 6 Méint | 1 |
| Suspensioun vun der Chaufferskaart fir 3 Méint | 3 |
| Suspensioun vun der Chaufferskaart bis déi legal Obligatiounen nees erfëllt sinn | 1 |
| Definitive Retrait vun der Chaufferskaart | 2 |

Sanktioune géint Taxibedreiwer (17)

| | |
|---|---|
| Lescht Verwarnung | 2 |
| Suspensioun vun der Lizenz fir 2 Wochen | 1 |
| Suspensioun vun der Lizenz fir 3 Wochen | 1 |
| Suspensioun vun der Lizenz fir 1 Mount | 1 |
| Suspensioun vun der Lizenz fir 6 Méint | 5 |
| Suspensioun vun der Lizenz bis déi legal Obligatiounen nees erfëllt sinn | 3 |
| Definitive Retrait vun der Lizenz | 4 |

D'Douanesverwaltung gesäit an hiren Aarbechtspläng, déi fir Brigaden opgestallt ginn, regelméisseg och Kontrollen am Taxiswiesen (loi du 5 juillet 2016 portant organisation des services de taxis et modification du Code de la consommation) vir, esou dass quasi wöchentlech Kontrollen iwwert d'Land verdeelt an/oder zu Findel durchgefouert ginn.

Et kann een ervirhiewen, dass an 59 Fäll en Avertissement taxé vu 500 € ausgestallt gouf wat d'Infraktioun „illegalen Taxisservice" (« effectuer le service des taxis sans être titulaire d'une licence d'exploitation de taxi valable ») betraff huet.

Säit dem Akraafttriede vum Gesetz vum 5. Juli 2016 iwwert d'Organisatioun vum Taxiswiesen huet d'Police nach keen Avertissement taxé am Zesummenhang mat der Dispositioun vum Gesetz iwwert de fräie Choix vum Client, wéi een Taxi hien aus der File wëllt huelen, ausgestallt.

Insgesamt goufe vun der Police grand-ducale a vun de Beamte vun der Douane zanter dem Akraafttriede vum Gesetz 450 Avertissements taxés fir en Total vu 86.369 € ausgestallt.

Am Detail:

- 216 x 74 €
- 63 x 145 €
- 97 x 250 €
- 74 x 500 €

**Question 0392** (20.02.2019) de **M. Gilles Roth** *(CSV)* concernant l'**organisation et le fonctionnement du SAMU :**

D'après le site Internet du CGDIS, le SAMU fonctionnerait avec trois antennes (Esch-sur-Alzette, Ettelbruck et Luxembourg-ville) et disposerait actuellement de trois véhicules (une par antenne).

Les membres du SAMU interviendraient environ 18 fois par jour respectivement 6.500 fois par an. Si l'on suit les nouvelles, il paraît que l'équipage d'une antenne soit appelé à se déplacer dans la région d'une autre antenne avec des temps de déplacement potentiellement considérables.

C'est ainsi que j'aimerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre de l'Intérieur :

- Madame le Ministre peut-elle m'expliquer comment la collaboration des trois antennes du SAMU se passe en pratique ?

- Au vu de l'évolution démographique et d'une circulation routière toujours plus dense, Madame le Ministre n'est-elle pas d'avis qu'il faille augmenter le nombre d'antennes du SAMU pour assurer une meilleure couverture géographique et une prise en charge plus rapide de victimes en situation d'urgence médicale voire de détresse vitale ? Ne faudrait-il pas prioritairement augmenter les ressources humaines du SAMU et le nombre de véhicules à disposition du SAMU ?

**Réponse** (21.03.2019) de **Mme Taina Bofferding,** *Ministre de l'Intérieur :*

Le SAMU est, conformément à l'article 4 de la loi du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile, une mission du Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS).

Avant le 1er juillet 2018, jour de l'entrée en vigueur de la loi précitée du 27 mars 2018, les bases SAMU étaient implantées auprès des établissements hospitaliers, qui assuraient la garde, conformément à la loi du 27 février 1986 concernant l'aide médicale urgente, qui a été abrogée par la loi hospitalière du 8 mars 2018. Historiquement, le service de garde des hôpitaux était lié au SAMU, cependant depuis la création du CGDIS et la mise en vigueur de la nouvelle loi hospitalière susmentionnée, le SAMU n'est plus une activité hospitalière.

À ce jour, la couverture territoriale du SAMU est assurée par quatre bases SAMU, qui opèrent en permanence trois vecteurs :

- un au nord à Ettelbruck (Centre Hospitalier du Nord),
- un au centre à Luxembourg-ville (garde partagée entre le Centre hospitalier de Luxembourg et l'Hôpital Kirchberg) et
- un au sud à Esch-sur-Alzette (Centre Hospitalier Emile Mayrisch).

L'équipage de chaque base SAMU se compose d'un médecin spécialiste en anesthésie-réanimation et d'un infirmier en anesthésie et réanimation. Actuellement, l'équipage situé à Luxembourg-ville est encore complété par un pompier professionnel disposant du niveau de formation le plus élevé en matière de secours à personne. En outre, un hélicoptère de la « Luxembourg Air Rescue (LAR) » est stationné à l'hôpital d'Ettelbruck et un deuxième à l'hôpital de garde à Luxembourg-ville, qui peuvent être utilisés comme vecteurs aériens sur décision du médecin.

Le SAMU est engagé via le central des secours d'urgence 112 (CSU 112). L'opérateur du CSU 112 appuie sa décision sur un logiciel d'alerte et de gestion des opérations (LAGO) et un logiciel d'aide à la décision qui dispose d'un algorithme prédéfini pour proposer l'alerte du SAMU. Ces outils informatiques permettent au CSU 112 d'alerter le vecteur SAMU le plus proche ou le plus rapide. Ainsi, la collaboration des trois bases SAMU est optimisée pour assurer une couverture maximale du territoire na-

tional autant que possible avec seulement trois vecteurs.

Depuis 1986 et la mise en vigueur de la loi du 27 février 1986 concernant l'aide médicale urgente, la population est passée de 386.000 habitants à 602.000 habitants, ce qui représente une augmentation de plus de 60 %. Le nombre des frontaliers a quasiment quadruplé, passant de quelque 50.000 à plus de 184.600. De surcroît, les derniers indicateurs démographiques et économiques prévoient encore une croissance sur les années, voire décennies, à venir. À l'heure actuelle, nous pouvons dès lors estimer que la population, qui devra être prise en charge en journée par le SAMU, s'élève à quelque 780.000 personnes (sans pour autant prendre en compte les voyageurs et touristes). Ceci exerce bien évidemment une influence sur le nombre des interventions. Ainsi, il y a lieu de rappeler qu'en 1990, première année entière de fonctionnement du SAMU, les trois vecteurs ont effectué un total de 3.411 interventions. Dû à l'évolution démographique, le nombre des interventions a plus que doublé (7.299 en 2018).

Pour optimiser la couverture territoriale des moyens actuels fortement sollicités, le Gouvernement a décidé le 15 mars 2019 d'approuver l'installation d'un 4e vecteur SAMU sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg.

Le même jour, le Ministère de l'Intérieur et le CGDIS ont informé le public par le biais d'une conférence de presse que le quatrième vecteur sera stationné à partir du 1er juillet 2019 dans une première phase auprès du Centre d'incendie et de secours Hesperange dans le but de renforcer la couverture opérationnelle. L'organisation territoriale des secours sera par la suite définie par le Plan national d'organisation des secours (PNOS), qui aura un effet direct sur l'emplacement de ce quatrième vecteur du SAMU dans une deuxième phase.

En effet, l'installation d'un quatrième vecteur SAMU permettra au CGDIS d'améliorer la couverture géographique et de garantir une prise en charge rapide de victimes en détresse vitale.

**Question 0393** (20.02.2019) de **M. Marc Spautz** *(CSV)* concernant la **gratuité des transports publics :**

Am Kader vum geplangte gratis ëffentlechen Transport stelle sech nach eng Rei vu Froen, virun allem um Niveau vum grenziwwerschreidende Verkéier.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderleeden:

- Wei eng Auswierkungen huet de gratis ëffentlechen Transport op d'Accorden am grenziwwerschreidende Beräich (Tariffstruktur etc.)?

- Kann de Minister iwwer eventuell Gespréicher mat den Nopeschlänner informéieren?

- Wéi eng Auswierkungen huet de gratis ëffentlechen Transport op de Statut an d'Aarbecht vun der Mobilitéitszentral?

**Réponse** (18.03.2019) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :*

Zousätzlech zu senge Froe vum 18. Februar 2019 iwwer eventuell Auswierkungen hei am Land vum gratis ëffentlechen Transport huet den honorabelen Deputéierten nach Froen zu dësen Auswierkungen am grenziwwerschreidende Beräich an am Beräich vun der Aarbecht vun der Mobilitéitszentral.

Den Tariff fir grenziwwerschreidend Zich setzt sech zesummen aus zwou Quote-parten, eng fir d'CFL fir den Trajet zu Lëtzebuerg, an eng fir den Operateur am Ausland fir den Trajet am Nopeschland.

All Operateur, respektiv d'Autorité compétente vun deem Land, ass fräi, seng Quote-part festzeleeën. Duerch d'Gratuitéit gëtt d'Quote-part vun den CFL an der zweeter Klass null. Fir den Trajet vun der Grenz bis zur Destinatioun am Ausland steet et dem Operateur am Ausland fräi, den Tariff festzeleeën.

Et ass ze betounen, dass d'Quote-part CFL op engem Monatsabonnement manner ass wéi 50 Euro de Mount (zum Beispill 42,50 Euro fir Frankräich an Däitschland, 29 Euro fir d'Belsch). D'grenziwwerschreidend Abonnementer ginn also net automatesch em 50 Euro de Mount méi bëlleg.

An deem Sënn huet d'CFL schonn éischt Gespréicher mat den Nopescheisebunne gefouert, respektiv stinn nach Gespréicher bevir. Doranner gi si virun allem informéiert; wéi gesot, si si fräi, fir ze maachen, wéi se wëllen fir hiren Deel, an dofir hu se jo nach Zäit.

Wat de Statut an d'Aarbecht vun der Mobilitéitszentral ugeet, esou ass ze präziséieren dass hir éischt Missioun ass a bleift, de Client ze informeieren a Reklamatiounen ze beäntwerten, an net de Verkaf vun den Ticketen. Deemno wäert hir Attributioun net fundamental änneren.

**Question 0394** (20.02.2019) de **M. David Wagner** *(déi Lénk)* concernant le **devoir de diligence :**

En date du 23 janvier de cette année, j'avais adressé à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes la question parlementaire n° 0195 relative au devoir de diligence à laquelle j'ai obtenu une réponse le 19 février.

Or, si Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et Monsieur le Ministre de l'Économie répondent partiellement à certaines de mes interrogations, il n'en demeure pas moins que deux de mes questions, donc la moitié d'entre elles, sont restées sans réponse. Je me dois de constater que ceci est un procédé fréquemment utilisé par certains membres du Gouvernement. Ne pouvant accepter que des membres du pouvoir exécutif se refusent ou omettent de répondre avec précision aux questions du pouvoir législatif, je me vois donc contraint de reformuler mes deux questions restées sans réponse. L'exposé de la question est évidemment identique à celui contenu dans la question n° 0195.

1) Le Gouvernement luxembourgeois entend-il intervenir auprès des autorités israéliennes afin d'obtenir des éclaircissements supplémentaires ?

2) Monsieur le Ministre estime-t-il que les activités de ladite filiale puissent contrevenir au respect des droits humains ? Le cas échéant, quelles conséquences le Gouvernement entend-il entreprendre à l'encontre de cette filiale ?

**Réponse commune** (21.03.2019) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes,* et de **M. Étienne Schneider**, *Ministre de l'Économie :*

En réponse à la question parlementaire n° 0394 de l'honorable Député David Wagner, il y a lieu de constater que, comme indiqué dans la réponse commune à la question parlementaire n° 0195, la société à laquelle il est référé est une société établie en Israël et donc soumise aux procédures administratives israéliennes. Qui plus est, les autorités luxembourgeoises ne sont pas en mesure de formuler un quelconque jugement sur la véracité des informations publiées dans la presse nationale et internationale et sur la nature des activités de cette filiale. Le Gouvernement luxembourgeois n'entend dès lors pas intervenir auprès des autorités israéliennes.

**Question 0396** (20.02.2019) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant les **boîtes aux lettres à levée tardive :**

Clientë vun der Post hu mussen op eenzele Bréifboîtte feststellen, datt dee wichtege Service vum Ophiewe vun der Bréifpost samschdes bis 17.00 Auer nomëttes net méi besteet. Beim Nofroen op der Post kritt een dozou iwwerdeems ënnerschiddlech Äntwerten, an aus deem Grond wëll ech beim Här Wirtschaftsminister elo Kloerheet an dëser Ugeleeënheet :

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt de Service vun der Post, samschdes d'Bréifboîtten opzehiewen, net méi besteet?

2. Ass dat op alle Boîtten de Fall, wou dee Service bestanen huet, oder nëmmen op eenzelnen?

3. Wann d'Astellung vun dësem Service net generaliséiert sollt sinn, wéi a vu wiem gouf de Choix gemaach?

4. War am Kader vun dësem Service sécherge-stallt, datt e Bréif, dee freides owes an eng Boîte agehäit ginn ass, déi samschdes eidel gemaach ginn ass, méindes beim Destinataire war?

5. Huet d'Post déi Restriktioun vun hirem Service annoncéiert?

6. Wéi gesäit den Här Minister, am Fall, wou dee Schrack net vun der Post public gemaach ginn ass, de Fait, datt esou eng relevant Ännerung quasi heemlech viru sech gaangen ass?

7. Gesäit den Här Minister, am Kader vun der Bréifpost als ëffentlechen Déngscht, d'Clientsfrëndlechkeet, d'Wichtegkeet an d'Noutwendegkeet vum Samschdesservice bei de Bréifboîtten, an ass d'Regierung wëlles, dëse Schrack vun der Post réckgängeg maachen ze loossen?

**Réponse** (18.03.2019) de **M. Étienne Schneider**, *Ministre de l'Économie :*

D'Samschdesaktivitéit vun der Post ass wichteg fir de Client. Si gëtt awer ëmmer manner wichteg fir d'Bréiwer an ëmmer méi wichteg fir d'Päck.

Unhand vun enger Analys vu POST, wéi vill Bréiwer samschdes an d'Bréifkëschte gehäit ginn, ass festgestallt ginn, dass d'Leit haut net méi d'Gewunnecht hunn, fir samschdes Bréiwer ze verschécken. Déi festgestallte Volumme justifizéiere keng Veraarbechtung méi vu Bréiwer um Samschden.

Doriwwer eraus ass et och keng wierklech Plusvalue fir de Client vu POST, ob eng Boîte freides owes, an der Regel um 19.00 Auer fir déi Boîtte mat spéider Levée, oder samschdes moies um 2.30 Auer opgehuewe gëtt.

E Bréif, dee freides virun der Levée an eng Boîte gehäit gouf, gëtt de selwechten Dag opgehuewen a méindes drop vum Bréifdréier verdeelt. Am anere Fall gëtt en de nächste Schaffdag prioritär fir dat Land, wou e geschéckt gouf, verschafft.

Konsequenterweis gouf dee Service vu POST doropshin adaptéiert an d'Nuetsschicht am Tri um Samschdeg gouf ofgeschaaft.

Den Affichage op de Boîtten an d'Kommunikatioun iwwer Internet dozou si vum 11. bis de 15. Februar 2019 gemaach ginn. Vum 16. Februar u sinn d'Ännerungen dunn a Kraaft getrueden. Dës Ännerung si schonn Enn Januar dem Institut luxembourgeois de régulation matgedeelt ginn.

POST huet eng eenzeg Approche fir all d'Bréifkëschten. Am ganze Land ginn d'Boîtte vu méindes bis freides, also fënnefmol d'Woch, opgehuewen, esou wéi d'Postgesetz vum 26. Dezember 2012 dat virgesäit (Art. 17). Dës Obligatioun gouf duerch d'Ëmstelle vum Service weider respektéiert, vu dass ëmmer nach vu méindes bis freides verdeelt gëtt.

Parallell zum Declin vun de Bréifvolumme wiisst d'Quantitéit vun de Päck, déi samschdes verschéckt ginn, därmoossen, dass d'Aktivitéite samschdes am Tri an an der Verdeelung däitlech zougeholl hunn, an d'PackUp-Servicer fir deen Dag ausgebaut goufen.

**Question 0397** (21.02.2019) de **M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)* concernant l'**imposition des contribuables mariés :**

Depuis la réforme fiscale de 2017, les contribuables mariés ont le choix d'être imposés de manière collective ou individuelle. Cette imposition individuelle comporte deux régimes différents, à savoir l'imposition individuelle simple et l'imposition individuelle avec réallocation des revenus.

- J'aimerais dès lors savoir de Monsieur le Ministre combien de contribuables ont opté entre-temps pour l'imposition individuelle ?

- Monsieur le Ministre dispose-t-il d'exemples concrets comparant le résultat en termes d'impôt à payer selon les différentes options ?

**Réponse** (22.03.2019) de **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances :*

Par la loi du 23 décembre 2016 portant mise en œuvre de la réforme fiscale 2017, l'imposition individuelle a été introduite en droit fiscal luxembourgeois. Les couples mariés ont, depuis le 1er janvier 2018, la possibilité d'être imposés soit collectivement, soit individuellement en optant pour une réallocation de revenus ou pour l'individualisation pure. Dans ce dernier cas, il n'y aura plus de mise en commun des revenus, de manière à renforcer l'autonomie financière de chacun des époux.

Lors de la présentation de la réforme fiscale 2017, le Ministère des Finances avait publié différents exemples concrets comparant le résultat en termes d'impôts à payer selon les différentes options. Ces documents peuvent être consultés sous le lien suivant :

https://reforme-fiscale.public.lu/fr.html.

De même, l'Administration des contributions directes avait présenté les différentes options d'imposition pour les contribuables mariés sur base d'exemples concrets lors d'une conférence de presse ayant eu lieu le 3 octobre 2017. La présentation de l'ACD peut être consultée sous le lien suivant :

https://impotsdirects.public.lu/fr/archive/newsletter/2017/nl_03102017.html.

Pour l'année d'imposition 2018 (situation au 31 décembre 2018), on compte 1.454 dossiers pour lesquels l'imposition individuelle a été demandée, à savoir :

- 1.089 cas d'imposition individuelle pure, et

- 365 cas d'imposition individuelle avec une réallocation.

Pour l'année d'imposition 2019 (situation au 26 février 2019), on compte 1.420 dossiers pour lesquels l'imposition individuelle a été demandée, à savoir :

- 1.061 cas d'imposition individuelle pure, et

- 359 cas d'imposition individuelle avec une réallocation.

**Question 0399** (21.02.2019) de **M. Marc Lies** *(CSV)* concernant les **règlements de la circulation :**

D'Gemengen erloosse verschidde Verkéiersreglementer, woubäi déi definitiv Verkéiersreglementer vum Innenminister musse guttgeheescht ginn.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Madamm Innenminister riichten :

1. Wat sinn an der Regel d'Delaien, fir esou Reglementer vum Innenminister approuvéiert ze kréien?

2. Wier et net ubruecht, dës administrativ Demarchen ze iwwerschaffen an d'Prozeduren ze vereinfachen an ze verkierzen?

3. Wier et net ubruecht, den zoustännege Service am Innenministère personnell opzestocken?

**Réponse commune** (29.03.2019) de **M. Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur,* et de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :*

Dës Verkéiersreglementer mussen, dem Artikel 5 vum Gesetz iwwert de Stroosseverkéier no, vum Minister fir Mobilitéit, geneesou wéi vum Innenminister, approuvéiert ginn, ier se kënnen a Kraaft trieden.

Duerch déi gemeinsam Circulaire N° 3412 vum 7. November 2016 hunn dës Ministeren d'Initiativ geholl, fir d'Prozedur ze vereinfachen an d'Delaien ze verkierzen.

Esou kënnen d'Gemengen hir Verkéiersreglementer elo direkt un de Minister fir Mobilitéit schécken, amplaz iwwert den Innenminister ze fueren. De Minister fir Mobilitéit consultéiert déi staatlech Verkéierskommissioun an hëlt dono seng Decisioun.

Wann d'Prozedur am Ministère fir Mobilitéit ofgeschloss ass, kritt den Innenminister den Dossier fir ze approuvéieren a schéckt en zréck op déi jeeweileg Gemeng. Den Delai hänkt natierlech och vun der Envergure vum Reglement of. Ausserdeem ginn et Phasen, wou gross Quantitéite vu Reglementer beieneen an d'Prozedur ginn, wat natierlech Retarde mat sech bréngt.

D'Direction des affaires communales am Innenministère ass deelweis ëmstrukturéiert ginn, am Sënn vun enger méi séierer Evakuatioun vun Dossieren, déi der administrativer Kontroll ënnerleien. Déi Kontroll wäert och am Kader vun der Refonte vum Gemengegesetz iwwerschafft an digitaliséiert ginn, wat d'Delaien nach weider wäert reduzéieren.

**Question 0400** (21.02.2019) de **M. Sven Clement** *(Piraten)* concernant les **pensions allemandes payées aux collaborateurs nazis :**

An de leschten Deeg huet d'international Press gemellt, datt et och zum haitegen Dag, bal 74 Joer nom Enn vum Zweete Weltkrich, nach ëmmer Persoune ginn, déi vu Pensiounen aus Däitschland profitéieren, déi si fir hir fréier Collaboratioun mam Nazi-Regime erhalen. Betraff wäre virun allem Persounen aus der Belsch a Groussbritannien, déi dës Zousazpensiounen och nach steierfräi bezéie kéinten, well hir Nimm zwar den däitschen Ambassaden, awer net de belschen a briteschen nationalen Autoritéite bekannt wieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa an dem Här Finanzminister dës Froe stellen:

- Ginn et och zu Lëtzebuerg Persounen, déi vun enger däitscher Pensioun, déi opgrond vun enger Collaboratioun mam Nazi-Regime wärend dem Zweete Weltkrich ausgeschott gëtt, profitéieren?

- Falls neen: Wéi kann d'Regierung, virum Hannergrond, datt d'Nimm vun de Pensionären den nationalen Autoritéiten ausserhalb vun Däitschland oft net bekannt sinn, ausschléissen, datt bei dësem Sujet och Persounen zu Lëtzebuerg betraff sinn?

- Falls jo: Ass et och zu Lëtzebuerg esou, datt op déi däitsch Zousazpensioun fir d'Collaboratioun mam Nazi-Regime keng Stéieren erhuewe konnte ginn, well dat zousätzlecht Akommes vun de betraffene Persounen der Steierverwaltung net bekannt ass? Wäerte fréier Collaborateuren aus Lëtzebuerg hir Pensiounen nodréiglech versteiere mussen?

- Wäert d'lëtzebuergesch Regierung, onofhängeg dovun, ob och lëtzebuergesch Awunner konkret betraff sinn, op internationalem Plang Drock op déi däitsch Regierung ausüben a fuerderen, datt d'Ausschédde vun de genannte Pensioune schnellstméiglech ënnerbonne gëtt? Falls jo: Wéi wëllt d'Regierung heibäi konkret virgoen?

**Réponse commune** (08.03.2019) de **M. Jean Asselborn,** *Ministre des Affaires étrangères et européennes,* et de **M. Pierre Gramegna,** *Ministre des Finances :*

Wéi sech no engem Kontakt mat den däitschen Autoritéiten erausstellt, ginn et effektiv sechs Persounen, déi zu Lëtzebuerg vu Pensioune profitéieren, déi ënnert dat sougenannten Bundesversorgungsgesetz vun 1950 falen. De lëtzebuergeschen Autoritéite si weder d'Identitéit, nach d'Nationalitéit, nach déi genau Ëmstänn, op déi sech d'Pensioune bezéien, bekannt.

Laut dem Steierofkommes tëschent Däitschland a Lëtzebuerg vum 23. Abrëll 2012 läit d'Besteierungsrecht vun dëse Pensiounen am Prinzip am Quellestat, wat an dësem Fall Däitschland ass.

Doriwwer eraus ass festzehalen, dass déi däitsch Autoritéiten näischt mat dem Lëtzebuerger Sozialsystem ze dinn hunn, an ëmgedréint ass d'Lëtzebuerger Regierung net mat den däitsche Pensioune befaasst.

**Question 0401** (21.02.2019) de **Mme Diane Adehm** *(CSV)* concernant le **stage d'officier de l'armée :**

Dans un jugement du 5 février 2019, le tribunal administratif annule pour la deuxième fois une décision de l'ancien Ministre de la Défense portant sur la fin de stage d'un officier de l'armée. Le tribunal reproche au ministre d'agir dans l'illégalité.

Avant d'en venir à sa conclusion, le tribunal retrace l'affaire :

- par décision du ministre du 6 octobre 2014, le demandeur s'est vu opposer une fin de stage par le ministre, du fait qu'il n'aurait pas réussi sa formation d'officier,

- le 5 janvier 2015, le demandeur introduit un recours contentieux contre cette décision,

- le 7 octobre 2015, le tribunal administratif pose une question préjudicielle à la Cour constitutionnelle,

- le 11 mars 2016, la Cour constitutionnelle conclut que l'article 10 de la loi du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire n'est pas conforme à la Constitution ; autrement dit, l'article 10 précité ne peut pas servir de fondement légal au règlement grand-ducal du 25 janvier 2011 fixant les conditions de recrutement, de formation et d'avancement des officiers de l'armée,

- le 3 février 2017, le tribunal administratif en toute logique écarte l'application du règlement grand-ducal du 25 janvier 2011 précité et annule la décision ministérielle,

- par un arrêt de la Cour administrative du 22 juin 2017, ce jugement est confirmé et l'affaire est renvoyée devant le ministre en prosécution de cause,

- le 1er septembre 2017, l'ancien Ministre de la Défense constate simplement la fin du stage du demandeur par l'effet de la loi,

- le 5 février 2019, le tribunal administratif annule la décision de l'ancien Ministre de la Défense en allouant une indemnité de procédure au demandeur suivant les termes qui suivent :

« Au vu de l'issue du litige, et plus particulièrement du comportement adopté par le Gouvernement dans le cadre de la présente affaire, de nature à forcer le demandeur à se pourvoir en justice à plusieurs reprises, sous l'assistance d'un avocat afin d'exercer les droits dont il peut légitimement se prévaloir, il y a lieu de faire droit à la demande tendant à l'allocation d'une indemnité de procédure formulée par lui et d'évaluer ex aequo et bono l'indemnité à lui allouer à un montant de 1.500 €. »

C'est dans ce contexte que j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Défense :

- Monsieur le Ministre entend-il faire appel dudit jugement ?

- Monsieur le Ministre est-il d'avis que le comportement de l'ancien Ministre de la Défense dans cette affaire est irréprochable ?

- L'État ne risque-t-il pas de devoir indemniser le demandeur sur base de la loi sur la responsabilité civile de l'État ?

- Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis qu'il faille enfin revoir l'article 10 de la loi concernant l'organisation militaire déclaré inconstitutionnel par un arrêt de la Cour constitutionnelle du 11 mars 2016 ?

**Réponse** (19.03.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Défense :*

ad 1) Non, il n'est pas prévu de faire appel du jugement du 5 février 2019.

ad 2) Mes services sont en train d'étudier les éléments sur lesquels le tribunal administratif s'est appuyé pour critiquer le comportement du Gouvernement dans son jugement du 5 février 2019 afin d'identifier la meilleure voie à suivre dans la présente affaire.

ad 3) Une potentielle mise en cause de la responsabilité civile de l'État dépend tout d'abord de la décision du demandeur d'assigner ou non l'État en dommages et intérêts. Si tel était le cas, il incomberait aux tribunaux d'apprécier le comportement de l'État et de juger s'il y a lieu d'indemniser le demandeur.

ad 4) Des travaux visant à élaborer une nouvelle loi sur l'organisation de l'Armée luxembourgeoise ont été entamés et sont toujours en cours. Ces travaux ainsi que le nouveau projet de texte qui en découlera, tiennent compte des considérations de la Cour constitutionnelle concernant l'article 10 de la loi actuelle, telles qu'exposées dans son arrêt du 11 mars 2016.

**Question 0402** (21.02.2019) de **Mme Diane Adehm** *(CSV)* concernant le **refus d'admission à la formation de base de l'inspecteur de police :**

Dans son jugement du 18 janvier 2019, le tribunal administratif a annulé une décision de l'ancien Ministre de la Sécurité intérieure s'opposant à la participation d'une candidate à l'épreuve de sélection 2018 pour l'admission à la formation de base de l'inspecteur de police. Cette décision a été prise alors que l'ancien ministre de la Sécurité intérieure considérait que la candidate ne remplissait pas les conditions de moralité requises pour entamer une formation policière.

C'est dans ce contexte que j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

1) Monsieur le Ministre partage-t-il les conclusions du tribunal administratif estimant que l'ancien Ministre de la Sécurité intérieure a commis une erreur manifeste d'appréciation ?

2) À défaut, Monsieur le Ministre entend-il faire appel dudit jugement ?

3) Monsieur le Ministre peut-il m'indiquer combien de personnes ont été exclues de la participation à l'épreuve de sélection pour l'admission à la formation de base ?

4) En quoi l'enquête de moralité menée en application de l'article 58 de la loi du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale se différencie-t-elle du régime antérieur ? Monsieur le Ministre peut-il m'indiquer si des refus de participation à l'épreuve de sélection pour l'admission à la formation de base ont déjà été émis sur base de l'article 58 de la loi précitée ? Dans l'affirmative, combien ?

**Réponse** (14.03.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure :*

ad 1) + 2) Nous acceptons le jugement du 18 janvier 2019 rendu par le tribunal administratif dans le cadre de l'affaire à laquelle la question parlementaire fait allusion.

ad 3) Un total de 31 candidats a été refusé aux épreuves de sélection pour la formation de base de l'inspecteur de police en 2018.

ad 4) L'enquête de moralité effectuée en vertu de l'article 58 de la loi modifiée du 18 juillet 2018 ne diffère pas de celle réalisée antérieurement en vertu des articles 2, 9 ou 30 du règlement grand-ducal modifié du 27 avril 2007 déterminant les conditions de recrutement, d'instruction et d'avancement du personnel policier.

Depuis l'entrée en vigueur de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale, un seul examen-concours a été organisé sur base des nouvelles dispositions légales. Dans le cadre de ce recrutement pour le groupe de traitement C2 en décembre 2018, trois personnes ont été refusées sur base de l'article 58 précité.

**Question 0403** (21.02.2019) de **M. Gilles Roth** *(CSV)* concernant les **retards de paiement des aides financières en matière d'assainissement énergétique :**

Il me revient que le paiement des aides financières en matière d'assainissement énergétique connaît actuellement des retards, faute d'une délégation de signature de Monsieur le Ministre.

C'est ainsi que j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Énergie :

- Monsieur le Ministre peut-il confirmer ces informations ?

- Dans l'affirmative, Monsieur le Ministre n'estime-t-il pas qu'une telle situation soit dommageable pour les administrés concernés ?

**Réponse commune** (21.03.2019) de **Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable,* et de **M. Claude Turmes,** *Ministre de l'Énergie :*

Alors qu'il est vrai que le paiement des aides financières du régime prime house avait été suspendu en début d'année pendant la mise en place de la nouvelle délégation de signature donnée au directeur de l'Administration de l'environnement, la situation a entre-temps été entièrement rétablie et l'ensemble des aides financières dont le paiement avait été momentanément retardé ont été accordées avant la fin du mois de février.

Il y a encore lieu de préciser que les délais de traitement des demandes de subsides, de l'ordre de quelques semaines à l'heure actuelle, ont pu être considérablement réduits depuis 2013 où ils dépassaient les huit mois.

**Question 0404** (22.02.2019) de **M. Yves Cruchten** *(LSAP)* concernant les **pneus d'hiver :**

Depuis 2012, en cas de verglas, de neige tassée, de neige fondante, de plaques de glace ou de givre, tous les véhicules de la classe M1 (véhicule automoteur comportant, outre le siège du conducteur, huit places assises au maximum) conduits sur la voie publique au Luxembourg doivent être équipés avec des pneus d'hiver. Cette mesure a certainement contribué à améliorer la sécurité sur nos routes en hiver.

La législation luxembourgeoise stipule également que les pneus d'hiver doivent présenter des rainures d'une profondeur minimale de 1,6 mm. Les experts en matière de sécurité routière préconisent cependant une profondeur minimale de 4 mm pour les pneus hiver et recommandent vivement de remplacer les pneus lorsque cette profondeur est atteinte, une recommandation d'ailleurs également reprise sur le site Internet de la Police grand-ducale.

Il apparaît également qu'au niveau européen, la profondeur légale minimale pour les rainures de pneus (que ceux-ci soient d'hiver ou d'été) varie fortement selon les pays.

Selon certaines études, la distance d'arrêt sous conditions hivernales avec des pneus d'hiver dont la profondeur des rainures est inférieure à 2 mm augmenterait de plus de 50 % par rapport à la distance d'arrêt avec des pneus d'hiver neufs.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

- Monsieur le Ministre est-il d'avis que la législation en matière de pneus d'hiver devrait être adaptée ?

- Existe-t-il des initiatives pour harmoniser la législation au niveau européen ?

- Dans le cas d'un accident de la route, est-ce que l'état des pneus est contrôlé de manière systématique et, le cas échéant, est-ce qu'il existe des statistiques renseignant sur le nombre d'accidents dus entièrement ou partiellement à l'état des pneus ?

**Réponse** (05.03.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :*

Vu la situation géographique du Luxembourg, en tant que pays de transit, la règlementation luxembourgeoise s'est inspirée largement de la législation allemande, qui est reprise quasi littéralement.

Le Gouvernement luxembourgeois plaide en faveur d'une harmonisation européenne en matière d'équipement de pneus d'hiver.

Enfin, en ce qui concerne le nombre d'accidents dus à l'état des pneus, le Département de la mobilité et des transports ne dispose pas de statistiques à ce sujet à l'heure actuelle.

**Question 0405** (22.02.2019) de **M. Jeff Engelen** *(ADR)* concernant la **loutre d'Europe :**

Virun enger Rei vu Jore goufen opwenneg Mesuren zu Lëtzebuerg ageleet, fir de Fëschotter erëm bei eis unzesidelen, dëst ënner engem landesiwwergräifende LIFE-Naturprojet.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch:

1. Wéi vill huet d'Ëmsetze vun dëse Mesuren zu Lëtzebuerg kascht a wéi deelt sech dëse Montant op déi eenzel Regioune vu Lëtzebuerg op?

2. Wéi vill kascht de jäerlechen Ënnerhalt vun dëse Mesuren zu Lëtzebuerg?

3. Ginn et Statistiken, wéi vill Fëschotter de Moment zu Lëtzebuerg liewen?

**Réponse** (25.03.2019) de **Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :*

ad 1. De Projet LIFE „Restauration des habitats de la loutre" (LIFE 05/NAT/B/000085) gouf 2005 initiéiert. De Projet hat ee Budget vun 3.891.663 €, wouvunner 50 % vun der Europäescher Kommissioun (1.945.831 €), 1.273.832 € vun der Regioun Wallonie a 672.000 € vu Lëtzebuerg bezuelt goufen.

Op dem Internetsite „www.loutres.be" fënnt een all Informatiounen zu dem Projet. Ënner anerem kann een de finale Rapport an eng vereinfacht Versioun dovun eroflueden.

Wat d'Opdeelung op déi eenzel Regiounen hei am Land betrëfft, esou ass unzemierken, datt de Projet just am Norde vum Land ausgefouert gouf.

D'Aktioune vun dësem Projet sinn zwar ënnert der Espèce-phare Otter ausgefouert ginn, hunn awer generell ee positiven Impakt op d'Biodiversitéit, op d'Duerchlässegkeet vun de Fléissgewässer an op hir Uwänner. Beim Monitoring gouf aneren Aarten, déi laanscht d'Waasser liewen, hir Verdeelung natierlech och mat opgeholl.

ad 2. De Projet gouf 2011 ofgeschloss. Aktuell gi keng Sue méi am Kader vun deem Projet ausbezuelt.

ad 3. Neen.

**Question 0406** (22.02.2019) de **M. Jeff Engelen** *(ADR)* concernant la **vente de glyphosate :**

Am Regierungsaccord ass virgesinn, de Glyphosat an den nächste Joren ze verbidden.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister an un d'Madamm Ëmweltministesch:

1. Ginn et Statistiken, wéi vill Glyphosat hei am Land un d'Bauere verkaaft gouf a wéi vill Hektar Land domat gesprëtzt goufen?

2. Ginn et Statistiken, wéi vill Glyphosat u Privatleit verkaaft gouf?

3. Ginn et Statistiken, wéi vill Glyphosat vun ëffentlechen Instanzen, ewéi zum Beispill Gemengen, CFL, Privatgäertner asw. kaaft ginn ass?

All dës Froe bezéie sech op de Verkaf vu Glyphosat an de leschten zéng Joer.

**Réponse commune** (26.03.2019) de **M. Romain Schneider,** *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural,* et de **Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :*

ad 1. Eréischt zënter der Adoptioun vum Règlement grand-ducal du 26 septembre 2017 relatif à la vente, à l'utilisation et au stockage des produits phytopharmaceutiques besteet fir d'Händler vu Sprëtzmëttel zu Lëtzebuerg eng legal Obligatioun, der zoustänneger Verwaltung Donnéeën zum Verkaf vu Sprëtzmëttel fir all Joer ze liwweren. Dës Statistiken, déi fir d'Éischt fir d'Joer 2017 erhuewe goufen, sinn nach net vollstänneg.

Well des Weidere bal all déi zu Lëtzebuerg verkaafte Sprëtzmëttel och an op mannst engem Nopeschland zougelooss sinn, ass et wahrscheinlech, datt d'Sprëtzmëttel zu Lëtzebuerg zwar verkaaft, mä zum Deel am Ausland benotzt ginn. E Verkaf am Ausland an e Benotzen zu Lëtzebuerg sinn doduerch och méiglech. Äänlech ewéi beim Tanktourismus spillt de Grenzeffekt also och bei de Sprëtzmëttel eng Roll.

Statistiken zum Benotze vum Glyphosat an der Landwirtschaft zu Lëtzebuerg goufe vum Service d'économie rurale um Agrarportail publizéiert:

https://agriculture.public.lu/de/agrarstatistik/agriculture-environnement/verbrauch-psm.html. Dës Statistiken, déi mëttels de Buchféhrungsresultater vum Service d'économie rurale erstallt gi sinn an déi sech op de Verbrauch vum Glyphosat zu Lëtzebuerg an der Landwirtschaft bezéien, si besser gëeegent, fir de Verbrauch zu Lëtzebuerg an der Landwirtschaft ze beleeën ewéi d'Statistiken zum Verkaf vu Glyphosat zu Lëtzebuerg, déi virleien.

Am Resumé kann een de Verbrauch vu Glyphosat an der Landwirtschaft esou duerstellen:

| Joer | Verbrauch |
|---|---|
| 2012 | 17.130 kg |
| 2013 | 17.140 kg |
| 2014 | 15.350 kg |
| 2015 | 13.430 kg |
| 2016 | 12.995 kg |
| 2017 | net disponibel |
| 2018 | net disponibel |

Et ass awer ze bemierken, dass de Verbrauch substanziell réckleefeg ass.

ad 2. Neen, et leie keng Statistike vir, déi de Verkaf vu Glyphosat u Privatleit betreffen.

ad 3. D'CFL hu säit 2009 10.465 Liter „Roundup Ultra" kaaft. Et ass awer ze bemierken, dass déi Consommatioun staark réckleefeg ass.

| Joer | Akaf |
|---|---|
| 2009 | 6.400 l |
| 2012 | 1.920 l |
| 2014 | 640 l |
| 2016 | 1.505 l |
| Total | 10.465 l |

Zum Asaz duerch d'Gemengen ass ze bemierken, datt d'Benotze vu Sprëtzmëttel an den Espaces publics zënter 2016 verbueden ass.

Statistiken zu Privatgäertner ginn et keng.

**Question 0407** (22.02.2019) de **M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)* concernant les **mesures de sensibilisation en matière d'accident nucléaire :**

Comme suite aux enseignements tirés de la catastrophe nucléaire de Fukushima, la France vient d'élargir la zone de sécurité autour de ses centrales nucléaires d'actuellement dix à 20 kilomètres.

Alors que précédemment 41 communes françaises étaient soumises aux plans particuliers d'intervention de la centrale nucléaire de Cattenom, elles seront désormais 112, c'est-à-dire 71 communes supplémentaires. Toutes les communes situées dans le périmètre élargi devront prendre de nouvelles mesures relatives aux accidents nucléaires.

- J'aimerais dès lors savoir de Monsieur le Ministre de la Santé dans quelle mesure les nouvelles consignes françaises sont déjà d'application au Luxembourg.

- Les autorités françaises se sont-elles concertées avec leurs voisins tout aussi concernés par un accident nucléaire éventuel ?

- Le Gouvernement luxembourgeois envisage-t-il une actualisation des mesures de sensibilisation de la population luxembourgeoise en matière d'accident nucléaire ?

- Comment se situe notre plan national de réponse aux accidents nucléaires par rapport à ceux en vigueur chez nos voisins ?

**Réponse** (22.03.2019) de **M. Étienne Schneider,** *Ministre de la Santé :*

Les cadres législatifs internationaux et européens de radioprotection laissent une importante marge de manœuvre dans la fixation des critères nationaux d'intervention en matière d'une urgence nucléaire. Ainsi, chaque État européen définit ses propres priorités et objectifs en matière de préparation aux situations d'urgence nucléaire qui affectent directement son propre territoire. La préparation aux situations d'urgence a évolué dans tous les pays depuis de nombreuses années, la plupart du temps sans donner la priorité aux problèmes transfrontaliers. Lors des exercices, ceci a parfois conduit à des différences significatives. Si une situation d'urgence nucléaire survenait en Europe, ces différences pourraient potentiellement avoir un effet significatif. Les populations se sentiraient inégalement protégées en fonction du lieu où elles habitent.

Notamment dans le cas de la centrale nucléaire de Cattenom, située à proximité de plusieurs frontières nationales, il est fort souhaitable de s'entendre sur les mesures de protection et de les aligner le long des frontières adjacentes nationales.

C'est pour ces raisons que le Ministère de la Santé, à travers la Division de la radioprotection de la Direction de la santé, s'est toujours engagé en faveur d'une harmonisation européenne de l'urgence nucléaire. Entre 2006 et 2007, le ministère a participé à des échanges avec la France, la Belgique, l'Allemagne et la Suisse sur des questions liées à l'absorption des comprimés d'iode stable. Ce travail a permis d'harmoniser notamment entre la France et le Luxembourg les critères d'intervention, la posologie des comprimés d'iode utilisée et de la communication y relative. Entre 2011 et 2014, un groupe européen sous présidence luxembourgeoise, ayant comme but une meilleure coordination transfrontalière des actions de protection durant la première phase d'un accident nucléaire, s'est mis en place. Les autorités sanitaires luxembourgeoises étaient aussi fortement impliquées dans un deuxième groupe de travail, créé sous une initiative franco-allemande en début de 2014, pour discuter des cas d'accident grave nécessitant des décisions rapides. Le résultat du travail de ces deux groupes, en l'occurrence l'approche HERCA-WENRA, est pertinent pour la suite de la réponse. En 2015, lors de la présidence luxembourgeoise, le Luxembourg a proposé des conclusions du Conseil, afin que les États membres s'engagent à mieux prendre en considération les aspects transfrontaliers en la matière. Des conclusions du Conseil sur la préparation et la réaction aux situations d'urgence nucléaire hors site ont été adoptées par le Conseil lors de sa 3.439ème session, tenue le 15 décembre 2015. Le 6 juillet 2017, la Division de la radioprotection et le Haut-Commissariat à la protection nationale ont organisé au Château de Senningen un séminaire réunissant les décideurs en matière de gestion de crise et les experts en matière nucléaire du Luxembourg, de la Belgique, de la France, de l'Allemagne, des Pays-Bas et de la Commission européenne. Les discussions avaient pour but de sensibiliser les acteurs clés impliqués dans la gestion d'une crise nucléaire aux mécanismes prévus par l'approche HERCA-WENRA et de discuter des possibilités d'implémenter ces recommandations au niveau national et au niveau de la coopération transfrontalière.

D'un côté, cette approche HERCA-WENRA développe un mécanisme permettant aux gestionnaires de crise d'aligner leurs mesures protectrices au long d'une frontière. Afin d'assurer le fonctionnement de ce mécanisme, les plans d'urgence ne doivent pas être exactement harmonisés, mais nécessitent un rapprochement en vue de diminuer les différences concernant la planification d'urgence. Parmi les recommandations de l'approche HERCA-WENRA se trouvent en effet les suivantes :

- l'évacuation doit être préparée sur un rayon allant jusqu'à 5 km autour des centrales, la mise à l'abri des personnes et la prise de comprimés d'iode sur un rayon allant jusqu'à 20 km ;

- une stratégie générale doit être définie afin d'être en mesure d'étendre l'évacuation sur un rayon allant jusqu'à 20 km, la mise à l'abri des personnes et la prise de comprimés d'iode sur un rayon allant jusqu'à 100 km.

L'élargissement des périmètres de planification autour des centrales nucléaires françaises répond donc aux recommandations faites par l'approche HERCA-WENRA et ne vient pas comme surprise. Tout comme les échanges franco-luxembourgeois étaient fréquents lors de l'élaboration de l'approche HERCA-WENRA, ils se sont poursuivis ces derniers temps lors de l'implémentation concrète.

Le Luxembourg a su profiter du développement des recommandations HERCA-WENRA lors de l'élaboration du plan d'intervention d'urgence en cas d'accident nucléaire. Il est rappelé que ce plan prévoit une planification de l'évacuation dans un rayon de 15 km et une planification de la mise à l'abri et de l'absorption des comprimés d'iode stable dans un rayon de 25 km à partir de la centrale nucléaire de Cattenom. Le plan prévoit également de pouvoir élargir ces rayons en cas de besoin suivant une stratégie générale. Un exemple de cette stratégie générale est la distribution des comprimés d'iode stable dans tout le pays. Il est ainsi assuré que les nouvelles consignes françaises sont déjà d'application au Luxembourg, voire même dans des rayons légèrement plus élevés. De manière générale, ce constat vaut également vis-à-vis de nos deux autres pays voisins. Il reste à signaler que le plan d'intervention d'urgence en cas d'accident nucléaire est révisé régulièrement.

En ce qui concerne les mesures de sensibilisation, il échet de préciser que le règlement grand-ducal du 11 août 1996 (Mém. A - n° 64 du 2 septembre 1996, p. 1980) prévoit que « le Gouvernement veille à ce que la population susceptible d'être affectée en cas d'urgence radiologique soit informée sur les mesures de protection sanitaire qui lui seraient applicables, ainsi que sur le comportement qu'elle aurait à adopter en cas d'urgence radiologique ». Ces informations comprennent non seulement des renseignements sur la radioactivité et ses effets, les conséquences pour la population en cas d'urgence radiologique, mais aussi des informations sur les mesures d'urgence (alerte, protection et secours de la population) en cas d'urgence ainsi que sur le comportement que la population devrait adopter en cas d'urgence. En octobre 2014, le Gouvernement a mis en œuvre trois actions concrètes de sensibilisation de la population.

Le Gouvernement a lancé une campagne de prédistribution de comprimés d'iodure de potassium telle que prévue par le plan d'intervention d'urgence en cas d'accident nucléaire. Chaque résident a reçu un courrier contenant des informations relatives à la distribution. Ce courrier a permis aux résidents de retirer une boîte de comprimés auprès de sa commune ou dans une pharmacie de son choix. Les établissements scolaires et les structures d'accueil disposent d'un stock suffisant en comprimés. Les parents d'un nouveau-né reçoivent une boîte de comprimés par enfant à la maternité. Les entreprises quant à elles peuvent commander un stock de comprimés via le site web « www.infocrise.lu ». Enfin, les autorités communales disposent d'une réserve suffisante de comprimés d'iodure de potassium.

Le Gouvernement a encore actualisé la brochure d'information « Que faire en cas d'alerte ? ». Cette brochure présente de manière condensée et compréhensible les procédures d'alerte exposées dans le plan d'intervention d'urgence. Cette brochure est accessible et téléchargeable en plusieurs langues (allemand, français, anglais, portugais et luxembourgeois) sur le site « www.infocrise.lu ».

Finalement, sur le site Internet « www.infocrise.lu », lancé en 2014, la population trouve, en plus de la brochure d'information, une version publique du plan d'intervention d'urgence ainsi que des informations supplémentaires concernant les mesures de prévention et de protection en cas d'urgence tout comme des informations générales sur la radioactivité naturelle et artificielle.

**Question 0410** (25.02.2019) de **M. Marc Spautz** *(CSV)* concernant la **zone industrielle « Um Monkeler » :**

La présente fait suite à une question parlementaire n° 3801 du 8 mai 2018.

En effet, ce weekend, des photos ont circulé sur les réseaux sociaux montrant l'effluent d'eaux usées de la zone industrielle « Um Monkeler », eaux résiduaires qui coulent ensuite dans l'Alzette.

C'est dans ce contexte que j'aimerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :

1) Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils confirmer que les entreprises implantées dans la zone industrielle « Um Monkeler » respectent les autorisations d'établissement ?

2) Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils m'indiquer quand les entreprises implantées sur place ont pour la dernière fois fait l'objet d'un contrôle in situ par les agents de l'Administration de l'environnement et de l'Inspection du travail et des mines ?

3) Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils me fournir des informations détaillées sur l'impact du déversement des eaux usées sur l'état écologique et chimique de l'Alzette ? Comment Madame et Monsieur les Ministres entendent-ils augmenter la qualité des eaux ?

**Réponse commune** (01.04.2019) de **Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable,* et de **M. Dan Kersch,** *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :*

ad 1) Il est supposé que, tout comme dans la question parlementaire n° 3801 du 8 mai 2018, l'honorable Député vise les autorisations d'exploitation en matière d'établissements classés (« commodo ») et non les autorisations d'établissements délivrés par le Ministre de l'Économie.

L'ensemble des établissements de la zone « Um Monkeler » soumis à autorisation en matière d'établissements classés disposent d'une autorisation en matière d'établissements classés. Pour certains d'entre eux, des demandes d'autorisations supplémentaires sont en cours d'instruction. Par ailleurs, un des établissements y situés a été invité à introduire une demande de mise en conformité pour l'exploitation d'un broyeur supplémentaire pour déchets inertes.

Outre les contrôles visés à la deuxième question de l'honorable Député, l'Administration de l'environnement procède à des contrôles sur dossier des établissements. Dans ce contexte, il s'est avéré que plusieurs établissements ne respectaient pas entièrement les dispositions de leur autorisation matière d'établissements classés visant la protection de l'environnement, les raisons étant soit l'absence de documents à présenter, soit le non-respect d'obligations contrôlées par un organisme agréé. L'ampleur de ces non-conformités va de l'omission d'envoi d'un rapport annuel à l'omission de faire exécuter plusieurs contrôles imposés. Dans tous ces cas, les établissements ont été contactés et invités à pallier ces non-conformités.

Pour ce qui est d'éventuelles infractions ou réclamations en relation avec les compétences attribuées au Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire (MTEESS) dans le cadre de la loi dite « commodo » n'a été porté à la connaissance de l'Inspection du travail et des mines (ITM), aucun contrôle spécifique des impositions reprises dans les arrêtés d'autorisation et aucun contrôle in situ n'ont été effectués par les agents de l'ITM dans ce cadre.

ad 2) Depuis la dernière campagne de contrôle sur site fin janvier 2018, l'Administration de l'environnement n'a pas été saisie de plaintes concernant un des établissements implantés dans la zone « Um Monkeler ». Toutefois, il y a lieu de noter que dans le cadre de contrôles sporadiques deux des établissements implantés dans la zone « Um Monkeler » ont fait l'objet de contrôles sur site par des agents de l'Unité contrôles et inspections de l'Administration de l'environnement au cours de l'année 2018.

ad 3) Au sein de l'Administration de la gestion de l'eau (AGE) l'« équipe d'intervention pollution » répertorie et assure un suivi de toute pollution reportée par autrui, ou constatée par les collaborateurs de l'AGE. Ce groupe est joignable via le Central des secours d'urgence (CSU 112) en permanence 24 heures sur 24, 7 jours sur 7. Force est de constater qu'aux dates mentionnées à la question par l'honorable Député, aucune pollution n'a été constatée par les agents de l'AGE et aucune information sur une pollution du cours d'eau Alzette à l'endroit mentionné n'a été communiqué à l'équipe intervention pollution ni par le CSU 112 ni par un membre du public. Par conséquent l'AGE n'a pas prélevé d'échantillons pour une analyse. Il s'en suit qu'aucune information ou interprétation sur une éventuelle pollution ni son effet sur l'état écologique ou chimique de l'Alzette ne peut être fournies.

**Le saviez-vous ?**

**RAPPORTEUR**

Le rapporteur est le membre d'une commission de la Chambre des Députés chargé de présenter devant celle-ci en séance publique le rapport de la commission sur un texte.

À titre informatif la zone « Um Monkeler » dispose d'un système dit séparatif : les eaux pluviales se rejettent dans le cours d'eau Alzette, les eaux usées (y inclus résiduaires) sont traitées dans la station d'épuration Schifflange. Suite au suivi de pollutions au niveau de l'Alzette, qui ont pu être retracées sur le site de la zone « Um Monkeler », certains mauvais raccords d'eaux usées au réseau des eaux pluviales ainsi que des dysfonctionnements de ce réseau ont pu être identifiés. Certains de ces dysfonctionnements et mauvais raccords ont déjà d'ores et déjà pu être réparés, tandis que des projets sont en cours pour résoudre les problèmes restants.

**Question 0411** (25.02.2019) de **M. Marc Goergen** *(Piraten)* concernant les **réparations de produits :**

Privilégier la réparation de produits peut être une piste à suivre dans la lutte climatique contemporaine. Dans d'autres pays européens tels que la Bulgarie, le Danemark ou la Suède, nos concitoyens et concitoyennes européens profitent désormais d'un régime législatif favorable à la réparation de produits. Ainsi, la durée de garantie des produits a été prolongée, il a été légiféré pour contrer l'obsolescence programmée et il a été procédé, notamment en France, à un accroissement de la réparabilité des produits vendus par l'obligation pour le fabricant d'afficher la durée de disponibilité des pièces détachées. En Suède et aux Pays-Bas le législateur a même décidé d'une baisse de la TVA sur les réparations.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Finances, à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et à Madame la Ministre de la Protection des consommateurs :

1) Monsieur le Ministre Gramegna, envisagerait-il de favoriser les réparations ? Dans l'affirmative, la prolongation de la durée de garantie de produits, ainsi que la lutte contre l'obsolescence programmée constitueraient-elles, à son avis, des outils appropriés ?

2) Monsieur le Ministre, quelle est votre position à l'égard d'une baisse de la TVA sur les réparations ? La TVA constituerait-elle une composante attractive d'une stratégie de promotion des réparations ?

3) Monsieur le Ministre Gramegna, envisagerait-il de favoriser une politique de promotion de la réparation par le biais d'avantages fiscaux ?

4) Madame la Ministre Dieschbourg, serait-elle consciente des initiatives de nos pays amis européens ? Saluerait-elle ces avancées ou pas ?

5) Madame la Ministre Dieschbourg, reconnaîtrait-elle qu'une promotion des réparations pourrait avoir des retombées favorables sur la lutte contre le réchauffement climatique et l'apaisement du fléau des déchets ? Dans l'affirmative, quelles mesures concrètes envisagerait-elle afin de promouvoir les réparations ?

6) Madame la Ministre Lenert, en vue du renforcement de la protection des consommateurs, quelles démarches prendrait-elle pour endiguer l'obsolescence programmée ?

7) Madame la Ministre Lenert, afin de promouvoir les réparations, ne serait-il opportun de revoir la durée de garantie de produits neuf et d'occasion ? Dans l'affirmative, est-ce que Madame la Ministre légiférera en la matière ?

**Réponse commune** (25.03.2019) de **M. Pierre Gramegna,** *Ministre des Finances,* de **Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable,* de **Mme Paulette Lenert,** *Ministre de la Protection des consommateurs,* et de **M. Claude Turmes,** *Ministre de l'Énergie, Ministre de l'Aménagement du territoire :*

En réponse à la question de l'honorable Député, il est renvoyé au programme gouvernemental, qui indique, dans son chapitre « Environnement humain - Économie circulaire et ressources » :

« L'économie circulaire innovante sera promue, pour que les produits et les ressources soient utilisés aussi longtemps que possible. À l'avenir, les déchets doivent être considérés comme une ressource. La réparation, la réutilisation et le recyclage de produits doivent devenir la règle. Par conséquent, les conditions-cadres pour le fonctionnement de l'économie circulaire seront améliorées. Un taux de TVA super-réduit pour la réparation d'objets d'usage courant sera notamment prévu. Il convient également de promouvoir le modèle économique du « Prosumer », c'est-à-dire du consommateur qui est en même temps producteur. »

**Question 0414** (25.02.2019) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** *(CSV)* concernant le **« Bloomberg 2019 Healthiest Country Index » :**

Am rezentsten „Bloomberg 2019 Healthiest Country Index" huet Lëtzebuerg eng Plaz am Ranking vun de gesondste Länner op der Welt verluer a fält aus der Top 10 eraus. Dësen Index gëtt unhand vu verschiddene Kritäre gerechent, wéi zum Beispill der Liewenserwaardung oder nach der Fettleibegkeet.

Erklärungen, firwat Lëtzebuerg zréckgefall ass, wieren, well zanter Joren d'Fettleibegkeet zu Lëtzebuerg eropgeet, d'Ernärung méi schlecht gëtt an d'Awunner ëmmer manner sportlech aktiv sinn.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Gesondheetsminister stellen:

- Huet den Här Gesondheetsminister nach weider Informatiounen aus dem besoten Index?

- Wat fir eng Mesurë gedenkt d'Regierung ze huelen, fir dësem Trend kuerz-, mëttel- a laangfristeg entgéintzewierken?

- Muss den nationalen Aktiounsplang „Gesond Iessen, Méi Bewegen", deen 2006 lancéiert gouf, eventuell iwwerduecht ginn?

- Sinn all déi Mesuren, déi an de leschte Jore geholl goufen, kritesch hannerfrot an evaluéiert ginn? Wa jo, wat ass d'Resultat heivun?

- Wann neen, deelt d'Regierung d'Meenung, datt et noutwendeg ass, dëst ze maachen, virum Hannergrond vun dem rezente Gesondheetsindex?

**Réponse** (22.03.2019) de **M. Étienne Schneider,** *Ministre de la Santé :*

Den „Bloomberg 2019 Healthiest Country Index" gëtt all zwee Joer publizéiert a mécht e Ranking vun 169 Länner a puncto Gesondheet vun der Bevëlkerung. Lëtzebuerg war do 2017 op Plaz 10, an huet 2019 eng Plaz verluer an ass domat elo op Plaz 11.

Déi komplett Etüd ass nëmme géint Bezuelung ze kréien, a mir hunn dofir och nëmme limitéiert Informatiounen, wat d'Methodologie betrëfft, déi dobäi ugewant gëtt, fir de Ranking ze maachen. Mir wëssen awer, dass den Indicateur, fir de Ranking ze bestëmmen, de sougenannten „health grade", aus engem „health score" minus „health risk penalties" zesummegesat ass. Den „health score" ass e komplexe Calcul vu verschiddenen Indicateuren, déi d'Liewenserwaardung betreffen (Liewenserwaardung a verschidde Momenter am Liewen, zum Beispill Gebuert, Kandheet, Jugend, Pensiounsalter, Stierflechkeetsrisiken duerch verschidden infektiéis an net infektiös Krankheeten, an Iwwerliewensprobabilitéiten a verschiddene Liewensmomenter).

Dee sougenannten „health risk penalties" ass och e komplexen Indicateur vu verschiddene Risikofacteuren (zum Beispill héije Bluttdrock, Zocker oder Cholesterol, Iwwergewiicht, Tubak an Alkoholkonsum, net genuch kierperlech Aktivitéit, mental Gesondheetsproblemer a verpassten Impfungen, esou wéi externe Facteuren, wéi Loftverschmotzung a knaschtegt Dréinkwaasser). Wéi genau dës Indicateurë gerechent ginn a wéi d'Gewiichtung vun den eenzelnen Elementer ass, ass net vu Bloomberg public gemaach ginn. Et ass dofir schwiereg, eng objektiv Bewäertung vun dësem Ranking ze maachen a Schlussfolgerungen ze zéien.

Et ass awer och wichteg ze ënnersträichen, dass Lëtzebuerg nëmmen 0,48 Prozentpunkten am „health grade" zwëschen 2017 an 2019 verluer huet, vun 87,87 op 87,39. Et ass zweifelhaft, ob dat iwwerhaapt signifikant ass, bäi esou compositen Indicateuren, déi ëmmer eng grouss Variabilitéit hunn, baséiert op hirer komplexer Zesummesetzung an den diverse Sourcë vun der verschaffter Informatioun. En plus muss ee soen, dass d'„health risk penalties" an deem Zäitraum vu 5,03 op 4,64 erofgaange sinn, wat jo dann éischter géint d'Interpretatioun vun RTL geet - déi och vun der honorabler Deputéiert iwwerholl ginn ass - dass d'Risikofacteure wéi Obesitéit, schlecht Ernärung an net genuch Bewegung an de lëschten zwee Joer zu Lëtzebuerg zougeholl hätten.

Et ass awer kloer, baséiert op ville methodologesch validéierten Etüden, déi och komplett public gemaach goufen (zum Beispill „Health at a glance/Panorama de la santé 2018" vun der OECD an der Europäescher Kommissioun), dass et an eiser post-industrieller Gesellschaft eng Rei Risikofacteure gëtt, déi ëmmer erëm bekämpft musse ginn a wou ee kontinuéierlech Sensibilisatiounsaktioune muss ënnerhuelen. Am nationalen Aktiounsplang „Gesond Iessen, Méi Bewegen" (GIMB) ginn zwee vun dëse Facteuren, d'Ernärung an d'Bewegung, am Detail adresséiert. Den GIMB ass no zéng Joer Existenz eng éischte Kéier 2016 extern evaluéiert ginn, an eng Rei Recommandatioune sinn an déi zweet Versioun vum Plang agefloss, déi 2018 vum Regierungsrot approuvéiert gouf.

Esou gouf zum Beispill drop insistéiert, den GIMB neien Altersgruppen zougänglech ze maachen (net nëmmen e Fokus op Kanner), an d'Visibilitéit vum Programm fir de grand Public ze verbesseren. Et gouf och Wäert op eng besser Zesummenaarbecht vun de verschiddene Ministèrë geluecht. Et gëtt dofir kuerzfristeg kee Besoin, eng zousätzlech Evaluatioun ze maachen. Et ass awer virgesinn, dass esou eng nei extern Evaluatioun spéitstens no fënnef Joer, dat heescht 2023, gemaach gëtt.

Le saviez-VOUS ?

**BUREAU DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS**

Le Bureau, élu par la Chambre, se compose du Président, de trois Vice-Présidents et de neuf membres au plus. Le Secrétaire général fait partie du Bureau sans toutefois pouvoir participer aux votes. Le Bureau représente la Chambre sur le plan national et international et règle les questions financières et d'organisation concernant les députés, le Parlement et ses organes. Par ailleurs, il s'occupe de la gestion des affaires de la Chambre et prend les décisions relatives au personnel de l'administration parlementaire.

**Question 0415** (26.02.2019) de **Mme Diane Adehm** et **M. Gilles Roth** *(CSV)* concernant les **établissements publics au Luxembourg :**

Les établissements publics constituent des services de l'État décentralisés, jouissant d'une certaine autonomie administrative et financière. Ainsi, le personnel des établissements publics comprend aussi bien des fonctionnaires que des salariés.

C'est à ce sujet que nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Fonction publique :

1) Monsieur le Ministre peut-il nous dresser la liste du nombre de personnes engagées dans les différents établissements publics au 1er janvier 2019 tout en précisant le statut de ces personnes ?

2) Monsieur le Ministre peut-il nous préciser l'évolution du nombre de personnes engagées sous le statut de fonctionnaire dans les établissements publics respectifs depuis les cinq dernières années (2014-2018) ?

3) Monsieur le Ministre peut-il nous confirmer que la réforme sur le statut des fonctionnaires, entrée en vigueur le 1er octobre 2015, a été intégralement transposée dans tous les établissements publics au Luxembourg ? Si tel n'est pas le cas, Monsieur le Ministre peut-il nous préciser les établissements publics qui n'ont pas transposé tous les éléments de la réforme et nous en expliquer à chaque fois les raisons ?

4) Monsieur le Ministre peut-il nous confirmer que les derniers accords salariaux ainsi que les avenants y relatifs seront intégralement transposés dans tous les établissements publics et nous expliquer chaque fois les raisons dans le cas contraire ?

**Réponse** (21.03.2019) de **M. Marc Hansen,** *Ministre de la Fonction publique :*

L'ensemble des établissements publics au Luxembourg, se trouvant chacun sous la tutelle d'un ministère précis, sont des entités autonomes au niveau de leur gestion journalière et par conséquence également au niveau de la gestion des ressources humaines. Ceci signifie qu'ils recrutent comme toute autre entreprise et qu'ils ne sont pas obligés de se faire assister dans ce processus par le Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État (CGPO), entité faisant partie du Ministère de la Fonction publique.

Ainsi, ni le Ministère de la Fonction publique, ni le CGPO sont en possession des chiffres relatifs aux effectifs précis de l'ensemble des établissements publics, respectivement des engagements récents ou du statut des personnes occupées.

En ce qui concerne la transposition de la réforme de la fonction publique et du dernier accord salarial, les honorables Députés ne sont pas sans savoir que chaque établissement public dispose de sa propre loi organique et que certains d'entre eux se réfèrent en matière de gestion du personnel au statut du fonctionnaire alors que bon nombre d'autres prévoient, soit des spécificités particulières, soit des statuts différents de celui du fonctionnaire de l'État pour leurs collaborateurs respectifs.

Chaque établissement public est donc responsable de juger de façon autonome si les transpositions mentionnées le concernent, sans qu'il y aurait une obligation de communication quelconque envers le Ministère de la Fonction publique.

**Question 0417** (26.02.2019) de **M. Jeff Engelen** *(ADR)* concernant l'**entreposage de collections d'art privées dans les musées :**

Wéi d'Zeitung „Woxx" schreift, ass de 15. Februar eng Perquisitioun am Musée gemaach ginn, déi de Parquet och bestätegt huet. Dobäi soll et ëm eng Kollektioun goen, déi am Keller vum nationale Geschichts- a Konschtmusée (MNHA) um Fëschmaart läit an déi engem belsche Statsbierger gehéiert, deen an Auseanersetzunge mat der belscher Justiz verwéckelt soll sinn. Laut enger Quell vu „Woxx" wär dës Kollektioun Mëtt der 1990er Joren am Musée tëschegelagert ginn.

An dësem Kontext wéilt ech gär folgend Froen un d'Madamm Kulturminister stellen:

1. Däerfen, generell gesinn, Leit hir privat Kollektiounen an de Muséeën tëschelageren? Wär et sënnvoll esou en Déngscht mam Recht ze verbannen, déi Kollektioun och ëffentlech ze weisen?

2. Am Fall wa jo: Wéi ass et dann hei mat der Locatioun an der Assurance fir dës Konschtwierker? Misst bei esou Tëschelagerungen duerch Privatleit net och gekuckt ginn, wou déi eenzel Kollektiounen hierkommen?

3. Am Fall wann neen: Wéi ass et dann ze verstoen, datt hei eng Privatsammlung konnt jorelaang stockéiert ginn, ouni datt d'Fraise gedeckt waren? Huet dëst och personell Konsequenze fir déi Responsabel? Wie wär haftbar gewiescht, wann d'Kollektioun oder Deeler dovun zu Schued komm wären?

**Réponse** (08.03.2019) de **Mme Sam Tanson,** *Ministre de la Culture :*

Dans sa question, l'honorable Député Jeff Engelen se rapporte à un article du journal « Woxx » paru le 22 février 2019. Il y a lieu de redresser plusieurs éléments. Ainsi la perquisition au Musée national d'histoire et d'art (ci-après « MNHA ») s'est effectuée le 14 et non pas le 15 février 2019. Il n'est pas correct que le MNHA conserverait dans ses dépôts des collections privées qui y seraient entreposées sans aucun avantage pour le musée et sans être exposées.

Comme Madame la Ministre de la Culture et Monsieur le Directeur du MNHA ont eu l'occasion de l'expliquer aux médias luxembourgeois (voir e. a. « Luxemburger Wort », « Tageblatt », « rtl.lu » du 23 février 2019), cette perquisition a porté sur des œuvres d'art en prêt à long terme au MNHA depuis le milieu des années 1990 déjà et depuis exposées dans leur grande majorité quasi en permanence à des endroits différents dans les salles d'exposition du musée. Dans l'état actuel du dossier, rien ne permet d'ailleurs de penser que cette saisie « en équivalents d'avoir », effectuée par les autorités

judiciaires luxembourgeoises à la demande du parquet belge, serait en relation avec les œuvres d'art elles-mêmes.

En matière de prêts à long terme en faveur du MNHA, il y a tout d'abord lieu de distinguer différents types de prêteurs et de prêts :

Les prêts institutionnels :

Le musée bénéficie d'objets archéologiques, historiques ou artistiques qui lui ont été remis par des dépositaires institutionnels. Il s'agit d'administrations communales et étatiques, de congrégations religieuses et de fabriques d'église ainsi que de quelques sociétés privées luxembourgeoises. Une partie de ces objets sont intégrés dans les expositions permanentes du MNHA et du Musée Dräi Eechelen (ci-après « M3E »), d'autres ont été montrés ou le seront à l'avenir dans des expositions temporaires. Certains objets ont été déposés au musée avant tout pour les mettre en sécurité et/ou les conserver dans des conditions adéquates. C'est en particulier le cas pour certains dépôts effectués dans les années 1960 à 1990 par des fabriques d'église de notre pays. Dans certains de ces cas, des copies des originaux réalisées au frais du musée ont d'ailleurs été remises aux propriétaires afin d'être montrées sur place. Le MNHA assume donc dans ce contexte une mission importante de conservation de notre patrimoine matériel au-delà de ses propres collections.

Les prêts à long terme privés, pour lesquels il y a lieu de distinguer :

- des objets archéologiques provenant du territoire luxembourgeois. La majeure partie de ces objets sont intégrés dans l'exposition permanente du MNHA, d'autres ont été et seront montrés dans des expositions temporaires.

- des objets historiques et des objets d'art appliqués intéressants pour l'histoire du Luxembourg. La majeure partie de ces objets sont intégrés dans l'exposition permanente du MNHA, d'autres ont été et seront présentés dans des expositions temporaires.

- les œuvres d'art présentant un lien avec le Luxembourg : quelques œuvres d'art prêtées par des particuliers au musée présentent avant tout un intérêt historique pour notre pays. Il s'agit de portraits historiques intégrés dans l'exposition permanente du M3E. D'autres œuvres, réalisées par des artistes luxembourgeois, complètent la collection du MNHA. Elles sont en partie intégrées dans l'accrochage permanent sur l'art au Luxembourg, en partie montrées lors d'expositions temporaires.

- les œuvres d'art étrangères en prêt à long terme par des particuliers : ces œuvres renforcent la collection internationale du musée. La presque totalité des œuvres sont exposées en permanence, les autres ont été et seront montrées lors d'expositions temporaires.

Au vu de ces faits, le terme « entreposer » utilisé par l'honorable Député pour désigner le prêt à long terme au profit du MNHA d'objets archéologiques, historiques ou artistiques concédé par des particuliers ne semble pas approprié. En effet, le musée n'accepte des prêts privés que si les objets présentent pour le musée un intérêt scientifique ou artistique majeur. La majeure partie des objets prêtés par des particuliers sont exposés, au MNHA ou au M3E, en permanence ou lors d'expositions temporaires. D'autres servent aux études scientifiques des différentes sections et constituent des comparaisons importantes pour les collections propres du musée.

Quant aux œuvres d'art en prêt à long terme de la part de particuliers, elles sont par principe toujours destinées à être publiquement montrées au musée, que ce soit dans le cadre des collections permanentes ou d'expositions temporaires. L'acceptation de prêts privés dans un tel cadre par des musées constitue d'ailleurs une pratique courante sur le plan international.

La proposition de l'honorable Député de lier à l'avenir de tels prêts à long terme privés d'œuvres d'art au droit pour le musée de les exposer est par conséquent superflue puisque l'intérêt du musée de montrer ces œuvres et son droit de le faire sont depuis toujours les conditions nécessaires pour qu'elles soient acceptées par le musée.

Comme le MNHA accepte en prêt ces d'œuvres d'art uniquement pour renforcer ses propres collections et pour les exposer et qu'il en profite donc directement pour ses activités au profit du public, il n'y a pas lieu de demander un loyer aux propriétaires. C'est d'ailleurs la pratique courante internationale en la matière. Pour la même raison il est normal que l'assurance des œuvres soit prise en charge via la garantie d'État.

Avant d'accepter un prêt à long terme privé d'œuvres d'art, le MNHA s'efforce toujours de faire la « due diligence » qui s'impose en matière de vérification de la provenance et de l'authenticité des œuvres.

Pour terminer, nous signalons à l'honorable Député que le MNHA vient de publier la liste actualisée des prêts à long terme institutionnels et privés dans son rapport annuel 2018, accessible en ligne sous « www.mnha.lu », à l'exception de prêts à long terme de la part des congrégations religieuses et des fabriques d'église. Ceux-ci seront publiés dans le prochain rapport annuel du musée.

Il ressort de ce relevé que sur les soixante-dix prêts à long terme dont bénéficie actuellement le MNHA, seulement 17 concernent la section Beaux-arts, dont douze proviennent de prêteurs privés. Huit de ces prêts privés concernent des œuvres d'art étrangères, quatre des œuvres d'art d'artistes luxembourgeois.

**Question 0426** (28.02.2019) de **M. Jean-Marie Halsdorf** *(CSV)* concernant la **gare d'Athus :**

La gare d'Athus en Belgique, à proximité de Rodange, est un des trois arrêts des Chemins de fer luxembourgeois (CFL) situés à l'étranger, les autres étant ceux d'Audun-le-Tiche et Volmerange en France. Ces arrêts sont fort fréquentés par les frontaliers travaillant au Luxembourg qui peuvent y prendre le train et bénéficier des tarifs proposés par les CFL.

Alors que les transports en commun seront gratuits au Luxembourg en mars 2020, on ne sait pas encore si les voyageurs prenant le train à partir des trois gares susmentionnées pourront aussi bénéficier de ce privilège. À noter qu'à Athus, en raison des tarifs déjà préférentiels, le problème de parking près de la gare est immense.

Selon un article de presse récent, la gare d'Athus sera prochainement démolie. Les responsables politiques de la commune d'Aubange, dont Athus fait partie, espèrent pouvoir compter sur une nouvelle gare avec un parking plus fonctionnel.

Au vu de ce qui précède, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics et à Madame la Ministre à la Grande Région :

- Le Gouvernement a-t-il connaissance de la démolition prévue de la gare d'Athus ?

- Dans l'affirmative, le Gouvernement est-il en contact avec les autorités compétentes au vu des conséquences pour le trafic routier en provenance de la Belgique ?

- Ainsi, le Gouvernement peut-il me renseigner si la gare d'Athus sera reconstruite avec un parking adéquat ?

- Qu'en est-il de la gratuité pour les trois gares en question ?

- D'ailleurs, à titre général, le Gouvernement partage-t-il l'avis qu'une concertation étroite entre tous les acteurs concernés s'avère absolument indispensable afin de gérer au mieux le transport public dans la Grande Région ?

**Réponse commune** (11.03.2019) de **M. François Bausch,** *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics,* et de **Mme Corinne Cahen,** *Ministre à la Grande Région :*

Les responsables de la commune d'Aubange sont en contact avec la SNCB pour discuter au sujet de l'avenir de la gare d'Athus. En 2012, le hall à marchandises a été démoli. Des discussions sont en cours au sujet de la démolition de l'actuel bâtiment voyageurs. Suivant nos informations, la commune d'Aubange est déjà intervenue auprès de la SNCB pour construire un nouveau bâtiment voyageurs.

Par ailleurs un bâtiment P&R de 1.567 emplacements sera réalisé en gare de Rodange pour répondre à court et à moyen termes aux besoins de stationnement des navetteurs CFL.

De par sa situation proche de la frontière et des axes routiers principaux, la gare de Rodange est un site prioritaire du plan P&R national et transfrontalier. Le P&R sera construit au nord de la gare ferroviaire entre les voies ferrées et le boulevard de l'Europe. Cet emplacement permet un accès routier direct au parking sans passer par des zones d'habitation.

En ce qui concerne la gratuité des transports publics prévue à partir de mars 2020, les voyageurs prenant le train à partir de la gare d'Athus pourront profiter de la gratuité des transports publics dans la deuxième classe. Les voyageurs qui souhaitent prendre place dans la première classe paieront le tarif actuellement en vigueur pour se déplacer vers le réseau ferré luxembourgeois. Il en sera de même pour les gares d'Audun-le-Tiche et de Volmerange-les-Mines situées sur le territoire français, mais desservies depuis le réseau ferré luxembourgeois.

**Question 0435** (01.03.2019) de **M. Laurent Mosar** *(CSV)* concernant **LuxTrust :**

En décembre 2018, le partenariat entre LuxTrust SA et Tecnoinvestimenti s'est concrétisé. À travers sa filiale InfoCert SPA, la société italienne, a acquis 50 % des actions de LuxTrust SA pour la somme de 12 millions d'euros.

Hier, on pouvait lire dans la presse que LuxTrust SA allait ouvrir deux bureaux de vente à Paris et à Bruxelles.

Si la société croît à l'international, des discontinuités de service et autres incidents techniques ont pu être observés ces derniers temps.

C'est dans ce contexte que j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État et à Monsieur le Ministre de l'Économie :

- Messieurs les Ministres peuvent-ils me renseigner comment LuxTrust SA fait en sorte que les données de ses clients soient en tout temps protégées ?

- Messieurs les Ministres peuvent-ils m'informer si LuxTrust SA a dû dénoncer à la CNPD un quelconque incident ?

- Messieurs les Ministres peuvent-ils m'informer si LuxTrust SA a fait l'objet de tentatives d'intrusion ? Dans l'affirmative, Messieurs les Ministres peuvent-ils exclure que des données sensibles aient été dérobées ?

- Messieurs les Ministres peuvent-ils m'informer si LuxTrust SA a au cours des derniers mois procédé à un renforcement de ses systèmes pour améliorer la protection des données à sa disposition ? Ladite société a-t-elle embauché de nouveaux spécialistes en matière de cybersécurité ?

**Réponse commune** (01.04.2019) de **M. Xavier Bettel,** *Premier Ministre, Ministre d'État,* et de **M. Étienne Schneider,** *Ministre de l'Économie :*

Concernant les questions posées par Monsieur le Député, je peux fournir les informations suivantes obtenues de la part de LuxTrust SA :

LuxTrust SA est surveillée par l'ILNAS qui l'a notifiée en tant que « Trust Service Provider » auprès de la Commission européenne dans le contexte du règlement eIDAS, ce qui témoigne de sa compétence et de son strict respect des normes et standards européens les plus élevés en matière de sécurité. De plus, en tant que PSF, LuxTrust SA est également supervisée par la CSSF et applique dès lors les exigences strictes du secteur financier aux données de ses clients.

LuxTrust SA assure la protection complète des données de ses clients et n'a jamais dû dénoncer une quelconque violation de données personnelles à la CNPD.

Comme toute infrastructure critique, LuxTrust SA fait l'objet de tentatives d'intrusion qui ont toutes échouées. LuxTrust SA se protège de manière active contre toutes formes d'intrusion au travers de sa veille sécuritaire permanente, de tests sécuritaires indépendants et de ses investissements continus dans ce domaine. Elle investit régulièrement dans la sécurité tant au niveau de son infrastructure, qu'au niveau de ses ressources techniques et humaines. LuxTrust SA a ses installations de datacenters auprès d'EBRC, opérateur de haut niveau.

Le niveau sécuritaire est constamment assuré par les équipes d'experts de LuxTrust SA et est audité régulièrement dans le cadre de sa certification.

**Question urgente 0666** (30.04.2019) de **MM. David Wagner** et **Marc Baum** *(déi Lénk)* concernant la **diffusion de spots électoraux :**

Dans le cadre des élections européennes 2019, comme dans le cadre de toute autre échéance électorale, un certain nombre de médias audiovisuels et radiophoniques sont tenus de participer au volet médiatique de la campagne électorale officielle.

L'un des volets de la campagne électorale est la diffusion de spots électoraux réalisés par les différentes listes en lice.

En plus de la radio socioculturelle 100,7 qui, en sa qualité d'établissement public, est tenue de diffuser ces spots, les médias appartenant à la société privée CLT-UFA sont également tenus de diffuser ces spots en vertu de l'accord de concession conclu avec l'État.

La diffusion de ces spots, qui sont en principe les mêmes que ceux diffusés par la radio socioculturelle, est prise en main par la régie publicitaire de la maison mère CLT-UFA.

La diffusion des spots a débuté le lundi, 29 avril 2019.

En date du 17 avril 2019, la régie publicitaire de CLT-UFA a signifié, au grand étonnement des intéressés et contrairement à la radio socioculturelle, que seuls des spots en langue luxembourgeoise ne pourraient être diffusés et que des spots en langue française (pourtant soustitrés en luxembourgeois), langue officielle du Luxembourg, ne seraient pas diffusés.

Après avoir pris connaissance de cette décision, les intéressés ont saisi l'Alia (Autorité luxembourgeoise indépendante audiovisuelle), laquelle a conclu que la CLT-UFA ne pouvait refuser la diffusion de spots en langue française.

Partant, nous tenons à poser les questions suivantes à Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État et Ministre des Médias et des Communications les questions suivantes :

1) Monsieur le Premier Ministre estime-t-il que cette décision de la société CLT-UFA est conforme à la législation et à la Constitution luxembourgeoise qui établit clairement l'usage des langues nationale et officielle du pays ?

2) Monsieur le Premier Ministre estime-t-il légitime et légal qu'une société privée liée à un accord de concession avec l'État et tenue de participer à la campagne médiatique officielle, puisse déroger au régime des langues du pays de manière arbitraire et discrétionnaire ?

3) Monsieur le Premier Ministre estime-t-il qu'il soit légitime, de surcroît lors d'une campagne électorale européenne, qui est par définition ouverte aux citoyens non luxembourgeois d'un autre État membre de l'Union européenne, de limiter la diffusion de spots électoraux à une seule des langues officiellement reconnues au Luxembourg ?

4) Monsieur le Premier Ministre estime-t-il normal qu'une société privée audiovisuelle et de radiodiffusion ayant contracté un accord de concession en contenant un certain soutien financier de la part de l'État et donc du contribuable, puisse fixer ses propres règles concernant les contenus des spots dans le cadre d'une campagne électorale officielle, et se superposer au régime des langues établi par la loi du 24 février 1984 ?

5) Monsieur le Premier Ministre estime-t-il qu'une telle décision d'exclure de la diffusion des candidats s'exprimant en langue française, langue officielle du Luxembourg, soit conforme à la législation et à l'esprit européen ?

6) Monsieur le Premier Ministre ne pense-t-il pas que cette décision de la régie publicitaire de la CLT-UFA constitue un acte discriminatoire envers des candidats désirant s'exprimer dans une des langues officielles de leur choix ?

7) Monsieur le Premier Ministre entend-il intervenir le plus rapidement possible auprès de la société CLT-UFA en lui signifiant ses devoirs relatifs à sa mission de service public ?

**Réponse** (02.05.2019) de **M. Xavier Bettel,** *Premier Ministre, Ministre d'État :*

Dans leur question parlementaire, les honorables Députés évoquent le sujet de la campagne médiatique dans le cadre des élections européennes de mai 2019. L'organisation de cette campagne, les négociations entre les partis politiques et les médias concernés, ainsi que l'accord sur les critères y afférent ont été confiés pour la première fois à l'Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel (ALIA).

Cette décision a été prise suite à la demande des partis politiques durant les discussions concernant la campagne médiatique des élections législatives d'octobre 2018.

L'ALIA - comme acteur indépendant et autonome - a donc agi comme interlocuteur exclusif des partis politiques et des médias concernés pour l'organisation et les modalités de la campagne médiatique pour les élections européennes 2019.

Il n'appartient pas au Gouvernement de commenter les négociations et les échanges d'une instance indépendante.

En ce qui concerne la convention entre l'État et CLT-UFA/RTL Group, le texte en vigueur (2007-2020) ne contient pas d'obligations sur la diffusion de spots électoraux et ne donne pas d'indication sur la diversité linguistique.

Les inquiétudes sur la diversité linguistique seront examinées et feront partie des discussions avec CLT-UFA/RTL dans le cadre de la renégociation du contrat de concession prévue par l'accord de coalition.